Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen


Actualité parlementaire p. 03-06

Nouvelles lois p. 07-10

Séances publiques n[os] 84, 85, 86 et 87 p. 10-99



2023-2028

n°34




## Sommaire

Actualité parlementaire .................. p. 03-06

Nouvelles lois ................................ p. 07-10

Séances publiques ........................ p. 10-99

84e séance du jeudi 15 mai 2025 p. 10-33

85e séance du jeudi 15 mai 2025 p. 34-63

86e séance du mardi 10 juin 2025 p. 63-96

87e séance du mardi 17 juin 2025 p. 97-99

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966-1

**Concept et layout :**
brain&more
agence en communication,
Luxembourg

**Impression :**
Imprimerie Heintz
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**
05/07/2025

PRINTED IN LUXEMBOURG
EU Ecolabel www.ecolabel.eu
FSC www.fsc.org

Offiziell Zeremonie vun Nationalfeierdag an der Philharmonie

# Lëtzebuerg, eng konstitutionell Monarchie, déi sech moderniséiert


© SIP/ Emmanuel Claude

*De Chamberpresident wärend senger Usprooch am Kader vun der Zeremonie fir Nationalfeierdag an der Philharmonie*

Dräimol vive!

A souguer fënnefmol vive um Nationalfeierdag vum Grand-Duché den 23. Juni 2025.

Am Kader vun der Zeremonie an der Philharmonie huet de Chamberpresident Claude Wiseler ervirgehuewen, dass de Grand-Duché an déi konstitutionell Monarchie zesummen eng Evolutioun hin zu engem System duerchlaf hätten, dee sech an de leschte 25 Joer Herrschaft vum Groussherzog, mat der Groussherzogin u senger Säit, ëmmer weider moderniséiert hätt.

„Eis Welt changéiert, eis Gesellschaft changéiert, also kann och eis Monarchie net immobile bleiwen", esou d'Wierder vum Här Wiseler. De Chamberpresident huet seng Unerkennung fir déi bestänneg Motivatioun vum Grand-Duc ausgedréckt, d'Land virunzedreiwen, an zwar op eng Manéier, déi et de Bierger erlabe géif, d'Evolutiounen unzehuelen a Vertrauen an déi demokratesch Institutiounen ze hunn.

Als eng vun de Moderniséierungsetappen huet de Chamberpresident ënnert anerem d'Upassung vun der legislativer Prozedur genannt, an där säit 2008 virgesinn ass, dass de Grand-Duc d'Gesetzer mat senger Ënnerschrëft erléisst, fir dass se a Kraaft triede kënnen, ouni dobäi awer säin Accord mam Inhalt vun de Gesetzestexter auszedrécken.

Doriwwer eraus gouf 2011 op Decisioun vum Grand-Duc hin d'Gläichberechtegung vun de Geschlechter bei der Trounfolleg am Familljepakt ageféiert. Ausserdeem huet de Staatschef mat Interessi d'Verfassungsreform verfollegt. Dës Reform huet eng Upassung vum Grand-Duc sengem Rôle mat sech bruecht „un d'geliefte Realitéit, un d'Praxis vum institutionelle Fonctionnement, an d'Monarchie als Institutioun ass krisefest gemaach ginn", wéi den Här Wiseler et a senger Ried an der Philharmonie beschriwwen huet.

De Chamberpresident huet op där Plaz och d'Bereetschaft ënnerstrach, etabléiert Fonctionnementer ze hannerfroen an déi eege Schwächten ze erkennen, fir besser kënne virunzekommen, eppes, wat hien als „typesch lëtzebuergesch" bezeechent huet. Et ass eng Haltung, déi hien och dem Grand-Duc zougeschriwwen huet, deen duerch säi Wëllen, de Fortschrëtt ze privilegiéieren, entscheedend zu der Stabilitéit vun de lëtzebuergeschen Institutioune bäigedroen hätt.

A standfest demokratesch Institutiounen ze hunn, wär e grousse Virdeel zu enger Zäit, wou Wäerter wéi „Fridden, Wourecht, Solidaritéit, Rechtsstaatlechkeet, Mënscherechter" dagdeeglech a Fro gestallt wären, wéi den éischte Bierger vum Land betount huet; zu enger Zäit och, wou et sou géif schéngen, dass ee fir déi Wäerter kämpfe misst an dofir, dass d'Lëtzebuerger wéi och déi europäesch Bierger dierfte bleiwen, wat si sinn.

### Eng groussherzoglech Koppel no un der Realitéit vun de Leit

Wärend et dem Grand-Duc en Uleies ass, Entscheedungen ze huelen, déi de Bols vun der Zäit treffen, fir esou sengem Land an de Bierger dénge ze kënnen, mécht d'Grande-Duchesse eng wichteg Aarbecht am humanitären a soziale Beräich. De Chamberpresident huet dëst Engagement gelueft, dat hien och e puermol perséinlech hätt kënne materliewen.

Den Här Wiseler huet seng Ried ofgeschloss, andeem hien der groussherzoglecher Koppel Merci gesot huet fir hiren Asaz an hir Aarbecht am Déngscht vum Grand-Duché an de Bierger verséchert huet, dass si weiderhin op déi fundamental Wäerter kéinten zielen, déi der groussherzoglecher Koppel esou um Häerz géinge leien, wann eng nei Generatioun am Oktober 2025 op den Troun géif kommen.

„Vive de Grand-Duc, vive d'Grande-Duchesse, vive d'groussherzoglech Famill, vive Lëtzebuerg, vive Europa!"

# Un avant-goût de fête nationale

En déplacement professionnel à Bruxelles pour le sommet de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN à Bruxelles (cf. article à la page 06 de ce numéro), le Président de la Chambre des Députés, M. Claude Wiseler, a rencontré le 19 juin 2025 des citoyens luxembourgeois et belges – des étudiants, des artistes ou encore des entrepreneurs actifs dans les deux pays voisins – au cours d'une cérémonie organisée par l'ambassade du Luxembourg à Bruxelles à l'occasion des festivités du 23 juin.

M. Wiseler a également rencontré le représentant permanent du Luxembourg auprès de l'Union européenne, M. Nicolas Mackel, dans le but d'optimiser la collaboration entre le Parlement national et les acteurs luxembourgeois à Bruxelles et d'exploiter toutes les possibilités de la Chambre dans son implication au sein du processus législatif européen.



40e anniversaire de la signature de l'accord de Schengen

# « Le Benelux est le berceau de Schengen »



*M. Robert Goebbels, ancien Secrétaire d'État aux Affaires étrangères luxembourgeois et cosignataire de l'accord de Schengen le 14 juin 1985, a pris la parole lors de la séance plénière présidée par Mme Francine Closener, Présidente actuelle du Parlement Benelux.*

Le 40e anniversaire de la signature de l'accord de Schengen et son importance face aux défis actuels étaient au coeur de la séance plénière de l'Assemblée interparlementaire Benelux du 13 juin 2025, sous la présidence de la Chambre des Députés.

« Schengen n'est pas une invention européenne : c'est le Benelux qui est le berceau de Schengen », a affirmé Mme Francine Closener, Présidente actuelle du Parlement Benelux, lors de son allocution introductive aux débats de cette séance plénière placée sous le signe des accords emblématiques qui ont mené à la libre circulation dans l'espace européen que nous connaissons aujourd'hui. Pour la Présidente, ce cadre est essentiel pour la croissance, l'emploi et l'innovation et « renoncer à Schengen signifierait renoncer à ces bénéfices ».

### « Une Europe heureuse sera plus forte qu'une Europe peureuse »

Mme Closener a été rejointe dans ses propos par M. Robert Goebbels, ancien Secrétaire d'État aux Affaires étrangères du Grand-Duché de Luxembourg et cosignataire de l'accord de Schengen en date du 14 juin 1985. M. Goebbels a estimé que les accords de Schengen ont été un « accélérateur pour la sécurité, la liberté et la justice pour des millions d'Européens », leur permettant « de travailler, d'étudier et de vivre ». Ils auraient apporté des « droits précieux » tels qu'« aucun autre continent » ne les connaît. L'ancien ministre a poursuivi en fustigeant les initiatives qui visent à réintroduire, au mépris des accords européens, des contrôles aux frontières au sein de l'UE. Il a fait part de son optimisme pour l'avenir quant à la perception de la liberté de circulation par les citoyens de l'UE, déclarant qu'« une Europe heureuse sera plus forte qu'une Europe peureuse ».

Les échanges entre parlementaires ont continué avec un état des lieux « de l'acquis Schengen dans les pays du Benelux et dans l'UE » et un débat thématique intitulé « Les accords Schengen face aux défis actuels – perspectives d'avenir et rôle des pays du Benelux ».

Le lendemain, des représentants de la Chambre des Députés et les membres du Parlement Benelux se sont rendus à Schengen pour une cérémonie au bord de la Moselle marquant la signature de l'accord de Schengen du 14 juin 1985.

**Retrouvez la vidéo de la séance plénière ainsi que l'historique complet de l'accord de Schengen en scannant le code QR suivant :**



*De nombreuses personnalités, dont S. A. R. le Grand-Duc et le Président de la Chambre des Députés, étaient présentes aux festivités organisées à l'occasion des 40 ans de la signature de l'accord de Schengen.*

Visite officielle du Premier Vice-Président de l'Assemblée nationale du Congo

# Le Congo, un « pays qui bouge »

Une délégation de la République démocratique du Congo (RDC), menée par M. Isaac Jean-Claude Tshilumbayi Musawu, Premier Vice-Président de l'Assemblée nationale du Congo, a été reçue à la Chambre des Députés le 11 juin 2025 à l'occasion d'une visite officielle.

« Nous suivons la situation en RDC dans la presse et par le biais des déclarations des représentants politiques, mais nous souhaitons garder un rapport direct pour savoir ce qui se passe sur le terrain. » C'est par cette affirmation que le Président de la Chambre des Députés, M. Claude Wiseler, a lancé l'échange entre les députés luxembourgeois et congolais. Le Président de la Chambre a complété son propos en affirmant vouloir savoir sur quels points le Luxembourg pouvait se rendre utile pour participer au rétablissement de la paix et de la stabilité dans la région. La RDC, pays d'Afrique centrale qui compte près de 110 millions d'habitants, entretient en effet depuis plusieurs années des relations tendues avec le Rwanda voisin.

À ce sujet, M. Tshilumbayi Musawu a affirmé que le Rwanda utilisait des prétextes fallacieux pour justifier son soutien à des groupes armés sur le territoire de la RDC. Selon lui, l'objectif du Rwanda serait surtout de déstabiliser la RDC et d'exercer une emprise sur le pays en l'obligeant à intégrer des forces rwandaises dans sa structure militaire et politique. Les prétextes invoqués, notamment que la RDC se préparerait à mener une guerre contre le Rwanda, seraient ainsi « des mensonges qui doivent être déconstruits ». Le Vice-Président de l'Assemblée nationale congolaise s'est félicité des sanctions qui ont récemment été imposées au Rwanda par l'Union européenne et a affirmé qu'elles ont « fait bouger les lignes », tout en demandant à ses interlocuteurs « de ne pas lâcher prise ».

**« Il faut oser investir en RDC »**

Les députés ont demandé aux représentants congolais ce que le Luxembourg pouvait faire de plus, notamment dans le domaine de la coopération, où le Grand-Duché soutient déjà la RDC à hauteur de plusieurs millions d'euros. M. Tshilumbayi Musawu a exprimé sa reconnaissance et a confirmé que l'aide humanitaire « soulage immédiatement la situation ». Il a cependant jugé essentiel que le Luxembourg et les autres pays européens trouvent le « courage » d'investir dans le développement économique en RDC afin d'agir à long terme contre la pauvreté et le chômage.

L'expertise européenne serait indispensable à l'exploitation des matières premières dont regorge le pays, a estimé le parlementaire congolais. La RDC se serait donné le cadre nécessaire pour permettre ces investissements en mettant en place des réformes législatives, juridiques et en matière d'assurances et également en ce qui concerne les règles en matière de compétition. Le Congo est « un pays qui bouge », a insisté M. Tshilumbayi Musawu, tout en dressant une liste de réformes qui ont été réalisées ces dernières années. « Beaucoup de gens veulent que le Congo soit un pays faible, mais un Congo fort n'empêche personne de venir faire des affaires », a conclu le Vice-Président de l'Assemblée nationale de la RDC.



*Le Président de la Chambre, M. Claude Wiseler, a reçu M. Isaac Jean-Claude Tshilumbayi Musawu, Premier Vice-Président de l'Assemblée nationale du Congo et chef de la délégation parlementaire en visite officielle à la Chambre.*

Visite officielle du Président du Parlement ukrainien

# « L'avenir de l'Ukraine est en partie aussi celui du Luxembourg »



*Le Président du Parlement ukrainien, M. Ruslan Stefanchuk, s'est adressé aux députés luxembourgeois en séance publique.*

Dans le cadre d'une visite officielle à la Chambre des Députés le 17 juin 2025, le Président du Parlement ukrainien (Verkhovna Rada), M. Ruslan Stefanchuk, s'est exprimé en séance publique devant les députés luxembourgeois.

Avant de confier le pupitre de l'orateur à son homologue ukrainien, le Président de la Chambre des Députés, M. Claude Wiseler, a déclaré que « l'avenir de l'Ukraine est en partie aussi celui du Luxembourg. L'attaque contre l'Ukraine est une attaque contre nous tous, nos valeurs communes, nos libertés et nos droits fondamentaux ».

M. Wiseler a souligné qu'« avec la séance d'aujourd'hui, la Chambre donne un signal clair : un signal de solidarité, de cohésion et de résilience ». C'est en effet la première fois que la Chambre convoque spécialement une séance publique pour un président de parlement national, dont le pays est en guerre, a-t-il affirmé.

> « La Chambre donne un signal clair : un signal de solidarité, de cohésion et de résilience »
>
> Claude Wiseler, Président de la Chambre des Députés

Le Président de la Chambre a rappelé le soutien du Luxembourg à de multiples niveaux, allant de l'accueil des réfugiés à l'aide militaire en passant par le soutien au niveau international. « Nous nous engagerons à nouveau fermement en faveur de l'Ukraine lors du sommet de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN à Bruxelles à la fin de la semaine. En tant que pays fondateur de l'UE, le Luxembourg peut clairement apporter un soutien important à l'Ukraine. En tant que Chambre, nous sommes à vos côtés pour préparer votre adhésion à l'UE », a-t-il assuré à son homologue. « Nous voulons une paix juste en Ukraine. Cela ne peut être garanti que si l'Ukraine se voit octroyer un rôle actif et une voix pour y parvenir », a conclu le Président de la Chambre.

**Remerciements du Président de la Verkhovna Rada**

« Un grand merci pour l'aide et le soutien continus que vous réservez à l'Ukraine depuis trois ans et demi dans notre lutte pour la liberté et l'indépendance. » C'est avec ces mots que le Président du Parlement ukrainien a ouvert son discours face aux députés luxembourgeois. Dans son allocution, M. Stefanchuk a relevé les différentes résolutions adoptées par le Parlement luxembourgeois depuis le début du conflt. Ces résolutions condamnent « l'attaque non provoquée et injustifiée » par la Russie, plaident pour une assistance et expriment un soutien à l'Ukraine. Il a par ailleurs affirmé que c'est au sein du Parlement que « les décisions ont été prises pour dissuader l'agresseur » et que c'est « ici que règne l'esprit de solidarité et de justice européenne ».

Au cours de son intervention, le Président de la Verkhovna Rada a mis en avant que l'Ukraine rejette toute capitulation face à l'agression et appelle l'Europe à défendre ses valeurs fondamentales. « L'enjeu dépasse les frontières ukrainiennes : c'est la défense des principes démocratiques européens qui est en jeu. » M. Stefanchuk a dans ce contexte souligné la volonté de l'Ukraine de s'engager dans un processus de paix. Il a par ailleurs remercié les députés luxembourgeois pour le soutien exprimé en faveur d'un tribunal spécial pour juger les crimes de guerre et demandé un soutien continu de l'Ukraine dans son chemin vers l'Union européenne et l'OTAN.

**D'autres entrevues au Luxembourg**

Dans le cadre de son déplacement au Luxembourg, le Président du Parlement ukrainien a également été reçu en audience par S.A.R. le Grand-Duc. Il s'est en outre entretenu avec le Premier ministre, M. Luc Frieden, le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, M. Xavier Bettel, et la Ministre de la Défense, Mme Yuriko Backes.

*(La transcription intégrale en langue luxembourgeoise de la séance publique peut être consultée aux pages 97 à 99 de ce numéro.)*

**Retrouvez les motions et résolutions adoptées par la Chambre depuis le début du conflit ainsi que les déplacements des députés luxembourgeois en Ukraine en scannant le code QR suivant :**

Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN

# Effort de défense : « La nouvelle trajectoire témoigne de notre engagement ferme envers l'OTAN »




*Les Présidents de parlement des pays membres de l'OTAN se sont retrouvés à La Haye en amont du sommet de l'OTAN. Ils étaient accompagnés de M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada.*

En amont du sommet de l'OTAN à La Haye, le Président de la Chambre des Députés, M. Claude Wiseler, a participé le 20 juin 2025 au sommet parlementaire des membres de l'Alliance transatlantique. L'occasion d'insister face à ses homologues des 32 pays membres sur les engagements que le Luxembourg a pris en termes de budget de défense, de soutien à l'Ukraine et de renforcement de la résilience démocratique.

« Nous visons un changement de paradigme », a déclaré M. Wiseler, qui était accompagné à Bruxelles par Mme Nancy Arendt, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (AP-OTAN). « Nous savons que nous devons investir davantage dans la paix, au risque de payer un prix plus fort : celui de notre liberté et de notre indépendance. »

M. Wiseler a rappelé que le Luxembourg vient de définir une nouvelle trajectoire en matière de dépenses pour la défense, dans le but de remplir l'objectif des 2 % du revenu national brut d'ici la fin de l'année, soit quatre fois plus qu'il y a quatre ans. « La nouvelle trajectoire n'est pas un but en soi, mais témoigne d'un impératif stratégique et de notre engagement ferme envers l'OTAN. » Le Président de la Chambre a souligné que ces 2 % ne sont pas suffisants : « Si le sommet de l'OTAN de la semaine prochaine mène à un consensus sur un engagement plus fort, nous sommes prêts à accompagner cette dynamique avec nos alliés et partenaires », a-t-il affirmé, avant d'expliquer que le Luxembourg a réussi à trouver un consensus large sur cette dynamique.

### Quid de l'effort de défense chez les autres alliés ?

Le sommet, qui a été organisé à l'occasion des 70 ans de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, était l'occasion d'échanger sur les positions et les propositions des membres face aux défis qui se présentent à l'Alliance. Si l'ensemble des intervenants se sont accordés sur le besoin de renforcer l'OTAN pour mieux affronter les menaces multiples, les échanges ont permis de dégager des nuances quant aux moyens d'y parvenir.

M. Neal Dunn, membre de la délégation américaine, a félicité les pays membres pour les efforts réalisés : « C'est une excellente nouvelle que la quasi-totalité des membres atteint désormais les 2 %. » Néanmoins, il a fait état de « lacunes capacitaires qu'il reste à combler ». Et d'ajouter : « Nous avons besoin d'une base matérielle plus robuste. » L'effort de défense – qui se chiffre à 3,4 % du PIB actuellement pour les États-Unis – devrait atteindre les 5 %, et pourquoi pas 6 %, voire 8 %, pour répondre à toutes les menaces. « Notre liberté dans le monde dépend de notre force », a-t-il affirmé en citant la devise lancée par le Secrétaire général de l'OTAN, M. Mark Rutte : « Si nous souhaitons la paix, nous devons nous préparer à la guerre. »

La Suède vient de décider, quant à elle, de consacrer 5 % de son PIB à la défense d'ici 2030, a expliqué la Vice-Présidente du Parlement suédois, Mme Kerstin Lundgren.

D'autres positions étaient plus nuancées, comme celle de Mme Nicole Duranton, membre de la délégation française auprès de l'AP-OTAN : « Il ne s'agit pas d'une course aux armements, mais de réfléchir à une manière intelligente de défendre nos démocraties et nos valeurs. » L'Allemagne « redouble ses efforts » et vient de changer sa Constitution pour permettre des dépenses supplémentaires, dont une partie sera consacrée à la défense, a rappelé M. Omid Nouripour, Vice-Président du Bundestag allemand.

### « La souffrance de l'Ukraine est une épreuve pour nous tous »

Le Président de la Chambre a souligné l'importance de la guerre en Ukraine et du soutien continu : « Malgré les efforts innombrables de démarrer des négociations de paix, malgré les appels pour un cessez-le-feu, une guerre brutale continue aux frontières de notre Alliance. Cette guerre doit se terminer vite et avec une paix juste. » À ses yeux, la guerre d'agression contre l'Ukraine est plus qu'une attaque contre un pays souverain : « La souffrance de l'Ukraine est une épreuve pour nous tous, pour notre solidarité, pour notre résolution. »

### L'Ukraine lance un appel fort pour son adhésion à l'OTAN

Parmi les invités d'honneur du sommet parlementaire figurait le Président du Parlement ukrainien, M. Ruslan Stefanchuk. Trois jours après son intervention à la Chambre des Députés au Luxembourg, il a lancé un appel aux membres de l'Alliance de préparer l'adhésion de l'Ukraine : « Notre ennemi commun ne veut pas la paix en Ukraine. Il est temps d'agir ! », a-t-il lancé aux Présidents de parlement des 32 pays membres. « Oubliez vos doutes, oubliez vos peurs et les lignes rouges que vous vous êtes imposées vous-mêmes et envoyez un message clair au dictateur qui est notre ennemi commun et à tous les dictateurs du monde entier. » Au Président de la Verkhovna Rada d'ajouter : « L'armée ukrainienne est la plus forte d'Europe. Si l'armée ukrainienne n'est pas une armée de l'OTAN, elle est quoi ? »

### Mettre l'accent sur la résilience démocratique

La défense ne se résume pas aux aspects purement militaires : que ce soient des cyberattaques, des coupures d'électricité, des pandémies ou des campagnes ayant pour cible la stabilité ou les valeurs des démocraties, « nous devons améliorer notre résilience pour être mieux préparés à toutes sortes de crise », a expliqué le Président de la Chambre des Députés. Le Parlement luxembourgeois est particulièrement engagé dans le renforcement de la résilience démocratique au sein de l'OTAN et soutient activement l'Assemblée parlementaire pour multiplier ses efforts dans ce domaine.


## L'Administration parlementaire recrute :

**- un(e) chargé(e) en matière légistique (m/f/d) pour les besoins du service légistique – poste à pourvoir par la voie du changement d'administration**
**- un(e) assistant(e) de recherche spécialisé(e) en sciences politiques ou en sciences juridiques (m/f/d) pour les besoins de la cellule scientifique – CDD 12 mois**

**En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant : https://www.chd.lu/fr/offres_emploi**

## Actes administratifs : signature et cachet électroniques

**8089 – Projet de loi relative à la signature électronique des actes en matière administrative et portant modification de la loi du 25 juillet 2015 relative à l'archivage électronique**

Le présent projet de loi a pour objet d'introduire la possibilité d'apposer une signature et un cachet électroniques sur les actes en matière administrative.

Le projet de loi s'inscrit dans une stratégie globale de transformation numérique et de simplification administrative et a pour objectif d'établir un cadre légal pour la signature électronique des actes administratifs.

Toutefois, afin de garantir l'inclusion de tous, les administrations resteront tenues de proposer les documents et dossiers au format papier pour les personnes qui ne peuvent ou ne souhaitent pas adopter la voie numérique.

Afin d'accélérer la transmission des actes en matière administrative, le texte s'aligne sur le règlement (UE) n° 910/2014 du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 relatif à l'identification électronique et aux services de confiance pour les transactions électroniques au sein du marché intérieur, dit « règlement eIDAS ». Il entend ainsi permettre la signature et le cachet électroniques des actes en matière administrative, aussi bien par les autorités publiques que par les administrés.

Le projet de loi encadre également l'envoi recommandé électronique, qu'il soit effectué par une autorité administrative ou par un administré. Dans ce cas, l'envoi devra être réalisé via un service qualifié d'envoi recommandé électronique.

Par ailleurs, l'article 2, lettre g), de la loi du 25 juillet 2015 relative à l'archivage électronique sera modifié pour faire référence aux actes signés ou cachetés électroniquement visés par le présent texte.

Dépôt par M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation, le 27/10/2022
Rapporteur : M. Guy Arendt

---

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications
(Président : M. Guy Arendt) :

| | |
|---|---|
| 22/11/2022 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi |

---

Travaux de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation
(Président : M. Gérard Schockmel) :

| | |
|---|---|
| 30/04/2024 | Examen du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 21/05/2024 | Continuation des travaux<br>Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 11/03/2025 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Adoption d'une deuxième série d'amendements parlementaires |
| 06/05/2025 | Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Vote en séance publique : 15/05/2025
Loi du 4 juin 2025
Mémorial A : 2025, n° 231, page 1

## Gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences

**8234 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences**

Le présent projet de loi vise à prévenir le licenciement des salariés et à assurer le maintien dans l'emploi en anticipant les répercussions des évolutions technologiques, réglementaires, environnementales et sociétales sur le marché du travail (création, transformation et disparition de certains métiers) par le biais d'un programme de formation pour la montée en compétences (upskilling) et la requalification professionnelle (reskilling) des salariés.

Plusieurs études, dont celle de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE), ont en effet souligné l'urgence d'instaurer des incitations financières plus ciblées afin d'encourager les entreprises à investir dans la requalification (reskilling) et la montée en compétences (upskilling) de leur personnel, notamment des salariés les plus exposés.

Alors que les aides à la formation existantes s'appliquent à tous les types de formation professionnelle continue, le nouveau dispositif prévoit un soutien financier plus important, cible les salariés qui ont besoin d'un reskilling ou upskilling intensif pour rester employables et ne couvre que les formations qui contribuent à l'employabilité générale du salarié.

Afin d'introduire ce programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences, le présent projet de loi ajoute un nouveau chapitre IV au titre premier du livre V du Code du travail. Ce chapitre intitulé « Programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences » est divisé en cinq sections :

– Section 1. – Définitions et phase préliminaire
– Section 2. – Analyse prévisionnelle et préparation du plan de formation
– Section 3. – Mise en œuvre du plan de formation
– Section 4. – Participation financière du Fonds pour l'emploi
– Section 5. – Comité de suivi tripartite

Dépôt par M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi, et de l'Économie sociale et solidaire, le 07/06/2023
Rapportrice : Mme Nathalie Morgenthaler

---

Travaux de la Commission du Travail
(Président : M. Marc Spautz) :

| | |
|---|---|
| 29/01/2025 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 26/02/2025 | Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 07/05/2025 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Vote en séance publique : 15/05/2025
Loi du 19 juin 2025
Mémorial A : 2025, n° 265, page 1

## Aides à la recherche, au développement et à l'innovation

**8314 – Projet de loi ayant pour objet le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation**

Cette future loi, destinée à remplacer la loi modifiée du 17 mai 2017 sur la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation, s'aligne sur les objectifs de diversification stratégique et de transition verte et numérique de l'économie luxembourgeoise pour les années à venir, tels qu'esquissés dans la feuille de route du Ministre de l'Économie, « Ons Wirtschaft vu muer ».

Le renouvellement de ce régime des aides à la recherche, au développement et à l'innovation découle également de la révision du règlement n° 651/2014 de la Commission européenne, entré en vigueur le 1er juillet 2023 et qui permet aux États membres d'octroyer certaines aides sans notification préalable. Les aides inférieures à 100.000 euros sont en revanche régies par le règlement n° 1407/2013.

La future loi autorise le Ministre de l'Économie – éventuellement en collaboration avec un autre ministre concerné – de mettre en œuvre des stratégies en matière d'innovation en ayant recours à des appels à projets concurrentiels pour attribuer des aides aux projets de R&D réalisés par des entreprises établies au Luxembourg.

Ces appels à projets pourront porter sur des thématiques, secteurs, chaînes de valeur ou technologies jugés stratégiques pour l'économie luxembourgeoise. Cette nouvelle approche d'attribution des aides pour les projets de R&D garantit une grande flexibilité pour relever les défis et atteindre les objectifs fixés.

En partenariat avec le Fonds national de la recherche, ces appels à projets pourront renforcer les synergies entre la recherche publique et privée en cofinançant des projets collaboratifs impliquant des entreprises et des organismes de recherche publics.

Pour inciter les entreprises à y prendre part, les projets retenus dans le cadre de ces appels à projets pourront bénéficier de niveaux de cofinancement plus importants. De plus, les taux de cofinancement sont encore augmentés pour les projets impliquant une collaboration entre entreprises de plusieurs États membres, favorisant ainsi la participation des PME à des projets importants d'intérêt européen commun (PIIEC) dans les domaines de la recherche et du développement.

Le dispositif prévoit une nouvelle aide dédiée à la construction ou à la modernisation d'infrastructures d'essai et d'expérimentation. Contrairement aux infrastructures de recherche, celles-ci visent principalement à soutenir les entreprises, notamment les PME. Les PME pourront accéder à ces infrastructures à moindre coût, voire gratuitement, si elles concluent un partenariat avec le Ministre de l'Économie, favorisant ainsi l'innovation. Cela s'applique également aux organismes de recherche, aux infrastructures scientifiques et aux pôles d'innovation. Afin de stimuler davantage l'innovation, des aides plus élevées sont prévues pour les PME adoptant des procédés de production, de distribution ou des méthodes d'organisation innovants dans leur secteur.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 28/09/2023
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme
(Présidente : Mme Carole Hartmann) :

| | |
|---|---|
| 16/07/2024 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 19/09/2024 | Continuation des travaux |
| 17/10/2024 | Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 27/03/2025 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 08/05/2025 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique : 15/05/2025
Loi du 6 juin 2025
Mémorial A : 2025, n° 225, page 1

## Prime de démobilisation des soldats volontaires

**8329 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 août 2023 sur l'organisation de l'Armée luxembourgeoise**

Le projet de loi a pour objet de redresser un oubli relatif à la prime de démobilisation des soldats volontaires. Sous le régime de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire, un règlement grand-ducal pouvait prévoir cette prime.

La loi du 7 août 2023 sur l'organisation de l'Armée luxembourgeoise a abrogé la loi précitée du 23 juillet 1952 et règle elle-même la prime de démobilisation avec, comme première condition d'obtention, l'accomplissement d'au moins quarante-huit mois de service volontaire, excepté le cas de la révocation sans préavis de l'engagement ou du rengagement. La période militaire ayant été augmentée de 36 mois à 48 mois par la même loi, celle-ci prévoit comme disposition transitoire pour le soldat volontaire en période militaire au moment de l'entrée en vigueur de la loi l'option de prolonger d'un an son engagement initial de 36 mois. Il a toutefois été oublié de préciser que la prime de démobilisation continue à être attribuée aux soldats volontaires en période militaire ou de reconversion avant l'entrée en vigueur de la nouvelle loi, donc après une durée d'engagement de trois ans.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 13/10/2023
Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission de la Défense
(Président : M. Guy Arendt) :

| | |
|---|---|
| 06/03/2024 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| 08/01/2025 | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| | Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 26/03/2025 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique : 15/05/2025
Loi du 13 juin 2025
Mémorial A : 2025, n° 266, page 1

## Navigation aérienne

**8412 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne**

Le projet de loi n° 8412 poursuit un double objectif :

Clarification des missions de recherche et de sauvetage (Search and Rescue)

Le texte adapte la loi de 2007 aux exigences de la Convention relative à l'aviation civile internationale (Convention de Chicago), à laquelle le Luxembourg a adhéré. Il confirme le rôle central de l'ANA dans la gestion du service d'alerte pour les aéronefs en détresse, tout en prévoyant que le commandement et la coordination des opérations de sauvetage relèveront désormais du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), dans le cadre de la mise en œuvre d'un Rescue Sub-Center (RSC) au Luxembourg. Cette nouvelle répartition des compétences s'inscrit dans la structure régionale de Search and Rescue définie par l'OACI.

Réorganisation de la direction de l'ANA

Afin de renforcer la gouvernance de l'ANA, qui assure les services de navigation aérienne au Luxembourg conformément au règlement (CE) n° 549/2004 relatif au ciel unique européen, le projet de loi prévoit la création d'un second poste de directeur adjoint, à savoir celui de directeur de l'exploitation (COO). Ce poste stratégique, déjà en place dans d'autres entités comparables (ANSP, exploitants d'aérodromes, compagnies aériennes), aura pour missions principales d'assurer la conformité réglementaire des services opérationnels, d'alerter en cas de dysfonctionnements, de proposer des mesures correctrices et de renforcer la synergie entre les départements, contribuant ainsi à l'optimisation de la qualité des services rendus par l'ANA.

Dépôt par Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 16/07/2024
Rapporteur : M. Gusty Graas

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics
(Présidente : Mme Corinne Cahen) :

| | |
|---|---|
| 13/03/2025 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 08/05/2025 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique : 10/06/2025

## Conservation et utilisation durable de la diversité biologique marine

**8416 – Projet de loi portant approbation de l'Accord se rapportant à la Convention des Nations Unies sur le droit de la mer et portant sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique marine des zones ne relevant pas de la juridiction nationale, fait à New York, le 19 juin 2023**

Le projet de loi vise à approuver l'Accord se rapportant à la Convention des Nations Unies sur le droit de la mer et portant sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique marine des zones ne relevant pas de la juridiction nationale, fait à New York le 19 juin 2023.

Cet accord, également connu sous le nom d'accord BBNJ (« Biodiversity Beyond National Jurisdiction »), établit un cadre international pour protéger la biodiversité marine en haute mer, notamment par la mise en place de zones marines protégées à grande échelle. Il permettra la mise en œuvre de l'accord mondial de Kunming-Montréal de 2022 qui vise à protéger au moins 30 % des océans d'ici à 2030.

L'accord BBNJ s'articule autour de quatre piliers principaux :

– un mécanisme de partage équitable des ressources génétiques marines et leurs bénéfices ;

– la mise en place de zones marines protégées en haute mer ;

– l'obligation de réaliser des études d'impact environnemental pour les activités susceptibles d'affecter le milieu marin ;

– le renforcement des capacités et le transfert de technologies marines aux pays en développement.

L'accord prévoit une entrée en vigueur à la ratification par 60 États. La ratification par le Luxembourg contribuerait à soutenir le droit international et le développement durable, et pourrait offrir une sécurité juridique accrue aux entreprises et investisseurs luxembourgeois impliqués dans des activités en haute mer.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 18/07/2024

Rapporteur : M. Gusty Graas

---

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région

(Président : M. Gusty Graas) :

24/03/2025 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

28/04/2025 Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 10/06/2025

## Construction de serres horticoles

**8468 – Projet de loi instituant une aide à la construction de serres horticoles**

Le projet de loi sous rubrique vise à instituer une aide financière destinée à soutenir la construction de serres agricoles. Sont éligibles à cette aide non seulement les infrastructures de production, mais également les installations affectées au stockage, au conditionnement ainsi que les ouvrages techniques nécessaires au bon fonctionnement de l'exploitation, pour autant qu'elles soient consacrées à la culture de fruits et légumes. Cette mesure ponctuelle vise à renforcer la production nationale dans ce secteur tout en contribuant à la diversification des activités agricoles. Elle s'adresse aux agriculteurs actifs, tels que définis à l'article 1er de la loi modifiée du 2 août 2023 relative au soutien au développement durable des zones rurales. Le soutien envisagé ne revêt pas un caractère permanent et sera octroyé dans le cadre d'un ou de plusieurs appels à projets, jusqu'à épuisement de l'enveloppe budgétaire fixée à 20.000.000 d'euros.

Dépôt par Mme Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture, le 10/12/2024

Rapporteur : M. Jeff Boonen

---

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

(Président : M. Jeff Boonen) :

12/12/2024 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi

24/04/2025 Examen de l'avis du Conseil d'État

08/05/2025 Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 15/05/2025

Loi du 16 juin 2025

Mémorial A : 2025, n° 237, page 1

## Aménagement communal et développement urbain

**8481 – Projet de loi modifiant : 1° la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ; 2° la loi modifiée du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire**

Le projet de loi vise à mettre en œuvre les objectifs arrêtés par l'Accord de coalition 2023-2028 en proposant certaines modifications à la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, suite aux expériences acquises lors de l'application de l'article 29bis, tel qu'introduit dans la loi précitée par la loi modifiée du 30 juillet 2021 relative au Pacte logement 2.0, tout en maintenant les grandes lignes, afin de remédier à des problèmes pouvant entraver la création supplémentaire de nouveaux logements abordables.

Dépôt par M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures, le 21/01/2025

Rapportrice : Mme Stéphanie Weydert

---

Travaux de la Commission des Affaires intérieures

(Présidente : Mme Stéphanie Weydert) :

23/04/2025 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
Adoption d'un amendement parlementaire

21/05/2025 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 10/06/2025

## Instruments de pesage dans la vente en vrac

**8495 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 juillet 2023 portant sur les préemballages non revêtus du symbole « ℮ » et la vente en vrac dans le secteur de la métrologie légale**

La disposition unique du projet de loi prévoit de remplacer le paragraphe 1er de l'article 2 de la loi du 7 juillet 2023 portant sur les préemballages non revêtus du symbole « ℮ » et la vente en vrac dans le secteur de la métrologie légale.

Ledit paragraphe contient un tableau qui fixe la précision requise des instruments de pesage dans le cadre de la vente en vrac.

La nouvelle version de ce tableau ne comporte plus l'échelon de vérification de 1 gramme. En effet, ce degré de précision ne peut pas être respecté par les opérateurs économiques puisqu'il n'est pas reflété par les caisses-balances avec scanner utilisées au Grand-Duché de Luxembourg. Des caisses-balances avec une précision de 1 gramme ne sont pas commercialisées au Luxembourg.

Dépôt par M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, le 07/02/2025

Rapporteur : M. Patrick Goldschmidt

---

Travaux de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

(Présidente : Mme Carole Hartmann) :

27/03/2025 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

08/05/2025 Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 15/05/2025

Loi du 10 juin 2025

Mémorial A : 2025, n° 217, page 1

## Personnes en séjour irrégulier

**8504 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Mongolie et les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas) concernant la réadmission des personnes en séjour irrégulier et de son Protocole d'application, faits à Bruxelles, le 9 janvier 2024**

Le projet de loi n° 8504 a pour objet d'approuver l'Accord entre la Mongolie et les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas) concernant la réadmission des personnes en séjour irrégulier, faits à Bruxelles, le 9 janvier 2024. L'Accord vise à renforcer la coopération dans la gestion des flux migratoires et à lutter contre l'immigration irrégulière et porte sur la réadmission par un État contractant de ses ressortissants se trouvant en situation de séjour irrégulier sur le territoire d'un autre État contractant.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 28/02/2025

Rapportrice : Mme Stéphanie Weydert

---

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région (Président : M. Gusty Graas) :

05/05/2025 Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

Travaux de la Commission des Affaires intérieures (Présidente : Mme Stéphanie Weydert) :

05/05/2025 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

04/06/2025 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10/06/2025

# 84e séance

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 10
   M. Claude Wiseler, Président
2. **Motion de M. David Wagner relative à l'engagement auprès de la Commission supérieure des maladies professionnelles en vue d'une modification du tableau des maladies professionnelles reconnues** p. 10
   Exposé : M. David Wagner
   Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Alexandra Schoos | Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement
   Prise de position du Gouvernement : Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
   Vote sur la motion (adoptée)
3. **8329 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 août 2023 sur l'organisation de l'Armée luxembourgeoise** p. 12
   Rapport de la Commission de la Défense : M. Guy Arendt
   Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Défense
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8329 et dispense du second vote constitutionnel
4. **Débat d'orientation sur la stratégie industrielle de défense européenne et le programme pour l'industrie de la défense de la Sous-Commission des Affaires européennes de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région** p. 13
   Rapport de la Sous-Commission des Affaires européennes de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région : M. Gusty Graas
   Débat : M. Alex Donnersbach | M. Guy Arendt (dépôt de la motion 1) | Mme Liz Braz (dépôt de la motion 2) | M. Tom Weidig (interventions de M. Meris Sehovic et M. Gérard Schockmel) | M. Meris Sehovic (intervention de M. Tom Weidig) | M. Sven Clement | M. Marc Baum
   Prises de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Défense | Mme Liz Braz (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes | M. Laurent Mosar (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes | M. Tom Weidig (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes | M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | M. Franz Fayot (parole après ministre) | M. le Ministre Lex Delles
   Motion 1 : M. Meris Sehovic | Mme Liz Braz | M. Tom Weidig | M. Sven Clement | M. Alex Donnersbach | M. Marc Baum | M. Meris Sehovic | M. Tom Weidig | M. Guy Arendt
   Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
   Motion 2 : M. Tom Weidig | M. Meris Sehovic | M. Guy Arendt | M. Sven Clement | M. Alex Donnersbach | Mme Liz Braz
   Vote sur la motion 2 (rejetée)
5. **8314 – Projet de loi ayant pour objet le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation** p. 29
   Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : M. André Bauler
   Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. Franz Fayot | M. Tom Weidig | Mme Joëlle Welfring | M. Sven Clement
   Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Mme Joëlle Welfring (parole après ministre) | M. Franz Fayot (parole après ministre)
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8314 et dispense du second vote constitutionnel
6. **8495 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 juillet 2023 portant sur les préemballages non revêtus du symbole « ℮ » et la vente en vrac dans le secteur de la métrologie légale** p. 33
   Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : M. Patrick Goldschmidt
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8495 et dispense du second vote constitutionnel


Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Lex Delles, Mme Yuriko Backes, Mme Martine Deprez, Ministres

*(La séance publique est ouverte à 09.02 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. Motion de M. David Wagner relative à l'engagement auprès de la Commission supérieure des maladies professionnelles en vue d'une modification du tableau des maladies professionnelles reconnues

*(Motion déposée en séance publique n° 62 du 23 janvier 2025 – à consulter au compte rendu n° 25/2023-2028 en page 72)*

Mir fänken d'Sëtzung vun de Moien u mat der Motioun vum Här David Wagner iwwert d'Engagement bei der Commission supérieure des maladies

professionnelles am Hibléck op d'Ännerung vun der Tabell vun den unerkannte Beruffskrankheeten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Alexandra Schoos an d'Madamm Djuna Bernard. An den Här Wagner als Auteur vun der Motioun huet elo fir d'éischt Wuert. Här Wagner, et ass un Iech.

***Exposé***

**M. David Wagner** (déi Lénk), auteur | Merci, Här President. Muss ech vläicht e bësse méi lues schwätzen, fir ze waarden, datt jiddereen duerno kann ofstëmmen? Ech weess net. Fir datt iwwerhaapt jidderee kann ukommen.

*(Interruption)*

Et sinn nach e puer Kommissiounen amgaangen.

D'Motioun ass jo scho presentéiert ginn an diskutéiert ginn, méi wéi eng Kéier: eemol, wéi ech se hei deposéiert hunn an duerno eng zweete Kéier an der respektiver Kommissioun. Ech presentéiere se awer a kuerze Wierder erëm eng Kéier.

Deemools hate mer jo eng Interpellatioun eeben zu den Effekter vum Klimawandel op d'Aarbechtswelt. An an deem Kontext hat ech och dräi Motiounen deposéiert. Dovunner ass eng net verworf ginn. Eng zweet Motioun ass zwar verworf ginn, mee wäert duerch d'Akzeptanz vun der drëtter Motioun mussen iergendwéi ëmgesat ginn. Mee et ass egal. Haaptsaach et gëtt ëmgesat. An déi heite Motioun, déi mer dann och an d'Kommissioun verwisen hunn an déi mer och diskutéiert hunn … Souwäit ech verstanen hunn, misst et do eng grouss Majoritéit, wann net eng Unanimitéit, ginn, fir se unzehuelen. Op jidde Fall huet d'Madamm Deprez eis jo och informéiert, datt d'Regierung der Meenung wier, datt een dat misst ëmsetzen.

Ëm wat geet et? Ma ganz einfach, et geet drëms, datt d'Commission supérieure des maladies professionnelles erëm misst u sech zesummekommen. D'Madamm Deprez hat eis erkläert, datt si selwer nogesicht hat an datt se 2013 fir d'lescht numméiert gouf, an anscheinend soll se dann erëm erneiert ginn, an datt innerhalb vun dëser Commission spéciale eebe soll gekuckt ginn, wat fir eng Maladie-professionnellë bedéngt duerch de Klimawandel sollen unerkannt ginn.

Beispill – do gëtt et och scho wëssenschaftlech Etüden, och a Frankräich gëtt dat esou gemaach –: Bauaarbechter, déi leiden zum Beispill eendeiteg méi ënner Hautkriibs. Si leiden och eendeiteg méi ënner Nierekrankheeten, déi bedéngt sinn duerch hir Aarbechten. Dat ass e Beispill. Ech schwätze just vu Bauaarbechter, mee dat kann och nach a ganz aneren Domäner sinn, déi net onbedéngt bausse sinn, wou nei Forme vu Krankheete kënnen entstoen. Dat musse souwisou d'Wëssenschaft respektiv déi verschidden Administratiounen zesumme festleeën. An duerno muss déi Commission spéciale dann eeben och festleeën, wat fir eng nei Krankheete kënne festgeluecht ginn.

Selbstverständlech, och wann d'Motioun sech jo limitéiert huet op d'Fro vun den Aarbechtskrankheeten, déi klimabedéngt sinn, kann natierlech déi Commission spéciale och weider driwwergoen an och nach kucken, wat fir eng aner Krankheete vläicht derbäi kënne kommen, déi net klimabedéngt sinn. Bon, dat ass jo net verbueden. An ech mengen, dat wäert och eng Geleeënheet sinn, fir dat och erëm souwisou op de Leescht ze huelen.

Op jiddwer Fall ass et schonn eng wichteg Mesür, well et geet net just drëms, datt déi Krankheeten unerkannt ginn, mee natierlech och dorëm, datt duerno Mesüre kënne geholl ginn, well d'Zil vum Spill ass et jo och, datt d'Leit net krank ginn u sech an datt och Preventiounsmesüre mussen op der Aarbecht geholl ginn, notamment op de Chantieren oder op anere Plazen. Voilà. Bon, ech mengen, ech hätt alles gesot. An da kënne mer da weider zur Diskussioun goen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner.

Da géing ech deem éischten ageschriwwene Riedner, dem Här Marc Spautz, d'Wuert ginn. Här Spautz.

***Discussion générale***

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Den Här Wagner huet d'Motioun nach eng Kéier erkläert. En hat se och déi éischte Kéier hei erkläert. A mir hunn och eng gutt an interessant Diskussioun gefouert den 2. Abrëll an der Gesondheets- a Sécurité-sociales-Kommissioun. An ech mengen, et war e ganz gudden an e ganz fructueuxen Debat. An et beweist jo och, dass Motiounen, déi een a Kommissioune verweist, kënnen zu positive Resultater féieren an dass et net ëmmer heescht, wéi verschidde Leit soen, 35:25.

Mee ech ginn dervun aus, dass et haut hei aneschters gëtt, well mir fannen als Majoritéit déi Motioun, wéi den Här Wagner se virgestallt huet, mat all deenen Termen, déi e gesot huet, ganz gutt, ganz noutwendeg. An ech géif dofir och menger Fraktioun proposéieren, dass mir déi Motioun op alle Fall matdroen. An et war och an der Santéskommissioun esou, dass dat unanime an der Santéskommissioun esou gedroe ginn ass, fir déi Motioun hei am Plenum matzestëmmen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Spautz. Den Här Di Bartolomeo ass nach ageschriwwen. Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci. Aneschters wéi gëschter sinn ech erëm ganz no beim Här Spautz a selbstverständlech …

*(Exclamations et hilarité)*

… och beim Här Wagner. Bon, et ass ee Volet vun de Beruffskrankheeten, deen ugeschwat gëtt. Mir sinn der Meenung, dass ee reegelméisseg déi Lëscht vun de Beruffskrankheete soll op de Leescht huelen. Dat hei ass ganz pertinent, dofir ënnerstëtze mer déi Motioun och.

Just eng Fro, ob den Här Wagner sécher ass, dass déi Lëscht vun de Beruffskrankheete fir d'lescht 2016 ugepasst ginn ass, well ech hunn an Erënnerung, dass déi eng oder déi aner Beruffskrankheet an deene leschten zéng Joer awer derbäikomm ass. Dat wëllt net onbedéngt heeschen, dass déi ganz Lëscht revidéiert ginn ass.

Ech sinn zesumme mat de Kolleegen aus der Fraktioun no deenen Diskussiounen, déi mer och an der Kommissioun gefouert hunn, der Meenung, jo, dass éischtens déi Lëscht opgrond vu wëssenschaftlechen, medezinneschen Erkenntnisser muss reegelméisseg adaptéiert ginn, zweetens, dass ee muss ganz gutt, ganz opmierksam suivéieren, wann a verschiddene Beräicher plëtzlech Krankheeten optauchen, déi soss net esou waren. Dann, reegelméisseg liese mer, dass bei ganz grousse Chantieren zum Beispill op grouss Quantitéite vun Asbest getraff gëtt, dass een och dann de Suivi muss maachen. Wann ee feststellt, dass e Sanéierungsbedarf do ass, da muss een och kucken, ob an deene Gebaier an deene leschte Joren net esou Krankheeten opgetruede sinn an ob een dann och de Suivi dovu maache soll.

Der langen Rede kurzer Sinn: Déi Motioun hei ass gutt. Et ass en Deel vum Problem, a mer musse vläicht niewent där heiter Motioun dat Ganzt e bësse méi breet opmaachen a reegelméisseg adaptéieren.

An ech wëll och soen, dass et keen Argument ka sinn, dass, wann een där Krankheeten unerkennt, dat deier gëtt fir déi betraffen Assurancen. Wann ech vun der Assurance accident schwätzen: No der Reform ass d'Assurance accident jiddefalls net méi deier gi fir déi, déi era musse bezuelen. Doduerch, dass mer de Solidaritéitsprinzipp bei der Reform vun der Assurance accident duerchgesat hunn, ass den Taux esou niddreg wéi ni zevir. An do gëllt och de Bonus-Malus-System. Dat heescht, dat däerf keen Argument sinn, dass dat méi deier gëtt. Hei geet et ëm d'Gesondheet vun de Leit an et geet ëm wëssenschaftlech, medezinnesch Evidenzen, also soll een do net ze vill frileux sinn.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Di Bartolomeo. D'Wuert ass elo fir d'Madamm Alexandra Schoos.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Villmools merci, Här President. Jo, et ass immens wichteg, dass mer e Reglement hunn oder dass mer eppes hunn, wou mer eis kënne festhalen, wann et iergendwéi zu Aarbechtsaccidenter kënnt oder Facteuren do sinn, déi eeben Erkrankungen op der Aarbechtsplaz kënnen erbäiféieren. D'Wiederbedéngungen, sief et elo extreem kal oder extreem waarm, sinn een Argument dervun. Ech mengen, meng Virriedner hunn et och scho gesot: Et sinn net nëmmen d'Wiederkonditiounen, et ass och vläicht eventuell hautzedaags, wou mer iwwer eng mental Belaaschtung musse schwätzen, och chronesch muskulär Erkrankungen. Mir hu ganz nei Aarte vun Aarbechten: Teletravail, Plattformaarbecht, onreegelméisseg Schichten. Alles dat kann dozou bäidroen, dass et zu neien Erkrankunge kënnt, déi am Moment nach net an deem Tablo do zesummegefaasst sinn. Doweinster begréissen ech och, dass mer do onbedéngt deen Tablo mussen upassen.

Ech weess och net, vläicht kann d'Madamm Minister eis och schonn eppes soen iwwert d'Zäitschinn, wéini déi Kommissioun elo, déi nei, soll nominéiert ginn. Ech mengen, si hat an der Kommissioun gesot, dass déi fir d'éischt misst nominéiert ginn, dass dann eng Reunioun misst aberuff ginn, fir eebe mam Start vun der Upassung vun dëser Tabell kënnen unzefänken. Do géing ech mech freeën oder géinge mir eis freeën, wa mer do vläicht schonn éischt Äntwerte kéinte kréien.

A wat awer och vläicht wichteg ze soen ass, ass, dass vläicht fir Krankheeten, wou een d'Unerkennung nach muss ufroen, eeben aarbechtsbedéngten Erkrankungen, déi administrativ Prozeduren och musse vereinfacht ginn, fir deene Leit et net ze schwéier ze maachen.

Fir zesummenzefaasse géing ech menger Fraktioun och soen, dass si dës Motioun soll matstëmmen, quitte dass just een Aspekt, spréch d'Wiederkonditiounen, an dëser Motioun berücksichtegt gëtt. Mee et mécht awer mol de ganze Sujet op, fir eng Kéier breet driwwer ze diskutéieren an dat unzepassen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. D'Wuert ass elo fir d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, ech ka mech dank den extensiven Erklärungen a Riede vu menge Virriedner kuerzfaassen. Ech wëll virun allem dem

Här Wagner Merci soen, dass en dëse wichtege Punkt fir eis allegeuerten, mengen ech, och nach eng Kéier op den Ordre du jour bruecht huet.

Déi Kommissioun ass effektiv säit ganz ville Joren net méi zesummekomm. Grad an dësen Zäite mat rasanten Entwécklungen ass et wichteg, datt déi aktiv ass an datt se sech och de Changementer an der Aarbechtswelt a virun allem dem Impakt vun der Klimakris op d'Aarbechtswelt kann unhuelen.

Dowéinst kann ech menger Sensibilité politique nëmme recommandéieren, dass mer dës Motioun och sollen unhuelen. Merci, Här Wagner, dass Der eis allegeuerten hei nach eng Kéier och rappeléiert hutt, wéi wichteg dat ass. An och merci fir déi fructuéis Diskussiounen an der Kommissioun.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ouni Geheimnis, ouni Surprise, well et och an der Kommissioun jo schonn unanime war, wäert et dann och hei unanime och mat de Stëmme vun de Piraten sinn. Ech mengen, wat hei wierklech wichteg erauszestraichen ass, ass, datt d'Aarbechtswelt am permanente Wandel ass, net nëmme wéinst dem Klimawandel. Dat ass sécherlech e groussen Deel, mee et gëtt och aner nei Maladie-professionnellen, déi an där Zäit, zënter datt se fir d'leschte zesummekoum an deen Tablo à jour gesat gouf, opkomm sinn.

An et ass einfach e Kampf géint Wandmille fir Aarbechterinnen an Aarbechter, déi mat esou Krankheete befaasst sinn, déi haut net unerkannt sinn, well se eeben net an engem Tablo vun engem Règlement grand-ducal stinn. An dat ass, mengen ech, wa mer elo bal den zéngten Anniversaire vun der leschter Mise à jour feieren, sënnvoll, fir eng Kéier am Fong net nëmmen déi, wat de Klimawandel ugeet, ze kucken, mee wierklech och méi large dann an där Kommissioun eng Kéier ..., datt déi Kommissioun vläicht sech net nëmmen d'Mandat hëlt, Klimawandel, Dérèglement climatique, mee all déi neiaarteg Krankheetsbiller ..., fir eeben esou deene Leit, déi haut e Kampf géint Wandmillen hunn, vläicht hire Kampf e bëssen ze erliichteren. Well mat der Krankheet si se geplot genuch. Se mussen net och nach administrativ schikanéiert ginn. Dofir ass dat heiten eng gutt Iddi a mir ënnerstëtzen dat.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Ech gesinn elo keng aner Wuertmeldung méi. Wëllt den Auteur nach zum Schluss eppes soen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

Da ginn ech der Regierung d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Martine Deprez,** Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Merci, Här President. A merci och dem Deputéierte fir déi Motioun. Ech fannen et ëmmer immens flott, wa mer am Konsens kënne schaffen.

Jo, déi Kommissioun ass 2013 fir d'lescht genannt ginn. An déi Nominatioun war fir siwe Joer. Dat heescht, eigentlech hätt se missen 2020 nei genannt ginn, fir datt se hir Aarbechten hätt kënne weiderféieren. 2020, dat war dat Joer, wou dann e bëssen eppes Extraes dobausse geschitt ass. Ech huelen un, datt dat deem zum Opfer gefall ass.

Effektiv ass den Tablo 2016 fir d'lescht adaptéiert ginn. Do sinn ënner anerem Krankheete bäigesat ginn, déi vum Déier op de Mënsch iwwerdrobar sinn. Dat heescht, do ware mer an enger One-Health-Approche ënnerwee, fir datt och déi Leit, déi am Milieu schaffen, wou et Insekte gëtt, déi Krankheete kënnen iwwerdroen, dat kënne geltend maachen, fir hannenno eng Beruffskrankheet unerkannt ze kréien.

Wat elo déi hei spezifesch Demande ubelaangt, sou ass et esou, datt mir hei zu Lëtzebuerg eis orientéieren un deem, wat op där däitscher Tabell steet, an oft eis Experten dann e Renvoi dorobber maachen. An do ass kierzlech eng Hautkriibsaart an Däitschland unerkannt ginn, déi duerch UV-Stralung ausgeléist gëtt an déi dann do op d'Lëscht bäigesat ginn ass, soudatt ech denken, datt op d'mannst déi wäert bei den Experte Gehéier fannen. A wann d'Kommissioun genannt ass an d'Aarbechten ugefaangen hunn, dann, denken ech, kommen och nach aner Leit an aner Beruffsbiller, déi Krankheete wäerten op den Dësch leeën, déi vläicht eventuell mussen diskutéiert ginn, fir ugeholl ze ginn.

Bref, mir sinn amgaang, d'Kommissioun nei ze nennen. Do si Bréiwer ënner anerem eraus. A soubal déi Kommissioun genannt ass, hëlt si hir Aarbecht op. E genauen Timing kann ech leider net ginn, well dat hänkt vun de Partner of, déi hir Membere fir déi Kommissioun eraschécken.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister.

No deem, wat ech héieren hunn, ginn ech dovunner aus, datt mer dës Motioun à main levée kënne stëmmen. Ass d'Chamber domat d'accord?

*(Assentiment)*

***Vote sur la motion***

Da géing ech déi, déi mat dëser Motioun d'accord sinn, bieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech? Dat ass net de Fall.

Dann ass dës Motioun à l'unanimité ugeholl.

## 3. 8329 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 août 2023 sur l'organisation de l'Armée luxembourgeoise

An da komme mer zum zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, an zwar dem Projet de loi 8329 iwwert d'Demobilisatiounsprimm vun de fräiwëllegen Zaldoten. Ech erënneren drun, datt dëst hei e Riedemodell „avec rapport et sans débat" ass. D'Riedezäit ass also follgendermoossen opgedeelt: De Rapporter huet 5 Minutten an d'Regierung 5 Minutten. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Deputéierte Guy Arendt. Här Arendt.

***Rapport de la Commission de la Défense***

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi handelt et sech ëm e Gesetzesprojet, deen en Oubli an den Dispositiounen zu der Prime de démobilisation, vun där fräiwëlleg Zaldoten ënner bestëmmte Konditioune kënne profitéieren, an dat aus dem Gesetz vum 7. August 2023 zu der Organisatioun vun der Arméi ... An dësen Text soll eeben déi Saach verbesseren.

Am genannte Gesetz vum 7. August 2023 ass d'Dauer vun dem Engagement vu fräiwëllegen Zaldote vu 36 op 48 Méint an d'Luucht gesat ginn. Déi sougenannte „Prime de démobilisation" ass heirunner ugepasst ginn. Fräiwëlleg Zaldoten nom Akraafttriede vun dësem Gesetz mussen also hir véier Joer Déngscht maachen, fir déi Primm ze kréien.

Allerdéngs war am Gesetz vum 7. August vergiess ginn, datt fräiwëlleg Zaldoten an Zaldotinnen, déi beim Akraafttriede vun dësem Gesetz schonn am fräiwëllegen Déngscht waren, hir Prime de démobilisation no 36 Méint Déngscht kréie kënnen, sou wéi dat vun der Gesetzeslag vun dem Gesetz vum 7. August 2023 virgesi war.

De Projet de loi 8329 verbessert also dësen Oubli esouwéi nach e puer aner schrëftlech Feeler, déi awer näischt um Fong vum Projet änneren.

De Staatsrot huet en Avis den 12. November 2024 publizéiert, an deem e säin Accord zum Projet de loi ginn huet.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Accord och ginn an hirem Avis vum 22. Dezember 2023 mat der Fuerderung, datt een d'Prime de démobilisation un all Mënsch sollt ausbezuelen, och déi, déi säit dem Gesetz vun August 2023 eventuell de fräiwëllegen Déngscht verlooss hätten. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet nach drop higewisen, datt een zu de Modifikatiounen, déi vun dësem Gesetz hei virgesi sinn, hätt kënne consultéiert ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech Iech op de schrëftleche Rapport a géif dann den Accord och vun der DP-Fraktioun ginn.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Arendt villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport.

An d'Wuert hätt, wa se et elo géing wëllen, d'Regierung.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Merci. Ech mengen, den honorabelen Deputéierten Här Arendt huet dat ganz gutt erkläert. Hei missten e puer Verbesserunge gemaach gi par rapport zum Gesetz vum August 2023. Den Haaptproblem ass hei effektiv d'Prime de démobilisation. An ech wär ganz frou, op d'Zoustëmmung vun der Chamber kënnen ze zielen, fir dass mer déi Feeler kënne verbesseren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Mir géingen direkt zum Vott vun dësem Projet kommen. Ech géing Iech bieden, nach eng Kéier alleguer ze checken, ob Der och ageloggt sidd.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8329 et dispense du second vote constitutionnel***

Wann dat de Fall ass, da maachen ech de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Voilà, an de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, also keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer (par Mme Diane Adehm), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp (par M. Paul Galles), MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Octavie Modert) ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 4. Débat d'orientation sur la stratégie industrielle de défense européenne et le programme pour l'industrie de la défense de la Sous-Commission des Affaires européennes de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar enger Orientéierungsdebatt iwwert d'europäesch Industriestrategie fir de Verdeedegungsberäich esouwéi iwwert de Programm vun der Verdeedegungsindustrie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 30 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten an déi Lénk jeeweils 7 Minutten. D'Regierung huet 30 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, den Här Guy Arendt, d'Madamm Liz Braz, den Här Tom Weidig, den Här Meris Sehovic an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Sous-Commission des Affaires européennes de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région, déi dës Orientéierungsdebatt ugefrot huet, an zwar den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Sous-Commission des Affaires européennes de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région***

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Haut ass u sech eng Première hei an der Chamber. Et ass nämlech deen éischte Rapport vun der Souskommissioun, déi sech mat den Affaires européennes jo auserneesetzt. Déi Souskommissioun ass op Basis vum Artikel 25 Paragraf 2 vun eisem Reglement geschafe ginn. Si setzt sech aus siwe Memberen zesummen, an zwar ganz paritéitesch, wéi dat sech gehéiert. Dat ass ee pro Fraktioun respektiv ee pro Sensibilité politique.

De 15. Abrëll 2024 hate mer déi éischt Sitzung. Entre-temps hate mer schonn aacht Sitzungen. Déi Kommissioun huet u sech als Zil, sech nach kënnen, wéi gesot, méi intensiv mat europäeschen Dossieren auserneenzesetzen. An déi, déi schonn e bësse méi laang hei an der Chamber sinn, déi wëssen, wéi wichteg d'europäesch Politick ginn ass. An dowéinst ass et och gutt, datt mer esou eng Kommissioun elo hunn.

Wéi mir deen éischte Rapport, dee mir elo haut hei virleeën, guttgeheescht hunn, war eis am Fong geholl an deem Sënn net esou bewosst, datt e wierklech géing un immenser Aktualitéit gewannen, well de Rapport u sech datéiert scho vum 31. Januar 2025. An zwar, wéi gesot, geet et ëm eng „Stratégie industrielle européenne de la défense et le programme pour l'industrie de la défense". An dat ass am Fong geholl e prioritären Dossier, dee mer esou gesinn hunn, aus enger Lëscht, déi de 5. Mäerz 2024 vun der EU-Kommissioun fixéiert gouf.

Ech weess net, wéi dat Pult hei an d'Luucht geet, mee bon.

*(Interruption par M. Claude Haagen)*

Här Haagen, Dir sidd jo Spezialist an deene Saachen. Majo, Dir hätt och kënnen hëllefe kommen. Bon.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Komme mer erëm zum Sujet.

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Déi russesch Invasioun vum 24. Februar 2022 huet natierlech hei an Europa – net nëmmen an Europa natierlech – ganz villes bewierkt. Eppes ass kloer: Mir sinn eis méi wéi jee bewosst, datt en durabele Fridden näischt Dauerhaftes ass. An och wann dëse Krich zwar déi gréisste Gefor fir den europäesche Kontinent duerstellt, sou gëtt et awer och nach eng Rei aner Konflikter, déi een net kann ënnerschätzen.

Gläichzäiteg muss d'Europäesch Unioun och feststellen, datt et ëmmer méi och hybrid Menacë gëtt. Ech denken zum Beispill hei u Cyber- oder Sabotageattacken. Donieft hëlt awer och d'Améschung vun auslännesche Muechten ëmmer méi zou, wat den Oflaf an Europa an eenzele Länner ubelaangt. An ech denken do virun allem awer och u Walen. Rezent Beispiller sinn zum Beispill Georgien oder Moldawien.

Leider sinn dann awer och traditionell Allianze méi fragill ginn. Do denkt een natierlech an éischter Linn ganz kloer un d'Allianz zwëschent Europa an den USA. An ech mengen, spéitstens mam Retour vum Donald Trump um Stull vum US-President mierke mer dat jo all Dag méi. An et muss een dat leider ganz kloer hei soen: Mir kënnen eis als Europa net méi esou op d'USA als Alliéierte verloossen, wéi dat an all deene Joerzéngten de Fall war. Ech mengen, besonnesch mir Lëtzebuerger bedaueren dat ëmsou méi, well mer dach eng historesch Vergaangenheet mat Amerika hunn, déi awer hiresgläichen dorëmmer sicht.

Dat ass eng bedauernswäert Situatioun. An et spiert ee ganz gutt, datt déi nei Trump-Administratioun net onbedéngt drop aus ass, d'Interesse vun Europa ze vertrieden. Et gëtt och genuch Signaler aus Amerika, déi drop hiweisen: „Europa, Dir musst Iech méi ëm Är eege Sécherheet bekëmmeren." Ech erënneren och hei zum Beispill un déi – jo, et kann ee scho bal soen – ominéis Ried vum US-Vizepresident Vance de 14. Februar zu München, wou en am Fong Europa wollt eng ganz Rei Lektiounen erdeelen. Ech mengen awer – wann et mer erlaabt ass, dat hei ze soen – behaapten ze kënnen, datt den Här Vance net onbedéngt déi Persoun ass, déi eis muss grouss Lektiounen hei ginn.

Da stellt een natierlech och eng geopolitesch Reorientatioun vun Amerika fest, an zwar méi a Richtung Indopazifik. Et sinn och eng Rei strateegesch Konkurrente vun Europa, an do denkt een natierlech och an éischter Linn u China, déi an der leschter Zäit massiv oprüsten. Jiddefalls bréngen déi geopolitesch Ännerungen ouni Zweifel e gewëssene Paradigmewiessel mat sech.

Bis elo ass et eis jiddefalls an Europa nach net richteg gelongen, en EU-Marché-intérieur fir d'Defense ze schafen. Mee déi Problemer gi vill méi laang zréck. Déi ginn am Fong geholl zréck op d'Enn vum Kale Krich. Et stellt sech natierlech an dësem Kontext awer och d'Fro, ob déi europäesch Industrie och staark genuch ass, fir am Fong geholl deenen neien Demanden, deenen neie Besoine Rechnung ze droen. Dat ass de Moment mat Sécherheet leider net de Fall. D'Produktiounscapacitéiten an deem Beräich, déi reduzéiere sech jiddefalls de Moment éischter op Friddenszäiten. Mee mat der russescher Invasioun si mer, wéi gesot, an engem ganz aneren Zenario. An et spiert een eeben, wéi gesot, datt mer an Europa net an der der Lag sinn, genuch Waffen hierzestellen.

Déi industriell an technologesch Basis vun der europäescher Verteidegung, op Franséisch BITDE ofgekierzt, déi weist ouni Zweifel eng Rei Lacunnen op. Et ass also dofir wichteg, datt mer eng gesamteuropäesch Verteidegungsstrategie opstellen, wa mir als Europäer net wëllen ze vill ofhängeg sinn och nach vun Drëttlänner, well soss kommen automatesch ganz kloer nei Risiken op eis duer.

Well de Moment ass et esou, datt déi europäesch Arméie sech nach vill ze vill musse mat Material approvisionéieren, dat net aus Europa kënnt. D'EU-Kommissioun ass sech däers awer ganz kloer bewosst. A grad an engem Moment, wou och d'Ukrain massiv Ënnerstëtzung brauch, musse seriö Efforte gemaach ginn. Ech erënneren hei un de Conseil européen vum 14. a 15. Dezember 2023. Deemools ass scho festgehale ginn: „L'Union doit assumer une plus grande responsabilité en ce qui concerne sa propre sécurité et sa propre défense, suivre une ligne d'action stratégique et renforcer sa capacité à agir de manière autonome."

Erlaabt mer vläicht an dësem Kontext awer, eng kleng Klammer opzemaachen, och wann et eng Widderhuelung ass. Mee ech muss ëmmer erëm op d'Münchener Ofkommes vun 1938 hiweisen. Do ass nämlech dem Hitler versprach ginn, e kéint dann d'Sudetenland vun der Tschechoslowakei annektéieren. An den Chamberlain an den Daladier waren der Meenung: „Voilà, elo hu mer dee roueggestallt. Da kann näischt méi passéieren." D'Konsequenze kenne mer alleguer.

An iergendwéi kann een eng gewësse Parallel zu der Zäit vun haut zéien. A kee geréngere wéi de fréiere President vun der Ukrain, de Wiktor Juschtschenko, huet elo kierzlech an engem „Wort"-Interview och genau déi selwecht Analys gemaach a gesot: „Voilà, mir mussen oppassen, well dem Putin ass net ze trauen." An dat ass och mat Sécherheet de Fall.

Wa mer dann dem Mario Draghi säi Bericht iwwert d'EU-Kompetitivitéit huelen, dee sech och ganz intensiv mat där Situatioun auserneegesat huet: Dee seet zum Beispill, datt zwëschent Juni 2022 a Juni 2023 78 % vun den Akeef an der Defense bei Net-EU-Länner gemaach goufen. Zum Beispill d'Uschafe vun eelef verschiddene gepanzerte Gefierer an der EU géing ongeféier tëschent 2,2 an 2,75 Milliarde kaschten. Wann nëmmen dräi verschidde Modeller hiergestallt gi wieren, seet den Här Draghi, da kéint een zwëschent 1,6 an 2 Milliarden aspueren. Ech mengen, et ass awer e gutt Beispill, wat beweist, wéi wichteg et ass, datt mer vill méi musse gemeinsam agéieren op deem Niveau an Europa.

Déi Fragmentatioun huet natierlech och Nodeeler fir d'Liwwerketten. Ech wëll och op eng Etüd vun der EU-Kommissioun aus dem Joer 2023 hiweisen, wou ganz kloer d'Ofhängegkeet beim Import vu Matières premières ernimmt gëtt, an zwar virun allem de Koffer. An do si mer direkt ofhängeg och vu China.

Dann hunn och eis PMEen e limitéierten Accès op Finanzmoyenen. Ech kommen natierlech herno e bësse méi am Detail op dee ganze Volet vun de Finanzen zréck, well dat ass och eng weider Brems, fir a sech kënnen d'Produktioun ze erhéijen. Well dee Marché huet ouni Zweifel grousst Potenzial. Dat kéint u sech deen zweetgréisste Marché no deem vun Amerika ginn, mee, wéi gesot, mir sinn de Moment vill ze vill ofhängeg vun Exporter an Drëttlänner. Et gëtt de Moment dräi- bis véiermol méi ausserhalb der EU exportéiert wéi intern Transferte vun deem Material gemaach. Dat ass schonn e Paradox, well eis Arméie sech gréisstendeels, wéi gesot, net an Europa approvisionéieren, mee ausserhalb der Europäescher Unioun.

Natierlech huet dat och seng historesch Ursaachen. Bis elo huet am Fong geholl ëmmer déi national Onofhängegkeet dominéiert. Dat heescht, jiddweree wollt seng eegen Arméi staark maachen. Jiddweree wollt op seng eegen Arméi setzen. Ech erënneren och hei drun an deem Kontext: 1954 war eng Initiativ do, fir eng europäesch Arméi ze grënnen. Deemools ass dat awer gescheitert um Nee vun der franséischer Assemblée nationale. Duerno gouf d'UEO gegrënnt, d'Union de l'Europe occidentale, mee déi ass entretemps souguer opgeléist ginn. Vläicht géinge mer eis haut dat nach eng Kéier iwwerleeën.

Fir eeben, wéi gesot, dann och d'Resilienz vun der BITDE ze verbesseren, huet d'Kommissioun de 5. Mäerz 2024 fir déi nächst zéng Joer d'Strategie fir d'europäesch Industrie vun der Defense an och gläichzäiteg e Programm ausgeschafft. Déi Strategie, déi baséiert op der Deklaratioun vu Versailles, déi den 11. Mäerz 2022 ugeholl gouf.

Et ass awer virgesinn, datt selbstverständlech an där ganzer Strategie an an deem ganze Programm awer och solle Partner matagebonne ginn, natierlech d'NATO an éischter Linn, awer och d'Ukrain. Doduerch soll och d'Koordinatioun tëscht de Memberstaate verbessert ginn an et sollen nei finanziell Méiglechkeete geschafe ginn, besonnesch, wéi gesot, am Interesse vu PMEen a jonken Entreprisen.

Den Ukrain-Krich, an dat mierkt een elo schonn u mengen Ausféierungen hei, dee begleet eis natierlech selbstverständlech permanent. Eis Prioritéit soll och doranner bestoen, eng Moderniséierung respektiv och eng Rekonstruktioun vun der ukrainescher Defense unzestriewen, dat natierlech och virun allem am Hibléck op eng eventuell EU-Memberschaft.

Och wann d'Verdeedegungspolitick u sech d'Kompetenz vun de Memberstaaten ass, sou ass awer och hei ze ënnersträichen, datt déi industriell Politick am Beräich vun der Defense awer d'Kompetenz vun der EU-Kommissioun ass. Dat erkläert dann, wéi gesot, och d'Subsidiaritéitsprinzipp am Kontext vun der Strategie an deem Programm.

Da soll och e Conseil de préparation industrielle geschafe ginn. D'Objektiv ass, dass bis 2030 – dat ass also och net méi allze laang – 40 % vun den Ekipementer aus der Defense sollen zesummen ugeschaaft ginn. An dofir ginn och d'Memberstaaten invitéiert, datt intraeuropäesch Handelsechangë mindestens 35 % vum europäesche Marché vun der Defense sollen ausmaachen.

D'EU gesäit dann och ... Ech wëll, wéi gesot, e bësselchen och dat oplëschten, wat bis elo schonn alles op deem Gebitt awer um europäeschen Niveau geschitt ass. Si gesäit dann, wéi gesot, e Programm fir d'Industrie vun der Defense vir. Et ass proposéiert ginn, den EDIRPA – dat ass de European Defence Industry Reinforcement through Common Procurement Act – auszebauen. Et geet am Fong geholl drëms, Akeef vun de Memberstaate besser ze koordinéieren. Da soll och den ASAP-Programm verbessert ginn. Dat ass den Act in Support of Ammunition Production. Fir dee Programm dann och kënnen awer méi juristesch ze encadréieren, sinn och eng Rei zousätzlech Mesüre virgesinn.

D'Kommissioun huet donieft awer och nach eng ganz Rei aner Iddien opgelëscht, op déi ech elo net ze vill am Detail wëll agoen, mee ënner anerem zum Beispill e Katalog fir Defenseprodukter oder d'Schafe vun enger Reserv, fir dann och eeben d'Livraisounsdelaie kënnen erofzesetzen. Dëse Mechanismus, deen huet als Objektiv, eng Kafoptioun fir d'Memberstaaten ze garantéieren. De Moment leeft do och eng Testphas.

Iwwerhaapt soll, wéi gesot, verstäerkt europäescht Militärmaterial genotzt ginn, andeems och d'Zertifikatiounen ënnert deenen eenzelnen EU-Memberstaaten unerkannt ginn.

Natierlech huet d'EU och eng Rei Efforte scho gemaach, wat eeben d'Ausgaben ubelaangt. Vun 2022 op d'Joer 2023 notéiere mer eng Erhéijung vun 10 % a vun 2023 op 2024 ëm 17 %. An dann natierlech muss een hei ganz kloer drop hiweisen, wat d'Europäesch Kommissioun de 4. Mäerz decidéiert huet, an zwar e Budget vun 800 Milliarden zur Verfügung ze stellen. An dann ass jo och an der neier EU-Kommissioun e Kommissär beoptraagt gi mat der Defense. Ech mengen, alles dat spigelt jo awer erëm, datt d'Erkenntnis do ass: Mir mussen zousätzlech Efforten um Niveau vun der Europäescher Unioun maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dësen Debat natierlech ze preparéieren, hate mer och eng ganz Rei Reuniounen an eng ganz Rei Entrevuen, ënner anerem, wéi gesot, och mat der Madamm Minister Yuriko Backes. Fir eis war et awer ganz normal, datt mer bei de ganzen Debaten an Diskussiounen d'Defensekommissioun mat associéiert hunn. Ech wëll dat och hei ënnersträichen. Dat gëllt och fir zukünfteg Rapporten, Debaten, déi vun dëser Kommissioun ausginn, datt déi selbstverständlech ëmmer am direkte Kontakt mat der kompetenter Kommissioun solle geschéien. Et ass net esou, datt also dës Kommissioun sech d'Recht eraushält iwwer Theemen, quitte datt se reng europäescher Natur sinn, mee hei sollen dann awer och déi eenzel Kommissiounen hei aus der Chamber ëmmer mat associéiert ginn.

Wéi gesot, d'Madamm Backes huet eis dee Moment och scho ganz kloer ze verstoe ginn, datt eebe mussen Efforte gemaach ginn, awer och wéi mer d'PMEen an déi ganz Strategie besser mat integréiere kënnen. Ech mengen, et gëtt natierlech och eng Rei Opportunitéite fir eis als Lëtzebuerg hei. Ech denken do un de Weltraum, ech denken un d'Cybersecuritéit, och un d'Satellittekommunikatioun.

An dann hate mer awer och eng ganz flott an opschlossräich Entrevue mat der Madamm Anne Fort. Si ass Cheffin vun der Unité à la Direction générale de l'industrie de la défense et de l'espace vun der Europäescher Kommissioun. Si huet dann, wéi gesot, eis och déi eenzel Programmen am Detail presentéiert an nach eng Kéier ënnerstrach, datt, wéi gesot, déi ganz Entwécklung hei soll als Komplementaritéit zur NATO allerdéngs gesi ginn.

Déi Objektiver vun der Strategie a vun deem Programm mussen a wäerten och ouni Zweifel Retombées économiques hunn. Natierlech muss een awer froen, ob all déi Initiativen duergin, fir, wéi gesot, d'BITDE ze stäerken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn natierlech och eng ganz Rei Konklusiounen aus eisen Entrevuen, aus eise Gespréicher an Diskussiounen an der Kommissioun gezunn. An zwar ass et fir eis kloer, datt u sech eng gemeinsam europäesch Strategie am Beräich vun der Defense e positiivt Signal ass. Kloer ass, datt och muss e Changement an den Akafsgewunnechte bei den EU-Memberstaate kommen an datt den – jo, loosse mer mol soen – Protektionismus vun den nationalen Defenseindustrien awer och muss opgehuewe ginn. Da kann natierlech d'Resilienz vill méi erhéicht ginn.

An an deem ganze Prozess – dat muss een awer och ënnersträichen – ass et jo net nëmmen d'EU-Kommissioun, déi eng wichteg Roll ze spillen huet, mee awer och déi eenzel Regierungen a finalement awer och d'Parlamenter. D'Parlamenter mussen a sollen hei matabezu ginn. An ech mengen, mir maachen haut als lëtzebuergescht Parlament een éischte wichtege Schratt.

An datt d'Zäit eis fortleeft, dat kann een och gesinn un enger Ausso, déi de President vum däitsche Geheimdéngscht gemaach huet. Den Här Bruno Kahl sot, datt d'Russe kapabel wieren, bis d'Joer 2030 d'NATO unzegräifen. Mir hoffen alt, datt e sech doranner iert, mee effektiv, et soll een net esou naiv sinn a mengen, datt d'Gefor aus dem Kreml net ëmmer méi grouss gëtt.

An duerfir ass eeben, wéi gesot, e weesentlechen Aspekt vun deem Ganzen, vun där ganzer Strategie, vun deem ganze Programm natierlech de Finanzement. Ech war scho kuerz drop agaangen. Duerfir musse mer och déi Kontakter mat deenen zoustännegen Industrien ausbauen, fir datt si hir Investissementer nach vergréisseren. Duerfir mussen och längerfristeg Kontrakter mat deene spezifesche Betriber ënnerschriwwe ginn, fir datt se och eng Planungsssécherheet hunn an datt se och do kënnen an déi Richtung méi investéieren.

Wéi gesot, am Kader vu „ReArm Europe" ass dann e Budget vun 800 Milliarde virgesinn. Natierlech freet ee sech och, wou déi hierkommen. Mir sinn och der Meenung, datt zum Beispill nieft de Privatbanken awer och den Europäesche Stabilitéitsmechanismus eng gréisser Roll musse spillen. An ech verweisen do op Aussoen, déi net méi spéit wéi gëschter vum Direkter vum ESM gemaach gi sinn, vum Pierre Gramegna, dee sech och ganz kloer an déi Richtung geäussert huet. Da kënnen natierlech och EU-Fongen zur Verfügung gestallt ginn, wéi zum Beispill de Kohäsiounsfong.

An dann ass eis Kommissioun awer der Meenung, datt mer virun allem och missten iwwert d'Roll vun der BEI méi kloer nodenken. Bis elo war am Fong geholl d'Mandat vun der BEI esou, datt se net konnt am Beräich vun der Defense investéieren. Do ass elo eng éischt Ouverture ze erkennen, nämlech datt se soen: „Voilà, mir kënnen awer zumindest op den Dualsystem goen." An da wëll ech awer och hei drun erënneren, datt de franséische President, den Emmanuel Macron – et ass nach net allze laang hier –, ganz kloer gesot huet: „Voilà, d'BEI muss hir Politick an deem Sënn änneren." Mir haten och d'Madamm Nadia Calviño hei op Besuch virun e puer Méint, d'Presidentin vun der BEI. An och si huet, wéi se d'Fro gestallt krut, awer duerchblécke gelooss, datt en Ëmdenken an der BEI ze erkennen ass. An engem éischte Schrack kann een et do schonn esou interpretéieren. Dat ass dee vum 30. Januar, wou se

annoncéiert huet, datt si d'Investissementer an d'Verdeedegungsindustrie fir d'Joer 2025 géing verduebelen an op 2 Milliarden Euro géing festhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ass dann elo d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg? Ech mengen, et ass ganz kloer, datt mer eis mat deem Aspekt an der Kommissioun och méi am Detail auserneegesat hunn. Wat mer direkt festgestallt hunn, ass, datt eisen aktuelle legale Kader eng gewëssen Hürd duerstellt. Mir sinn och der Meenung, datt net nëmmen d'Privatbanken hei mussen eng gewësse Roll spillen. Et soll och keen Tabu sinn, iwwer eise Pensiounsfong nozedenken. Mir kommen also zur Konklusioun, datt zumindest um legale Plang mussen Adaptatioune gemaach ginn.

Wat dann d'Strategie ubelaangt, sou hu mer hei zu Lëtzebuerg u sech schonn ee gutt éischt Beispill. Dat ass déi Kooperatioun am Kader vum Batailloun mat der Belsch, wou elo Gefierer kaaft goufen a Frankräich aus dem Programm Scorpion. Do ass am Fong geholl bewisen, datt d'Interoperabilitéit zwëschent der Belsch, Frankräich a Lëtzebuerg ka fonctionéieren. Dat kann also en éischten Usaz sinn, fir méi ze kooperéieren.

An dann ass et fir eis op alle Fall ganz kloer, datt, wéi gesot, d'PMEen hei zu Lëtzebuerg sollen eng ganz grouss Roll spillen. Ech verweisen dorop, datt et de Moment ... Ech huelen dann elo déi Chiffere vun der Chambre de Commerce. Si soen, datt et 110 Betriber a Fuerschungszenteren hei zu Lëtzebuerg gëtt, déi also direkt scho mat der Defenseindustrie concernéiert sinn. Da verweisen ech awer och hei op dee ganz gudde Rapport „Lux4Defence". Dat wëll ech och hei ënnersträichen. D'Auteure solle felicitéiert gi fir dat Wierk. Si pronostiquéieren, datt gegeebenefalls bis zu 2.000 nei Aarbechtsplazen an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg kënne geschafe ginn.

Jiddefalls, et mussen nach eng Rei Efforten och hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn, fir déi national Verdeedegungsindustrie ze stäerken. Da verweisen ech och hei op en Aarbechtsgrupp, deen elo ënnert der Tutelle vun der Madamm Minister Backes jo geschafe ginn ass, wou dann awer och d'Direktioun vum Commerce extérieur aus dem Wirtschaftsministère dobäi ass, well jo och do awer ganz kloer eng enk Zesummenaarbecht muss sinn, dat och zesumme mam Fonds national de la recherche. Do ass eng Initiativ geholl ginn, „Joint Call Defence", an dat kënne mer nëmmen ënnersträichen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt d'Chambre de Commerce zum Beispill schonn d'lescht Joer am Dezember eng Missioun an deem Sënn a Schweden ënnerholl hat an datt se wëll, dass och elo eng eege Federatioun gegrënnt gëtt vun deene Betriber, déi an der Defenseindustrie täteg sinn. Den nationale Verband, dee soll dann ANED heeschen.

Da war och kierzlech e wichtegen Evenement, de „Luxembourg Defence Technology and Innovation Day". Do gouf och e Katalog publizéiert mam Numm „Luxembourg Industry and Research Capabilities for Security and Defence".

A wa sech eis Betriber, wéi gesot, an Zukunft sollen – wat ech och verstinn – an enger éischter Phas nach méi op de sougenannten „Double usage" konzentréieren, da muss natierlech awer och de Regimm vun de Kontrolle vum Import an Export iwwerschafft ginn.

Mir sinn och der Meenung, datt déi administrativ Demarchen och musse vereinfacht ginn. An dann eng ganz wichteg Ausso: Ganz kloer geet näischt ouni eng enk Kollaboratioun mat der Lëtzebuerger Arméi. Ech mengen, dat ass eppes Evidentes, mee mir wollten dat awer nach eng Kéier ënnersträichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss dann nach eng Kéier kuerz drop hiweisen, wat mer als Kommissioun awer och festgehalen hunn, wat de Rôle vun der Chamber an Zukunft an deem ganze Beräich do ass. Mir hunn do eng Rei Recommandatiounen opgestallt.

Fir d'éischt un d'Regierung: Mir sinn der Meenung, datt d'Regierung onbedéngt soll déi Approche suivéieren, déi souwuel vun der Strategie wéi och vun dem Programm vun der Kommissioun ausgeschafft ginn ass, dat awer och ëmmer am enke Kontakt mat der Chamber. Do soll elo och eng sougenannte „Feuille de route" opgestallt ginn. A mir sinn och der Meenung, datt déi kompetent Ministeren – dat si jo elo net nëmmen een, zwee oder dräi – solle reegelméisseg och Rapport an déi zoustänneg Kommissioune maache kommen, well et ass e ganz, ganz wichtege Beräich hei mat enger europäescher Ausriichtung an do soll och eis Chamber ëmmer maximal informéiert ginn.

Mir encouragéieren d'Regierung, natierlech och an Zukunft bei Akeef vu militäreschem Ekipement verstäerkt op europäesch Verdeedegungsentreprisen zréckzegräifen.

Dann, wéi gesot, menge mer, datt vläicht och e méi generellen Debat iwwert de Finanzement an d'Investissementer am Kader vun der BITDE organiséiert misst ginn.

Schlussendlech, an dat musst Der novollzéie kënnen: Wéi de Rapport zréckbehale ginn ass, do hu mer nach eng Ausso gemaach, einfach emol méi eng vag, et misste méi Efforte gemaach gi vu Lëtzebuerger Säit, wat de Bäitrag an d'NATO ubelaangt. Deemools war jo nach den Horizon 2030, wou soll 2 % da vun eisem RNB investéiert ginn. Entre-temps si mer an engem ganz neien Zenario. Net méi spéit wéi virgëschter huet eise Premier jo och dann annoncéiert, datt schonn dëst Joer bis Enn des Joers de Bäitrag vu Lëtzebuerg op 2 % vun dem RNB eropgestockt soll ginn.

Dann hu mer als Chamber och nach aner Instrumenter zur Verfügung, wou och mir sollen awer aktiv eng Roll spillen, wou och mir sollen aktiv déi ganz Strategie mat ënnerstëtzen. Ech denken zum Beispill un d'PESC – dat ass d'Politique étrangère et de sécurité commune de l'Union européenne – an natierlech un d'NATO-Parlament, wat iwwregens elo a 14 Deeg am Ohio zesummekënnt.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut war u sech en éischten Ufank vun engem Debat. Dee wäert sech nach iwwer länger Zäit hinzéien. Erlaabt mer vläicht eng perséinlech Remark. Natierlech géing ee léiwer hei stoen, wann een iwwer esou héich Montante schwätzt, an et kéint een déi an aneren Investissementer gesi wéi grad eeben elo an der Verdeedegung. Mee d'Situatioun ass nun eeben esou, datt Europa, an och mir als Lëtzebuerg, mussen do leider elo zousätzlech investéieren. Dat ass mat Sécherheet net eis Schold. Ech mengen, deen, deen haaptsächlech dofir schëlleg ass, dee sëtzt zu Moskau. Dat ass nun eeben eng Tatsaach. An deem musse mer Rechnung droen.

Da soll an Zukunft, wéi gesot, virun allem dat Wäissbuch, wat vun der Kommissioun elo erauskomm ass, „ReArm Europe", eis als Basis déngen, fir nach zousätzlech dann, wéi gesot, Echangen ze hunn. Lëtzebuerg däerf jiddefalls net abseits stoen.

Ech wëll ofschléissend virun allem de Kolleegen aus där Kommissioun e ganz grousse Merci soen. Dat ware flott Diskussiounen. Dat ware fructueux Diskussiounen.

An ech soen Iech dann elo Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Graas villmools Merci fir säi Rapport a ginn dann dem éischten ageschriwwene Riedner d'Wuert, an zwar dem Här Alex Donnersbach. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll dem Président-rapporteur vun der Souskommissioun vun den europäeschen Affären e grousse Merci soen, éischtens fir d'Initiativ an zweetens fir dee Rapport. Ech mengen, et ass ganz erfrëschend a flott, wann een am Kader vun esou enger wichteger Debatt och e Rapport huet, op deen ee sech ka bei dëser Debatt baséieren.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

Et ass gesot ginn: Mir liewen an enger Zäit, wou de Fridden net méi selbstverständlech ass. De Krich ass zeréck op eisem Kontinent, d'Bedroung duerch Russland ass net méi theoreetesch, ma konkreet. De Sécherheetssystem, deen hei an Europa säit dem Zweete Weltkrich iwwer Joerzéngten de Fridde geséchert huet, ass a Fro gestallt. Dowéinst musse mer eis eegen Defenseindustrie hei an Europa elo séier, kloer definéieren.

D'Verteidegung vun eise Länner a vun eisem Kontinent steet op zwee Standbeen: eisen Arméien op der enger Säit an natierlech och eiser industrieller Capacitéit, d'Material ze produzéieren, dat mer fir dës Verteidegung brauchen. Dat eent klappt net ouni dat anert, an och net ëmgedréit.

An Europa gouf an de leschte Joerzéngte souwuel bei eisen europäeschen Arméie wéi och bei eiser europäescher Industrie ofgebaut, esou datt mer haut virun engem groussen Defizit stinn a viru grousse Erausfuerderungen. A wann ee sech wierklech wëll verteidegen, da brauch een och eng Industrie.

D'Europäesch Unioun huet dës Erausfuerderung erkannt – ech mengen, dat ass e positive Punkt, deen een awer muss ervirsträichen – an och reagéiert mat engem historesche Programm, fir d'Industrie- an d'Sécherheetspolitick opzebauen. Mam Programm „ReArm Europe" gi bis zu 800 Milliarden Euro mobiliséiert, dovun 150 Milliarden iwwer gemeinsam europäesch Scholden. D'Zil ass et, eng nei europäesch Verteidegungskultur opzebauen – eng, déi net nëmme Schutz a Resilienz bitt, mee och soll zu wirtschaftlecher Dynamik an Innovatiounsfäegkeet féieren.

Fir d'éischt Kéier gëtt am Fong Sécherheetspolitick net nëmmen als militäresch Fro verstanen, mee och als integralen Deel vun enger Wirtschaftsstrategie. Eng sécher Unioun brauch eng eegen Industrie. Eng resilient Unioun brauch Innovatiounen, déi bei eis entstinn an déi bei eis bleiwen.

An dësem neie Kapitel wëll och Lëtzebuerg seng Roll spillen. An der Ried zu der Lag vun der Natioun huet de Premier gëschter kloer gesot: „Investitiounen an d'Sécherheet sinn net e Choix fir de Krich, mee e Bekenntnis fir de Fridden." Lëtzebuerg erhéicht seng Verteidegungsausgaben op 1,2 Milliarde bis Enn 2025.

Mee Investitiounen eleng maachen nach keng Strategie. Wat mer brauchen, an zwar séier, ass Vitess, Visibilitéit a Visioun. D'Fënster vun der Méiglechkeet ass elo op. Europa verdeelt elo seng Prioritéiten an och d'Suen. D'Fro ass: Wëlle mir hei eng aktiv Roll spillen an d'Chance och elo ergräifen, fir eis Industrie hei zu Lëtzebuerg ze stäerken, opzebauen, oder wëlle mer just Nettozueler sinn?

D'Europäesch Unioun huet sech, wéi gesot, mat dem „ReArm Europe" net nëmmen d'Zil ginn, d'Industrie erëm opzebauen, mee sech och en neit Selbstverständnis ginn. Et ass kloer: Verteidegung ass méi wéi just d'Kompetenz vun den nationalen Arméien. Et ass eng gemeinsam europäesch Aufgab an domat eng wirtschaftlech a strateegesch Verantwortung.

De Programm „ReArm Europe" ass bemierkenswäert a sengem Volumen, mee och déi éischt Kéier, datt d'Europäesch Unioun sech iwwerhaapt mat deene Froen esou déifgräifend beschäftegt. Instrumenter wéi den Europäesche Verteidegungsfong oder den Europäesche Plang fir d'Defenseindustrie solle verhënneren, datt d'Verteidegungsressourcen an Europa fragmentéiert bleiwen. Amplaz solle Synergien, grenziwwerschreidend Kooperatioun a Kompetenzzentren entstoen. Dat ass wichteg. Et ass zäitgeméiss.

Trotzdeem bleift d'Realitéit komplex. D'Industrie an d'Verwaltung an de Memberstaaten hu verschidden Traditiounen, Usätz a Prioritéiten. D'Fragmentéierung vum Marché féiert awer zu Effizienzverloschter.

Eng grouss Erausfuerderung ass an deem Sënn d'Verhältnis zwëschent den nationale strateegeschen Interessen an der gemeinsamer europäescher Planung. Grouss Länner wéi Frankräich an Däitschland hunn eng grouss Rüstungsindustrie mat eegenen Exportstrategien an Alliéierten. Déi kleng Memberstaaten hunn dacks weeder d'Struktur nach d'Verhandlungsmuecht, fir sech do erëmzefannen.

Dofir muss d'Kommissioun eng duebel Roll iwwerhuelen. Si muss engersäits d'Kooperatioun aktiv moderéieren an anerersäits d'Participatioun vu klengen Acteure sécherstellen. Instrumenter wéi den Europäeschen Defensefonds solle geziilt esou ugepasst ginn, datt och Nischen, spezialiséiert Kompetenzen a lëtzebuergesch Acteuren net duerch de Raster falen.

D'Europäesch Verteidegungsagentur kann hei eng Schlësselroll spillen – als Bréck zwëschent de Memberstaaten, fir Bedierfnisser, technologesch Prioritéiten a Méiglechkeeten ze integréieren.

Déi europäesch Verteidegungsstrategie ass also vill méi wéi eng Finanz- an Industriepolitick. Si ass e strateegesche Wiessel: vun nationaler Protektioun op eng gemeinsam Souveränitéit.

Ech hunn et gesot: Lëtzebuerg kann a soll dës Dynamik aktiv matgestalten. Mir sinn als Land vläicht a punkto Bevëlkerung a Militär net déi Gréissten, mee mir kënnen duerchaus eng Roll spillen, wa mer eis op déi verschidde strateegesch Nische spezialiséieren. An der europäescher Verteidegungsstrategie geet et net nëmmen ëm Truppen, mee, wéi gesot, ëm Knowhow, technologesch Kompetenzen an Netzwierker. An hei hu mer Stäerkten.

Mat der Erhéijung vun de Verteidegungsausgaben op 1,2 Milliarde gëtt hei en neit Kapitel opgeschloen. Dat ass fir Lëtzebuerg eng grouss Zomm, och wann et natierlech am europäeschen internationale Verglach bescheide bleift. Mir mussen dowéinst sécherstellen, datt Lëtzebuerg och un de Retombées économiques vun der Hausse vun eisen eegene Verteidegungsausgaben, awer och vun de Verteidegungsausgabe vun deenen aneren europäesche Länner profitéiere kann.

D'Kompetenzberäicher respektiv déi strateegesch Nische vu Lëtzebuerg gi souwuel hei am Rapport vun der Chamberskommissioun wéi och am Rapport „Lux4Defence", dee rezent vun der Chambre de Commerce virgestallt ginn ass, identifizéiert. An ech wëll Der hei just e puer nennen.

Éischtens: den Espace. Do hu mer schonn Initiativen: GovSat, SES, IRIS[2]. Do spillt Lëtzebuerg eng wichteg Roll am Beräich vun der satellittebaséierter Kommunikatioun an Observatioun. Dës Technologië sinn d'ailleurs net nëmme fir militäresch Missioune relevant, mee och fir zivill Sécherheet, Klimaiwwerwaachung an Dateninfrastruktur.

Dann en zweete Pilier: d'Cyberdefense. Och hei hu mer hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Méiglechkeeten, wou mer kënnen aktiv dozou bäidroen: d'Entwécklung vun enger souveräner Cloudarchitektur mat Acteure wéi LuxConnect a LuxProvide.

Drëttens: Logistik a Maintenance. Mat Firme wéi Cargolux hu mer zu Lëtzebuerg och exzellent Viraussetzunge fir militärlogistesch Hubfonctiounen, Instandsetzung an Transport.

An dann och déi liicht Kompositmaterialien: Lëtzebuerg huet do ganz gutt Erfarungen, huet do vill Kompetenzen, an déi solle mat neien Technologië kombinéiert ginn, fir nei Produiten ze entwéckelen. Dëst Wësse kann och geziilt an der Verteidegungsindustrie agesat ginn: Panzerung, Dronen, mobill Fabrikatiounssystemer.

An hirem Rapport proposéieren d'Auteure vun der Chambre de Commerce d'ailleurs och, eng zentral Koordinatiounsstell beim Staat ze schafen. Mir denken, datt déi Pist op alle Fall gepréift sollt ginn. Hei kann ee sech kuerzfristeg eng méi ad hoc Struktur virstellen, mee mëttelfristeg muss een och iwwerleeën, ob een net en nationalen Acteur, eng national Agence brauch, fir Projeten am Militärberäich ze begleeden, ze finanzéieren an awer och de Kontakt mat der Industrie ze institutionaliséieren an der Regierung esou wäertvollt Wëssen a Knowhow zur Verfügung ze stellen.

Eng aner Propos vun der Industrie ass, zu Lëtzebuerg en Hub vun der Defense opzebauen, also eng physesch Plaz mat spezielle Sécherheetsufuerderunge vun der Industrie, wou kënnen Tester gemaach ginn, mee awer och wou déi verschidden Acteure sech kënne begéinen, wou se sech kënnen austauschen, wou Iddie sech kënnen entwéckelen. Och dat fanne mer eng wichteg Pist. A wéi mäi Kolleeg, de Laurent Mosar, dat gëschter opgeworf huet, ...

**Une voix** | Den exzellente Kolleeg.

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Exzellente Kolleeg, ganz genau.

... wéilt ech d'Regierung hei froen, ob et aktuell Iwwerleeunge gëtt, fir de Freeport, deen aktuell zum groussen Deel fräisteet, ze benotzen, fir séier an onkomplizéiert esou eng Infrastruktur hei zu Lëtzebuerg opzebauen.

Wat muss nach geschéien? Lëtzebuerg soll sech, idealerweis nach dëst Joer, zwee bis véier strateegesch Projeten am Industrieberäich eraussichen an dat och kloer no bausse kommunizéieren, datt mir hei wëllen eppes maachen.

Mir musse kucken, déi gesetzlech Hürden, ënner anerem och d'Wafferecht, ze iwwerpréiwen, fir e séchere Kader fir d'Industrie sécherzestellen.

Mir sollten och e spezifeschen nationale Recherche- an Innovatiounsfong opbauen.

Da geet et drëms, datt mer all déi europäesch Programmer, déi elo opgeluecht ginn, systematesch och kënne mam Privatsecteur hei zu Lëtzebuerg unzapfen.

Grondsätzlech bleift an der Defenseindustrie ëmmer d'Fro: Wéi kënne mer Capacitéiten opbauen? A Friddenszäite sinn déi Capacitéiten net esou héich. Dat heescht, et muss ee sech iwwerleeën: Wéi kënne mer, wann am Eeschtfall d'Produktioun an d'Luucht gefuer muss ginn, dat och hei zu Lëtzebuerg maachen? Wéi kënne mer dat an Europa maachen? Wéi vill Stocke mussen ugeluecht ginn? Och dat gehéiert an de Kader vun enger Stratégie industrielle an och dat gehéiert dozou, wéi mer eis do preparéieren.

Da gëllt et och, ganz wichteg, déi Kooperatiounen am Industrieberäich mat anere Länner, besonnesch am Kader vum Benelux, ze verstäerken, well mir sinn natierlech e klengt Land an et huet ee méi Gewiicht, wann ee Projeten zesumme mat anere Länner entwéckelt, an och da méi Ofsazmäert.

Fir datt dat alles klappt, muss d'Verbindung tëschent Fuerschung, Industrie a Politick gestäerkt ginn. Universitéiten, Fuerschungszenteren, Startups musse mat den administrativen Acteuren an awer och mat der Arméi vernetzt ginn. Mir mussen nach besser ginn, fir d'Basisforschung, déi hei zu Lëtzebuerg exzellent ass, herno och a Produiten ëmzewandelen. D'Zil ass et, e ganze lëtzebuergeschen Defense-Ekosystem ze kreéieren.

Wa Lëtzebuerg strateegesch investéiert an intelligent Prioritéite setzt, da kënne mer hei zu engem Acteur an deem Beräich ginn. Mir hunn do och de Choix: Entweeder mir positionéieren eis a mir investéieren elo oder mir wäerten op der Streck bleiwen. A wann ee weess, wéi wäit d'Kompetenz an och d'Ambitioun vun den Acteuren um Terrain sinn an an deem Beräich sinn, da ka Lëtzebuerg eng Roll spillen. Ma mir mussen elo séier a koordinéiert handelen.

Oft gëtt d'Verteidegungsindustrie nëmme mat Käschten, mat Risiken, mat geopolitescher Spannung verbonnen. Mee d'Geschicht weist, datt militäresch Fuerschung a verdeedegungsrelevant Investitiounen och ëmmer zu zivillen an technologesche Fortschrëtter gefouert hunn – Spillover-Effekter. Ech denken do einfach nëmmen u verschidden Technologien: vum Internet, iwwert de Radar, iwwert déi éischt Computeren, iwwert de GPS – alles Technologien, déi hiren Ursprong och an der Militärrecherche hunn an déi haut eist Liewen am Alldag maassgeeblech matbestëmmen.

Laut internationalen Etüde generéieren Defense-Research-an-Development-Investitiounen eng héich wirtschaftlech Rentabilitéit. Verschiddener weisen, datt all Euro, deen an eng technologesch Entwécklung am militäresche Kontext investéiert gëtt, bis zu aacht Euro wirtschaftlechen Output och am ziville Secteur entstoe léisst.

Dës Dynamik ass och fir Lëtzebuerg relevant. Et gëtt konkreet Beispiller: D'Satellitteninfrastruktur vu GovSat kann och fir ziville Katastropheschutz a Klimaobservatioun genotzt ginn. De Supercomputer MeluXina, deen och fir verteidegungsrelevant Datenanalys agesat ka ginn, dee ka gläichzäiteg der Fuerschung, dem Medezinnfeld an der Finanzanalys déngen. D'Entwécklung vu Cybertoole fir militäresch Zwecker kann och d'Resilienz vun eise Banken, Verwaltungen an Infrastrukture stäerken.

Dofir soll d'Verteidegungspolitick net nëmmen als Käschtepunkt ugesi ginn, mee als Investitioun an d'Capacitéit vum Land, fir technologesch Iwwerleeënheet, wirtschaftlech Resilienz a weider Wuesstumsméiglechkeeten ze generéieren.

Mir sti virun engem decisive Moment am Opbau vun der europäescher Verteidegungsinfrastruktur an awer och vun der lëtzebuergescher. Déi europäesch Verteidegungsstrategie ass méi wéi eng militäresch Reaktioun op international Konflikter. Si ass e wierkleche Paradigmewiessel, dee Sécherheet, technologesche Fortschrëtt a wirtschaftlech Zukunft matenee verbënnt. A Lëtzebuerg soll do eng Roll spillen.

Duerch d'Erhéijung vun de Verteidegungsausgaben, déi gëschter vum Premier ugekënnegt goufen, gëllt et elo, de Grondsteen ze leeën. Elo gëllt et, d'Fundament duerch konkreet Initiativen auszebauen: duerch eng enk Kollaboratioun tëschent der Regierung an den Acteuren um Terrain, duerch eng gesetzlech Adaptatioun un déi nei Erausfuerderungen a virun allem eng intelligent Allocatioun vu Mëttelen a Ressourcen.

Lëtzebuerg kann an der europäescher Verteidegungslandschaft eng Plaz fannen, wa mer op eis Stäerkten opbauen: als Hub fir Raumfaart, als Hub fir Cyber- a Cloudléisungen, als logistesche Knuet, als Labo fir innovativ Dual-use-Technologien. Déi wirtschaftlech Spillover-Effekter vu militäreschen Investitioune kënnen däitlech sinn.

Mee d'Zäit spillt géint eis. D'Fonge ginn elo verdeelt. Wa mer net séier handelen, riskéiere mer, eng strateegesch Geleeënheet ze verpassen. Lëtzebuerg muss sech elo bereet erklären, mee och bereet maachen. Déi fënnef Wierder, déi dës Politick beschreiwe sollen, sinn: „intelligent", „integréiert", „europäesch", „innovativ", awer virun allem „séier". Mir kënnen e klengt Land sinn. Mir däerfen elo net lues sinn a mussen Neel mat Käpp maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Donnersbach. An den nächsten agechriwwene Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt verschidde Sujeten, bei deene mir eis an dësem héijen Haus alleguerte praktesch eens sinn. An een dovunner ass, datt Lëtzebuerg, an och Europa, méi muss fir seng eege Verdeedegung maachen an a punkto Defense méi autonom an onofhängeg vun externe Partner ginn.

Déi international Situatioun léisst et och aneschters net zou. Säit méi wéi dräi Joer dauert de russeschen Aggressiounskrich an der Ukrain elo un, deen all Dag mënschlecht Leed a materiell Zerstéierung verursaacht. A wuel kaum ee weess, ob dem Putin seng territorial Ambitiounen an der Ukrain do ophalen. De militäreschen Opbau, an deem Russland, wat eng reegelrecht Krichsekonomie ginn ass, sech befënnt, ass hei op alle Fall kee berouegend Signal. Wat awer och gewosst ass, ass, datt déi hybrid Krichsféierung vu Russland a senge Partner scho laang an Europa ukomm ass.

Och an de Relatioune mat traditionellen Alliéierte bléist en anere Wand, notamment vu Washington, wou d'Demande, datt Europa zu Recht seng eege Verantwortung a Saache Verdeedegung iwwerhëlt, ëmmer méi kloer gëtt. Europa ass nun emol och net méi d'Haaptprioritéit vun den USA.

Dës Realitéit hunn d'EU an och déi aktuell Regierung hei am Land erkannt. Europawäit ginn d'Verdeedegungsausgaben, ganz am Sënn vun engem méi autonomen Europa, an d'Luucht. An och Lëtzebuerg ënnert der aktueller Regierung huet sech engagéiert, bis Enn dëses Joers op 2 % vun eisem RNB ze kommen. Weider Erhéijunge sinn hei net ausgeschloss. Dëst ënnersträicht den absolutte Wëlle vun eisem Land, fir en zouverlässegen Alliéierten an der NATO ze sinn, dee seng Responsabilitéiten eescht hëlt an zu der kollektiver Verdeedegung bäidréit.

Zu enger staarker autonomer Verdeedegung gehéieren allerdéngs net nëmme staark, gutt opgestallten an ekipéiert Arméien, mee och eng modern, performant europäesch Industrie. Dëst ass vun enger strateegesch ganz héijer Bedeitung. A genau ëm déi geet et eigentlech an dësem Debat.

U sech kann een aktuell kaum vun enger gemeinsamer europäescher Verdeedegungsindustrie schwätzen, well dëst ass net d'Realitéit. Joren un Ënnerinvestitiounen an nationale Protektionismus sinn e puer vun de Grënn, déi d'Ineffikassitéiten, d'Duplikatiounen, déi mangelhaft Produktiounscapacitéiten an eng Offer an Demande, déi den nationale Besoinen no geriicht ass, erklären. Trotz steigenden Investitioune sinn dowéinster 78 % vun den Defenseakeef vun EU-Memberen tëschent Juni 2022 an 2023 aus Drëttstaate komm. Wärend d'europäesch Arméien also vun auslänneschen a virun allem amerikanesche Fournisseuren ofhängeg sinn, exportéieren déi verschidden europäesch Verdeedegungsfirme paradoxerweis méi an Drëttstaate wéi an aner EU-Länner.

D'Mängel vun der europäescher Verdeedegungsindustrie si grouss a mussen eendeiteg als Mangel vun der europäescher Verdeedegung a strateegeschen Nodeel ugesi ginn.

Als DP begréisse mir dowéinster ganz kloer d'Efforte vun der EU-Kommissioun, fir d'Mängel vun der europäescher Verdeedegungsindustrie unhand vun der Stratégie industrielle européenne de la défense an deem dozougehéierende Programme pour l'industrie européenne de la défense unzegoen.

Ouni elo ze vill an den Detail ze goen, ass et begréissenswäert, dass d'EDIS (ndlr: European Defence Industrial Strategy) nieft villen aneren Aspekter och d'NATO an d'Ukrain consideréiert a konkreet mëttelfristeg Ziler a punkto gemeinsamen an europäeschen Akeef am Defenseberäich souwéi och a punkto Resilienz vun de Liwwerkette setzt. Och déi sëlleg Mesüren, déi als Deel vum Programme pour l'industrie européenne de la défense virgesi sinn, si begréissenswäert.

D'Approche vun der EDIS an d'Mesüren aus dem Programm sinn dowéinster och fir eist Land ganz interessant. Dëst besonnesch, well Lëtzebuerg eeben an den nächste Jore Rekordinvestitiounen a seng Arméi tätegt an dës Regierung sech virgeholl huet, wéi et och am Koalitiounsaccord steet, datt eist Land esou vill wéi méiglech vun den Investitiounen an d'Defense uechter Europa profitéiert.

Lëtzebuerg an Defense, do waren a si mir net ëmmer e Musterschüler. Mam gudde Beispill virgaange si mir awer, wéi mir am Kader vum binationale Bataillоun mat der Belsch, deem gréisste Projet aus der Geschicht vun eiser Arméi, zesumme mat eise belsche Kolleegen déi ronn 70 Kampfgefierer an iwwer 100 Ënnerstëtzungsgefierer, déi fir eis Arméi bestëmmt sinn, vun engem franséische Produzent kaf hunn. Dat ass och schonn de Moien erwäänt ginn.

Als DP si mir der Meenung, datt, wann et méiglech ass, eis Lëtzebuerger Arméi weiderhi prioritär bei nationalen an europäesche Fournisseuren akafe soll. Och Bestellungen zesumme mat aneren europäesche Partner, wann et méiglech ass, sollen eng Prioritéit sinn. Heibäi misst een dann och préiwen, ob een net eventuell kéint vun de Mesüren, déi vum EDIP virgesi sinn, profitéieren.

Eng weider Initiativ aus dem Programm, déi besonnesch der Lëtzebuerger Verdeedegungsindustrie, déi gréisstendeels aus klengen a mëttelstännesche Betriber besteet, kéint zeguttkommen, wier de sougenannte FAST-Programm, deen och schonn erwäänt ginn ass, dee genau esou Entreprisen duerch garantéiert Investissementer soll ënnerstëtzen.

Heibäi wëll ech dann awer och ervirhiewen, datt déi aktuell Regierung ënnert dem Impuls vun der Verdeedegungsministesch, der Madamm Yuriko Backes, zesumme mat verschiddene Partner wéi Luxinnovation an der Chambre de Commerce scho ganz aktiv a beméit dru schafft, fir eis kleng, mee dynamesch Lëtzebuerger Verdeedegungsindustrie ze promouvéieren, an hir Integratioun op déi europäesch an euroatlantesch Mäert ze fërderen. Déi verschidden Aarbechtsgruppen, Initiative wéi den „Joint Call Defence" oder d'Schafe vun engem Katalog, deen déi verschidde Betriber presentéiert, si Beispiller vun dësem Effort.

Här President, béid Initiative vun der EU-Kommissioun, déi mir an dësem Debat traitéieren, si wichteg Initiativen. Besonnesch am aktuelle Kontext sinn dës néideg a vun äusserster strateegescher Bedeitung. Ouni eegen Industrie kann Europa am Domän vun der Verdeedegung net onofhängeg ginn. Allerdéngs musse mir eis och bewosst sinn, datt grouss Froen opstinn an déi genannten Initiative keen Allheelmëttel sinn.

Ee vun deene groussen Defien ass d'Fro vum Finanzement. Fir den EDIP ass e Budget virgesi vun 1,5 Milliarden Euro bis 2027, wat e relativ klenge Montant ass fir Mesüre vun där Envergure. Doriwwer eraus sinn d'Investitiounen, déi an der Verdeedegungsindustrie néideg sinn, fir se op deen Niveau ze bréngen, wou se déi europäesch Demande couvréiert, als Resultat vu Jore vun Ënnerinvestitiounen enorm. D'Oplockerunge vun de budgetäre Reegelen, déi am Kader vum Plan „ReArm Europe" vun der Kommissioun annoncéiert gi sinn, souwéi d'Oplockerunge vun de Krittäre fir d'Investitioune vun der BEI, déi et an Zukunft nach e Stéck méi einfach fir d'BEI maachen, fir an d'Verdeedegungsindustrie ze investéieren, hëllefen heibäi sécherlech. Trotzdeem wäerten och staatlech a privat Investitioune gefuerdert sinn, fir der europäescher Industrie dat néidegt Kapital ze ginn. An deem Kontext muss een dann och d'Fro stellen, ob een net och hei zu Lëtzebuerg sollt den aktuelle legislative Kader an d'Krittären, déi Investitioune vu parastaatlechen a privaten Acteuren an d'Verdeedegungsindustrie reegelen, evaluéieren a gegeebenefalls upassen.

En aneren enormen Defi ass d'Zäit. Bis 2030 soll laut dem Whitepaper vun der Kommissioun Europa amstand sinn, sech autonom ze verdeedegen. Vill Zäit, fir déi bestoend Schwächte vun der europäescher Industrie ze eliminéieren, bleift also net. An och d'Capacitéite mussen a Rekordzäit ausgebaut ginn. Fir datt d'Betriber dës Investitioune maachen, musse se awer net nëmmen déi finanziell Méiglechkeeten hunn, mee och eng Perspektiv fir eng Demande, déi à long terme bestoe bleift. Hei ass d'Iddi, sougenannt „Strategic Stocks" opzebauen, also Reserve vu Material, ganz nëtzlech, och well doduerjer déi europäesch Arméie besser opgestallt sinn.

A verschiddenen essenziellen Domäner, wéi de sougenannte „Strategic Enablers", zum Beispill Opklärung a Logistik, fir der e puer ze nennen, an awer och am Beräich vun der Loftofwier hänkt Europa aktuell staark vun eise Partner a besonnesch der amerikanescher Arméi an amerikanescher Technologie of. Mir hunn an Europa aktuell net déi néideg Expertisen a Capacitéiten, fir d'Besoine vun eisen Arméien ze couvréieren. Bis 2030 schéngt et och éischter schwiereg, datt een dës Ofhängegkeet ganz eliminéiert kritt an déi néideg Materialien an Europa produzéiert. Et wäert een also dofir kuerz- a mëttelfristeg weiderhin op net europäesch Importer musse setzen.

Änlech ass et de Fall mat ville Ressourcen, déi an der Verdeedegungsindustrie gebraucht ginn, fir weiderverschafft ze ginn. Dëst ënnersträicht, wéi wichteg et ass, besonnesch mat Alliéierte weiderhin enk Partnerschaften ze halen. Laangfristeg misst een awer kucken, fir dës Capacitéiten an Europa opzebauen a selwer hierstellen ze kënnen.

Och op Lëtzebuerg waarden an dësem Beräich eng sëlleg Erausfuerderungen. Fir datt eis Gesellschaft a Wirtschaft vun de Rekordinvestitiounen an Europa an zu Lëtzebuerg profitéiert, ass et fir eis als DP besonnesch wichteg, datt eis Lëtzebuerger Betriber sou gutt wéi méiglech an den europäeschen an an den NATO-Marché integréiert ginn. Och muss d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Industrie, besonnesch an deenen Domäner, wou mir e kompetitiven Avantage hunn, wéi zum Beispill dem Spacesecteur, gefërdert ginn. Sou erméiglecht een nämlech dann eise Betriber an eiser Wirtschaft, och hiren Deel zu der Sécherheet vun eis alleguerte bäizedroen a gläichzäiteg och zousätzleche Wuelstand fir eist Land ze generéieren.

Datt den Interessi heifir bei den Entreprisë grouss ass, beweist de „Lux4Defence"-Rapport vun der Chambre de Commerce. Dëse sollt een opsäite vun der Regierung grëndlech analyséieren an déi Recommandatiounen, déi als zoutreffend ugesi ginn, ëmsetzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Guy Arendt** (DP) | An deem Kontext misst een och de gesetzleche Kader iwwert d'Entwécklung vun der Verdeedegungsindustrie, a besonnesch d'Gesetz vum 2. Februar 2022, analyséieren a gegeebenefalls upassen, fir e moderne Gesetzeskader ze schafen, deen d'Entwécklung vun enger Verdeedegungsindustrie mat héije Standarden zu Lëtzebuerg erméiglecht.

Lëtzebuerg ass a bleift ëmmer ee Stéck vum gesamte Puzzle, an dofir sollt ee sech op europäeschem Niveau asetze fir eng staark gemeinsam europäesch Verdeedegungsindustrie, déi laangfristeg och dat produzéiert, wou mer aktuell nach vun aneren ofhängeg sinn.

**M. André Bauler** (DP) | Ganz richteg!

**M. Guy Arendt** (DP) | Zum Schluss, Dir Dammen an Hären, Här President, gesitt Dir, datt eng staark Verdeedegungsindustrie och e weesentlechen Deel vun eiser gemeinsamer Verdeedegung ass. Aktuell huet déi europäesch Industrie allerdéngs mat ville Problemer ze kämpfen. Mat der Stratégie industrielle européenne de la défense an deem dozougehéierende Programm huet d'EU-Kommissioun en éischte grousse Schrëtt gemaach, fir dës Mängel ze bekämpfen, wat mir als DP begréissen.

Efforte sinn allerdéngs och vun deenen eenzelne Länner gefrot. An do muss och Lëtzebuerg bereet sinn, säin Deel bäizedroen an eng Stëmm ze sinn, déi sech fir eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsindustrie asetzt a gläichzäiteg d'Entwécklung vu senger Industrie promouvéiert, fir datt och eist Land d'Friichte vun den Investitiounen an Europa net nëmmen a Form vu Fridden, mee och um gesellschaftlechen a wirtschaftlechen Niveau droe kann.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech deposéieren nach eng Motioun, déi ënnert de Kolleeginnen a Kolleegen zirkuléiert ass an déi och vun dem Gros vun de Kolleege gedroe gëtt. Merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant la situation internationale marquée par une volatilité, une incertitude, une complexité et une ambiguïté, caractérisée par l'affirmation croissante d'acteurs contestataires tels que la Chine et la Russie, ainsi que par la tendance de certains alliés traditionnels, notamment les États-Unis, à réorienter leurs priorités vers d'autres régions que l'Europe ;*

*– considérant la guerre d'agression menée par la Russie contre l'Ukraine, les attaques hybrides persistantes de la Russie et de ses partenaires contre les États membres de l'Union européenne et de l'OTAN, ainsi que la menace symétrique que représente la Russie pour l'Europe et l'ensemble de la zone euro-atlantique ;*

*– considérant les efforts de l'Union européenne et de l'OTAN visant à renforcer les capacités de défense collective et de dissuasion ;*

*– considérant la Déclaration de Versailles du 11 mars 2022, la boussole stratégique pour renforcer la sécurité et la défense adoptée le 21 mars 2022 ainsi que les conclusions des Conseils européens des 14 et 15 décembre 2024 et du 6 mars 2025, qui soulignent la nécessité pour l'Europe d'assumer une plus grande responsabilité dans sa propre défense, de renforcer son niveau de préparation, de combler ses lacunes capacitaires stratégiques et de renforcer sa base industrielle et technologique de défense européenne (BITDE) à l'horizon 2030 ;*

*– considérant les besoins constants de l'Ukraine dans son combat pour la défense de son territoire contre l'agression russe, et son rôle de première ligne de la défense européenne ;*

*– considérant les lacunes capacitaires critiques des armées européennes, notamment dans les domaines des catalyseurs stratégiques, de la défense aérienne et antimissile, des capacités cyber et de guerre électronique, ainsi que de la mobilité militaire ;*

*– considérant que la crédibilité du Luxembourg en tant qu'allié fiable et partenaire engagé dans la défense collective européenne et euro-atlantique dépend de sa capacité à contribuer aux objectifs capacitaires actuels et futurs définis dans le cadre de la planification de défense de l'OTAN ;*

*– considérant le rôle central de la BITDE dans les efforts de réarmement européens, afin de répondre à la demande croissante des forces armées et de combler les lacunes capacitaires identifiées ;*

*– considérant les défis persistants auxquels est confrontée la BITDE, allant du sous-investissement structurel à la fragmentation des marchés et aux difficultés d'accès au financement ;*

*– considérant le dynamisme croissant de la BITDE luxembourgeoise,*

*invite le Gouvernement à*

*– suivre l'approche proposée par la Stratégie industrielle européenne de la défense et à analyser une éventuelle participation au Programme pour l'industrie européenne de la défense ;*

*– soutenir le développement de la BITDE luxembourgeoise, notamment dans les secteurs où elle dispose d'un avantage comparatif reconnu ;*

*– veiller à l'intégration des entreprises luxembourgeoises dans les chaînes de valeur des marchés de défense européens et de l'OTAN ;*

*– soutenir la place financière luxembourgeoise dans sa mobilisation en tant que plateforme de financement au service des industries stratégiques européennes, au bénéfice de la sécurité et de la défense collective de l'Europe et de la zone euro-atlantique ;*

*– instaurer un cadre juridique et fiscal attractif, pour favoriser l'implantation de fonds d'investissement spécialisés dans le secteur de la défense au Luxembourg ;*

*– examiner le rapport « Lux4Defence : 10 recommandations pour développer une BITDE renforcée au Luxembourg » publié par la Chambre de Commerce et, le cas échéant, mettre en œuvre les recommandations jugées pertinentes ;*

*– évaluer la possibilité d'identifier dans les meilleurs délais un hub de défense, c'est-à-dire un espace physique répondant aux besoins spécifiques des entreprises du secteur de la défense ;*

*– analyser le cadre législatif encadrant l'industrie de défense, surtout la loi du 2 février 2022 relative aux armes et munitions, et introduire, le cas échéant, des adaptations ciblées ;*

*– analyser le cadre législatif encadrant les investissements et le financement de l'industrie de défense, et, si nécessaire, adopter des mesures ciblées visant à faciliter l'investissement par les acteurs privés et publics dans le secteur de la défense ;*

*– accorder une priorité accrue aux achats auprès de fournisseurs nationaux et européens, lorsque cela est possible ;*

*– donner la priorité aux achats conjoints avec d'autres États membres de l'Union européenne ;*

*– s'engager au niveau européen en faveur de la défragmentation des marchés européens et de la mutualisation des achats ;*

*– soutenir le développement de solutions européennes dans les domaines où une forte dépendance vis-à-vis de partenaires extérieurs persiste, notamment en matière de catalyseurs stratégiques et de défense aérienne ;*

*– veiller à une coopération intense entre l'Union européenne et l'OTAN, acteurs complémentaires et piliers de la sécurité européenne et euro-atlantique ;*

*– mobiliser l'ensemble des instruments à la disposition du Gouvernement afin d'agir rapidement, compte tenu de l'ampleur des investissements prévus dès cette année dans le secteur de la défense et face à la concurrence internationale, en s'appuyant sur les atouts économiques que le Luxembourg offre d'ores et déjà.*

*(s.) Guy Arendt, Sven Clement, Alex Donnersbach, Gusty Graas, Laurent Mosar, Tom Weidig.*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Arendt. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Liz Braz. Madamm Braz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Liz Braz** (LSAP) | Merci, Här President. Europa war ze laang naiv. Ze laang hu mir eis eege Sécherheet fir selbstverständlech geholl an ze laang hu mer nogekuckt, wéi eise Kontinent am Fong lues a lues an eng Ofhängegkeet vun anere gerutscht ass. De russeschen Ugrëffskrich géint d'Ukrain huet nach eng Kéier däitlech gemaach: Eis Sécherheet, eis Fräiheet, eise Wuelstand, déi däerfen net méi an der Hand vun engem anere leien.

D'EU huet eis 80 Joer Fridde bruecht – keng Selbstverständlechkeet, mee d'Resultat vun enger Weltuerdnung, déi laang op Recht, op Demokratie an op Kooperatioun berout huet. Mee dës Weltuerdnung steet aktuell ënner Drock. D'USA sinn net méi gewëllt, den europäesche Fridden ze garantéieren. Europa muss also elo Eegeverantwortung iwwerhuelen.

2 % vun eisem RNB sollte mer bis 2030 ausginn. Virgëschter ass elo gesot ginn, dass et schonn Enn vun dësem Joer soll geschéien. Mir hunn also nach siwe Méint. Den NATO-Generalsekretär Mark Rutte schwätzt rezent an engem Bréif un d'NATO-Länner vu mëttlerweil 5 %, déi bis 2032 sollen investéiert ginn.

Hei meng éischt Fro un d'Regierung, ob och d'Lëtzebuerger Regierung dëse Bréif kritt huet, ob dee kéint mat der Chamber gedeelt ginn a wéi déi éischt Reaktioun op dës Fuerderung vu 5 % wier.

Fir eis als LSAP ass op alle Fall kloer, dass mir eis Verantwortung assuméieren, déi d'Land elo muss iwwerhuelen. A mir ginn och de Wee mat, eis

Verdeedegung ze garantéieren, andeems mir méi héich Investitiounen iwwert déi nächst Jore maachen.

Mee wann een d'Fakte kuckt, ass eisen éischte Problem am Fong net direkt en Investitiounsproblem, mee virun allem e Koordinatiounsproblem. Déi gemeinsam Depensë vun de 27 EU-Staate sinn ëmmerhin déi drëttgréisst op der Welt, nach wäit viru Russland. Mir ginn an der EU all Joer ongeféier en Drëttel vun deem aus, wat d'Amerikaner ausginn, mee mir hunn awer zéngmol manner Capacitéit wéi si. An dat beweist: Mir mussen als Éischt besser ausginn, iert mer méi ausginn.

Et mussen endlech Strategien definéiert ginn, déi zu enger integréierter europäescher Verteidegung féieren. D'Zersplitterung vun der europäescher Verdeedegungskuliss kascht nämlech nëmme Suen an Zäit, an domat och eis Sécherheet. Et geet net drëms, national Arméien ze fusionéieren, mee et geet drëms, eng intelligent, eng kompatibel a kohärent Optragspolitick ze entwéckelen, déi Käschten a Ressourcen optimal notzt.

Et geet awer net just duer, sech besser ze koordinéieren. Mir mussen, wa mer déi Suen ausginn, och an engems eis Industrië stäerken. Dat ass nämlech den zweete Problem, dee mer am Moment hunn. Aktuell ginn 78 % vun eise Militärausgaben nach ëmmer ausserhalb vun der EU getätegt. Fir eis Industrie a fir eis strateegesch Onofhängegkeet musse mir um europäesche Marché handelen.

Dofir brauche mer e breet opgestalltenen europäesche Marché a mussen eis och ënnert deene 27 Memberlänner eens sinn, dass mer um selwechte Marché mat harmoniséierten Normen akafe ginn. Nëmmen esou kënne mer nämlech eng gemeinsam europäesch Industriepolitick am Verdeedegungsberäich opbauen, déi op Effizienz an op Kohärenz baséiert.

D'Kommissioun wëll elo nei Weeër goen. Si rifft dozou op, op d'mannst 35 % – et gëtt och vu 50 % geschwat – vun de Verteidegungsopträg bannent Europa ze placéieren. Wéi steet d'Regierung zu dëse Chifferen? Geet 35 % duer? Wat ass realistesch an hiren Aen?

Fir esou ambitiéis Ziler kënnen ze erreechen, brauch et awer virun allem och déi finanziell Mëttel. Dofir ass dee grousse Pak vun 800 Milliarden Euro am Kader vum „ReArm Europe" virgestallt ginn.

Heizou eng kleng Klammer, wann ech kuerz däerf bemierken: Fir Krich, Defense ginn iwwer Nuecht monstrüs héich Zomme mobiliséiert, déi bei sozialen Investissementer, Schoulinfrastrukturen oder och nach dem Klimaschutz ni konsequent ëmgesat gi sinn. Grad bei Investitiounen an déi sozial Kohäsioun vun eiser Gesellschaft – Bildung, Wunnraum, Gesondheet, déi sozial Inklusioun –, do hunn d'EU an hir Memberstaate sech ni esou séier a massiv positionéiert. Ech fannen, dass awer och dat ze bedenke gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Liz Braz** (LSAP) | Dass d'Memberstaaten elo erëm sollen déi meescht Ausgaben iwwer hiren nationale Budget finanzéieren, ass och fir eis problematesch, well dat heescht, dass dat och erëm riskéiert, zur Zersplitterung vun den Investissementer ze féieren.

Mir brauchen dowéinst eng Feuille de route fir Europa, sou wéi se gefuerdert gëtt an eisem Rapport, mee och fir eist Land. Ëmmerhi solle mir an deenen nächste Méint 1,2 Milliarden Euro ausginn – bal dat Duebelt vun deem, wat am Budget 2025 initial virgesi war.

An dësem Kader hunn ech och eng Motioun preparéiert, déi ënner anerem freet, dass mer sollen eng Strategie am Beräich vun der Verteidegung ausbauen, déi och d'Industriepolitick mat consideréiert an, wa méiglech, d'Retombée-économiquen ausrechent. Mir froen awer och, dass bei zukünftegen technologeschen Investissementer den eethesche Charakter soll evaluéiert ginn, well dat fir eis hei eng grouss Roll spillt.

***Motion 2***

*D'Chamber*

*stellt fest,*

*– dass déi nei geopolitesch Realitéiten dringend eng Integratioun vun der europäescher Verdeedegungspolitick fuerderen, fir déi strateegesch Autonomie vun der EU ze erméiglechen an de Pilier vun Europa an der NATO ze stäerken;*

*– dass eng autonom europäesch Verdeedegungskapazitéit nëmme mat enger strukturéierter Koordinatioun an enger Harmoniséierung vun de militäresche Fäegkeete vun den EU-Memberstaaten effektiv ka funktionéieren;*

*– dass d'Sécherheets- a Verdeedegungspolitick muss op enger adequater Finanzéierung an op enger demokratesch kontrolléierter Gouvernance baséieren;*

*– dass och déi lëtzebuergesch Industrie – besonnesch kleng a mëttelgrouss Betriber – eng zentral Roll an der Entwécklung vun Innovatioun a Fuerschung am Verteidegungsberäich spille kënnen, notamment am Kontext vun Dual-use-Technologien,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– eng progressiv a kohärent Ëmsetzung vun enger strukturéierter europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitick ze ënnerstëtzen, déi d'Kapazitéite vun den EU-Memberstaate stäerkt an zu enger effektiver europäescher Handlungsfäegkeet féiert;*

*– am Virfeld vun all Verdeedegungsinvestitioun suergfälteg d'Pertinenz, de gesellschaftlechen Impakt an den eethesche Charakter vun der Technologie ze evaluéieren;*

*– eng Feuille de route auszeschaffen, déi d'Strategie vun der Regierung am Beräich Verteidegung, Industriepoliticken a wirtschaftlech Retombéeë fir Lëtzebuerg detailléiert opléscht, an dës Pläng an de parlamentaresche Kommissiounen ze presentéieren;*

*– der Chamber weiderhi reegelméisseg a grëndlech Dokumentatioun iwwert d'Verdeedegungsausgabe virzeleeën.*

*(s.) Liz Braz, Taina Bofferding, Georges Engel.*

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Braz.

**Mme Liz Braz** (LSAP) | D'Fro stellt sech also och, wéi mir déi finanziell Mëttel esou kënnen ausriichten, dass se net verpuffen, mee wierklech och erëm zréck an d'Land investéiert ginn an awer och koordinéiert mat eisen europäesche Partner gemaach ginn. Wéi kënne mer eis national Entreprisen esou ënnerstëtzen, dass si net nëmme profitéieren, mee och konkreet zur Weiderentwécklung vun eiser Wirtschaft an eiser Gesellschaft bäidroen?

Et däerf net nëmmen drëms goen, einfach Sue mussen auszeginn. Et muss och drëms goen, Nischen ze erkennen a finanziell ze ënnerstëtzen, u jonk Betriber ze gleewen, Kompetenzen opzebauen an Innovatioun ze fërderen. De Fuerschungsstand muss gestäerkt ginn an de Fortschrëtt, dee muss do verankert ginn, wou en eisem Land an och senge Leit virun allem eppes zréckgëtt.

Lëtzebuerg gëtt net den nächste groussen europäeschen Exporteur vu Panzer a Missillen. Mee Krich definéiert sech haut och net méi wéi virun 80 Joer. Haut féiere mir hybrid Konflikter: iwwer Desinformatioun, d'Schwächung vun Demokratien a wirtschaftlech Ofhängegkeeten.

Besonnesch am Kontext vun Dual-use-Technologië ka Lëtzebuerg awer hei eng strateegesch Roll spillen. Grad an de Beräicher Space a Cyber läit Potenzial, fir d'Verteidegungs- an d'Wirtschaftsinteressen ze verbannen an esou och méi breet gesellschaftlech Retombéeën ze garantéieren. Generell begréisse mir an dësem Kontext och d'Annonce vum zweete Satellitt, deen d'Regierung sech wëll zouleeën.

Hei och eng Fro un d'Regierung: Wéi eng Capacitéiten hu mir, fir a kuerzer Zäit e Lead an Europa zu dësem Sujet ze iwwerhuelen, grad wann et ëm de Beräich Space a Cyber geet?

Här President, d'Verdeedegungspolitick dierf keen Tabu méi sinn. Mee si dierf och net blann duerchgedréckt ginn an – nach schlëmmer – op d'Käschte vu sozialen, gesellschaftlechen a klimawichtege Moyene goen.

D'Kommissioun schléit elo vir, ongenotzt Mëttel aus der Kohäsiounspolitick an d'Verdeedegung ëmzeleeden. Mee dat ass eis fir eis eng rout Linn. D'Mëttel, déi eigentlech fir Energieeffizienz, fir sozial Kohäsioun oder benodeelegt Gruppen um Aarbechtsmarché sollen agesat ginn, dierfen elo net ëmgeleet ginn, fir an d'Rüstungsindustrie ze investéieren. Wa mer dat nämlech maachen, da stelle mer déi sozial Kohäsioun total a Fro an domat och eis gesellschaftlech Resilienz op laang Dauer.

Mir mussen als Éischt besser ausginn an duerno méi. Dofir muss d'EU net nëmmen hir Mëttel kloer definéieren, mee och hir Ziler. Wat feelt, ass hei eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsdoktrinn, déi déi gréisste Bedroungen a strukturell Menacen identifizéiert. Si misst eng europäesch Strategie formuléieren, déi op Ofschreckung a souveräner Handlungsfäegkeet baséiert, ouni dobäi an d'Denkmustere vun enger militärescher Supermuecht ze verfalen.

Wa mer iwwer eng europäesch Verdeedegungsunioun schwätzen, da musse mer och déi delikat, mee fundamental Fro vun der nuklearer Ofschreckung uschwätzen. Eng europäesch Verdeedegung, och wa se dual oder komplementar zur NATO bleift, brauch eng kloer strateegesch Doktrinn. An déi ka sech net ëm d'Fro vun der nuklearer Ofschreckung drécken. De Moment ass et Frankräich, dat als eenzegt EU-Land iwwer esou eng onofhängeg atomar Capacitéit verfüügt. De fréiere Bundeskanzler Scholz huet sech no der russescher Invasioun bereet erkläert, sech un der franséischer Ofschreckung ze bedeelegen, als Deel vun enger progressiver Europäiséierung vun dëser Capacitéit.

Hei froen ech d'Regierung: Wéi steet Lëtzebuerg zu dëser europäescher Diskussioun iwwer eng gemeinsam Ofschreckung? Gesäit d'Regierung Potenzial an enger europäescher Participatioun un der franséischer Capacitéit oder eventuell un engem anere Modell als Deel vun enger europäescher Verdeedegungsstrategie?

D'Souskommissioun recommandéiert déi Feuille de route a mir schléissen eis där Fuerderung och un.

Fir dat awer och realistesch ze finanzéieren, sollt d'EU net virum Prinzipp vu gemeinsame Scholden zréckscheien, ewéi et och beim NextGenEU-Pak de Fall war. Grouss strateegesch Investissementer wéi an der Verdeedegung dierfen net dat soziaalt Gläichgewicht gefäerden, mee si brauche finanziell Instrumenter, déi der Dimensioun vun der Aufgab och kënne gerecht ginn.

Eng europäesch Verdeedegungsunioun, dat soll kee Waffeblock ginn. Dat soll e Stabilitéitspilier gi bannent der NATO an e Gläichgewiicht an enger ëmmer méi onsécherer Welt duerstellen. D'Iddi vun engem europäesche Pilier an der NATO ass grad dowéinst eng friddenspolitesch Investitioun: Si soll garantéieren, dass Europa am Fall vun enger Kris och ouni extern Ofhängegkeeten handele kann an net paralyséiert gëtt.

Mee si muss sech och kloer verankeren an engem geopolitesche Selbstverständnis, dat op Verantwortung, op Ofschreckung a multilateraler Friddenssécherung baséiert.

Mir si fir eng Unioun, déi och an Zukunft e glafwierdege Partner an der NATO bleift, mat engem méi bedeitenden europäesche Pilier. An et ass dofir haut un eis, deen éischte Steen ze leeën.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Braz. An da wier et elo um honorabelen Här Tom Weidig. Här Weidig, Dir hutt d'Wuert.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, ech soen dem Här Graas villmools Merci fir dësen Débat d'orientation an och fir de Rapport. Et ass eng wichteg Debatt an et ass wichteg, datt mir dës Debatt an der Chamber féieren. Beim belsch-lëtzebuergesche Bataillioun ass dat nämlech net passéiert.

Den Impakt op d'Lëtzebuerger Land ass grouss.

Éischtens: Mir musse méi Suen op den Dësch leeën. D'Regierung huet jo annoncéiert, de Rüstungsbudget op 2 % ze erhéijen um Enn vum Joer.

Zweetens: Mir mussen et fäerdegbréngen, datt dës Suen esou gutt wéi méiglech der lëtzebuergescher Ekonomie a Firmen zegutt solle kommen. An et ass vill méi schwéier fir e klengt Land wéi fir e grousst Land, fir dat ze maachen.

Drëttens ass do natierlech déi delikat Fro, ob esou eng Oprüstung zu engem Wettrüste féiert oder zu enger effikasser Ofschreckung a Fridden.

Ier ech iwwert déi europäesch Initiative fir d'Rüstungsindustrie schwätzen a wat mir als Land maache kéinten, musse mir eis awer de Kontext ukucken. Firwat si mir iwwerhaapt an där heiter Situatioun?

Bon, den éischte Grond ass kloer: D'Amerikaner sinn net méi bereet, de Weltpolizist ze spillen, ouni datt mir d'Käschte matbezuelen. Dat kann een natierlech kritiséieren, mee wéi eis amerikanesch Kolleegen aus dem Kongress hei an der Chamber gesot hunn: „Wa mir méi Sue fir Är Verdeedegung ausginn, dann hu mir manner Sue fir eis eege Leit." Mir mussen, mengen ech, einfach dës Realitéit unerkennen.

Den zweete Grond ass eis eege Schold. Mir hunn an de leschte Joren a Joerzéngten eis europäesch Rüstungsindustrie an och Arméie wéi e Stéifnéckel behandelt. Ech denken do zum Beispill un eis ideologesch ESG-Krittäre vun eisem Pensiounskompensatiounsfong. Mir hunn et wierklech fäerdegbruecht, op déi Lëscht grouss Rüstungsfirme wéi Rheinmetall oder Airbus ze setzen.

Ech hat an der Chamber zum Theema ESG eng Aktualitéitsdebatt ugefrot a si vun alle Säiten attackéiert ginn. Interessanterweis seet awer elo déi aktuell European Defense Industrial Strategy, EDIS, awer kloer, datt d'Rüstungsindustrie net duerch en ESG-Korsett geläämt soll ginn. An dat gëllt och fir Bürokratie a punkto Nohaltegkeet.

Et freet mech ze gesinn, datt d'Experten um EU- an internationalen Niveau déi selwecht Positioun hu wéi d'ADR. Ech stelle fest, datt mir als ADR déi Eenzeg waren zu deem Punkt, déi mat zwee Féiss fest um Buedem vun der Realitéit stoungen, stinn an ochwäerte stoen.

Et ass gutt, datt elo Rheinmetall vun der Lëscht erof ass. Mee do stinn nach vill aner grouss Firmen drop, déi fundamental wichteg si fir eis enksten Alliéiert. Ech nennen do Airbus aus Frankräich, Rolls-Royce aus Groussbritannien an och Honeywell aus den USA.

Wéi kënne mir als Land glafwierdeg bei eisen enksten Alliéierten optrieden, wa mir net mol erlaben, datt eise Fong an hir gréisste Rüstungsfirmen investéiere kann? Do isoléiere mir eis politesch.

Dësen ESG-Trend war natierlech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och an anere Länner. Doduerch ass eis Rüstungsindustrie systematesch geschwächt ginn an hat manner Kapital, fir wichteg Investitiounen ze maachen, déi se fir néideg fonnt huet.

Mee den drëtte Grond ass natierlech, datt mir an eiser Diplomatie, zemools an eiser Aschätzung zu den Absichte vu Russland, versot hunn. Mir waren an der falscher Illusioun, datt et ni méi Krich ka ginn an datt Waffen net méi néideg sinn. Mir hu gemengt, datt mir nëmme musse mat autoritäre Staaten Handel bedreiwen an da gi se automatesch méi demokratesch a friddlech. Dat ass e Feeler. Anstatt all eis Optiounen opzehalen, vu Fridde bis Krich, hu mir einfach ze mann an eis Industrie investéiert. A souguer wéi Russland d'Krim besat huet a Russland kloer gewisen huet, datt se international Grenzen net respektéieren, huet Europa näischt gemaach, fir seng Rüstungsindustrie nees ze erneieren an opzebauen. Och do ass Russland net genuch ofgeschreckt ginn.

Ech kommen elo zum EU-Programm zur Stäerkung vun der europäescher Rüstungsindustrie. Et ass kloer, datt mir do investéiere mussen, wou mir staark sinn. Dat ass näischt Neies an dat hunn och scho vill Leit viru mir gesot. Ech wëll dat duerfir och nëmme kuerz uschwätzen. Mir hu Kompetenzen an der Raumfaartindustrie an an der Finanzindustrie – do, wou och Cybersecurity wichteg ass.

D'European Defence Industrial Strategy, EDIS, fuerdert, datt de Weltraumzougang geséchert soll ginn, datt Europa Capacitéiten am Space Domain Awareness opbaue soll an datt sécher Satellittekommunikatioun verbessert an ausgebaut muss ginn. Dat sinn alles Saachen, wou d'SES an och Betriber, déi mat hinnen zesummeschaffen, mee och Startups hei zu Lëtzebuerg eng grouss international Expertis hunn. Ech denken och un de GovSat-1 zum Beispill, mee och un de LUXEOSys-Satellitt, deen zur Äerdbeobachtung agesat ka ginn.

Och an der Cybersecurity baue mir Capacitéiten a Kompetenzen op, déi net nëmme fir eis Sécherheet relevant sinn, mee och fir d'Finanzindustrie. Besonnesch interessant ass do natierlech, wa mir en Dual Use draus maache kënnen.

Ech wëll zum Schluss awer nach e Plädoyer maachen, datt mir net de Feeler maache sollten ze mengen, datt eng staark Ofschreckung nëmmen duerch eng staark Rüstungsindustrie kënnt. Nee, fir eng staark Ofschreckung a fir Fridde brauch een och eng staark Ekonomie, eng staark Energiepolitick an eng staark Gesellschaft.

Besonnesch an der Energiepolitick maache mir grouss Feeler. Firwat ka Russland de Krich féieren, dee se féieren? Well se Honnerte Milliarde Reserven hunn duerch de Verkaf vu Gas an Ueleg. Däitschland huet quasi de ganze Krich an der Ukrain finanzéiert an huet sech ofhängeg gemaach vum russesche Gas. Firwat? Och wéinst der irrationaler grénger Energiepolitick, déi se elo säit engem Joerzéngt maachen. Dat ass keng Ofschreckung, mee genau de Géigendeel. Kommt, mir vergläichen dat mat Frankräich. Frankräich ka fënnef bis zéng Joer laang energieautark produzéieren, ouni datt et Importer brauch. Frankräich kann net erpresst ginn. Dat ass fundamental wichteg fir eis Verdeedegung. Hir Nuklearenergie, zesumme mat hiren Atomwaffen ass e wichtegen Aspekt vun eiser europäescher Verdeedegung an Ofschreckung.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Här Weidig, erlaabt Der, datt den Här Sehovic Iech eng Fro stellt?

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, ech wollt just kuerz fäerdeg schwätzen, da maache mer dat gär.

A wat maache mir? Mir setzen hir Firmen op eis ESG-Exklusiounslëscht, well se an Nuklearenergie investéieren oder un de franséischen Atomwaffe matschaffen, wéi zum Beispill Airbus.

Iwwer eng staark Ekonomie brauch een net vill ze soen. Et ass absolutt evident, datt e Land mat staarker Ekonomie sech besser wiere kann an doduerch och besser ofschrecke kann.

Mee och eng staark Gesellschaft schreckt of. Mee déi onkontrolléiert irregulär Massenimmigratioun, Terrorattacken, d'Schwächung vum Nationalstaat an de Versuch vu radikale woke Gesellschaftsreformen iwwert déi lescht Jore maachen näischt fir eis Ofschreckung. De Géigendeel: Si schwächen an deelen eis.

Et ass kloer: Et geet net duer, eng staark Rüstungsindustrie opzebauen. Mir mussen och zur selwechter Zäit eng méi rational Wirtschafts-, Energie- a Migratiounspolitick maachen. Dat heescht och: Wann eis Ekonomie, Energiepolitick a Gesellschaft méi staark sinn, da brauche mir och manner Rüstungsindustrie a Waffe fir Ofschreckung.

Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Da wier et elo um Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wollt den Här Weidig froen, wann en d'Energieproduktioun a Frankräich esou héichhält an dann hei behaapt, si wäre fäeg, zéng Joer laang energieautark ze fonctionéieren, ob den Här Weidig sech bewosst ass, dass Frankräich am Summer 2022 zum Beispill zu engem Zäitpunkt, wou méi wéi d'Hallschent vun de franséischen Atomreaktere wéinst Dréchent, Hëtzt oder sécherheetsrelevante Bedenken hu misse vum Netz geschalt ginn, huet missen enorm Quantitéite ganz kuerzfristeg importéieren. Ass dat dem Här Weidig bewosst, wann en esou Aussoe mécht an e Modell hei suggeréiert, dee bewisenermoossen eigentlech net méi fonctionéiert?

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Also den éischte Punkt ass: Et ass richteg, datt vill Reparature gemaach gi sinn an esou weider. Mee dat ass natierlech och, well 10, 15 Joer laang a Frankräich net méi esou vill investéiert ginn ass an d'Nuklearindustrie. An duerfir sinn all déi Reparaturen zur selwechter Zäit gemaach ginn. An et ass jo och kee Problem gewiescht.

Ech mengen, si hate jo Ersatzenergie. Si hunn och importéiert. Mee trotzdeem, et ass kloer: Fir fënnef, zéng Joer kënne se autark Stroum produzéieren. An dat ass enorm wichteg. Wat och ganz wichteg ass: Wann een déi Fäegkeet huet, kann een natierlech och mat anere Leit verhandelen, wéi och mat Russland, a

soen: „Ok, mir huelen Äre Gas, mee net méi zu deem Präis, well mer eeben autark och selwer kënne fonctionéieren." Dat heescht, et ass ganz wichteg fir de Mix an datt mer onofhängeg sinn, datt mer all Energiequell do mat consideréieren.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Weidig. An da wier et elo um honorabelen Här Meris Sehovic.

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Här President, dierf ech eng Fro stellen un de Riedner?

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Ech huele gären eng Fro un.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Eng Fro un den Här Weidig oder eng Fro un den Här Sehovic?

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Jo, un den Här Weidig.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Dat ass d'Fro.

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Un den Här Weidig.

**Une voix** | Dat do hate mer nach net.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Un den Här Weidig, jo.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, selbstverständlech huelen ech eng Fro un.

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Also, ech mengen, hei ass jo d'Autarkie vun den Atomkraaftwierker, vun der Atomkraaft, ugeschwat ginn. Ech erënnere mech, virun e puer Joer war e ganz niddrege Waasserstand an de Gewässer an doduerch haten natierlech d'Atomkraaftwierker en immens décke Problem a mat der Autarkie war et net wäit hier. Frankräich ass eigentlech gerett gi wärend deene Méint, well se um europäeschen Netz houngen.

Mir wëssen, datt jo elo schonn de Rhäin beispillsweis erëm Niddregwaasser féiert. An et kann duerchaus sinn, datt déi Situatioun sech nach wäert widderhuelen, an dann ass et mat der Autarkie vun den Atomkraaftwierker guer net wäit hier. Dofir wollt ech froen, ob den éirewäerten Här Riedner Weidig sech desse bewosst ass.

Merci.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Also, wat mir ëmmer soen, ass: D'Nuklearenergie, wéi all Energiequell, huet Pro a Kontra. Selbstverständlech gëtt et och Phasen, wou et natierlech an engem System, wou mer jo aner Saache maachen. Mee dat war jo kee Problem. Do ass jo Energie dann importéiert ginn oder se hu méi Kuel verbrannt. Duerfir konnte se dat jo ausgläichen.

*(Interruptions)*

Ma dat ass jo kee Problem gewiescht.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Weidig. An elo ass et definitiv um Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert d'Situatioun, an där mer sinn a wisou mer déi Debatt hei féiere mussen, ass vill geschwat ginn. Dofir wëll ech dorobber net agoen. Mee eigentlech, zënter der brutaler Aggressioun vu Russland a spéitstens zënter der Wiederwahl vum US-President Trump ass eis op eng ganz, ganz frappant Aart a Weis bewosst ginn, dass mer zwou Ofhängegkeeten hunn, déi eis ganz deier kaschten – dat hu mer gemierkt an deene leschte Joren – an déi eis am Endeffekt zum Verhängnis gi sinn.

Déi eng Ofhängegkeet, déi dramatesch Ofhängegkeet, déi Europa hat vum russesche Gas, vum bëllege russesche Gas, huet derfir gesuergt, dass mer Wanteren haten um Ufank vun der Aggressioun, wou mer eis net sécher waren, wéi mer d'Land hei kënnen hëtzen, wéi mer an Europa genuch Hëtzt kënne produzéieren. An déi zweet Ofhängegkeet, déi eis zum Verhängnis gëtt, dat ass eng militäresch Ofhängegkeet, d'militäresch Ofhängegkeet vun den USA, fir eis selwer ze verdeedegen.

An dofir ass et richteg, dass mer an der Europäescher Unioun doriwwer nodenken, wéi mer eis ...

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Här Sehovic, den Här Weidig wëllt Iech elo eng Fro stellen. Huelt Der déi un?

*(Exclamations)*

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Ech géing proposéieren, Här Weidig, wann Der mer nach e bëssen eng Chance gitt, fir awer mäi Räsonement ze developpéieren, dann huelen ech duerno ganz gären all Fro un, déi Der mer wëllt stellen.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Dat wier ganz verstänneg.

*(Hilarité)*

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Also, an där Situatioun ass et richteg, dass mer an der Europäescher Unioun doriwwer nodenken, wéi mer eis Capacitéiten, fir eis selwer ze verdeedegen, stäerke kënnen, an zwar op industriellem, op technologeschem an och op strateegeschem Plang. Mir brauchen eng méi resilient europäesch Verdeedegung, déi eis onofhängeg mécht a méi reaktiounsfäeg.

An als Gréng ënnerstëtze mer dëse Prinzipp. Mee mir soe genausou kloer: Méi Geld eleng mécht net méi Sécherheet. Wat mer zousätzlech brauchen, an dorop wëll ech a menger Ried agoen, sinn nach véier weider Punkten: méi Effizienz bei de Verdeedegungsausgaben, well mer haut ze vill Geld verbëtzen; méi Kontroll an Transparenz, well et sech ëm Sue vum Contribuabel handelt an ëm sensibelt Material; méi Investitiounen an eis Resilienz, well Klimasécherheet a funktionéierend Infrastrukturen och Sécherheetspolitick sinn; a virun allem eng ganzheetlech Approche vu Sécherheetspolitick, déi och Diplomatie a Kooperatioun ëmfaasst.

D'Europäesch Kommissioun seet et selwer: Haut ginn 78 % vun den EU-Verdeedegungsakeef un net europäesch Fournisseuren. Dat heescht, d'Steiergelder vun de Biergerinnen a vun de Bierger ginn an d'Ausland transferéiert. Et profitéieren haut ze oft virun allem amerikanesch Grousskonzerner.

Gläichzäiteg hu mer hei an Europa e wëllen Dschungel vun nationale Systemer: 27 Akafsprozeduren, 27 Ausrüstungsnormen, 27-mol nationale Kuddelmuddel. Dat féiert zu Duplikatioun, zu Käschtenexplosiounen an zu Problemer bei der Interoperabilitéit.

Dofir begréisse mir et als Gréng, dass d'EU-Kommissioun an och d'Lëtzebuerger Regierung sech Ziler gesat hunn, fir an Zukunft méi gemeinsam anzekafen an ze produzéieren. Dat fanne mer ausdrécklech sënnvoll. Mir brauchen europäesch Standardiséierung, Zesummenaarbecht an Économies d'échelle.

Lëtzebuerg huet hei an der Vergaangenheet schonn eng gutt Roll gespillt, zum Beispill mat eiser Kooperatioun mat de Belsch. Dat ass, mengen ech, eng Erfollegsgeschicht an eng Richtung, déi mer onbedéngt weidergoe mussen. D'Zil muss sinn: méi Sécherheet fir all Euro a keng ineffikass Parallelstrukturen.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Zweete Punkt: Wa mer soen: „Méi Suen", mee dann ass fir eis Gréng evident, dass mer mer och méi Kontroll brauchen. Wann d'Memberstaate vun der EU hir Verdeedegungsausgaben eropfuere sollen a wann d'EU künfteg 150 Milliarden Euro zousätzlech zu den nationalen Ausgabe fir d'Verdeedegungsindustrie zur Verfügung stelle wëll, da verstinn ech och all déi Leit, déi a priori kritesch sinn a sech Froe stellen: „Mir sollen elo also där Industrie, déi an der Vergaangenheet virun allem duerch grouss Skandaler opgefall ass, elo méi Sue ginn?" Ech verstinn dat. Ech verstinn déi Bedenken, well negativ Beispiller gouf et der genuch an der Vergaangenheet.

A Spuenien huet eng grouss Defenseentreprise iwwer Joerzéngten e Korruptiounsnetz ënnerhalen a Millounen Euro Schmiergelder u ganz doutéis Leit ausbezuelt. Aus der Belsch goufe Waffen exportéiert, déi spéider am Jemen-Krich agesat goufen – e flagrante Verstouss géint déi europäesch Exportrichtlinnen. An Däitschland si bei Beschaffungsprojeten ewéi dem Puma-Panzer oder dem NH90-Helikopter Steiergelder a Milliardenhéicht verbrannt ginn duerch technesch Feeler, Mëssmanagement a Käschtenexplosiounen. An net méi spéit wéi gëschter koum et da bei eis am Land an och an aneren europäeschen an net europäesche Länner zu Perquisitiounen am Zesummenhang mat Ermëttlunge wéinst Korruptiounsverdacht bei der NSPA, also der Procurementsagence vun der NATO.

Dëst däerf an Zukunft net virkommen, ganz kloer, virun allem wa mer méi Steiergelder wëllen opwenden. Dofir musse mer d'Verdeedegungsindustrie an och d'Verdeedegungsausgaben an Zukunft besser iwwerwaachen. An dat gëllt op europäeschem Plang an och op nationalem Plang. An dat bedeit forcement, dass mer op där enger Säit dem europäesche Parlament méi Rechter, méi Kontrollfonctioune mussen och ginn, fir op europäeschem Plang ze kontrolléieren, an hei an der Chamber dat selwecht.

D'Verstäerkung vun eiser industrieller Basis bedeit awer och: méi Produktioun, méi Technologien, méi Exportpotenzial. An als Gréng soe mir Jo zur Sécherheet, mee Nee zum Opbau vun engem europäesche Militär-Exportkomplex. Mir mussen do ganz kloer Linnen zéien. Besonnesch empfindlech ass de Beräich vun de militäresche Satellittendonnéeën, wou Lëtzebuerg Fäegkeeten huet, déi strateegesch sensibel sinn a wou et kloer muss sinn, dass net egal wien Zougrëff op déi Donnéeë kritt. Dat selwecht gëllt fir Dronen a KI-baséiert Systemer, Dual-use-Technologien aus de Beräicher Cyber, Kommunikatioun oder och de Materialien. Dëst muss net nëmme wirtschaftlech – do ginn ech der Madamm Braz ganz Recht –, mee och eethesch evaluéiert ginn. D'EU muss sech méi streng Reegele fir Export an Notzung ginn. A wichteg wier eiser Meenung no zum Beispill och eng europäesch Kontrollinstanz, déi sensibel Exporter kéint iwwerpréiwen.

Drëtte Punkt: Sécherheet versteet sech net nëmme militäresch, mee Infrastrukturinvestitiounen a Klimaschutz sinn och Deel dovunner. An do, muss ech soen, si mer e bëssen erschreckt dës Woch, well mer der Meenung sinn, dass d'Verdeedegungsausgaben eeben net duerfen op d'Käschte vun eisem Zesummenhalt, vun eiser Mobilitéit a vum Klimaschutz goen. Well och eng gutt Netzinfrastruktur, sécher Waasserreserven oder gesond Bëscher droen zu der Resilienz an zur Sécherheet vun engem Land bäi.

De Premierminister huet dës Woch ugekënnegt, dass en Deel vun de Verdeedegungsausgaben iwwer eng „Prioriséierung" vun den Infrastrukturprojeten am Budget finanzéiert soll ginn. A mir wëllen do, dass d'Regierung kloermécht, wat dat genau heescht. Wéi

eng Projete wäerten dann do méi spéit kommen? Geet dat op d'Käschte vun eiser Energieinfrastruktur, vum ëffentlechen Transport oder vum Naturschutz? Wa Sécherheetspolitick zum Nullsummespill gëtt, wou wichteg an dréngend noutwendeg Investitiounen an eis ëffentlech Infrastrukture verléieren, dann hu mer alleguerte verluer.

Leschte Punkt: Europa muss och – an dat huet mer an dëser Debatt haut an och an deene leschte Méint wierklech gefeelt – diplomatesch an humanitär e seriéise Partner bleiwen. Wann Europa sech als strateegeschen Acteur positionéiere wëll, da geet et net duer, méi Munitioun ze produzéieren. Mir mussen och op der Weltbün eng konsequent a glafwierdeg Politick maachen. Eng Politick, déi op Verdeedegung, Diplomatie an Entwécklungszesummenaarbecht gläichermoosse setzt.

Well Fridden a Stabilitéit sinn net nëmme militäresch ze erreechen. Si entstinn do, wou Staaten a Gesellschafte Vertrauen opbauen, wou Konflikter preventiv erkannt a mat diplomatesche Mëttele geléist ginn, wou Kanner net un d'Front, mee an d'Schoul kënne goen. Dat verlaangt net just Truppen a Material, mee och diplomatescht Gewiicht, eng aktiv Kooperatiounspolitick an international Kredibilitéit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dass mer eis all eens sinn, dass mer eis besser verdeedege wëllen an dass mer fir Fridden a Stabilitéit suerge wëllen. Mee wéi mer dohinner kommen, dat mécht den Ënnerscheed.

Mir Gréng soe Jo zu enger europäescher Verdeedegungspolitick, wa se effikass ass, wa se demokratesch kontrolléiert ass a wa se eethesch verantwortbar ass.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Dann, wann ech richteg verstanen hunn, huet den Här Weidig eng Fro fir Iech, wann Der se wëllt huelen.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Gären.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, Dir hutt jo do gesot, datt mat dem Nuklear do e Problem ass am Summer. Ech hunn elo d'Statistik gekuckt: Déi järlech Produktioun ass am Duerchschnëtt ëm 0,3 % duerch héich Temperatur erofgaangen. An ausserdeem, wann et am Summer ass, da muss een natierlech d'Haiser net wiermen. Dat heescht, do huet een och manner Produktioun. Mee meng Fro ass awer ... Jo, dann huet een am Krich eeben och eemol eng Kéier keng Klimaanlag, wa wierklech Krich ass.

Mee meng Fro, déi kënnt zum Gas. Dir hutt jo gesot, et wär e Problem, well kee Gas méi vu Russland komm ass. An do huet natierlech déi däitsch Wirtschaft grouss Problemer gehat. An do stellt sech natierlech d'Fro: Wien huet dann déi däitsch Wirtschaft gerett? An och well all déi erneierbar Energien natierlech an enger Dunkelflaute keng Energie konnte produzéieren. An déi däitsch Ekonomie ass gerett ginn duerch Importer aus Frankräich vun der Nuklearindustrie. Dat ass d'Realitéit.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Nee, dat ass eng ganz verzerrten Duerstellung an eng ganz komesch Memoire dovun, wat do an de Joren 2020, 2021, 2022 geschitt ass. Well wat war de Problem? Op där enger Säit, dass mer op eemol gemierkt hunn: Wann de Putin de Gashunn zoudréit, dann hu mir e Riseproblem. Well mir haten zu deem Zäitpunkt an Europa net genuch strateegesch Reserven, déi mer eigentlech virgeschriwwen hunn. Den Energieminister ass do. Dee kann eis dat nach vill besser erklären. Mëttlerweil hu mer dee Problem geléist. Mir si gutt ekipéiert a mir hu selwer Reserven opgebaut, déi eis méi onofhängeg maachen. 2020, 2021 war dat net de Fall. Dat war deen éischte Problem.

An deen zweete Problem war, an Däitschland ass e ganz gutt Beispill dofir: Däitschland war virun 20 Joer de weltwäite Leader an der Produktioun vu Solarpannoen, vu Wandanlagen an esou weider. An déi Industrie ass wéinst engem Mangel un Ambitioun vun enger konservativer Regierung ënnert der Madamm Merkel futti gemaach ginn. Déi Industrie ass komplett ofgewandert. An déi Däitsch haten du leider ze laang eng Zäit, wou d'erneierbar Energien net genuch ausgebaut gi sinn.

D'Äntwert ass jo ganz einfach: Kommt, mir produzéieren eis Energie selwer. Oder? Ech mengen, dass Der do souguer selwer misst domadder d'accord sinn. Mir si jo méi onofhängeg, wa mer eisen eegene Stroum produzéieren. An dat heescht wat? Méi erneierbar Energien. An dorunner musse mer schaffen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen an enger Zäit vun déifgräifende geopoliteschen Ëmwälzungen. Russland huet mat sengem brutalen Ugrëff op d'Ukrain d'europäesch Friddensuerdnung zerstéiert. Mee och d'Situatioun am Noen Oste bleift volatil an d'Relatioun tëscht den USA an der Europäescher Unioun, grad am Beräich vun der Verdeedegung, ass am Wandel.

De Premier sot virgëschter: „Et ass Zäit, dass Europa bei Sécherheetsfroen op eegene Féiss steet." Ech stëmmen him zou. Dofir begréissen ech och dësen Debat iwwert d'europäesch Verdeedegungsindustriestrategie – wat e Wuert! – a betruechten et als wichtege Schratt a Richtung vu méi strateegescher Autonomie.

Mir hunn an de leschte Joren heibannen, mee eeben och an den Assembléeën, wou mer vertruede sinn als Chamber, wéi zum Beispill d'Assemblée parlementaire vun der NATO, eng ganz Rei vun Aarbechten zum Theema Verdeedegungsindustrie an den domat verbonnenen Technologien duerchgefouert. An dëse Rapporte gëtt ëmmer erëm betount: Europa huet eng fragmentéiert Verteidegungsindustrie, mat ville Redondancen an ineffiziente Beschafungsstrukturen.

Wat mech ëmmer nach schockéiert, war op Visitt a Litauen – wou och lëtzebuergesch Truppe stationéiert sinn –, wou den däitsche kommandéierenden Oberstleutnant eis erkläert huet, wéi déi verschidden alliéiert Truppe matenee kommunizéieren, nämlech andeems d'Funkgeräter an engem Schaf mat Panzertape zesummegepecht ginn, well d'Verschlësselung net ëmmer kompatibel ass. Dat kann et dach 2025 net méi sinn!

Erlaabt mer dofir, op dëser Plaz all eisen Truppen, heiheem wéi am Ausland, e grousse Merci fir hire Service auszedrécken. Mir als Politick sinn et hinne schëlleg, eppes un dësen Zoustänn ze änneren, fir hinnen déi beschte Konditioune fir hiren Déngscht ze schafen.

D'Situatioun ass nämlech alarmant: 78 % vun de Verdeedegungskeef, déi d'EU-Memberstaaten tëscht Juni 2022 a Juni 2023 gemaach hunn, goufe bei net europäesche Fournisseure gemaach. Dat ass net nëmmen en ekonomesche Problem, mee och eng strateegesch Schwächt.

D'aktuell Fragmentatioun vun der europäescher Verdeedegungsindustrie doriwwer eraus ass erschreckend. Wéi eng rezent Analys vu McKinsey weist, huet Europa haut 179 verschidde Waffesystemer am Asaz, d'USA fir déi nämmlecht Capacitéit, voire méi, der 33. Mir schwätzen hei vun 19 verschiddenen Typpe vu Kampfpanzer an Europa géint een eenzegen an den USA, 23 verschiddenen Typpe vu gepanzerte Gefierer géint 3 oder souguer 27 verschiddenen Typpe vu Fregatte géint 4. Dëst ass ineffizient an e Problem fir eis Interoperabilitéit.

D'Ukrain huet eis doriwwer eraus och gewisen, wéi limitéiert d'europäesch Produktiounskapazitéiten an der Verdeedegungsindustrie sinn. No dräi Joer Krich ass kloer, datt d'Industrie net séier genuch produzéiere kann, fir déi néideg Demande ze erfëllen. Dat ass e strukturelle Problem, deen net vun haut op muer geléist ka ginn, mee et ass dréngend noutwendeg, datt mer elo handelen.

Lëtzebuerg huet bis elo eng limitéiert, mee dofir héich spezialiséiert Industrie, besonnesch an de Beräicher Weltraum, Cyber a Kommunikatioun. Wéi de Premier och virgëschter richteg betount huet, musse mer eng wirtschaftlech Strategie entwéckelen, „déi dëse militäreschen Effort matdréit – eng, déi op eise Stäerkten opbaut, notamment am Satellitteberäich a bei der Cybersécherheet."

Als Rapporter iwwer Kënschtlech Intelligenz an onbemannte Systemer an der NATO-PA hunn ech schonn op deenen Theeme geschafft, an et weist, datt genau an deene Beräicher duebel genotzten Technologië Méiglechkeete fir Lëtzebuerg bidden. Mir hunn am Land haut schonns 91 Betriber a Fuerschungsariichtungen am Verdeedegungsberäich, virun allem an den Domäner Weltraum a Kommunikatioun. Dës Betriber kënnen also eng e wichteg Roll an der europäescher Verteidegungsketten iwwerhuelen.

Elo léint ech et mer ganz einfach maachen a soen: „Lux4Defence" ass e wichtegen éischte Schratt, deen ech begréissen. Bis elo hunn ech se aus der Press wouergeholl. Ech wär frou, wa mer och eng Kéier kéinten an der Kommissioun am Detail nach iwwer „Lux4Defence" schwätzen. Ech mengen, datt dat och mat der Motioun deckungsgläich ass, déi mer herno nach diskutéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif awer nach gäre meng Reschtzäit notzen, fir fënnef konkreet Virschléi ze maachen, wéi mir als Lëtzebuerg méi aktiv un der europäescher Verdeedegungsstrategie deelhuele kënnen.

Éischtens: Mir mussen d'Zesummenaarbecht tëscht dem Verdeedegungsministère, dem Wirtschaftsministère, Luxinnovation an de betraffene Betriber stäerken. D'Initiativ „Luxembourg Defence Technology and Innovation Day" sollt reegelméisseg organiséiert a weider ausgebaut ginn. Dës Plattform erlaabt et, d'Erfarungen an d'Besoinen direkt auszetauschen an domat eng méi resilient Verdeedegungsindustriebasis opzebauen.

Zweetens: Eis kleng a mëttelgrouss Betriber mussen ënnerstëtzt ginn, fir sech an d'europäesch Wäert- a Liwwerketten ze integréieren. Dozou gehéiere Programme wéi FAST, mee mir sollten och innovativ Public-private-Partnerships fërderen, bei deenen eis Arméi direkt mat PMEen un der Entwécklung vun neie Fäegkeete schafft. D'Arméi kéint als éischte Benotzer fungéieren an d'Entwécklung vu Produiten aktiv matgestalten, déi hiren Operatiounsbesoinen entspriechen, an d'Betriber hätten direkt en éischte Client. Dës zousätzlech Tester a Feedbacken aus éischter Hand kéinten der europäescher Verdeedegungsindustrie hëllefen, besser Produiten ze entwéckelen.

Drëttens: Mir mussen eis Finanzéierungsmodeller iwwerpréiwen. D'Ausschléisse vum Verdeedegungsberäich aus de Finanzéierungskrittären, sief et vu staatleche Fongen oder private Banken, ass net zäitgeméiss. Mee eng Upassung muss awer och ëmmer nach opmierksam accompagnéiert ginn. Et muss nämlech kloer Linne ginn. Investitiounen a Firmen, déi international verbuedent Material produzéieren, wéi zum Beispill Streebommen, biologesch oder cheemesch Waffen oder Antipersouneminne musse kloer ausgeschloss bleiwen. Do schwätze mer net vun Defense, do schwätze mer vu Verstouss géint d'Vëlkerrecht. Mir mussen also eng Balance fannen tëscht der Ënnerstëtzung vun der Verdeedegungsindustrie an den eethesche Prinzippien an dem Vëlkerrecht.

Véiertens: Mir sollten eng kloer Feuille de route ausschaffen, déi opzeechent, wéi Lëtzebuerg seng Industrie an d'europäesch Verdeedegungsindustriestrategie integréiere wëllt.

A fënneftens: Mir mussen d'Fuerschung an d'Entwécklung am Beräich vun duebel genotzten Technologien, besonnesch am Beräich vu KI, Cybersécherheetssystemer a Weltraumtechnologien, weider ënnerstëtzen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn iwwerzeegt, datt d'europäesch Verdeedegungsindustriestrategie a Verbindung mam Programm fir d'Verdeedegungsindustrie eng historesch Chance ass, fir d'europäesch Verdeedegungsindustrie ze stäerken an ze moderniséieren.

Ouni Sécherheet gëtt et kee Fridden. Fir dës Sécherheet ze garantéieren, brauche mer eng staark a resilient europäesch Verdeedegungsindustriebasis.

Als klenge Memberstaat mat enger spezialiséierter Industrie huet Lëtzebuerg e kloert Interessi dorun, datt eis Base industrielle et technologique de défense européenne méi effizient an integréiert gëtt. Mir profitéieren dovun, wann Europa op dësem Gebitt méi staark gëtt.

Zum Schluss wëll ech betounen: D'Investitiounen an d'Verdeedegung si kee Luxus, dee mir eis leeschten, mee si sinn eng Noutwennegkeet, déi mer net ignoréiere kënnen. Mee si musse parallell zu Investitiounen an Diplomatie, humanitär Hëllef an internationalen Dialog goen. D'Zil bleift de Fridden. Wéi de Premier virgëschter richteg sot: „Fridden. Ëmmer Fridden, ni Krich."

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. An dann huet den Här Marc Baum d'Wuert. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Här President, mir sinn natierlech och der Meenung, datt déi europäesch Staate mussen d'Sécherheet vun hire Biergerinnen a Bierger garantéiere kënnen. A mir sinn och der Meenung, datt mer dem ukrainesche Vollek musse bäistoen, fir sech géint déi vëlkerrechtswiddreg russesch Invasioun ze wieren.

Mee dat heescht awer mat Sécherheet net, datt mir hei e Blankoscheck ausstellen, fir d'Militärausgaben onkontrolléiert a wansinneg Héichten ze dreiwen, a mir wäerten déi vum Premier den Dënschde formuléiert Ziler och net ënnerstëtzen, och wa mer domadder heibannen déi eenzeg politesch Partei sinn.

Well de Problem vun der europäescher Sécherheetspolitick ass net budgetärer Natur. En ass politescher Natur. An deene leschten zéng Joer, tëscht 2015 an 2024, hunn déi aktuell 27 EU-Memberstaaten zesummegerechent 2.420 Milliarden an d'Defense investéiert. Eng gigantesch héich Zomm!

An d'Fro, déi mer eis awer elo allen Eeschtes stelle mussen, ass: Ma wou um Himmels willen sinn dann déi iwwer 2.400 Milliarde verschwonnen, wa mer elo op eemol feststelle mussen, datt Europa – an et ass schonn e puermol ugeklong – anscheinend komplett wehrlos ass?!

Déi Argumentatiounslinn, déi aktuell vun de Staats- a Regierungscheffen iwwerall benotzt gëtt, nämlech datt mer an der Vergaangenheet esou verantwortungslos bei der Defense gespuert hätten, déi ass awer emol eeschthaft ze hannerfroen. D'Defense war och an der Vergaangenheet net de Stéifnéckel – also déi komesch Form tëschent Stéifkand a Stoussnéckel. Villméi ass et esou, datt déi Budgete katastrophal geréiert an agesat goufen.

Nodeems déi kolossal Zommen déi lescht zéng Joer manifestement an de Sand gesat goufen, pilgeren d'Regierungen elo an hir jeeweileg Parlamenter a fuerderen d'Steierzueler op, nach vill méi Milliarden an dat selwecht Faass ouni Buedem ze stiechen, an dat, ouni datt sech iergendeppes Substanzielles un der Aart a Weis ännert, wéi déi Sue sollen ausgi ginn. Also entschëllegt eis, mee dat geet net!

Ech brauch jo, mengen ech, net ze betounen, datt et hei ëm vill Sue geet. Dat sinn ëffentlech Gelder, déi dann net zur Verfügung sti fir Sozialpolitick, fir de Logement, fir Infrastrukturen oder fir de Kampf géint eisen Haaptenemy, nämlech de Klimawandel. A jo, mir hunn et virdrun héieren, souguer d'Pensiounsreserve sollen elo net méi tabu sinn. Bon, da wësse mer, firwat mer an Zukunft solle fënnef Joer méi laang schaffe goen.

Här President, eng Partikularitéit vun der Rüstungsindustrie ass, datt hir Clientë bal ausschliisslech aus Staate bestinn an datt bei deene Kontrakter, déi se mat de Staaten ofschléisst, gewéinlech extreem héich Zommen am Spill sinn. Deementspriechend ass d'Interaktioun tëschent de politeschen Decideuren an deene Konzerner immens ufälleg fir Lobbying, illegal Aflossnam a Korruptioun.

A wie sech d'Méi vun enger einfacher Internetrecherche mécht, dee fënnt aleng an deene leschten zéng, zwielef Joer Dosende vu Rüstungsskandaler iwwerall an Europa: Skandal vun den Unterseebooter a Griichenland, Skandal vum Eurofighter an Éisträich, Skandal vun de Fregatten a Spuenien, Skandal vum Leopard 2 an Däitschland, Skandal vum F-35 an Holland – an dat ass just d'Spëtzt vum Äisbierg. An ëmmer nees gesäit een dobäi déi selwecht Musteren: vëlleg iwwerdeiert Kontrakter, exzessiv Budgetsiwwerschreidungen, bis hin zu Favoritismus, gefälschten ëffentlechen Ausschreiwungen a Korruptiounsgelder u Politiker oder Beamten.

Ech erënneren drun, datt mer och hei zu Lëtzebuerg schonn eise klenge Rüstungsskandal haten, nämlech mam Satellitt LUXEOSys, deen op eemol dat Duebelt kascht huet vun deem, wat ugangs virgesi war, woubäi et sech do net ëm Korruptioun handelt, mee wuel warscheinlech éischter Inkompetenz am Spill war.

Den Afloss vun der privater Rüstungsindustrie op déi politesch Sphären ass enorm, an déi doraus resultéierend Dynamike si predestinéiert, fir Steiergelder ze verhonzen. An dat ass ëmsou méi problematesch, wéi déi Rüstungskonzerner och nach e groussen Afloss hunn op déi ëffentlech Meenung. Zum Beispill gehéiert dem franséische Rüstungskonzern Dassault och gläichzäiteg de „Figaro", eng vun deene gréissten Dageszeitungen, eng Zeitung, déi wéineg erstaunlech derfir plädéiert, jo militéiert, d'Rüstungsausgabe massiv an d'Luucht ze setzen.

Fir all dës ongesond Dynamike vun de militäresch-industrielle Komplexer, wéi et emol eng Kéier en amerikanesche President genannt huet, endlech an de Gréff ze kréien, muss d'Rüstungsindustrie der demokratescher Kontroll ënnerworf ginn: D'Staate mussen déi Konzerner mehrheetlech iwwerhuelen, fir datt d'Produktioun vu Waffe progressiv vun de private Kapitalinteresse getrennt gëtt, am Interêt vun der Allgemengheet.

Fir eis als Lénk ass et eng grondsätzlech Fro, datt mat der Produktioun vun déidleche Waffe keng Profitter däerf gemaach ginn. An et ass awer och aus enger pragmatescher Siicht néideg, well een domadder der Korruptioun an dem Verhonze vu Steiergelder entgéintwierkt. Virun allem awer kéint een da bedarfsorientéiert produzéieren amplaz profittorientéiert. Et kéint ee mat vill manner Geld eng vill méi effikass europäesch Defense organiséieren an och nach eng Iwwerproduktioun u Krichsmaterial verhënneren.

Här President, déi Verschwendung vu Steiergelder gëtt nach eng Kéier verstäerkt duerch déi onsäglech Approche mat de pauschale quantitative Rüstungsziler: 2 % vum PIB, 3 %, 5 % ... Wie bitt méi? Amplaz emol fir d'éischt ze kucken, wat dann eigentlech gebraucht gëtt, stellen d'Regierungen einfach ëmmer méi héich Budgeten op, fir dann duerno ze kucken, wéi se déi Suen nees iergendwéi lassginn. An dat ass och aus finanzpolitescher Siicht komplett onsënneg.

Wien déi aktuell Debatt verfollegt, dee mierkt ganz schnell: An der Rüstungspolitick ginn déi ökonomesch Interessie viru sécherheetspolitesch Iwwerleeunge gestallt. Och dës Debatt huet dat erëm gewisen. D'Fro, wéi eng Capacitéiten dann elo tatsächlech gebraucht ginn, ass der Fro ënnergeuerdent, wat déi Rüstungsausgaben der eegener Wirtschaft kéinte bréngen – an dat iwwerall an Europa. All Regierung kuckt an éischter Linn duerno, wéi eng Depensen der eegener Wirtschaft eppes bréngen, amplaz wéi eng Zort vun Depensen zu enger méi effizienter europäescher Verdeedegung géife féieren.

Och hei zu Lëtzebuerg schéngt et virun allem drëms ze goen, e militäresch-industrielle Komplex opzebauen an iergendwéi en ökonomesche Retour ze kréien. Säit 2014 suckele sech déi eenzel Verdeedegungsministeren iergendwellech Depensen aus de Fangeren, fir d'Virgabe vun der NATO ze erfëllen, mat als eenzegem Krittär, datt dann do och eppes fir d'Wirtschaft erausspréngt. Ob sech mat deenen Investissementer eis Sécherheet erhéicht, ass Niewesaach. Wéi sech déi Lëtzebuerger Arméi an eng gesamteuropäesch Defense aschreift, ass och Niewesaach.

An d'Resultat gesi mer: D'Lëtzebuerger Arméi huet eng „composante terrestre, aérienne, spatiale, médicale et de cyber-securité". Mee franchement: Dat ass geckeg fir e klengt Land!

De Problem vun der europäescher Verdeedegungspolitick ass net budgetärer Natur. En ass politescher Natur. Et sinn déi politesch Dissonanzen tëscht den europäesche Länner, déi d'Schwächt vun Europa ausmaachen. An dat kritt Der och mat weideren Honnerte Milliarde Militärausgaben net geännert.

Um geopoliteschen Niveau ass déi wichtegst Brochlinn d'Roll vun de Vereenegte Staaten an der europäescher Sécherheetspolitick. Et gëtt déi Länner, déi sech wëlle sécherheetspolitesch vun den USA emanzipéieren, an et gëtt déi Länner, déi komplett no Washington ausgeriicht sinn, ënner anerem well se hiren europäesche Partnerlänner net vertrauen. An dertëschent gëtt et dann allméiglech Ofstufunge vu Länner, déi probéieren, op deenen zwou Hochzäiten ze danzen, dorënner och Lëtzebuerg.

An eraus kënnt eng Kakofonie vun nationalen Usiichten. Jiddweree verfollegt seng eegen Ziler an

Interessien, wat ganz vill Méikäschte verursaacht. Wéi an enger WG, wou jiddwereee säin eegene Frigo a seng eege Wäschmaschinn am Zëmmer huet.

An där Situatioun, ouni klore Plang, ouni Koordinatioun an ouni Kollaboratioun, wäert déi massiv Erhéijung vun de Budgeten d'Fragmentéierung vun der europäescher Verdeedegungspolitick nach eng Kéier beschleunegen. An dorunner änneren och déi Virschléi vun der EU-Kommissioun näischt.

Här President, dem russesche President seng aggressiv Politick kann engem Angscht maachen, geneesou wéi dem amerikanesche President seng Onberechenbarkeet. Et ass richteg, datt een dat net einfach ignoréiere kann, mee einfach drop lass Honnerte Milliarde weider ausginn, dat féiert net nëmmen zu Geldverschwendung, dat ass och geféierlech.

De Premier Luc Frieden sot den Dënschden, déi beschte Sécherheetspolitick wär, Stäerkt ze weisen. Ech muss Iech soen: Mech huet dat erféiert, well ech mengen, datt dee Saz perfekt déi Sakgaass illustréiert, an déi mer amgaang sinn eranzegoen. Well wat geschitt, wann all Land op dëser Welt der Meenung ass, datt déi beschte Sécherheetspolitick ass, Stäerkt ze weisen? Dat wier nämlech d'Enn vum Multilateralismus a vum Vëlkerrecht. An als Premier vun engem klenge Land soll ee sech dat zweemol iwwerleeën, éier ee seng Aussepolitick op d'Recht vum Stäerkere baséiert. Zumindest dat hate seng Virgänger verstanen.

Well d'Konzept vum Sécherheetsdilemma beseet, datt all Investitioun, déi e Land mécht, fir seng eege Sécherheet ze erhéijen, automatesch en Onsécherheetsgefill bei allen anere Länner provozéiert, déi dann hirersäits nees Mesüren huelen, fir hir eege Sécherheet ze erhéijen. An dat féiert zu deem Däiwelskrees vun der Opräschtungsspiral, déi mer grad erliewen. Et mécht d'Welt net méi sécher – am Géigendeel.

Eiser Meenung no däerf Europa fir d'Militär nëmmen esou vill ausginn, wéi onbedéngt néideg ass, fir d'Sécherheet vun Europa ze assuréieren. D'Besoine mussen unhand vu reale Bedroungszenarien analyséiert a fixéiert ginn, an da muss no deene käschteneffizientste Weeër gesicht ginn, fir déi Ziler ze erreechen. Dofir muss d'Rüstungsindustrie an ëffentlecher Hand sinn an et muss eng vun den USA onofhängeg europäesch Sécherheetspolitick geduecht ginn, déi reng defensiv ausgeriicht ass.

Wat mer brauchen, ass eng intelligent Neiorientéierung vun deene bestoende Budgeten an e politesche Konsens tëschent den europäesche Partnerlänner. An dann ass et och ganz gutt méiglech, datt ee géif feststellen, datt d'Budgete kéinten erofgoen amplaz eropzegoen. Virun allem sinn awer déi beschte Militärausgaben déi, vun deene kee Gebrauch gemaach gëtt. An duerfir muss dréngend no enger neier Sécherheetsarchitektur gesicht ginn – fir Europa, mee och fir d'Welt.

Eiser Meenung no däerfe mer déi aktuell Degradéierung vun den internationale Bezéiungen net als Fatalitéit unhuelen a mussen alles drusetzen, fir dee Prozess ze stoppen. Mir brauchen eng staark diplomatesch Strategie, déi op Deeskalatioun, vertrauensbildend Moossnamen, Stäerkung vum Multilateralismus a vum Vëlkerrecht ofziilt. A mir mussen nei Initiativen zur internationaler Rüstungskontroll a Gang setzen, fir datt mer aus der aktueller Rüstungsspiral nees erauskommen.

A genee dofir sollt esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg sech international asetzen. Dorobber sollte mer eis aussepolitesch Strategie opbauen. Ech mengen, datt et engem Land wéi Lëtzebuerg ganz gutt zu Gesiicht géif stoen an et souguer noutwendeg ass, eng Kraaft ze sinn, déi Brécke baut a sech fir Fridden a Vëlkerverstännegung asetzt, sou wéi mer dat an eiser Geschicht ëmmer gemaach hunn a wat ëmmer d'Stäerkt vun eisem Land war.

Merci.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An da wär et un der Regierung, Stellung ze huelen. D'Wuert kritt d'Madamm Minister fir Verteidegung.

***Prises de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Här Chamberspresident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëll natierlech domat ufänken, Merci ze soe fir dësen Debat. Et ass e ganz wichtegen Debat zu engem ganz weesentleche Sujet. Ech wëll och dem Gusty Graas an der Souskommissioun e grousse Merci soen. Et ass e ganz exzellente Rapport, deen Der do geschriwwen hutt.

Ech mengen, op de Kontext brauch ech net weider anzegoen. Mir hunn de Paradigmewiessel gesi säit dem 24. Februar 2022. Déi geopolitesch Situatioun an d'Sécherheetslag, déi sinn, wéi se sinn: komplex, volatill an, mengen ech, wierklech ganz geféierlech.

An dësem Debat gëtt et, mengen ech, zwee Voleten: den europäesche Volet an den nationale Volet. An da sinn déi zwee natierlech ganz enk matenee verbonnen. Ech wëll och meng Riedezäit mam Kolleeg Lex Delles deelen. Hei gëtt et ganz vill Matière ze couvréieren. Ech leeë mol einfach lass. An da wëll ech natierlech och nach op verschidde Froen agoen. Ech hoffen, mir hu genuch Zäit. A wann net, da musse mer dat an de Chamberskommissioune vläicht nohuelen.

Et ass ganz gutt erklärt ginn: Am Mäerz 2024 sinn d'EDIS an den EDIP, de Programm vun der Strategie, proposéiert ginn. Dat ass op Basis scho vun Noutmoossnamen, déi am Fong relativ direkt geholl gi sinn no der russescher Invasioun vun der Ukrain, wou sech méi direkt a spezifesch och drop konzentréiert ginn ass, fir iwwer zwee verschidde Programmer méi séier Munitioun ze produzéieren an och méi zesummen ze kafen. Do hate mer effektiv schonn an der Chamberskommissioun driwwer geschwat.

Wat wëlle mer mat dësem Programm a mat dëser Strategie erreechen? Ech mengen, et ass ganz kloer: Mir wëllen éischtens d'europäesch Defenseindustrie méi performant maachen. Zweetens wëllen a musse mer d'Lacunnen an d'Schwächten iwwerwannen. Drëttens wëllen a musse mer d'Kompetitivitéit vun der Industrie stäerken. A véiertens wëlle mer d'Investissementer méi effikass an och méi kollaborativ gestalten.

Fir den EDIP-Programm sinn 1,5 Milliarden Euro zwëschent 2025 a 2027 virgesinn. Donieft, muss een och soen, ass de FAST-Programm proposéiert, dee fir eis, Lëtzebuerg, och wierklech, mengen ech, wichteg ass, well et hei dann och méi spezifesch ëm d'PMEe geet.

Ech mengen, d'Notwendegkeet vum EDIP-Programm steet ausser Fro. Mir musse besser a méi zesummen an d'Defense investéieren. Mir maachen dat schonn – an et ass och mentionéiert gi vu verschiddene Riedner – zesumme mat der Belsch, verschidden Akeef, déi mer do zesumme maachen am Kader vum binationale Batailloun. Mee d'EU muss sech eebe strateegesch opstellen, fir d'Defenseindustrie ze renforcéieren a fir sech och d'Moyenen ze ginn, fir dass dëst séier an och kontrolléiert ka geschéien.

Doriwwer eraus brauche mer och verschidden nei Saachen: Sougenannt „Ever-warm"-Produktiounslinne solle mer opstellen, déi zu all Moment kënnen agesat ginn; e Mechanismus opstellen, fir och gemeinsam Produiten ze verkafen, wéi gesot, och fir d'PMEen ze ënnerstëtzen; a virun allem eis Versuergungslinne sécheren an déi och méi resilient maachen.

Dat sinn alles Risendefien. An do stelle sech natierlech eng ganz Rei Froen. Fir just op e puer vläicht anzegoen am Kontext vum EDIP:

Zum Beispill d'Integratioun vun der Ukrain an d'europäesch Industrie. Dat ass natierlech limitéiert, mee awer hei e wichtege Schrëtt. Dee muss och genau beduecht an och gutt gemanaget ginn. Mir gesinn dat an der aktueller Situatioun als eng Noutwendegkeet un an ënnerstëtzen dëst och am limitéierte Kader vum EDIP.

Finanzement: 1,5 Milliarden Euro, mengen ech – do si mer eis op alle Fall als vill État-membrë mol eens –, dat geet net duer. Mee d'Europäescht Parlament seet, mir brauche carrement 15 Milliarden. Voilà, déi Diskussioune mussen natierlech dann och mam Europaparlament gefouert ginn. D'BEI – se ass och mentionéiert ginn de Mëtteg – ass hei och e wichtegen Acteur. An do begréisse mer natierlech och déi rezent Ouverture vun der Bank an deem Sënn.

Déi aner grouss Fro, déi ech awer hei wëll mentionéieren, dat ass d'Eligibilitéit. Dat ass och hei mentionéiert ginn. De Moment wëll d'Kommissioun, dass op d'mannst 65 % vun engem Produit, dee mam EDIP finanzéiert gëtt, mussen aus der EU kommen. Verschidden État-membrë wëlle méi, anerer wëlle manner Flexibilitéit. Bon, mir fannen, dass de Seuil vu 65 % genuch Flexibilitéit léisst. Mee do ass de Conseil des ministres aktuell blockéiert.

Niewent dem EDIP an der EDIS sinn nach aner Initiativen. Ech ginn elo net an den Detail dovunner an. SAFE a „ReArm". Ech mengen, et ass och mentionéiert ginn: de Whitepaper, dee vum neie Kommissär fir d'Defense presentéiert ginn ass. Et geet hei ëm 800 Milliarden Euro, déi solle mobiliséiert ginn. Bon, schlussendlech ass de Programm natierlech och e wichtegt ekonomescht Element fir d'Unioun. Mir mussen eis europäesch Industrie méi staark opstellen, mee – an ech mengen, do ginn ech deene ganz Recht, déi dat scho mentionéiert hunn – hei si ganz oft déi national Reflexer, déi leider predominéieren an déi dat Ganzt dann net ëmmer ganz effikass maache respektiv – an dat ass och mentionéiert ginn – net interoperabel.

Kuerz zum Lëtzebuerger nationale Volet: Retour économique ass fir eis ganz, ganz wichteg. Et ass natierlech elo net just an der Direction de la défense, wou mer dat hikréien. Dat ass e bëssen en All-of-Government-Effort. Dofir hu mer och ganz séier d'lescht Joer en interministerielle Groupe de travail opgesat. Dem Här Delles seng Collaboratricen a Collaborateure sinn do mat dran, souwéi och déi vun anere Ministèren, y compris dann och Luxinnovation.

Mee fir e Retour économique wierklech ze assuréieren, dat geet net vun haut op muer. Do schaffe mir drun. Mir wëssen, dass mer zu Lëtzebuerg keng etabléiert Defenseindustrie hunn, déi fäerdeg militäresch Ausrüstung produzéiert. Do si mir an eisen Akeef natierlech op aner Fournisseuren aus dem Ausland ugewisen. Also, fir eis ass et wichteg, dass mer op där enger Säit d'Lëtzebuerger Industrie an déi international Defenseliwwerkette mat erakréien, éischtens, an op där anerer Säit, zweetens, déi national Base industrielle et technologique dann opbauen.

Mir wëssen, dass mer haut scho verschidde Firmaen hunn, déi groussen ausländnesche Firmaen zouliwweren. Wat fir eis awer och ganz wichteg war iwwert déi lescht Joren, ass, fir emol iwwerhaapt de Lëtzebuerger Defenseekosystem dann och ze verstoen. An do ass exzellent Aarbecht mat der Luxinnovation zesumme gemaach ginn. Luxinnovation huet e Katalog opgestallt. Dëst Joer kënnt dann déi véiert Editioun dovunner eraus. Do ginn dann 110 Betriber opgelëscht. Just fir ze soen: 2022 waren dat der nach 43. Mir hu Luxinnovation och den Optrag ginn, e Mappingtool ze entwéckelen, fir eng méi granulaire Visioun vun eisem Ekosystem ze kréien. Dee wäert ons dann och erméiglechen, d'Betriber an hir Produkter op Basis vu Krittäre besser ze identifizéieren.

Da wëll ech Iech och soen, dass Lëtzebuerg d'Demande gestallt huet, fir Member ze gi vun der OCCAR. Dat ass d'Organisation for Joint Armament Cooperation. An ech mengen, eis Memberschaft do wäert ons och erlaben, Lëtzebuerger Industrien a gréisser europäesch Rüstungsprogrammer eranzekréien, wat dann deelweis och d'Äntwert ass op Froen, déi vu verschiddenen Deputéierten hei gestallt gi sinn.

Fir mech ass d'Visibilitéit och vun eisen Entreprisen an eisem Ekosystem ganz wichteg. Mir gi vill méi proaktiv drop an, fir op gréisser international Defensefoiren ze goen. Dëst Woch fënnt zum Beispill eng Defensefoire zu Krakau statt. D'Paris Air Show, wou mer higinn. A fir d'éischte Kéier gi mer och op d'London Defence and Security Equipment International. Dat ass am September. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer do proaktiv sinn am Interessi vun eisen Entreprisen.

Dann ass et och wichteg, dass eis Entreprisë verstinn, wéi se kënne bei NSPA-Marchéë matmaachen, fir se doriwwer ze informéieren. Dofir hat ech d'NSPA gefrot, fir en NATO Industry Day fir Lëtzebuerger Entreprisen ze maachen. Dat war am Abrëll. An do hunn dann och 52 Lëtzebuerger Entreprisë matgemaach.

D'lescht Joer hate mer fir d'éischte Kéier de Luxembourg Defence Technology and Innovation Day am November. Dat war e Risesuccès. Dofir wëlle mer dann och eng zweet Editioun dëst Joer am Dezember maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll Iech och informéieren, dass mer ganz aktiv am R&D-Beräich sinn. Dir wësst et: Innovatioun ass hei wierklech ganz weesentlech, an dat musse mir weider förderen. D'EU exigéiert, dass mer 2 % vun eisem Defensebudget an R&D investéieren. Mir sinn haut schonn doriwwer, bei 3,4 %.

Also, mir schaffen och, ouni elo an d'Detailer ze goen – dat kënne mer awer gären och eng Kéier an enger Chamberskommissioun maachen –, u Programmer, wou Lëtzebuerger Entreprisë kënne matmaache beim European Defence Fund a bei der European Defence Agency. Do gesäit een och, dass vill méi Entreprisen entre-temps do matmaache bei esou Calls par rapport zu deene Jore virdrun, an dat a ganz verschiddenen Domäner: vu Cyber, bis Space, bis Airdefence, wéi och Groundcombat.

Um nationale Plang hu mer och Calls gemaach. Dat war am Prinzipp ëmmer all zwee Joer. 2022 war e Call. Hei si mer éischter dann an Dual-use-Technologien ënnerwee. D'lescht Joer hate mer e Call gemaach. Mir wëllen elo kucken, fir dat järlech ze maachen an och déi Budgeten eropzesetzen, well Recherche an Developpement eeben an Dual-use-Technologië fir eis och dee richtege Wee no vir ass, wa mer hei wëlle weider investéieren.

Mir schaffen un enger Stratégie industrielle de défense fir Lëtzebuerg. Den Här Delles wäert Iech méi Prezisiounen dozou ginn.

Ech wëll awer och nach e puer Wierder soen iwwert – an et ass vu villen hei mentionéiert ginn – d'Recommandatioune vun der Chambre de Commerce a vun deem Groupe de travail „Défense". De Minister Delles an ech hu si empfaang, ier se hir Recommandatioune public gemaach hunn. Si hunn eis déi virgestallt. Mir hunn dat och wierklech begréisst. Dat wëll ech och hei soen. Dat ass ganz begréissenswäert. Do si verschidde ganz interessant Pisten. Zu verschiddenen hu mir eis eege Reflexiounen och scho méi laang gemaach. Aner Saache setze mer am Fong och schonn ëm. Dat heescht, d'Zil, eng Base industrielle et technologique de défense fir Lëtzebuerg opzebauen, dat ass natierlech en Zil, wat mir och verfollegen.

An enger vun de Recommandatioune geet et och ëm d'Offsetmesüren. Dat hu mir effektiv och juristesch analyséiert. Do musse mer eis jo och trotzdeem am Kader vum EU-Recht upassen. Dat ass eng Praxis, déi am Ausland ganz gang und gäbe ass. Do hu mir och gekuckt: Wéi maache se dat an anere Länner? Do si mer och nach amgaangen, mee ech mengen, no där Analys, déi mir gemaach hunn – an do ass wierklech eng ganz grouss Viraarbecht gemaach ginn –, si mir dann och elo prett, fir dës Offsetmesüren an nächsten Acquisitiounen dann och mat ze negociéieren. Dat war eng vun de Recommandatiounen.

Eng aner Recommandatioun ass, de legislative Kader unzepassen. Och däers si mer eis ganz bewosst. Do si mer mat deenen zoustännege Ministèren natierlech am Kontakt. Hei geet et ëm eng eventuell Upassung vum Waffegesetz. An net méi spéit wéi de Moie war am Wirtschaftsministère de Kick-off-Meeting vum Groupe de travail „Législation Défense", dee sech mat deem Sujet befaasst.

Et waren e puer Froen, wou ech vläicht nach wëll ganz kuerz drop agoen.

Cyber: Am Cyber maache mer ganz vill. Mir hunn eng Cybercloud op d'Bee gestallt. Do gëtt et jo och e Gesetzesprojet. Do gëtt weider dru geschafft. Dat fonctionéiert, also ass amgaangen, weider ausgebaut ze ginn. Eng Cyberrange, déi och fonctionéiert. Mir si permanent am Asaz, och a multilateralen Exercicer. Wat wichteg ass, ass, dass mir eisen Ekosystem do mat eranzéien, dass déi gutt opgestallt sinn an aus esou Exercicer och léieren. Et ass kloer, dass och den HCPN natierlech e weesentleche Rôle an der Cybersécherheet vun eisem Land spillt.

Et war rieds vum Bréif vum Här Rutte, sengem Food for Thought Paper. Dat ass kee Bréif. Dat ass e Pabeier, deen zu Bréissel virgestallt ginn ass. Dat ass och e klassifizéiert, confidentielt Dokument, wat ech awer am Detail am Huis clos an der Chamberskommissioun virgestallt hat. Wann Der do nach méi wëllt driwwer wëssen – ech hat Iech zwar gesot, wat fir Informatioune mir do hunn –, da kënne mer natierlech ganz gären an der Chamberskommissioun nach driwwer schwätzen.

Satellittecapacitéiten: Bon, do kéint een och elo länger driwwer schwätzen. Mir hunn do eng gutt Roll natierlech am SATCOM-Beräich. Fir dat dann och weiderzemaachen, musse mer weider an dës Industrie – dann haaptsächlech d'SES – investéieren a se ënnerstëtzen. Dat maache mer, andeems mer elo amgaange sinn, de GovSat-2, wéi Der wësst, auszeschaffen. A mam LUXEOSys fir d'Äerdobservatioun – dee soll am Prinzipp am Summer lancéiert ginn – si mer natierlech och ganz gutt ënnerwee.

E leschte Punkt vläicht nach, well gëschter an haut ganz vill iwwer Infrastrukturprojeten a „Wéi finanzéiere mer dat alles?" geschwat ginn ass. Bon, ech schwätzen elo net fir de Finanzminister, wëll awer eppes soen iwwert d'Infrastrukturprojeten, well dat mer och ganz um Häerz läit. Et gi keng Infrastrukturprojeten no hanne geréckelt. Ech mengen, den Invest, dee musse mer héichhalen. Alles anescht wär, mengen ech, eng Katastroph fir d'Zukunft vun eisem Land, wär och den absolutt falsche Message ...

**Une voix** | Ganz richteg!

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | ... fir eis Ekonomie. Et wär dee falsche Message fir eis Gesellschaft. An ech menge wierklech au contraire, dass mer hei Synergië fanne mussen. Mir wëllen, dass eist Land méi resilient ass an onsécheren Zäite wéi haut. Dofir musse mer och an Infrastrukturen investéieren, déi mer dann och ugerechent kënne kréien am Effort de défense. An hei si mer natierlech och am Dual Use ënnerwee. Hei schwätze mer vu Mobilité militaire. Hei schwätze mer vun Investissementer an de Fluchhafen. Also, mir brauchen hei en Ëmdenken. An dat maachen ech zesumme mat den Ekippen an och an der Regierung a menger Capacitéit als Verdeedegungs-, mee awer och als Travaux-publics-Ministesch.

D'europäesch Defenseindustrie ass indispensabel fir d'Zukunft, mengen ech, vun Europa. Mir mussen an eis Defense investéieren. Mir wäerte muer an der Chamberskommissioun méi am Detail doriwwer schwätzen. Fir mech ass dat eng Saach vu Kredibilitéit. Et ass eng Saach vu Verantwortung. Et ass och eng Saach vu Solidaritéit.

An an eis Verdeedegung investéieren, dat ass kee Selbstzweck. Hei geet et ëm eist Land. Hei geet et ëm eis Demokratie, ëm eis Fräiheet an och ëm eis Wäerter. Dat heescht, mir investéieren an eis Sécherheet. Mir investéieren awer och an eis Ekonomie. An all déi Diskussiounen do ronderëm wäerte mer natierlech mat der Chamber zesumme féieren an déi Decisiounen zesumme mat der Chamber huelen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Minister fir Defense Merci. Et ass nach, Madamm Minister, eng Fro, déi d'Madamm Braz Iech wollt stellen, wann Der d'accord sidd. Dann huele mer déi direkt.

**Mme Liz Braz** (LSAP) | Merci fir déi vill Erklärungen. Déi hunn och op vill Froe scho geäntwert. Ech hunn nach zwou Froen.

Dat eent ass effektiv dee Bréif do. Dat war elo eppes, wat ech an deene leschten zwee, dräi Deeg an der Press gelies hat, dee wär d'lescht Woch un 32 NATO-Länner geschéckt ginn. Ech weess net, ob mer elo vun deem selwechte schwätzen oder ob mer vun zwou verschiddene Saache schwätzen. Ech hat et esou verstanen, wéi wann dat ganz rezent wär. Dat huet déi hollännesch Regierung och uganks vun dëser Woch als Éischte matgedeelt, dass dee Bréif soll erausgaange sinn. Dofir sinn ech net sécher, ob mer vun deem selwechte schwätzen.

Dann hat ech nach d'Fro gestallt iwwert de Parapluie nucléaire. Do sidd Der elo net drop agaangen. Ech mengen, dass dat awer och net onbedeitend ass an der Diskussioun vun der gemeinsamer europäescher Defense.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Baz. Madamm Minister.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Ma da kucke mer, ob mer vun deem selwechte Bréif schwätzen, vläicht wa mer eis muer an der Chamberskommissioun gesinn.

Also, d'nuklear Dissuasioun, dat gëtt vun der NATO assuréiert. An ech mengen, wann do Initiative ware vu Frankräich, sinn ech mir elo net bewosst, dass do an deem Kontext grouss Zesummenaarbecht elo ënnerwee ass. Mee fir eis ass d'nuklear Dissuasioun wierklech iwwert d'NATO assuréiert.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Ech hunn nach zwou Wuertmeldungen. Concernéiert dat d'Madamm Minister direkt oder huele mer de Wirtschaftsminister, den Här Delles, virdrun?

*(Interruption par M. Tom Weidig)*

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Den Här Delles misst och nach d'Wuert kréien.

**M. Claude Wiseler,** Président | Et ass direkt hei un d'Verteidegungsministesch. Déi Zäit gëtt der Regierung och ofgerechent. An den Här Delles kritt se selbstverständlech fir ze schwätzen. Fir d'éischt hat den Här Mosar sech gemellt, dann den Här Weidig. Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Merci, Madamm Minister. Mäin exzellente Kolleeg Alex Donnersbach an ech selwer ...

**Plusieurs voix** | A!

*(Hilarité)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... hate scho gëschter respektiv haut nach eng Kéier widderholl déi Propositioun gemaach, well mer ganz vill vun engem Defencehub schwätzen, wat ech och eng exzellent Iddi fannen. An do brauche mer Infrastrukturen. Do nach eng Kéier d'Fro opgeworf, ob een de Freeport um Findel net kéint dofir notzen. Dat ass iwwregens eng Iddi, déi och ganz vill Sympathien huet bei all deenen Entreprisen, déi sech och mat deene Froen do beschäftegen. Dir hutt nach net op déi Fro geäntwert. Ech wär och ganz frou, wann Der eis dorobber kéint äntweren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Minister.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Ganz gären, Här Mosar. Ech weess, dass mer scho ganz vill, och a menger viregter Capacitéit, iwwert de Freeport geschwat haten. An d'Zukunft vum Freeport ass natierlech eppes, wat mer an der Regierung kucken. Mir hate rezent eng Visitt zwëschent Collaborateure vu verschiddene Ministèrë am Mäerz dohinner. An elo – dat ass och scho méi laang geplangt – ufanks Juni wäerten do verschidde Collaboratricen a Collaborateuren aus Ministèren, y compris dem Finanzministère, sech zesummesetzen, fir ze kucken, wat mer mam Freeport an Zukunft, le cas échéant, da kënne maachen. Ech mengen, Dir proposéiert hei eng Pist. Ech géif soen, dat ass eng Pist, déi soll mat an dës Diskussioune fléissen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, merci, Madamm Minister. Ech hat a menger Ried gesot, datt, souwäit ech weess, op den ESG-Ausschlusslëschte vum Pensiounsfong nach ëmmer Airbus drop ass. Rolls-Royce ass drop, Honeywell. Dat si wierklech Firmen, déi absolutt essentiel si fir eis europäesch Verteidegungsindustrie. Ech hat och erwäänt, datt den neien EU-Programm ganz kloer seet, datt den Opbau vun der europäescher Rüstungsindustrie net soll vum ESG-Korsett limitéiert ginn. Duerfir wollt ech Iech ganz konkreet froen, ob Dir oder d'Regierung d'Intentioun hutt, déi dräi Firmen erofzehuele vun där ESG-Exklusiounslëscht.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Minister.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Défense | Ech sinn elo net direkt responsabel fir dëse Fong. Ech mengen, mir brauche Finanzementer, fir all dës Saachen ze maachen. Fir iwwert de Pensiounsfong, wat do dran ass a wat net dran ass a wat couvréiert ass, ze schwätzen, ass fir mech keen Tabu. Ech wëll awer elo hei soen, dass dat net direkt a meng Kompetenz fält. Mee ech mengen, dat si Saachen, do muss ee kënnen driwwer schwätzen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Da wär d'Wuert fir den Här Wirtschaftsminister, dee 14 Minutten Zäit huet, fir dat alles ze maachen.

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Ech verspriechen Iech, dass ech et méi kuerz maachen. Ech mengen, zemools wat wichteg ass, hei aus der Diskussioun erauszefannen, ass, dass jiddwereen – bal jiddwereen – hei averstanen ass, dass mer musse méi investéieren, dass mer och musse kucken, e Retour économique ze kréien, dass mer musse kucken, wéi mer eis national an awer och europäesch kënnen opstellen.

Ech mengen, d'Diskussiounen, déi mer haut hei an der Chamber féieren, wiere viru fënnef, zéng Joer nach ganz anescht gefouert ginn, wa mer kucken, wéi eng Entreprisë mer zu Lëtzebuerg hunn, haten, woura mer investéieren. Elo och grad ass nach eng Fro doriwwer komm, wéi déi Materialien, wéi déi verschidden Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg bestinn, sech och weider developpéieren, fir och am Dual Use kënnen aktiv ze ginn.

De Retour économique geet net vun haut op muer. Et ass also net, dass mer elo hei soen: „De Schalter gëtt ëmgeluecht an da wäerten déi ganz Investissementer, déi an d'Defense solle fléissen, direkt e Retour économique fir Lëtzebuerg hunn." Dat ass och net d'Zil. A wann all Land esou géing denken, da géinge mer net virukommen, well Lëtzebuerg wäert eleng net kënne genuch produzéieren, wäert ëmmer mussen akafen – wat och gutt ass, dass mer eng europäesch Strategie do hunn. Mir mussen also hei och am europäesche Gedanke weider fonctionéieren. A mir wäerten, wéi gesot, hei zu Lëtzebuerg och net alles produzéieren. Mir wäerten net alles kënnen an net wëlle produzéieren. Mee natierlech, do, wou et néideg a méiglech ass, musse mer och kënne mat derbäi sinn.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg – an ech wëll hei och nach eng Kéier drop zréckkommen, wat d'Madamm Backes an och verschidde Virriedner gesot hunn – e ganze Mapping gemaach, wou ee gesäit, dass mer elo schonn eng ronn 110 Acteure ronderëm d'Defense hei zu Lëtzebuerg hunn. Dat geet vu ganz klenge Startuppen, déi amgaange sinn, bis zu PMEen, bis awer och zu ganz groussen industrielle Betriber, déi verschidden Deeler, sief et an de Materialien zum Beispill, och elo schonn an der Defense mat kënne benotzen. Dat sinn déi Deeler, déi weidergi ginn, déi exportéiert ginn an aner Länner.

An ech hunn elo grad nach eng Diskussioun gehat iwwer Airbus, wat e ganz gutt Beispill ass, wann een esou eng Firma hëlt. Et ass net all eenzelt europäescht Land, wat en eenzelne Fliger baut. Nee, et gëtt en europäeschen Airbus, wou Fligeren developpéiert ginn, wou och verschidden zu Lëtzebuerg produzéiert Deeler mat dohinner ginn.

Mir mussen also weiderkommen, fir eebe grad an déi Verdeedegungsliwwerketten och kënne mat eranzekommen, dat iwwer verschidde Weeër. Wou mer elo e ganz grousst Potenzial gesinn, ass bei Recherche-an-Developpements-Projeten, dass mer den Entreprisen d'Méiglechkeet ginn, eebe grad och doranner mat ze investéieren, Recherchen ze maachen, Innovatioun matzebréngen.

An do deelen ech d'Meenung vun deene Lénken net, well ech et nämlech ganz wichteg fannen, dass och grad lëtzebuergesch an europäesch Entreprisen déi Hëllefe kréien, fir Recherche et développement ze maachen, fir innovativ Iddie weiderzebréngen, fir d'Recherche an de Betriber ze maachen, fir nei Materialien, nei Prozesser, nei Saachen ze developpéieren.

Well ech wëll hei just eng Kéier ganz kuerz drop opmierksam maachen, dass ganz vill Saachen, déi am Fong fir militäresch Zwecker developpéiert gi sinn, wou ganz vill Suen dra gestach gi sinn, fir se ze developpéieren ... D'Mikrowellen zum Beispill. De Mikrowellenuewen, deen een doheem huet, do ass d'Basis militäresch developpéiert ginn, fir Feinde kënnen ze detektéieren. Dofir si se initialement developpéiert ginn. An doraus ass de Mikrowellenuewen entstanen.

En anere Volet, méi rezent, ass d'Virtual Reality, déi haut am Fong am Gaming ganz present ass, déi een och op anere Plaze gesäit. Déi ass initialement developpéiert ginn, fir Kampfjetpilote kënnen auszebilden. Also och do Innovatioun, déi an de Betriber weiderentwéckelt ginn ass fir eeben och grad militäresch Zwecker, déi am Dual Use haut ganz anescht benotzt gëtt, mee wou déi ganz Innovatioun an déi ganz Developpementer do ronderëm developpéiert gi sinn, fir kënne weiderzekommen.

D'Fro vun de Finanzementer ass gestallt ginn. Wouhier sollen déi zousätzlech Finanzementer kommen? Jo, et ass richteg, dass een net ka soen: „Déi zousätzlech Depensen, déi op Lëtzebuerg duerkommen, ginn op d'Käschte vun iergendeppes." Dat ass richteg. Ech mengen, do ass och en Accord heibannen. Mee iergendwou mussen d'Suen awer hierkommen. A wa mer eis eng Kéier ganz déif an d'Ae kucken, da wësse mer, dass mer och hei zu Lëtzebuerg net iergendeng Source hunn, wou et spruddelt, wou mer soen: „Mir huelen elo einfach alles do eraus a mir ginn déi zousätzlech Suen doran."

Dofir d'Iddi, esou wéi et och am État de la nation annoncéiert ginn ass, fir op deenen dräi Pilieren déi Finanzementer ze maachen. Dat eent ass iwwer e Fong, deen opgeluecht gëtt. An ech mengen, och do ass de Premier drop agaangen, fir zesumme mat der SNCI ze kucken, wéi mer kënnen e Fong opleeën, deen eebe grad an d'Defense an awer natierlech Dual Use mat investéiert, fir kënnen do en Deel Investissementer ze maachen. Dat Zweet ass, fir kënnen en Deel Investissementer iwwert de Budget ze maachen, fir ze kucken, wéi eng Projete wierklech och dat Budgetsjoer gemaach ginn, fir do vläicht méi genee hinzekucken. An en drëtte Volet ass ze kucken, fir iwwer Schold déi Finanzementer ze maachen. Dat sinn, mengen ech, déi dräi eenzeg Pilieren, déi een hëlt. Wann een ee Pilier dovunner wëll sträichen, ma da muss een déi zwee aner ganz einfach eropsetzen. Ech mengen awer, dass et ganz sënnvoll ass, et eebe grad op déi dräi ze verdeelen, fir déi Investissementer awer och kënnen ze maachen.

D'Zesummenaarbecht ass ugeschwat ginn, ob een net soll eng Taskforce en place setzen. Ma mir hunn déi! Mir hunn déi Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddene Ministèren. Muss een elo en Haut comité oder e Comité très élevé maachen, fir dat ze kucken? Mir schaffe ganz pragmatesch eebe grad tëschent dem Defenseministère, dem Wirtschaftsministère, Luxinnovation, dem Finanzministère, de

verschiddenen Acteuren zesummen, fir ze kucken, wéi mer an déi Richtung kënne goen. Mee natierlech wäert dat net vun haut op muer einfach – Schalter ëmgeluecht, wéi ech virdru gesot hunn – lafen. Mir wëssen awer, dass et eebe grad do, wou mer kënnen och lëtzebuergesch Produiten an déi europäesch Liwwerkette mat erabréngen, sënnvoll ass. A mir haten och do scho verschidde Pisten, déi ugeschwat gi sinn, besonnesch eebe wa mer vu Materialie schwätzen oder wa mer vun anere Secteure schwätzen.

An deenen Haaptsecteuren, wou mer awer elo amgaange sinn – sief et Cybersecurity, déi genannt ginn ass, déi ganz wichteg ass, wou mer wäit sinn, Satellitten, Kommunikatioun, Earthobservation –, och do, wou mer Betriber schonn hunn, gëllt et eebe grad weiderzekommen, fir deenen Entreprisen op där enger Säit kënne Méiglechkeeten ze ginn. An dann déi Satellitten, déi och ugeschwat gi sinn: Och do ass déi Zesummenaarbecht mat lëtzebuergeschen Entreprisen oder aneren esou wichteg. $IRIS^2$ ass och e Projet, en europäesche Projet, wou mer zu Lëtzebuerg och ganz frou sinn, dass mer Lëtzebuerger Entreprisen hunn, déi do mat dra ginn, fir eebe grad kënnen e Contrepoids ze maachen zu anere Satellittekonstellatiounen, fir dass mer als Europa net dependant si vun aneren.

Ech erënneren hei drun, dass et am Fong un enger Persoun louch, déi konnt de Knäppchen ëmleeën, ob Starlink nach géing engem Land, wat am Krich ass, Capacitéiten zur Verfügung stellen. Dat sinn alles Froen, wou mer eis awer als Europa mussen déi richteg Froe stellen a wou mer och mussen investéieren. A mir hunn als Regierung och do déi néideg Decisioune geholl, fir kënnen do mat op de Wee ze goen an dat och ze begleeden.

Dann de Weltraumsecteur, deen ech ugeschwat hunn, awer och d'Materialfuerschung. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg elo schonn Entreprisen, déi eebe grad an der Materialfuerschung ganz wäit sinn, wou Stécker elo scho bei Airbus ginn zum Beispill, fir do kënne Wannen ze maachen oder aner Deeler. Ech war d'lescht Woch nach bei Airbus selwer a Spuenien, wou mer gesinn hunn, dass eng lëtzebuergesch Entreprise zum Beispill Plastiksfilmen dohinner liwwert, fir Vakuumen do ze maachen. Et gëtt also elo schonn Entreprisen, déi direkt oder indirekt an der Defense aktiv sinn, fir kënnen do weiderzekommen.

Ech mengen, dass eebe grad den Appell vun der Chambre de Commerce fir déi Zesummenaarbecht an där Taskforce, déi si sech ginn hunn, och eng Kéier weist, dass mer hei am Parlament gesinn, dass déi Investissementer solle gemaach ginn, dass mer solle kucken, wéi mer do virukommen als Lëtzebuerg, mat op enger gewëssener Aart a Weis och engem Retour économique, op där anerer Säit mer musse kucken, als Europa eis ze stäerken, an drëttens och de Privatsecteurpotenzial do ze gesinn, fir déi Developpementer ze maachen an déi verschidden Entreprisen, déi mer do hunn.

Da kënnt nach d'Fro vun den Terrainen. Mir hunn direkt gekuckt, dass mer Terrainen, wann Entreprisë géinge kommen, an de Zone-d'activitéen hätten, wann eng Entreprise sech wéilt zu Lëtzebuerg implantéieren. Déi Méiglechkeete sinn do.

Da kënnt déi Fro ronderëm e ganzen Hub: Wëll een en ofgesécherten Deel – et rejoignéiert e bëssen dat, wat den Här Mosar gefrot huet – fir e gewëssene Site huelen oder hëlt een en anere Site, dee komplett protegéiert ass, wou een och ka Produktioun maachen? Oder ass et just Stockage? Ech mengen, wann Der vum Freeport schwätzt, dann ass et éischter Stockage, dee just do méiglech ass, mee Produktioun wier do net méiglech. Wat sinn do d'Erausfuerderungen? Wat ass, wann esou Entreprisë kommen? Wat ass de Rôle vum Staat an der Resilienz an an der Protektioun vun esou Sitten? An och do si mer amgaangen, drop ze schaffen, fir eeben direkt prett ze sinn, wann esou Entreprisë kommen, sech wëllen installéieren a wëlle weidermaachen.

Ech mengen awer, wa mer zesummen an deene verschiddene Beräicher weiderschaffen, da wäerte mer och weiderkommen. Zu engem Retour économique wëll ech awer hei jiddwerengem nach eng Kéier kloer soen, dass et ënnert dem Stréch net drëm geet: een Euro depenséiert – een Euro an der Lëtzebuerger Wirtschaft. Neen! Wann all Land esou géing denken, da wären haut déi Beispiller, déi ech Iech genannt hunn, vun enger Plastiksfilmfirma oder vun enger Firma, déi an de Materialien ass, och net am Ausland, well nämlech do Lëtzebuerg och net deen eenzege Client ass bei esou Firmen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Ech hunn nach eng Demande, fir eng Fro ze stellen. Den Här Fayot wollt Iech eng Fro stellen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Et ass elo eng ganz Partie Kéiere gesot ginn, och gëschter vum Premierminister a senger Ried, dass natierlech d'Satellitten ee Beräich sinn, wou mer evidenterweis wéilte weider dran investéieren. En neie LuxGovSat ass ernimmt ginn, wou mer och natierlech e Retour économique hunn.

An deem Kontext ass natierlech och gewosst, dass d'SES virun net allze laanger Zäit fusionéiert huet mat engem amerikaneschen Acteur. Et ass och gewosst, dass do eng Partie Mouvementer waren, fir d'Gouvernance e bëssen ze änneren, dat heescht, fir u sech de Lëtzebuerger Ancrage awer zum Deel ze contestéieren, wat d'Gouvernance ugeet, sief et iwwert den Aktionariat, iwwert déi B-Shares oder iwwert d'Sëtzer am Conseil d'administration. Et ass natierlech esou, dass mer, wa mer esou e strateegesche Betrib hunn, deen och weider hei zu Lëtzebuerg hunn an dass mer natierlech och eng staark staatlech Participatioun hunn an och de Contrôle doriwwer behalen.

An dofir wollt ech nach eng Kéier froen, ob dat och sécher ass en vue vun deene ville Suen, déi mer weiderhin nach an d'SES investéieren, dass dat och net a Fro gestallt ass, dat heescht déi staark Lëtzebuerger Empreinte vun där Entreprise.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister.

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | D'Regierung gesäit dat do genau d'nämmlecht, dass mer dee staarken Ancrage hei zu Lëtzebuerg hunn. An ech mengen, bei Projete wéi $IRIS^2$ zum Beispill, wéi LuxGovSat, déi Der genannt hutt, wat just zwee Beispiller sinn, ass et wichteg fir Lëtzebuerg, fir och kënnen do dee Site vun der SES, also deen Ancrage hei zu Lëtzebuerg vun der SES, ze hunn. Do si mer ganz op enger Linn.

Merci villmools.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Sujet ofgeschloss.

***Motions***

Zwou Motioune sinn deposéiert ginn, déi mer elo kënnen diskutéieren.

***Motion 1***

Ech fänke mat der Motioun 1 vum Här Arendt un. Här Arendt, Dir hutt se presentéiert. Wëllt Dir elo schwätzen? Duerno eventuell. Wie wëllt dozou d'Wuert huelen? Den Här Sehovic gesinn ech, d'Madamm Braz, den Här Weidig. Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Mir fannen, dass d'Motioun a groussen Zich ënnerstëtzenswäert ass. Mir géinge gären eng Propos maache fir en Amendement, also fir een Tiret bäizesetzen, deen ech Iech heimadder gäre géing virliesen, wou mer proposéieren, dass mer dat ganz um Schluss vun der Motioun bei den Invitten derbäimaachen: „invite le Gouvernement à veiller à ce que l'augmentation des dépenses de défense n'ait pas pour conséquence une réduction des investissements essentiels dans les infrastructures civiles, la transition énergétique et la résilience climatique, lesquels constituent également des piliers fondamentaux de la sécurité à long terme du pays."

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Mir huelen dann d'Madamm Braz.

**Mme Liz Braz** (LSAP) | Bon, eischtens, et ass e laangt Dokument. Ech krut et elo fäerdeg gelies. Wann een dat liest, huet een e bëssen d'Gefill, mir géifen hei vun enger Arméi vu 60.000 Mann schwätzen an et wär vläicht éischter en Dokument, wat een a Frankräich misst an der Assemblée presentéieren. Hei feelt eppes. Et ass op alle Fall kohärent am Verglach zum État de la nation. Et ass Wirtschaft, Steiererliichterungen, mir schwätze vun der Finanzplaz. Et feelt awer fir eis d'Balance an deem Ganzen. An eiser Motioun si mer vill och op dat Eethescht, op déi gesellschaftlech Implikatiounen agaangen, an déi musse bei eis Hand an Hand goen, wann ee vun der Defense, och mam wirtschaftleche Volet, schwätzt. Dat feelt eis hei.

Ech sinn och iwwerrascht, well mer e Rapport ugeholl hunn an der Aussepolitick, iwwert dee mer elo haut hei geschwat hunn, an do gëtt d'Chamber sech selwer Fuerderungen, déi mer solle presentéieren, dont notamment déi Feuille de route fir Lëtzebuerg. Mir hu se an eiser Motioun. Ech ka mer virstellen, wéi dat fir eis Motioun wäert ausgoen. Ech fannen et awer schued, dass ech iwwerhaapt näischt dovunner hei erëmfannen, de Rapport, dee vun der DP hei virgestallt ginn ass. Ech géif nach eng Kéier froen, dass mer eis déi Feuille de route ginn. Ech mengen, dat ass e wichtegt Instrument, wat derzou bäidréit, dass mer e Kalenner opstellen, dass mer e Suivi garantéieren an och fir Transparenz suergen, virun allem wa mer awer hei vun esou enorme Montanten iwwert déi nächst Jore schwätzen.

Wann dat net de Fall ass, kënne mir déi dote Motioun esou net matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Braz. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, mir begréissen dës Motioun a mir wëlle se matstëmmen. Bon, e puer Formuléierungen hätte mer vläicht e bëssen anescht gemaach, mee et ass ok. Eppes aneres: Et gëtt hei iwwert d'Rüstungsindustrie geschwat. Ech mengen, do hätt een natierlech och nach dee Volet kënnen nennen, datt natierlech d'Diplomatie wichteg ass, eng staark Ekonomie wichteg ass, eng staark Energiepolitick an eng staark Gesellschaft. Dat ass och fondamentalement essentiel. Mee am grousse Ganzen, wann ee sech wierklech nëmmen op déi europäesch Rüstungsindustrie konzentréiert, da fanne mer, datt dat eng gutt Motioun ass, a mir stëmme se mat.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Dann ass den Här Clement drun an duerno den Här Donnersbach an dann den Här Baum.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Mir hunn déi Motioun mat ënnerschriwwen, dofir

wäerte mer se natierlech och matdroen. Ech begréissen och d'Propos vun de Kolleege vun déi gréng, fir hei nach e Saz bäizesetzen. D'Motioun war scho fäerdeg geschriwwen zu deem Zäitpunkt, dofir kann ech dat nëmmen novollzéien, datt mer déi awer elo nach mathuelen.

Ech wollt awer vläicht op zwee Punkte vun der Motioun ganz konkreet agoen. Dat eent, dat ass den Defencehub. Ech mengen, déi zwee Ministeren hunn dat jo elo wierklech in extenso och nach eng Kéier gesot, an ech wollt wierklech kloerstellen, datt, wa mer déi Motioun hei ënnerstëtzen a matstëmmen, dat net ass, fir elo schonn iergendwéi eng Virentscheedung ze huelen, wéi deen Defencehub soll ausgesinn a wou e soll hikommen. Och wann hei an der Chamber elo déi lescht zwee Deeg Reesender ënnerwee waren, fir eis ee konkreete Projet ze presentéieren, esou wëll ech kloermaachen, datt fir eis do muss open-ended mol gekuckt ginn, wat dann iwwerhaapt gebraucht gëtt a wat iwwerhaapt Sënn mécht, éier mer do eng Entscheedung géifen huelen.

An dat Zweet, dat war schonn an der Ried ugeklongen, datt mer fir „Lux4Defence" eng propper Presentatioun maachen, datt net nëmmen d'Regierung dat examinéiert, wéi et an der Motioun gefuerdert ass, mee datt mer och nach eng Kéier eng In-extenso-Presentatioun an der Kommissioun maachen. Ech mengen, dat ass och aus der Ried schonn erauskomm, datt mer dat kréien.

Duerfir ass dat hei fir eis ganz an der Rei.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Här Donnersbach.

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Jo, merci, Här President. Mir hunn déi Motioun hei och mat ënnerstëtzt an ënnerschriwwen. Ech mengen, et ergänzt nach eng Kéier e puer vun de Fuerderungen, déi mer och am Rapport hunn. An dowéinst ass dat eng gutt Saach.

Ech wëll nach eng Kéier dorop insistéieren, datt et eebe wichteg ass, datt mer als Lëtzebuerg elo séier agéieren, fir déi Industriestrategie en place ze setzen, well et ass awer eppes, wou an den nächste Méint eng ganz Rei Decisioune wäerte geholl ginn. An do ass et wichteg, datt mer als Lëtzebuerg derbäi sinn.

Mat dem Amendement vun de Gréngе si mer och averstanen. An domat, voilà, ginn ech d'Wuert zréck.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Donnersbach. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech hu mer dat hei och ugekuckt, d'Invitten un d'Regierung. An dat hei ass jo dann elo e liberale Konjunkturprogramm, deen opgeluecht gëtt, wann ech mer dat hei esou ukucken. Wann Der mer virdrun nogelauschtert hutt, dann ass eng vun eise Konklusiounen, datt grad déi Schwéierpunktsetzung op de Return-on-Invest vun all eenzelnem Memberstaat innerhalb vun der Europäescher Unioun ee vun de Grënn ass, firwat mer keng koordinéiert europäesch Defense kënnen hunn. Dat hei gëtt heimadder forcenéiert, an duerfir kënne mer dat hei net matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Den Här Sehovic huet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Jo, ech wollt dann nämlech soen, dass, wann den Amendement ugeholl ass, ech natierlech géing recommandéieren, dass mir derfir stëmmen, well dat dann och méi Kloerheet géing bréngen par rapport zu verschiddenen Deklaratiounen aus deene leschten Deeg.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Den Här Weidig. Also, jiddwereen däerf zweemol, net dräimol. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, also mir fannen deen Amendement vun deene Gréngen net gutt, well déi Motioun ass ganz kloer, datt d'Rüstungsindustrie soll gestäerkt ginn an esou weider. A wa mer dat doten derbäimaachen, dann hu mer nees Zwäng an da muss een nees dat kucken oder dat kucken an esou weider. An d'Fro stellt sech dann natierlech ëmmer: Wou kommen déi Suen hier? An do muss een heiansdo Prioritéite setzen an der Regierung. An ech mengen, d'Regierung huet jo gesot, am Moment wier et eng Prioritéit, déi europäesch Rüstungsindustrie ze stäerken. An ech mengen, datt mer hinnen do keng Steng an de Wee sollte leeën, andeems mer soen, datt se forcéiert sinn, alles ze prestéieren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Da kritt den Auteur nach eng Kéier d'Wuert, fir d'Konklusioun ze zéien. Här Arendt.

**M. Guy Arendt** (DP) | Jo, merci, Här President. Ech soen och Merci fir déi verschidden Interventiounen. Ech wëll just soen: Deen Amendement vun deene Gréngen huele mer selbstverständlech och mat un, soudatt d'Motioun quasi vun all de Parteie gedroe gëtt.

Dofir soen ech Merci an da stelle mer se elo zum Vott.

**M. Claude Wiseler,** Président | Wann Dir et scho sot, Här Arendt, da maache mir dat.

*(Hilarité)*

Voilà, elo stëmme mer also of. Den Auteur ass d'accord mat der Propositioun, déi den Här Sehovic gemaach huet. Et ass also déi amendéiert Versioun mat där Propositioun, iwwert déi mer elo ofstëmmen. Ob dat dann à l'unanimité geet, dat gesi mer elo. Dofir maache mer e Vote électronique.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant la situation internationale marquée par une volatilité, une incertitude, une complexité et une ambiguïté, caractérisée par l'affirmation croissante d'acteurs contestataires tels que la Chine et la Russie, ainsi que par la tendance de certains alliés traditionnels, notamment les États-Unis, à réorienter leurs priorités vers d'autres régions que l'Europe ;*

*– considérant la guerre d'agression menée par la Russie contre l'Ukraine, les attaques hybrides persistantes de la Russie et de ses partenaires contre les États membres de l'Union européenne et de l'OTAN, ainsi que la menace symétrique que représente la Russie pour l'Europe et l'ensemble de la zone euro-atlantique ;*

*– considérant les efforts de l'Union européenne et de l'OTAN visant à renforcer les capacités de défense collective et de dissuasion ;*

*– considérant la Déclaration de Versailles du 11 mars 2022, la boussole stratégique pour renforcer la sécurité et la défense adoptée le 21 mars 2022 ainsi que les conclusions des Conseils européens des 14 et 15 décembre 2024 et du 6 mars 2025, qui soulignent la nécessité pour l'Europe d'assumer une plus grande responsabilité dans sa propre défense, de renforcer son niveau de préparation, de combler ses lacunes capacitaires stratégiques et de renforcer sa base industrielle et technologique de défense européenne (BITDE) à l'horizon 2030 ;*

*– considérant les besoins constants de l'Ukraine dans son combat pour la défense de son territoire contre l'agression russe, et son rôle de première ligne de la défense européenne ;*

*– considérant les lacunes capacitaires critiques des armées européennes, notamment dans les domaines des catalyseurs stratégiques, de la défense aérienne et antimissile, des capacités cyber et de guerre électronique, ainsi que de la mobilité militaire ;*

*– considérant que la crédibilité du Luxembourg en tant qu'allié fiable et partenaire engagé dans la défense collective européenne et euro-atlantique dépend de sa capacité à contribuer aux objectifs capacitaires actuels et futurs définis dans le cadre de la planification de défense de l'OTAN ;*

*– considérant le rôle central de la BITDE dans les efforts de réarmement européens, afin de répondre à la demande croissante des forces armées et de combler les lacunes capacitaires identifiées ;*

*– considérant les défis persistants auxquels est confrontée la BITDE, allant du sous-investissement structurel à la fragmentation des marchés et aux difficultés d'accès au financement ;*

*– considérant le dynamisme croissant de la BITDE luxembourgeoise,*

*invite le Gouvernement à*

*– suivre l'approche proposée par la Stratégie industrielle européenne de la défense et à analyser une éventuelle participation au Programme pour l'industrie européenne de la défense ;*

*– soutenir le développement de la BITDE luxembourgeoise, notamment dans les secteurs où elle dispose d'un avantage comparatif reconnu ;*

*– veiller à l'intégration des entreprises luxembourgeoises dans les chaînes de valeur des marchés de défense européens et de l'OTAN ;*

*– soutenir la place financière luxembourgeoise dans sa mobilisation en tant que plateforme de financement au service des industries stratégiques européennes, au bénéfice de la sécurité et de la défense collective de l'Europe et de la zone euro-atlantique ;*

*– instaurer un cadre juridique et fiscal attractif, pour favoriser l'implantation de fonds d'investissement spécialisés dans le secteur de la défense au Luxembourg ;*

*– examiner le rapport « Lux4Defence : 10 recommandations pour développer une BITDE renforcée au Luxembourg » publié par la Chambre de Commerce et, le cas échéant, mettre en œuvre les recommandations jugées pertinentes ;*

*– évaluer la possibilité d'identifier dans les meilleurs délais un hub de défense, c'est-à-dire un espace physique répondant aux besoins spécifiques des entreprises du secteur de la défense ;*

*– analyser le cadre législatif encadrant l'industrie de défense, surtout la loi du 2 février 2022 relative aux armes et munitions, et introduire, le cas échéant, des adaptations ciblées ;*

*– analyser le cadre législatif encadrant les investissements et le financement de l'industrie de défense, et, si nécessaire, adopter des mesures ciblées visant à faciliter l'investissement par les acteurs privés et publics dans le secteur de la défense ;*

*– accorder une priorité accrue aux achats auprès de fournisseurs nationaux et européens, lorsque cela est possible ;*

*– donner la priorité aux achats conjoints avec d'autres États membres de l'Union européenne ;*

*– s'engager au niveau européen en faveur de la défragmentation des marchés européens et de la mutualisation des achats ;*

*– soutenir le développement de solutions européennes dans les domaines où une forte dépendance vis-à-vis de partenaires extérieurs persiste, notamment en matière de catalyseurs stratégiques et de défense aérienne ;*

*– veiller à une coopération intense entre l'Union européenne et l'OTAN, acteurs complémentaires et piliers de la sécurité européenne et euro-atlantique ;*

*– mobiliser l'ensemble des instruments à la disposition du Gouvernement afin d'agir rapidement, compte tenu de l'ampleur des investissements prévus dès cette année dans le secteur de la défense et face à la concurrence internationale, en s'appuyant sur les atouts économiques que le Luxembourg offre d'ores et déjà ;*

*– veiller à ce que l'augmentation des dépenses de défense n'ait pas pour conséquence une réduction des investissements essentiels dans les infrastructures civiles, la transition énergétique et la résilience climatique, lesquels constituent également des piliers fondamentaux de la sécurité à long terme du pays.*

*(s.) Guy Arendt, Sven Clement, Alex Donnersbach, Gusty Graas, Laurent Mosar, Tom Weidig.*

***Vote sur la motion 1 modifiée***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ech waarden nach ëmmer op eng Procuratioun warscheinlech. Ech gesinn, dat ass méi komplizéiert. Da schléissen ech de Vott esou of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 40 Stëmmen, Nee: 14 Stëmmen, Abstentioun: 5 Stëmmen. Dës Motioun ass also ugeholl mat 40 Jo-Stëmme bei 14 Nee-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Guy Arendt), Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Dat war et zur Motioun Nummer 1.

***Motion 2***

Da komme mer zur Motioun Nummer 2 vun der Madamm Braz. Madamm Braz, wëllt Dir elo eppes soen?

*(Négation)*

Duerno eventuell. Wie wëllt zu der Madamm Braz hirer Motioun d'Wuert huelen? Keen? Ok, dach, den Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, also mir fannen, och hei ass et ... Ech mengen, wa mer elo wierklech eng nei Relance wëlle maache vun der Rüstungsindustrie, dass mer dann net sollen ufänken, Evaluatiounen ze maachen, déi Méint a Joren daueren. An da mat deem eethesche Charakter: Ok, et ass natierlech wichteg, datt d'Eethik do mat erafléisst. Mee wann een da gesäit, wat passéiert ass mat deenen ESG-Krittären, wou am Fong geholl genau de Géigendeel passéiert, wou mer am Fong eis éischter méi Problemer anhandelen an dann a méi oneethesch Situatioune kommen. Duerfir fanne mir, datt dat doten alt nees eng Kéier Steng an de Wee leet, fir eng staark europäesch Rüstungsindustrie ze maachen. An duerfir wäerte mir dat net matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Déi heite Motioun ass ganz ënnerstëtzenswäert a ganz complementaire zu der éischter. Duerfir recommandéieren ech menger Fraktioun, se ze ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Här Arendt.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Bon, et sinn natierlech interessant Punkten dran. Mee eng ganz Partie Saache gi scho gemaach souwisou vum Ministère aus. A mir hunn, wat de Retour économique ubetrëfft, jo d'Stratégie industrielle de défense. An d'Ministesch kënnt jo reegelméisseg an d'Kommissioun, fir eis iwwert d'Depensen ze informéieren, soudatt ech mengen, datt se, fir den Term ze gebrauchen, superfetatoire ass. Also, mir géinge se net unhuelen.

*(Interruptions)*

Enfin.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Arendt. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Dat béist Wuert, wat den Här Arendt elo benotzt huet, wäert ech dann net benotzen, keng Angscht. Ech fannen d'Motioun ganz sympathesch an et schwätzt näischt dogéint, se matzestëmmen.

Et muss ee sech awer vläicht eng Fro stellen, an dat ass, ob een dee leschten Invite wierklech an eng Motioun muss schreiwen. Well ech hat geduecht, datt dat u sech misst selbstverständlech sinn. Zumindest wa mir dat an der leschter Legislatur a Motioune geschriwwen hunn, déi un LSAP-Ministeren adresséiert waren, krute mer ëmmer gesot, dat misste mer net maachen, dat wier jo selbstverständlech, datt d'Ministere géifen an d'Chamber kommen. Mee bon, dat ass d'Politique politicienne. Mir kënnen et trotz deem Invite matstëmmen, well en ass eis ganz sympathesch. Mir hunn dat déi lescht Legislatur op alle Fall ëmmer gemaach, och wa mer dann d'Motiounen ofgeleent kruten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Här Donnersbach.

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Jo, ech wollt mech just mengem Virriedner vun der DP uschléissen. Déi Motioun ass fir eis superfetatoire, an domat géife mer se net matdroen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Donnersbach. Nach eng aner Wuertmeldung? Dat ass net de Fall. Da kritt d'Madamm Braz d'Wuert.

**Mme Liz Braz** (LSAP) | Här Clement, wann Dir Iech un deem leschte Saz stéiert, dee kann ech Iech eraushuelen.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Den Här Weidig huet vun enger staarker Defense geschwat. Ben, mir sinn natierlech och fir eng staark Defense, mee net nëmmen. Dat muss och eng nohalteg Defense sinn. Dat muss am Interêt vun de Leit gemaach ginn. An dat muss och virun allem, trotz allem, sozial gerecht sinn. Well och dat geet an der Defense. An dofir si mir einfach der Meenung, dass een do net däerf knallhaart duerch d'Mauer goen an iwwerhaapt keng Rücksicht méi op eethesch Consideratiounen huelen. Grad an deem heite Beräich sinn eethesch Consideratiounen nun emol essentiel. Dass Dir net esou denkt, dat wonnert mech net. Mee mir bleiwen dobäi, dass dat esou ass, wéi mir eis Defensepolitick mussen organiséieren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Braz. Domat wär dann d'Diskussioun zu dëser Motioun ofgeschloss.

An ech géing d'Motioun Nummer 2 vun der Madamm Braz zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 2***

De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 18, Nee: 41, Abstentioun: 1. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 41 Nee-Stëmme bei 18 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 18 voix pour et 41 voix contre.*

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Guy Arendt), Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

## 5. 8314 – Projet de loi ayant pour objet le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation

An da géinge mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, an zwar dem Projet de loi Nummer 8314 iwwert d'Erneierung vun de Bäihëllefe fir d'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Formatioun. Hei si mer an engem Basismodell: 10 Minutte fir de Rapporter, 5 Minutte jeeweils fir all Fraktioun a Sensibilitéit, fir d'Regierung 10 Minutten. Et si schonn ageschriwwen: d'Madamm Modert, den Här Fayot, den Här Weidig, d'Madamm Welfring an den Här Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporter vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme***

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President. De Régime d'aides fir d'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun soll mat dësem Gesetzesprojet, dem Gesetzesprojet 8314, erneiert ginn. Dat ass essenziell, fir déi gréng an déi digital

Transitioun vun eiser Wirtschaft ze ënnerstëtzen an d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Betriber op europäeschem an op internationalem Niveau ze fërderen an ze stäerken.

Dëse Gesetzestext baséiert op der Revisioun vum EU-Reglement mat der Nummer 651/2014, dat den 1. Juli 2023 a Kraaft getrueden ass. D'Reglement erlaabt et de Memberstaaten, bestëmmt Hëllefen ze accordéieren, ouni am Virfeld mussen eng Notifikatioun ze maachen.

De Gesetzestext ersetzt déi geännert Gesetzgeebung vum 17. Mee 2017 a baséiert sech op dës EU-Reegelen, ausser fir d'Hëllefen ënner 100.000 Euro, déi dem Reglement mat der Nummer 1407/2013 vun der EU-Kommissioun vum 18. Dezember 2013 ënnerleien. Dësen neie Kader vereinfacht a beschleunegt d'Attributioun vun Hëllefen, besonnesch fir kleng a mëttelstännesch Betriber, déi sougenannt PMEen.

Déi gréng an digital Transitioun ass e Kärelement vun der Lëtzebuerger Wirtschaftsstrategie. D'Strategie „Ons Wirtschaft vu muer" setzt an dësem Kontext op Innovatiounsmoossnamen, déi op Date berouen, déi hëllefen, fir eng nohalteg an diversifizéiert Wirtschaft ze entwéckelen.

Dësen Text erlaabt et dem Wirtschaftsminister, eventuell an Zesummenaarbecht mat aneren zoustännege Ministere strateegesch Initiativen am Beräich vun der Innovatioun duerch konkurrenziell Appels à projets fir d'Attributioun vun den Aidë fir Recherche-an-Developpement-Projeten ze ënnerstëtzen.

Hei kënne verschidde strateegesch Secteure viséiert ginn, beispillsweis am Beräich vun der Dekarboniséierung, der Kreeslafwirtschaft, den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, der Industrie 4.0, de Gesondheetstechnologien, de Weltraumtechnologien, an der Logistik oder och nach am Finanzsecteur.

Dës nei Approche vun der Attributioun vun den Aidë garantéiert eng gréisser Flexibilitéit, fir déi erausfuerderend Ziler vun der duebeler Transitioun ze erreechen.

An Zesummenaarbecht mam Fonds national de la recherche, dem FNR, sollen d'Appels à projets awer och virun allem d'Synergien, also d'Zesummenaarbecht, tëscht der ëffentlecher an der privater Fuerschung stäerken, dëst beispillsweis duerch d'Kofinanzéiere vu Projeten duerch Betriber an ëffentleche Fuerschungsinstituter, wéi der Uni Lëtzebuerg, dem Luxembourg Institute of Science and Technology, dem LIST, oder dem Luxembourg Institute of Health, dem LIH.

Fir d'Bedeelegung vun de Betriber ze encouragéieren, kënnen am Kader vun de Projetsopriff, de sougenannten Appels à projets, déi zréckbehale Projete vu méi héije Kofinanzementer profitéieren. Dëse Kofinanzement gëtt nach gehéicht am Fall vun engem Projet, dee sech an eng Zesummenaarbecht vu verschiddene Memberstaaten aschreift.

Op dës Aart a Weis soll d'Bedeelegung vun de PMEe bei grousse Projete vu gemeinsamem europäeschen Interesse an de Beräicher vun der Fuerschung an der Entwécklung gefërdert ginn.

Dësen Text gesäit och eng nei Hëllef fir den Opbau an d'Moderniséierung vun den Test- an Experimentéierungsinfrastrukture vir. Dës si besonnesch fir Kleng- a Mëttelbetriber geduecht, déi esou den Zougang zu innovativen Technologien zu méi niddrege Käschte kréien.

Déi kleng a mëttelstännesch Betriber kënnen och, wa se e Partenariat mam Wirtschaftsministère ofschléissen, zu engem déiwe Präis oder souguer gratis Zougang zu dësen Infrastrukture kréien. Dëst gëllt och fir Fuerschungsorganisatiounen, wëssenschaftlech Infrastrukturen an Innovatiounszentren. Fir d'Innovatioun nach méi ze fërderen, si méi héich Hëllefe fir d'PMEe virgesinn, déi innovativ Produktiounsprozesser oder Organisatiounsmethoden an hirem Secteur unhuelen.

Da wëll ech awer nach ënnersträichen, datt dëse Gesetzestext – oder dëse Projet de loi besser gesot – och de Kofinanzement op nationalem Plang vun de Fuerschungs- an Entwécklungsprojeten erméiglecht, déi scho vum Fonds européen de défense oder duerch de Programme européen de développement industriel de la défense ënnerstëtzt ginn. Dëst kënnt eis zegutt an Zäiten, wou d'Investissementer an déi national Sécherheet ëmmer méi wichteg ginn.

Här President, d'Wirtschaftskommissioun krut zu dësem Projet fënnef Avisen eran. De Staatsrot huet am éischten Avis verschidde formell Oppositiounen ausgeschwat. Déi héich Kierperschaft weist och explizitt drop hin, dass dësen Text et erlaabt, duerch sougenannt konkurrenziell Appels à projets strateegesch Orientatiounen am Beräich vun der Innovatioun en place ze setzen.

Weiderhin huet de Staatsrot dorop opmierksam gemaach, dass op Basis vun der Fiche financière dem CTIE zousätzlech Budgetsmëttel missten zur Verfügung gestallt ginn, fir den informatesche System unzepassen.

An hirem complementairen Avis konnt déi héich Kierperschaft, de Staatsrot also, dank den Amendementer all formell Oppositiounen ophiewen.

D'Handelskummer begréisst an hirem Avis d'Haaptzilsetzung vum Gesetzesprojet, nämlech d'Fërderung vun Innovatioun, d'Ënnerstëtzung vun der duebeler Transitioun – béid ekologesch an digital – an d'Stäerkung vun der Attraktivitéit an der Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

D'Handelskummer begréisst och déi nei Modalitéite fir d'Attributioun vun den Aiden, och d'Aféierung vun enger Hëllef fir d'Moderniséierung vun den Test- an den Experimentatiounsinfrastrukturen. Dës Modalitéite wieren elo méi op d'Bedürfnisser vun de klengen an de mëttelgrousse Betriber zougeschnidden.

Gläichzäiteg weist d'Handelskummer dorop hin, dass finanziell Hëllefen eleng net duerginn, fir eng wierksam Innovatiounspolitick ze ënnerstëtzen. Si recommandéiert dofir eng reegelméisseg Bewäertung vun dësen Hëllefsinstrumenter, fir sécherzestellen, datt d'Moossnamen och op laang Siicht wierksam sinn an ugepasst kënne ginn.

D'Handelskummer ënnersträicht nach d'Noutwendegkeet, déi administrativ Prozeduren ze vereinfachen a fir méi Transparenz bei den Delaie fir d'Beaarbechtung vun den Dossieren anzeféieren, fir esou de Bedürfnisser vun de klengen Entreprisen a besonnesch och de Startuppe gerecht ze ginn.

D'Handelskummer bedauert awer, datt et keen Texte coordonné vum modifizéierte Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Promotioun vun der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun géif ginn, wat fir eng besser Lieserlechkeet an eng Rechtssécherheet an deem Sënn suerge géif.

An hirem complementairen Avis freet d'Chambre de Commerce no weideren Detailer, fir d'Lieserlechkeet, d'Lisibilitéit, an d'Kloerheet vum Text ze verbesseren.

D'Handwierkerkummer begréisst de Gesetzesprojet an ënnersträicht, datt d'Handwierk eng wichteg Roll a verschiddene strateegesche Beräicher vun der grénger an der numeerescher oder digitaler Transitioun spille kann.

Si ënnerstëtzt d'Aféierung vun den Appels à projets fir d'Attributioun vun den Hëllefen, fuerdert awer eng reegelméisseg Bewäertung vun dëser Prozedur, fir d'Bedeelegung vun de PMEen ze analyséieren an d'Instrumenter deementspriechend unzepassen.

Dës Beruffskummer stellt fest, datt dës Hëllefe méi un d'Bedürfnisser vun den handwierkleche PMEen ugepasst sinn, wéi dat eebe virdrunner de Fall war.

Si kritiséiert och d'Feele vun engem koordinéierte Gesetzestext.

Fir weider Detailer zum Fong an och zu den Avise verweisen ech natierlech op dee schrëftleche Rapport a ginn heimadder awer ganz gären den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a wënschen Iech elo schonn e gudden Appetit. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Bauler, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Eng staark a kompetitiv Wirtschaft brauch systematesch Innovatioun, Forschung an Technologietransfer. An de Bedarf u Forschung an Entwécklung an de Betriber, dee klëmmt. Luxinnovation huet 2024 zum Beispill 124 Ufroen am Beräich Recherche et développement behandelt, an dat sinn der 68 % méi wéi dat Joer virdrun.

105 Projeten a Programmer, déi ënnert dat Gesetz vum 17. Mee 2017, wat jo mat dësem Projet de loi geännert gëtt, falen, huet den Innovatiounsfong fir d'Finanzéierung vun der RDI aviséiert. Esou steet et am Aktivitéitsbericht 2023 vum Wirtschaftsministère. Dat Joer virdru waren et 10 % manner. Dir gesitt, de Bedarf klëmmt.

Allerdéngs muss een och soen, datt nëmme 56 Projete vun deenen 105 ugeholl gi sinn, also eppes manner wéi d'Hallschecht, soudatt also nach Raum fir Verbesserung do ass. Mat dësem Gesetzesprojet soll et zum Beispill de klengen a mëttlere Betriber méi einfach gemaach gi fir matzemaachen.

Dat ass och eng vun de wichtegen Neierunge vun dësem Gesetzesprojet. En ass besser ugepasst un de Bedarf vun de Kleng- a Mëttelbetriber, besonnesch déi aus dem Handwierk. Sou gëtt et méi eng héich Hëllefsintensitéit fir PMEen, déi innovativ Produktiouns- oder Organisatiounsmethoden aféieren. Déi nei Bäihëllefe fir Test- an Experimentatiounsinfrastrukture sinn och méi no un der Praxis. An déi verschidden Ënnerstëtzungsinstrumenter kënne besser kombinéiert ginn.

De Gesetzesprojet war iwwregens nach eng Woch just virun de Wale vum deemolege Wirtschaftsminister Fayot abruecht ginn a steet haut mat Amendementer vu sengem Nofollger Delles zur Ofstëmmung. En huet als Zil, grad an der grénger an digitaler Transitioun d'Forschung an d'Innovatioun an der Wirtschaft ze fërderen.

Aner positiv Punkte vis-à-vis vun deem, deen ech scho gesot hunn, sinn eng flexibel Approche duerch Appels à projets, méi eng héich Kofinanzéierung fir transnational Projeten a besonnesch verstäerkte Synergien zwëschent ëffentlecher a privater Forschung. An dat fannen ech ganz wichteg. Ech hoffen, dass dëst Gesetz och derzou bäidréit, d'Lëtzebuerger Recherche an déi Lëtzebuerger Forschungslandschaft

auszebauen, a mir de Forschungsprozentsaz, deen aktuell nëmme bei liicht iwwer 1 % vum PIB läit, steigere kënnen.

Et gëtt natierlech nach vill hei dozou ze soen, wéi zum Beispill déi nei strukturéiert Klasséierung vu Projeten an engem Appell oder thematesch begrenzten Appels à projets, Projetsopriff, wéi zum Beispill fir Dekarboniséierung oder digital Transformatioun.

Natierlech muss ee kucken, datt d'Verwaltungsofleef an d'Demarchë séier, einfach a kloer sinn, an dat ass grad och fir kleng Betriber wichteg, well soss bréngen all dës Neierungen net genuch.

Här President, mir wëllen, datt eis Betriber an eis Ekonomie mat dëse Moossname gestäerkt kënne ginn, fir sech fir d'Zukunft opstellen ze kënnen a fir eng performant a kompetitiv Wirtschaft: méi dekarboniséiert, méi digital, innovativ a fortschrëttlech. Grad am Kader vun der grénger an digitaler Transitioun sollen d'Forschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun am Privatsecteur vun dësem Gesetzesprojet gefërdert ginn.

An en Zitat aus dem Staatsminister senger Erklärung zur Lag vum Land passt ganz gutt bei dëse Projet: „Innovatioun ass d'Basis vun eisem Fortschrëtt. E modernt Lëtzebuerg muss all Dag doru schaffen, e Virreider bei den neien Technologien ze sinn. An Innovatioun kuerbelt net just d'Wirtschaft un, si ass och d'Basis vum soziale Fortschrëtt." An dofir gëtt d'CSV-Fraktioun hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Modert. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wäert natierlech menger Fraktioun proposéieren, dësen exzellente Projet de loi, deen ech selwer nach am September 2023 deposéiert hunn, matzestëmmen.

*(Hilarité)*

Et ass e Projet, deen effektiv nach wie vor, obwuel en elo annerhalleft Joer al ass, nach ëmmer ganz pertinent ass, well en et eis effektiv erlaabt, eis cibléiert op déi Secteuren ze konzentréieren, déi mer wëlle weiderentwéckelen heizuland.

Wéi en deposéiert gouf, ware mer do spezifesch am Kontext vun der Digitaliséierung a vun der grénger Transitioun, och am Kontext vun europäesche Projete wéi dem Green Deal, dem Net Zero Industry Act. Dat heescht, do ass et ganz vill ëm Nohaltegkeet gaang. Zanterhier ass natierlech d'Defense dobäikomm als grouss Prioritéit. Et muss ee soen: leider. Mee do hu mer en long et en large driwwer geschwat. Dat ass leider och eng Necessitéit, wann een ënner Attack steet, wéi mer dat als Europäer fir de Moment sinn.

Deen éischten Appel à projets am Beräich vun der Defense war och e Succès, wat weist, dass dat heiten en Instrument ass, wat wierklech interessant ass, well et, wéi gesot, erlaabt, ganz cibléiert Secteuren ze entwéckelen, zesumme mam FNR, zesumme mat der Recherche, zesumme mat aneren Instituts de recherche. Dofir ass dat wierklech e ganz gutt Instrument am Déngscht vun der Innovatioun.

Mir begréissen och déi nei Aide fir d'Entwécklung an de Bau vun Essai- an Experimentatiounsinfrastrukturen. Mir wëssen, dass dat eng Stäerkt ass vun der Lëtzebuerger Wirtschaftspolitick. Mir hunn dat gemaach mam High-Performance-Computer. Mir hunn dat an anere Beräicher gemaach, wou mer wierklech Infrastrukturen opbauen, déi dann och net nëmme groussen, mee och klengen a mëttleren Entreprisen zur Verfügung gestallt ginn.

An ech gesinn do ... Et ass vun engem Defencehub geschwat ginn. Et ass och scho vun engem Spacehub geschwat ginn an deene leschte Joren. Mee ech gesinn och ganz besonnesch am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft do en interessante Usecase a ganz spezifesch och am Beräich vun der Konstruktioun, wou mer kënne mat Normen, mat Initiativen, mat Projeten, awer och mat Infrastrukturen, wéi zum Beispill engem Matièrenhaff, wierklech de Betriber an der Konstruktioun hëllefen, op méi eng durabel Aart a Weis ze bauen, mat méi Erëmverwäertung vu Ressourcen. Mir wëssen, dass dat eng Schwächt ass, nach ëmmer, vum Konstruktiounssecteur, an do musse mer, wéi gesot, virukommen. Duerfir ass dat en interessant Instrument.

Zum Schluss vläicht nach awer méi e grondleeënde Gedanken, wann Der erlaabt. D'Fro ass, ob dee Grondgedanken, op deem déi europäesch Aiden alleguerten opbauen, nämlech en onverfälschten, perfekte konkurrenzielle Bannemaart, wou mer wëssen, dass mer eis ëmmer dofir agesat hunn als Lëtzebuerger, nach ëmmer das oberste Ziel ass.

Ech erkläre mech. Ech hu viru Kuerzem e Buch gelies vun engem franséischen Historiker an Ekonomist, dem Arnaud Orain, deen an engem rezente Buch d'Thees formuléiert, dass mer en fait erëm an engem neie merkantilisteschen Zäitalter ukomm sinn. E nennt dat e „Kapitalismus vun der Endlechkeet", wou grouss Imperialmuechten u sech Territoiren, Ressourcen an och Handelsweeër accaparéieren. A mir hunn dat effektiv gesi säit den 2010er-Jore mat Projete wéi „Belt and Road" vun de Chineesen. Mir gesinn dat mat de Materialien, wou effektiv eng Course ass, fir sech déi Saachen ze accaparéieren, fir och Territoiren ze kucken, wéi mer dat mat där neier amerikanescher Administratioun gesinn, soudass dat en fait eng Thees ass, déi net ganz ofweegeg ass.

An an deem Kontext musse mer eis als Europäer froen, wat fir eng Prioritéite mer wëlle setzen. Ob mer net vill méi strateegesch mussen denken, wat mer wëlle maachen, wou mer dat maachen, en fonction vun de Ressourcen, vun der Logistik, vum Klima, e bësse wéi bei der Energiepolitick.

Ech weess, dass dat net eng Diskussioun ass, déi mer just hei zu Lëtzebuerg féieren. Dat ass eng europäesch Diskussioun, déi och ugefaangen huet am Kontext vun der Covidzäit, wou mer schonn esou Iddien haten am Beräich vun der Gesondheetspolitick, an duerno, wéi gesot, bei der Energietransitioun. Mee ech mengen, dass dat eppes ass, wat mer sollte verdéiwen, mat méi integréierte Liwwerketten, wéi justement bei der Verteidegungsindustrie. Dat gëtt dann natierlech e Paradigmewiessel. Mir hunn ugefaangen, dat ze maachen, mat deenen Instrumenter, déi och erwäänt goufen, wéi den „Important Projects of Common European Interest", déi mer natierlech nach musse verdéiwen a wou mer mussen oppassen, wann et dann an déi Richtung geet, dass mer och als Lëtzebuerger do eis Kaart kënne spillen an esou méi grousse Projeten an an neie strateegeschen Ausriichtungen.

Mee ech fannen dee Gedanken interessant. An ech mengen effektiv, dass eppes drun ass. Mir sinn an engem neie wirtschaftlechen Zäitalter ukomm, schéngt et mer, deen eng ganz Rei Ännerungen och fir eis als Europäer wäert mat sech bréngen. Voilà.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. D'Wuert huet elo den Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, merci, Här President. Et ass scho spéit. Ech mengen, Dir sidd all hongreg. Ech sinn och hongreg.

*(Interruption)*

Dat heescht, ech wollt mech kuerz halen. Also, mir sinn als ADR natierlech averstane mam Prinzipp, datt Fuerschung, Entwécklung an och Innovatioun hei zu Lëtzebuerg sollen ënnerstëtzt ginn an och méi ënnerstëtzt ginn. An och administrativ Vereinfachungen, dat ass och eppes, wat eis ganz wichteg ass.

Ech mengen elo, ee Problem ass natierlech ëmmer, wann ee Sue verdeelt, datt een dann ze vill restriktiv Ziler oder ideologesch Ziler mécht, datt d'Fuerscher an och d'Firmen am Fong geholl net wierklech dat maachen, wat se wierklech gäre wëlle maachen, mee éischter dat, wou se dann halt Sue kréien. Mir mussen do flexibel bleiwen, an d'Firmen an och d'Forscher, déi sollten haaptsächlech entscheeden, a wat se solle fuerschen a weiderentwéckelen an innovéieren.

Dat Zweet ass eppes, wat ech oft gesinn hunn, well ech jo an der Industrie vum Venture Capital geschafft hunn. Mir huele vill Suen an d'Hand an da wëlle mer halt Sue fir Projete ginn. De Problem ass natierlech – et ass och wéi am Fussball –: Du hues alljoers nëmmen esou vill gutt Talenter. An do ass et wichteg, datt ee wierklech Projeten ënnerstëtzt, déi wierklech e Sënn maachen an déi wierklech gutt fonctionéiere wäerten, an net einfach seet: „O, mir hunn esou vill Suen. Mir mussen elo onbedéngt all déi Suen a Projete lassginn." Dat ass och kontraproduktiv. An dat ass och eppes, wat ech nach wollt soen. Mee am Prinzipp ass et eng gutt Saach, datt mer Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun maachen, an dofir wäerte mer dat matstëmmen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Här President, fir unzefänke wollt ech eppes zur genereller Approche vun dësem Projet soen, deen, wéi schonn ugeklongen, nach ënnert der viregter Majoritéit deposéiert gouf. Et geet hei ëm spezifesch Hëllefe fir eenzel Betriber, déi Investissementer maachen. Dat steet am Géigesaz zu enger Politick mat der Géisskan, wéi se zum Beispill duerch d'Erofsetze vun der Betribssteier dëst Joer gemaach gouf. Do kritt einfach all Betrib eppes an de facto oft déi grouss méi wéi déi kleng, woubäi dëse Projet de loi, wéi gesot, eng Basis ass, fir eng nei, eng méi innovatiounsorientéiert a selektiv Wirtschaftspolitick ze maachen.

Et ass also e Schrëtt an eng Richtung, déi mir als Gréng scho säit Joerzéngten ëmmer gefuerdert hunn. Rezent gëtt a ganz Europa an doriwwer eraus méi a Richtung vun enger aktiver Wirtschaftspolitick geduecht a geschafft. Och d'Europäesch Kommissioun wëll elo, Zitat, „eng europäesch Industriestrategie op de Wee bréngen" als ee vun hire Kärprojeten. Mir fannen dat, wéi gesot, och gutt a mir wënschen eis eeben och, dass dës Regierung och weider op dee cibléierte Wee geet, souwuel beim Choix vun de Projete wéi och grad bei deenen uviséierten Appel-à-projeten, amplaz, wéi gesot, mat der Géisskan ze schaffen.

Mir begréissen och ausdrécklech, dass dëse Projet d'PMEe besonnesch viséiert, well si sinn d'Réckgrat vun eisem Standuert a si sollten och an eisen Aen an der Wirtschaftspolitick konsequent gestäerkt ginn, och am Sënn vun der Diversifiéierung vun eiser Ekonomie an och well mer méi Resilienz brauche kënnen an dësen onsécheren Zäiten.

Och dass dee Lien tëschent den Entreprisen an der Recherche gestäerkt gëtt, ass eng wichteg Saach. Mir hoffe just, dass den FNR, deen hei als Partner fungéiert, net am Kader vun der kommender Reform geschwächt gëtt. Mee dat gesi mer jo vläicht nach deemnächst, wann deen entspriechenden Text eeben deposéiert gëtt.

Här President, Hëllefe wéi bei dësem Gesetz loosse sech schwéier diskutéieren ouni e Bléck op d'Zuelen. A wann een de Budget kuckt, da gesäit een, dass fir den entspriechende Fong dëst Joer 135 Milliounen Euro virgesi waren. Dat ass eng Baisse vu 5 Millioune par rapport zu 2024. An och déi nächst Jore wuessen d'Beem hei net an den Himmel. Laut Pluriannuel geet et kuerz erop op 153 Milliounen Euro, fir dann erëm 2028 erofzegoen.

Dofir wollt ech de Minister froen, wéi dës Finanzplanung ze gesinn ass a wéi en Zousproch sech de Ministère erwaart fir dës Aiden an och wéi eng Effekter. An dorun ugehaang och d'Fro, ob dës Investitiounsposten och zu deene gehéieren, déi elo wäerten an Zukunft gestreckt ginn, wéi de Finanzminister jo schonns ukléngе gelooss huet.

An e ganz leschte Punkt zum Suivi vun den Hëllefen: Mir géifen eis wënschen, dass de Minister no annerhallwen oder vläicht zwee Joer an d'Chamber kënnt, fir eis e Bilan ze presentéiere vun de Projeten, déi mat dësem Gesetz wäerte finanzéiert ginn, wéi eng Zort Projeten et sinn, a wéi eng Secteure se gaang sinn an och vläicht och wéi eng eeben net zréckbehale goufen. Mir maachen dowéinst elo net extra eng Motioun, mee froen de Minister einfach hei, eis de Bilan ze maachen dann, wann d'Zuelen och do sinn.

Dat gesot, ass dëse Projet, wéi gesot, am Aklang mat enger geziilter, innovatiounsorientéierter Wirtschaftspolitick. En dréit zur Diversifiéierung an domat zur Resilienz vun eiser Ekonomie bäi an huet och besonnesch d'PMEen am Bléck, an dofir stëmme mir dee mat.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. D'Wuert huet elo den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Vu datt et en exzellente Rapport gouf a schonn extensiv Remarken zum Projet, kann ech mech kuerzfaassen. Fir eis Piraten gëtt et hei dräi wierklech positiv Aspekter ervirzehiewen.

Dat eent, dat sinn d'Appels à projets, well mer domadder wierklech geziilt kënnen do hëllefen, wou mer grad Entwécklung hei zu Lëtzebuerg brauchen, datt mer och e bëssen e Steierungsinstrument hunn.

Dat Zweet, dat ass, datt mer speziell Ënnerstëtzung fir jonk an innovativ Betriber hunn. Mir schwätze ganz vill vum Entrepreneursgeescht. Dat ass och nach am État de la nation eng Kéier opkomm. A wa mer vum Entrepreneursgeescht schwätzen, da musse mer dat eeben och erméigleche fir jonk an innovativ ... „Jonk an innovativ" heescht net, datt d'Entrepreneure musse jonk sinn, mee datt d'Betriber musse jonk sinn. Dat heescht, datt mer hei wierklech déi innovatiivste Betriber kënnen hei zu Lëtzebuerg net nëmmen ulackelen, mee och hei halen an och eiser nationaler Ekonomie do kënnen nach zousätzlechen Dünger u sech ginn, fir besser ze wuessen.

An dann dat, wat wierklech ganz positiv hei ze bemierken ass, dat sinn déi nei Delaie fir d'Behandlung vun den Hëllefen, datt mer bei deene méi klenge Projeten elo e strikten Delai vun dräi Méint hunn. Ech weess aus eegener Erfarung, mee och vu Kolleegen, déi an der Ekonomie ënnerwee sinn, datt fréier och mol scho kleng Aidë gäre sechs, siwen, aacht, néng Méint gebraucht hunn, bis se da beschloss goufen. Elo si mer hei bei klengen Aidë bei dräi Méint. Ech hoffen, datt dat och an der Realitéit tatsächlech esou ukënnt, wéi mer et elo an d'Gesetz schreiwen. Mee et schwätzt näischt dergéint, an dofir kann een deem Projet hei nëmmen zoustëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement.

Dann huet den Här Minister fir Wirtschaft, PMEen, Energie an Tourismus d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Ech wëll och Merci soe fir déi grouss an déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi, well et ass ganz wichteg, déi Changementer, déi kommen. Ech wëll net nach eng Kéier am Detail drop agoen, well de Rapporter dat op eng exzellent Aart a Weis gemaach huet. Trotzdeem ass awer den Appel à projets e wichtegen Outil, fir kënnen där Callen ze maachen, eng Mise en concurrence, an dann och cibléiert kënnen déi Aiden ze ginn. An dofir och als Äntwert op der Madamm Welfring hir Fro: Hei kënne mer eebe genau kucke mat deem Top-up, dee mer iwwer e Call hunn, fir méi cibléiert och d'Budgetsplanung ze maachen a Beräicher, déi mer brauchen.

Just nach dräi Adaptatiounen, déi am Fong nom Depot gemaach gi sinn: Den Här Clement huet et gesot, e brauch sech awer keng Suergen ze maachen, ob no deenen dräi Méint eebe grad fir déi kleng Aiden ënner 100.000 Euro en Accord kënnt oder ob et dann nach méi laang dauert, well mir eebe grad de „silence vaut accord" agebak hunn, esou wéi mer et och ganz kloer gesot hunn. Dat eng Modifikatioun an dësem Text, fir de „silence vaut accord" mat eranzehuelen.

Bei deenen aneren, der zweeter Differenz, dem Délai de traitement: Wann et net beäntwert ass, dann ... Also, wou mer ganz kloer drastoen hunn: „No esou engem Delai muss de Ministère geäntwert hunn", fir och do nach eng Kéier ganz kloer d'Volontéit vum Ministère ze ënnersträichen.

An ech mengen, dass déi Fro, déi opgeworf ginn ass vum Här Fayot, ganz interessant ass an theoreetesch och ganz gutt kléngt. An ech ginn Iech och net Onrecht: Mécht et Sënn, dass mer Liwwerketten opbauen, wou vun iwwerall iergendeppes higeet, wat dann erëm weidergeet? Et ass eng Fro vun der Resilienz. Et ass eng Fro vun der Circularitéit, wou mer och do nach eng Kéier d'Circularitéit mat engem Amendement méi wäit erabruecht hunn an dësen Text, fir och do kënne Callen ze maachen.

Lëtzebuerg setzt sech ëmmer an, fir den europäesche Bannemaart ze stäerken. Mee de Frein vun där Iwwerleeung, déi Der hutt, iwwert déi mer ganz gär eng Kéier kënnen och an enger Kommissioun diskutéieren, ass ëmmer do, wann et drëm geet, strateegesch Autonomie als Land opzeginn. Soe mer, wa mer et ganz graff huelen, dass elo d'Mëllechproduktioun zum Beispill just nach a Spuenie gemaach gëtt an dass op där anerer Säit nëmmen nach – ech weess net – Bicker a Frankräich gemaach ginn. Dat ass déi Fro, déi ee sech muss stellen, dass dann an engem Land guer näischt méi produzéiert gëtt an et dann och net méi an de Liwwerketten ass, well mer e Circuit ronderëm opgebaut hunn, wat Sënn mécht. Mee et ass natierlech eng Fro vu strateegescher Autonomie och als Europa, als eenzel Länner, déi ee muss mat beliichten.

Zu deenen zwou Froe vun der Madamm Welfring. Déi éischt, de Bilan: Ech verspriechen Iech, dass ech direkt kommen, wann Der mech rufft, mee ech mengen, dass et interessant ass, vläicht net no engem Joer oder no annerhallwem Joer, mee d'nämmlecht wéi och bei den Appel-à-projeten an der Energie, beim Agri-PV, och do no all Appel, wa se ausgewäert sinn, an d'Kommissioun ze kommen, fir ganz transparent natierlech do ze weisen, wat erauskomm ass, wien net zréckbehale ginn ass, well eebe grad dat ee Volet ass vun deenen Appels à projets, déi hei gemaach ginn, wou d'Mise en concurrence spillt, dass och dee beschte Projet weiderkënnt.

Just ee Punkt, deen ech net verstanen hu bei der Interventioun, dat war déi Fro vun: „Hei ass et cibléiert an all déi aner steierlech Mesüren, déi si ganz breet. Dat ass mat der Géisskan." War dat eng Fro, fir och d'Aide à l'investissement, déi mer ganz breet hunn – all Entreprise kann eng Aide à l'investissement froen, 10 %, 20 % –, ewechzehuelen an do Appel-à-projeten ze maachen oder déi dann awer mat der Géisskan fir eis PMEe stoen ze loossen?

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Minister. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Dat mat der Géisskan war haaptsächlech fir d'Erofsetze vun der Betribssteier gemengt, sou wéi ech et gesot hunn. Dat anert ... Bon, ech denke schonn, dass een och bei den Aides à l'investissement vläicht eng Kéier kann zesummen e Bilan maachen, a wéi eng Richtung déi ginn. Well ech denke schonn, dass et wichteg ass, och do eng Kéier e bëssen e Bléck drop ze werfen an ze kucken, wéi déi sech entwéckelen a wéi déi och d'Orientéierung vun eiser Wirtschaft maachen. Dat ass, mengen ech, schonn eng Fro, déi mer eng Kéier sollte verdéiwen. Merci awer fir de Virschlag.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, just ganz kuerz. Ech soen dem Minister och Merci fir déi Bereetschaft, fir eng Kéier doriwwer ze diskutéieren. Ech mengen, dat ass effektiv eng strateegesch Fro. Natierlech mécht et Sënn, verschidde Beräicher, verschidde Produktioune lokal, regional ze gestalten. Ech mengen, d'Mëllechproduktioun, iwwerhaapt d'Alimentatioun, ass e gutt Beispill an déi Richtung, mee anerer muss een, mengen ech, europäesch gesinn. D'Energie gehéiert dozou, d'Defense gehéiert dozou, aner industriell Branchë gehéiere sécher dozou. An ech mengen, dat, wat ech do beschriwwen hunn, dat ass eng Tendenz, déi et gëtt a wou mer eis, mengen ech, als Europäer mussen drop astellen, dass déi an Zukunft nach méi prononcéiert gëtt.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8314 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8314[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8314 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm an 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Fernand Etgen), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. 8495 – Projet de loi portant modification de la loi du 7 juillet 2023 portant sur les préemballages non revêtus du symbole « ℮ » et la vente en vrac dans le secteur de la métrologie légale

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien, dem Projet de loi 8495, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Virverpackungen, déi net mam „℮"-Symbol markéiert sinn, esouwéi iwwert d'Vente en vrac am legale Metrologiesecteur. Et ass e Riedemodell „avec rapport et sans débat": De Rapporter huet 5 Minutten, d'Regierung, wa se wëllt, och 5 Minutten. Här Goldschmidt.

***Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme***

**M. Patrick Goldschmidt** (DP), rapporteur | Här President, léif alleguer, beim Gesetzesprojet 8495 geet et ëm eng technesch Upassung vum legale Kader, wéi Der gesot hutt, fir d'Moosse vun der Quantitéit beim Verkaf vun onverpaakte Wueren, also bei der sougenanntener „vente en vrac".

D'Symbol „℮", dat niewent dem Gewiicht oder dem Volume op der Verpackung steet, weist, datt den Hiersteller d'Virschrëfte vun der Europäescher Unioun zur Angab vum Volumen oder vum Gewiicht esouwéi déi virgeschriwwe Moossmethode fir de Verkaf vu virverpaakte Produite respektéiert. D'Zil ass et, sécherzestellen, datt déi op der Verpackung ugi Quantitéit och dem Inhalt entsprécht.

D'Gesetz vum 7. Juli 2023 encadréiert de Verkaf vu virverpaakte Wueren ouni d'Zeechen „℮" an de Verkaf vun onverpaakte Wueren, also der sougenanntener „vente en vrac". Fir d'Wueren ënner 500 Gramm ass den Ament am Lëtzebuerger Gesetz eng Genauegkeet vun engem Gramm virgeschriwwen. Anescht gesot läit d'Marge d'erreur vum Moossinstrument, vun de Woen, bei engem Gramm.

Mee d'Keessewoe mat esou enger Prezisioun sinn um Lëtzebuerger Maart net méi oder guer net méi disponibel. Esou huet dësen Text als Zil, dës Virschrëft ze sträichen, fir dësem juristesche Vide entgéintzekommen. Fir d'Vente en vrac läit elo den Échelon de vérification fir all d'Quantitéite vun ënner zwee Kilo bei zwee Gramm a fir d'Quantitéiten tëschent zwee an zéng Kilo bei fënnef Gramm.

Här President, d'Wirtschaftskommissioun krut zu dësem Gesetzestext dräi Avisen eran. De Staatsrot huet keng Opposition formelle ausgeschwat an hat och keng Remarken zum Fong vum Text. En huet just eng legistesch Remark gemaach.

D'Handelskummer huet an hirem Avis dës Upassung begréisst, well se de praktesche Gegeebenheeten um Terrain Rechnung dréit, ouni zousätzlech Contrainte fir déi wirtschaftlech Acteuren ze imposéieren.

D'Chambre des Métiers hat keng Remarken zu dësem Text.

Fir weider Detailer zum Fong an och den Avise verweisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn heimat och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Rapporter villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport. Vu datt d'Regierung net wëlles huet, déi 5 Minutten auszenotzen, déi se theoreetesch zur Verfügung hätt, wär d'Diskussioun domat ofgeschloss.

Mir géingen zum Vott iwwert de Projet de loi 8495 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8495[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8495 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi also eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Claire Delcourt), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard (par Mme Joëlle Welfring), M. Meris Sehovic (par Mme Sam Tanson), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

Kann ech Iech just bieden ze probéieren, vläicht effektiv um 14.00 Auer present ze sinn, well mer eng Rei administrativ Froen am Ufank kënne léisen a fir datt mer de Quorum hunn, wa mer ufänken? Dat wär ganz gentil.

An domat wär d'Sëtzung dann opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 12.32 heures.)*

## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** p. 34
M. Claude Wiseler, Président

2. **Institution et composition de quatre commissions parlementaires** p. 34
M. Claude Wiseler, Président

3. **Résolution de M. Charles Weiler concernant le report du délai imparti à la Commission spéciale « Caritas » du 10 juin 2025 au 10 juillet 2025** p. 34
Dépôt et exposé : M. Charles Weiler
Vote sur la résolution (adoptée)

4. **Interpellation de M. André Bauler au sujet du développement futur de la place financière** p. 35
Exposé : M. André Bauler
Débat : Mme Diane Adehm | M. André Bauler (dépôt de la motion 1) | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson (dépôt de la motion 2) | M. Sven Clement | M. David Wagner
Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar) | M. Laurent Mosar (parole après ministre) | M. le Ministre Gilles Roth | M. André Bauler (parole après ministre) | M. le Ministre Gilles Roth | M. André Bauler (parole après ministre) | M. le Ministre Gilles Roth | M. Franz Fayot (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Gilles Roth) | M. le Ministre Gilles Roth
Motion 1 : M. André Bauler | Mme Sam Tanson | M. David Wagner | M. Franz Fayot | M. André Bauler | Mme Sam Tanson
Vote sur la motion 1 (adoptée)
Motion 2 : Mme Diane Adehm | M. David Wagner | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson
Vote sur la motion 2 (rejetée)

5. **8468 – Projet de loi instituant une aide à la construction de serres horticoles** p. 49
Rapport de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture : M. Jeff Boonen
Discussion générale : M. Jeff Boonen | M. Luc Emering | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Engelen | Mme Joëlle Welfring (dépôt de la motion 1) | M. Marc Goergen | M. David Wagner
Prise de position du Gouvernement : Mme Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Mme Claire Delcourt (parole après ministre) | Mme la Ministre Martine Hansen | M. Jeff Engelen (parole après ministre) | Mme la Ministre Martine Hansen (interventions de M. Jeff Engelen)
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8468 et dispense du second vote constitutionnel
Motion 1 : Mme Joëlle Welfring | M. Jeff Boonen | M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen | Mme Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Mme Joëlle Welfring
Vote sur la motion 1 (rejetée)

6. **8089 – Projet de loi relative à la signature électronique des actes en matière administrative et portant modification de la loi du 25 juillet 2015 relative à l'archivage électronique** p. 55
Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation : M. Guy Arendt
Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. Ben Polidori | M. Tom Weidig | Mme Joëlle Welfring | M. Sven Clement | M. David Wagner
Prise de position du Gouvernement : Mme Stéphanie Obertin, Ministre de la Digitalisation | M. Sven Clement (parole après ministre) | Mme la Ministre Stéphanie Obertin | M. Ben Polidori (parole après ministre) | Mme la Ministre Stéphanie Obertin
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8089 et dispense du second vote constitutionnel

7. **Question élargie n° 39 de Mme Mandy Minella au sujet de la possibilité d'introduire un « Sportpass »** p. 58
Mme Mandy Minella | M. Georges Mischo, Ministre des Sports

8. **8234 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences** p. 59
Rapport de la Commission du Travail : Mme Nathalie Morgenthaler
Discussion générale : Mme Nathalie Morgenthaler | Mme Corinne Cahen (dépôt de la motion 1) | M. Georges Engel | M. Jeff Engelen | Mme Djuna Bernard | M. Marc Baum
Prise de position du Gouvernement : M. Georges Mischo, Ministre du Travail
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8234 et dispense du second vote constitutionnel
Vote sur la motion 1 (adoptée)

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : Mme Martine Hansen, M. Gilles Roth, Mme Stéphanie Obertin, M. Georges Mischo, Ministres

*(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. Institution et composition de quatre commissions parlementaires

Ier mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, nach e puer offiziell administrativ Saachen: Mam Accord vun der Presidentekonferenz a konform zum Artikel 20 Paragraf 1 vum Chambersreglement gëtt proposéiert, nei Kommissiounen an d'Liewen ze ruffen. Dës Kommissioune këmmere sech ëm déi méi administrativ Aspekter vun der Chamber gradesou wéi ëm de Statut vum Deputéierten. Et sinn dëst: de Comité de discipline, d'Commission d'examen, d'Commission de contrôle an de Groupe de travail – Statut du Député.

Ass d'Chamber domat averstanen, dës véier Kommissiounen ze schafen?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

Wat d'Zesummesetzung vun dëse véier Kommissiounen ugeet, gëtt Follgendes proposéiert:

Wat de Comité de discipline ugeet: den Här Laurent Mosar, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Alexandra Schoos an den Här David Wagner.

Fir d'Commission d'examen an d'Commission de contrôle: den Här Claude Wiseler, d'Madamm Octavie Modert, den Här Luc Emering, d'Madamm Francine Closener an den Här Tom Weidig.

A wat de Groupe de travail – Statut du Député ugeet: den Här Claude Wiseler, den Här Marc Spautz, den Här Gilles Baum, den Här Yves Cruchten, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum.

Ass d'Chamber mat dëser Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass dat och esou decidéiert.

## 3. Résolution de M. Charles Weiler concernant le report du délai imparti à la Commission spéciale « Caritas » du 10 juin 2025 au 10 juillet 2025

Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung fir den Depot vun enger Resolutioun. Här Weiler.

***Dépôt et exposé***

**M. Charles Weiler** (CSV), auteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech deposéieren eng Resolutioun, déi u sech vun all de Parteien a Sensibilitéiten ënnerschriwwe ginn ass. Et geet ëm d'Caritas-Spezialkommissioun.

Mir kommen u sech mat den Aarbechte gutt virun. Mir sinn intensiv um Schaffen. Nächste Méinden hu mer nach d'Regierungsvertrieder an dann hu mer u sech de Volet vun den Invitéen ofgeschloss. Duerno maache mer nach Reuniounen, fir de Rapport an och d'Konklusiounen, déi mer zéien, ze diskutéieren an och ze fixéieren. Déi Aarbechte wäerte mer och am Mount Juni ofschléissen. An den Débat publique hei am Haus ass no Récksproch mat den zoustännege Ministeren an notamment och no hiren Disponibilitéite fir den 10. Juli

festgehale ginn. Dofir froe mer och an dëser Resolutioun, den Delai op deen Dag ze fixéieren.

***Résolution***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que la résolution adoptée par la Chambre des Députés le 10 octobre 2024 a instauré une Commission spéciale « Caritas » prévoyant que « la durée des travaux parlementaires ne peut dépasser une période de six mois, soit au plus tard le 10 avril 2025 » ;*

*– considérant que cette résolution a prévu que la Commission spéciale « Caritas » dresse un rapport de ses travaux ;*

*– considérant que ce délai a été reporté au 10 juin 2025 ;*

*– considérant que le débat en séance publique est fixé au 10 juillet 2025,*

*décide*

*– de reporter le délai imparti à la Commission spéciale « Caritas » du 10 juin 2025 au 10 juillet 2025, compte tenu de la date fixée pour le débat en séance publique.*

*(s.) Charles Weiler, Gilles Baum, Marc Baum, Djuna Bernard, Taina Bofferding, Tom Weidig.*

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weiler.

Ech gesinn, datt hei all Fraktiounen, wann ech mech net ieren, an all Sensibilitéiten ënnerschriwwen hunn. Domat ginn ech dovunner aus, datt dës Resolutioun e groussen Accord fënnt, an ech froen, ob mer doriwwer direkt hei kéinten ofstëmmen. Sidd Der domat d'accord?

*(Assentiment)*

Kéinte mer och à main levée doriwwer ofstëmmen?

*(Assentiment)*

Domat sidd Der och d'accord.

***Vote sur la résolution***

Wien ass also mat dëser Resolutioun d'accord?

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Dann ass dës Resolutioun à l'unanimité esou ugeholl. An ech soen Iech Merci.

## 4. Interpellation de M. André Bauler au sujet du développement futur de la place financière

Da komme mer zu deem éischte Punkt vun eisem offiziellen Ordre du jour vun de Mëtten, an zwar der Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun der Finanzplaz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: Den Interpellateur huet 30 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten, déi Lénk hu 7 Minutten, d'Regierung huet 30 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Adehm, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler als Auteur vun der Interpellatioun. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Merci, Här President. Eis Welt ass a konstanter Beweegung. Dat geopolitescht a wirtschaftlecht Ëmfeld vun eiser klenger a séier oppener Ekonomie ass aktuell mat zeg Erausfuerderunge verbonnen. Eis weltwäit aktiv Finanzplaz ass evidenterweis dësem Wandel ënnerworf a si bleift net vu Krise verschount.

Fréier ass gesot ginn: „Wann d'ARBED houscht, dann houscht ganz Lëtzebuerg." Haut ass et esou mat eiser Finanzplaz: „Wann de Finanzsecteur de Schnapp kritt, da schnuddelt dat ganzt Land." Ob dat eis gefält oder net, eise Wuelstand hänkt a staarkem Mooss vun eiser Finanzplaz of, direkt an indirekt. Wie sech also mat eiser Finanzplaz an hirer Zukunft befaasst, dee mécht sech och a grad Gedanken iwwert dat materiellt Wuel vu Land a Leit.

D'Finanzplaz ass verantwortlech fir ronn 25 % vun eisem PIB. De Finanzsecteur ass e Moteur vun eiser Wirtschaft an ee vun de wichtegste Steierzueler. E stellt effektiv ronn 80 % vum IRC duer, also der Besteierung vun de Gesellschaften, 75 % vun der kommunaler Gewerbesteier, 85 % vun der Verméigenssteier um Kapital vun de Betriber a 75 % vun der Besteierung vun de Revenuen op de Capitaux mobiliers. D'Taxe d'abonnement op der Valeur nette d'inventaire vun de Fonge läit mëttlerweil bei 1,5 Milliarden am Joer. 2023 huet den Undeel un de Finanzdéngschtleeschtungen an den Exporter vu Servicer aus Lëtzebuerg ronn 55 % duergestallt.

Am Finanzsecteur schaffe ronn 65.000 Mënschen, net ze schwätze vun den indirekten Aarbechtsplazen, déi un dëser Plaz hänken. All Aarbechtsplaz op der Finanzplaz schaaft 1,1 Plazen am Rescht vun der Wirtschaft.

Mir sinn also zimmlech ofhängeg vun dësem Secteur, quitte datt d'Diversitéit vun den Aktivitéiten hëlleft, dës Verletzlechkeet e Stéck wäit anzeschränken. En externe Finanzschock hätt deemno zolidd Konsequenze fir eis national Wirtschaft. De Finanzsecteur stellt, wéi gesot, e Véierel vum PIB duer, déi klassesch Industrie zesumme mam mam Bausecteur knapps 12 % an d'Landwirtschaft manner wéi 0,5 % – dat just zum Vergläich.

Op der Plaz si ronn 120 Banken aus 25 verschiddene Länner aktiv, déi hei zu Lëtzebuerg vertruede sinn, Finanzinstituter, déi international agéieren, dorënner Assurancen a Réckversécherungsgesellschaften, déi iwwer 242 Milliarden Euro un Aktivae geréieren.

Lëtzebuerg huet sech iwwer déi lescht Joerzéngten als eng vun de féierende Finanzplazen an Europa etabléiert an ass weltwäit den zweetgréisste Fongestanduert no den USA. Dës Erfollegsgeschicht berout op enger exzellenter Reputatioun, déi duerch Joerzéngten un Expertis, spréch Knowhow a Kompetenz, opgebaut gouf. Lëtzebuerg war dacks e First Mover, besonnesch an der Fongenindustrie, a konnt sech doduerch kompetitiv Virdeeler sécheren.

Laut der ALFI louch am Februar 2025 dat vu lëtzebuergeschen Investmentfonge geréiert Verméige bei bal 6.000 Milliarden Euro. Wann een déi alternativ Investmentfongen derbäirechent, dann hunn Enn 2024 déi Lëtzebuerger Fongen insgesamt 7,3 Billiounen Euro geréiert.

A sengem leschte „Conjoncture Flash" ënnersträicht de Statec, dass d'Perte de confiance an déi amerikanesch Actifs financiers, bedéngt duerch dat politescht Ëmfeld, d'Investisseuren dozou bréngen, déi europäesch Aktivaen ze privilegiéieren, well et eng méi stabel Alternativ ass. Heiduerch kéint eis Finanzplaz u Part-de-marchéë gewannen.

D'Finanzinstituter entscheede sech fir Lëtzebuerg, well si hei net nëmmen en héich spezialiséierten an diversifizéierten Ekosystem fannen, mee och eng sécher Reguléierung, zouverlässeg Autoritéiten an e klore Rechtskader, deen hinne Planungssécherheet bitt.

D'CSSF spillt natierlech eng zentral Roll an der Reguléierung an iwwerwaacht d'Finanzinstituter duerch systematesch Inspektiounen, virun allem am Beräich vun der Geldwäschpreventioun an der Terrorismusfinanzéierung. Hei geet et ëm den Image an ëm d'Integritéit vun der Plaz. Mir erënneren eis nach alleguer un d'Affär LuxLeaks, wéi Lëtzebuerg 2014 als Finanzplaz vun engem internationale Journalistekonsortium frontal ugegraff gouf. Et war e reegelrechte mediateschen Elektroschock. Mat esou Affäre kann ee bannent Minutten d'Reputatioun vun enger Finanzplaz op Joren hin zerstéieren.

Eng sober a propper Finanzplaz ze sinn, déi net op groe Lëschte steet, dat ass haut eng Tromp, well domat Vertrauenswürdegkeet a Stabilitéit verbonne ginn. Zanter der gramegnascher Zäit huet sech eis Plaz gutt erholl a gëtt kaum nach mat engem Steierparadis an een Zesummenhang bruecht.

Léif alleguer, Ufank Abrëll huet den amerikanesche President an enger meediewierksamer Pressekonferenz am Rousegaart vum Wäissen Haus grousssppuereg verkënnegt, datt hien d'Douanestaxen op Importer aus der Europäescher Unioun, aus China an aus anere Regioune vum Globus drastesch géif eropsetzen. E wollt esou derfir suergen, datt d'amerikanesch Industrie besser virun auslännesche Produkter geschützt wier. Auslännesch Firme sollen direkt an Amerika produzéieren an domat Aarbechtsplazen an den USA erhale respektiv neier schafen. Esou seng Argumentatioun fir dës merkantilistesch Approche.

D'Annonce vun dëser Entscheedung huet dozou gefouert, datt d'Bourssen de 4. an de 7. Abrëll zolidd agebrach sinn, virun allem an Asien an an Europa. En Expert vun enger Schwäizer Bank huet vun der „historeschster Verkafswell op de westleche Finanzmäert" zanter der Finanzkris vun 2008 an der Covidpandemie vu viru fënnef Joer geschwat.

D'Finanzmäert, déi sech kengesfalls mat protektionistesche Manövere kënnen zefridde ginn, hunn direkt reagéiert. Vläicht och well et souwisou un der Zäit war, datt eng Kurskorrektur fälleg wier. Ma virun allem awer well en errateschen Handelskrich d'Weltmäert zolidd duerjerneeërëselt respektiv kompartimentéiert a sou dozou féiert, datt Produkter net méi verkaaft kënne ginn. Den Impakt op d'Realwirtschaft an domat op d'Aarbechtsplazen ass net ze ënnerschätzen.

D'Handels- an d'Douanespolitick vun den Amerikaner huet also zu chaotesche Verhältnisser op de Kapital- a Wueremäert gefouert. Et koum zum Crash. An e puer Deeg méi spéit, wéi ugekënnegt gouf, déi nei Douanestaxe géife fir 90 Deeg ausgesat ginn, sinn d'Aktiecoursen nees eropgaangen. Dës méi wéi onsécher Ambiance war e Schock fir vill Investisseuren, virun allem fir déi kleng Investoren, an dat net nëmmen an de Vereenegte Staaten. Investore siche Planungssécherheet. Näischt haasse si méi wéi eng aleatoire Handels- a Wirtschaftspolitick.

D'Finanzbranche ass dann och ëmmer drop aus, Investissementer an déi reell Ekonomie ze ënnerstëtzen. De Besoin un Investissementer gëtt ëmmer méi grouss, virun allem well mer déi energeetesch Transitioun finanzéiere musse souwéi d'Investissementer an der Verdeedegung, an der kollektiver Sécherheet. Dat kann net aleng mat ëffentlechem Kapital geschéien, ma et brauch een och de private Finanzement.

D'Mobiliséierung vu privatem Kapital ass weesentlech an erweist sech an der Europäescher Unioun an zu Lëtzebuerg als eng grouss Erausfuerderung. An der EU leien 41 % vum Verméige vun de Stéit doheem oder op engem Spuerkonto. Dat sinn 10.000 Milliarden

Euro, déi net an d'Realwirtschaft, besonnesch net a kleng a mëttelgrouss Betriber, investéiert ginn.

Eng Stäerkt vun eisen internationale Konkurrenten ass déi, datt si eng Investitiounskultur hunn, déi méi resolutt ausgepräägt ass, wéi dat an Europa de Fall ass. Privatkapital gëtt net nëmme fir Investissementer an déi gréng Transitioun gebraucht, mee och fir d'technologesch Innovatioun an d'Verdeedegung, spréch déi kollektiv Sécherheet.

D'Iddi vun enger Kapitalmaartunioun oder, wéi se neierdéngs och genannt gëtt, d'Investitiouns- a Spueruniooun, ass essenziell, fir datt Europa kompetitiv bleift an déi néideg Finanzéierungsmëttel fënnt, fir Startuppen ze lancéieren. Rezent hunn de Wirtschafts- an de Finanzminister an dësem Sënn schonn en Zéngpunkteplang fir d'Startuppe virgestallt. D'Zil ass et, d'Investissementer an d'Startuppen ze ënnerstëtzen a se fir de privaten Investisseur méi attraktiv ze maachen.

Mir brauche grad op dësem Plang eng verstäerkt europäesch Integratioun, fir grenziwwerschreidend Operatiounen ze förderen. Allze dacks gëtt et awer nach Barriäre lénks a riets, déi Transaktiounen erschwéieren. Dat krute mer souwuel vun der Fongenindustrie wéi och vun der Versécherungsbranche, de Versécherungsgesellschaften, bestätegt.

De Bannemaart ass also alles, mee net perfekt. Dofir brauche mer eng verdéifte Kapitalmaartunioun. An dëser Zort vun Unioun soll grad Lëtzebuerg als europäesche Finanzhub a besonnesch als Standuert vun der BEI, also der Europäescher Investitiounsbank, de Moteur vum finanziellen Effort an der Defense eng Roll spillen a kucken, dass déi néideg Ressourcen op de richtege Plaze mobiliséiert ginn, fir d'Verdeedegung vum Kontinent ze sécheren.

Eng vun den Haaptprioritéiten ass et, d'Kapital bannent der Europäescher Unioun a strateegesch Industrien ze leeden, datt et also zum Wuel vun der wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung fléisse kann.

Mir brauchen doriwwer eraus zolidd Finanzinstitutiounen, fir d'Vertraue vun den Investisseuren ze erhalen, Finanzinstituter, déi och am Fall vun externe Schocken, wéi mer se an der rezenter Vergaangenheet kannt hunn, resilient, also widderstandsfäeg, sinn.

Lëtzebuerg bitt e séchert Ëmfeld, wann et ëm déi vertrauensvoll Ofwécklung vu grenziwwerschreidende Geschäfter geet. Dëst war och e Grond dofir, firwat mer am Kader vum Brexit eng Rëtsch Betriber kritt hunn – Betriber, déi Haaptaktivitéite bannent der EU iwwert d'Lëtzebuerger Finanzplaz ofwéckelen a bei eis hire Sëtz etabléiert hunn.

Als ee vun den internationale Playeren am Beräich vun de Finanze muss Lëtzebuerg seng Positioun also weider verdeedegen, souwuel weltwäit wéi och op europäeschem Plang. Fir d'Entwécklung vun eiser Finanzplaz ze garantéieren, musse mer versichen, méi attraktiv wéi aner Finanzzentren ze sinn. Dat gelëngt eis deelweis, ass awer dacks och net de Fall. Do spillen – Dir wësst et – net nëmme steierlech Virdeeler eng Roll, mee grad och de Logement an dat generellt Ëmfeld vun enger Finanzplaz. London, Paräis, Zürich an anerer hunn do dacks méi ze bidden. Et ass awer vläicht grad déi bemierkenswäert Diversitéit u Bankekulturen an u villsäitegem Knowhow, déi eis Plaz fir de Moment mol nach méi attraktiv mécht.

Här President, mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng séier dynamesch an innovativ Finanzplaz, eng Plaz, déi zanter 2000 séier gewuess ass, net nëmme well mer an der zweeter Hallschent vum 20. Joerhonnert vun enger Nischepolitick profitéiere konnten, ma well Acteure bei eis den néidege Knowhow, d'Erfarung, performant Kontrollautoritéiten, kooperativ Verwaltungen an eeben och Planungssécherheet fannen. Mir beweegen eis dank dëser Entwécklung an engem héich spezialiséierten an ofwiesslungsräichen Ëmfeld, an deem sech ënnerschiddlech Bankekulturen an -traditioune begéinen.

Glécklecherweis ass et eis och gelongen, verschidden Direktive fréizäiteg ëmzesetzen. Denke mer un d'UCITS-Direktiv Mëtt der 80er-Joren oder rezent un d'Regulatioun bei de Cryptomonnaien, wou mer esou reguléieren, datt e Klima vu Vertrauen entsteet. Vertrauen an de System an a seng Regulatioun ass essenziell, wann een e qualitativen Ënnerscheed zu anere maache wëll. Déi rapid Ëmsetzung vun der UCITS-Direktiv an den 80er-Joren huet et eis erlaabt, weltwäit zur zweetgréisster Fongeplaz opzesteigen an an där Branche een immense Knowhow ze entwéckelen. Haut geréiert Lëtzebuerg Aktivaen an engem Wäert vu ronn 7.300 Milliarden Euro.

Divers Entwécklungen hunn et erlaabt, verschidden Déngschtleeschter unzezéien, zum Beispill spezialiséiert juristesch Cabineten, IT-Entreprisen, Fongemanager an esou weider. Haut maache si, nieft dem politesch stabelen a regulatoresch innovativen Ëmfeld, d'Attraktivitéit an domadder och den Erfolleg vun eiser Finanzplaz aus.

Här President, léif alleguer, d'Finanzplaz ass dann och méi diversifizéiert, wéi se dat nach beim Ausbroch vun der Bankekris 2008 war. Dat mécht se natierlech méi widderstandsfäeg wéi virun 20, 30 Joer. An dat ass och net vu Muttwëll, wann een dat onbestännegt Ëmfeld kuckt, an deem sech d'Finanzacteure fir de Moment beweege mussen.

Nieft allen Ongewëssheeten an Onsécherheeten, déi d'Politick ausléise kann, steiere mer zousätzlech op eng Klimakris duer. Dës Kris ass op ville Plazen um Globus elo schonn eng batter Realitéit an dofir fält de Finanzplazen eng bedeitend Roll zou, fir Mëttel a Methoden ze finanzéieren, déi d'Konsequenze vun dëser Kris besser an de Grëff solle kréien.

Besonnesch bei de grénge Finanzen – oder den nohaltege Finanzen – hu sech an de leschte Joren eng Rei Entwécklungen agestallt. De Luxembourg Green Exchange ass déi éischt Bourse weltwäit, déi exklusiv nohalteg Fongen an Obligatiounen handelt. Lëtzebuerg huet dann och dee gréissten europäesche Maartundeel un Aktiven, déi an ESG-Fongen investéiert sinn. Déi nohalteg Wäertpabeiere maachen zu Lëtzebuerg 623 Milliarden Euro aus. 2019 waren dat der nach 43 Milliarden Euro. Wat fir eng bemierkenswäert Progressioun! Mir hunn och dee gréisste Maartundeel u sougenannte „gréngen Obligatiounen". Déi nohalteg Finanze sinn an enger Rei Joren an den Opschwong komm. An dëse wäert an noer Zäit och nach kënne beschleunegt ginn.

Déi gréng Finanz ass e pertinent Beispill, dat weist, datt eng Finanzplaz sech ëmmer nees muss nei erfannen, datt se innovativ muss sinn, fir op déi reell Problemer vun dëser Welt eng Äntwert ze fannen. Innovatioun ass d'Viraussetzung, fir en neie Méiwäert ze schafen.

De Méiwäert, dat ass eppes, wat net a Bëton gegoss ass. Dat ass net eppes, wat einfach vum Himmel gefall kënnt. Méiwäert a Wuelstand resultéieren aus dem glécklleche Mix vu Facteuren, déi d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg ausmaachen. Dës Attraktivitéit gëllt et awer, mat alle Mëttel ze halen.

Attraktivitéit reimt och mat Innovatioun. Ouni Innovatioun wier déi energeetesch Wend net denkbar an ouni Innovatioun verdénge mer net déi Suen, déi mer brauchen, fir grad deenen ze hëllefen, déi zu deene Schwächsten an eiser Gesellschaft gehéieren.

Här President, attraktiv ze sinn, dat heescht konkreet, net stoen ze bleiwen, dat regulatorescht Ëmfeld ëmmer nees den Ufuerderunge vun der Zäit unzepassen a wa méiglech d'Nues vir ze hunn. First Mover ze sinn, heescht, d'Innovatioun an de Mëttelpunkt ze stellen. Et heescht also, sech net nëmmen op Backofficeaktivitéiten ze spezialiséieren. Et geet villméi dorëmmer, nei Nischen ze entdecken, Aktivitéiten, déi also en héije Méiwäert ofwerfen.

Déi Kënschtlech Intelligenz souwéi och d'Automatisatioun kënne fir d'Finanzinstitutiounen eng enorm Chance fir Produktiouns- a Produktivitéitsgewënner duerstellen. Dëst erfuerdert awer och substanziell Investissementer. Och wann d'CSSF technologieneutral ass, sou huet sech schonn 2018 e Livre blanc zu der KI am Finanzsecteur ausgeschafft.

D'Innovation financière dierf keng Optioun, mee muss eng Prioritéit, eng Noutwendegkeet, sinn. Mir dierfen Nische wéi d'Tokenisatioun oder d'Blockchain net aus den Ae verléieren. Grad dofir hu mer jo rezent e Gesetzesprojet hei am héijen Haus ugeholl, deen Transparenz a Vertrauen an de Mëttelpunkt réckelt, well mir sinn op eng kloer reguléiert an zukunftsorientéiert Finanzplaz ugewisen, mat där mir als Land attraktiv a konkurrenzfäeg bleiwen. Grad dowéinst musse mer d'Gesetzgeebung reegelméisseg un déi neisten Entwécklungen upassen, fir datt Lëtzebuerg sech och an Zukunft weider als e Finanzsecteur op héchstem Niveau ka positionéieren. Lëtzebuerg muss also och als Referenz fir d'Notzung vun DLT-Technologien eng féierend Positioun, eng Positioun als Pionéier, anhuelen, sou wéi dat an den 80er-Jore bei der éischter UCITS-Direktiv de Fall war.

De Luxembourg House of Financial Technology, de LHoFT, eng ëffentlech-privat-Initiativ, ass en nationalen Hub fir d'FinTech a fërdert d'Entwécklung vun innovative Léisungen am Beräich vun der Finanzindustrie. Ech konnt mech perséinlech am House of Financial Technology dovunner iwwerzeege loossen. Dat ass e beuechtenswäerte Mikrokosmos, deen iwwer Innovatioun an nei Kontakter weltwäit Dieren opmécht an nei Mäert erschléisst. An do sinn net nëmmen d'USA drënner, mee och zum Beispill Länner aus Afrika oder Südamerika.

Et mierkt een am Austausch mat der CSSF an de privaten Acteuren, datt eis Finanzplaz mëttlerweil ganz breet opgestallt ass an zu engem weesentlech méi resiliente System ginn ass.

Mee och an déi néideg Infrastruktur muss investéiert ginn. Denke mer un d'Datazenteren oder un de Supercomputer MeluXina-AI oder och nach un de Quantecomputer. Dat stäerkt eisen technologeschen Ekosystem.

Här President, eist Land huet och eng féierend Roll am Beräich vun der Verméigensverwaltung an de Liewensversécherungen. Lëtzebuerg representéiert haut ronn zwee Drëttel vun den Investmentfongen an Europa. Lëtzebuerg bitt den Investisseuren och en héije Grad u Sécherheet, dank dem Triangle de sécurité.

Mir hunn eng breet Pallett un Aktivitéiten, déi awer ëmmer nees op de Leescht geholl an ugepasst musse ginn, well déi international Konkurrenz schléift net. Nëmme 16 % vun den europäeschen ETFen à gestion active ginn zu Lëtzebuerg domiciliéiert. D'ETFe representéieren en Typ vun Aktiven, déi staark wuessen, dat mat méi wéi 2.300 Milliarden Euro un Aktiven ënner europäescher Gestioun. Och an dësem Beräich wëll Lëtzebuerg sech e méi grousse Maartundeel sécheren. Dofir huet d'Regierung dëst Joer déi aktiv gemanaget ETFe vun der Taxe d'abonnement befreit.

Jo, fir attraktiv ze sinn, muss een à la pointe du progrès bleiwen an nei Finanzinstrumenter entwéckelen.

Här President, d'Konkurrenz ass och staark, wann et ëm Talentattraction geet. Talenter sichen, fir an der Finanzwelt ze schaffen, dat ass haut eppes aneres wéi nach virun 20 Joer. Déi technologesch Entwécklung fuerdert elo nei an aner Kompetenzen, déi iwwert déi klassesch Finanzwëssenschaft erausginn. Dat bedeit och, bestänneg an d'Weiderbildung vun den Employéen ze investéieren, fir esou d'Entwécklung am Secteur ze begleeden. Dat geet vu Cybersécherheet, Expertis am Beräich vun der Blockchain iwwert d'Kryptowärunge bis hin zu neien Investmentfongen um Plang vun der Verdeedegung an der internationaler Sécherheet.

A wann een ee Bléck op der ADEM hir Lëscht vun de „métiers très en pénurie" gehäit, da gesäit een direkt e puer Profiller, déi am Finanzsecteur feelen, dorënner „analyste de crédits et risques bancaires" oder och nach „gestionnaire de clientèle bancaire". A Beruffsprofiller, déi gesicht ginn, ginn ëmmer méi spezifesch, besonnesch duerch déi regulatoresch Ufuerderungen. Am Beräich vun de Versécherungen huet zum Beispill d'Direktiv Solvabilité II dozou gefouert, dass nach vill méi héich spezialiséiert Profiller am Assurancëberäich gesicht ginn.

De Manktem u Fachleit mécht sech besonnesch am Beräich vun der Datascience, der KI, der Cloud, dem Big Data, der Cybersécherheet bemierkbar. Dës Technologië sinn zentral fir d'Zukunft vun eiser Plaz. Mee qualifizéiert Talenter ginn de Moment an alle Secteuren, an alle Branchë gesicht. Bei der Police judiciaire fanne se beispillsweis och net genuch Leit, déi d'Kompetenzen hunn, fir d'Dossieren iwwert d'Finanzkriminalitéit ze behandelen.

Talenter unzezéien, geet net duer. Mir musse se och bei eis um Standuert halen, fideliséieren. Rezent huet d'Regierung zum Beispill steierlech Entscheedunge geholl, fir Talenter ze rekrutéieren a se ze fideliséieren. Doriwwer eraus musse mer och weiderhi massiv an d'Ausbildung vun eisen eegene Leit investéieren a si fir déi divers Beruffsprofiller sensibiliséieren.

D'Erausfuerderunge fir d'Finanzplaz sinn also ganz ënnerschiddlech. Ech wéilt se nach eemol resüméieren: éischtens mat Virsiicht a Geschéck an engem onsécheren, geopolitesche Kontext navigéieren; zweetens Talenter unzéien an hei zu Lëtzebuerg fideliséieren; drëttens privat Kapital mobiliséieren, besonnesch fir d'Startuppen, mëttelstännesch Betriber, an der Fuerschung an an der kollektiver Sécherheet; véiertens sech den neien Technologien upassen, besonnesch an der Cybersécherheet; fënneftens intern Barriären am EU-Kapitalmaart ofbauen, besonnesch am Fongen- an Assurancëberäich.

Geet et ëm d'Zukunft vun eiser Finanzplaz, ergi sech aus dësen Erausfuerderungen eng Rëtsch Froen:

Wéi steet et ëm d'Digitaliséierung an ëm d'Cybersécherheet? Wou si mer do drun? Hu mer u Kompetenz an u Sécherheet gewonnen, wëssend, datt 46 % vun de Cyberattacken an Europa d'Banken am Viséier hunn? Wat bedeit dat u weideren Investissementer an Infrastrukturen an an Datazenteren?

Stéchwuert Kënschtlech Intelligenz: Wann déi Artifiziell Intelligenz eist Liewen a punkto Verwaltung a Compliance erliichtere kann, sou heescht dat konkreet och, datt dat Aarbechtsplaze kaschte kann. Wat si Stand haut d'Erwaardungen a punkto Aarbechtsplazen, wuel wëssend, datt natierlech Beruffsprofiller kommen a ginn, changéieren?

Wéi gesäit den Här Minister d'Roll vun eiser Finanzplaz, wann et ëm déi privat Finanzéierung vun den noutwendegen Ustrengunge geet, déi besonnesch am Beräich vun der verstäerkter kollektiver Sécherheet ze leeschte sinn? Gëtt et also Iwwerleeungen am Finanzministère, zesumme mat der Fongenindustrie Produkter ze konzipéieren, déi sech ëm d'Finanzéierung vun deenen enorme Verdeedegungs- a Sécherheetsustrengunge këmmeren, déi am Kontext vun der aktueller an zukünfteger geopolitescher Situatioun ze leeschte sinn? Lëtzebuerg kéint do als Finanzplaz eng innovativ a féierend Roll spillen. Ass et an deem Sënn méiglech, iwwer eventuell eng weider Upassung vun der Taxe d'abonnement ze schwätzen?

Wéi kéint sech Lëtzebuerg an Zukunft als AI Finance Hub opstellen, fir sech als Virreider op der internationaler Bün ze positionéieren? Wéi gesäit et mat der Entwécklung vun de spezialiséierte Fongen am Deeptech oder an der KI aus? Wéi eng Nische sinn oder wiere prioritär fir Lëtzebuerg?

Denkt de Finanzministère drun, déi op Spuerbicher geparkte Reserve vun de Lëtzebuerger ze mobiliséieren a si dozou ze beweegen, an e staatlech iwwerwaachte Fong ze investéieren, deen hëllefe soll, hir Pensiounen zum Beispill opzebesseren? Wéi gedenkt de Finanzminister, déi privat Erspuernisser, déi op der Bankkonte geparkt sinn, ze mobiliséieren, fir dës an d'Realwirtschaft fléissen ze loossen?

Déi richteg Leit mat de richtege Kompetenzen ze fannen, dat ass dat, wat mer onbedéngt brauchen. U wat fir weider Pisten denkt den Här Minister, fir eise Standuert weider attraktiv ze halen an héich spezialiséiert Experten aus dem Ausland unzezéien?

De Premierminister huet rezent iwwerrascht mat der Ausso, et misst méi dereguléiert ginn. Hie sot eigentlech, datt couragéiert Schrëtt missten ënnerholl ginn, fir eng onnéideg Reguléierung an alle Secteuren ofzebauen. Dobäi huet hien explizitt d'MiFID-II-Direktiv genannt, déi Finanzdéngschtleeschter zu méi Transparenz verflicht.

Lëtzebuerg wier awer net fir Dereguléierung, mee fir eng Vereinfachung vun de Reegelen. Entreprisë missten entlaascht ginn, fir datt se net op aner Kontinenter ofwanderen.

Reglementatioune wéi DORA a MiCA sollen e méi sécher e juristesche Kader schafen. Mee mir mussen oppassen, datt mer net iwwerreglementéieren. Den Drock op Finanzinstituter gëtt op deem Plang méi grouss an d'Reglementatioune ginn ëmmer méi komplex, och a grad am Beräich vum „know your customer" oder wann et dorëms geet, d'Wäisswäsche vu Gelder ze detektéieren.

Den Ofbau vun administrative Chargen ass effektiv en Theema a ganz Europa, well ze staark Reglementatiounen d'Kompetitivitéit vun den europäesche Banken am Verglach zu den amerikaneschen an asiatesche Finanzhaiser schwächen. Streng Reglementatioune kaschten Zäit a Geld. Si si ressourcentechnesch wéi aarbechtstechnesch opwendeg, jo, schwéierfälleg.

Wéi kann een also e Gläichgewiicht tëscht noutwendegen onëmgängleche Reglementatiounen engersäits an enger effikasser Gestioun op där anerer Säit garantéieren? Wéi kann een also wierksam a responsabel reguléieren? Oder ëmgedréit gefrot: Wéi kann een intelligent dereguléieren, ouni d'Stabilitéit vum Finanzsystem op d'Spill ze setzen oder liichtfankeg Mënscherechter a Fro ze stellen?

Wéi steet et ëm d'Virbereedunge ronderëm de Gesetzesprojet, mathëllef vun deem Investitiounen a mëttelstännesch Betriber, déi an der grénger an energeetescher Transitioun ënnerwee sinn, ënnerstëtzt ginn? Bis wéini also sollen déi fiskalesch Ureizer hei a Kraaft triede kënnen? A wéi kéinten déi ausgesinn?

Ech mengen, do kënnt Der berouegt sinn, Här Minister: Dir hutt jo selwer zesumme mam Här Mosar, eisem exzellente Kolleeg, ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien! Très bien!

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | ... déi Proposition de loi deposéiert, wat mer natierlech och ënnerstëtzen.

De Versécherungssecteur huet 2024 exzellent Resultater opweises gehat. No dräi Joer Stagnatioun hunn d'Primme vun der Assurance-vie 2024 e Rekordniveau vu 27 Milliarden Euro erreecht, eng Hausse vun 41 %.

Wéi ass dëse Secteur haut opgestallt? An a wat fir engem Mooss huet hie sech nom Brexit kënnen diversifizéieren? Ënner wat fir engen Entraven, jo, Schikanen huet dëse Secteur an engem nach ëmmer net perfekten europäesche Bannemaart ze leiden? Wat fir konkreet Schrëtter wëll den Här Finanzminister ënnerhuelen, fir datt och an dësem Beräich e Level-Playingfield erméiglecht gëtt?

Zum Schluss géif ech follgendermoosse resüméieren: Jo, eis Finanzplaz ass innovativ, dynamesch, diversifizéiert a weltwäit vernetzt. Jo, si ass e villsäitegen Ekosystem, dee méi widderstandsfäeg wéi jee virdrunner opgestallt ass. An dach si mer staark ofhängeg vun eiser Finanzindustrie, souwuel wat hiert Gewiicht an der nationaler Wirtschaft ugeet wéi och hiren Impakt op eis Staatsfinanzen.

Fir et bildlech auszedrécken: Lëtzebuerg kann ee sech als e grousse Bam virstellen, deem seng Wuerzele staark an den internationale Finanzstréim verankert sinn. Ouni dëse konstante Flux u Kapital an Investitioune kéint de Bam kaum stoe bleiwen a wuessen. D'Äscht symboliséieren déi verschidde wirtschaftlech Branchen an d'Blieder sti fir eise Wuelstand. Dës Blieder kënne séier verwielegen, wann et dem Finanzsecteur eng Kéier net méi esou gutt goe géif. A grad dofir heescht et, permanent au qui-vive ze sinn, also prett ze sinn, fir op Erausfuerderunge mat Schnellegkeet an Innovatiounsfäegkeet ze reagéieren.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Ouni nei Talenter ass d'Schafung vu Méiwäert net méiglech. Et ass awer dee Méiwäert, dee mer brauchen, fir eise gewinnte Wuelstand ze sécheren an eise Sozialstaat ze finanzéieren.

*(Interruption par la présidence)*

Nach zwee Sätz, Här President.

Dat wäert schwéier genuch ginn an enger Welt, déi sech an engem strammen an dacks chaotesche Wandel befënnt, wou ugestaamte Rechter a Sécherheeten a Fro gestallt ginn, wou mer riskéieren, de Rimm méi enk mussen zouzezéien an op Gewinntes a Kamoudes ze verzichten – ech sot: „riskéieren".

An elo soen ech Merci fir Är Gedold a fir Är Opmierksamkeet a freeë mech op Är Reaktiounen an och op d'Äntwerte vum Här Finanzminister.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler.

Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Merci, Här President. Eis Finanzplaz ass eng vun den Haaptschlagodere vun der Lëtzebuerger Wirtschaft. Villes, wat mir eis an dësem Land leeschte kënnen, hänkt vun der Gesondheet an och vun der Leeschtungsfäegkeet vun

eiser Finanzplaz of. A grad duerfir ass eis Finanzplaz esou wichteg fir Lëtzebuerg.

Här President, Lëtzebuerg war ëmmer e Land vum Wandel an dat zielt och fir eis Finanzplaz. Si huet haut eng zolidd Basis an ass méi breet opgestallt, wéi dat nach virun zwanzeg Joer de Fall war. Haut gehéiert si zu de weltwäit wichtegste Finanzzentren. Dëst geet och aus dem Global Financial Centers Index ervir, deen am Mäerz vun dësem Joer erauskomm ass. Hei läit Lëtzebuerg weltwäit op der 16. Plaz, 3 Plaze besser wéi d'lescht Joer. Op europäeschem Niveau läit Lëtzebuerg op der 5. Plaz, an domadder viru Paräis oder Amsterdam.

Och sektoriell Klassementer gi vun dësem Index gemaach. An do ass Lëtzebuerg weltwäit an der Kategorie vun de professionelle Servicer op der 10. Plaz, beim Trading, also dem Handel, op der 14. Plaz a bei der Gestioun vun den Investissementer op der 15. Plaz. Just am Klassement vun de FinTeche läit Lëtzebuerg op der 24. Plaz, och wann eis Finanzplaz sech hei 3 Plazen eropgeschafft huet par rapport zum leschte Klassement.

Et ass deemno wichteg, sech mat der zukünfteger Entwécklung vun eiser Finanzplaz auserneenzesetzen. An ech soen dem honorabelen André Bauler villmools Merci fir seng Initiativ, dëse Sujet op den Ordre du jour vun der Chamber setzen ze loossen.

Här President, dat Wichtegst, wat eng Finanzplaz brauch, ass Stabilitéit. Stabilitéit schaaft Vertrauen an dat ass e wichtegen Atout. Dofir ass et fir eis Finanzplaz esou wichteg, den Triple-A als Land ze behalen. Och eis Verscholdung bleift mat 24,6 % op den 31. Mäerz vun dësem Joer ënnert dem Taux vun 30 % vum PIB, déi mir eis selwer operluecht hunn.

Stabilitéit bedeit awer net nëmme politesch Stabilitéit, mee et bedeit och Rechtssécherheet. Mir solle weider op deem Wee bleiwen, dee mir schonn an der Vergaangenheet ageschloen hunn. Mir sollen op de Finanzsecteur zougoen an him nolauschteren. Et ass d'Politick vun de kuerze Weeër, déi oft den Ënnerscheed mécht par rapport zu méi grousse Länner, wou d'Leit, déi Decisiounen huelen, weesentlech méi wäit ewech sinn. Mir sollen och weiderhi First Mover sinn!

Et ass awer och eng Politick vun enger gudder Ëmsetzung vun EU-Direktiven. Hei huet Lëtzebuerg et bis elo ëmmer fäerdegbruecht, dës Direktiven zügeg ëmzesetzen an och eng Ëmsetzung ze maachen, déi den Acteuren op der Finanzplaz net zousätzlech Chargen operleet. Hei heescht d'Lëtzebuerger Devise: „La directive et rien que la directive!"

Et ass wichteg, dass et net zu enger Iwwerreguléierung vun eiser Finanzplaz kënnt. Hei mussen esouwuel déi europäesch wéi och déi national Reglementéierung Stabilitéit an Transparenz erhalen an zur selwechter Zäit Innovatioun a Wuesstum zouloossen – souzesoen d'Quadratur vum Krees.

An dësem Zesummenhang wéilt ech kuerz op e Positiounspabeier iwwert d'Finanzregulatioun an Europa hiweisen. D'ABBL huet dëse Pabeier Enn Abrëll op hirer Generalversammlung virgestallt. Si wënscht sech e méi einfacht, méi kloert a méi kohärent Reegelwierk, well mir sinn an dësem Beräich par rapport zu eise Konkurrente manner kompetitiv ginn. Dat zielt virun allem fir Amerika, deenen hir Gesetzgeebung am Finanzberäich manner ëmfaassend a manner contraignant ass am Vergläich mat där vun der EU. An et kann een erwaarden, dass dësen Trend no manner Regulatioun sech mat der neier US-Administratioun nach weider verstäerke wäert. Oft sinn et kleng legislativ Upassungen, déi de groussen Ënnerscheed maachen.

Här President, Stabilitéit a Rechtssécherheet sinn zënter Laangem eng vun de grousse Stäerkte vun eisem Land a si maachen d'Lëtzebuerger Finanzplaz zu enger attraktiver Plaz fir Geschäfter, Innovatioun an Investitiounen. Dëst ass wichteg, fir eis Finanzplaz am Ausland ze vermaarten an esou nei Investisseuren an Acteuren unzezéien.

Lëtzebuerg ass fir vill Acteuren d'Agangsdier op den EU-Bannemaart. D'Lëtzebuerger Fonge ginn a méi wéi 80 verschiddene Länner verkaaft. Mir mussen derfir suergen, dass Lëtzebuerg d'Agangsdier op den EU-Bannemaart bleift. An dëse Bannemaart muss sech eenheetlech Reegele ginn, wat d'Finanzproduiten an d'Servicer ugeet.

Hei gëllt et, den europäesche Pass fir Finanzproduiten ze verdeedegen. Et kann net sinn, wann e Land en EU-Pass fir Finanzproduiten ausgestallt huet, dass dee Pass da vun engem anere Land hannerfrot gëtt. Hei muss eis Regierung, an haaptsächlech eise Finanzminister, sech konsequent derfir asetzen. Soss brauche mir hei an Europa guer net vun enger Capital Markets Union ze schwätzen.

Här President, dat geet awer net duer, wann et drëm geet, eis Finanzplaz fit fir d'Zukunft ze maachen. Si steet virun enger ganzer Rei vun Erausfuerderungen, déi mir konsequent mussen ugoen. Nëmmen esou kënnen dës Erausfuerderungen zu enger Chance fir eis Finanzplaz ginn a se esou méi kompetitiv a resilient maachen. Lëtzebuerg huet eng Schlësselplaz am europäesche Finanzsystem, besonnesch duerch seng féierend Roll an der Fongenindustrie, wou e groussen Deel vun de Geschäfter am US-Dollar ofgewéckelt gëtt.

E Verloscht u Vertrauen an den Dollar géif dëser Industrie sécher net entgéintkommen. Mee grad hei kéint d'Politick vun Amerika eisem Land an d'Kaarte spillen. Wa geopolitesch Spannunge weider zouhuelen, da kéint d'Roll vun eisem Land als stabillen a vertrauenswürdege Partner weider u Bedeitung zouhuelen. Eis Finanzplaz ass flexibel, oppen a gutt reguléiert. A si huet en exzellente Ruff weltwäit. An där Hisiicht kéint déi aktuell onberechenbar Handelspolitick aus den USA eng Chance fir eis duerstellen. Mee sech just dorobber ze verloossen, dat geet net duer. Duerfir muss eis Finanzplaz sech weider moderniséieren. Si muss sech nach méi diversifizéieren a mir mussen investéieren, fir dass d'Finanzplaz kann innovéieren an doduerjer méi resilient gi géint extern Schocken.

Här President, Luxembourg for Finance huet eng Feuille de route veréffentlecht, déi iwwert déi nächst fënnef Joer geet: „Ambitions 2030 – Shaping Finance for our Future". Zu den Haaptziler vun dëser Strategie gehéieren d'Nohaltegkeet a gréng Finanzen. Lëtzebuerg ass de Moment de weltwäite Leader an den nohaltege Finanzen. Och d'EU-Reglement iwwer European Green Bonds huet Lëtzebuerg schonn ëmgesat.

Op dëser gudder Basis kann eis Finanzplaz weider ausgebaut ginn an dozou bäidroen, Kapital ze mobiliséieren, fir déi gréng Transitioun vun der europäescher Wirtschaft ze finanzéieren. Heizou kënnen och déi sougenannten „ESG-Fonge" bäidroen, fir déi d'Lëtzebuerger Finanzplaz och federführend ass.

En anere Punkt am Kader vun den nohaltege Finanze sinn d'Fongen am Beräich vun de Mikrofinanzen. Och hei ass Lëtzebuerg gutt. Een Drëttel vun de Fongen an de Mikrofinanze gi bei eis opgeluecht. An nei Finanzéierungsforme wéi Blended Finance spillen eng ëmmer méi grouss Roll an den nohaltege Finanzen a sinn eng interessant Form, fir gemëschten ëffentlech a privat Investissementer ze erhiewen. Eiser Meenung no soll Lëtzebuerg sech op seng Stäerkten am Beräich vun den nohaltege Finanze besënnen an dës weider ëmsetzen, sief et op legislativem Plang, sief et op fiskaleschem Plang.

Här President, och déi nei Technologië spillen eng wichteg Roll op eiser Finanzplaz. Aktuell si schonn eng 280 FinTechen zu Lëtzebuerg present. Och déi Kënschtlech Intelligenz – eng Technologie vu villen – gëtt als déi nächst industriell Revolutioun beschriwwen an och si spillt eng wichteg Roll.

D'Innovatioun am technesche Beräich ass wichteg, fir e Meerwäert fir eis Finanzplaz ze schafen. Lëtzebuerg ass an dësem Beräich haut schonns mam Luxembourg House of Financial Technology gutt opgestallt a regruppéiert all d'Acteuren, déi am FinTech-Beräich ënnerwee sinn. Och d'Ëmsetzung vum MiCA-Reglement ass vun eiser Finanzplaz begréisst ginn, well si schaaft e klore rechtleche Kader fir Kryptoaktiva.

Dëst EU-Reglement wäert weider Opportunitéite schafen an et der Finanzplaz erméiglechen, sech weider ze diversifizéieren. Dës Servicer a Produite wäerten no an no déi traditionell Bankoperatiounen an d'Aart a Weis ze schaffen ofléisen. Mee e wichtege Punkt, dee bei de Startuppen an Entreprisen aus dem FinTech-Beräich ëmmer erëm op d'Tapéit kënnt, ass dee vum Venture Capital, also dem Capital-risque.

Mir zu Lëtzebuerg si gutt opgestallt, wann d'Betriber sech bei eis wëllen implementéieren. Wa se awer wëlle richteg grouss ginn, dann hu se Problemer op eisem Marché, dat néidegt Risikokapital ze fannen. Op deem Punkt musse mir nach weesentlech méi kompetitiv gi par rapport zu anere Länner. Mir begréissen duerfir och de Projet de loi, deen d'nächst Woch wäert an der Finanzkommissioun virgestallt ginn an deem dote Beräich, fir eebe Privatinvestissementer unzezéien am FinTech-Beräich.

E weidert wichtegt Puzzlestéck vun dëser Strategie ass och den Zéngpunkteplang, fir méi geziilt Startuppen, Scale-up- a Spin-off-Betriber unzelackelen, déi de Finanzminister zesumme mam Wirtschaftsminister kierzlech presentéiert huet.

An ech wéilt an dësem Zesummenhang awer och nach e puer Wuert iwwert d'Ouverture vun de Bankkonte verléieren. Ech hat d'Chance, virun zwou Woche mam Chamberbureau a Japan ze reesen, wou mir och d'Firma bitFlyer gesinn hunn, déi an de Kryptowärungen aktiv ass.

*(Interruption)*

Wärend dëser Entrevue hu si eis matgedeelt, dass si am Allgemengen zu Lëtzebuerg zefridde si mam legalen Ëmfeld. Si begréissen, dass mir d'MiCA-Direktiv ëmgesat hunn. Mee si hätten e grousse Problem: Dat ass d'Schwieregkeet, zu Lëtzebuerg e Bankkonto opzemaachen. Och wann dat dem Bankesecteur seng Responsabilitéit ass, géif ech awer d'Regierung bieden, ze kucken, ob si net eppes maache kann. Well wat notzt eis all Strategië, fir d'Finanzplaz ze entwéckelen a méi resilient ze maachen, wa Firmen, déi sech zu Lëtzebuerg wëllen néierloossen an an dësem Beräich aktiv sinn, kee Bankkonto opgemaach kréien?

Här President, d'Investmentfongen hu vill zu eiser haiteger Positioun vun der Finanzplaz bäigedroen. Haut ginn d'Investmentfonge geziilt benotzt, fir Kapital a laangfristeg europäesch Infrastrukturprojeten ze kanaliséieren an esou zum Beispill déi gréng an déi digital Transitioun ze finanzéieren. Mir schwätzen hei vun den ELTIF-Fongen. Do stellt sech och d'Fro, ob een net kéint dohinnergoen an och dës Fonge benotzen, fir d'Defenseefforten ze finanzéieren.

E weidere Punkt, deen ech nach net ugeschwat hunn, ass dee vum Secteur vun den Assurancen. Mir haten

dës Woch den État de la nation an do huet de Premierminister eis ugekënnegt, dass den drëtte Pilier vun der Pensiounsversuergung hei am Land soll gestäerkt ginn, dass e soll méi attraktiv gemaach ginn. Mir sinn der Meenung, dass dat de richtege Wee ass.

Et soll een awer och den zweete Pilier, also d'betrieblech Pensioun, net aus den Ae verléieren, well och hei kéint en interessante Modell derzou bäidroen, dass engersäits den Assurancësecteur sech méi breet opstelle kann, mee iwwert deen dote Wee kéinte mir awer och Talenter op Lëtzebuerg zéie respektiv se zu Lëtzebuerg behalen.

A wann ech bei den Talenter sinn, wësse mer alleguerten, dass dobaussen en erbatterte Kampf ass, fir Talenter ze fannen. An och do musse mir als Lëtzebuerg dru schaffen, dass mer Talenter op Lëtzebuerg kréien an dass se heibleiwen. Do si schonn eng Partie Mesüre geholl ginn. Ech denken do u Stockoptions, ech denken un eng Prime participative, ech denken un ee Régime d'impatriés. Mee et kommen awer och nach aner Punkten derbäi, wat net onbedéngt steierlech Moossname sinn, wéi zum Beispill d'Sécherheet, de Logement. Déi Leit mussen anzwousch wunnen, et muss een hinnen eng adequat kulturell Offer bidden an och Schoule fir hir Kanner. „Talentattraction" ass an dësem Kader d'Stéchwuert.

Här President, d'Lëtzebuerger Finanzplaz huet mat der Kënschtlecher Intelligenz e weideren Defi, deen op si zoukënnt. D'Kënschtlech Intelligenz erlaabt et, bestëmmte Prozesser méi einfach a méi séier ze maachen. Fir eis ass d'KI ganz kloer eng Opportunitéit, an net eng Gefor. Et geet net drëm, Aarbechtsplazen ewechzerationaliséieren. Au contraire, hei kënne Ressourcë fräigemaach ginn, fir dass d'Leit sech kënnen op aner Aktivitéite mat engem méi héije Méiwäert konzentréieren. Et kommen also ganz nei Aktivitéiten op de Finanzsecteur duer. Et kann ee sech och virstellen, dass och um Niveau vun de Finanzanalysen, der Berechnung vu Finanzmodeller, der Erstellung vu cibléierte Produite fir Clienten a sou weider d'KI kann an Zukunft benotzt ginn.

Mee déi rasant Entwécklung vun der KI muss an eisen Aen encadréiert ginn. An duerfir ass et ze begréissen, dass d'Regierung eng Strategie wëll ausschaffen, fir den Essor vun der Kënschtlecher Intelligenz an d'Ëmwälzungen an der Finanzwelt ze begleeden an ze ënnerstëtzen.

An dann denken ech och nach un d'Cyberkriminalitéit. D'Date sinn d'Gold vun der Zukunft a si musse geséchert ginn. An dës Feststellung gëllt net nëmme fir de Finanzsecteur, mee am Allgemenge fir eis ganz Wirtschaft. D'Entreprisen am Finanzberäich musse sech géint d'Menacë vu Cyberattacke wiere kënnen. An duerfir sinn Investissementer an d'Cybersécherheet onerlässlech, an de Staat soll d'Entreprisen an hire Beméiungen ënnerstëtzen.

Här President, zum Schluss wéilt ech nach soen, dass eis Finanzplaz wäert an Zukunft weesentlech méi digitaliséiert si wéi haut. Si wäert ëmmer méi op nei Technologië wéi Blockchain oder KI zréckgräifen. A fir dass si an Zukunft resilient gëtt a konkurrenzfäeg bleift, muss si sech och wandelen. Hei mussen haut déi richteg Weiche fir d'Zukunft gestallt ginn. An dorunner zweifele mir als CSV op kee Fall.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Adehm. Den Här André Bauler huet sech nach eng Kéier ageschriwwen als Spriecher vun der DP-Fraktioun. Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Jo, pardon, ech wëll et ganz kuerz maachen an Iech net nach weider stéieren.

*(Interruption)*

Ech wollt just drop opmierksam maachen, dass ech net genuch Zäit hat, fir eng Motioun ze deposéieren, an ech wollt dat elo bei dëser Geleeënheet maachen.

Ech wollt och d'entrée de jeu preziséieren, dass et mat där Motioun hei, déi och vu Kolleege vun der CSV gedroe gëtt, wierklech net drëm geet, d'Finanzplaz ze glorifizéieren. Mee wann ee sech awer der strateegescher Importenz vun der Plaz bewosst ass, dem Gewiicht vun eiser Finanzplaz an eiser nationaler Ekonomie, souwuel an Terme vum PIB wéi och vun den Aarbechtsplazen a vun de Steierrecetten, a vu och hir zentral Roll an der grénger an digitaler Transitioun, da wollte mer – an ech géif d'Motioun ganz kuerz virstellen – d'Regierung invitéieren:

Éischtens: all Diversifizéierungsustrengungen a Promotiounsefforte vun der Finanzplaz resolutt weiderzeféieren, andeems mer nei Aktivitéite mat héijem Méiwäert unzéien an andeems mer och nei Opportunitéiten ergräifen, zum Beispill Aktivitéiten, déi eeben hëllefen, déi kollektiv Sécherheet an de Rentesystem ze finanzéieren.

Zweetens: d'Erspuernisser vun de private Stéit sou wäit wéi méiglech ze mobiliséieren, andeems mer de legale Kader fir déi privat Investissementer a Startuppen a vläicht och an aner innovativ Aktivitéiten ënnerstëtzen.

Drëttens: d'Positioun vu Lëtzebuerg als europäeschen Hub fir déi nohalteg Finanz ze konsolidéieren, jo, ze stäerken, andeems mer en Akzent op Innovatioun am Finanzberäich leeën.

Véiertens: sech aktiv op europäeschem Niveau ze engagéieren, fir all restlech Barriären am Bannemaart ofzebauen, déi eeben de fräie Fonctionnement vum Bannemaart fir Finanzservicer eventuell schwächen, jo, blockéieren, speziell am Versécherungsberäich a bei den Investmentfongen.

Fënneftens: de strateegeschen Dialog mat den ëffentlechen a privaten Acteure vum Finanzsecteur ze verdéiwen, fir eeben nei Opportunitéiten ze identifizéieren an en attraktiven an och inklusiven Ekosystem ze promouvéieren.

Sechstens: e regulatorescht a steierlecht Ëmfeld ze sécheren, dat Talenter unzitt an och hei hält, andeems een et den Ufuerderunge vun de Finanzmetieren, déi a permanenter Entwécklung sinn, upasst.

An – zum Schluss – siwentens: déi konkurrenziell Situatioun vu Lëtzebuerg ze analyséieren am Beräich vun den ETFen, soudatt de reglementareschen an operationelle Kader fir dës Klass vun Aktivae méi attraktiv ka ginn.

Voilà, Här President.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant l'importance stratégique de la place financière luxembourgeoise pour notre économie nationale, avec une contribution significative en termes de valeur ajoutée, d'emplois et de recettes fiscales ;*

*– considérant le rôle moteur de la place financière dans la transition verte et numérique par le biais des fonds d'investissement responsables, les cotations d'obligations vertes et la labellisation des fonds ESG ;*

*– considérant les efforts continus déployés en vue de renforcer la diversification des activités financières au Luxembourg, en développant de nouvelles activités innovantes telles que la finance durable, la blockchain ou les fonds alternatifs ;*

*– considérant le positionnement du Luxembourg comme hub européen de la finance durable ;*

*– considérant la nécessité de favoriser un environnement propice à l'attraction des talents les plus divers, dans un contexte de concurrence internationale accrue où d'autres centres financiers s'efforcent d'attirer les mêmes profils hautement qualifiés, notamment dans les domaines de l'ingénierie financière, de la finance durable, de la technologie digitale et de la régulation ;*

*– considérant que les ETF (Exchange Traded Funds) représentent une classe d'actifs en forte croissance, avec plus de 2.300 milliards d'euros d'actifs sous gestion en Europe, et constatant que cette dynamique est en grande partie portée par la migration d'actifs depuis les sociétés de gestion traditionnelles,*

*invite le Gouvernement à*

*– poursuivre de manière résolue les efforts de diversification et de promotion de la place financière luxembourgeoise, en attirant de nouvelles activités à haute valeur ajoutée tout en saisissant de nouvelles opportunités, telles par exemple les activités visant le financement de la sécurité collective et du système des retraites ;*

*– mobiliser davantage l'épargne des ménages en soutenant un cadre légal propice aux investissements privés dans des start-ups et autres activités innovatrices ;*

*– consolider, voire renforcer la position du Luxembourg en tant que hub européen de la finance durable, en mettant l'accent sur l'innovation financière ;*

*– s'engager activement au niveau européen pour éliminer les entraves persistantes au libre fonctionnement du marché unique des services financiers, en particulier dans les secteurs des assurances et des fonds d'investissement ;*

*– approfondir le dialogue stratégique avec les acteurs publics et privés du secteur financier afin d'identifier les opportunités émergentes, d'anticiper les évolutions du marché et de promouvoir un écosystème attractif, innovant et inclusif ;*

*– assurer un environnement fiscal et réglementaire propice à l'attraction et à la rétention des talents, en l'adaptant régulièrement aux exigences des métiers financiers et technologiques en évolution constante ;*

*– analyser de manière approfondie la situation concurrentielle du Luxembourg dans le domaine des ETF et élaborer des propositions concrètes permettant d'améliorer l'attractivité de notre cadre réglementaire et opérationnel pour cette classe d'actifs.*

*(s.) André Bauler, Diane Adehm, Guy Arendt, Maurice Bauer, Corinne Cahen, Laurent Mosar.*

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Merci dofir, déi Motioun entgéintgeholl ze hunn. Da wier ech scho fäerdeg.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Dann huet den Här Franz Fayot d'Wuert. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Merci, Här President. Den Interpellant André Bauler huet d'Bild gemoolt vum Bam, deen effektiv grouss ass zu Lëtzebuerg an dee vill Ramificatiounen huet, dee vill schéi Blieder huet, mee – vläicht nach méi wichteg fir de Finanzminister – deen och vill Uebst huet alljoers fir d'Land, an deen awer och natierlech ganz vill Plaz hëlt an aneren Aktivitéiten och vill Schiet mécht. An obwuel e staark ass a vill Wuerzelen huet, ass et natierlech och ëmmer e bëssen eng Vulnerabilitéit, wann een esou e ganz

grousse Bam huet, deen esou eng dominant Positioun huet an enger Ekonomie.

Et kann een net iwwert déi Lëtzebuerger Ekonomie schwätzen, wann een net iwwert d'Finanzplaz schwätzt. A mir musse wëssen, dass mer effektiv an engem ganz changeanten, evolutiven internationalen Ëmfeld liewen, wou eis Reputatioun effektiv en „hohes Gut" ass, wou mer musse mat villen Ännerunge composéieren – an Ännerungen, déi mer net ëmmer kontrolléieren: reglementär Ännerungen, steierlech Ännerungen.

Den André Bauler ass op LuxLeaks agaang, op aner Saachen – d'Panama Papers, aner Revelatiounen –, mat deene mer eis hu mussen ausenanersetzen an deene leschte Joren. An dat wäert sécher net ophalen an der Zukunft. Also si mer ëmmer gefuerdert, eis op eng agill a korrekt Aart a Weis mat deene Saachen ausenanerzesetzen an ze kucken, dass mer eng zolidd reguléiert an eethesch Finanzplaz hunn. Ech mengen, dat huet haut eng Wichtegkeet, déi et vläicht virun 20, 30 Joer sécher nach net hat.

Wa mer iwwert d'Perspektive fir eis Finanzplaz schwätzen, da gëtt et fir eis, d'LSAP, eng, déi d'Zukunftsperspektiv schlechthin ass: nämlech d'Finanzplaz ze si fir déi ekologesch Transitioun. Verschiddene Schätzungen no kascht déi ekologesch Transitioun – sief et d'Adaptatioun un de Klimawandel, d'Virbereedung op extreem Wiederkatastrophen an esou weider – alljoers eng 2 % vum PIB weltwäit. Dat ass eng riseg Zomm, an déi Sue musse fonnt ginn. Den Draghi-Rapport schätzt de Käschtepunkt vun den Transitioune fir Europa – an do ass d'Defense warscheinlech net mat aberechent – op 800 Milliarden Euro pro Joer.

Mir sinn iwwerzeegt, dass eis Finanzplaz do muss eng Roll spillen am Partenariat mat Institutioune wéi der BEI, déi sech jo selwer als Klimabank gesäit, an och dem Fonds européen d'investissement. Do sinn, wéi Der wësst, och schonn innovativ Instrumenter entwéckelt ginn an nohalteg Entreprisen och hei zu Lëtzebuerg. A mir hunn do eng speziell Roll, well mer mam FEI zesummen eng Partie esou Pilotprojete maachen, wéi de Luxembourg Future Fund, wou mer wierklech nei Weeër ginn, fir nohalteg Entreprisen ze ënnerstëtzen, och am Partenariat mat eiser SNCI.

Mir sinn och iwwerzeegt, dass mer am Fong gutt Kaarten hunn, fir déi Finanzplaz ze si vun der ekologescher Transitioun. Et ass scho gesot ginn: Eis Bourse huet sech scho ganz fréi als gréng Bourse positionéiert, mat enger Leaderpositioun an der Cotatioun vu Green Bonds, och vu gréngе Fongen. Mir hunn dat also mat engem gewëssene Succès gemaach.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

An dofir mengen ech och, dass mer, wéi gesot, op deem Marché gutt positionéiert sinn, fir dat och weider ze maachen. Mir wëssen, dass et riseg Besoine gëtt an der Klimafinanzéierung, am Beräich vum De-Risking, fir iwwer innovativ Instrumenter Projete méiglech ze maachen, och Infrastrukturprojeten, an Entwécklungslänner, déi ouni esou en De-Risking net méiglech wieren. An och do kënne mer iwwer eis Fongen, iwwer eis Banken an iwwert dee Savoir-faire, dee mer entwéckelen, sécher eng speziell Roll spillen.

Et ass awer net esou, dass dat just nëmmen eng gutt Opportunitéit fir eist Land ass. Ufank Abrëll gouf am „Guardian" en Artikel veröffentlecht mat engem Titel, deen normalerweis vu Klimawëssenschaftler oder vu Klimaaktiviste kéint kommen, an dee war: „Climate crisis on track to destroy capitalism". Just, e koum vun engem Assureur, vun engem Assureur vun der Allianz, dee gewarnt huet, dass d'Ëmweltkris riskéiert, kuerzfristeg eng ganz Rei Aktivitéiten an och Regiounen op der Welt ganz einfach net méi assurabel ze maachen, also och net méi finanzabel, well d'Risike vun extreeme Wiedereventen, vun Dréchent, vun extreemer Hëtzt, vu Feier, einfach ze vill grouss ginn. Et besteet also eng akut Probabilitéit, net nëmmen eng vag Méiglechkeet, dass de Klimawandel an déi ekologesch Krise ganz vill an uerge wirtschaftleche Schued wäerten uriichten.

Mir sollten, mengen ech, Här President, dee Message ganz eescht huelen. Investissementer, och iwwer eis Finanzplaz, a fossill Projete wäerte ganz sécher Stranded Assets vu muer sinn an hu keng Zukunft. Wann d'Assureuren net méi versécheren, da ginn d'Banken och keng Prête méi. Mir liewen also an engem System, deen iwwer en extreeme Wuesstumsdrock endlech Ressourcen esou exploitéiert huet, dass dëse System haut scho seng Effekter, notamment iwwer extreem Wiederphenomeener beim Klima, weist.

Gläichzäiteg kann deen nämmlechte System d'Konsequenze vun dëser Erwärmung net méi droen, well esou Investissementer, Investitiounen a Projeten, ënner anerem duerch déi héich Versécherungsprimmen, net méi assurabel sinn an domat och einfach ze deier ginn. An dofir ass och déi aktuell Tendenz, an Europa, iwwerall op der Welt, an och hei zu Lëtzebuerg, wann ee gëschter dem Premier a sengem État de la nation nogelauschtert huet, jo, de Kapp an de Sand ze stieche vis-à-vis vun där Klimakris an ze maachen, wéi wann d'Klimakris, wéi wann d'Ëmweltkris zweetrangeg wären vis-à-vis vun der Kompetitivitéit, an eisen Ae grondfalsch. Ouni preservéierte Planéit gëtt et näischt méi! An et gëtt och keng Kompetitivitéit!

Här President, wa mer iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz schwätzen, da gëtt et sécherlech zwee weider grouss Voleten, déi ech kuerz wollt hei uschneiden.

Engersäits deen technologesche Volet: De Finanzsecteur huet an deene leschte Joren enorm an disruptiv Changementer matgemaach. Ni war et esou einfach, Suen op de Finanzmarchéen unzeleeën. Neobroker oder Kryptoapplikatiounen hunn den Zougang zu de Finanzmäert ganz kloer demokratiséiert. An domat sinn d'Risike geklomm fir d'Leit, ganz kloer. An dofir ass et esou wichteg, dass mer weiderhin eng seriö Regulatioun hunn – déi hu mer mat eiser CSSF, déi och an deem Beräich e gudden Job mécht –, mee och eng gutt finanziell Educatioun. Dat war en Theema, wat mer och viru Kuerzem als LSAP hei an der Chamber thematiséiert hunn, dat vun der Financial Literacy, dass d'Leit net op all Hoax oder op all Hype erafale wéi Memecoins oder Kryptocoins oder aner Saachen, déi u sech kee sous-jacentë Wäert hunn.

D'Kënschtlech Intelligenz wäert sécher och hiren Impakt hunn op d'Aarbecht vun de Leit an deem Secteur, notamment bei den Analysen oder beim Kampf géint d'Finanzkriminalitéit.

E weidere Volet, Här President, deen ech och nach wollt hei evoquéieren, dat ass d'Responsabilitéit vun der Finanzplaz, a wierklech gréng an nohalteg Investissementer ze investéieren an net där, déi dat just als Surface hunn. Ech schwätzen hei vum Phenomeen vum Greenwashing.

Mir brauche kloer a seriö Krittären, déi ESG-Investissementer kënne beleeën. An engem zertifizéierten nohaltege Produit muss dat dra sinn, wat och drop steet. Dofir, an ech hunn dat och scho gëschter am Kader vun där Motioun iwwert d'Gazasträif undiskutéiert, fanne mir et falsch, dass verschidde Ratingagencen am Beräich vum ESG hir Krittäre méi large ausleeë respektiv vu Fall zu Fall e bësse manner streng gesinn.

Ech schwätzen hei spezifesch vun där internationaler Enquête vu „Follow the Money", déi am „Lëtzebuerger Wort" d'lescht Woch publizéiert gouf, no där d'Agencen MSCI a Morningstar Sustainalytics, zwou Referenzagencen am Beräich vum ESG – ekologesch-sozial Gouvernance – op Drock, anscheinend vun israeelesche Lobbyisten, domat opgehalen hunn, méiglech Implikatioune vu Firmen am Noostkonflikt an hir ESG-Rapporten eranzehuelen an och ze notéieren.

Dat ass eng Illustratioun vun engem Phenomeen, deen d'Finanzplaz am Fong erausléist aus der Applikatioun vun de Liwwerketteconsideratiounen, der Human Rights Due Diligence. Mir sinn der Meenung, dass och d'Finanzplaz en fait muss verflicht sinn, dass d'Mënscherechter, d'Sozialstandarden an och d'Ëmweltoplage respektéiert ginn an hirer ganzer Wäertschëpfungsketten.

An an deem Kontext géif ech gären och nach e leschte Punkt undiskutéieren, an dat ass nämlech dee vun den Holdinge vu verschiddenen operationellen Aktivitéiten, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn an déi munchmol problematesch Aktivitéiten hunn. Och dat ass eng Fro vu Reputatioun fir eis Finanzplaz.

Dir wësst, dass mer an der Vergaangenheet de Fall hate vun enger Holding vun engem Streamingservice, wou pedopornografesch Contenuen am Spill waren. Et gëtt och aner Illustratioune vun Holdingen, wou zum Beispill Activités minières sinn, wou problematesch Saache geschéie mat Aktivisten oder mat Ëmweltoplagen. A mir wëssen, dass mir, wann déi Aktivitéiten net bei eis hei zu Lëtzebuerg sinn, am Fong keng Emprise dorop hunn.

An dofir, mengen ech, wär et gutt, wa mer awer géifen nodenken, wa mer eis géifen iwwerleeën, dass, wann esou Aktivitéiten iergendwou op der Welt ënnert der Bannière vun enger Lëtzebuerger Holding stattfannen, a wann dat averéiert ass, wann dat Chose jugée ass, dass mer dann dee Moment och esou Holdinge kéinte bei eis zu Lëtzebuerg zoumaachen. Ech mengen, dat géif eiser Reputatioun als Finanzplaz och gutt zu Gesiicht stoen. An do sinn ech d'accord mam André Bauler an och mat den aneren Orateuren: D'Reputatioun vun eiser Finanzplaz huet eng kapital Wichtegkeet an dëser Zäit!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Fayot. Da wier et elo um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bauler hat et schonn esou änlech ausgeschwat: Esou, wéi et fréier bei der ARBED war, esou ass et dann haut bei der Finanzplaz: „Wann d'Finanzplaz houscht, da muss d'ganzt Land schnäizen." Esou ass et, wéi ech de Saz kannt hunn.

D'Finanzplaz ass, wéi fréier och d'Stolindustrie, haut fir Lëtzebuerg eigentlech Raison d'État, Staatsraison. D'Finanzplaz ass produktiv, schaaft vill Méiwäert a steet fir e qualitative Wuesstum amplaz vu quantitativem Wuesstum.

Mir als ADR stinn zu enger staarker Finanzplaz. Mir hunn eng vun deene performantste Fongenindustrien. Mir hunn en exzellenten Assurancësecteur. Mir hunn eng stabill Bankeplaz. Mir hunn immens vill Atouten an deem Beräich.

Dat heescht awer net, datt mer eis dowéinst elo just op d'Schëller klappe sollen oder ausroue kënnen.

D'Finanzplaz steet dagdeeglech a Konkurrenz mat Dublin, Frankfurt, London, Paräis. An esou, wéi si sech all Dag op en Neits beméien, fir innovativ a konkurrenzfäeg ze bleiwen, esou sollte mir och hei an der Chamber ëmmer erëm d'Fro stellen, wéi mir sécherstelle kënnen, hinnen dee beschtméigleche legislative Kader fir hir Aarbecht garantéieren ze kënnen. An duerfir ass och grad dës Interpellatioun, mengen ech, mat deene wichtegen Aussoen, déi dann och hei wäerten iwwregbleiwen, ganz wichteg.

Eng ganz Partie Punkte sinn ugeschwat ginn. Och elo grad nach ass et drëms gaangen, wat fir Méiglechkeete mer hunn. Eng vun deene Méiglechkeeten, déi d'Finanzplaz an de leschte Joren ausprobéiert huet – an och mat Erfolleg –, dat sinn déi sougenannte „gréng" Investissementer, déi sech staark um Klimaofkommes vu Paräis orientéieren. Déi huele mëttlerweil och eng féierend Roll an.

An et ass och eng Méiglechkeet, fir domadder vill Geld ze verdéngen. Doréms geet et jo. Mee et kann natierlech och mat politesche Risike verbonne sinn, wéi mer grad och an de Vereenegte Staate mierken, wou am Moment, éierlech gesot, déi amerikanesch Banken deem Beräich éischter de Réck dréinen. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer, egal wéi, ëmmer méigleiseg fueren an eis net just op eppes konzentréieren, also net nëmmen elo zum Beispill op déi gréng Investissementer, mee eeben och op déi net gréng Investissementer.

Mir kréien dann och oft, och dat ass grad gesot ginn, Saache wéi Greenwashing virgeworf, obwuel mer ganz streng Krittären hunn. An do sinn och ëmmer eng Partie Organisatiounen oder Persounen, déi ëmmer en Hoer an der Zopp fannen.

Mir kënnen als ADR awer ëmmer nëmme betounen, dass mer eis géint all Versich, duerch Amalgammen tëschent Steierhannerzéiung a Steiervermeidung, Greenwashing an esou weider eis Finanzplaz wëlle schlecht ze maachen, wieren. Eis Finanzplaz ass ze wichteg fir eist Land a fir eis alleguerten. An ech mengen, dass mer do alleguerte mussen derhannert stoen, well et geet ëm eis alleguerten.

D'FinTeche sinn ugeschwat ginn. Hei handelt et sech ëm nei technesch Méiglechkeeten, traditionell Bankgeschäfter méi einfach ze maachen. Doriwwer eraus kënne si awer och Investissementer méi einfach oder vläicht deelweis méi bëlleg maachen. An ech mengen, grad wann traditionell Banke sech aus verschiddene Beräicher éischter zréckzéien, kënnen d'FinTechen eng valabel Alternativ bidden. An deem Sënn gesi mer déi Entreprisen och net als Konkurrenz, mee als eng wichteg Ergänzung zu de groussen Acteuren.

Dat sinn dann och oft Startups. Mir hate schonn an der leschter Legislaturperiod thematiséiert an och am Walprogramm stoen, dass mer e bessere steierleche Kader fir d'Fërderung vun deene Startups géife brauchen. A mir wäerten dann d'nächst Woch, wann ech richteg informéiert sinn, an der Kommissioun iwwer en neie Gesetzesprojet vum Finanzminister an deem Sënn informéiert ginn, wat jo dann och eng gutt Saach ass.

Mir hunn hautzedaags e groussen Impakt vun der Kënschtlecher Intelligenz op de ganze Finanzsecteur. Mir wëssen net genee, wéi wäit dat wäert goen. Mir wëssen awer schonn haut, dass ganz villes mat Maschinne gemaach gëtt, wat fréier mat Mënsche gemaach ginn ass. Dat ass eng Entwécklung, déi et awer net nëmmen elo säit KI gëtt, mee scho säit Joerzéngten an déi natierlech wäert weidergoen, wat och nei Chancen opmécht fir eis Finanzplaz, fir doduerch natierlech och méi performant ze ginn. An et ass jo och net esou einfach, ëmmer Leit ze fannen. Dat ass och virdru betount ginn. Ech kommen nach eng Kéier kuerz drop zréck.

Dann dierf dat awer och net en Ureiz gi fir weider Reglementatiounen. Ech mengen, mir musse kucken, dass mer esou wäit wéi méiglech vu Reglementatiounen, déi eise Finanzfloss stéieren, ewechbleiwen. Mir mussen intern Barriären do ofbauen. Et ass och gesot ginn: „La directive et rien que la directive!" Ech mengen, dat si wichteg Punkten. Mir mussen ëmmer am A behalen, dass eis Finanzplaz soll beschtméiglech konkurréiere kënne mat deenen anere Finanzplazen, ob se an Europa leien oder iergendwou an der Welt. A wa mir méi Reglementatioune maachen, da wäert dat eis normalerweis schueden.

Mir brauchen trotzdeem och nach ëmmer Mënschen, déi schaffen. Et schaffen der ganz vill do. Ech mengen, den Här Bauler hat gesot, 65.000. Dat ass enorm! A mir brauchen natierlech do immens gutt ausgebilte Leit. An dat stellt eis natierlech viru schwiereg Situatiounen, well dat ass jo net nëmmen am Bankesecteur esou, mee a ganz ville Beräicher hei a Lëtzebuerg, wou mer qualifizéiert Leit brauchen.

An et ass kloer, dass mer grad fir d'Finanzplaz, wou d'Beruffsprofiller ëmmer méi komplex ginn a wou ëmmer méi héich Qualifikatioune gebraucht ginn – besonnesch och an der Cybersécherheet, wat jo immens wichteg wäert gi fir eist Land, denken ech, hoffen ech –, ëmmer méi Leit brauche wäerten, déi extreem gutt sinn an déi natierlech dann och aus dem Ausland heihinner kommen. An do musse mer da kucken, dass dat och klappt. Dat ass eng ganz staark qualitativ Immigratioun dee Moment. An do brauche mer natierlech och staark Standuertvirdeeler, well déi kucke jo och Lëtzebuerg als e Ganzt an déi vergläichen et mat London oder mat Zürich oder mat New York. An do sinn och d'Ramebedéngungen extreem wichteg.

Et ass geschwat gi vu Wunnengen. Et ass geschwat gi vun engem Fräizäitangebot. Mee dozou zielt awer och ganz kloer d'Sécherheet hei am Land. Dozou zielt ganz kloer d'Mobilitéit hei am Land. Et ass e Ganzt a mir mussen eis dorop fokusséieren, dass dat alles fir déi Leit an och fir déi Leit, déi hei wunnen, ech soen elo mol, fir d'Lëtzebuerger, verbessert gëtt.

An dann natierlech d'Ausbildung, déi ass och wichteg. An an deem Kontext verstinn ech, dass net jiddwereen wëllt op d'Finanzplaz schaffe goen. Dat ass och oft fir e Jonke relativ schwiereg ze duerchkucken, wat do iwwerhaapt gemaach gëtt. Mee ech mengen, et ass awer wichteg, dass mer allgemeng hei an der Gesellschaft e positiivt Bild vun der Finanzplaz weisen an och eis Jonk encouragéieren, do eng Zukunft ze sichen, e Beruff ze fannen.

Mir hunn dann en anere Problem, dat ass, dass vill Lëtzebuerger Jonker haut an d'Ausland ginn an net méi erëmkommen. Dat zielt fir all d'Beräicher, mee ech mengen, och grad fir de Finanzsecteur, wou mer wierklech ganz gutt ausgebilte Lëtzebuerger Jonker hunn, déi iergendwou dann, ech soen elo, zu New York sëtzen oder zu Dublin sëtzen oder zu Paräis sëtzen. An dat ass am Fong schued. Et kann een natierlech keen zwéngen, mee et wier gutt, wa mer et géife fäerdegbréngen, déi ze motivéieren, hei zu Lëtzebuerg hir Aarbecht ze maachen. Voilà.

Ech mengen, dat anert ass och scho gesot ginn, dass mer eis Banke sollen encouragéieren, dass Entreprisen och Konte solle kréien an dass mer do och net ze vill Reglementer maachen.

A fir de Rescht géif ech soen, den Här Bauler, deen huet gesot, e wéilt d'Finanzplaz net glorifizéieren. Ech mengen, dat hutt Der awer gemaach, Här Bauler. An ech mengen, dat ass och gutt gemaach. Mir géifen dat och maachen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un där honorabeler Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. A merci och virop dem André Bauler fir dës Interpellatioun. Dir wäert verstoen, dass ech a menger Riedezäit vu siwe Minutten net e ganze Panorama maachen. An et wäert Iech och elo net iwwerraschen, dass ech mech virun allem op ee Sujet wäert konzentréieren, an zwar op dee vun der Nohaltegkeet an der Transparenz vun der Zukunft vun der Finanzplaz.

D'Finanzmäert erméiglechen et, an d'Zukunft ze investéieren an domat déi Zukunft eigentlech jo och schonn haut ze beaflossen. De Problem ass leider awer deen, datt de Motor vun deene Finanzen och haut nach oft op Basis vu fossillen Energien an och onfairer Ausbeutung dréint. Trotzdeem gëllt: Lëtzebuerg huet d'Chance, eng Finanzplaz ze hunn, déi international e Gewiicht huet.

Enfin, „d'Chance" – d'Politick huet an der Vergaangenheet nogehollef a muss dat och haut nach heiansdo e bëssen. Wat ech awer wëll domat soen, ass, dass mir Gréng natierlech och grondsätzlech en faveur vun enger Politick sinn, déi ass, fir eis Finanzplaz punktuell ze stäerken a weiderzeentwéckelen. D'Fro ass natierlech just, wéi a wouhin.

An et ass vill geschitt beim Businessmodell – dat ass schonn ugeklongen haut – vun der Plaz an de leschte 15 Joer. Aus Zäitgrënn erlaabt mer vläicht just hei ze soen, datt mer eis natierlech wënschen, datt d'Regierung – an ech weess och, Här Minister, datt Dir dat maacht – och op déi Stëmme lauschtert, déi d'Finanzplaz och wëllen no vir entwéckelen, amplaz nëmme just där aggressiver Nischepolitick vun der Vergaangenheet nozetraueren.

Et gouf och deemools déi, déi bei all Geleeënheet den Däiwel un d'Mauer gemoolt hunn a gesot hunn, deemno wat mer elo hei maache géifen, zum Beispill beim automateschen Informatiounsaustausch, da kéinte mer hei de Buttek zoumaachen. Fakt ass: D'Luuchte sinn nach ëmmer un a se sinn nach ëmmer gutt un op eiser Finanzplaz an och eebe grad, denken ech, well se net esou ass wéi nach virun 20 Joer.

An Dir bréngt jo och gären, Här Finanzminister, ëmmer erëm den Triple-A an d'Spill, fir am Fong och ze soen, datt een eréischt dann als kredibel ugesi gëtt no baussen, wann een och kohärent an transparent ass. Mir gesinn dat och esou am Beräich vun der Nohaltegkeet a wollten Iech och bieden, dat net ze vergiessen, wann Der Iech zu Bréissel fir onst Land zu Omnibussen an anere Réckschrëtter musst positionéieren, wärend Lëtzebuerg natierlech weider, an och dat ass haut vill ugeklongen, als Champion vun der grénger Finanz positionéiert gëtt.

Am Moment ass d'Regierung vun enger Cohérence des politiques do awer, mengen ech, nach e puer Schrëtt ewech.

Dofir fir d'éischt emol eng ganz konkreet Fro: Zu Bréissel wäert elo am Kader vun den Omnibusverhandlungen iwwert déi sougenannte „Review Clause" vun der CSDDD geschwat ginn. Et ass eng Klausel, déi seet, dass no enger gewëssener Zäit soll gekuckt ginn, ob de Finanzsecteur awer ënnert d'Direktiv soll falen. Wann Dir Iech musst heizou

positionéieren, wat ass do Är Positioun? Sidd Dir effektiv och där Meenung, dass déi Klausel soll gestrach ginn? Also – am Kloertext – dass och net soll einfach nëmmen analyséiert ginn, ob de Finanzsecteur soll eng Kéier drënner falen oder net? Eppes, wat jo dann och – de Level-Playingfield lässt grüßen – déi ganz EU géing betreffen.

Ech hunn och eng Motioun an deem Sënn hei preparéiert, déi ech elo deposéieren.

***Motion 2***

*« Clause de révision sectorielle de la directive "CSDDD" »*

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– la directive (UE) 2024/1760 du 13 juin 2024 sur le devoir de vigilance des entreprises en matière de durabilité (Corporate Sustainability Due Diligence Directive – CSDDD) ayant été adoptée et publiée au Journal officiel de l'Union européenne le 5 juillet 2024 ;*

*– que l'article 36 de ladite directive prévoit une clause de révision portant sur le secteur financier, formulée ainsi : « (l)a Commission européenne présentera un rapport au Parlement européen et au Conseil sur la nécessité de fixer des exigences supplémentaires relatives au devoir de vigilance en matière de durabilité qui soient adaptées aux entreprises financières réglementées en ce qui concerne la fourniture de services financiers et d'activités d'investissement, ainsi que les options de ces exigences relatives au devoir de vigilance ainsi que leurs incidences, conformément aux objectifs de la directive » ;*

*– que le même article prévoit un délai fixe pour la présentation de ce rapport et que le rapport sera accompagné, le cas échéant, d'une proposition législative ;*

*– que la présidente de la Commission européenne a annoncé une proposition de révision de la directive CSDDD prévoyant la suppression de cette clause de révision,*

*invite le Gouvernement*

*– à s'opposer à toute proposition de révision visant à supprimer la clause de révision sectorielle prévue à l'article 36 de la directive CSDDD.*

*(s.) Sam Tanson, Joëlle Welfring.*

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | An et ass an eisen Aen och net vu Muttwëll, de Finanzsecteur mat de Fongen net auszeklameren. Et gëtt eng Etüd vun der Initiativ fir den Devoir de vigilance. Do haten nëmmen zwou vun zéng Lëtzebuerger Fongegesellschafte méi wéi d'Hallschent vun de Punkte kritt am globale Mënscherechts-Benchmark 2024 vun der ONG BankTrack. Dogéint gëtt ersiichtlech, dass nach e wäite Wee ze goen ass, mee dass awer lues a lues och Succèsen ze verzeechne sinn a Richtung méi Nohaltegkeet vun de Banken. An et sinn déi reell Fortschrëtter, déi awer an eisen Ae mat enger Dereguléierungspolitick erëm op d'Spill kënne gesat ginn.

A fir eis ass et kloer: D'Transparenz ass laangfristeg den eenzege Wee, fir Nohaltegkeet a Finanzmäert an Aklang ze bréngen. An och nëmme mat kloren an effikasse Reegelen entsteet och d'Vertrauen, wat d'Essenz vun all Kredittgeschäft ass.

Eng pauschal Dereguléierung riskéiert, d'Diere fir de Greenwashing nach vill méi wäit opzemaachen an domat och dem Marché laangfristeg d'Vertrauen ze entzéien. A loosst eis och net vergiessen, et geet hei och ëm Konsumenteschutz, well d'Leit wëlle schliisslech och wëssen, woura se investéieren a wat genau mat deene Sue geschitt.

Här President, d'Spëtzepositioun vu Lëtzebuerg a vun Europa bei den nohaltege Finanzproduiten ass net vum Himmel gefall. Si war d'Resultat vun engem politesche Commitment a Richtung Nohaltegkeet, deen och vun den europäesche Konservative gedroe gouf, e Commitment, wou mer awer elo spieren – dat ass net spezifesch elo fir dësen Domän –, datt deen insgesamt e bëssen ofgebaut gëtt. An amplaz sech am Numm vun der Kompetitivitéit un engem Race to the Bottom ze bedeelegen, sollt Europa dat maachen, wat d'Kommissioun an d'Regierungen ëmmer soen, nämlech op eis Stäerkte setzen, an dozou gehéieren déi nohalteg Finanzmäert.

An ech fannen et jo och interessant, datt grad bei der Green Finance och dës Regierung d'Potenzial, fir vun der Transitioun ze profitéieren, an d'Vitrinn stellt, wärend dat soss jo éischter awer e bëssen als Plo ugesi gëtt. Mir wëllen Iech jiddwerfalls nodrécklech encouragéieren, wierklech op d'Potenzial vun dësem Marché ze setzen an et net dobäi ze beloossen, gréng Sloganen op e fossille Kär ze pechen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Am Guide vun der CSSF géint de Greenwashing – et ass och d'CSSF, déi sech dozou äussert – stinn dës Prinzippien dran: „Ne vous fiez pas aux apparences", dat heescht oppassen op Etiketteschwindel, „évitez les promesses vagues", an zum Schluss „cherchez des homologations vérifiées" respektiv „consultez un conseiller spécialisé". Dozou gehéieren an onsen Aen och Greenpeace, d'Initiativ fir den Devoir de vigilance an anerer, also net nëmmen d'Big Four an d'Finanzacteure selwer. Wann et Iech also wierklech ëm déi laangfristeg Resilienz vun der Finanzplaz geet, da géife mer Iech un d'Häerz leeën, Iech un déi gutt Rotschléi vun der CSSF ze halen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Tanson. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zukunft vun eiser Finanzplaz ass e ganz wichtegt Theema – an dat hunn all d'Virriednerinnen an d'Virriedner jo och reaffirméiert –, well d'Finanzplaz Lëtzebuerg ass a bleift e groussen, jo, warscheinlech de wichtegste Pilier vun eiser Ekonomie. E mécht ongeféier en Drëttel vun eisem PIB aus, iwwer 20 % vum Steieropkommes, an eis Fongenindustrie ass zanter Joerzéngten eent vun de Standbee vun eiser Finanzplaz.

Mir hunn eis als international Plattform fir d'Distributioun vu Fongen etabléiert, mee et gëtt fir d'Zukunft grouss Erausfuerderungen, déi mer ugoe mussen. Dozou gehéiert virun allem d'Digitaliséierung, déi mer konsequent musse virundreiwen. D'ABBL huet an hirer Strategie richtegerweis betount, datt d'Digitaliséierung eng Prioritéit ass, fir eis Kompetitivitéit ze erhalen. Verschidde Prozesser mussen automatiséiert ginn, fir verschidde Käschte vun der Fongenindustrie ze reduzéieren an esou d'Kompetitivitéit auszebauen.

Elo kann een natierlech doriwwer schwätzen. Ma wat ass dat? Ma do schwätze mer dovunner, datt d'Prospekter méi einfach kënne generéiert ginn, datt d'Prospekter méi einfach kënnen analyséiert ginn, datt mer déi ganz KYC-/KYB-Prozeduren automatiséieren, voire mutualiséieren, soudatt mer déi Käschten nëmmen eemol ufale loossen, anstatt datt mer se allkéiers bei all eenzelnem Acteur ufale loossen.

Mir proposéieren do dernieft d'Schafung vun engem Innovation Hub fir Fongen, wou nei Technologien a Prozesser net nëmmen entwéckelt, mee och getest kënne ginn, änlech wéi bei eppes, wat ech de Moie schonn an der Diskussioun iwwert d'Defense och ugeschwat hunn. Et ass am beschten, wa mer kleng a mëttelstännesch Betriber direkt un de Secteur eruféieren a mat hiren zukünftege Clienten u sech e Codeveloppement vun neie Produite kënne maachen. Dat acceleréiert de Feedbackloop a gläichzäiteg schaaft et natierlech d'Opportunitéiten, fir och schonn déi éischt Clienten ze hunn. Dofir ass d'Zesummenaarbecht tëscht dem ëffentlechen an dem private Secteur hei och essentiel.

Zur Digitaliséierung gehéiert awer nach vill méi. D'ALEBA huet richtegerweis drop higewisen, datt d'Digitaliséierung nei Qualifikatiounen erfuerdert. An dofir sinn d'Aus- an d'Weiderbildung e wichtege Pilier, fir eis Finanzplaz fit fir d'Zukunft ze maachen. A wann een iwwer „fit fir d'Zukunft" schwätzt, da schwätzt ee ganz séier a ganz gäre vu Startuppen an dann an deem heite Kontext vu FinTech.

Jo, d'FinTech ass d'Zukunft vun eiser Finanzplaz. A Lëtzebuerg muss hei eng Virreiderroll iwwerhuelen, déi mer vläicht an der Vergaangenheet net ëmmer iwwerholl hunn. Esou kéint een zum Beispill de Luxemburg House of Financial Technology oder – wéi déi meescht Leit en einfach nëmmen nennen – de LHoFT weider ausbauen, well d'Wichtegkeet vun der Innovatioun an der Finanzwelt dierf net ënnerschat ginn.

Zudeem musse mer Lëtzebuerg als Standuert fir Startuppen nach méi attraktiv maachen an derfir suergen, datt si och hei am Land bleiwen. D'Schafung vun enger FinTech Regulatory Sandbox, wou nei Geschäftsmodeller kënnen an engem kontrolléierten Ëmfeld getest ginn, ouni direkt all regulatoresch Obligatioun ze erfëllen, wär hei eng nei Opportunitéit. Mir hunn deen Zuch nämlech bei der Ëmsetzung vum PSD2 deemools verpasst, fir grad hei innovativ Léisungen ze erméiglechen an dann d'Compliance beim Go-to-Market ze fuerderen. Nee, mir hu se scho beim Testen, schonn iwwerhaapt beim Iteréieren iwwert d'Geschäftsmodeller gefuerdert, an dat huet dozou gefouert, datt mer ganz vill Geschäftsmodeller guer net hei zu Lëtzebuerg opkomme gelooss hunn.

D'ABBL huet hei mat hirem Banking CEOs/FinTech-Speedmeeting, e wichtegt Format geschaf. Dat sollt ee weider fërderen an och weider professionaliséieren.

Wa mer eriwwergi bei e méi traditionelle Modell, da schwätze mer vun den Assurancen. An och dee bitt weider a virun allem grouss Wuesstemsméiglechkeete fir eis Finanzplaz. Mir kéinten eis hei als Haaptstanduert fir grenziwwerschreidend Versécherungsproduite weider ausbauen. Den Erfolleg nom Brexit, wou vill Versécherungsgesellschafte Lëtzebuerg als EU-Standuert gewielt hunn, weist, datt hei nach vill Potenzial ass. An och bei den Assurancë muss Lëtzebuerg innovativ bleiwen. Och do gëllt et, konsequent op Mutualiséierung, op Digitaliséierung, awer och op Innovatioun ze setze mat neien Assurancëproduiten, zum Beispill am Beräich vun der Cybersécherheet a vum Klimawandel. Lëtzebuerg kéint sech hei eng nei Nisch am Assurancëbusiness opbauen.

Zur Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz gehéiert dann awer och d'Attraktivitéit vun den Aarbechtskonditioune vun all deene Leit, déi do schaffen. D'Gewerkschaften hu schonn drop higewisen, wéi wichteg hei d'Kollektivverträg sinn. Mir hoffen, datt den Aarbechtsminister, deen dann och haut hei ass, dat zur Kenntnis hëlt.

Wéi a villen anere Branchen a Beruffer wäert am Finanzsecteur awer och d'Kënschtlech Intelligenz déi

gréissten Ëmwälzung vun den nächste Jore sinn, jo, u sech war se dat schonn an deene leschte Joren. Duerch Kënschtlech Intelligenz konnten a kënne verschidde Prozesser automatiséiert, vereinfacht a beschleunegt ginn. Mee et ass keen Zaubersand, deen einfach alles méi einfach mécht.

Gläichzäiteg kënne mer mat hir awer och net all d'Problemer léisen. An dofir brauch et och weider Innovatioun vu Mënschen, fir iwwerhaapt all déi Problemer unzegoen. Mir proposéieren awer dann d'Schafe vun engem nationalen AI Finance Hub, wou Entreprisen, Fuerscher a Regulateuren och do rëm kënne codeveloppéieren, fir responsabel AI-Léisungen am Finanzberäich ze entwéckelen. Dozou gehéiert nämlech och en eetheschen a virun allem e verbindlechen eethesche Kader fir den Asaz vu KI am Finanzsecteur.

D'KI bréngt vill Virdeeler mat sech, gläichzäiteg mussen awer och verschidde Grenze gesat ginn, fir datt mer eeben net an eng Dystopie kommen, wou iergende Computer ouni mënschlech Kontroll Entscheedungen doriwwer hëlt, ob een dann iwwerhaapt nach däerf e Kont hunn, ob een nach e Prêt kritt oder, wéi ech virdru soen, iwwerhaapt e Bankkont däerf opmaachen. Hei brauch et mënschlech Interventioun, well dat ass e Problem haut an ech hunn d'Gefill, datt vill ze vill Banke sech vill ze vill op Algorithme verloossen an dat Mënschlecht an deem ganze Prozess e bësse verluer gaangen ass.

D'Zukunft vun eiser Finanzplaz hänkt ganz vill dovun of, wéi mer eis positionéiere géintiwwer den Erausfuerderunge vun der Digitaliséierung, der Nohaltegkeet an der Kënschtlecher Intelligenz. Mir mussen elo onbedéngt op dësen Zuch opsprangen – obwuel mer u sech schonn dem Zuch hannendru lafen – an esou schnell wéi méiglech déi néideg Mesüren anticipéieren an ëmsetzen.

D'ABBL huet an hirer Visioun fir 2025, dat ass elo dëst Joer, sechs Haaptpiliere festgeluecht: am Häerz vun Europa sinn, d'Komplementaritéit zu aneren EU-Zentren, féierend an der Nohaltegkeet sinn, Innovatioun virundreiwen, responsabel Gouvernance an, ech sot et, déi mënschlech Dimensioun. Mir deelen dës Visioun voll a ganz.

Eis Finanzplaz kann nëmmen dann eng erfollegräich Zukunft hunn, wa mer d'Stäerkten, déi mer iwwer Joerzéngten opgebaut hunn – eis international Expertis, eis Méisproochegkeet an eis politesch Stabilitéit –, intelligent notzen, also mat Innovatiounsgeescht an Nohaltegkeet kombinéieren. Dat verlaangt den Effort vun der ganzer Finanzplaz, fir datt se och an Zukunft nach dee gréissten Acteur hei zu Lëtzebuerg bleift.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Clement. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Den exzellenten Här Bauler hat a senger Demande fir dës Interpellatioun eng ganz Rei vu verschiddene Beräicher vun der Finanzplaz uginn an ass a senger Ried och dorobber agaangen.

Ech wäert a menger kuerzer Interventioun awer net op alles kënnen agoen an notzen och d'Geleeënheet virun allem, fir mech op ee Beräich ze konzentréieren, nämlech op dat, wat een allgemeng – et ass schonn ugeschwat ginn hei – „gréng" Finanz nennt. Dat läit mir nämlech och schonn eng Zäit laang um Mo, net well mir géint gréng oder nohalteg Investissementer wieren, mee well et awer vill pseudogréng Investissementer gëtt, also Greenwashing bedriwwe gëtt. An dat muss een awer och zur Sprooch bréngen.

Déi gréng Finanz ass jo e relativ jonken Trend, dee viru ronn 10, 15 Joer ugefaangen huet. Et ass deemools eng gewëssen Demande entstanen, sougenannt „eethesch Placementer", virun allem bei institutionellen Investisseuren, wéi bei Pensiounsfongen, mee och bei privaten Investisseuren, ze maachen. An dës Demande, dës nei Geschäftsopportunitéit, ass vun den Acteure vun der Finanzbranche natierlech dankend opgegraff ginn.

Et kann een dat e bësse vergläiche mat de Supermarchéen, déi op eemol Regaler mat Bioprodukter an hir Geschäfter gesat hunn, net well se sech op eemol Suerge gemaach hätten ëm d'Biodiversitéit, mee well dofir eng Demande entstanen ass a sech domadder Geld verdénge léisst.

Vun Ufank u war d'gréng Finanz awer net vill méi wéi eng nei Marketingapproche – mat engem relativ effikasse Marketing, muss ee soen. Schliisslech huet se et fäerdegbruecht, d'Leit gleewen ze doen, datt ee kéint de Bock zum Gäertner maachen a mat der Profittgier vun de Kapitalisten d'Welt retten. D'Kriticken hu sech awer ganz schnell op d'Krittäre konzentréiert, dat heescht, wéi dann déi gréng Finanz definéiert gëtt an ob déi Suen tatsächlech an d'Energietransitioun fléissen.

Mee déi Krittäre goufe jo net op Basis vu wëssenschaftlechen Erkenntnisser festgeluecht, mee genee vun deene Finanzacteuren, déi domadder wollte Geld verdéngen. Deementspriechend gouf dann och séier festgestallt, datt se enger kritescher Analys net standhalen. Oder fir bei mengem Verglach ze bleiwen: Et ass an der gréngen Finanz bei Wäitem net alles bio, wou „bio" dropsteet.

Laut der UNO-Agence fir Handel an Entwécklung si ronn 80 % vun deene gréngen Finanzproduite ganz oder deelweis Greenwashing. Dat heescht, et gëtt esou gemaach, wéi wa se gréng wieren.

Bon, mëttlerweil ass do am Reegelwierk vun der EU e bësse méi Uerdnung erakomm – quoi que, wéi ee mat der Polemik ronderëm d'Atomkraaft an dem Äerdgas an der Taxonomie gesinn huet, wou Atomkraaft an Äerdgas op eemol als gréng Energien opgezielt solle ginn. Mee déi Diskussioun ronderëm d'Definitioun an d'Krittären ass eigentlech zweetrangeg a lenkt vun der eigentlecher Fro of, nämlech ob déi gréng Finanz der Ëmwelt iwwerhaapt eppes ka bréngen.

An der Theorie soll jo déi gréng Finanz d'Finanzéierungskäschte fir gréng Projeten erofsetzen. Doduerjer, datt vill Investisseuren a gréng Produiten investéiere wëllen, kéinten d'Entreprisë sech op Finanzmäert méi bëlleg Geld léinen, fir esou Projeten ze finanzéieren. Esou déi allgemeng offiziell Narratioun.

Dat ass awer net geschitt. Praktesch all Analyse weisen, datt d'Finanzéierungskäschte fir d'Entreprisë méi oder manner déi selwecht sinn, egal ob se gréng oder brong Obligatioune maachen. Iwwerhaapt tendéiert den Impakt vun der gréngen Finanz op d'Realwirtschaft géint null, schonn eleng dowéinst, well d'Finanzéierungskäschte bei den Decisioune vun den Entreprisë just eng ënnergeuerdent Roll spillen. Haaptkrittär sinn a bleiwen d'Profittaussiichten.

Donieft ass et jo och net esou, wéi wann déi brong Investissementer keng Sue méi géife fannen. Déi gréng Finanzinstrumenter maache weltwäit just knapps 5 % vun alle Finanzinstrumenter aus, wärend déi aner 95 % och weiderhi kee Problem domadder hunn, nei Kuelekraaftwierker ze finanzéieren. Dat, wat ëmmer behaapt gëtt, well dorëms ass et jo ursprénglech gaangen, nämlech datt domadder d'Finanzstréim vun de brongen Industrien an déi sougenannt gréng Industrië verlagert ginn, entsprécht net der Realitéit.

Dat kënnt och dohier, datt et mëttlerweil e risegt Iwwerangebot u Kapital gëtt. Vu datt d'Kapital praktesch net méi besteiert gëtt, déi Tendenz geet jo weltwäit, wëssen déi Räich guer net méi, wouhinner mat all deem Geld, an investéieren an alles, wat iergendwéi Profitt mécht, oder a Saachen, déi mol kee Profitt maachen. Si schéisse sech erop an de Weltall, woubäi hir Uspréch a Saache Rendement awer an der Reegel weiderhin duerchaus zolidd sinn.

Also, bei der gréngen Finanz, dat ass de Problem, do gëtt et kee Lenkungseffet, mee en akkumulativen Effet. Well et sinn einfach Investissementer, déi nach eng Kéier uewendrop kommen: nach méi Produktioun, nach méi Exploitatioun, nach méi Renditt fir déi Happy Few. Wéi sech dat op d'Atmosphär an d'Biosphär auswierkt, ka jidderee sech selwer ausmolen. Mee op jidde Fall ass et villen Investisseure wurscht.

Am Ufank huet déi gréng Finanz och spektakulär Wuesstemszuele verbucht. Stolz hunn d'Vertrieder vun der Branche an och eis Regierung ëmmer nees kommunizéiert, datt ëmmer méi Milliarde géingen an d'gréng Finanz fléissen, fir d'Welt ze retten. Dat louch awer manner drun, datt op eemol masseg nei Investissementer an d'Energietransitioun gemaach goufen. Et louch virun allem drun, datt Investissementer, déi egal wéi gemaach gi wären, op eemol als gréng gelabelt goufen.

Ech ka mech nach drun erënneren, dat war nach bei der viregter Regierung, déi sech och gefreet hat, dat war nach an der „gramegnanescher Ära", …

*(Hilarité)*

… fir den Här Bauler ze paraphraséieren, datt Investissementer – et kënnt warscheinlech och eng „rothesch Ära", si huet eréischt ugefaangen –, datt déi Regierung sech gefreet huet, datt zum Beispill Investissementer a Wandmillen, déi souwisou gemaach gi wieren, getätegt goufen. Déi goufen och op eemol gréng gelabelt an déi sinn dann natierlech als groussen Erfolleg vun der gréngen Finanz verkaaft ginn. Mee ausser dem Kontabilitéitstrick huet sech u sech näischt doranner geännert. Virdru si se och gemaach ginn, si gi just dann aneschters gelabelt.

*(Interruption)*

Mee bon, d'Bonanza ass elo awer eriwwer. Mëttlerweil fänkt d'gréng Finanz un ze stagnéieren. Et huet een och d'Gefill, datt de Reservoir vun ökophilen Investisseuren elo erschëpft ass. Déi grouss amerikanesch Investmentfirmen hu sech schonn demonstrativ vun der gréngen Finanz distanzéiert.

An dofir, an dat ass elo de grousse Misär, stierzt d'Finanzwelt sech jo elo op en neie Wuesstumsmarché, dee wierklech Porteur ass – a mir hunn haut de Moien doriwwer geschwat –, dee gigantesch Rendemente versprécht, net onbedéngt Sécherheet, mee haaptsächlech Profitter, an do schwätzen ech vun der Militariséierung a vun de Rüstungsfirmen.

Klimatesch Finanz ass out, mee Verteidegungsfinanz, dat ass elo in. An d'Staate maache Milliarden un ëffentleche Gelder labber, déi ni do ware fir aner Saachen. Op eemol si se do, fir a Rüstungsindustrie – net a Sécherheet! – ze investéieren. An do gëllt et natierlech dann elo fir d'Investisseuren, op Zack ze sinn, fir sech do e Maximum dovunner ze kropen.

Letztendlech ass et awer egal fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz, wéi et mat der grénger Finanz weidergeet oder net, well den Haaptzweck ass schonn erfëllt: nämlech den Image vun der Lëtzebuerger Finanzplaz opzepoléieren. Mee dat ass awer nëmme superficiel. An niewelaanscht nach gëtt déi reell Klimapolitick, well dat ass dat Wichtegst, verschleeft, well mer jo schonn anscheinend mat der grénger Finanz d'Welt gerett hätten. Mee déi Period ass jo och elo eriwwer.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Wagner.

Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Finanzminister Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci villmools, Här President. Merci dem Här Bauler fir seng Interpellatioun an och déi Froen, déi e gestallt huet. A merci all Intervenant, well Dir hutt, zwar heiansdo duerch e méi kritesche Bréll, mee awer alleguerten zesummen d'Wichtegkeet vun der Finanzplaz fir Lëtzebuerg a fir eist Land ënnerstrach.

An duerfir, Här President, géing ech mer erlaben, a menger Interventioun follgendermoosse virzegoen: Ech géing op déi Haapterausfuerderunge vun der Finanzplaz, deenen eist Land sech muss stellen, agoen, mat deene Léisungsvirschléi, déi dës Regierung sech virgeholl huet. An da wëll ech wärend menger Interventioun och op Är Froen agoen. A sollt Der nach zousätzlech Froen hunn, stinn ech Iech selbstverständlech zur Verfügung, fir datt mer dat mat der Formel vun der Parole après ministre hikréien.

Dir hutt mat Recht alleguerten d'Wichtegkeet vun der Finanzplaz fir eist Land ënnerstrach. An et si vill Metaphere benotzt ginn: „Wann d'Finanzplaz de Schnapp kritt, wa se en Houscht kritt, da geet et dem Land net gutt." Ech géing et einfach esou soen: D'Finanzplaz steet weesentlech fir de Wuelstand an dem Modell Lëtzebuerg.

Fir nëmmen e puer Zuelen ze nennen: Op der Finanzplaz insgesamt schaffe mëttlerweil ronn 70.000 Leit. All siwent Aarbechtsplaz hei zu Lëtzebuerg ass an der Finanzplaz.

D'Finanzplaz ass haaptsächlech do fir eis Steierrecetten. Fir e puer Zuelen ze nennen: 70 % vun der Kierperschaftssteier, dat ass also déi, déi d'Betriber bezuelen, kënnt aus dem Finanzberäich, 90 % dovunner eleng vun de Banken, vun de SOPARFIen a vun de sougenannte Gestiounsgesellschaften. Ronn 20 % vun der Lounsteier kënnt aus dem Finanzberäich. 80 % vun der sougenannter Dividendesteier kënnt aus dem Finanzberäich. Änlech ass et och mat der Verméigenssteier, déi mëttlerweil no un d'Milliardegrenz erukënnt.

De Finanzsecteur dréit insgesamt – lauschtert gutt! – 40 % vun den direkte Steiere bäi. Dobäi kënnt nach e Chiffer vu wäit iwwer enger Milliard iwwert déi sougenannten Taxe d'abonnement, déi also vun der Fongenindustrie bezuelt gëtt, plus – op deem alles – d'TVA.

Wat heescht dat insgesamt? Mee insgesamt koumen 8,2 Milliarden Euro iwwert dat lescht Joer vun der Finanzplaz an d'Staatskeess. Dat si ronn 33 % vun eisem ganze Budget. Eise Wuelstand, eise Sozialstaat, eise sozialen Zesummenhalt sinn och duerfir enk mat eiser Finanzplaz verbonnen.

Wichteg ass dofir vu politescher Säit, dass mer Stabilitéit hunn, politesch a sozial Stabilitéit, dass mer virun allem Previsibilitéit hei zu Lëtzebuerg hunn an dass d'Virausschaubarkeet vun der Politick ginn ass, besonnesch bei deem, wat mer an deem Beräich soen a wat mer och an deem Beräich maachen.

Mir mussen och doriwwer eraus en oppent Ouer hu fir den Dialog mat den Acteure vun der Finanzplaz, dat souwuel hei zu Lëtzebuerg, fir op hir Doleancë kënnen anzegoen, awer och wäit iwwert d'Grenze vun der Finanzplaz eraus.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Well mir sinn eng international Finanzplaz, an duerfir musse mer natierlech kucken, dass mer eis och international positionéieren. Net fir näischt kucke successiv Regierungen hei ... An ech schwätzen net vu „gramegnanescher Ära" a weess Gott wat soss. Ech kucken dat méi bescheiden, Här Bauler. Ech wëll just mäin Déngscht um Land leeschten.

Mir si mëttlerweil bei 34 (veuillez lire: 86) Duebelbesteierungsofkommessen. Déi kommen natierlech haaptsächlech och der Finanzplaz zegutt. Mir kucken och, dass mer eis geografesch méi breet opstellen. Duerfir gëtt eng extreem wäertvoll Aarbecht geleescht vu Luxembourg for Finance, déi de Moment vun dem Generaldirekter Tom Théobald geleet gëtt, déi sech wierklech am Interessi vun der ganzer Plaz – an dat sinn net nëmmen d'Banken, dat sinn d'Fongen, dat ass och den Assurancësecteur, dat sinn och d'FinTechen – asetzen. An d'Resultater, déi loosse sech och weisen. An duerfir soen ech hinne Merci.

Ech konnt bei eenzele Missiounen derbäi sinn op eenzele Kontinenten, well Lëtzebuerg gëtt an der internationaler Finanzwelt wouergeholl. Mir musse kucken, dass mer weider op der Kaart bleiwen. Firwat? Mee fir dass mer déi Finanzoperateuren, déi aus dem Ausland hei zu Lëtzebuerg sinn, behalen, fir dass mer se iwwerzeege mat eisem Reegelwierk, fir dass si hir Invester hei zu Lëtzebuerg verbreederen a fir dass mer och zousätzlech nei Acteuren op Lëtzebuerg zéien.

An duerfir wëll ech och besonnesch, dass mer op dem latäinamerikanesche Kontinent, dee fir mech, dat soen ech ganz éierlech, de Moment ënnerrepresentéiert ass op eiser Finanzplaz ... Do sinn enorm vill Potentialitéiten: Aleng aus Brasilie kommen déi sechs gréisst brasilianesch Banken, déi hir Aktivitéiten hei mëttlerweil zu Lëtzebuerg hunn. Et ass rezent nach d'Bank Votorantim bäikomm, gradewéi eng spuenesch Bank, déi och hir Lizenz hei zu Lëtzebuerg kritt huet.

Richteg ass och, dass mer an de sougenannten Indexen iwwert d'Finanzzentren an der lescht Schrëtter no vir gemaach hunn, wat jo eng gutt Perspektiv ass.

Wichteg ass och, dass eis Finanzplaz opgestallt ass op dräi Haaptpilieren. Dat sinn d'Banken, d'Assurancen, d'Reassurancen. Deen zweete Pilier ass eis Fongenindustrie. An den drëtte Pilier, deen ass richtegerweis vu ganz villen Intervenanten haut de Mëtteg ënnerstrach ginn, dat sinn déi sougenannten nei Technologien a virun allem de FinTech-Beräich.

Eis Fongeplaz ass déi zweetgréisst an der ganzer Welt: 7.300 Milliarden! 7.300 Milliarden Euro sinn an der Fongeplaz Lëtzebuerg hei, e Plus vun 11,5 % am Joer 2024 par rapport zu dem Joer 2023.

Mir hunn 117 Banken zu Lëtzebuerg. Jo, mir haten der scho mol méi, mee dat si Restrukturatioune vun internationale Finanzgruppen. D'Tendenz geet awer weider no uewen.

An deem Beräich ass och richteg ënnerstrach ginn, dass et de Moment d'Stonn ass vun Europa. Et ass d'Stonn vun Europa, well mer an anere Regioune vun der Welt eng gewëssen Instabilitéit hunn, well d'Leit net richteg wëssen, wou et higeet.

An Europa, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass net nëmmen d'Europäesch Unioun, mee dat ass, trotz Brexit, och Groussbritannien. An et gëtt vu béide Säite vun Europa, souwuel vu Bréissel wéi och vu London, gekuckt, dass besonnesch an de Finanzdéngschtleeschtungen eng verstäerkte Kooperatioun ass. An ech war d'lescht Woch an dem Treasury zu London an déi hu mer dat och weiderhi bestätegt.

Jo, mir sinn an engem gesamte Wettbewerb, mee mir hunn ee groussen Atout zu Lëtzebuerg: Wann een eng Kéier zu Lëtzebuerg seng Bankelizenz huet, wann een eng Kéier zu Lëtzebuerg seng Fongelizenz huet oder eng aner Lizenz an dem Finanzberäich, da kann ee seng Servicer duerch d'ganz Europäesch Unioun maachen. Dat huet och mat sech bruecht, dass besonnesch no dem Brexit iwwer zéng grouss Assureuren, déi virdrun zu London waren, op Lëtzebuerg komm sinn. Et sinn eng Rei vun Dossieren nach bei der CSSF. An ech sinn zouversiichtlech, dass och dee Marché nach méi grouss wäert ginn.

Den Assurancësecteur ass ugeklongen. Abee, den Assurancësecteur huet eng enorm Progressioun iwwert dat lescht Joer gehat: 46 % (veuillez lire: 41 %) am Beräich vun de Liewensversécherungen. An de Gros vun deene sinn aus engem noen Nopeschland, wou de schéinen Eiffeltuerm steet, eriwwerkomm. Do gesitt Der, wivill politesch Stabilitéit och an der Finanzindustrie ausmécht. Duerfir, den Assurancësecteur, dat ass net en Nieweprodukt. Dat ass e Produkt mat engem extreem grousse Wuesstumspotenzial, och a virun allem fir Lëtzebuerg.

Dann ass richtegerweis ënnerstrach ginn: Mir sinn eng vun de féierende grénge Finanzplazen op der Welt, gréng um Niveau vun den Emprunten, déi op der Lëtzebuerger Bourse opgelëscht sinn. Do si mer weltwäit féierend mat iwwer 2.300 nohaltegen Obligatiounen. Dat ass e Rekord, mee och virun allem um Niveau vun der Fongenindustrie.

An et ass eigentlech erstaunlech, dass Lëtzebuerg souwuel vum latäinamerikanesche Kontinent wéi och vu China besonnesch fir seng Expertis um Niveau vun der grénger Finanzwelt gesicht gëtt.

A Brasilien, dat huet de Finanzminister mer selwer do confirméiert, wësst Der, wat deenen hiren nächste Step ass um Niveau vun der nohalteger Finanz? Dat ass déi sougenannt „Blue Economy", dat heescht alles, wat mat Waasser ze dinn huet, mat der Opbereedung, mat der Qualitéit vum Waasser, mee och dem Schutz virum Waasser. An Der wësst, dass besonnesch den asiateschen an de pazifesche Raum do weesentlech Besoinen hunn, och um Niveau vun der privater Finanz, fir dass se dee Schutz kënne maachen, fir dass se mat dem Klimawandel och do de Fortbestand vun hire jeeweilegen Territoirë kënne weider assuréieren.

Dann hunn 2024, fir dass Der gesitt, dass den Zuch awer weiderfiert, net manner wéi 60 nei Entitéiten en Agrement vun der Lëtzebuerger CSSF kritt. Dat si wéi gesot ënner anerem zwou Banken, d'Banco Inversis, dat ass eng spuenesch Bank, oder d'Banco Votorantim, dat ass eng brasilianesch Bank, wou mer ganz frou sinn, dass déi hei sinn, well déi eng ganz Rei vun Operatiounen iwwert d'Lëtzebuerger Finanzplaz maachen.

Dann hu mer awer virun allem elektronesch Bezuelinstitutiounen. Dir kennt alleguerten den Ant Group, Alipay kennt Der, Dir kennt PingPong – also net fir Pingpong ze spillen, mee d'Entreprise PingPong –, Dir kennt LianLian. D'CSSF, déi jo des Ëfteren ugefouert gouf, huet net manner wéi 35

E-Payment-Lizenzen (veuillez lire: 13 Lizenze fir E-Money-Etablissementer a 17 Lizenze fir Bezuel-Etablissementer) schonns ausgestallt. Dat si Milliarden a Milliarde Clienten.

An da si mer och gutt ënnerwee um Niveau vun deene sougenannte VASPen oder CASPen. Dat ass alles, wat mat dem Kryptoberäich ze dinn huet. Do hutt Der alleguerten, mengen ech, mat enger grousser Majoritéit derfir gestëmmt, e Reegelwierk an deem Beräich ze hunn. Do si mer gutt ënnerwee, fir dass dat och e weidere Marché fir Lëtzebuerg gëtt.

Et ass ugeklongen: eis Positioun innerhalb vun der europäescher Spuer- an Investitiounsunioun. Dat ass e weesentlechen Dossier. Mir stinn hannert deem, wat an deene sougenannte Rapporten Draghi a Letta steet, ouni Ausnamen. Dat ass eng grouss Opportunitéit fir Europa, mee et ass och eng grouss Opportunitéit fir Lëtzebuerg, iwwert d'Titrisatioun, iwwer Produkter, wou ee ka laangfristeg Pensiounsfongen zu Lëtzebuerg hunn, wou déi Sue kuerzfristeg der Wirtschaft zougefouert ginn. Mir hunn d'Méiglechkeeten, an dem sougenannte Private-Equity-Beräich, dat heescht, wat net alles public finanzéiert ass, weider Instrumenter zu Lëtzebuerg opzeleeën.

Mir stinn also hannert all deene Propositiounen, déi do sinn. Mir stinn och derfir, dass zu Bréissel manner kompliz´éiert Direktive gemaach ginn, éischtens manner Direktiven an zweetens manner kompliz´éiert Direktiven.

A mir soen awer och ganz kloer um Niveau vun der Regulatioun: „Ma mir hunn eng Expertis vun eisem nationale Regulateur!" Dat ass eis CSSF. Mee da solle mer déi och notzen a mir sollen net alles op eng zentral Plaz op Paräis schécke bei déi sougenannten „ESMA" (ndlr: European Securities and Markets Authority). Mir stinn do zu Bréissel net eleng. Dat ass e wichtegen Dossier, och fir d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz.

Dann ass vill geschwat gi vu sougenannten alternativen Investmentfongen oder den ETF-Fongen. Fir et vereinfacht ze soen: ETF-Fonge sinn der, déi an Infrastrukturen, zum Beispill an eng Eisebunn, investéieren oder an e Stausee. Och do si mer Virreider hei zu Lëtzebuerg. An dat ass e Secteur, deen huet en extreem grousse Potenzial. Duerfir hu mer och bei deene sougenannten „ETF-Fongen", fir d'Kompetitivitéit ze erhalen, d'Taxe d'abonnement ofgeschaaft. Dat huet sech och direkt positiv ausgewierkt. Bis 2030 gëtt hei insgesamt op e Wuesstumspotenzial vu bis zu 800 Milliarden US-Dollar higewierkt.

A fir Iech nëmmen ze soen, wat fir en Impakt eleng d'Annonce hat vun den ETF-Fongen, déi mer vun der Taxe d'abonnement befreit hunn: Ma déi sinn iwwert déi leschte 15 Méint vun 338 Milliarden Euro, déi zu Lëtzebuerg sinn, op 415 Milliarden an d'Luucht gaangen. An a Schätzunge vun den Experte vun eiser Finanzplaz gi se dervun aus, dass mer bis 2030 do kéinten op e Chiffer vu bal 1.000 Milliarde kommen.

ELTIF-Fongen, hunn ech Iech virdru gesot, dat sinn déi, déi a grouss Infrastrukturprojeten investéieren. Och do e Chiffer, deen awer, mengen ech, signifikativ ass: Vu plus/minus 185 ELTIF-Fongen, déi an der Europäescher Unioun opgeluecht goufen, sinn der sage und schreibe 117 zu Lëtzebuerg opgeluecht ginn! Mir hunn also e Potenzial an en Ist-Zustand vu ronn 60 % vun de sougenannten ELTIF-Fongen zu Lëtzebuerg par rapport zur ganzer Europäescher Unioun.

Dann ass ugeschwat ginn: „Wéi stitt Dir par rapport zu Pensiounsprodukter?" Den André Bauler huet dat virdrun ugefouert. Mir si Member vun enger Initiativ, dat ass e sougenannte „Competitiveness Lab", dat heescht e Laboratoire, fir méi Kompetitivitéit ze hunn. Dat ass eng Initiativ, déi geet vu Spuenien aus, zesumme mat Frankräich. Och derbäi sinn Italien, Portugal, d'Hollänner, d'Polen a Lëtzebuerg. Dat ass eng intergouvernemental Initiativ. Do schaffe mer zesummen.

Firwat? Mee fir dass déi Instrumenter zu Lëtzebuerg am Fongeberäich kënne genotzt ginn, fir laangfristeg och en zweeten, voire en drëtte Pilier um Niveau vun der Pensiounsofsécherung ze garantéieren. Ech soen awer nach eng Kéier hei ganz kloer als Finanzminister: Lëtzebuerg – an déi ganz Regierung – steet hannert dem éischte Pilier, wat eise legale Pensiounssystem ass, an et ass net, dass den zweeten an drëtte Pilier do iergendwéi sollen als Ersatz spillen.

Dann ass den Assurancësecteur ugeschwat ginn. Den Här Fayot huet dozou gefrot: „Wat maache mer mat extreeme Wiederkonditiounen?" Extreem Wiederkonditiounen, dat ass eng nei Nisch vun dem Assurancësecteur. Do ass natierlech déi traditionell Liewens-, Auto- a Feierversécherung, mee et gëtt och mëttlerweil Mikroversécherungen. Wéi kann ech also par rapport zu mengem Fuerverhalen eng Assurance kréien, déi genau op mäi Modell zougeschnidden ass a wou ech dann natierlech eng manner héich Primm bezuelen? Wéi kann ech mech géint verschidden Naturkatastrophe selwer versécheren? Alles dat sinn nei Opportunitéiten an dem Assurancëberäich.

Mee dat ass net nëmmen d'Klima. Dat ass och d'Onsécherheet op de Finanzmäert an och d'Onsécherheet an dem internationalen Handel.

Ech soen nach e Wuert par rapport zu der genereller Approche vun neie Reglementatioune vu Bréissel, och besonnesch am sougenannten ESG-Beräich. Wa mer also wëssen, dass ESG – also dat, wat, vereinfacht gesot, nohalteg ass – weesentlech ass fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, da sti mer dozou. Mir stinn zu Reglementéierungen, déi zu Bréissel an deem Beräich gehol ginn.

Mee ech soen awer och ganz kloer: Mir wëllen net eng Iwwerreglementéierung, mir wëllen net eng Dereguléierung! Mir hätte gären eng verhältnisméisseg Applikatioun vu Reegelen a mir wäerte par rapport zu deene Reegelen, déi zu Bréissel en fin de compte decidéiert ginn, zu Lëtzebuerg kee sougenannte „Goldplating" maachen. Dat heescht, mir wäerten net nach zousätzlech Hürden hei zu Lëtzebuerg an deem Beräich opleeën.

Da kommen ech zu de sougenannte FinTechen a Startuppen. D'Äntwert ass eigentlech scho gi par rapport zu deem. Mee wat ass da geschitt mat där Initiativ vum Här Mosar a vu mir, wéi mer nach op där dote Säit souzen – oder wéi virun allem ech nach op där dote Säit souz?

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ech sëtzen nach ëmmer hei, Här Roth.

*(Hilarité)*

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Mee dës Kéier sëtzt Dir ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Awer gären!

**Une voix** | Ou?

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Mee Dir sëtzt awer elo mol zumindest an der Majoritéit, Här Mosar, ...

*(Hilarité)*

... woubäi ech keen Ënnerscheed zwësche Majoritéit an Oppositioun maachen. Jiddereen huet hei seng Stëmm. An déi Stëmm ass fir jidderee vun de 60 Deputéierten, dat weess ech no 18 Joer Deputéierten am beschten anzeschätzen, déi selwecht.

Also, den nächsten Dënschdeg komme mer an d'Finanzkommissioun, wou mer natierlech, esou wéi et am Regierungsprogramm steet, Steierincentivë presentéieren, wa Leit zum Beispill an eng Startup investéieren, well dat en Deel vun Investissementer a Risikokapital ass. Duerfir brauche mer e Gesetz, dat e richtege Rame virschreift, fir dass d'Leit, wa se esou Investissementer maachen, wëssen, wat fir e Steiervirdeel se kënnen hunn, mee och fir dass se wëssen, wat de Kader ass, an deem se sech musse beweegen, fir dee Steiervirdeel kënnen ze kréien.

Dann ass villes gesot ginn zur Blockchain. Jo, mir hunn ënner successive Regierungen dem neie Phenomeen vun enger méi digitaler Finanzwelt Rechnung gedroen. Duerfir hu mer iwwert de Joreswiessel hei an der Chamber – an ech si richteg frou doriwwer – mat enger grousser Majoritéit eng nei sougenannte „Blockchain-IV-Legislatioun" gestëmmt.

Wat heescht dat? Mee dass déi digital Finanzwelt sech eigentlech kann a Millisekonne beweegen. Wat heescht dat? Mee dat heescht, dass zum Beispill Obligatiounen op digitalem Wee kënnen offréiert ginn an d'Leit déi och kënne kafen, dass digital Fongen opgeluecht ginn. Dat ass och zu Lëtzebuerg geschitt, an do gi mer eigentlech och weltwäit derfir gelueft.

E Wuert zu Krypto. Jo, Krypto, do kann ee soen: „Dat wëlle mer net", mee Krypto ass eppes, wat do ass! Duerfir hu mer och gekuckt, dass mer esou séier wéi méiglech déi sougenannte MiCA-Regulatioun zu Lëtzebuerg konnten en place setzen. Well mir soen, mir hätte gären e Reegelwierk, dat kloer Reegele gëtt, dat deene Leit eng Flexibilitéit gëtt, déi esou Produiten opleeën, mee dat awer och eng Rechtssécherheet gëtt fir déi Leit, déi dodran investéieren, an domat och e Schutz.

Elo gëtt gefrot: Wat sinn dann nach nei Nischen oder wat sinn nei Secteuren? Also eng Fro, déi mer eis tôt ou tard eng Kéier musse stellen, dat sinn déi sougenannten „Neobanken". Wat ass dat? Mee dat si Banken, déi net méi traditionell mat Agencen operéieren, mee dat si Banken, déi eigentlech all hir Bankservicer an dem Internet oder an dem Digitalen offréieren.

Elo sot Der: „Mee dat kéint jo e gudde Marché sinn." Jo, dat ass e Marché, deen ass enorm! Do si Milliarden – Milliarden! – Clienten do, besonnesch an der südlecher Hemisphär. Wann Der kuckt, an där gréisster Demokratie op der Welt, an Indien, do geet natierlech ganz villes dodriwwer. Et huet och net lauter negativ Approchen, well zum Beispill an Afrika, an ofgeleeëne Géigenden, jo, do kënne se keng Agence vun der Spuerkeess dohinner setzen, do musse se kucken, iwwert dee Wee do d'Leit ze konnektéieren un d'Finanzwelt. Duerfir ass dat och, loosst eis soen, en inklusive Faktor, deen domadder verbonnen ass.

Ech soen awer grad esou kloer: Wa mer där vill zu Lëtzebuerg hunn, musse mer deem Rechnung droen, dass eise Finanzsystem zu Lëtzebuerg weiderhin och stabill muss sinn, spréch hei besonnesch dat, wat verbonnen ass mat der Garantie vun den Depoten, wann esou e Finanzinstitut eng Kéier seng Diere misst zoumaachen, fir dat da méi fein auszedrécken.

Mir sinn amgaangen, am Finanzministère dorunner ze schaffen, Iwwerleeungen unzestellen. Dat kann een awer net einfach esou aus der Täsch geréieren. Do muss een also déi Risiken ofweien. Mee an deem Moment, wou d'Welt ëmmer méi digital gëtt, och d'Banken an d'Finanzwelt, kann een dee Phenomeen do als international féierend Finanzplaz och net total ausser Uecht loossen, well soss riskéiert den Zuch, engem do ze séier fort ze sinn.

Dann ass iwwert d'Cybersécherheet geschwat ginn. D'Cyberattacken hunn am éischten Trimester 2025 ëm 76 % zougeluecht. An der Moyenne gëtt et 914 Attacken d'Woch. An duerfir brauche mer och e staarkt Reegelwierk. Dat hutt Der hei an der Chamber mat dem sougenannten DORA-Reglement gemaach.

Mir musse weiderhin eis Cybersécherheet stäerken. Duerfir hunn och schonns 19 Lëtzebuerger Gesellschaften am Assurancëberäich den Agrement kritt vun dem Commissariat aux assurances, fir um Niveau vun de Cyberrisike kënne Versécherungen auszestellen.

D'Talentattraction, dat hat d'Madamm Adehm ugeschwat. Jo, mir hunn eng Rei vu Mesüre geholl um Niveau vun der Besteierung, fir dass mer Talenter aus dem Ausland méi einfach op Lëtzebuerg unzéien. Ech weess, dass dat eng Reegel war, déi net ondiskutéiert war, wou ech awer frou sinn, dass se akzeptéiert gouf. D'Chamber huet nämlech d'lescht Joer decidéiert, dass bei Leit, déi vu wäit hier op Lëtzebuerg kommen, déi eng Expertis ënner anerem am Finanzberäich hunn, bei hiren éischte 400.000 Euro, déi se am Joresrevenu hunn, zu 50 % vun der Steier befreit sinn. Dat huet natierlech e weesentlechen Impakt gehat, soudass Leit, Talenter, awer och Leit aus dem Middle Management an dem ieweschte Management vun internationale Finanzoperateuren éischter de Wee op Lëtzebuerg fannen.

Dann nach e Wuert zur nohalteger a Klimafinanzéierung. Jo, mir si féierend do. Mee mir ginn eis domat net zefridden! Duerfir hu mer d'lescht Joer e sougenannten Zéngpunkteplang ausgeschafft um Niveau vun der nohalteger Finanz. A wann ech „nohalteg Finanz" soen – an trotz enger neier Approche vun der US-Regierung –, zielt fir eis zur nohalteger Finanz och d'sozial Gerechtegkeet derbäi an och déi sougenannten „Genderfinanz", dat heescht, och um Niveau vun der Representativitéit zwëschent Männer a Fraen an deenen eenzelne Geschlechter bis hin zur Representatioun an de Verwaltungsréit vun den eenzelne boursëcotéierten Entreprisen.

An do ass e Projet de loi ënnerwee, deen der Chamber ënnerbreet gëtt a wou deemnächst och d'Finanzkommissioun eng Kéier driwwer beréit, fir dass do eng méi ausbalancéiert Representatioun vu Männer a Fraen an deenen eenzelnen Toppmanagementplazen ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt nach eng Kéier soen: Mir hunn eng Finanzplaz, déi vun hirer Expertis lieft. Mir hunn eng Finanzplaz, déi och vu gesonde Staatsfinanze lieft, nämlech dem Triple-A. Dat ass e weesentleche Verkafspunkt! Mir hunn eng Finanzplaz, déi vun engem seriöe Reegelwierk um Niveau vun de Banken, vun den Assurancë lieft. Mir hunn awer och eng Finanzplaz, déi vun Innovatioun lieft, vun Innovatioun an neie Beräicher. An een neie Beräich ass do besonnesch dee vun den neie Finanztechnologien. Et ass och dee vun nohalteger eethescher Finanz. A mir wëllen eis deenen Erausfuerderunge weider stellen. Ech hoffen, dass mer mat dem Secours vun enger breeder Zoustëmmung an der Chamber op alleguerten déi Erausfuerderungen, och am legislative Beräich, an der noer Zukunft kënne reagéieren.

An ech kommen nach eng Kéier zréck op déi Zifferen, déi ech am Ufank gesot hunn: Wa mer do praktesch een Drëttel hu vun de gesamte Steierrecettë vun eisem Budget, jo, da soen ech ganz éierlech als Finanzminister, dann ass dat eng Mëllechkou, déi mer net esou séier däerfe schluechten!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Minister villmools Merci fir seng Ausféierungen. An ech gesinn, datt nach déi eng oder aner Froen do sinn. Den Här Mosar, duerno den Här Bauler. Den Här Fayot och nach. Här Mosar.

*(Interruption)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci dem Här Finanzminister.

*(Interruption)*

Nee, jo, déi Froe si laanscht.

Ech hunn dem Finanzminister opmierksam nogelauschtert. Merci. Et ass ganz vill Interessantes an Informatives, wat mer gewuer gi sinn. Ech sinn och mat allem d'accord, wat hei gesot ginn ass. En huet awer ee klenge Punkt net elucidéiert. E weess och, wat elo kënnt, wat och meng exzellent Kolleegin, d'Madamm Adehm, de Mëtteg ugeschnidden hat. Ech hat et gëschter ugeschnidden, an ech kommen awer net derlaanscht, eng Kéier drop zréckzekommen. Dat ass déi ganz Thematik vun de Bankkonten.

De Finanzminister kennt se, ech brauch se net nach eng Kéier ze erklären. An en huet virdrun eppes ganz Richteges gesot: Déi Systèmes de paiement, déi géife sech grousser Beléiftheet erfreeën. Ech kéint souguer nach méi wäit goen. Och déi sougenannten „E-Banken", wéi Revolut, erfreeë sech engem risege Succès. De Minister weess dat. 75.000 Konte si bis haut bei Revolut vu lëtzebuergesche Residenten opgemaach ginn, wat en iwwerwältegende Succès ass.

Ech regrettéieren iwwregens – ech maache schnell eng Klammer op an zou –, woufir awer dëse Finanzminister absolument keng Responsabilitéit huet, datt deemools Revolut net hei zu Lëtzebuerg en Agrement kritt huet, well da kéinte mer haut och nach d'Steiere kréien. Haut hu se – 75.000 Residenten, déi dohinner ginn! – en Agrement, kënnen also hei zu Lëtzebuerg all hir Affäre maachen. Mee et ass awer Äre Kolleeg, de Finanzminister vu Litauen, deen d'Recetten do haaptsächlech asäckelt.

Wat ech awer domadder wollt soen: Dat weist also, datt hei e Problem ass bei deenen traditionellen a klassesche Banken. A wéi gesot, meng exzellent Kolleegin, d'Madamm Adehm, huet virdrun d'Beispill gi vun engem grousse japanesche Grupp. Ech kéint Iech eng ganz Lëscht vu grousse Gruppe ginn. An dat fänkt awer un, eis och um Niveau vun der Reputatioun e gréissere Problem ze maachen. Duerfir, och wëssend, datt dat dem Finanzminister net egal ass, wollt ech en nach eng Kéier kuerz drop uschwätzen, wéi en déi Problematik gesäit, an haaptsächlech, wat e gedenkt, do ze ënnerhuelen.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci dem Här Mosar fir déi Fro. D'Madamm Adehm hat vun der Entreprise bitFlyer geschwat. Dir verstitt, dass ech net kann op d'Lous vun engem eenzelnen Acteur op der Finanzplaz agoen, well net de Finanzminister do d'Lizenz ausstellt, mee dat ass eis CSSF.

Generell gesinn, éischtens: D'Regierung ass zoustänneg fir d'Reegelwierk vun deem Ganzen, déi fréier Regierungen, dës Regierung. A wat kucke mer do? Den Här Fayot huet eppes richteg gesot: d'Reputatioun. Mir kucken op d'Reputatioun. An duerfir ass et gutt, dass mer 100 % am Aklang si mat deenen Ufuerderungen, déi de Moment de GAFI stellt. Mir hu vun deenen zertifizéiert kritt, dass mer 100 % mat deene Recommandatioune vum GAFI, Stand haut, en ligne sinn. Déi sinn awer amgaangen, eng weider Analys ze maachen. An deen nächste grousse Rapport vum GAFI, dee kënnt 2030, a fënnef Joer.

D'Reegelwierk ass also an der Rei. Mir mussen do virun allem dem Wäisswäsche vu Sue Rechnung droen, mir mussen der Terrorismusfinanzéierung Rechnung droen a mir mussen natierlech deem Rechnung droen – och an enger Datewelt vun all deem –, dass d'Bank weess, wien hire Client ass, a verschidde Finanzflëss och ka kontrolléieren.

Den Haaptpunkt ass deen, dass op meng Demande hin an och op Är Fuerderung hin – Dir sidd jo net eleng do, wann ech esou déi sozial Meedie kucken –, d'ABBL zesumme mat der CSSF – ech betounen: zesumme mat der CSSF! – e sougenannte „Guide" opgestallt huet, fir dass, wann en Acteur kënnt, deen entweeder schonn zu Lëtzebuerg ass, oder en Acteur, dee vu méi wäit hier kënnt, ausserhalb vun de Grenze vu Lëtzebuerg, genau weess – no engem System: Hunn ech dat do bruecht? Hunn ech dat do Dokument ginn? Hunn ech déi doten Informatioune ginn? –, ob en dat erfëllt huet. A wann en dee Guide erfëllt huet, dann ass en u sech apte, fir dass e ka seng Lizenz kréien.

Mee d'Madamm Adehm huet zum Beispill dat Beispill gi vu bitFlyer. bitFlyer huet net applizéiert fir eng Banklizenz. bitFlyer ass e sougenannte „VASP", ënner eiser MiCA-Regulatioun, dat gëtt dann e CASP, also schonn alles, jo … Dat heescht, och do muss ee kucken, wat fir eng spezifesch Ufuerderungen do spillen an engem spezifeschen Dossier, fir dass een hei ka Bankkonten hunn. Dat hei sinn net nëmme Bankkonten, fir e Virement vum Elektreschen ze maachen. Ech mengen, dat muss een och ëmmer kucken. Et si Bankkonten, fir méi Souskonte kënnen ze geréieren.

Ech hunn awer op Är iterativ Demande hin nach eng Kéier gefrot, dass an dem Finanzministère – an déi Sitzung wäert stattfannen de 16. Juni – all d'Acteuren, dat sinn déi vun der Fongenindustrie, dat sinn d'Acteure vun dem Assurancësecteur, dat sinn d'Acteure vun der ABBL, also vun de Banke selwer, zesumme mat dem Regulateur, nämlech der CSSF, nach eng Kéier och dem Finanzminister soen, wou da konkreet Problemer sinn a wou bei hinnen am Kontext vun deem Reegelwierk, wat Dir zesumme mat der Regierung opgestallt hutt, nach Verbesserungsméiglechkeete sinn.

An ech hunn awer absolutt kee Problem, ech soen dat, well ech wëll, dass dee Sujet och an aller Transparenz dobaussen traitéiert gëtt, wann doropshin eng weider Sitzung an der Finanzkommissioun – Dir sidd do Här a Meeschter – nach virun der Summervakanz sollt stattfannen, fir dass d'Chamber, an domat d'Lëtzebuerger Vollek, iwwert déi Resultater vun där Sitzung och weiderhi kann informéiert ginn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Dann ass et den Här Bauler, deen nach eng Fro wëllt stellen. Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Jo, villmools merci, Här President. Ech kann et ganz kuerz maachen. Ech wollt dem Här Finanzminister fir d'éischt emol e ganz grousse Merci soe fir seng Interventioun, déi ganz variéiert war an déi eis nach eng Kéier e ganz gudden Iwwerbléck ginn huet iwwert d'Finanzplaz en tant que tel.

D'Finanzplaz lieft vun hirer Diversifikatioun. Hien ass besonnesch agaangen op d'ELTIFen. Ech ka mech erënneren, dass et nach net esou laang hier ass, dass mer an der Finanzkommissioun, an der viregter Legislaturperiod, och déi Legislatioun ugeholl hunn, déi eeben d'ELTIFen op eng gutt Basis stellt, fir attraktiv ze sinn. An ech si wierklech frou driwwer, datt déi

Legislatioun hei och an deem Sënn Uklang fonnt huet, datt nach eng ganz Rëtsch där Fonge sech hei zu Lëtzebuerg ugesidelt hunn.

Dann hutt Der ganz richteg gesot: Den éischte Pilier ass dee wichtegste Pilier vun eisem Pensiounssystem. Dorunner däerf kee fréckelen a wëll och kee fréckelen. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen, och iwwert den zweeten an den drëtte Pilier nozedenken. An do si mer nees am Fongeberäich. Et muss een awer feststellen, dass iwwert déi lescht Joren a Joerzéngten dee Beräich sech hei zu Lëtzebuerg manner entwéckelt huet wéi an anere Länner. Ech denken do u Skandinavien, vläicht och un d'Niederlande. Et misst een nach eng Kéier am Fachberäich nofroen.

Ech wollt Iech just froen, ob Der eventuell eng Kéier gewëllt wiert, bei eiser Finanzkommissioun e kuerzen Iwwerbléck ze ginn iwwert d'Entwécklung vun där doter Branche oder deenen dote Stratten am Finanzwiesen, ELTIFen a Pensiounsfong. Do ass menger Meenung no fir Lëtzebuerg nach ganz vill Potenzial. Dat ass dat eent. An et géif och hëllefen, d'Épargne privé, d'Epargne vun de Privatstéit, ze mobiliséieren an enger Zäit, wou mer jo awer gesinn, datt do nach ganz vill Sputt no uewen ass, wéi dat ëmmer esou schéi gesot gëtt. Voilà. Dat wier meng Fro.

Nach eemol Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci, Här Bauler, fir déi Fro. Ech kann och ganz éierlech soen: Jo, dat wäerte mer maachen, well et ass en Deel vun dem Regierungsprogramm, eng Verbesserung vun dem sougenannten zweete Pilier, dat heescht deene Pensiounsversécherungen, déi gemaach gi vun den Employeure fir hir Salariéen, respektiv dem drëtte Pilier, dat ass deen, bei deem d'Leit selwer eng zousätzlech Privatversécherung maachen. Dat kënne mer méi attraktiv gestalten.

Wat den drëtte Pilier ubelaangt, dat heescht, wa Leit ... Wat ass dat de Moment? Ech mengen, 3.200 Euro pro Persoun an engem Stot; mol zwee sinn dat 6.400 Euro. Do kann een dee Montant natierlech no uewe setzen. Ech soen awer grad esou kloer als Finanzminister, mat allem Sënn fir d'Attraktivitéit, fir weider en Developpement um Niveau ... Dat si jo haaptsächlech zu Lëtzebuerg etabléiert traditionell Versécherungsgesellschaften, déi esou Produkter ubidden. Ech wëll awer och soen, mir mussen ëmmer eng sozial Gerechtegkeet halen. Well wa mer dee Montant, ech soen, ganz staark ... Ech hu Fuerderunge gesinn, dass een dee sollt bis op 12.000 Euro pro Joer an d'Luucht setzen. An engem Stot wieren dat 24.000 Euro, déi da maximal kéinte pro Joer dodran abezuelt ginn.

Jo, selbstverständlech gëtt dat, no 20, 30 Joer Uspueren, en zolitte Montant, deen Der mat 60 Joer gegeebenefalls ... Et muss ee jo 60 Joer an der Reegel hunn, et sief dann, et wier en Accident geschitt. Wann een dat als Kapital ausbezuele léisst, da gëtt dat nach nëmmen zur Hallschent besteiert. Et muss een awer och kucken, dass net all Mënsch sech zu Lëtzebuerg ka leeschten, an engem Stot 12.000 respektiv 24.000 Euro – dat sinn 2.000 Euro pro Mount – an esou e Produkt ze investéieren.

Dat heescht: Jo fir eng méi dynamesch Erugeeënsweis um Niveau vun deem sougenannten drëtte Pilier – dat ass den Artikel 111bis aus der Steiergesetzgeebung –, mee et muss ee kucken, dass een do awer eng equilibréiert Approche fënnt, wou net déi finanziell besser gestallte Leit kéinte vun deem System enorm profitéieren an déi aner Leit et sech net kéinte leeschten, deementspriechend an esou e Produkt ze investéieren. Jo, duerfir, zu enger méi dynamescher Approche. Mee d'Kierch am Duerf an och dat Soziaalt am An.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Här Bauler, wollt Dir nach eng Kéier eppes soen? Här Bauler, kuerz.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Ech mengen, ech kann et ganz kuerz maachen, ech wollt dodrop reagéieren. Merci, Här Minister, fir all déi do Explikatiounen. Mee Dir hutt do laanscht meng Fro geäntwert an deem Sënn. Ech sinn do mat Iech 100 % d'accord. Ech hunn nëmme just gefrot, an der Kommissioun iwwerhaapt en Iwwerbléck iwwert deen do Beräich ze kréien. Ech hunn iwwerhaapt keng Fuerderunge steierlecher Natur hei verlaangt. Ech wollt einfach nëmme kucken, wat fir eng Opportunitéiten et gëtt, virun allem nieft deem Klasseschen, wat mer ugebuede kréien am Versécherungsberäich. Ech wëll awer wierklech hei net falsch verstane ginn.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Guer kee Problem. Mir maachen dat.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Gutt. Dat wär da beäntwert. An dann hat den Här Fayot nach déi lescht Fro.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, merci. Och merci fir déi Explikatiounen. Dir sidd agaangen op meng Remark iwwert d'Assurancen.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Jo.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Dir hutt dat e bëssen anescht verstanen, wéi ech dat gesot hat. Dat ass warscheinlech dee richtege Mindset als Finanzminister, dass een eng Opportunitéit doranner gesäit, an deenen extreeme Wiedereventen, dass do eng nei Nisch ass fir d'Assurancen.

Ech hat am Fong éischter gemengt am Sënn vun där Roll, déi d'Assurancen e bësse spillen am Klimawandel, vun enger Aart Kanarievull an der Kueleminn – dat heescht, dass déi sangen, ier et richteg knuppt –, a fir ze froen: Wéi wëllt Der Iech assuréieren op der Finanzplaz, dass mer net déi falsch Investissementer hunn? Dat heescht, dass et keng Investissementer gëtt a fossil Projeten, a Projeten, déi net nohalteg sinn. Ech denken do un d'Taxonomie. Ech denken do u Reegelwierker, u Krittären, déi mer eis ginn hu fir d'Acteure vun der Finanzplaz, fir sécherzestellen, dass d'Investissementer effektiv gréng Investissementer sinn. Dat ass och déi Diskussioun iwwert de Greenwashing. Wat maache mer do, fir dat ze assuréieren?

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Mir wäerten dat Reegelwierk, wat zum Deel jo och vu Bréissel kënnt, zousätzlech zu deem, wat sech reng fir d'Banken applizéiert ... D'Banke musse jo ënner Basel III Rapporte maachen, déi wäit iwwert dat erausginn en termes de précision. Mee en termes vun Informatiounen, déi se musse liwweren, wéi d'Taxonomiesdiskussiounen zu Bréissel, wäerte mer déi zu Lëtzebuerg applizéieren. An déi wäerten och vun dem Commissariat aux assurances, deen hei onofhängeg als Regulateur agéiert, esou gekuckt ginn.

Ech hu vollt Vertrauen an déi zwee Regulateuren, dat ass souwuel d'CSSF wéi och de Commissariat aux assurances, well op all Finanzmissioun, Här Fayot – an Dir waart do jo och an Ärer Qualitéit als Wirtschaftsminister –, ech mengen, dat, wat mer ëmmer héieren, dat ass déi grouss Kompetenz vun eise Regulateuren. Dat ass déi pragmatesch Approche. Mee et ass virun allem eppes: Dat ass déi Onofhängegkeet, déi se sech selwer ginn an déi se och richtegerweis hu par rapport zu der Regierung. An duerfir hunn ech vollt Vertrauen an déi Aktivitéiten an och déi Surveillanceaktivitéit, déi déi zwou Institutioune maachen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Voilà. Merci, Här Minister. Da wär domat d'Diskussioun ofgeschloss zu däser Interpellatioun.

***Motions***

Mir hunn nach zwou Motiounen, déi hei deposéiert gi sinn.

***Motion 1***

Mir wäerten elo mat der Motioun Nummer 1 ufänken. Dat ass d'Motioun vum Här André Bauler. Här Bauler, wëllt Dir se direkt nach eng Kéier explizéieren?

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Ech erënneren nach eng Kéier drun, datt ech virdrunner kuerz bis erauskomm war. An domadder war alles gesot. Dofir hunn ech deem näischt méi bäizefügen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Ok. Gutt. Wie wëllt zu däser Motioun eppes soen? D'Madamm Tanson, den Här Wagner, den Här Fayot. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Also, ech hunn eigentlech eng Rëtsch Froen bei där Motioun, wou een net genau weess, wat domat gemengt ass. An dofir dinn ech mech e bësse schwéier, einfach ze soen, dass mer domat d'accord wären.

Bon, dat eent, et ass och elo vill undiskutéiert ginn, dat ass eeben, wat Dir genau mengt mat den „activités visant le financement de la sécurité collective et du système des retraites", ob mer do vun eisem Lëtzebuerger System schwätzen oder vu wat mer do genau schwätzen.

An da bei deem véierten Invite, do schreift Dir, Dir wéilt „les entraves persistantes au libre fonctionnement du marché unique" eliminéieren. Wat mengt Dir genau domat? Dat ka jo ganz villes sinn.

An da bei deem zweetleschten Tiret, do sot Dir: „assurer un environnement fiscal et réglementaire propice à l'attraction et à la rétention des talents". Ech denken, do si scho Mesüre virun net all ze laanger Zäit gestëmmt ginn. Mir fannen, dass dat elo mol à ce stade duergeet, och en termes vun Egalitéit tëscht den eenzelne Salariéen hei am Land. An dofir och do meng Fro, wat Der genau domadder mengt.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Mir huelen déi eenzel Intervenanten an da kritt den Här Bauler duerno nach eng Kéier d'Wuert. Den Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Jo, ech rejoignéieren och d'Remarke vun der Madamm Tanson, well et sinn eng Partie Invitten do, déi eng gewëssen Interpretatiounsmarge oppeloossen, quitte datt ee vläicht à la limite awer kéint soen, wann ee reegelméisseg der Regierung e bëssen nolauschtert, datt u sech déi meescht Invitten, fir net ze soen, vläicht all Invitten, u sech superfetatoire sinn, well d'Regierung dat souwisou mécht. Dofir géif ech och der CSV an der DP-Fraktioun proposéieren, déi net unzehuelen, ...

*(Hilarité)*

... well Är Koalitioun dat souwisou mécht.

Mee mir wäerten op jidde Fall déi Motioun net matstëmmen. Notamment mengen ech awer, datt den éischte Punkt an eisen Aen awer guer net esou eng grouss Marge d'interprétation léisst. En ass souguer éischter besuergneserreegend.

Also, wann ee kuckt, wat fir eng Debatte mir haten, haut a gëschter, datt mer d'Finanzplaz esou sollen ausriichten, datt se all déi Instrumenter soll kréien, fir de Finanzement vun der Sécurité collective méi attraktiv ze maachen, mir verstinn dat esou – an dat rejoignéiert och en plus dat, wat ech elo grad an der Diskussioun gesot hunn a wat de Marc haut de Moien och gesot huet –, datt u sech elo immens vill Milliarde labbergemaach gi fir eeben d'Rüstungsindustrie, well dat en interessante Secteur ass, fir déi do labberzemaachen.

An dat ass relativ problematesch. Lëtzebuerg huet zwar keng Rüstungsindustrie, mee d'Finanzplaz mécht sech dann eendeiteg nach méi ofhängeg vun der Rüstungsindustrie. Dat heescht, datt d'Rüstungsindustrie zu engem Selbstzweck gëtt.

Stellt Iech emol vir, mir kommen och erëm an eng Situatioun eran, wat mer all hoffen, déi méi friddlech gëtt. Da wäert d'Finanzplaz e Manque à gagner hunn, well op eemol vläicht d'Investissementer an d'Rüstungsindustrie net méi esou grouss sinn.

Ech fannen dat immens bedenklech, datt mer dat esou blank soen. Mee dat konkretiséiert u sech dat, wat vill Leit soen. Dat ass, datt déi immens grouss Investissementer an d'Rüstungsindustrie do u sech net geduecht si fir eis Sécherheet, mee fir Profitter ze maachen.

An duerno awer dat anert, dans le système des retraites – d'Madamm Tanson huet d'Fro och opgeworf –: Mee ech verstinn dat awer och esou – an ech hat den Androck, datt den Här Roth och an déi Richtung gaangen ass –, datt et warscheinlech drëms geet, och d'Instrumenter fir den drëtte Pilier méi sécher ze maachen.

Am Kontext vun der Diskussioun iwwert d'Rentereform, déi jo anscheinend awer éischter an déi Richtung soll goen, datt den zweeten an zemools den drëtte Pilier solle gestäerkt gi par rapport zum éischten, deen automatesch da warscheinlech och méi geschwächt gëtt a manner attraktiv soll gemaach ginn, ass dat dann awer och ganz problematesch.

Schonn nëmmen aus deene Grënn wäerte mer déi Motioun net matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, bon, mir hunn e bëssen änlech Reflexiounen zu dëser Motioun. Engersäits, mengen ech, kann een effektiv dovunner ausgoen, dass déi Saachen hei all largement wäerte gemaach gi vun der Regierung, wat insbesonnesch den éischten Invite ugeet. Bei de Retraiten huet dat jo schonn ugefaangen. Ech mengen, et ass annoncéiert ginn, dass e Renforcement géif komme vum drëtte Pilier, an dofir och vun deem Secteur vun der Finanzplaz, effektiv au détriment vum éischte Pilier, wouzou mer jo gëschter gesot hunn, wat mer alles Guddes dovunner halen. Dat heescht, dat ass schonn emol en éischte Grond, firwat mer net onbedéngt Loscht hunn, dat heite matzestëmmen.

An dann och dee virleschten Invite, bei der Talentattraction: Effektiv, do si scho Saache gemaach ginn. Ech mengen och effektiv, speziell an deem Kontext, wou mer dra sinn, elo nach eng Kéier eng Schëpp bäizeleeën an enger Partie Leit, fir déi heihinner ze zéien, dann eng Partie Kaddoen ze maachen, Steierkaddoen, wou mer anerer, déi hei am Land liewen, relativ staark desavantagéieren, dat ass eng Inégalité de traitement, déi mer dans l'absolu net gutt fannen, a virun allem net an dësem spezifesche Kontext.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Ech gesinn an dësem Moment keng aner Wuertmeldung. Da ginn ech dem Här Bauler nach eng Kéier d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Jo, merci, Här President. Ech verstinn, datt sech ëmmer a gewëssene Stratten hei vun der Chamber vill Gedanke gemaach gëtt.

Also, wann hei steet, datt een Aktivitéite soll viséieren, déi mat eiser Sécurité collective ze dinn hunn, mat eisem Système de retraite, da mengen ech, da solle mir net méi domm sinn a méi naiv si wéi anerer. Anerer, mengen ech emol, wann een d'Systèmes de retraite kuckt, wann een eis skandinavesch Partner kuckt an aner Länner an Europa, déi sinn do scho laang wäit fort. An ech mengen, eis Finanzplaz soll duerch deen Effort de diversification, dee sech ëmmer muss maachen, och deen Effort d'innovation, kucken, wat fir eis interessant ass, fir datt ee sech och als jonke Mënsch kann iwwert eng gewësse Liewenszäit e Kapital uleeën, mat eventuell enger méi héijer Renditt, wéi wann ee mat engem einfache Spuerbuch ënnerwee ass.

Den Dokter Schockmel huet och a senger Interventioun, wéi mer de Pensiounsdebat haten, vun engem staatlech iwwerwaachte Fong geschwat, deen en zousätzlecht Instrument ka sinn, fir d'Perspektiven am Beräich Retraiten ze verbesseren.

Hei geet et also wierklech net – et steet och elo net expressis verbis hei – ëm Steierkaddoen. Hei geet et zum Beispill drëms, eebe wéi ech gesot hunn, d'Plaz ze diversifiéiere mat neien Aktivitéiten, déi anerer scho längst hunn, an eeben dorëm, déi Voleten ze erweideren, déi awer de Moment nieft dem Klimawandel en zentraalt gesellschaftlecht Theema duerstellen. Dat ass de Volet Pensiounen an et ass de Volet vun der kollektiver Sécherheet. A kollektiv Sécherheet ass net nëmmen eng klassesch Rüstungspolitick.

Da wollt ech nach eppes soen zu den Entraven. Jo, Madamm Tanson, et ass esou bei den Entraves persistentes, mir sinn eeben an deem Tour iwwert d'Finanzplaz, deen ech gemaach hunn, dorop opmierksam gemaach ginn, datt mir Lëtzebuerger oder eis Plaz dacks oder meeschtens e ganz faire Player sinn – oder iwwerhaapt e faire Player sinn –, mee datt et an anere Länner esou kleng Barriäre gëtt, esou kleng Entravë gëtt, wou mer et schwéier hunn, op gewësse Segmenter eranzekommen. Frot mech net ze vill technesch Detailer, mee dat ass am Beräich vun de Versécherungen de Fall. Dat ass am Beräich vun de Fonds d'investissement de Fall. A mir sinn der Meenung, et soll e klassescht Level-Playingfield sinn. Dat heescht, jiddwereen soll déi selwecht Spillreegelen hunn an et soll keng Barriäre ginn, déi den Ecoulement vun de Produkter an de Servicer fir eis géife méi schwéier maache wéi fir anerer.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Domat wäert d'Diskussioun zu dëser Motioun bal ofgeschloss. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Nee, vu dass ech virdrun net ... Ech wollt eeben déi Äntwerten ofwaarden. Ech hunn elo keng héieren op den Environnement fiscal, mee et ass egal. Ech mengen, déi Äntwerten, déi ech elo vum Här Bauler krut, déi confirméieren eis Bedenken zu där dote Motioun, well wa mer vun engem Lëtzebuerger private Pensiounsfong schwätzen, da schwätze mer wierklech vun enger Privatiséierung vun eise Pensiounen. A wann et drëms geet, bei den Entraves persistantes net méi „e faire Player" ze sinn, da gi bei mir awer e bëssen d'Alarmklacken un. Dofir géing ech dann awer menger Fraktioun proposéieren, dass mer dat doten net géinge matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Domat wär d'Diskussioun zu dëser Motioun dann ofgeschloss.

***Vote sur la motion 1***

Da géing ech d'Motioun Nummer 1 vum Här André Bauler zum Vott stellen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 42, Nee: 18, Abstentiounen: keng. Dës Motioun ass also ugeholl mat 42 Jo-Stëmme bei 18 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Fernand Etgen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Claire Delcourt), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

***Motion 2***

Da kéime mer zur nächster Motioun, der Motioun Nummer 2 vun der Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, wëllt Dir elo oder duerno eppes soen? Duerno. Wie wëllt dozou d'Wuert ergräifen? Madamm Adehm. Madamm Adehm, da fänkt Dir mol un.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Merci, Här President. Mir hunn déi dote Motioun mat Interesse gelies. Mir sinn der Meenung, dass mer se net stëmme sollen. Firwat solle mer se net stëmmen? Mir sinn der Meenung, et soll ee keng Iwwer- oder Dereglementéierung vum ganze Secteur maachen, mee et soll een derfir suergen, dass een eng räsonabel Reglementéierung huet. Et ass e bëssen dat, wat ech och virdrun a menger Ried gesot hat. A mir sinn der Meenung, dass mer eisem Finanzsecteur net nach zousätzlech Hürden hei sollen operleeën. Mir mussen derfir suergen, dass eise Secteur kompetitiv bleift, dass e keen Desavantage kritt. An duerfir, wéi gesot, proposéieren ech, déi Motioun hei ofzeleenen.

De Finanzminister huet mer awer mat op de Wee ginn, dass hien och, wa mer déi Motioun ofleenen, bereet wier, eng vun deenen nächste Kéieren an d'Finanzkommissioun ze kommen a mat eis iwwert deen dote Sujet ze diskutéieren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Adehm. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Den Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Ech hunn elo net richteg verstanen, ob proposéiert gouf, datt déi Motioun an d'Kommissioun soll goen.

*(Interruption)*

Nee? A, nee. Dir sidd dergéint.

Ech hat u sech eng Fro, well et gëtt ëmmer gesot, et misst een oppassen, net ze vill ze reguléieren. Eis Finanzplaz sollt kompetitiv bleiwen. Hei geet et jo drëms, ze wëssen – also et geet ëm d'Liwwerketten –, wou investéiert gëtt, ob d'Mënscherechter respektéiert ginn, ob ekologesch Rechter, sozial Rechter solle respektéiert ginn. An da gëtt d'Fro opgeworf: „Maja, et soll een awer oppassen, net ze vill ze reglementéieren." Wou gëtt dann ze vill reglementéiert? A wou gëtt dann ze vill um Niveau vun de Mënscherechter, vun den ekologeschen a vun de soziale Rechter reglementéiert?

Et ass awer eng komesch Logik u sech. Dat heescht, datt een u sech déi Rechter misst opferen, fir d'Profitter vun enger Minoritéit ze sécheren, wann ech dat richteg verstinn, wat d'Majoritéit mengt. Et ass relativ grav u sech, sou eng Ausso!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, Här President, ech géif menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei ze stëmmen. Si geet effektiv an d'Richtung vun engem Renforcement vun dem Liwwerkettegesetz.

Mir wëssen, dass mer vill Diskussiounen doriwwer haten, ob mer sollten d'Finanzservicer mat an d'Liwwerkettendirektiv eranhuelen. Dunn ass deen Artikel do komm mat där Clause de rendez-vous, a mir sinn der Meenung, dass dee soll bestoe bleiwen.

Mir wieren eis géint all Verwässerung vun deem Text iwwert d'Liwwerkettegesetz. A mir sinn der Meenung, wéi ech dat gesot hunn a menger Interventioun, dass e sech och sollt uwennen op d'Finanzplaz an op d'Finanzservicer. Dofir stëmme mer dat heite mat.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Mir allerdéngs stëmmen déi heiten net mat, well mer och der Meenung sinn, dass mer am Moment e Risiko hunn, dass mer ze vill Reglementer hunn an dass net méi esou geschafft ka ginn, wéi ee misst kënne schaffen. Mir musse méi wettbewerbsfäeg sinn. Mir hunn e Problem, well aner Regiounen an der Welt och méi staark ginn. An déi hunn déi Reglementer net, déi mir eis selwer operleeën. Domadder schafe mir eis jo am Endeffekt Nodeeler. A mir wëllen eis jo awer och Virdeeler schafe fir eise Secteur, fir dass dee gutt ka fonctionéieren, a mir domadder natierlech och eise Wuelstand an eis ekonomesch Situatioun kënne verbesseren. Dat ass de Prinzipp, an duerfir stëmme mer et heiten net mat.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Ech gesinn elo keng aner Wuertmeldung méi. Da kritt d'Madamm Tanson nach eng Kéier d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, ech muss soen, bon, ech verstinn, wann een einfach seet: „Souwisou wëlle mer dat net", mee d'Argumentatioun vun der Madamm Adehm huet mech awer elo e bësse perplex gemaach. Well et geet jo ... Duerfir hunn ech et och extra dragesat, well ech mer bewosst sinn, dass net jiddwereen elo den Detail dovunner onbedéngt muss kennen.

Mee hei geet et jo net drëm ze soen: „Mir setzen de Finanzsecteur dran." Hei geet et drëm ze soen, dass d'Europäesch Kommissioun dem Europäesche Parlament zu engem gewëssene Moment e Rapport géing maache „sur la nécessité de fixer des exigences supplémentaires relatives au devoir de vigilance en matière de durabilité" fir d'Entreprises financières réglementées.

Dat heescht, ech verstinn net, wéi ee ka soen, ob et ass eppes Räsonabeles ass oder net, wann ee sech net emol d'Moyene gëtt fir ze kucken. An dofir bedaueren ech déi dote Positioun extreem, well et en plus wierklech verantwortungslos ass, ze soen: „Mir wëllen eis net emol déi Méiglechkeet ginn"! Mir soen net emol: „Mir hätten elo gär, dass dat direkt geschitt", mir soen: „Mir hätte gär, dass et op d'mannst gekuckt gëtt." An ech bedaueren natierlech, dass Der dat doten net matdrot.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Domat wär dann d'Diskussioun zu dëser Motioun ofgeschloss.

***Vote sur la motion 2***

Da géing ech d'Motioun Nummer 2 vun der Madamm Tanson zum Vott stellen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 20 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen, bei kenger Abstentioun. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

## 5. 8468 – Projet de loi instituant une aide à la construction de serres horticoles

Domat wäre mer dann um Schluss vun dësem Punkt vum Ordre du jour ukomm a mir géingen zu deem nächste Punkt kommen: Dat ass de Projet de loi 8468 iwwert d'Aféierung vun enger Bäihëllef fir de Bau vun Zärhaiser. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. De Rapporter huet 10 Minutten, d'Fraktiounen an d'Sensibilitéiten hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, den Här Luc Emering, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jeff Boonen. Här Boonen, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture***

**M. Jeff Boonen** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus der Chamber, komme mer dann elo, no deenen décke Friichten, bei déi richteg Friichten a bei d'Geméis, ...

*(Hilarité)*

... déi och de Bauch kënne fëllen. Ech stellen Iech dann de Rapport vum Projet de loi 8468 vir. Dëse Projet de loi, och nach „Zäregesetz" genannt, gesäit Investitiounsbäihëllefe fir landwirtschaftlech Betriber vir, déi a gréisser Zären investéieren, dat, fir Geméis an Uebst ze produzéieren.

Am aktuellen Agrargesetz ginn dës Investitioune schonn ënnerstëtzt. Allerdéngs kann den Investitiounsplaffong, deen do virgesinn ass, séier limitéierend gi bei dem Bau vu professionellen Zären, wéi se haut standardméisseg an der Uebst- a Geméisproduktioun genotzt ginn.

A genee deen Uebst- a Geméisubau soll jo weider ausgebaut ginn, well de Selbstversuergungsgrad vu villen Zorten déif ass an awer eng Demande, an domat e Marché, fir regional produzéiert Geméis besteet. Bei Tomaten an Äerdbier produzéiere mir zum Beispill knapps 1 % vun deem, wat zu Lëtzebuerg consomméiert gëtt.

De Projet gesäit eng gesamt budgetär Enveloppe vun 20 Milliounen Euro vir. D'Bäihëllefe ginn iwwer een oder méi Appels d'offres verdeelt. Eligibel fir d'Hëllef sinn d'Baueren an d'Gäertner, déi d'Krittäre vum aktive Bauer am Agrargesetz erfëllen.

Eligibel Investitioune si Konstruktiounen, déi genotzt gi fir d'Produktioun, de Stockage an d'Preparatioun vum Uebst a Geméis, wat an der Zär produzéiert gëtt, souwéi Annexinstallatiounen, déi néideg si fir de Fonctionnement vun der Zär. De maximale Montant, fir deen d'Hëllef kann ugefrot ginn, sinn 12 Milliounen Euro. De Bäihëllefetaux läit standardméisseg bei 40 % a ka fir jonk Baueren ëm 15 % erhéicht ginn.

Den Antragsteller muss e Businessplang an eng detailléiert technesch Beschreiwung vum Projet eraareechen. D'Selektioun gëtt op Basis vun der Viabilitéit an der Nohaltegkeet vum Projet gemaach. Duerno gëtt d'Hëllef op Basis vun enger Demande de paiement ausbezuelt. Dës Demande ka bis dräi Joer no dem Accord eragereecht ginn. Wichteg ass nach ze soen, dass d'Hëllefen aus dem nationalen Agrarfong, dem Fonds d'orientation économique et sociale pour l'agriculture, bezuelt ginn.

E puer Wuert zum legislative Prozess:

Dëse Projet de loi gouf den 10. Dezember 2024 vun der Landwirtschaftsministesch Martine Hansen deposéiert mat engem Exposé des motifs, engem Commentaire des articles, enger Fiche financière an engem Nohaltegkeetscheck.

Den 12. Dezember 2024 ass en an d'Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau gaangen, wou en dann och vun der Landwirtschaftsministesch virgestallt gouf.

Den 3. Februar huet d'Chambre de Commerce hiren Avis ofginn. An dësem begréisst si déi zousätzlech Aidë fir d'Konstruktioun vu méi groussen Zären. Si begréisst den Effort, den Uebst- a Geméisbau hei zu Lëtzebuerg ze fërderen an ze diversifizéieren. Si weist drop hin, datt duerch dës Initiativ nei Geschäftsméiglechkeete kéinten entstoen.

De 17. Mäerz ass den Avis vun der Landwirtschaftskammer erakomm. Si begréisst de Projet de loi, fuerdert awer méi Informatiounen iwwert d'Selektiounskrittäre bei der Ausschreiwung vun de Projeten, fir datt d'Bauere wëssen, wéi d'Selektioun gemaach gëtt. Des Weidere fuerdert d'Landwirtschaftskammer, dass déi zoustänneg Administratiounen zesummeschaffen a bei de Geneemegungsdossiere séier

schaffen, fir dass d'Projete bannent dräi Joer kënnen ofgeschloss ginn.

A sengem Avis de 4. Abrëll gëtt de Staatsrot keng Opposition formelle. Déi héich Kierperschaft weist awer drop hin, dass d'Aide muss vun der Europäescher Kommissioun geneemegt ginn. Dësen Artikel ass och doropshin am Gesetz bäigesat ginn. Des Weidere freet de Staatsrot Detailer bei der Formuléierung, wat d'Héicht vun den Aiden ugeet, an iwwert d'Modalitéite vun dem Antrag vun der Hëllef. Dës Erklärunge sinn am Commentaire des articles preziséiert ginn.

De 24. Abrëll sinn all d'Avisen an der Kommissioun analyséiert ginn, an den 8. Mee huet d'Agrarkommissioun de Rapport ugeholl. déi gréng hu sech enthalen.

***Discussion générale***

Här President, ech géing nach elo kuerz am Numm vun der CSV-Fraktioun op dëse Projet de loi agoen.

Lëtzebuerg ass keen typesche Standuert fir d'Produktioun vun Uebst a Geméis. Aner Géigenden an Europa sinn dofir méi predestinéiert. Et ass Knowhow do, et ass och ganz oft Waasser do, wat ee brauch fir Geméis, an eng bëlleg Main-d'œuvre. Dat huet dozou gefouert, dass mir haut manner wéi 1 % vun eisem Geméis, jee no Geméiszort, selwer produzéieren.

Mee eng Entwécklung vun enger Filière huet awer och Virdeeler:

Et ass eng Demande do fir regional produzéiert Geméis. De Konsument sicht duerno.

Et erlaabt eis, hei méi ze produzéieren an domat manner ofhängeg ze gi vun anere Regiounen, wat zum Beispill kéint an enger Kris vun der Logistik oder esou Virdeeler hunn. Et bréngt och Virdeeler fir d'Baueren an et dréit zu enger gréisserer Souveränitéit vun der Liewensmëttelproduktioun hei bäi.

Doniewent stäerkt et d'Diversifikatioun vun eiser Landwirtschaft. Wa mir klassesch éischter an der Mëllech-, Fleesch- an Déiereproduktioun aktiv sinn, bitt dat hei eng grouss Chance, eis Landwirtschaft méi breet opzestellen.

An et ass och genee déi Regionalisatioun, déi eis allgemeng hëlleft, d'Resilienz vun der Landwirtschaft ze verbesseren, wa mir hei produzéieren. Wann hei consomméiert gëtt, dann dréint den Euro am Fong geholl hei an der Géigend a kënnt esou jidderengem zegutt.

Déi lescht zéng Joer sinn eng Partie Projeten am Geméis- an am Uebstbau entstanen. Sou huet een zum Beispill méi lokal kleng Projeten: Solawien (ndlr: solidarisch Landwirtschaft), Direktvermarkter, déi am klenge Kader Geméis produzéiert hunn an dat och direkt un de Konsument verkaaft hunn; et si Baueren, déi ugefaangen hunn, Feldgeméis ze produzéieren, dat heescht awer am gréissere Stil, an dat da verkaaft hunn. Allerdéngs ass dat ëmmer ganz saisonal bedéngt. Dës Bauere konnten op Ënnerstëtzungen am Agrargesetz zeréckgräifen, zum Beispill fir a Stockage ze investéieren oder fir kleng Zären ze bauen.

Déi aktuell Systemer funktionéieren, hunn awer e puer Erausfuerderungen. Et kann nëmme saisonal produzéiert ginn, dat heescht, an Zäite wéi elo oder och am Wanter gëtt kee Geméis produzéiert. An doniewent hu mer e Problem mam Waasser fir d'Feldgeméis, wat ganz oft net disponibel ass, fir dës Kulturen ze bewässeren, wat dozou féiert, dass och do, jo, net ëmmer ka produzéiert ginn. An dann hu mer hei am Land de Problem vun den deieren Aarbechtskräften, déi et net méiglech maachen, an deem dote Beräich ze concurrencéieren.

D'Produktioun an den Zären erlaabt, genee dës Defien ze léisen. E ganzjärege kontrolléierten Ubau an enger automatiséierter Zär, déi ka gehëtzt ginn, fir och de Wanter ze produzéieren, a wou d'Waasser recycléiert gëtt, erlaabt, genee dës Defien ze léisen.

Et handelt sech allerdéngs ëm immens héich Investissementer. An de Plaffong am aktuellen Agrargesetz geet net duer, fir dës Investissementer ze subventionéieren. Dat heescht, dat Gesetz hei, wat mer haut stëmmen, ass en zousätzlecht Stéck vum Puzzle, fir de Geméisubau zu Lëtzebuerg auszebauen: 20 Milliounen zousätzlech fir de Geméisubau hei zu Lëtzebuerg.

D'Iddi fir dës Projeten ass jo net nei, mee schonn an der viregter Regierung sinn éischt Iddien entstanen, wou Synergië mat Industriezonen oder mat Ofwäermt gesicht gi sinn. An do muss een och kloer soen, dass dës Bäihëllefe komplementär sinn zu den Hëllefen, déi et aktuell am Agrargesetz gëtt. Et kritt also keen eppes ewechgeholl. All aner kleng Projeten oder méi grouss Projete kënne weider iwwert d'Agrargesetz subventionéiert ginn.

Dann ass et nach wichteg ... Oder ech wëll zum Schluss nach eppes zu de Prozedure soen, déi liicht anescht si wéi am Agrargesetz. Hei ginn eng oder méi Ausschreiwunge vun de Projete gemaach an da gëtt eng Mise en concurrence gemaach. Deen, deen de Projet areecht, muss, jo, en iwwerliewensfäege Projet, e Businessplang presentéieren, dass dëse Projet laangfristeg iwwerliewensfäeg ass, dass säi Businessplang opgeet.

Fir dass dësen Appel à projets awer elo e Succès gëtt, mussen all Acteuren, all Administratiounen, zesummeschaffen an dës Projete begleeden. Mir wëssen, dass et Prozedure gëtt, déi och wichteg sinn, an dass dës Projete kënnen nohalteg an d'Natur integréiert ginn. Mee et ass wichteg, vu dass mer dräi Joer hunn, nodeems de Projet geneemegt ginn ass, dass dës Projeten ëmgesat ginn, dass dës Acteuren hëllefen, dass dës Projeten zum Succès ginn an dass déi Zäre kënne gebaut ginn.

Den Zäreprojet ass eng Chance fir d'Landwirtschaft, nei Weeër ze goen, sech ze moderniséieren. Et ass och eng Chance fir eise Konsument, d'ganzt Joer Uebst a Geméis vun hei ze kréien. An domat ginn ech den Accord vun der CSV.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Boonen, och fir Äre schrëftlechen an Äre mëndleche Rapport. An dann ass den nächsten ageschriwwene Riedner den Här Luc Emering. Här Emering, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Emering** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe mengem Virriedner, dem Här Boonen, villmools Merci fir säin ausféierleche Rapport zu dësem Gesetz. Heimat wëlle mer den Invest fir gréisser Geméiszäre fërderen, well mir eise Baueren a Gäertner hëllefe wëllen, an Zukunft op méi Geméis an Uebst ze setzen.

Kleng Bauerebetriber hunn haut schonn d'Méiglechkeet, dëst iwwert d'Agrargesetz ze maachen. Als DP si mir frou, datt och elo déi mëttelgrouss a grouss Betriber ganzjäreg de regionale Marché zesumme mat der Liewensmëtteldistributioun an dem Eenzelhandel kënne versuergen.

Et muss ee bedenken, datt mir hei am Land net op d'Produktioun vu Geméis an Zäre spezialiséiert sinn. Mir brauchen also Knowhow. Knowhow an dësem Beräich kascht bekanntlech Geld. Dofir sti mer och ganz kloer hannert der Gréisst vun dësen Zären, déi eng Produktioun erméiglechen, wou een och kann a muss dervu liewen.

Tomaten ze zillen an ze verkafen, ass manner lukrativ, wéi zum Beispill bei de Staat schaffen ze goen. Och sonndes muss emol eng Tomat gepléckt ginn, fir dass se méindes frësch am Buttek läit. D'Bedreiwer vun esou Zäre sinn also op e gewëssene Volumen ugewisen, fir iwwerhaapt kënnen esou e Projet ze amortiséieren. Mee mat dësem Text kënne mer eis landwirtschaftlech Produktioun méi breet fächeren an domadder e Stéck wäit méi onofhängeg vun der Produktioun aus dem Ausland ginn.

Déi rezent Debatt iwwert d'Liewensmëttelsécherheet huet eis gewisen, wéi wäit mer zu Lëtzebuerg vun enger Selbstversuergung, grad an dësem Beräich, ewech sinn. D'Regierung wëll an Zukunft déi national Produktioun fërderen an hëlt och konkreet heifir Suen an de Grapp. An dat begréisse mir absolutt.

Et gëtt hei an der Lescht oft gesot, an ech widderhuelen et net gären, mee eis weltwäit Handelskette stinn op wackelege Been a mir wëssen net, wou d'Rees higeet. Dofir musse mir och méi Produktioun, an dësem Fall vun Uebst a Geméis, op Lëtzebuerg bréngen. D'Resilienz vun der nationaler Geméisproduktioun ka mathëllef vun Zären, der néideger Waasserversuergung an der néideger Energieversuergung signifikant erhéicht ginn.

Et ass wichteg, dass den Ubau vun Uebst a Geméis an den Zärenhaiser esou effizient wéi méiglech ass beim Waasser- a beim Energieverbrauch, sief dat mat Modeller, bei deenen d'Zärenhaiser zum Beispill un eng Biogasanlag ugeschloss ginn, mat Solarpannoen ekipéiert ginn, a Kombinatioun mat engem Agri-PV-Park, oder am beschte Fall an engem geschlossene Krees d'Energie aus Industriezone ka vereedelt ginn.

Här President, an der zoustänneger Kommissioun ass och vill driwwer debattéiert ginn, ob een hätt misse Krittären an d'Ausschreiwunge setzen, fir verschidde Projeten ze prioriséieren oder, anescht gesot, ze refuséieren. Heibäi handelt et sech virun allem ëm Produktiounsaart a -weisen oder d'Energiebeschafung fir dës Zären.

Mir sinn der Meenung, dass dëst hei net néideg ass, well en Zärenprojet just da ka realiséiert ginn, wa genau déi dote Froe gekläert sinn, well d'Rechnung soss net kann opgoen. Déi Krittären, déi par konter eventuell néideg gewiescht wieren, si konkreet Virgaben, op wéi enge Standorter dës Zären an der Zone verte autorisabel sinn, a wou net. Well genau dat war déi lescht Joren d'Haaptbrems, déi d'Geméisproduktioun klenggehal huet.

Dat heiten ass e wichtege Schratt an e Beispill vu pragmatescher Landwirtschafts- an Ëmweltpolitick. Dofir ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Emering. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dass mir haut e ganz interessante Gesetzesprojet hei virleien hunn. An ech huelen och scho virewech, dass d'LSAP-Fraktioun hei wäert hiren Accord ginn. Et ass ganz wichteg, dass mir eise Baueren hei ënnert d'Äerm gräifen an dass mer och wëllen Uebst- a Geméisubau fërderen an hinnen d'Méiglechkeete ginn, dëst kënnen ze maachen.

Mir wëssen, dass d'Saisonen hei zu Lëtzebuerg net ëmmer laang genuch sinn an dass et dofir néideg

ass, an den Zären unzebauen. A beim Wuerzelgeméis ass dat éischter manner problematesch. Mir wëssen, dass een dat och kann an de Wantermëint lageren. Mee méi kompliziéiert gëtt et awer bekanntlech och beim Fruucht- a Blatgeméis.

Bon, da kann een och natierlech soen, dass déi Wiederphenomeener, déi elo kommen, an d'Schwankungen, déi do duerch de Klimawandel ervirgehuewe ginn, wéi Staarkreen, Glëtz, awer och Drécheperioden, am Fong d'Recolte vum Bauer kënnen impaktéieren. An d'Zäre kënnen also och derzou bäidroen, deem entgéintzewierken. An eng Etüd vun dem WWF huet och gewisen, dass d'Joresproduktioun iwwert den Zärenubau ëm 300 % an d'Luucht ka goen.

Stand haut ass et jo esou, dass quasi all d'Uebst a Geméis, dat hei zu Lëtzebuerg consomméiert gëtt, och aus dem Ausland importéiert gëtt. A wa mir gär hätten, dass déi lokal Produktioun – an en conséquence och de lokale Konsum – an d'Luucht geet, da musse mir derfir suergen, dass et net un den néidegen Investitioune wäert scheiteren.

Et ass och esou, dass d'Agrargesetz schonn Hëllefe beim Opriichte vun Zäre virgesäit. Ech mengen awer, dass et richteg ass, dass mir hei nach méi e grousse Kader schafen, fir och méi grouss Investitiounen ze subsidiéieren.

Als LSAP ass et fir eis kloer, datt et wichteg ass, d'Bauere bei hiren Investissementer ze ënnerstëtzen. An et ass och genausou wichteg, dass d'Reegel aus dem Agrargesetz, fir d'jonk Baueren nach méi geziilt ze ënnerstëtzen, och an dësem Projet weidergefouert gëtt.

Wa mir d'Produktioun hei zu Lëtzebuerg wëllen erhéijen a vläicht zu engem Deel manner op d'Importer aus dem Ausland ugewise sinn, dann ass dat hei e Gesetz, dat een nëmme begréisse kann.

Et gëtt awer trotzdeem Punkten, déi mir gären anescht gesinn hätten. Den Appel à projets an den Accord vum Subsid soll un d'Nohaltegkeetskrittäre gebonne ginn. Esou wäit och esou gutt – et ass just schued, dass kee genau weess, wat fir eng Krittären hei genau gemengt sinn. An et gouf jo och elo scho gesot: D'Landwirtschaftskammer huet jo do och an hirem Avis genau dat bemängelt, dass et am Fong méi Informatioune fir d'Bauere gebraucht hätt.

Ech mengen, hei soll et net drëm goen, de Baueren iergendwelch Steng an de Wee ze leeën an hinnen d'Liewe schwéierzemaachen, mee hinnen einfach déi néideg Informatiounen zoukommen ze loossen, op wat se mussen oppassen, wann esou e Projet soll ugeduecht ginn.

Bei de Subsiden, déi duerch dëse Gesetzesprojet méiglech ginn, wäert et warscheinlech zu engem groussen Deel ëm déi sougenannt „Hydroponieproduktioun" goen, also eng technesch Mise en place vun den Zären, déi et erlaabt, dat ganzt Joer iwwer Uebst a Geméis unzebauen.

Dat kascht natierlech Energie. An och dofir ass et wichteg ze definéieren, wéi d'Baueren dës Zäre sollen hëtzen. Wann een elo ganzjäreg an Zäre wëll produzéieren, brauch een halt emol vill Energie. Bon, do sinn ech elo ... De Luc Emering huet et scho gesot, fir hie wär dat elo manner wichteg mat der Energie. Ech fannen, et ass awer elo net verkéiert, eng Kéier ze wëssen, wéi een dat soll ëmsetzen oder welch Form vun Energie fir d'Hëtzen do soll benotzt gi respektiv och welch Energiequellen eeben net erlaabt si fir dës Zären. Mee bon, vläicht kann d'Ministesch eis dozou jo awer nach dat eent oder dat anert méi soen.

E weidere klenge Kritickpunkt, dee mir wëllen ubréngen, ass dee ronderëm d'Demandeprozedur. De Bauer dierf nach net ufänke mat bauen, ier en d'Demande eragereecht huet. E brauch och keng Autorisatioun, fir d'Demande eranzereechen. Falls en déi dann awer kritt, dierf en ufänke mat bauen, och wann en nach net weess, ob en dann elo säi Subsid kritt.

Aus eiser Entrevue mam Landesuebstbauveräin hu mir erausgehéieren, dass esou eng Zär ouni staatlech Hëllef kaum ze amortiséieren ass. Mir sinn der Meenung, dass de Bauer also Planungssécherheet brauch, an dat vun Ufank un.

Et gëtt vill vu Simplification administrative geschwat. An eiser Meenung no wier et besser, sécherzestellen, dass déi néideg Autorisatiounen esou schnell wéi méiglech vergi ginn, fir dass de Bauer nom Accord vum Subsid och direkt kann ufänke mat bauen.

Zum Schluss wéilt ech just nach d'Ministesch froen, ob si vläicht le moment venu och kéint an d'Kommissioun kommen, wa bis Projete vläicht erakomm sinn, fir eis déi virstellen ze kommen. Jo, mol kucken, ob dat da méiglech ass.

Mee voilà, Här President, ech hat am Ufank awer gesot, dass d'LSAP jo der Meenung ass, dass mer d'Bauere wëllen ënnerstëtzen a méi Uebst a Geméis brauchen. An dofir recommandéieren ech eiser Fraktioun, dëse Projet matzestëmmen. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Delcourt. D'Wuert huet elo den Här Jeff Engelen. Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken, dem Här Jeff Boonen en häerzleche Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als ADR begréisse mir selbstverständlech dëse Projet ausdrécklech. Et ass ganz an eisem Sënn, datt d'Lëtzebuerger Landwirtschaft sech méi breet opstellt. De Grad u Selbstversuergung mat Uebst a Geméis ass de Moment nach ganz niddreg. Jee no Uebst- a Geméiszorte läit dësen tëschent 1 a 15 %.

An de leschte Joren ass ons leider virun Ae gefouert ginn, wéi fragill eenzel Versuergungsweeër, fir Wueren ze kréien, kënne sinn. All Schrack, fir eis Selbstversuergung mat héichwäertege lokalen Iesswueren ze erhéijen, ass e Schrack an déi richteg Richtung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Eis Biedem bidde jee no Regioun gutt Konditioune fir heemesch Uebst- a Geméisuplanzung. Mir begréissen duerfir, datt mer elo verstäerkt op de Wee gi vum Uebst- a Geméisubau an den Zären. Hei kann Uebst a Geméis ënner optimale Konditiounen ugebaut ginn.

Et gëllt also elo, dëst Gesetz esou séier wéi méiglech an onkompliziéiert ëmzesetzen. Den Uebst- a Geméisbauer muss vum éischte Moment un, wann en déi Hëllef ufreet, kloer wëssen, op wat hie sech aléisst. D'Krittären, wéi zum Beispill d'Nohaltegkeet, musse kloer definéiert ginn. Et muss verhënnert ginn, datt verstoppten Nofollgekäschten nokommen. D'Ufroen, fir eng Autorisatioun ze kréien, musse séier an onbürokratesch ofgewéckelt ginn.

Et stellt sech och d'Fro, ob et wierklech sënnvoll war, déi minimal Enveloppe op 1 Millioun Euro festzeleeën. Dann hätt een och vläicht kënnen den Uebst- a Geméisbau an engem klenge Kader färderen. Mee ech mengen, wa mer elo Erfarung hunn an dësem Beräich, kann ee vläicht an der Zukunft och eng Kéier iwwert dës Iddi nodenken.

Erlaabt mer, nach e Wuert iwwert d'Vermaarte vum Lëtzebuerger Uebst a Geméis ze verléieren. Déi Baueren, déi op de Wee ginn, d'Uebst- a Geméisproduktioun ze verstäerken, musse kënne mat der néideger Ënnerstëtzung rechnen. De Landwirtschaftsministère misst eng konsequent Politick féieren, fir déi héichwäerteg Liewensmëttelproduiten an de Fokus vum Konsument ze réckelen. Dat ass och dacks eng Fro vun de Käschten. Grad Leit mat engem klenge Portmonni fält et dacks schwéier, lokal Produkter der importéierter Wuer virzezéien. Mir hoffen, datt mat dësem Gesetz lokal a regional Produkter e bësse méi erschwénglech gi fir jiddereen.

Erlaabt mer dann, op de Verkaf, d'Vermaartung, anzegoen. Dat ass dat Wichtegst fir d'Zukunft vun den Zären. Wann et eis net geléngt, hannendrun e Maart opzebaue mat deene Produiten, déi eis Baueren erschaffen, da komme mer net virun an da war dee ganzen Invest, wann ech et esou däerf soen, fir d'Kaz. An ech mengen, dat däerf et net sinn! Et muss eis onbedéngt geléngen, e Maart hannendrun opzebauen. Do muss ee vläicht mol iwwer aner Weeër an der Verkafsstrategie nodenken.

Mee erlaabt mer och nach e Wuert zu den Normen. Déi leie mer e bëssen um Mo. An ech mengen, do muss een eng Kéier driwwer nodenken, déi Normen, déi Virschrëften, déi a mengen Aen dacks onsënneg sinn, eng Kéier e bësse méi opzeweechen. Well d'Natur schafft net no Normen. Dat ass de Mënsch. Mee d'Natur erschafft Naturprodukter. A mer sollen och da gutt Wuere kënne verkafen, wa se mol net grad der Norm entspriechen.

An an deem Sënn do géife mir d'Zoustëmmung ginn zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Engelen. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Joëlle Welfring. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e puer Saache virop. Et ass kloer, dass mer hei am Land eng diversifiéiert a resilient Landwirtschaft brauchen. Méi Eegeproduktioun bei eisen Iesswueren ass strateegesch wichteg. An et ass och kloer, dass mer dee Secteur bei dësen Ziler ënnerstëtze mussen. Aus all dëse Grënn ass et natierlech wichteg, déi néideg finanziell Ënnerstëtzung vum Staat ze assuréieren. An dofir ass e Finanzéierungsgesetz och per se wichteg a richteg.

Trotzdeem, 20 Milliounen Euro, dat si vill Steiergelder, an dës musse mat Verantwortung ugeluecht ginn. Konkreet: Dës Moyene mussen eiser Meenung no strateegesch agesat ginn, fir d'Liewensmëttelproduktioun op méi fest Been ze stellen. An do gehéiert an Zäite vu multiple Krisen och eng ëmweltgerecht Planung derzou.

Net nëmme steet eeben, wéi et schonn ugeklongen ass, an dësem Text näischt driwwer, wéi eng Nohaltegkeetskrittären hei sollen ugewannt ginn, mee op meng Nofro hi confirméiert d'Ministesch, dass, wa just ee Kandidat sech géif bei dësem Appel à projets mellen, dës Krittären iwwerhaapt net gräife géifen.

Firwat gëtt hei net d'Geleeënheet ergraff, bei dësem Appel à projets nohalteg Ubauweisen, als Beispill de Bioubau, wou et jo nach munches nozehuele gëtt, mat Zousazpunkte méi staark ze gewiichten?

Déi selwecht Froe kéint ee stellen zur Notzung vun Ofwiermt vu Biogasanlagen oder vun Datenzenteren – Stéchwuert Google –, erneierbarer Energie oder innovativer Zärentechnik, zum Beispill mat dynamesche PV-Moduler, Kreeslafschléissung oder enger gudder visueller Integratioun an d'Landschaft. All dëst kéint och d'Akzeptanz vun esou engem grousse Projet

erhéijen, eppes, wat, jee nodeem wou dee geplangt gëtt, net onbedéngt ginn ass.

Wuelverstan, ech schwätzen hei net vun Ausschlosskrittären oder exklusive Konditioune fir oder géint en aneren Deel vum Landwirtschaftssecteur, mee just dovun, kloer Zeechen ze setzen zu deem, wat mer eis als Ëffentlechkeet vun dëser Aart vu grousse Projeten erwaarde kënnen.

Als Reaktioun op eis konstruktiv Ureegunge krute mer an der Landwirtschaftskommissioun vun der Ministesch gesot, dass et mol net sécher wär, dass iwwerhaapt iergendee sech géif mellen, fir bei dësem Appell matzemaachen. Dat kléngt net ganz motivéiert oder motivéierend.

Och meng Nofro, fir dass mir Abléck an dës Nohaltegkeetskrittäre kréichen, gouf refuséiert. Dëst ass net just wéineg Transparenz a mécht et net einfach, oder besser, huet et net einfach gemaach, un dësem Projet de loi en bonne et due forme matzeschaffen, mee et ass am Fong esou, dass mer hei d'Kaz am Sak solle kafen.

Ma och déi landesplaneresch Approche, oder besser, de Mangel un enger landesplanerescher Approche, féiert zu Bedenken. Jee no Choix vun der Ubautechnik, zum Beispill net buedemgebonnenen Ubau, kënne gréisser Gréngflächzonen definitiv versigelt ginn, woubäi jo grad dës Zonen notamment solle fir déi Mënsche reservéiert bleiwen, déi mam Buedem schaffe mussen.

Dofir géif et Sënn maachen, verschidden Zären am Bauperimeeter oder méiglechst no un Industriezonen unzeleeën, well se do bestoend Infrastrukturen – Ofhëtzt, Gasen, $CO_2$ oder Reewaasser – fir den Ubau kënnen notzen.

Op d'Fro, wou d'Aarbechte vun der sougenannter „Urban Farming Initiative", déi vun der Virgängerregierung an d'Weeër geleet gouf, dru sinn, koume just evasiv Äntwerten.

Madamm Ministesch, Dir hat erkläert, dass Der keng Zäit mat landesplanereschen Iwwerleeunge wéilt verléieren, an ech verstinn, dass et och séier muss goen. An trotzdeem, am Regierungsaccord steet awer: „Le Gouvernement […] établira des zones spéciales dédiées", fir d'Liewensmëttelproduktioun, „autour des zones d'activité économiques, tout en mettant un accent particulier sur la circularité." Eng Fro wär: Wou sinn dës Aarbechten drun? An déi zweet wär: Wäerten dës nach am Virfeld vun dësem Appell virugedriwwe ginn, soudass se och dësem zum Beispill zeguttkomme kéinten?

Am Sënn vu méi Planungssécherheet fir interesséiert Baueren hat ech och schonn am Dezember d'lescht Joer derfir plädéiert, dass méiglechst fréizäiteg op Regierungssäit – an ech mengen, den Här Boonen hat virdrun eppes an där selwechter Richtung hei gesot – an och mat der Landesplanung a mat de betraffene Gemengen e Begleetgrupp soll en place gesat ginn, fir dësen Appell, a virun allem d'Projeten, déi doraus sollen ervirgoen, ze encadréieren. Dëst ass essenziell, fir méiglechst gutt duerch d'Autorisatiounsprozeduren ze kommen an och eventuelle Bedenken aus der Noperschaft virzegräifen. Och heirop koum keng wierklech Reaktioun.

Eng kollaborativ Approche ass vun zentraler Wichtegkeet, wa mer am Sënn vun enger wierklech nohalteger Liewensmëttelproduktioun hei am Land wëlle virukommen. LAKU, Käre vum Séi, Natur genéissen, dat sinn alles kollaborativ Initiativen, déi an de leschte Joren en place gesat goufen an déi sech gutt entwéckelt hunn. Si weisen, dass een, wann ee wëllt, den Ubau vu Liewensmëttel mat aneren essenziellen Ziler, wéi zum Beispill dem Schutz vun eisem Drénkwaasser – wat jo och e Liewensmëttel ass – oder dem Naturschutz kann an Aklang bréngen.

Här President, leider ass dëse Projet an dëser Form eng verpasste Chance vun dëser Regierung, hei déi richteg Akzenter ze setzen, gestalteresch virzegoen an zesumme mam Secteur zukunftsweisend Projeten ze erméiglechen, déi kéinten en Deel vun der Léisung an Zäite vu multiple Krise ginn.

Dofir wäerte mer dësem Projet net zoustëmmen, mee mer wäerten eis bei dësem Projet enthalen. Et kann een also just hoffen, dass d'Regierung virum eigentlechen Appel hei d'Kéier kritt, fir mat deem néidegen Engagement fir eis Zukunft ze agéiere respektiv dass dem Secteur säin eegenen Innovatiounswëllen do wäert wierken, wou d'Regierung leider net deen néidege Courage opbréngt.

Mir soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech wollt nach d'Geleeënheet ergräifen, fir eng Motioun eranzereechen, Här President, déi ech dann herno hei virstellen. Wannechgelift.

Merci fir d'Wuert.

***Motion 1***

*« Renforcement du soutien aux entreprises agricoles de la production de légumes et de fruits, avec un accent particulier sur les PME »*

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– que les petites et moyennes exploitations agricoles constituent un pilier essentiel d'une agriculture durable et diversifiée ;*

*– que ces exploitations sont particulièrement exposées à des défis structurels et économiques, notamment en matière de relève, de formation, de commercialisation et d'accès à l'innovation ;*

*– l'importance de garantir un renouvellement générationnel dans le secteur agricole, notamment en facilitant l'accès à la profession aux personnes en reconversion ou ayant une vie familiale active ;*

*– le potentiel stratégique du développement de la production locale et durable de légumes et de fruits, tant pour la sécurité alimentaire que pour la diversification agricole,*

*invite le Gouvernement*

*– à adapter l'offre de formation agricole, en particulier pour les nouveaux entrant.e.s, de manière à permettre une participation plus flexible (formations à distance, en soirée, formats modulaires), afin de mieux répondre aux besoins de personnes en reconversion ou ayant une vie familiale active ;*

*– à renforcer le soutien aux exploitations qui accueillent des stagiaires ou des apprenti.e.s, en tenant compte de l'investissement en temps, en moyens humains et en accompagnement que cela représente, notamment afin d'élargir le cercle d'exploitations formatrices ;*

*– à développer l'offre de conseil spécialisé pour les producteurs.trices de légumes et de fruits ;*

*– à soutenir le développement de circuits de distribution locaux et de chaînes de valeur régionales, en particulier en lien avec la production de fruits et de légumes, afin de renforcer la viabilité économique des exploitations agricoles de taille petite à moyenne et leur capacité à capter une part équitable de la valeur ajoutée ;*

*– à appuyer de manière ciblée les projets d'innovation agricole adaptés aux petites structures, notamment dans les domaines de la diversification, de l'agriculture durable, de la transformation à la ferme ou de la vente directe, notamment en facilitant l'accès aux prêts bancaires pour financer les investissements au profit des entreprises concernées, dans une logique d'une véritable résilience à long terme.*

*(s.) Joëlle Welfring, Claire Delcourt, Marc Goergen, Sam Tanson, David Wagner.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Virun dräi, véier Joer hate mer eng interessant Diskussioun hei iwwert d'Zären. Deemools hunn ech dat Theema entdeckt. A mir hate virun engem Mount jo nach eng Kéier driwwer geschwat, dass mer de Lëtzebuerger Produit musse méi attraktiv maachen. An duerfir ginn ech Iech Recht, dass Der op dëse Wee gitt, fir dass eist Geméis an eis Friichte vill méi attraktiv ginn.

Well ee vun de Problemer, deen och de Konsument huet, wann en am – ech wollt en Numm soen – Supermarché steet, ass: Do hutt Der e Produit, dee vun iergendzwousch aus Südeuropa kënnt, aus Nordafrika oder, zum Deel, wann een d'Spargelen hëlt, aus Südamerika. Wat Mercosur nach méi schlëmm wäert maachen, well do sinn ech net enger Meenung mat Iech. Mee fir zréck zum Geméis ze kommen: Dat kascht d'Hallschent vum Präis! An dat ass de Problem, dee mer am Moment hunn.

An duerfir ass et immens richteg, dass Dir higitt an Dir gitt … Jo, et si vill Milliounen, déi hei ugekënnegt gi sinn. Jo, ech mengen, et gouf jo och elo e bësse kritiséiert. Ech kritiséieren et net, well ech soen: Mir mussen eise Baueren hëllefen, mir mussen eis Bauere stäerken! Well et kann net sinn, dass eis Baueren herno mussen op anere Plaze spueren. Et geet nun emol net. Mir kënnen net sozial mathale mat anere Länner, well deenen hir Standarde vill méi déif sinn, wat net gutt ass. Dat heescht, zu Lëtzebuerg musse mer higoen an eis Regierung muss d'Bauere weiderhin ënnerstëtzen a stäerken. An dofir ass dat heiten och e richtege Schrëtt, dee gemaach gëtt.

Et muss ee just herno an der Transparenz nach dru schaffen, dass, wann déi Produiten herno enzwousch sinn, een och kloer erkennt, dass et déi Lëtzebuerger Produiten aus deenen Zäre sinn. Well wat geschitt hautzudaags? De Menu du jour gëtt zwar vläicht fir zéng Euro verkaaft, mee Dir wësst awer net, wou d'Wuerzel oder d'Tomat hierkënnt. An dat ass déi Transparenz, déi een herno muss hunn, dass ee seet, dass och an de Restauranten an an de Supermarchéë muss ganz kloer gekennzeechent sinn: „Dat doten ass e Lëtzebuerger Produit!", dass dat ervirgehuewe gëtt an dass een dat a Konkurrenz setzt mat deenen anere Produiten, déi vun immens wäit hierkommen.

Well ech hunn ni verstanen, wéi Geméis, dat esou e wäite Wee zréckgeluecht huet, ka méi bëlleg sinn a firwat de Supermarché dat esou massiv ubitt a mat de Lëtzebuerger Produiten och a Konkurrenz setzt. Do musse mer och eng Kéier mat der Distributioun e seriöt Wuert schwätzen, well et läit an hiren Hänn. Ech weess, si kënnen déi Produite méi bëlleg kafen, mee si musse se net méi bëlleg kafen. Wann d'Distributioun eng Kéier géing eng Hand mat upaken an eis Bauere stäerken, wäre mer och mol gutt ënnerwee.

Dofir wäerte mir dëse Projet, dee ganz gutt ass, haut matstëmmen. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Den Här David Wagner huet d'Wuert. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och dem Här Boonen fir säi ganz gudde Rapport.

*(Interruption par M. Jeff Boonen)*

Sidd Der erstaunt? Nee, well gëschter huet de Premierminister jo gemengt: „D'Bauere gehéieren op d'Feld an net an e Büro!" Mee et mierkt een awer, datt een och Baueren hei an der Chamber brauch an net nëmmen um Feld!

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Très bien!

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Trotzdeem, also, natierlech fanne mir dat och gutt – et ass bal eng Lapalissade, dat ze soen –, datt zu Lëtzebuerg méi Geméis a méi Friichten ugebaut musse ginn.

D'Landwirtschaft ass en zukunftsträchtege Secteur. Mee mir wësse ganz genau, datt d'Landwirtschaft muss ëmgebaut ginn. Natierlech, also, mir gehéieren net zu deenen, déi einfach mam béise Fanger op d'Bauere wëlle weisen. Mir wësse ganz genau, datt no Joerzéngten eng gewësse Landwirtschaftspolitick, déi bedriwwe gouf, och op EU-Niveau, net méi nohalteg ass, datt een do muss ëmstrukturéieren. An dat heescht natierlech, Oplagen ze änneren, mee dat heescht natierlech och, Hëllefen ze änneren. Well natierlech mussen déi Betriber dat kënne stemmen.

Ech mengen, d'Madamm Welfring ass och dorobber agaangen a mir hunn änlech Kriticken. Et geet u sech, jo, net an déi komplett falsch Richtung, ze soen, datt elo d'Baueren och gehollef kréien, wa se an Zären investéieren, fir eebe Friichten a Geméis kënnen ze produzéieren. Wat mir hei zu Lëtzebuerg tatsächlech eendeiteg méi brauchen, och wann et méi komplizéiert ass zurzäit.

A wéi den Här Goergen och gesot huet, mécht et jo kee Sënn, Friichten a Geméis massiv ze importéieren, wa mir et selwer kënne produzéieren. An natierlech kascht dat méi deier, well et och méi aarbechtsintensiv ass. An do si mer erëm bei der Fro vun den Hëllefen, fir souwuel derfir ze suergen, datt d'Baueren dovunner kënne liewen, wéi och, datt de Konsument sech dat um Enn och ka leeschten. Dofir muss een d'Subventiounspolitick och änneren.

Leider vermësse mir och, datt een u sech awer bei den Oplagen hätt kënnen an eng aner Richtung goen a soen, datt een awer a Richtung geet vun Ënnerstëtzung vun ekologeschen Zären, déi genausou produktiv kënne sinn. An am Hibléck op de Waasserverbrauch, am Hibléck och op de Pestizideverbrauch soll een awer trotzdeem Hëllefe maachen, mee anerersäits och déi beschtméiglech Krittäre festleeën.

Well mir sinn amgaangen, Jalonen ze setze fir déi nächst Joren, voire Joerzéngten. A mir wësse ganz genau, wéi séier sech awer och d'Ëmwelt- an d'Klimaverhältnisser an d'Biodiversitéit verschlechteren. Also gëllt et, haut, elo direkt, ze agéieren. Aus deem Grond wäerte mer eis och bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

D'Regierung kritt d'Wuert. Madamm Landwirtschaftsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Villmools merci, Här President. Am Koalitiounsaccord hu mer drastoen, datt mer eis Landwirtschaft gäre wëllen diversifizéieren. Mir hunn Agri-Innovatioun, eng Ulafstell, geschaaft.

Mir hunn am Koalitiounsaccord stoen, datt mer gäre méi Geméis an Uebst wëlle produzéieren. Mir sinn eis bewosst gewiescht, datt mer net nëmmen déi Kleng kënne fërderen, well déi Kleng, an dat ass dann eng Äntwert op den Här Engelen, déi gi schonn am aktuellen Agrargesetz gefërdert. Do hu mer e Plaffong bis 2 Milliounen. A wann een eng méi Kleng mécht, dann huet een all Interêt, dat iwwert dat normaalt Agrargesetz ze maachen, well do kann een normal 40 % kréien, plus 20 % fir de Geméisbau, plus 15 % fir dee Jonken. Dat heescht, do kritt een eng vill méi grouss Ënnerstëtzung. Dofir ass dat u sech kee Problem fir déi méi Kleng.

Mir waren eis awer bewosst – ech mengen, de Jeff huet vun den Tomaten a vun den Äerdbiere geschwat –, datt mer bei de Kornischongen 0,5 % Selbstversorgungsgrad hunn, bei dem Paprika hu mer bal null, dat heescht, mir hu ganz vill Sputt no uewen.

D'Restauration collective freet et och. Mir waren och am Kontakt mat de Klinicken. Och déi froen et. Dat heescht, mir brauche méi Geméis a mir géifen et dann och lassginn. An déi fréier Regierung hat jo och scho gesot, mir bräichten och gréisser Zären. Dofir hu mer dat hei Gesetz eebe gemaach, fir och gréisser Zäre kënnen ze ënnerstëtzen.

Et ass vill geschwat ginn iwwert d'Krittären, d'Nohaltegkeetskrittären. Deen éischte Punkt ass: Et muss ee beweisen, datt et économiquement viable ass an datt een d'Sue kritt, fir et ze maachen. Dat ass deen éischte Krittär.

A wann een dat da bis erfëllt huet an et si méi Demanden do, da kommen d'Nohaltegkeetskrittären. Mir wäerten déi sécherlech bei der Ausschreiwung nach eng Kéier méi preziséieren. Ech mengen, d'Waasser ass wichteg, den Energiekonsum ass wichteg, d'Gestioun vun de Produktiounsmëttelen ass wichteg. Do wäerte mer nach Prezisioune bei der Ausschreiwung maachen.

D'Madamm Delcourt hat gefrot, ob et méiglech wier, datt ech herno mat deene Projeten an d'Kommissioun kéim. Dat, mengen ech, kann ech net maachen! Well mir maache jo och Ausschreiwungsselektioune pro Joer, wa mer Investissementer a Maschinne maachen. Do kréie mer och heiansdo méi Dossieren eran. Da muss et och Selektiounskrittäre ginn. Da kann ech net soen: „De Jempi vun Uewerkolpech huet elo, ech weess net wat, déi do Maschinn gefrot, déi huet esou vill kascht, an e kritt se elo net." Dat geet net, dat kann ech net maachen!

Ech kann awer natierlech herno soen: „Mir haten x Projeten, an deen doten ass erausgewielt ginn." Dat ass natierlech dat, wat mer kënne maachen.

D'Madamm Welfring huet nach eng Kéier iwwert d'Standorter geschwat. Mir hunn d'Decisioun geholl, datt mer den Entrepreneurship lafe loossen an datt mer et net wëllen agrenzen. Mir wëlle wierklech mat dësem Gesetz kucken, datt mer virukommen.

Mir hunn awer och gesot, an do hat ech gëschter nach eng Kéier eng Entrevue mam Ëmweltminister, fir datt mer do eng Uspriechpersoun kréie fir d'Zären, fir datt d'Leit, wa se sech do Gedanke maache mat engem Site, och kënnen ofchecken, ob dee Site do erapasst. Ech mengen, grouss Zären an engem Bauperimeeter, dat ka kee sech leeschten. Wann ech jo de Bauperimeeterpräis huelen, de Bauplazepräis, an ech géif do Hektaren Zären opriichten, ech mengen, dat ka beim beschte Wëlle kee sech leeschten.

Vläicht nach just kuerz zum Timing, well ech mengen, dat Meescht ass gesot: Mir hunn d'Notifikatioun op Bréissel gemaach. Mir hoffen, datt mer déi an zwee Méint esou dorëmmer zréckkréien. Dat weess een net. Mee et ass just eng Notifikatioun. Da wäerte mer de Cahier des charges hoffentlech am Summer erausginn. An da loosse mer deene Leit Zäit, fir hir Projete virzebereeden. Wärenddeem kënne se natierlech d'Zäit och notzen, fir schonn eventuell ze kucken, ob de Site gëeegent ass oder net gëeegent ass, soudatt ech hoffen – mee wéi gesot, dat kann ech elo net 100%eg soen –, datt mir Enn des Joers do eng Ausschreiwung kënne maachen.

Mir wäerten och zu deem Zäitpunkt public maachen: „Mir maachen elo eng Ausschreiwung mat alle Sue, déi am Dëppe sinn", well wann déi natierlech net ausgi ginn, da plange mer, zwou Ausschreiwunge pro Joer ze maachen.

Also, wéi gesot, mir hunn dëse Projet de loi erabruecht, fir eis Geméisproduktioun an eis Uebstproduktioun ze ënnerstëtzen. An ech si wierklech frou, datt dee legislative Prozess och ganz séier gelaf ass.

Ech soen e grousse Merci un all déi, déi de Projet ënnerstëtzen, fir datt mer definitiv an Zukunft méi Lëtzebuerger Uebst a Geméis kréien, well et ass Potenzial do. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Et sinn nach zwou Wuertmeldungen do, d'Madamm Delcourt an den Här Engelen. Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Jo, merci. Ech hat mech virdru vläicht e bësse schnell an net richteg ausgedréckt. Natierlech ass et gewiescht, fir dass mer einfach e bëssen Informatioune kréien, wéi vill Projeten eragereecht ginn, an natierlech och an anonymiséierter Form, dass ee vläicht seet: „Ok, mir hunn elo e Projet X, deen huet de Krittären entsprach, andeems en esou an esou dat geplangt huet", ouni dass een dat natierlech elo konkreet un iergenden Numm bënnt, fir dass mer einfach e bësse wëssen, wéi Der virgaange sidd, wat Der erakrut, einfach fir eis um Lafenden ze halen.

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Jo.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm ... Do ass keng Äntwert. Oder ass d'Äntwert scho komm?

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Jo, hunn ech gesot.

**M. Claude Wiseler,** Président | Dat war dann eng kloer Äntwert. Här Engelen, et ass un Iech.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci. Ech wollt just eppes preziséieren, keng Fro stellen. Ech wollt just dat hei preziséieren: Ech hat gesot, et sollt een dat mat deene klengen Zären ënner enger Millioun an Zukunft kucken. Ech hat net gesot, bei dësem Projet. Mee op d'Erfarung hi mat dësem Gesetz soll een an dräi, véier, fënnef Joer eng Kéier drop kucken, ob een do net och ka vläicht eng Marktlücke entdecken an dann doriwwer zoumaachen. Dat war dat, wat ech wollt soen: an Zukunft, net elo. Merci.

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Jo, mee ech mengen, datt et och an Zukunft méi rentabel wäert bleiwen, wann ech wierklech eng kleng Zär maache vu 500.000 Euro, déi iwwert dat normaalt Agrargesetz ze huelen, well ech do wierklech vill méi Bäihëllef ka kréien, ausser ech hätt kee Plaffong méi. Da wär et natierlech ... Jo.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Et muss een nach kucken, wéi et sech entwéckelt.

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Jo, jo.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Et ass jo dat, wat ech wollt soen.

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Souwisou wäerte mer e Bilan maachen. Merci.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Mir kucken dat. Merci. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Ech géing de Projet de loi zum Vott stellen. Also, et geet ëm de Projet de loi 8468. Den Text steet am Document parlementaire 8468[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8468 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 54 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a 6 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 54 Jo-Stëmme bei 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer (par Mme Diane Adehm), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Barbara Agostino), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer nach eng Motioun, déi d'Madamm Welfring ofginn hat. D'Madamm Welfring hat keng Méiglechkeet, se virdrun ze explizéieren. Si kritt also elo direkt d'Wuert, fir d'Explikatiounen ze ginn. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Dat hei ass am Fong, soen ech emol, en Zousaz zu deem Gesetz oder zu deenen Aiden, déi elo déi grouss Entreprisë kréien. Dat hei ass am Fong nach eng Kéier, fir och déi Kleng, fir déi jo schonn Aidë bestinn, och am Agrargesetz, dat ass wuelverstanen, nach eng Kéier ze stäerken. Well och déi hunn hir Suergen an déi soen och, dass se zum Beispill Problemer hunn, wa se gären als Quereinsteiger an dee Beruff eraklammen a sech professionaliséieren, zum Beispill mat der Offer an der Schoul, eeben do zum Deel och Problemer hu mat den Horairen, well dat oft Leit sinn, déi eebe scho schaffen, déi eng Famill hunn, wou dat natierlech schwéier ass, zu Schoulzäiten do kënnen a Coursen ze kommen.

D'Fro war eeben – et ass en Deel vun dëser Motioun, déi och gedroe gëtt oder mat ënnerschriwwen ass vun der LSAP, vun de Piraten a vun deene Lénken –, ze kucken, wéi een dat hei kéint verstäerken an d'Offer vläicht méi un d'Ussprech vu Leit upassen, déi schonn an enger aktiver berufflecher Laufbahn sinn, déi awer wëllen ëmklammen, an déi mer jo och brauchen.

Dat Zweet ass, dass och bekannt ass, dass an deem Secteur ganz wéineg Betriber, an ëmmer déi selwecht, Stagiairen ophuelen an déi ausbilden, wat jo gutt ass, mee d'Fro ass och – an ech weess, do gëtt et scho verschidden Ënnerstëtzungen, souwuel hei wéi och am Handwierksberäich –: Mee kann een hei net driwwer nodenken, wéi een nach zousätzlech kann dat dote verstäerken? Well mir brauche jo Leit, déi sech professionaliséieren an deem Beräich, an et sinn oft kleng Betriber, déi déi nach ausbilden do derbäi. Dat heescht, d'Fro ass: Wat sinn deenen hir genau Besoinen a wéi kéint ee vläicht als Regierung nach dorop reagéieren, fir dat nach e bëssen ze verstäerken? Dat kënne souwuel finanziell Moyene sinn, mee awer vläicht och organisationeller oder och nach vläicht Vereinfachunge vu verschiddene Prozeduren.

Dat Drëtt ass eeben, och nach d'Berodung ze verstäerken. Ech mengen, do gëtt et am Ausland gutt Beispiller, wou do wierklech spezialiséiert Zentere sinn, déi deene Leit, déi an deem do Beräich sinn ... Dat ass elo net nëmme fir déi Kleng am Speziellen. Mee awer grad fir déi ass et wierklech wichteg, dass mer se professionell begleeden, se wierklech ëmmer erëm beroden zu Neierungen, déi se wësse mussen, technologescher Zort, awer och vläicht zu Reegelungen, dass een hinne wierklech en Deel vun der Aarbecht ofhëlt duerch eng gutt Berodung a professionaliséiert Berodung.

An dat Véiert ass eeben, dat ass och virdrun ugeklongen, dass et wichteg ass, dass mer hei mussen derfir suergen, dass och e Marché dofir do ass an dass och eng Wäertschëpfungsketten hei entsteet, déi och hëlleft, dass déi Produiten op de Maart kommen.

An dat Zweetlescht ass eeben d'Innovatioun, dass ee wierklech ... An do gëtt et jo och scho verschidden Aiden, déi ee ka kréien. Wéi kann een derfir suergen, dass déi vläicht nach méi genotzt ginn? Dat ass dat eent.

An dat anert, wat nach zum Schluss ass, ass, dass och kloer ass, dass verschidde Betriber och Problemer kréien, Garantien ze kréien, fir Prêten opzehuele bei de Banken. Wéi kënne mer vläicht als Staat och do hëllefen? Dat ass nach eng Ureegung, déi ech hei mat dëser Motioun wollt ginn. Voilà!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. Wie wëllt dozou Stellung huelen? Den Här Boonen. Här Boonen.

**M. Jeff Boonen** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Merci fir d'Motioun. Bon, hei sinn e ganze Koup Saachen dran, déi wichteg sinn, déi deelweis iwwergräifend ginn. Wann ech elo den éischten an den zweete Punkt kucken, dat huet jo deelweis mat Educatioun ze dinn.

Et ass esou, dass jo am Kader vum Agrargesetz , wat mer déi leschte Kéier gestëmmt haten, gesot ginn ass, dass ee muss en aktive Bauer sinn, dass et eng Validation des acquis gëtt an dass och do eng Formatioun an der Ackerbauschoul, wann ech dat d'lescht Joer richteg héieren hunn, wéi mer et hei gestëmmt hunn, wäert ugebuede gi fir déi Leit, déi an de Beruff wëllen eragoen.

A wat d'Stagen ugeet, si mer effektiv am Beräich vun der Educatioun. Am Beräich vun der Offre gëtt et och, mengen ech – dat misst d'Ministesch vläicht e bësse méi preziséieren –, elo e ganze Programm fir all déi Leit, déi an de Beräich vu Geméis- an Uebstbau eraginn. Voilà!

An da bei de Prêten, dat hate mer an der Zäit. Do ass et eng Hëllef um Prêt ginn, wann een e jonke Bauer war. Dat ass effektiv ofgeschaaft ginn an et ass elo iwwer Hëllefe gaangen, iwwert déi sougenannten Investitiounsbäihëllefen, wat eigentlech jo och eng Hëllef ass, well een da Suen um Kapital kritt a manner muss léinen.

Ech mengen, dass hei en Deel misst drakommen, deen Ament mat där Strategie, déi d'Madamm Ministesch amgaang ass ze maachen, fir Betriber ze iwwerhuelen, dass mer do d'Chance sollte ginn, dat mat do ze consideréieren an ze kucken, wat an hire Ressort passt, fir dat do ze maachen.

An duerfir géif ech soen, mir stëmmen déi Motioun elo net, mee mir ginn awer mat op de Wee, déi verschidde Saachen do respektiv mam Kolleeg vun der Educatioun ze kucken.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Boonen. Wie wëllt nach zu dëser Motioun schwätzen? Den Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci, Här President. Mir géifen dann d'Zoustëmmung ginn zu dëser Motioun. Et si fënnef Fuerderungen oder Punkten dran, déi mer alle fënnef selwer scho propagandéiert hunn an eise Walprogrammer.

*(Hilarité)*

An duerfir géife mer se och hei da matstëmmen. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Bon, gutt. Den Här Goergen huet d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Hei si ganz gutt Punkten dran, déi mer och schonn oft erwäänt hunn, virun allem fir déi lokal Distributioun ze stäerken. An et ass wierklech ee Punkt, virun allem dee leschten Tiret, wou Der ugeschwat hutt, – dat ass och, ech mengen, virdrun nach eng Kéier bei der Finanzdiskussioun opkomm –, dass et immens schwiereg ass, déi Prêten ze kréien, fir herno säi Betrib ëmzestellen a fir iwwerhaapt déi lokal Distributioun kënnen ze maachen. Dat heescht, et ass net esou, wéi virdru vum CSV-Spriecher ugekënnegt ginn ass, dass do scho Saachen amgaange sinn.

Ech weess et net, well all déi Baueren, mat deenen ech bis elo geschwat hunn, soen: „D'Banke verstinn eis net." De Problem kann och heiansdo am Dialog leien. Mee d'Banke si selte bereet, de Bauerebetriber esou ze hëllefen, wéi se et eigentlech verdéngt hätten. An dofir ass dat, wat d'Madamm Welfring hei drageschriwwen huet, fir mech immens wichteg. Well wa mer d'Bauere wëllen an Zukunft stäerken, musse mer hinnen och den Accès ginn zu de Banken. An d'Banke mussen déi Kreditter esou verginn, dass de Bauer och an Zukunft ka seng Entreprise weiderhin ausbauen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Gëtt et nach eng aner Wuertmeldung? Dat ass net de Fall. Da ginn ech der Ministesch d'Wuert.

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Jo, ech wëll nach

eng Kéier op dee leschte Punkt mat de Bankgarantien agoen. Mir kënnen dat sécherlech net nëmme fir d'„petites structures" maachen. Dat heescht, mir hunn och am Kader vum Zäregesetz an och vun aneren Investissementer schonn ... Zum Beispill mat der BEI probéiere mer, a Kontakt ze kommen, wat de Kommissär do annoncéiert huet, datt do eventuell kéinten Hëllefe kommen. Mee mir kënnen net einfach soen, fir déi „petites structures" – ech weess jo nach net, wat et wier –, do kucke mer, eng Bankgarantie ze kréien, a fir déi aner net. Dofir ënnerstëtzen ech wierklech och dat, wat de Jeff Boonen gesot huet. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Zum Schluss dann d'Auteure vun der Propositioun. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, nach eng Kéier. Also ganz kuerz: Ech wëll just drop reagéieren, wat elo ugeklongen ass, dass schonn eng Offer fir eng Formatioun besteet. Dat ass och richteg. Do gëtt et eng. Mee mengen Informatiounen no war do d'Aschreiwung net ganz grouss dëst Joer. Dat heescht, dat läit jo och zum Deel drun, dass d'Leit et net onbedéngt einfach hunn, wa se sech gären do forméiere loossen, well se schonn an engem anere Beruff sinn, do un deene Formatiounen deelzehuelen. An dofir hat ech dat do nach eng Kéier dragesat.

Dat war net, well ech net weess, dass do eng Formatioun besteet, mee well ech eebe gewuer gi sinn, dass do net schrecklech vill Zoulaf ass. Dat heescht, dat hei war ee Gedanken, wéi een dat do vläicht kéint nach verbesseren, fir dass mer an Zukunft och ausgebilte Leit hunn, déi tatsächlech dann do sinn, fir an deenen Zären ze schaffen, déi mer elo finanzéieren.

An dat Zweet, dat war, dass déi Motioun, wann ee genau kuckt, net exklusiv op kleng a mëttelgrouss Strukturen ausgeriicht ass. Et si scho speziell Suergen, déi si hunn, mee keng vun deene Fuerderungen ass exklusiv fir kleng a mëttelgrouss Strukturen, just fir déi. Dat heescht, déi Problematik vun deem Prêt a vun de Garantie-bancairen, dat ass näischt Exklusives. Dat hunn och scho Bedreiwer vu grousse Betriber hei zu Lëtzebuerg monéiert. Dat heescht, dat ass och net dofir geduecht. Dat heescht, wann een esou e staatleche Fong oder eppes géing schafen, wou een deem do géing Ofhëllef schafen, dann ass et u sech guer net d'Fuerderung, dass dat exklusiv fir déi Kleng wär. Sou steet dat och net dran. Voilà.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring, fir déi Explikatiounen. Da gesinn ech keng aner Wuertmeldung.

Da géing ech dës Motioun zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 25, Nee: 35, bei kenger Abstentioun. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Nathalie Morgenthaler), MM. Maurice Bauer (par M. Charles Weiler), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Zeimet) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel.*

## 6. 8089 – Projet de loi relative à la signature électronique des actes en matière administrative et portant modification de la loi du 25 juillet 2015 relative à l'archivage électronique

Da géinge mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, an zwar dem Projet de loi 8089 iwwert d'elektronesch Ënnerschréft vun administrativen Akten. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här Ben Polidori, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporter vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation***

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet, dee mir haut diskutéieren, gëtt d'Méiglechkeet ageféiert, administrativ Akten elektronesch ze ënnerschreiwen an ze stempelen. Gläichzäiteg gëtt och d'Gesetz vum 25. Juli 2015 iwwert den elektroneschen Archivage ugepasst.

Am aktuelle Koalitiounsaccord huet d'Regierung festgehalen, d'Digitaliséierung vun der ëffentlecher Verwaltung weider virunzebréngen. Mat dësem Projet huele mir eng wichteg Etapp, fir d'Bürokratie weider ofzebauen an d'Effikassitéit vun eisem administrativen Apparat ze stäerken.

Deementspriechend ass de Gesetzesprojet, dee mir haut diskutéieren, Deel vun enger breeder Strategie vun der digitaler Transformatioun an der administrativer Vereinfachung. Hie schaaft de legale Kader, fir administrativ Akten elektronesch kënnen ze ënnerschreiwen, souwuel fir Dokumenter, déi vun der Verwaltung ausgestallt ginn, wéi och fir déi, déi vun de Bierger agereecht ginn.

De Projet de loi orientéiert sech heibäi un dem EU-Reglement eIDAS, deen d'elektronesch Identifikatioun an d'Vertrauensdéngschter fir elektronesch Transaktiounen am Bannemarché vun der EU reegelt. Et ass op däser Plaz wichteg ze ënnersträichen, datt och weiderhi Pabeierformulairen an analog Ënnerschréften akzeptéiert gi fir déi Persounen, déi eng digital Kommunikatioun net kënnen oder wëlle benotzen.

De Projet de loi reegelt des Weideren den elektronesche recommandéierten Envoi – also Envoi par lettre recommandée –, dat elektronescht Verschécke vun Dokumenter, an dat iwwer en zertifizéierte Service, egal ob vum Staat oder vum Bierger.

Schlussendlech geet et an dësem Gesetzesprojet nach dorëm, d'Gesetz vum 25. Juli 2015 iwwert den elektroneschen Archivage unzepassen. Hei soll explizitt op d'Akte verwise ginn, déi elektronesch ënnerschriwwe respektiv gestempelt sinn.

A senger initialer Versioun hat de Projet de loi och virgesinn, de gesamten Austausch tëschent de Bierger an der Verwaltung souwéi tëscht den ëffentlechen Entitéiten ze encadréieren. No kritesche Bemierkunge vum Staatsrot gouf dësen Deel awer duerch parlamentaresch Amendementer vu Mee 2024 gestrach. Fir dës Thematik kéint zu engem méi spéiden Ament en eegene gesetzleche Kader ausgeschafft ginn.

Ausserdeem war an der initialer Versioun eng sécher Plattform vum CTIE virgesinn, wou elektronesch ënnerschriwwen Akte solle gespäichert ginn. All Akt sollt e sougenannten „identifiant numérique" enthalen, fir de Verweis op den Original ze garantéieren. No weidere parlamentareschen Amendementer vum Mäerz 2025 gouf awer och dëse Mechanismus gestrach, virun allem opgrond vu Bedenke wéinst der Durée de conservation vun 30 Joer op dëser Plattform. Den aktuelle Gesetzesprojet beschränkt sech dowéinst op d'legal Unerkennung vun der qualifizéierter elektronescher Ënnerschréft fir administrativ Akten. Elementer wéi d'Plattform an den digitale Code ginn net méi weider verfollegt.

Zu dësem Gesetzesprojet gouf et eng Rei Avisen. De Staatsrot huet a sengem éischten Avis op d'Komplexitéit vum Projet higewisen a recommandéiert, den Text vum Gesetz virop emol op d'Signature vun administrativen Akten an déi technesch Krittäre fir elektronesch Signaturen ze beschränken. D'Elektronesch Kommunikatioun tëschent Bierger a Verwaltung sollt an engem separate Gesetz gereegelt ginn. Dëser Recommandatioun gouf mat den Amendementer vum Mee 2024 Rechnung gedroen.

A sengem Avis complémentaire huet de Staatsrot sech dunn en mesure gesinn, en Deel vu sengen Opposition-formellen opzehiewen, huet awer nach op Problemer beim Dateschutz higewisen, wéi bei der Durée de conservation a bei der Definitioun vun den elektronesche Signaturen.

An engem weideren Avis hat de Staatsrot d'Froe vun der Regierung beäntwert a bestätegt, datt d'Ënnerschréft vum Grand-Duc och kéint elektronesch sinn, mee et den Ament nach un enger klorer gesetzlecher Basis feelt. Ausserdeem gëtt e separat Gesetz fir den Austausch tëschent den Institutiounen an d'Digitaliséierung vun de gesetzleche Prozeduren ugeroden.

No weideren Amendementer vum Mäerz 2025 huet de Staatsrot da seng formell Oppositioune komplett opgehuewen.

D'Chambre des Fonctionnaires begréisst d'Digitaliséierung, hat allerdéngs e puer Bedenke wéinst der Definitioun vum sougenannten „acte public", dem Gebrauch vum Identifiant numérique a Froen iwwert d'Plattform fir archivéiert Akten, déi jo am Mäerz 2025 allen zwee aus dem Projet erausgeholl goufen.

De Syvicol ënnerstëtzt de Projet de loi, hat allerdéngs eng Rei Froen zur Kombinatioun vu verschiddene Signaturemethoden, zur Behandlung vun Zivillstandsdokumenter an zu der Konservatiounsdauer vun Dokumenter. An engem Avis complémentaire huet de Syvicol dann d'Amendementer begréisst, huet awer gläichzäiteg fir verschidden Dokumenter, wéi Baugeneemegungen, eng onlimitéiert Konservatiounsdauer gefuerdert.

D'Chambre de Commerce hat och hir allgemeng Zoustëmmung signaliséiert, awer gläichzäiteg e puer Bedenke geäussert zu verschidden Definitiounen, der

Datesécherheet, der Dauer vun der Archivéierung an der Notzung vun der Plattform. An hirem Avis complémentaire huet d'Chambre de Commerce dann hir Ënnerstëtzung fir d'Amendementer festgehalen, awer och, esou wéi an deenen anere Chambres professionnelles, de Wonsch no méi Prezisiounen zur Dauer vun der Archivéierung an de juristesche Beweiser zum Ausdrock bruecht.

Schlussendlech huet d'Commission nationale pour la protection des données an hirem Avis eng Rei Bedenke festgehalen. Si huet ugemierkt, datt d'Zoustänn an d'Finalitéite vun den Donnéeën op der Plattform net kloer definéiert wären an datt d'Verdeele vun de Responsabilitéiten tëschent den Acteuren, dat heescht tëschent dem CTIE an de Verwaltungen, net prezis genuch wär. Och wann den Identifiant numérique un en Akt gebonne wier an net un eng Persoun, hat d'CNPD Bedenken, datt eventuell en „identifiant administratif unique" kéint entstoen, wat gesetzlech misst verhënnert ginn.

Ausserdeem sollten der CNPD no Donnéekategorien an hir Finalitéite besser spezifizéiert ginn, och am Kontext vum RGPD. Trotz gudde Sécherheetszousätz géifen hirer Opfaassung no nach méi konkreet Moossnamen zum Accèsmanagement an zu der Traçabilitéit, also der Noverfollegung, feelen. Schlussendlech bezweifelt d'CNPD, ob d'Konservatioun vun 30 Joer fir déi verschlësselt Dokumenter gerechtfertegt wier.

Och hei sief nach eng Kéier drop higewisen, datt dem Gros vun hire Bedenken duerch d'Sträiche vu besoter Plattform, dem Identifiant numérique, an domat och der Fro vun der Durée de conservation, konnt Rechnung gedroe ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet maache mir e wichtege Schrëtt a Richtung vun enger moderner an zougänglecher Verwaltung. Dëst kënne mir als DP nëmmen ënnerstëtzen. An ech géif dofir och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Arendt, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Villmools merci, Här President. Mir hunn haut schonn elektronesch Ënnerschrëften a Mëttelen, fir dat ze maachen. Mir kennen alleguerten de LuxTrust. Mir benotzen e bal ëmmer, sécherlech jiddwereen. Et gëtt privat Plattforme fir sécher Ënnerschrëften. Mir hunn eise Chambers-OTP, dee mer och bal ëmmer um Handy brauchen. An am Code civil steet schonn zanter dem Joer 2000 iwwert d'E-Commerce-Gesetz och eng Definitioun vun elektronescher Ënnerschrëft dran. Iwwregens ass dat mat Gesetzer vun 2020 an 2021 och nach komplettéiert ginn.

Wat also bréngt dëst Gesetz méi? Et schreift an, datt fir Verwaltungsakten – an dat ass nei – eng qualifizéiert elektronesch Ënnerschrëft ka gemaach ginn. Eng qualifizéiert elektronesch Ënnerschrëft, dat ass déi héchste Sécherheetsstuf, deen héchsten Niveau vu Sécherheet, deen et an deem Beräich do gëtt.

Woufir ass dat gutt? Selbstverständlech fir eng administrativ méi einfach Virgeeënsaart a -weis an natierlech och fir d'Moderniséierung vum Staat a vum Staatsapparat. Ausserdeem ass et nach en Deel vun der Ëmsetzung vum europäesche Reglement vun 2014, dem eIDAS, deen de Rapporter scho genannt huet, deen och wierklech ganz detailléiert erkläert huet, wat an dësem Gesetz steet.

Am Ufank sollt d'Gesetz och nach ënner anerem d'Halen, dat heescht d'Stockéiere vun esou elektronesch ënnerschriwwenen Akten, reegelen an eng gesécher Plattform asetzen. Awer op Basis vu ville formellen Oppositioune vum Staatsrot sinn en Deel Saachen aus dem Gesetz erausgeholl ginn. Wat nach just Rescht bliwwen ass, ass e bëssen en embryonale Stadium vum Gesetz.

Meng Fro dofir, Madamm Minister: Wat gesitt Dir vir, fir mat deene Froen, déi virdrun am Gesetz och gereegelt waren, zukünfteg ëmzegoen? Si si schliisslech awer och ganz wichteg um Wee zu enger ëmmer méi dematerialiséierter Verwaltung, déi natierlech zu dësen Zäite logesch ass.

Eng aner Fro, déi ee sech ka stellen, ass: Mat wéi enger kryptografescher Technik gëtt déi elektronesch Ënnerschrëft, déi hei mat dësem Gesetz agefouert gëtt, virgeholl? Ass dat e PIN? Ass dat e Fangerofdrock oder soss e biomeetrescht Mëttel? Ass dat en digitalen Zertifikat oder gëtt et vill méi Méiglechkeeten? Oder bleiwe mer bei eisem LuxTrust, dee mer haut am allermeeschte benotzen?

Sécher ass och, datt natierlech aus Ursaache vun Inklusioun a vun Accessibilitéit, grad och vun der ëffentlecher Verwaltung, déi handschrëftlech Ënnerschrëften nach ëmmer bleiwen an nach ëmmer méiglech sinn a sécherlech och nach eng ganz laang Zäit bleiwe wäerten.

Sou oder sou, op jidde Fall ass et hautdesdaags absolutt néideg, sech ëm d'elektronesch Ënnerschrëft, hir Authentizitéit an hir juristesch Sécherheet ze këmmeren an hei ze legiferéieren, sou wéi et mat dësem Gesetz gemaach gëtt. Well d'elektronesch Ënnerschrëft gëtt a wäert ëmmer méi gebraucht ginn am Ëmgang mat de Verwaltungen. Mir sinn am digitalen Zäitalter. Mir sinn am 21. Joerhonnert. Dat ass normal. Rechtssécherheet ass dofir kruzial. An aus där Ursaach, ënner anerem, gëtt d'CSV-Fraktioun och hir Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Madamm Modert. Da kritt den Här Ben Polidori d'Wuert. Här Polidori.

**M. Ben Polidori** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech maachen et kuerz. De Rapporter ass op e ganze Koup Punkte schonn agaangen an huet och ganz prezis iwwert dëst Gesetz geschwat.

Ech mengen, wat just vläicht awer wichteg nach ze soen ass a wat nach vläicht e Punkt ass, deen ee kéint bedaueren, respektiv och eng Fro un d'Madamm Minister, ass: Mat dësem Gesetz schafe mer jo u sech d'Méiglechkeet och fir d'Verwaltungen, dass mer déi elektronesch Ënnerschrëft dann och gesetzlech festleeën, dass mer dat dann och dierfe maachen. Mee mir obligéieren et net, op eng Manéier.

Dat heescht, op eng Manéier kann ee bedaueren, dass mer net soen, dass mer vläicht déi digital Ënnerschrëft elo géife prioriséieren. Mee wann Der awer wierklech wëllt an der Digitaliséierung no vir kommen, mengen ech, kann een awer Prioritéite setzen. An hei ass awer an deem heite Gesetz näischt niddergeschriwwen, dass d'Verwaltungen et iwwerhaapt musse maachen. Dat heescht, mir hunn elo mol eng gesetzlech Basis. Mee wie sech am Endeffekt wäert drun halen oder net, dat steet an de Stären.

An dowéinst, mir soen hei – oder den Här Arendt huet gesot –, dass dat e wichtege Schratt an d'Digitaliséierung wier, e Schratt no vir. Do ass awer, mengen ech, net sécher, dass dat e Schratt no vir ass, well mir wëssen net, wéi d'Verwaltungen heirobber reagéieren. Dofir vläicht d'prezis Fro: Wat hutt Der do virgesinn, fir dass d'Verwaltungen a kuerzer Zäit och op dee Wee ginn?

An ech mengen, vläicht just eng Remark elo och nach, wéi déi Saache wäerten archivéiert ginn – mat engem PIN-Code oder esou weider –, dat kommentéieren ech elo mol haut hei net.

Fir eis ass dat heite Gesetz sympathesch. An dowéinst wäert ech och menger Fraktioun recommandéieren, dat matzestëmmen. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Polidori. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, mir wäerten dëst Gesetz och matstëmmen. D'Digitaliséierung ass ganz wichteg.

An ech hunn awer eng Fro un d'Madamm Minister. Dir hutt gesot, et gëtt nach ëmmer d'Méiglechkeet, datt een dat net digital ënnerschreiwe muss, datt een och nach de Pabeier kann alt erabréngen. An do hunn ech just eng Fro: Kënnt Der eis do d'Garantie ginn, datt et a fënnef oder zéng Joer – oder an aller Zukunft – nach ëmmer méiglech ass, datt d'Bierger um Pabeier kënnen ënnerschreiwen?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Jo, merci. Ech wollt och am Numm vun eiser Sensibilitéit hei den Zousproch zu dësem Gesetz ginn. Et ass ganz wichteg, dass mer an der Digitaliséierung virkommen. Meng Erfarung an enger Verwaltung weist och, dass et wichteg ass, dass mer hei eng gesetzlech Basis dofir kréien. Et ass eng Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement. Dofir ass och keng Fro. Mir ënnerstëtzen dat heiten.

Mee mir ënnerstëtzen awer och nach d'Fro vun der LSAP. An ech denken, et ass schonn interessant, derfir ze suergen, dass och déi Verwaltungen déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir dat heiten dann och unzewenden. Ech denken, dat ass och ganz wichteg.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, d'Gesetz kann een esou ënnerstëtzen, och wann ee vill méi wäit hätt kënne goen, nämlech – an do rejoignéieren ech dann d'LSAP an och déi gréng – net nëmmen an der Fro, mee am Constat.

An der Question parlementaire 778 vum leschte Joer un de Minister fir d'Wirtschaft an un d'Madamm Digitalisatiounsministesch iwwert de Recommandé électronique hate mer gefrot, den Här Goergen an ech, ob et dann eng Obligatioun gëtt fir den Destinatär, deen unzehuelen, virun allem wann den Destinatär eng staatlech Entitéit wär. An d'Äntwert, Zitat: „Et gëtt keng Obligatioun, en elektronesche Recommandé unzehuelen". Dat ännert sech leider och mat dësem Gesetz net.

An u sech maache mer also hei e bëssen eng Usine à gaz. Mir transposéieren en exzellent Reglement, wat et géif de Leit erlaben, eng Simplification administrative ze maachen, an a Wierklechkeet kënnen all staatlech Verwaltunge soen, wa se esou e Recommandé

électronique kréien: „Wëlle mer net. Léif Post, print dee wannechgelift aus, maacht en Timber drop a bréngt e mam Bréifdréier laanscht, fir datt mir en dann erëm scannen an en dann iergendwéi an den digitale Flux geet."

Also, Madamm Ministesch, Dir versteet, datt ech do awer e bëssen op mengem Honger sëtze bleiwen, wann Der mer sot, datt et fir staatlech Verwaltung keng Obligatioun gëtt. Ech géif mer also wënschen, datt mer hei relativ séier all staatlech Verwaltung dozou kréien, en elektronesche Recommandé unzehuelen.

An dann, wa mer scho bei der Ënnerschrëft sinn, wär et och nach gutt, wa mer géifen all qualifizéiert elektronesch Ënnerschrëft, déi eIDAS-konform ass, akzeptéieren. Zum Beispill ass et haut esou: Wann ee seng Steiererklärung wëllt digital ënnerschreiwen, da gi just LuxTrust oder GouvID. Den ILNAS huet awer och nach aner eIDAS-konform digital Ënnerschrëfteprovideren, déi unerkannt sinn. An déi sinn op MyGuichet net ze fannen, soudatt all déi Leit zum Beispill den Assistent op MyGuichet net kënne benotzen, wa se esou eng Ënnerschrëft hunn, zum Beispill iwwer hire Patron, well dat eng international Organisatioun ass, déi awer eIDAS-konform digital Ënnerschrëften zur Verfügung stellt. An Dir gesitt, dat heite geet wäit doriwwer eraus, ob dat e PIN, e Fangerofdrock oder e Gesiicht ass. Mir wëssen alleguerten, mir haten an der Kommissioun nach d'Diskussioun: Dat heiten ass kryptografesch sécher. Mir schwätzen hei vun Digitalem.

An dann erlaabt mer eng allerlescht Remark: Mir sollten dann och vlaicht d'Homologatioun vun de La-Haye-Apostillen eng Kéier iwwerdenken, well – an dat gëtt elo ganz absurd, wann ech Iech dat erklären, an dat weist, datt Lëtzebuerg, esou digital wéi et heiansdo ass, dann awer nach iergendwou am 19. Joerhonnert stieche bliwwen ass – wann een en Dokument an en anert Land wëllt schécken an et muss do unerkannt ginn, da brauch een eng sougenannte La-Haye-Apostille. De Passbüro mécht iech dat, dat ass eng Legalisatioun, dat ass kee Problem. Elo ass et esou: Wann een en Extrait aus dem Registre de commerce kritt, kritt een deen essentiellement digital mat enger digitaler Ënnerschrëft drop. Déi digital Ënnerschrëft ass am PDF kloer kryptografesch nozeweisen. Um Pabeier gesäit een awer just e Bild, datt do eng Ënnerschrëft drop ass. Et huet ee kee Moyen, déi Ënnerschrëft ze kontrolléieren. Et print een dat aus, geet domadder op de Bureau de légalisation, an déi maachen dann eng La-Haye-Apostille drop, ouni wierklech kënnen ze iwwerpréiwen, ob déi Ënnerschrëft, déi digital drop war, authentesch ass.

Dat heescht, dat ass absolutt eng Absurditéit am Joer 2025, datt mer hei kee Moyen hunn, eng End-to-End-Kontroll vun deenen Ënnerschrëften ze maachen. An et kéint ee sech awer virstellen, datt, wa mer vun Digital Lëtzebuerg schwätzen, Digital First, Once-Only – an elo schwätzen ech nach net vu Quantecomputeren an AI Factories –, da wär et awer sënnvoll, datt mer zumindest dat mat där Ënnerschrëft, wat awer elo säit Joerzéngte geléist ass, och géifen hei zu Lëtzebuerg net nëmmen am Gesetz ëmsetzen, mee och an der Praxis.

Mir ginn awer dem Gesetz hei eisen Accord, well et ass wichteg, mee an der Ëmsetzung hapert et awer.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Den Här David Wagner wollt nach eppes soen. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Jo, ech wollt net méi esou vill soen. Ech soen dem Här Clement Merci. Dat mat der La-Haye-Apostille war mer net bewosst. Ech weess net, ob ...

*(Hilarité et interruption par M. Sven Clement)*

Ech weess net, ob ech alles verstanen hunn, mee op jidde Fall sollt een dat änneren, well ech fannen dat wierklech net an der Rei.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Ceci étant dit, gi mir eisen Accord zu dësem Projet de loi.

**M. Claude Wiseler,** Président | Très bien. Gutt, domat wär dann d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. D'Madamm Ministesch fir Digitalisatioun.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Stéphanie Obertin,** Ministre de la Digitalisation | Merci, Här President. A merci un de Rapporter Guy Arendt.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, mam Vott vun dësem Text iwwert d'Signature électronique schafe mir d'Base légale, fir administrativ Akten digital ze ënnerschreiwen. Ech wëll awer direkt betounen, Här Weidig, dass et hei net drëms geet, déi handschrëftlech Ënnerschrëft duerch eng digital ofzeléisen, mee et geet drëms, eng zousätzlech digital Manéier anzeféieren, d'Actes en matière administrative ze ënnerschreiwen.

D'Grondiddi ass et, d'Liewe vun de Bierger, den Institutiounen an den Autoritéiten ze vereinfachen. Doriwwer eraus si vill aner Entwécklungen an der Vereinfachung vun dem Fonctionnement vum Staat an de Gemengen am Déngscht vum Bierger ofhängeg vun dëser elektronescher Ënnerschrëft, an duerfir ass et mir wichteg, hei nach emol ze ënnersträichen, dass dëst Gesetz fir d'Bierger an d'Verwaltungen eng Erliichterung bréngt. An dofir steet d'elektronesch Ënnerschrëft och explizitt am Koalitiounsaccord a soll villes méi einfach a méi séier maachen an der Relatioun tëscht dem Staat an de Bierger.

Mat dësem Gesetz kritt d'Benotzung vun der elektronescher Ënnerschrëft an allen administrative Beräicher eng juristesch Basis, ofgesi vum regulatoresche legale Beräich vum Grand-Duc, wou nach soll legiferéiert ginn.

Säit dem Gesetz vum 14. August 2000 iwwert de Commerce électronique kënne schonn d'Actes sous seing privé elektronesch ënnerschriwwe ginn a mam Gesetz vum 7. Juli 2023 iwwert d'Notariat kënnen och d'Actes authentiques elektronesch ënnerschriwwe ginn.

A mat dësem Gesetz ass et also all den Autoritéiten an Institutiounen, déi eng administrativ Aarbecht maachen, erlaabt, hir Dokumenter elektronesch ze ënnerschreiwen oder en elektronesche Stempel drop ze maachen.

Dëst bedeit awer elo net, dass keng handschrëftlech Ënnerschrëft méi erlaabt wier. E Bierger, dee léiwer gäre säin administratiivt Dokument mat enger handschrëftlecher Ënnerschrëft hätt, kann et nach ëmmer kréien.

Konkreet bedeit déi Vereinfachung fir d'Autoritéiten an d'Institutiounen: Wann de Bierger zum Beispill bis dato seng Reconnaissance des diplômes ugefrot hat, dann huet déi ausgedréckte Versioun vum Minister mat der Hand missen ënnerschriwwen a per Post heemgeschéckt ginn.

Mat dësem Gesetz schafe mir d'Méiglechkeet, dat Dokument elektronesch ze ënnerschreiwen an ze verschécken an ze garantéieren, dass dat Dokument genee déi selwecht Valeur légale huet wéi eent, dat op Pabeier ausgedréckt a mat der Hand ënnerschriwwe ginn ass.

Déi elektronesch Ënnerschrëft bedeit manner Pabeier, manner Opwand fir d'Verwaltung a méi séier Prestatioune fir de Bierger. Dat ass dat, wat mir mat dësem Gesetz wëllen erreechen.

Méi séier bedeit dobäi awer net de Verloscht vun der juristescher Sécherheet. D'Gesetz gesäit och vir, dass, wann d'Autoritéiten, d'Institutiounen oder d'Bierger eng elektronesch Ënnerschrëft benotzen, et dann eng Ënnerschrëft de type qualifiée muss sinn.

D'Ënnerschrëft de type qualifiée ass eng Ënnerschrëft, déi via e LuxTrust-Produit oder en anere séchere Moyen verifizéiert ass, e Schrëtt, dee scho vill Leit gewinnt sinn, online ze tätegen, wéi zum Beispill bei hirer Steiererklärung.

Dëst Gesetz ass awer och e Puzzlestéck fir den digitale Portmonni, den europäeschen digitale Wallet, dee Lëtzebuerg bis Enn 2026 en place gesat muss hunn. Dësen digitale Portmonni gëtt ee vun de séchere Moyenen, nieft den aktuelle LuxTrust-Produiten, fir seng elektronesch Ënnerschrëft ze maachen.

De LuxTrust-Produit oder den europäeschen digitale Wallet verifizéiert déi digital Identitéit vun där Persoun, déi elektronesch ënnerschreift, a garantéiert esou deen héchste Sécherheetsgrad fir dësen Typ vun Ënnerschrëft.

An all eise Beméiungen, fir d'administrativ Vereinfachung virunzebréngen, gesi mer, dass se Hand an Hand gi mat der digitaler Transformatioun a mat der Uwendung vun den neien Technologien. An ech wëll nach eng Kéier hei och ënnersträichen, dass dës digital Ënnerschrëft eng zousätzlech Manéier schaaft, fir souwuel d'Autoritéiten, d'Institutioune wéi och d'Bierger ze entlaaschten. A se schaaft dobäi déi handschrëftlech Ënnerschrëft net of.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Obertin,** Ministre de la Digitalisation | Also, wann ee wéi bis elo Dokumenter op Pabeier a mat der Hand ënnerschriwwe wëll kréien, deem sief garantéiert, datt dat ëmmer nach méiglech ass. A wien an Zukunft seng Dokumenter reng iwwert den elektronesche Wee mat enger digitaler Ënnerschrëft wëll kréien, deem sief garantéiert, dass dëst Gesetz eng legal Basis schafe wäert, fir dass säin Dokument déi selwecht Valeur légale huet wéi en Dokument, dat mat der Hand ënnerschriwwen ass.

Ech wëll och vlaicht vun dëser Plaz eng Kéier kuerz profitéieren, de Moment, wéi gesot, notzen, fir jiddereen, dee vlaicht nach net esou gutt ënnerwee ass an dëser digitaler Welt, e Samschden ab 10.30 Auer op onse Salon fir digital Inklusioun an der Luxexpo ze invitéieren, fir do laanschtzekommen. An och mat onsem Plang – Plan d'action national d'inclusion numérique 2.0 –, dee mir amgaange sinn, auszeschaffen, wäerte mer och weiderhi probéieren, all Bierger esou gutt wéi méiglech beim digitale Wandel ze begleeden.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Ech hunn nach eng Wuertmeldung vun dem Här Clement, warscheinlech fir eng Fro. Här Clement, dann den Här Polidori.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hätt just nach vläicht eng kleng Fro un d'Madamm Ministesch. Si huet zwou Saache gesot, déi eis, mengen ech, alleguerten um Häerz leien.

Dat eent, dat ass manner Pabeier. Do sinn ech ganz bei hir. Ech hat virdrun d'Beispill gi vum Recommandé électronique vum Staat, vum parastaatleche Postoperateur hei zu Lëtzebuerg, deen, wann en net kann elektronesch ugeholl ginn, dann awer ausgedréckt gëtt, fir dann um Pabeier zougestallt ze ginn.

An do wär meng Fro ganz konkreet – Dir sot manner Pabeier –: Ass et dann d'Versprieche vun der Regierung, datt an abseebarer Zäi – a wa jo, bis wéini – all Verwaltung vum Staat Recommandé-électroniquë wäert unhuelen? Dat ass déi éischt Fro.

An déi zweet Fro: Vu datt ganz vill Kommunikatiounen zwëschent Citoyenen an dem Staat respektiv ëmgedréint iwwert d'staatlech Plattform MyGuichet stattfannen, wollt ech da froen, ob d'Plattform MyGuichet, soubal mer dat heite gestëmmt hunn, dann homologéiert ass als Plattform fir Recommandé-électroniquen, fir datt se mat deem heite Gesetz och konform ass.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Madamm Minister.

**Mme Stéphanie Obertin,** Ministre de la Digitalisation | Also, mir wäerten d'Administratioune weider derfir sensibiliséieren, déi elektronesch Ënnerschréft an och den elektronesche Recommandé kënnen ze maachen. Dir wësst, mir sinn amgaangen, duerch de Ministère de Conseil à la digitalisation weiderzedreiwen, fir d'Ministèren an d'Verwaltungen op dee Wee matzehuelen an esou séier wéi méiglech dofir ze preparéieren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Här Polidori.

**M. Ben Polidori** (LSAP) | Merci, Här President. Dir hutt elo schonn zum Deel op meng Fro geäntwert. Ech wollt awer just eng Saach vläicht soen: Dir hutt, mengen ech, Är Ried domat ugefaangen ze soen, dass dat och am Koalitiounsaccord géif stoen, dass Der d'digital Ënnerschréft wéilt förderen. Ech mengen och, dass dat schonn e Projet war, dee schonn um Instanzewee war bei der leschter Regierung, wat jo och ganz begréissenswäert ass.

Meng Fro awer nach eng Kéier vläicht méi prezis: Hutt Der wierklech eng Strategie, ab wéini all d'Dokumenter, déi Der haut op der Hand kënnt ënnerschreiwen, och wierklech kënnen digital ënnerschriwwe ginn? Wat hutt Dir Iech do als Zil gesat?

Ech mengen, et ass jo richteg: An all de Verwaltunge muss dat ëmgesat ginn. Mee ech mengen, Dir hutt jo sécher eng Zilsetzung. Wat peilt Der do un? Wat hu mer do vun Datumer? A vu wéi villen Dokumenter schwätze mer hei, déi missten an där Form digitaliséiert ginn?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Minister.

**Mme Stéphanie Obertin,** Ministre de la Digitalisation | Merci. Also, ech kommen nach eng Kéier drop zeréck: Mir mussen de Verwaltungen, de Ministèren, déi nach net prett sinn, Zäit ginn, fir sech ze preparéieren. An do ass de Ministère och mat sengem Conseil à la digitalisation prett, fir de Verwaltungen ze hëllefen, hir Maturitéit ze analyséieren, mat de Verwaltungen, zesumme mam CTIE, eng Roadmap opzesetzen, fir se op deem Wee mat ze begleeden. A mir wëllen, wéi gesot, dat no an no mat hinne maachen. Awer, wéi gesot, si sinn net alleguer prett. Et sinn der eng ganz Rei, déi si prett, mee nach net alleguer. An dat begleede mer.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister. Domat wär dann dës Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Ech géing de Projet de loi 8089 zum Vott stellen. Den Text steet am Document parlementaire 8089[13].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8089 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 59, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8089 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer (par M. Marc Lies), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 7. Question élargie n° 39 de Mme Mandy Minella au sujet de la possibilité d'introduire un « Sportpass »

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass d'Fro Nummer 39 vun der Madamm Mandy Minella iwwer eng méiglech Aféierung vun engem Sportpass. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. D'Regierung huet 10 Minutten Zäit, fir d'Fro ze beäntweren. D'Madamm Minella huet elo d'Wuert.

**Mme Mandy Minella** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Kulturpass erlaabt zanter 15 Joer de Leit mat engem modeste Revenu, um kulturelle Liewen hei zu Lëtzebuerg aktiv deelzehuelen. De Kulturpass riicht sech un déi, déi Sozialhëllefen an Usproch huelen, wéi zum Beispill d'Allocation de vie chère, d'Energieprimm oder eng CePas-Begleedung. Och déi Persounen, déi RPGH bezéien, souwéi Demandeurs a Beneficiaires de protection internationale kënnen heivunner profitéieren. Duerch de Kulturpass hunn dës Persounen d'Méiglechkeet, gratis an d'Partnermuséeën oder fir e reduzéierten Tariff op Concerten, Festivallen oder an de Kino ze goen.

De Kulturministère huet an enger rezenter Conventioun nach weider Schrëtt ënnerholl, fir de Kulturpass nach méi bekannt ze maachen, an dat begréisse mir natierlech. Mee do stellt sech awer elo eng Fro: Wier et net wënschenswäert, dës Méiglechkeet och op de Sport auszedeenen? Wéi wier et mat engem Sportpass?

Mir wëssen, wat fir positiv Auswierkungen de Sport op eis Gesellschaft huet; mental, physesch, awer och sozial. Sport fërdert net nëmmen d'Gesondheet, mee och d'Zesummeliewen, d'Integratioun an d'Gefill vu Gemeinschaft.

D'Etüde bestätegen, dass grad Kanner a Leit aus sozial benodeelegte Familljen en erhéichte Risiko hunn, ënner mangelnder Beweegung ze leiden. E Sportpass kéint also dozou bäidroen, Leit aus der Isolatioun ze huelen, hinnen Accès zu sportlechen Aktivitéiten ze ginn an esou d'sozial Kohäsioun ze stäerken. Kultur a Sport bréngen Mënschen zesummen. Si ginn de Leit dat wichtegt Gefill, dozouzegehéieren. Dat ass och schonn aus Temoignagen iwwert de Kulturpass ervirgaangen.

Hei am Land sinn iwwer 121.000 Leit vu Prekaritéit betraff. Fir all déi kéint esou e Sportpass eng Chance sinn, um liewegen a gesonde Mouvement sportif deelzehuelen. D'ASBL Cultur'All – an ech freeë mech, dass Der haut heihinner komm sidd, fir nozelauschteren –, déi sech ëm de Kulturpass këmmert, huet schonn eng konkreet Propos gemaach: Am Kader vum Sportpass kéint een eng Rei Tickete fir sportleche Evenementer zur Verfügung stellen, esou wéi dat och bei kulturellen Evenementer schonn de Fall ass. D'Iddi wier awer och, datt d'Persoune mat engem niddrege Revenu Zougang zu Sportinfrastrukturen a Coursë géife kréien, ouni datt finanziell Barriäre si dobäi hënneren. Sou kéinten zum Beispill Abonnementer fir Schwämmen oder sportlech Coursen zu staark reduzéierte Präisser ugebuede ginn.

Ech sinn der Meenung – an ech mengen, den Här Minister deelt dës Iwwerzeegung –, dass sportlech Aktivitéiten a sportlech Evenementer e bessert Zesummeliewe förderen. Si droen zu enger méi gesonder Gesellschaft bäi, net nëmme physesch a mental, mee och sozial; eng Gesellschaft, déi duerch d'Wäerter vum Sport, vum Fairplay, Zesummenhalt a Respekt manner Spannungen a Konflikter ervirbréngt. E Sportpass wier also net nëmmen eng sozial Moossnam, mee eng Investitioun an d'Zesummeliewen an eng Méiglechkeet, ville Mënschen erëm eng Plaz an eiser Gesellschaft ze ginn.

Mir schwätzen hei net nëmmen iwwer Sport, mir schwätzen iwwer Würde, Zesummenhalt an d'Recht matzemaachen. Wa mir wëllen, dass eis Gesellschaft inklusiv, gesond a fair bleift, da musse mir och hei aktiv handelen.

Dofir wier meng Fro un den Här Sportminister: Kéint Dir Iech virstellen, e Sportpass nom Modell vum existéierende Kulturpass oder anere Modeller an d'Liewen ze ruffen? Wier et méiglech, sech mat Veräiner an Déngschtleeschter aus der Sportwelt zesummenzesetzen, fir Conventiounen auszeschaffen, déi de sozial benodeelegte Leit hei am Land en Zougang zum Sport kéinten erméiglechen, ouni finanziell Barriären? A gesäit de Ministère aner

Méiglechkeeten oder Instrumenter vir, fir d'Accessibilitéit vum Sport ze fërderen?

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Sportminister.

**M. Georges Mischo,** Ministre des Sports | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci der honorabeler Deputéierter Madamm Minella fir dës pertinent Fro.

De Kulturpass ass agefouert ginn, wéi d'Madamm Minella schonn erkläert huet, fir Leit mat schwaachem Akommes den Accès zu verschiddene kulturelle Strukturen a Veranstaltunge gratis oder zu engem reduzéierte Präis kënnen ze erméiglechen. An e stellt domadder och e wichtegen Hiewel, mengen ech, fir d'Chancëgläichheet hei zu Lëtzebuerg duer, fir déi dann och ze schafen.

All Mënsch huet d'Recht op Kultur, an dëst gëllt natierlech och fir Sport a Beweegung. Kierperlech Aktivitéit soll zu enger Selbstverständlechkeet an eiser Gesellschaft ginn. Mir ass et wichteg, dass jiddereen, onofhängeg vu sengem Alter, sengem soziale Status, sengem Akommes, senger Ofstamung, och Zougang zu Sport a Beweegung kritt. Ech hunn och dofir op dëser Plaz schonn e puermol gesot – an ech wäert et och ëmmer erëm betounen –: D'Sportspolitick vun dëser Regierung ass eng gesamtgesellschaftlech Sports- a Beweegungspolitick.

De positiven Afloss vu Sport a Beweegung zitt sech wéi e schwaarz-bloe Fuedem duerch de Koalitiounsaccord an duerch déi verschidden Aspekter vun eiser Gesellschaft, vun der Entwécklung vun eise Kanner, iwwer eis Gesondheet, déi sozial Kohäsioun, wéi Der scho gesot hutt, d'Inklusioun, awer och d'Integratioun.

D'Grondviraussetzung, fir en aktive Liewensstil ze fërderen, ass awer selbstverständlech, dass jiddereen Zougang zu Sport a Beweegungsoffer huet. Dat huet een zum Beispill an enger wonnerschéiner Stad am Süde mam Kulturpass, wou een da gratis ka schwamme goen. An dësem Kontext sinn um Sportministère och schonn eng Rei Iwwerleeungen amgaangen, déi och d'Iddi vun engem Sportpass mat afléisse wäerte loossen.

Mir ass et wichteg ze betounen, dass all Secteur, an domadder och de Sport, seng Spezifitéiten huet. Et geet mer drëms, Mesüren en place ze setzen, déi och un de Secteur a seng ganz spezifesch Besoinen ugepasst ginn.

Dofir ass mir de konstruktiven Austausch mat eise Partner, dat heescht zum Beispill – a virun allem – dem Syvicol, de Gemengen an natierlech dem Mouvement sportif, also dem COSL, de Federatiounen an de Veräiner immens wichteg, fir ze héieren, wat déi konkreet Besoine vum Terrain sinn a fir och hir Iddien an Erfarunge matanzebezéien.

Och bei de Reflexioune ronderëm de Sportpass spillt dësen Austausch fir mech natierlech eng ganz wichteg, eng extreem wichteg Roll am Sënn vun enger transparenter a kohärenter Sports- a Beweegungspolitick.

An der selwechter Optik hunn ech och schonn eng Rei Mesüren en place gesat a mir hunn der nach e puer an der Pipeline, déi drop ofzilen, d'Ongläichheeten an eiser Gesellschaft ze reduzéieren. Hei setze mer aktuell op verschiddenen Niveauen un, souwuel bei de Gemenge wéi och bei de Federatiounen an awer och de Veräiner.

Éischtens emol um Niveau vun de Gemengen: Wéi et am Koalitiounsaccord virgesinn ass, läit mer eng enk Zesummenaarbecht mat de Gemengen natierlech um Häerz. Si sinn déi, déi de lokale Kontext am beschte kennen, a sinn domadder eisen éischte Partner, wann et ëm d'Entwécklung vun der lokaler a regionaler Sports- a Beweegungspolitick geet.

Duerch d'Strategie „Meng Gemeng lieft Sport" an d'Sportcoordinateure si mer amgaangen, dës Zesummenaarbecht ze verdéiwen an och ze strukturéieren. D'Zil ass, wéi scho betount, d'Entwécklung vun enger lokaler, nohalteger Sport- a Beweegungspolitick, dëst duerch eng partizipativ an inklusiv Approche, wou jiddereen – an ech betounen: jiddereen! – d'Méiglechkeet huet, sech anzebréngen.

Och hei spillt den Accès zur Offer eng grouss Roll. Esou engagéiere sech d'Gemengen zum Beispill, eng accessibel Sport- a Beweegungsoffer ze promouvéieren an en Ëmfeld ze schafen, wou jidderee sech respektéiert a valoriséiert fillt. Deemno geet et och drëms, dem Bierger Beweegungsraim an -infrastrukturen accessibel ze maachen, fir esou en einfachen Zougang zu Sport a Beweegung ze erméiglechen.

D'Sportcoordinateure wäerten och a verschiddene Beräicher, wéi Inklusioun a Participatioun, forméiert a sensibiliséiert ginn. D'Thematik vun der Accessibilitéit vun der Offer wäert sech allgemeng duerch déi ganz Formatioun zéien, déi vum INAPS ugebuede gëtt. Fir d'Sportcoordinateuren ass déi natierlech obligatoresch.

Am Beräich vun de Gemengen ass nach ze betounen, dass meng Servicer am Kader vum Aktiounsplang „Prévention et lutte contre la pauvreté" aktuell amgaange sinn, iwwert déi verschidde Pisten nozedenken, fir den Accès zu Sport a Beweegung ze fërderen. Hei wäerten och d'Iwwerleeunge ronderëm e Sportpass eng grouss Roll spillen.

Den zweeten Niveau, natierlech den Niveau vun de Veräiner a vun de Federatiounen: Wéi ech schonn des Éftere betount hunn, sinn eis Federatiounen an hir Veräiner d'Réckgrat vum Lëtzebuerger Sport a si si fir vill Leit eng Entréesdier fir Sport a Beweegung an natierlech och soziale Kontakt. An dee wëlle mer natierlech nohalteg an hirem Liewe verankeren.

Donieft spillt de Veräin awer och um Niveau vun der Entwécklung vun de soziale Kompetenzen, deem gesellschaftleche Mateneen, der Integratioun an dem Zesummeliewen eng kruzial Roll. De Sportveräin ass eng Plaz, wou Leit onofhängeg vun hirem kulturellen, sozialen, politeschen a reliéise Background zesummekommen an eng gemeinsam Identifikatioun hunn. Eng vu menge grousse politesche Prioritéiten ass et dofir, déi organisationell Capacitéite vun de Veräiner a Federatiounen ze stäerken.

Sou wäert zum Beispill bei der Reform vum Qualité+-Subsid all Alterskategorie betruecht ginn. Dat heescht, fir all geleeschten Trainingsstonn wäert de Veräin vum Sportministère finanziell ënnerstëtzt ginn. Dëst soll sech och op d'Lizenze vum Loisir ausweiten. Ech sinn iwwerzeegt, dass dës Ënnerstëtzung d'Qualitéit vun der Offer nohalteg verbessere wäert an och esou net nëmmen de Veräiner, mee och all senge Memberen zeguttkënnt.

An eiser Subsidereform ersetze mer zousätzlech de Subside de base duerch de Subside sport et société, dëst mam Zil, dass dat uewe genannte gesellschaftlecht Potenzial vun de Sportveräiner nach besser ka genotzt ginn, virun allem am Beräich vum Benevolat, dee fir den Zesummenhalt an déi géigesäiteg Ënnerstëtzung immens wichteg ass. Hei si mer och duerch den Aktiounsplang „Gamechangers" vum INAPS weiderhin aktiv.

Eng accessibel Sport- a Beweegungsoffer fir jiddereen ass fir mech en Theema, dat ëmmer erëm aktuell wäert sinn an och an all eis Iwwerleeunge muss mat afléissen. Als Sportminister sinn ech natierlech oppe fir nei Initiativen, déi den Accès zu Sport a Beweegung verbesseren. De Sportpass ass fir mech dofir eng interessant Iddi fir eis Diskussiounen, déi ech mat eise Partner an Zukunft – virun allem mam COSL an enger éischter Phas, an duerno mat Federatioune respektiv duerno mat de Veräiner – wäert hunn.

Am Sënn vun enger transparenter an nohalteger Politick ass et mer, wéi gesot, wichteg, eis Partner matanzebezéien an hiren Avis zu dësem Sujet ze héieren. Nëmmen esou kënne mer sécherstellen, dass mer Mesüre schafen, déi sech dem Secteur upassen an och um Terrain ukommen. An dësem Sënn wäerte mer analyséieren, ob e Sportpass nom Modell vum Kulturpass oder eventuell an enger anerer Form eng Ergänzung zu aktuellen oder zukünftege Mesüre ka sinn.

An da wëll ech ofschléissend nach eng Kéier ënnerstäichen, dass ech als Sportminister fir eng gesamtgesellschaftlech Sport- a Beweegungspolitick stinn, déi jidderengem den Accès zu Sport a Beweegung erméiglecht an esou d'Chancëgläichheet fërdert. An d'Iddi vun de Konventioune vun a mat Veräiner a vun a mat Federatiounen ass natierlech do eng Diskussioun, déi mer wäerten an nächster Zukunft – an enger éischter Phas, wéi gesot, mam COSL, duerno mat de Federatiounen an duerno mat de Veräiner – maachen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Madamm Minella, hutt Dir nach eng Zousazfro?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall. Da wär domadder ...

*(Hilarité et interruption par M. Sven Clement)*

Dir hutt verstanen, wat ech wollt soen, Här Clement.

*(Hilarité)*

D'Madamm Minella huet keng Zousazfro. Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

## 8. 8234 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences

Als leschte Punkt ass dës Woch de Projet de loi 8234 iwwert d'Aféierung vun engem Programm iwwert d'Beschäftegungsperspektiven an d'Kompetenzen um Programm. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, deen nach d'selwecht ass wéi dee virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Corinne Cahen, den Här Georges Engel, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Djuna Bernard an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

***Rapport de la Commission du Travail***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Här President, léif alleguer, et ass mer eng Freed, Iech haut no mengem schrëftleche Bericht och de mëndleche Bericht zum Gesetzesentworf 8234 maachen ze däerfen, mat deem de Programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences agefouert gëtt.

Besser bekannt ass dëse Programm ënnert dem Numm „Skills-Plang", deen eent vun den Elementer

vun der nationaler Kompetenzstrategie ass, mat deem versicht gëtt, eppes géint d'Ongläichgewiicht tëschent der disponibeler an der gebrauchter Kompetenz um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ze maachen.

Dëse Plang ass zesumme mat de Sozialpartner ausgeschafft ginn an e soll d'Lëtzebuerger Betriber an hiert Personal op d'Verännerungen um Aarbechtsmaart virbereeden, zum Beispill Verännerunge reglementärer oder technologescher Natur, duerch Ëmweltverännerungen oder ganz einfach de gesellschaftleche Wandel.

D'OECD an aner Studien ënnersträichen nämlech déi dréngend Noutwendegkeet, méi geziilt finanziell Ureizer ze schafen, fir d'Ëmbildung, dat heescht de Reskilling, respektiv d'Verbesserung vun de Kompetenzen, den Upskilling, ze fërderen, besonnesch fir déi am schlëmmste betraffe Leit um Aarbechtsmaart, an dat sinn déi mat den niddregste Qualifikatiounen.

De Programm riicht sech also u Salariéen, deenen hir Aarbecht duerch déi strukturell Verännerungen um Aarbechtsmaart impaktéiert gëtt an déi sech dowéinst nei Kompetenzen uneegne mussen oder souguer eng professionell Reconversioun maache mussen, fir déi méi wéi 120 Stonne Formatioun gebraucht ginn.

A Fro kommen all d'Betriber, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, op d'mannst zënter dräi Joer hei eng Aktivitéit ausgeüübt hunn an net an ekonomesche Schwieregkeete sinn.

Fir um Programm deelzehuelen, muss de betraffene Betrib eng Ufro bei der ADEM maachen. An nodeems dës Ufro ugeholl ginn ass, kann de Betrib op en agreéierte Beroder oder eng agreéiert Beroderfirma zréckgräifen.

D'Roll vun de Beroder ass, eng ganz generell Analys vun de Personalressourcen an de Formatiounen am betraffene Betrib ze maachen an déi Plazen a Mataarbechter a Mataarbechterinnen ze identifizéieren, déi duerch d'Verännerungen um Aarbechtsmaart impaktéiert sinn. Op där Basis soll dann e Formatiounsplang ausgeschafft ginn, an deen d'Personaldelegatioun och Asiicht muss kréien. Den Avis vun der Personaldelegatioun muss dann och an den Dossier bäigeluecht ginn, anerefalls ass den Dossier net zoulässeg.

De Formatiounsplang beschreift d'Servicer a weider aner praktesch Detailer, deen da vun der ADEM guttgeheescht muss ginn. Nom Averständnis vun der ADEM huet de Betrib 24 Méint Zäit, fir de Plang ëmzesetzen.

Een Deel vun de Käschte gëtt vum Beschäftegungsfong iwwerholl. Dës Hëllefe si jee no Gréisst vum Betrib gestaffelt. D'Formatioune mussen de Kader respektéieren, deen am Formatiounsplang festgehalen a vun der ADEM guttgeheescht ginn ass.

Da gëtt och nach e Comité de suivi tripartite agesat, dee mat der Evaluatioun an dem Suivi vum Projet beoptraagt gëtt. Dëse kënnt mindestens zweemol d'Joer zesummen.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht.

Här President, léif alleguer, ech kommen dann elo zum Werdegang vun dësem Text. De Gesetzesentworf gouf nach ënnert dem viregte Minister de 7. Juni 2023 deposéiert, wou en dunn an d'Aarbechtskommissioun weidergeleet ginn ass.

Den éischten Avis koum de 14. Juni 2023 vun der Chambre des Salariés. Dësen huet déi initial Versioun vum Projet verworf, well d'Moossnamen hirer Meenung no ze vill improviséiert wieren. Et gouf opgeruff, e kohärenten a wierksame System fir d'Weiderbildung opzestellen, d'Kompetenzen tëschent de Ministèren ze klären, an d'Wichtegkeet vum Sozialdialog an esou Froen ass ervirgehuewe ginn.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 8. August 2023 ginn. Prinzipiell begréisst si d'Zilsetzung vun dësem Text an déi verschidden Hëllefen, déi ugebuede ginn. Gläichzäiteg kritiséiert si awer och deen domat verbonnenen administrativen Opwand. Weider Kriticke vun der Chambre de Commerce sinn déi feelend Prezisioun, wat d'Selektiounsmodalitéite vun de Beroder ugeet, d'Héicht vum Kofinanzement vun der Formatioun, deen oninteressant fir grouss Betriber ass, an dass d'Zeréckbezuele vun den Ausgabe vun der Formatioun net méiglech ass, wann e Salarié oder eng Salariée wéinst Faute grave gekënnegt kritt respektiv am Fall, wou de Betrib näischt derfir kann, wa seng Mataarbechter oder Mataarbechterinnen net un der Formatioun deelhuelen. Zousätzlech proposéiert d'Chambre de Commerce, de Programm no zwee Joer eng Kéier ze evaluéieren.

Den Avis vun der Chambre des Métiers koum den 11. August 2023. Och d'Chambre des Métiers begréisst de Programm prinzipiell, gëtt awer ze bedenken, dass d'Offer u Formatiounen esou séier wéi méiglech un d'Nofro ugepasst muss ginn. Kritiséiert gëtt, dass de Patron oder d'Patronne op de Käschte vun der Formatioun sëtze bleift, wann eng Persoun vum Personal kënnegt oder gekënnegt kritt respektiv wa se net un der Formatioun deelhuele kann an de Betrib net dofir kann.

Den Avis vum Staatsrot koum den 20. Dezember 2024. Haaptkritickpunkt sinn den administrativen Opwand an d'Komplexitéit vun de Prozeduren. Am Avis sinn och e puer formell Oppositiounen. Ënner anerem benotzt den initialen Text d'Verb „pouvoir" falsch, well en an dësem Beräich der Verwaltung kee Pouvoir discrétionnaire däerf ginn. Des Weideren huet de Staatsrot zum Beispill nach ze bedenke ginn, dass sech op en ofgeschafent Gesetz beruff gëtt an dass et besser wär, d'Zoustëmmung vun der Personaldelegatioun zum Formatiounsplang obligatoresch ze maachen.

An der Kommissiounssëtzung vum 29. Januar 2025 gouf den Text vum aktuelle Minister virgestallt an déi verschidden Avise sinn ënnert d'Lupp geholl ginn. An enger weiderer Sëtzung de 26. Februar 2025 goufen dann och parlamentaresch Amendementer um initialen Text ugeholl.

Doropshin huet de Staatsrot de 4. Abrëll 2025 säin zousätzlechen Avis ginn, an deem e seng formell Oppositioun opgehuewen huet a sech mat de parlamentareschen Amendementer zefridde gewisen huet. Schlussendlech gouf de Bericht an der Sëtzung vum 7. Mee 2025 an der Aarbechtskommissioun ugeholl.

***Discussion générale***

Här President, léif alleguer, no mengem schrëftleche Bericht géing ech elo och nach gär e puer Wuert am Numm vun der CSV-Fraktioun soen.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz op d'Kriticken agoen, déi a verschiddenen Avise genannt gi sinn, wat den administrativen Opwand ugeet. Dës Bemierkung koum souwuel vum Staatsrot wéi och vun der Chambre des Salariés a vun der Chambre de Commerce. Dës Ausso stellt sech gegeebenefalls an der Praxis eraus. Mee zu dësem Zäitpunkt ass et der Regierung wichteg, dëst Gesetz esou séier wéi méiglech ëmzesetzen, fir d'Weiderbildung, a méi speziell den Upskilling an de Reskilling vun de Leit, déi riskéieren, hir Aarbecht ze verléieren, well si et verpasst hunn, hir Kompetenzen den neien Erausfuerderungen unzepassen, direkt virunzedreiwen.

Den Aarbechtsminister huet eis an der Kommissioun versprach, nozebesseren, sollt d'Ëmsetzung herno weisen, dass verschidden Elementer ze schwéierfälleg oder net effizient sinn.

Mir sinn eis all eens, datt déi zum Deel rasant Verännerunge vun eiser Gesellschaft an awer och um Aarbechtsmaart wichteg Opportunitéite kënnen duerstellen, déi een net däerf verpassen, an anerer eis awer och viru grouss Erausfuerderunge stellen.

Gleeft een den Zuele vun ënner anerem der OECD, da kéinten an Zukunft 14 % vun den Aarbechtsplazen duerch Maschinnen ersat ginn a ganzer 32 % wäerte grondleeënd verännert ginn. D'Beméiungen, déi bis elo dergéint ënnerholl gi sinn, gi bei wäitem net duer: Nëmmen 32 % vun de Patronen a Patronnë proposéieren hirem Personal deementspriechend Formatiounen. Dowéinst sinn dëst Gesetz an de Programm, deen domadder ëmgesat gëtt, esou wichteg. Schätzunge weisen, dass Investitiounen an de Reskilling an an den Upskilling op Dauer rentabel sinn, besonnesch an europäesche Systemer mat engem staarke Sozialschutz.

Et geet hei awer net nëmmen ëm eng finanziell Ënnerstëtzung, mee d'Betriber kréien och methodologesch ënnert d'Äerm gegraff, fir d'Bedierfnisser u Kompetenzen ze identifizéieren an d'Ausbildungspläng ze entwéckelen.

D'Weiderbildung ass en entscheedend Element, fir d'Beschäftegungsfäegkeet ze sécheren an d'Aarbechtslosegkeet ze vermeiden. D'Moossnamen aus dem Skills-Plang wäerten de Betriber hëllefen, hir Leit op déi dach déifgräifend Verännerunge vun der Aarbechtswelt virzebereeden. D'Fäegkeete vum Personal mussen den Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart entspriechen. Nëmmen esou kann een a Richtung Vollbeschäftegung goen.

Als CSV wäerte mir dëse Gesetzesprojet natierlech stëmmen, well en eent vu villen Elementer ass, déi eist Land an eis Betriber fit fir d'Zukunft maachen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Morgenthaler, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. Dann huet elo d'Madamm Corinne Cahen d'Wuert. Madamm Cahen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt géing ech awer mol gären der Madamm Morgenthaler villmools Merci soe fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dir sidd och schonn op déi wichtegst Punkte vum Projet de loi agaangen, dat brauch ech deemno net ze widderhuelen.

Bon, mir schwätzen haut iwwer „Reskilling an Upskilling". Dat ass dat neit Lëtzebuergescht fir „Weiderbildung a Bildung", géing ech emol einfach soen. An dat ass fir eis als Demokratesch Partei awer trotzdeem e ganz wichtege Pilier, well mer, wéi d'Madamm Morgenthaler och grad gesot huet, der Meenung sinn, dass d'Leit sech continuellement an hirem Liewe musse weiderbilden, well d'Welt ännert, d'Aarbechtswelt ännert. An da musse mer eeben alleguerte permanent nei Saache léieren.

D'Erléiere vun neie Kompetenzen, doréms geet et iwwregens och beim Programm „Skillsbridges", deen den Educatiounsministère déi lescht Rentrée op de Wee bruecht huet. Do gi kuerz Formatiounen ugebueden, déi daueren tëschent 40 an 240 Stonnen. An do kënnen d'Salariéë sech an de Beräicher

Digitaliséierung, Kënschtlech Intelligenz a gréng Transitioun ëmbilde loossen. Awer och an de Secteuren Horeca oder Konstruktioun gi Formatiounen ugebueden.

D'DP begréisst dëse Projet de loi, vun deem mer haut hei schwätzen, well mer eeben der Meenung sinn, dass et wierklech wichteg ass, de Re- an den Upskilling an de Betriber ze fërderen. Dat steet iwwregens och am Koalitiounsaccord. A wat ons besonnesch gefält, ass natierlech, dass de Staat d'Betriber finanziell doranner ënnerstëtzt, virun allem déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber. An dann hoffe mer, dass se och déi Ënnerstëtzung unhuelen.

D'Zil ass jo, wéi gesot, ganz luewenswäert, mee mir fäerten, dass och de Risiko besteet, dass net ganz vill Entreprisen – oder net esou vill wéi vläicht erhofft – am Ufank dës Offer wäerten unhuelen. Well, esou wéi mer grad héieren hunn, d'Avise vun der Chambre de Commerce an och vun der Chambre des Métiers soen, an dat fanne mir als DP-Fraktioun och, datt den administrativen Opwand awer e relativ groussen ass, virun allem fir déi kleng Betriber.

Schonn eleng d'Demande ass kompliziéiert, déi d'Betriber mussen un d'ADEM schécken, fir iwwerhaapt un deem Programm deelhuelen ze kënnen. D'strukturell Tendenzen um Marché an den Impakt op de Betrib musse kloer duergestallt ginn. An et muss eng Strategie presentéiert ginn. Et muss och nogewise ginn, datt d'Requalifikatioun vum Personal onbedéngt néideg ass. An dat ass fir eng kleng Entreprise awer wierklech ganz, ganz vill. An dofir hu mer do e bësselchen Angscht, dass awer vläicht net esou vill Entreprisë matmaachen, wéi sech dat erhofft gëtt.

D'Bedeelegung vum Fonds pour l'emploi ass och net ganz einfach nozevollzéien, wat awer besonnesch wichteg ass, well d'Betriber eebe genee anticipéiere kënne mussen, wéi héich d'Käschte fir si um Enn vum Dag sinn.

Wat d'Käschten ubelaangt, ass och net kloer definéiert, ob den Employeur selwer den Deplacement, d'Ënnerbréngung an d'Verfleegung muss integral fir d'Formatiounen iwwerhuelen. Dës sinn indirekt Käschten, déi vum Fonds pour l'emploi net iwwerholl ginn.

An dann, wéi mer grad scho vun der Rapportrice oder der CSV-Spriecherin héieren hunn, stinn nach ëmmer d'Froen am Raum: Wat geschitt, wann e Salarié eng Formatioun ofbruecht oder refuséiert? Wat ass, wann e Salarié wärend enger Formatioun kënnegt oder wéinst enger Faute grave gekënnegt kritt? Och hei ass net definéiert, wie fir dës Käschten opkënnt. Den Employeur oder de Salarié?

Et sinn eebe grad dës Onsécherheeten, déi dem Succès vum Skills-Plang am Wee stoe kéinten. An dofir si mir der Meenung – an ech mengen, déi grouss Majoritéit heibannen ass där Meenung –, dass mer dat vun no begleede sollen. A mir sollen dofir och kucken, dass mer no zwee Joer eng Kéier eng Evaluatioun maache vun dësem Programm, fir ze kucken, ob d'Betriber participéieren, ob d'Betriber, kleng a mëttelgrouss Betriber, Gebrauch maache vun dësem Programm vun dem Reskilling an dem Upskilling.

An ech sinn dofir besonnesch frou, dass déi grouss Majoritéit heibanne sech bereet erkläert huet, och déi Motioun hei mat ze ënnerstëtzen, wou et eeben drëms geet, effektiv no zwee Joer eng Kéier e Bilan ze maachen an ze kucken, ob ee vläicht déi eng oder aner Saach nach muss adaptéieren, fir dass méi Betriber, an deemno och méi Salariéen, kënne vun där Bildung a Weiderbildung profitéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– vu l'accord de coalition 2023-2028, dans lequel il a été retenu que le reskilling (requalification) et le upskilling (montée en compétences) jouent un rôle déterminant pour accompagner les salariés face aux mutations du marché du travail ;*

*– considérant que le projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences vise à promouvoir le reskilling et le upskilling au sein des entreprises confrontées à d'importantes transformations structurelles ;*

*– considérant que ce projet de loi s'inscrit dans la continuité du projet pilote « Luxembourg Digital Skills Bridge », lancé en 2018, ayant pour objectif d'anticiper les conséquences des évolutions technologiques sur l'emploi ;*

*– considérant que l'objectif fondamental de ce projet de loi est d'inciter les entreprises à investir dans le développement des compétences et la requalification de leurs salariés, en vue d'assurer leur maintien dans l'emploi ;*

*– considérant néanmoins les potentielles lourdeurs administratives et la complexité de mise en œuvre du dispositif proposé,*

*invite le Gouvernement*

*– à procéder, dans un délai de deux ans suivant l'entrée en vigueur du programme de gestion prévisionnelle de l'emploi et des compétences, à une évaluation approfondie de sa mise en œuvre, en vue d'en mesurer l'efficacité et d'identifier d'éventuelles pistes d'amélioration.*

*(s.) Corinne Cahen, Marc Baum, Djuna Bernard, Sven Clement, Georges Engel, Nathalie Morgenthaler.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Cahen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Mir gesinn als DP e grousst Potenzial an dësem Projet de loi. Mir menge wierklech, dass dat de richtegen Usaz ass, fir d'Betriber – an deemno d'Salariéën, well um Enn vum Dag geet et ëm d'Salariéen – ze ënnerstëtzen.

Mir hätte gären, dass d'Weiderbildung, de Reskilling an den Upskilling, ënnerstëtzt ginn, dass eis Betriber ënnerstëtzt ginn, a virun allem, dass hir Salariéen ënnerstëtzt ginn. Dofir ënnerstëtze mir och dëse Projet de loi. Mir wäerten deen natierlech matstëmmen. An da wäerte mer zesumme kucken, mat der Zäit, wat vläicht nach ka verbessert ginn, fir dass méi Betriber an deemno och méi Salariéen dovunner profitéiere kënnen.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Cahen. Dann ass et um Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo scho ganz vill an in extenso deen exzellente Projet de loi hei beschriwwe ginn. Et ass e bëssen eng nei Aart a Weis, fir un de Problem – oder un eventuell Problemer – vum Aarbechtsmaart erunzegoen. Amplaz datt ee waart, bis d'Problemer do sinn an da probéiert, d'Leit ze reskillen oder ze upskillen, ass hei u sech e Projet de loi, dee probéiert, d'Leit an der Aarbecht ze halen. E probéiert, se fit ze maache fir nei Technologien.

An do gëtt et jo ganz vill, do gëtt et Windows, do gëtt et Hamachi, et gëtt iOS, et gëtt Linux, et gëtt eng ganz Rei vun Technologien, nei Reglementatiounen, nei gesellschaftlech an Ëmweltmesüren. Alles dat muss ee jo mat a Consideratioun zéien, wann een an engem Betrib schafft. An duerfir mussen och d'Kompetenze gestäerkt ginn an d'Leit musse fit gemaach ginn, fir datt se och an Zukunft weider um Aarbechtsmarché wäertvoll sinn an och qualifizéiert sinn.

D'OCDE huet dat och recommandéiert. Si huet recommandéiert, dass duerch finanziell Ureizer d'Entreprisen encouragéiert ginn, an d'Qualifikatioun – duerch Up- a Reskilling – vun hirem Personal ze investéieren.

An hei geet et och genau drëms, cibléiert Formatiounen ze maachen, cibléiert Formatiounen, déi dann och cibléiert finanziell ënnerstëtzt ginn, fir datt déi Mataarbechter, déi et am néidegsten hunn – an dat ass virdru gesot ginn –, och employabel bleiwen.

Jo, ech ka verstoen, dass een eng gewësse Lourdeur administrative an deem Projet hei gesäit. An et ass och gutt, dass mer hei als Chamber soen: „Ma da kommt, mir begleeden dee Projet!" Mee am Gesetzesprojet selwer ass och e Comité de suivi virgesinn, deen tripartitär zesummegesat ass an dee ganz kloer de Suivi soll maachen, deen Analyse soll maachen, Etüde soll maachen, fir dass eebe genau déi Verbesserunge kënne gemaach ginn, wann Der néideg sinn, un deem Projet.

Et ass e präventive Projet, deen an d'Zukunft kuckt, mat enger Hëllef fir Betriber, déi dann och de Salariéen zeguttkënnt, an dat am absolutte Sozialdialog, esou wéi een dat soll maachen.

Ech ginn domadder dann och hei den Accord vun der LSAP. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Engel. Den Här Jeff Engelen huet elo d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Morgenthaler en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass villes gesot ginn. An der Saach selwer ass et e gutt Gesetz, mee ech mengen, an der Prozedur, an der Ëmsetzung, wäert et schwiereg ginn an der Praxis. Mir mussen do warscheinlech no engem oder zwee Joer nobesseren.

Et geet jo hei drëms – an dat ass d'Zilsetzung –, d'Leit an der Aarbecht ze halen duerch Weiderbildung oder Umschulung, jee nodeem, wéi een et gesäit, an dat duerch eng Hëllefstellung vun der ëffentlecher Hand.

A mir géifen dann hei d'Zoustëmmung ginn als ADR zu dësem Gesetz. Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Engelen. Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här President, mir ënnerstëtzen dëse Projet de loi, well en d'Potenzial huet, d'Aarbechtswelt zu Lëtzebuerg méi nohalteg, dynamesch an zukunftsorientéiert opzestellen.

D'GPEC (ndlr: Gestion prévisionnelle des emplois et des compétences) erlaabt et Betriber a Salariéen, zesummen un enger personneller Entwécklung ze schaffen. An enger Zäit vu permanentem technneschem a wirtschaftlechem Wandel ass esou eng strateegesch Personalplanung keng Luxusoptioun, mee eng Noutwendegkeet. Re- an Upskilling ass also eng Realitéit, där sech d'Aarbechtswelt muss stellen. An dëse Programm bitt dat un.

Mir begréissen, dass d'Sozialpartner am Gesetzesprojet eng wichteg Roll spillen. Dëst entsprécht eiser Iwwerzeegung, datt d'Aarbechtsrecht net vun uewen erof diktéiert gëtt, mee am Dialog gestalt gëtt.

Allerdéngs, an dat wëlle mer genausou wéi déi sëllege Virriedner hei och uschwätzen, brauche grad

kleng a mëttelstännesch Entreprisë kloer Richtlinnen an och eventuell konkreet Ënnerstëtzung, fir dëse Programm och effizient kënnen ëmzesetzen. Mir däerfen net vergiessen, dass net all Betrib déi selwecht Ressourcen huet, fir Personalentwécklung op dësem Niveau ze bedreiwen.

Et sollt och kloer sinn, dass d'Zil net ass, eng weider Bürokratiséierung ze hunn, mee e reellt Mëttel, fir d'Kompetenzen ze stäerken an d'Aarbechtsplazen ze sécheren.

A wéi esou oft kann e Gesetz zwar an der Theorie gutt geduecht sinn, mee an der Realitéit awer bei senger Ëmsetzung heiansdo Problemer begéinen. An deementspriechend ënnerstëtze mir natierlech och d'Motioun, déi vun der Madamm Cahen deposéiert gouf.

Mir wäerten als Gréng also dësem Projet zoustëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Da ginn ech dem Här Marc Baum d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ma ech kann déi Begeeschterung vun der Madamm Bernard net ganz deelen, och grad, wat de Sozialdialog ugeet, well et ass eng vun deenen Haaptkriticke vun der Salariatskummer, datt dat Gesetz notamment net ausgeschafft ginn ass an Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften, wuel wëssend, datt d'Gewerkschaften an engem säitelaange Pabeier wierklech Pisten opgewisen hunn, wéi een déi wichteg Punkte vu Formation continue, vun Upskilling, Reskilling, Bildung, Weiderbildung och konkreet kéint am Text maachen. An den Tripartitt-System am Comité de suivi ass awer och esou opgestallt, datt souwuel d'Salariat wéi och d'Patronat do ënnerrepresentéiert sinn an datt d'Regierung eng absolutt Majoritéit un de Stëmmen huet. Dat heescht, och do ass den Tripartitt-Gedanken net ganz respektéiert.

D'Madamm Cahen huet virdrun zu Recht – an duerfir mengen ech, datt et e Gesetz vun de verpasste Chancen ass –, higewisen op d'Gesetz am Educatiounsministère, wat d'Skillsbridges ugeet. Well do ass nämlech e Volet dran, deen eis an dësem Gesetz, an dësem Text, nämlech feelt, an dat ass déi gréng Transitioun, d'ekologesch Transitioun, fir och an deem Beräich Weiderbildungen unzebidden. Deen Text hei ass ganz staark reng op Digitaliséierung an Automatiséierung zentréiert. Duerfir menge mer, datt dat wierklech och eng verpasste Chance ass, dat an deem Text nach méi staark kënnen ze maachen.

Mir haten an der Kommissioun eng ganz Rëtsch Diskussiounen doriwwer, wat d'Rechter vun der Personaldelegatioun an deem ganze Prozess ugeet. Do hate mer eng ënnerschiddlech Appreciatioun – e weidert Argument, firwat ech mech enthale wäert. Mee wat virun allem awer erstaunlech ass – an duerfir sinn ech och frou iwwert d'Motioun vun der Madamm Cahen –, ass den administrativen Opwand.

Mir wësse jo, datt et net esou einfach ass fir Patronat a Salariat, fir datt se eng gemeinsam Meenung hunn. Et war an allen Avisen, déi mer do leien haten, vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, also der Patronatssäit, wéi awer och der Salariatssäit, kritiséiert ginn, datt deen administrativen Opwand riskéiert, esou héich ze ginn, datt besonnesch déi kleng a mëttelgrouss Betriber géife riskéieren, net kënnen dovunner ze profitéieren. Mir haten an der Kommissioun och e relativ grousse Konsens, datt mer gefrot hunn, datt do sollt nogebessert ginn. Bon, et ass net nogebessert ginn, mee gesot ginn: „Et ass elo Urgence, mer mussen dat do direkt maachen!"

Duerfir fannen ech et awer onheemlech wichteg, datt een zumindest eng Evaluatioun dovunner mécht. Duerfir wäerte mir eis enthalen.

An ech ka mer awer déi allerlescht Remark net verknäifen, ze soen, datt et mech awer e bëssen un de Pensiounsdossier erënnert. Et gëtt eppes, wou Salariat a Patronat sech eens sinn, an dat ass da genau dat Element, wat d'Regierung entweeder net ëmsetzt oder eeben ëmsetzt, mee awer net am Interêt vun deenen zwee Sozialpartneren. An ech hoffen, datt dat awer net Schoul mécht bei dëser Regierung!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner fäerdeg.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Aarbechtsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Georges Mischo,** Ministre du Travail | Merci, Här President. Merci den Deputéierte fir hir Interventiounen. Merci och der Madamm Rapportrice fir hire gréndlechen an detailléierte Rapport vun dësem Projet de loi.

Erlaabt mer, nach eng Kéier kuerz op de But vum Projet de loi anzegoen, dem sougenannte „Skills-Plang", deen eis haut eeben zur Ofstëmmung virläit, a verschidde wichteg Aspekter dovunner och nach eng Kéier ze ënnersträichen.

Wéi scho bekannt, geet dëse Gesetzesprojet op e Pilotprojet zréck, dee schonn am Joer 2018 vum Aarbechtsministère zesumme mam Ekonomiesministère an der ADEM lancéiert ginn ass. D'Zil vum deemolege Projet war et, scho proaktiv, wéi et scho gesot ginn ass, op déi dynamesch an zum Deel grondleeënd Verännerungen an déi rasant technologeschen Entwécklunge vun der d'Beschäftegung an de Betriber ze reagéieren.

Mat der Pandemie, déi dunn am Joer 2020 ausgebrach ass, hu sech dës Entwécklunge weider beschleunegt, wat derzou gefouert huet, datt de scho besteeënde Skillsgap weider nach méi grouss ginn ass.

Am Kader vum Skillsdësch, deen d'Regierung aberuff hat, fir eng Kompetenzstrategie op d'Been ze stellen, ass dunn zréckbehale ginn, ...

*(Brouhaha suite au desserrement soudain d'un élément des bancs)*

... dass dat Konzept, wat am Pilotprojet virgesi war, sollt institutionaliséiert ginn.

Do brauche mer och Handwierker, fir dat do, mengen ech, ...

*(Hilarité)*

... nach eng Kéier an d'Rei ze bréngen, dat ...

*(Interruptions)*

Och dem Här Spautz seng handwierklech Connaissance war do elo net esou ... Nee. Egal.

**M. Claude Wiseler,** Président | Fuert Dir weider, Här Minister.

**M. Georges Mischo,** Ministre du Travail | Voilà! Wéi gesot, soudass et eeben zu deem Gesetzesprojet hei komm ass, iwwert dee mer haut schwätze sollen an dat och maachen.

Et geet an dësem Text haaptsächlech dréms, den Entreprisen ze hëllefen, eventuell Skillsgaps ze identifizéieren, a se dann ze encouragéieren, Mataarbechterinnen a Mataarbechter duerch geziilten Up- a Reskilling-Mesüren ze forméieren. Dëst entsprécht zu 100 % dem Esprit vum Koalitiounsaccord, deen evidenterweis der Formation professionnelle continue an der Formation en entreprise eng grouss Wichtegkeet zoukomme léisst.

Effektiv sinn d'Salariéen, déi sech am Kader vun dem hei ageféierte Skills-Plang weiderbilden, nach an der Aarbecht, an iwwert dee Wee sollen eventuell Chômagesituatiounen natierlech evitéiert ginn. A genau an dësem Sënn ass de Projet och eng Innovatioun.

Effektiv ass et am Kader vum Skills-Plang eng éischte Kéier, nom Beispill vum Pilotprojet vun 2018, dass déi finanziell Ënnerstëtzung vu Weiderbildungsmesüren duerch de Fonds pour l'emploi sech u Leit adresséiert, déi nach an der Aarbecht sinn, an net u Leit, déi scho bei der ADEM ageschriwwe sinn. Hei soll ganz kloer d'Formatioun vun de Salariéë promovéiert ginn, fir hire Maintien dans l'emploi ze favoriséieren a fir Kënnegungen ze vermeiden, wat mir als Aarbechtsminister natierlech besonnesch wichteg ass.

Des Weidere soll esou d'Konkurrenzfäegkeet an d'Resilienz vun eise Betriber gestäerkt ginn, andeems d'Kompetenzen, déi den Aarbechtsmarché brauch, anticipéiert a matzäiten entwéckelt ginn.

Déi Entreprisen, déi duerch nei strukturell Tendenzen um Marché eng Verwandlung vun hiren Aktivitéiten a vun hirem Kompetenzbedarf feststellen, solle gehollef kréien, preventiv an d'Kompetenze vun hirem Personal ze investéieren. An déi betraffe Salariéë sollen duerch déi esou erreechte Requalifikatioun a Kompetenzsteigerung hir Employabilitéit an dem Betrib, wou se schaffen, an doriwwer eraus, geséchert a verbessert kréien.

De Skills-Plang besteet aus dräi verschiddene Phasen:

Éischtens: An der preliminärer Phas gëtt de concernéierte Betrib fir eligibel erkläert an e sicht sech en agreéierte Consultant eraus, dee seng Kandidatur mat engem detailléierten Devis, betreffend seng Servicer, vun der ADEM muss approuvéiere loossen.

Duerno kënnt d'Phas vun der Analys a vun der Preparatioun, an där gekuckt gëtt, wéi déi aktuell Situatioun am Betrib ass a wat déi strateegesch Tendenze sinn, déi d'Besoinen u Personal an u Kompetenzen zukünfteg impaktéiere wäerten. Et ginn da Bilan-de-competencë gemaach an déi eenzel Parcoursë fir de Re- an Upskilling ginn identifizéiert.

A schlussendlech, an der leschter Phas, ginn d'Formatiounspläng ëmgesat. Souwuel d'Analyse prévisionnelle an d'Preparatioun vun dem Plan de formation wéi och d'Ëmsetzung dovun an d'Formatiounskäschte ginn iwwert de Fonds pour l'emploi eebe via Remboursementer kofinanzéiert. Den Taux de financement ass ofhängeg vun der Gréisst vun der Entreprise. Wat d'Entreprise méi kleng ass, wat den Taux méi héich ass. Esou solle virun allem déi kleng a mëttelgrouss Betriber, déi net onbedéngt iwwer eege Ressources humaines a Formatiounsservicer verfügen, och d'Méiglechkeet vun engem Skills-Plang kréien.

Fir en héije Qualitéitsniveau ze garantéieren an Abusen ze evitéieren, gëtt de ganze Prozess enk vun der ADEM begleet an och kontrolléiert. Ausserdeem soll e Comité de suivi tripartite, deen am Kader vun dësem Projet agefouert gëtt, d'Entwécklung vun der Ëmsetzung vum Skills-Plang analyséieren an natierlech och suivéieren. Doduerch sinn net nëmmen d'staatlech Instanzen, mee och d'Sozialpartner aktiv an de Prozess mat agebonnen, wat mir als Aarbechtsminister natierlech immens wichteg ass.

Fir op d'Fro vun der Madamm Cahen zréckzekommen – Skills-Plang ofbriechen oder Skills-Plang refuséieren –, do ginn d'Fraisen net rembourséiert, ausser wa mat engem Certificat médical d'Krankheet bewisen ass, dass de Skills-Plang oder d'Formatioun muss ofgebrach ginn.

An den administrativen Opwand, deen elo och schonn dacks ugeschwat ginn ass, souwuel an der Kommissioun wéi och elo hei an der Chamber, ech mengen, dee musse mer an der Evaluatioun no deenen zwee Joer eng Kéier op de Leescht huelen. A wann do Problemer si bei dem administrativen Opwand, da sinn ech dee Leschten, deen am Wee steet, fir do nozebesseren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8234. Den Text steet am Document parlementaire 8234[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8234 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer (par M. Charles Weiler), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Alex Donnersbach), Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jeff Boonen), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Mme Nathalie Morgenthaler), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel (par Mme Carole Hartmann) ;*

*M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding (par Mme Claire Delcourt), Liz Braz (par Mme Francine Closener), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Paulette Lenert), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori (par M. Franz Fayot) ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup (par M. Jeff Engelen), Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer eng Motioun vun der Madamm Cahen eragereecht kritt. Madamm Cahen, wëllt Dir elo nach eppes soen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall. Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen?

**Plusieurs voix** | Keen!

**M. Claude Wiseler,** Président | Keen. Ok. Kënne mer doriwwer dann à main levée ofstëmmen?

*(Assentiment)*

***Vote sur la motion 1***

Wien ass d'accord? Deen hieft d'Hand.

Wien ass dergéint?

Enthält ee sech? Dat ass net de Fall.

Dës Motioun ass also à l'unanimité ugeholl.

Domat wäre mer dann um Enn vun eiser Sëtzung vun haut ukomm. Déi nächst Sëtzung ass fir den 10. Juni virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 18.36 heures.)*

# 86e séance

## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** p. 65
M. Claude Wiseler, Président
2. **Ordre du jour** p. 65
M. Claude Wiseler, Président
3. **Communications** p. 65
M. Claude Wiseler, Président
4. **Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la reconnaissance de l'État de Palestine** p. 66
Exposé : M. Yves Cruchten (interventions de M. Gusty Graas) (dépôt de la motion 1)
Débat : M. Laurent Mosar | M. Gusty Graas (intervention de M. Yves Cruchten) (dépôt de la motion 2) | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement | M. Marc Baum
Prise de position du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre
Motion 1 : M. Yves Cruchten | Mme Sam Tanson | M. Gusty Graas | M. Laurent Mosar | M. Fred Keup | M. Marc Baum | M. Sven Clement
Vote sur la motion 1 (rejetée)
Motion 2 : M. Gusty Graas | M. Yves Cruchten | Mme Sam Tanson | M. Marc Baum | M. Laurent Mosar
Vote sur la motion 2 (adoptée)
5. **Dépôt d'une motion par Mme Taina Bofferding** p. 74
Exposé : Mme Taina Bofferding
6. **Ordre du jour (suite)** p. 75
M. Claude Wiseler, Président
7. **Heure de questions au Gouvernement** p. 75

**Question n° 240 du 10 juin 2025 de M. Marc Baum relative aux événements survenus au Stade de Luxembourg le vendredi 6 juin 2025, adressée à M. le Ministre des Sports** p. 75
M. Marc Baum | M. Georges Mischo, Ministre des Sports
**Question n° 231 du 10 juin 2025 de Mme Françoise Kemp relative aux postes de CDI pour chercheurs auprès de l'Université du Luxembourg dans le contexte de la situation géopolitique actuelle, adressée à Mme la Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur** p. 76
Mme Françoise Kemp | Mme Stéphanie Obertin, Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur
**Question n° 232 du 10 juin 2025 de M. Dan Biancalana relative aux outils d'analyse et d'évaluation utilisés par le SCAS dans le cadre de ses missions judiciaires, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 77
M. Dan Biancalana | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice
**Question n° 233 du 10 juin 2025 de Mme Mandy Minella relative aux aides-soignants en homologation travaillant dans le secteur d'aide et de soins, adressée à Mme la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale** p. 78
Mme Mandy Minella | Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
**Question n° 234 du 10 juin 2025 de M. Fred Keup relative à la limitation de la vitesse sur les autoroutes, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 78
M. Fred Keup | Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 235 du 10 juin 2025 de Mme Diane Adehm relative à la participation maximale de l'État par enfant qui fréquente une structure d'éducation et d'accueil, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** p. 79

Mme Diane Adehm | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 236 du 10 juin 2025 de M. Meris Sehovic relative à la révision des règlements relatifs aux droits des passagers aériens, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Question n° 237 du 10 juin 2025 de M. Marc Goergen relative à la révision des règlements relatifs aux droits des passagers aériens, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 79

M. Meris Sehovic | M. Marc Goergen | Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 238 du 10 juin 2025 de M. Guy Arendt relative au suivi de la Convention du Conseil de l'Europe pour la protection de la profession d'avocat et ses répercussions sur la profession au Grand-Duché, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 80

M. Guy Arendt | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice

**Question n° 239 du 10 juin 2025 de M. Sven Clement relative au rôle central des justices de paix dans le traitement des affaires civiles et pénales mineures, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 80

M. Sven Clement | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice

**Question n° 241 du 10 juin 2025 de Mme Taina Bofferding relative à l'enquête sur des jeunes dans le cadre d'une affaire liée à des activités de « chasse aux pédophiles », adressée à M. le Ministre des Affaires intérieures** p. 81

Mme Taina Bofferding | M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures

8. **Motion de Mme Taina Bofferding au sujet de l'élaboration de la stratégie nationale de « safeguarding » dans le sport, ainsi qu'une Charte des valeurs et un Code de bonne conduite** p. 82

Discussion générale : M. Fred Keup | Mme Joëlle Welfring | Mme Mandy Minella | M. Marc Goergen | Mme Nathalie Morgenthaler | M. Marc Baum | Mme Taina Bofferding

Prise de position du Gouvernement : M. Georges Mischo, Ministre des Sports

Vote sur la motion (adoptée)

9. **Question élargie n° 40 de M. Dan Biancalana au sujet des armes et des munitions** p. 84

Mme Francine Closener

10. **Question élargie n° 41 de Mme Francine Closener au sujet de la mise en œuvre généralisée du projet « ALPHA – zesumme wuessen »** p. 84

Mme Francine Closener | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Francine Closener | M. le Ministre Claude Meisch

11. **Question élargie n° 40 de M. Dan Biancalana au sujet des armes et des munitions (suite)** p. 86

M. Dan Biancalana | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | M. Dan Biancalana | Mme la Ministre Elisabeth Margue

12. **8412 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne** p. 87

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Gusty Graas

Discussion générale : M. Emile Eicher | M. Yves Cruchten | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8412 et dispense du second vote constitutionnel (intervention de M. Marc Baum)

13. **8481 – Projet de loi modifiant :**

**1° la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;**

**2° la loi modifiée du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire** p. 88

Rapport de la Commission des Affaires intérieures : Mme Stéphanie Weydert

Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert | M. Luc Emering | Mme Taina Bofferding | M. Fred Keup | M. Meris Sehovic | M. Marc Baum

Prise de position du Gouvernement : M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures | M. Meris Sehovic (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Léon Gloden) | M. le Ministre Léon Gloden

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8481 et dispense du second vote constitutionnel

14. **8504 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Mongolie et les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas) concernant la réadmission des personnes en séjour irrégulier et de son Protocole d'application, faits à Bruxelles, le 9 janvier 2024** p. 92

Rapport de la Commission des Affaires intérieures : Mme Stéphanie Weydert

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8504 et dispense du second vote constitutionnel

15. **8416 – Projet de loi portant approbation de l'Accord se rapportant à la Convention des Nations Unies sur le droit de la mer et portant sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique marine des zones ne relevant pas de la juridiction nationale, fait à New York, le 19 juin 2023** p. 93

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région : M. Gusty Graas

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8416 et dispense du second vote constitutionnel

16. **8531 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts** p. 94

Rapport de la Commission du Règlement : Mme Sam Tanson

Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert | M. André Bauler | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Alexandra Schoos | M. Sven Clement

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 8531 du Règlement de la Chambre des Députés

17. **8545 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés, de ses Annexes et des Règlements du Bureau pris dans le cadre du statut des fonctionnaires de la Chambre des Députés** p. 95

Rapport de la Commission du Règlement : Mme Sam Tanson

Discussion générale : M. Maurice Bauer | M. Guy Arendt | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Alexandra Schoos | M. Sven Clement

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 8545 du Règlement de la Chambre des Députés

18. **8531 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts (suite)** p. 96

M. Claude Wiseler, Président


Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre ; M. Claude Meisch, Mme Yuriko Backes, Mme Martine Deprez, M. Léon Gloden, Mme Stéphanie Obertin, M. Georges Mischo, Mme Elisabeth Margue, Ministres

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 3. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

Éischtens: D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

Zweetens: D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert a gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

An drëttens: D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

***Communications du Président – séance publique du 10 juin 2025***

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :*

*8540 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation*

*Dépôt : M. Gilles Roth, Ministre des Finances, le 15/05/2025*

*8541 – Projet de loi portant modification :*

*1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;*

*2° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien,*

*en vue de la mise en œuvre des points 11 et 13 de l'accord salarial dans la Fonction publique du 29 janvier 2025*

*Dépôt : M. Serge Wilmes, Ministre de la Fonction publique, le 15/05/2025*

*8542 – Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale*

*Dépôt : M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures, le 16/05/2025*

*8545 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés, de ses Annexes et des Règlements du Bureau pris dans le cadre du statut des fonctionnaires de la Chambre des Députés*

*Dépôt : M. Claude Wiseler, Président de la Chambre des Députés, le 21/05/2025*

*8546 – Projet de loi portant introduction d'un transfert de données de l'Administration des contributions directes vers l'Administration du cadastre et de la topographie en vue de l'implémentation de l'impôt foncier et de l'impôt à la mobilisation de terrains et portant modification :*

*1° de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;*

*2° de la loi modifiée du 11 mai 2007 relative à la création d'une société de gestion de patrimoine familial (« SPF ») ;*

*3° de la loi modifiée du 25 novembre 2014 prévoyant la procédure applicable à l'échange de renseignements sur demande en matière fiscale ;*

*4° de la loi modifiée du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA*

*Dépôt : M. Gilles Roth, Ministre des Finances, le 27/05/2025*

*8547 – Projet de loi portant modification :*

*1° de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;*

*2° de la loi modifiée du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement*

*Dépôt : M. Gilles Roth, Ministre des Finances, le 03/06/2025*

*8548 – Projet de loi portant création de l'Administration des aides individuelles au logement*

*Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire, le 03/06/2025*

*3) Le projet suivant a été retiré du rôle des affaires :*

*6172B – Projet de loi portant réforme de l'adoption et modifiant : a) le Code civil, b) le Nouveau Code de procédure civil, c) le Code d'instruction criminelle, d) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, e) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, f) la loi modifiée du 14 mars 1988 portant création d'un congé d'accueil pour salariés du secteur privé, et g) la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et comprenant les articles 3 à 14 de l'article Ier et les articles II., III., IV., V., VI., VII., XI. et XII*

*Dépôt : M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 16/05/2012*

*Retrait du rôle des affaires : 21/05/2025*

*4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

*3677 – Demande de pétition publique : Carafes d'eau gratuites dans les restaurants et fast food dans tout le Luxembourg*

*Dépôt : Mme Eivissa Chrétien, le 13/05/2025*

*3678 – Demande de pétition publique : Humanitär*

*Dépôt : M. Pierre Moos, le 13/05/2025*

*3679 – Demande de pétition publique : Stop à la rotation des urgences hospitalières les week-ends d'été*

*Dépôt : M. Stefan Moscalu, le 13/05/2025*

*3680 – Demande de pétition publique : Pour la reconnaissance immédiate de l'État de Palestine par le Luxembourg*

*Dépôt : Mme Nabila Fiouane, le 13/05/2025*

*3681 – Demande de pétition publique : Opposition à l'augmentation de la durée de cotisation pour la retraite*

*Dépôt : M. Rui Miguel Beirão Sarafana, le 15/05/2025*

*3682 – Demande de pétition publique : Réduire le budget de la défense luxembourgeoise*

*Dépôt : M. Luca Pierre Di Bartolomeo, le 15/05/2025*

*3683 – Demande de pétition publique : Mamer, Bridel und Kopstal gehören in den Wahlbezirk Zentrum*

*Dépôt : M. Marc Jacques Kintgen, le 17/05/2025*

*3684 – Demande de pétition publique : Contre un rallongement des carrières et départs en retraite*

*Dépôt : Mme Marilyne De Jesus Saraiva, le 18/05/2025*

*685 – Demande de pétition ordinaire : Fir eng eenheetlech Virbereedungszäit virun den Ofschlossexame vun dem Secondaire*

*Dépôt : M. Nick Schaaf, le 18/05/2025*

*3686 – Demande de pétition publique : Pour une meilleure prise en compte des profils linguistiques dans l'enseignement secondaire classique : Adapter les coefficients de langues*

*Dépôt : M. Xavier Iaru, le 19/05/2025*

*3687 – Demande de pétition publique : Pour l'accès gratuit à l'eau du robinet dans tous les lieux publics et établissements au Luxembourg*

*Dépôt : M. Lucas Wergifosse, le 19/05/2025*

*3688 – Demande de pétition publique : Entkoppelung der Diäten, Aufwendungen usw. für Mitglieder der Regierung bzw. der Abgeordneten vom Punktwert des öffentlichen Dienstes*

*Dépôt : M. André Mathias Schmit, le 20/05/2025*

*3689 – Demande de pétition publique : Pour la légalisation encadrée des dashcams comme preuve en cas d'accident de la route*

*Dépôt : M. Maxime Brune, le 23/05/2025*

*3690 – Demande de pétition publique : Examen de mathématiques du diplôme de fin d'études trop difficile – demande de révision de la notation ou de l'épreuve*

*Dépôt : M. Fabrice Piet Reiland, le 23/05/2025*

*3691 – Demande de pétition ordinaire : Équité et révisions*

*Dépôt : M. Thierry Bouhnik, le 23/05/2025*

*3692 – Demande de pétition publique : Équité devant les plus possibles en retraite et augmentation des déductibilités*

*Dépôt : M. Thierry Bouhnik, le 23/05/2025*

*3693 – Demande de pétition ordinaire : Introduction de contrôles supplémentaires pour les citoyens russes lors de la délivrance de visas, de titres de séjour et de la citoyenneté*

*Dépôt : M. Anzhel Bozhinov, le 25/05/2025*

*3694 – Demande de pétition publique : Meilleur remboursement des soins et médicaments destinés aux nouveau-nés, jeunes enfants et leurs parents*

*Dépôt : M. Steve Schmitz, le 26/05/2025*

*3695 – Demande de pétition publique : Méi fix Radaren*

*Dépôt : M. Tim Pierrot Antoine Vael, le 26/05/2025*

*3696 – Demande de pétition publique : Transformation de la 3e voie de l'A3 en voie de circulation générale*

*Dépôt : M. Nicolas Andre Noel, le 27/05/2025*

*3697 – Demande de pétition ordinaire : Kampf gegen Terroristen*

*Dépôt : M. Julio Medvescek, le 28/05/2025*

*3698 – Demande de pétition ordinaire : Guantanamo Bay 2.0*

*Dépôt : M. Julio Medvescek, le 28/05/2025*

*3699 – Demande de pétition ordinaire : Mehr Polizeipräsenz*

*Dépôt : M. Julio Medvescek, le 28/05/2025*

*3700 – Demande de pétition publique : Fir d'Erhale vun der Wandmillen am Rollengergronn*

*Dépôt : M. Serge Daubenfeld, le 30/05/2025*

*3701 – Demande de pétition publique : Référendum sur la réforme du système de pension*

*Dépôt : M. Pit Wagner, le 03/06/2025*

*3702 – Demande de pétition publique : Arrêt financement guerre*

*Dépôt : M. Michel Schmitt, le 03/06/2025*

*3703 – Demande de pétition publique : Das Erlauben von Mobiltelefonen in Lycées*

*Dépôt : M. Timo Thies, le 04/06/2025*

*3704 – Demande de pétition publique : Création d'un cadre légal pour les Cannabis Social Clubs au Luxembourg*

*Dépôt : M. Xavier Christophe Thill, le 05/06/2025*

*3705 – Demande de pétition publique : Interdiction des trottinettes électriques pour les enfants de moins de 16 ans au Luxembourg*

*Dépôt : M. Ivan Cacic, le 05/06/2025*

*3706 – Demande de pétition ordinaire : Interdiction des trottinettes électriques pour les enfants de moins de 16 ans au Luxembourg*

*Dépôt : M. Ivan Cacic, le 05/06/2025*

*3707 – Demande de pétition publique : Transformer la voie « Covoiturage » sur l'A3 en troisième voie accessible à tous*

*Dépôt : M. Ricardo Tavares da Cruz, le 06/06/2025*

*3708 – Demande de pétition publique : Petitioun géint d'Ignoréire vum Public*

*Dépôt : M. Charles Trufelli, le 07/06/2025*

*3709 – Demande de pétition publique : Permettre l'utilisation de plaques d'immatriculation de petit format au Luxembourg*

*Dépôt : M. Tiago André Simoes Azul, le 09/06/2025*

*N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité. Dans le cadre du présent compte rendu, l'Administration parlementaire se réserve le droit d'apporter certaines corrections d'ordre grammatical et orthographique aux intitulés des pétitions.*

*(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)*

## 4. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la reconnaissance de l'État de Palestine

D'Chamber féiert dann als éischte Punkt haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Unerkennung vu Palästina, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chambersreglement festgehalen. Den Auteur vun der Aktualitéitsstonn huet 10 Minutten, jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit duerno 5 Minutten an d'Regierung 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Gusty Graas, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Yves Cruchten als Vertrieder vun der LSAP-Fraktioun. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert: „Palästina. Schonn erëm Palästina. Hutt Der näischt méi Wichteges ze diskutéieren?" Dach, mir hunn och nach vill aner wichteg Theemen ze beschwätzen. Mee dat heiten ass eeben och ganz, ganz wichteg.

Mir begréissen, datt de Premierminister haut hei ass a sech der Diskussioun mat eis stellt. Mam Här Ausseminister hu mer leider keen Datum fonnt, deen him an och der Chamber gepasst huet fir dës Debatt.

*(Exclamations et brouhaha)*

**M. Gusty Graas** (DP) | Dat ass net wouer!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mee dat gëtt dem Regierungschef haut ... Wat sot Der, Här Graas? Wat sot Der, Här Graas? Wat ass dann do net wouer?

**M. Gusty Graas** (DP) | Dat ass net wouer. Den Här Minister wollt hei de 5. Juni eng ëffentlech Sitzung maachen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Also, Här President, et deet mer leed, ech muss dann elo vu mengem Text hei ofwäichen, fir eppes kloerzestellen.

Mir hunn hei e Chamberkalenner, dee fir d'ganzt Joer fixéiert ass. An do war dem Här Ausseminister proposéiert ginn, dass e sollt hei an der Debatt Stellung huelen un engem vun den Deeg, wou hei Chamber ass. Den Här Ausseminister huet du gefrot, dass d'Chamber soll en extra Chambersdag derbäileeën. Do war d'Conférence des Présidents net dermadder averstanen. A mir hunn am Géigenzuch proposéiert, dass e soll an eng ëffentlech Kommissiounssitzung kommen.

**M. Gusty Graas** (DP) | Dat hätt e jo och gemaach.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dat wollten d'Majoritéitsparteien och net, dass déi Kommissiounssitzung sollt ëffentlech stattfannen.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Gusty Graas** (DP) | Nee, nee, nee!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dofir, entschëllegt, Här Graas, ech hunn dat och elo net hei als Kritick gemengt. Ech wëll gäre soen ... Dir hutt mech jo mol net ausschwätze gelooss, well ech wollt dem Premierminister soen, dass ech et gutt fannen, dass en hei ass, dass e sech där Debatt hei stellt.

**M. Gusty Graas** (DP) | Et wier och gutt, wann den Ausseminister hei wier.

*(Interruptions)*

Mee e kann haut net hei sinn. An Dir wësst och gutt, firwat!

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, Här Cruchten, kommt zu Ärem Text zréck.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Ech hunn dës Aktualitéitsstonn ugefrot, well déi nächst Woch zu New York eng UN-Konferenz geplangt ass, bei där Frankräich an aner Länner d'Unerkennung vum Staat Palästina ustriewen.

Et ass kaum ze gleewen, mee d'Situatioun vum palästinensesche Vollek verschlëmmert sech ëmmer méi. Déi humanitär Katastroph ass dramatesch. De Krich a Gaza muss esou séier wéi méiglech ophalen. De Genozid un de Palästinenser muss verhënnert ginn an déi israeelesch Geisele musse selbstverständlech fräigelooss ginn.

Op d'mannst 55.000 Mënsche sinn iwwert déi lescht 20 Méint ëmbruecht ginn. 90 % vun alle Gebaier a Gaza sinn zerstéiert. Et gëtt keen Iessen, kee Waasser, keng Medikamenter, kaum Stroum, keng Hëllefsgidder. Déi medezinnesch Versuergung ass total kollabéiert. Et geet souzesoen näischt méi!

D'Mënschen a Gaza sinn op humanitär Hëllef ugewise fir ze iwwerliewen. An déi israeelesch Regierung huet Ufank Mäerz decidéiert, all humanitär Hëllef ze stoppen. Zanter iwwer eelef Wochen ass kee Camion méi duerchgelooss ginn. Ronn 95 % vun de Leit an der Gazasträif leiden haut un akutem Honger. Dat ass eng Instrumentaliséierung vum Honger als Krichswaff. Dat ass e kloert Krichsverbriechen!

Dobäi komme cibléiert Bombardementer vun den zivillen Infrastrukturen. D'IDF, also déi israeelesch Arméi, hëlt d'Stierwe vun Ziviliste mat a Kaf. Och dat ass e Krichsverbriechen!

Dobäi kënnt d'Ëmbrénge vun 230 Journalisten, iwwer 400 Acteuren am Humanitären an iwwer 1.300 Leit vum medezinnesche Personal. Leit, déi sur place si fir ze hëllefen, kommen duerch Bommen ëm oder se ginn neierdéngs well erschoss. Dat si weider Krichsverbriechen!

Dat grausaamt mënschlecht Leed vum palästinensesche Vollek ass immens. An d'Berichter vun Dokteren an Hëllefskräften, déi sur place sinn, sinn esou schrecklech, datt et kaum nach ze erdroen ass.

Dat, wat déi israeelesch Regierung mécht, huet näischt mam Recht op Selbstverdeedegung ze dinn. Et gëtt heifir absolutt keng Rechtfertegung an et muss och direkt gestoppt ginn. Dat internationaalt Recht gëtt hei mat Féiss getrëppelt! An dat geet eis all eppes un. Als Deel vun der internationaler Gemeinschaft musse mir esou séier wéi méiglech handelen. Mir hunn d'Obligatioun ze handelen, fir de Genozid um palästinensesche Vollek ze verhënneren, iert et definitiv ze spéit ass. Well déi israeelesch Regierung ass nach net fäerdeg. Si huet eng komplett Okkupatioun vu Gaza an och weidere palästinensesche Gebidder ugekënnegt.

Ech wëll op dëser Plaz betounen, dass d'Gewalt vun Israel géint d'Palästinenser sech net just op Gaza beschränkt. Och am Westjordanland an am Oste vu Jerusalem gi Palästinenser diskriminéiert. Virun e puer Wochen huet déi israeelesch Regierung confirméiert, datt 22 nei Siidlungen am Westjordanland sollen entstoen. Dem Defenseminister Katz no ass dat eng Moossnam, fir d'Grënnung vun engem palästinensesche Staat ze verhënneren. Virun engem Joer huet déi israeelesch Regierung Gréng Luucht ginn, fir weider Deeler vum Jordan-Dall ze accaparéieren.

An déi international Communautéit kuckt no. Lëtzebuerg kuckt no. Ech hu bis elo keng Kritick vun der Lëtzebuerger Regierung héieren zu der Siidlungspolitick. Wannechgelift huelt dat haut no! Ech erwaarde mer hei eng kloer Positioun an e Bekenntnis zum internationale Recht.

Här President, mir mussen handelen an déi israeelesch Regierung muss och d'Konsequenzen ze spiere kréien. Lëtzebuerg huet net ganz vill Moyenen, fir dat eleng ze maachen, dat stëmmt. Mee mir hunn der awer, zum Beispill iwwer eis Handelsbezéiungen.

D'EU huet en Accord d'association mat Israel. Deen, respektiv säi Plan d'action, soll elo ëm zwee Joer verlängert ginn, obwuel Israel d'Reegele vun deem Accord net respektéiert. Net am Artikel 349bis, mee am Artikel 2 op der alleréischter Säit vun deem Accord steet, béid Parteie missten d'Mënscherechter respektéieren. Eigentlech hätt d'EU d'Ofkommes scho längst misse suspendéieren.

An der aussepolitescher Kommissioun ware mer eis doriwwer mat de Majoritéitsparteien net eens ginn. D'DP an d'CSV hate kee Problem mat der Verlängerung vum Accord. Nëmmen e puer Deeg méi spéit huet den Ausseminister matgedeelt, dass Lëtzebuerg sech der Initiativ vun Holland uschléisst, fir ze préiwen, ob Israel géint d'Dispositioune vun de Mënscherechter verstouss hätt.

An der Oppositioun froe mer eis: Ass d'DP sech net ganz eens? Wat ass dann elo? Mir wëssen et net. Mee et ass fir mech och net novollzéibar, wéi een eréischt Mëtt Mee 2025 ufänkt, „Bedenken" ze hunn, ob Israel géint d'Mënscherechter verstouss huet, wéi ech am „Lëtzebuerger Wort" konnt liesen.

D'Demokratesch Partei huet an dësem Dossier esou vill Pirouettë gedréint, do kann ee gäre mol

ausrutschen. Fir d'Unerkennung vum Staat Palästina war rieds vun engem Quorum vu siwe bis aacht Länner, dorënner Panama a Südkorea, du vun enger „Solution à la luxembourgeoise", déi mer fir Enn zejoert versprach kruten.

An elo ass déi neitsten Ukënnegung vum Här Minister e Package. An deem Package gëtt d'Unerkennung un eng ganz Rëtsch Konditioune geknäppt. An et ass och richteg, bei dëser Geleeënheet aner kruzial Punkten unzeschwätzen. Eis Angscht awer ass, datt d'Hürde fir eng Unerkennung vum Staat Palästina esou héich gesat ginn, datt kee méi kann driwwersprangen.

Wéi soll eng Deradikaliséierung ëmgesat ginn? Wéi soll d'Hamas entwaffnet ginn? Wéi solle fräi Walen organiséiert ginn an engem zerstéierte Land, wou Israel sech zanter Jore beméit, dass et net zu Wale kënnt?

Ofgesinn dovu gouf och schonns an Aussiicht gestallt, dass a sechs Méint eng weider Reunioun stattfanne kéint, wann et elo zu New York mam Package net géif klappen. Dat ass alles anescht wéi villverspriechend.

Zanter engem décke Joer ass eis Regierung amgaangen, ëmmer nei Ausrieden ze sichen, fir d'Unerkennung an d'Längt ze zéien. Ech wëll Iech drun erënneren, datt bei der Motioun, déi mer 2014 hei an der Chamber ugeholl hunn, d'DP-Fraktioun och matgestëmmt huet. Dat ass wuel eng weider Pirouette.

Den Här Ausseminister reest reegelméisseg an d'Regioun – dat ass och ze begréissen – a versicht do, awer nëmme kengem op d'Féiss ze trëppelen. Et kéint ee mengen, e fäert, e kéint déi israeelesch Regierung géint sech opbréngen.

Iwwerhaapt hu mer bis ewell an der Europäescher Unioun 17 Sanctiounspäck gemaach géint den Här Putin a säi Regimm. Net eng eenzeg Sanctioun koum bis ewell géint d'Membere vun der israeelescher Regierung. Net eng eenzeg! Ass d'Europäesch Unioun iwwerhaapt nach kredibel?

Ech erënneren drun: Géint de Benjamin Netanjahu an de Joaw Galant gëtt et nach ëmmer Haftbefeeler, an dat net ouni Grond. Déi sëllege Krichsverbriechen a Violatioune vum internationale Recht brauche Konsequenzen.

Fir op d'Handelsbezéiungen zréckzekommen, fuerdere mir, dass Lëtzebuerg net nëmmen um europäeschen Niveau, mee och bilateral all seng Handelsbezéiunge mat Israel fir de Moment op Äis leet.

Eis ass bewosst, dass eng Unerkennung net d'Bommen iwwert der Gazasträif verhënnere kann. Dat heescht awer net, dass d'Unerkennung wäertlos wär. Symboler hunn an der Diplomatie an an de Relations internationales e Wäert. Dat dierf een net ënnerschätzen.

Israel ass amgaangen, Fakten ze schafen, a koloniséiert monter weider, well déi international Gemeinschaft just nokuckt. Wa mer dat net gestoppt kréien, da gëtt et geschwë keen Territoire méi fir e palästinensesche Staat. Iwwregens genéiert sech déi israeelesch Regierung och net méi, ze proklaméieren, dass dat hiert eigentlecht Zil ass.

D'Lëtzebuerger Regierung ass och an der Verantwortung, derfir ze suergen, dass keng Entreprise hei am Land bei Waffeliwwerungen un Israel implizéiert ass. Wat mécht d'Regierung, fir sécherzestellen, dass keng Entreprisen an d'militäresch Aktivitéite vun Israel verwéckelt sinn? Dat si Schrëtt, déi mir onofhängeg vun anere Länner hei zu Lëtzebuerg kënnen decidéieren.

De President Macron huet gesot, d'Unerkennung vu Palästina wär net just eng moralesch Obligatioun, mee eng politesch Exigenz. An do huet e Recht! Jo, et wär am beschten, eng Unerkennung zesumme mat Frankräich an aneren ze maachen.

Eng Unerkennung vu Palästina elo, haut. Dat wär de Startschoss fir gläichberechtegt Verhandlungen zu enger Zweestaateléisung, amplaz dass haut just Israel vëlkerrechtlech unerkannt ass. Eng Prekonditioun also fir en dauerhafte Fridden an der Regioun.

Eng Unerkennung vu Palästina elo, haut. Dat wär en Zeechen, datt déi international Gemeinschaft net méi bereet ass, op de Friddensprozess ze waarden, deen zanter Jore blockéiert ass.

Eng Unerkennung vu Palästina elo, haut. Dat wär e Signal un d'Amerikaner, déi traditionell un der Säit vun Israel eng wichteg Roll an deem Konflikt spillen.

An eng Unerkennung vu Palästina elo, haut. Dat wär och en Zeechen un dat palästinensescht Vollek, datt déi international Gemeinschaft si net vergësst an hiert Leed eis net egal ass.

Wa mir awer Palästina elo net unerkennen, da gëtt et, nieft allem Leed, a mengen Aen en dräifache Schued. Éischtens: Dat géif op en Neits beweisen, datt d'UNO net kapabel ass, op Konflikter ze reagéieren. Zweetens géif d'EU all Kredibilitéit verléieren an der Welt a géif enger wäertebaséierter Aussepolitick definitiv Äddi soen. An drëttens, an net zulescht, verléiert och Lëtzebuerg säin Image vum Verdeedeger vun de Mënscherechter op internationalem Niveau. En Image, deen eis gutt zu Gesiicht stoung a fir deen déi lescht Joerzéngte vill geschafft gouf.

Dofir loosst eis op der richteger Säit vun de Geschichtsbicher stoen a loosst Lëtzebuerg, noutfalls och eleng, dat 149. Land vun 193 op der Welt sinn, dat Palästina unerkennt! An deem Sënn deposéieren ech hei eng Motioun.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*réaffirmant*

*– le droit inaliénable à l'autodétermination inscrit dans l'article 1er de la Charte des Nations Unies, dans le Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels et le Pacte international relatif aux droits civils et politiques,*

*rappelant*

*– la plus haute importance de tous les efforts de paix, y compris la mise en place d'un cessez-le-feu inconditionnel et la libération des otages ;*

*– le rôle crucial du droit international humanitaire dans la protection des civils, quels que soient le contexte ou les parties impliquées,*

*condamnant*

*– les violations graves du droit international commises par l'État d'Israël, dont des crimes de guerre et des crimes contre l'humanité, et qu'il instrumentalise la faim du peuple palestinien comme arme de guerre ;*

*– les intentions exprimées d'annexer la bande de Gaza par Israël, impliquant un transfert forcé en masse de la population palestinienne ;*

*– la poursuite de la colonisation en Cisjordanie par l'État d'Israël en légalisant la construction de 22 nouvelles colonies sur le territoire palestinien,*

*considérant*

*– la motion adoptée par la Chambre des Députés du 14 décembre 2014 concernant la reconnaissance d'un État de Palestine invitant le Gouvernement « à reconnaître formellement l'État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun » ;*

*– que l'organisation terroriste du Hamas ne représente pas le peuple palestinien ni ses aspirations nationales légitimes ;*

*– que les méthodes employées par l'État d'Israël sont contraires aux principes fondamentaux de distinction, de proportionnalité et de précaution tels que définis par le droit international humanitaire ;*

*– que l'État d'Israël continue à commettre de graves violations du droit international, dont des crimes de guerre et des crimes contre l'humanité, et qu'il instrumentalise la faim du peuple palestinien comme arme de guerre ;*

*– les intentions d'annexion de la bande de Gaza par Israël, impliquant un transfert forcé en masse de la population palestinienne ;*

*– la reconnaissance de l'État de Palestine par l'Espagne, l'Irlande, la Norvège, Malte et la Slovénie l'année dernière ainsi que la volonté exprimée par le président français de reconnaître l'État de Palestine,*

*invite le Gouvernement à*

*– reconnaître immédiatement et formellement l'État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties ;*

*– œuvrer, avec ses partenaires européens, pour une réévaluation de l'accord d'association entre l'Union européenne et l'État d'Israël à la lumière des violations persistantes du droit international (y compris en examinant les implications des exportations d'armes et de matériel militaire en lien avec le respect du droit international humanitaire).*

*(s.) Yves Cruchten, Marc Baum, Sam Tanson.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Cruchten.

An deen éischte Riedner ass elo den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, Här Premierminister, léif Membere vun der lëtzebuergescher Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e Merci un d'LSAP-Fraktioun an un den Yves Cruchten dofir, d'Initiativ geholl ze hunn, de Mëtten nach eng Kéier iwwert dee schrecklech trauregen Theema vu Gaza ze diskutéieren.

Déi grausam Biller, déi mer all Dag aus der Gazasträif kréien, loosse kee kal. Schoulen a Spideeler, déi beschoss ginn, Kanner, déi ëmbruecht ginn, wa se dann net vun Honger stierwen, Familljen, déi hir futti bombardéiert Haiser musse warscheinlech fir ëmmer verloossen, si grausam Biller, déi schwéier ze erdroe sinn. Datt souwuel elo vun israeelescher Säit wéi awer och vun Hamas-Säit Hëllefsmëttel mol net méi duerchgelooss ginn u Mënschen, déi se batter benéidegen, spott eigentlech aller Beschreiwung.

Mir verurteelen duerfir och nach eng Kéier op dat Schäerfst d'Virgeeë vun der israeelescher Regierung an der Gazasträif a mir fuerderen iwwregens och, datt all déi Membere vun der israeelescher Regierung, natierlech virun allem den Här Netanjahu, fir déi Krichsverbriechen, déi do begaange ginn, net nëmmen, awer och, virun den Internationale Geriichtshaff gestallt ginn an dann hoffentlech och condamnéiert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een iwwert dës onhaltbar Zoustänn an der Gazasträif diskutéiert, dierf een dann awer och ee vun den Urspréng net vergiessen, nämlech de 7. Oktober 2023, wou d'Hamas an engem

barbareschen a bluddegen Attentat bal 2.000 Mënschen ënner grujelege Bedéngunge massakréiert huet. Datt haut nach ëmmer 60 Geiselen an der Gewalt vun der Hamas sinn, déi ënner Konditioune liewen, déi mam Respekt vu Mënscherechter net dat Geréngst ze dinn hunn, dréit sécherlech näischt derzou bäi, datt et zu engem Fridden an däser Regioun vun der Welt kënnt.

Här President, 2014 hate mir an der Chamber schonn eng länger Debatt iwwert d'Situatioun am Gaza an deemools waren zwou Motiounen ugeholl ginn. Et gëtt haut oft vun enger geschwat, mee ech hat deemools och am Numm vun der CSV eng Motioun agereecht, déi iwwregens och ugeholl ginn ass.

Mir constatéieren, datt mer eelef Joer duerno a sech kee Millimeeter virukomm sinn. Au contraire, wa mer elo d'Situatioun kucken, ass déi nach vill, vill méi dramatesch wéi virun eelef Joer.

Ech verstinn allerdéngs net, an dat wëll ech dann awer och kloer soen, d'Opreegung ganz besonnesch vun de Kolleege vun der LSAP-Säit, well eigentlech hat déi fréier Regierung – an et ass virdrun och beim Här Cruchten ugeklongen – e Blankoschäin, fir Palästina ouni Konditiounen deemools unzeerkennen. Dat ass awer net geschitt. A wann dat geschitt wär, léif sozialistesch, iwwregens och gréng Kolleegen, da bräichte mir haut iwwerhaapt net déi Diskussioun iwwert d'Unerkennung vu Palästina ze féieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Mir sinn eis alleguerten eens, datt et muss zu engem Waffestëllstand an zu engem Fridden an der Regioun kommen, mat enger, zumindest mëttelfristeger, Zweestaateléisung. An ech mengen och, datt dat deen eenzege Wee ass.

Fir mech ass awer haut déi fundamental Fro déi, ze wëssen, wat fir eng Léisunge mir kënne fannen, fir datt de Mënschen an der Gazasträif direkt ka gehollef ginn an datt déi onsäglech Zoustänn, déi den Yves Cruchten an ech och elo beschriwwen hunn, endlech zu Enn kommen. Ass eng Unerkennung vu Palästina ouni weider Bedéngungen, wéi se elo vun Eenzelen an d'Diskussioun geworf gëtt, d'Léisung oder muss een net awer eng Unerkennung un eng Rei vu Bedéngunge knüpfen?

Den Ausseminister Xavier Bettel huet eis d'lescht Woch an der aussepolitescher Kommissioun dee sougenannte Package virgeluecht, deen de Moment an der Diskussioun ass an deen och zu New York zur Diskussioun soll kommen. An dësem Package sinn eng Rei Konditioune virgesinn, déi eigentlech och absolutt Sënn maachen an ouni déi et sécherlech kee laangfristege Fridde wäert an där Regioun ginn. Et kann een elo sécherlech iwwert déi eng oder aner Konditioun diskutéieren, mee mir sinn op jidde Fall der Meenung, datt dee Pabeier an déi richteg Richtung geet.

Här President, ech kommen domadder zu menger Konklusioun. Mir diskutéieren haut iwwer eng eventuell Unerkennung vum Staat Palästina. Dat ass eng Fro, déi eis scho ganz laang beschäftegt. D'Regierung huet aus dem Mond vum Ausseminister de leschten Donneschdeg kloer gesot, datt Lëtzebuerg an d'lëtzebuergesch Regierung bereet wieren, mat engem Grupp vun anere Staaten, ënner anerem Frankräich, de Staat Palästina unzeerkennen, wann d'Konditiounen da stëmmen.

Dat schéngt eis als CSV-Fraktioun eng equilibréiert Haltung ze sinn. Et ass keen Nee, et ass awer och kee blanne Jo. Mir wëlle keng Symbolpolitick, mee mir wëllen, datt de Mënschen an der Gazasträif endlech gehollef gëtt, datt et zu engem Waffestëllstand a wa méiglech zu engem permanente Fridde kënnt. Wann d'Unerkennung vu Palästina mat anere Länner zesummen dozou ka bäidroen, wäerte mir dëst als CSV-Fraktioun op jidde Fall ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Mosar. Elo huet den Här Gusty Graas d'Wuert. Här Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Haut sinn et 612 Deeg, datt de Krich an der Gazasträif ass. 54.000 Doudeger, dorënner leider vill Kanner a Fraen. Gaza, kann ee bal soen, ass eppes wéi en oppene Kierfecht ginn. D'Situatioun am Westjordanland ass net vill besser. Och do huet sech d'Situatioun verschlechtert. Eréischt kierzlech goufen 22 nei Siidlungen autoriséiert. A grad an dësen Zäite muss een awer soen, datt dat éischter eng Provokatioun ass.

Ech wëll och hei un den Avis vun der Cour internationale de justice vum 19. Juli 2024 erënneren. Do ass eng wichteg Ausso gemaach ginn. D'CIJ stellt d'israeelesch Occupatioun vum palästineschen Territoire als illegal duer. De Bau vun der Mauer ass e Verstouss géint déi véiert Konventioun.

Nom 7. Oktober 2023 war d'Welt natierlech eng aner, an et ass kloer, datt een am Ufank och Verständnis hat fir d'Reaktioun vun Israel. All Land huet am Fong geholl e Selbstverteidegungsrecht, wann et attackéiert gëtt. Natierlech kann ee sech no esou villen Deeg d'Fro stellen, ob déi Reaktiounen haut net disproportional sinn. Dee Virwarf, mengen ech, muss sech Israel och haut gefale loossen.

Hei zu Lëtzebuerg diskutéiere mer elo scho wäit iwwer e Joerzéngt iwwer eng Reconnaissance éventuelle vu Palästina. Et ass schonn hei gesot ginn. Ech erënneren och nach eng Kéier un déi Motioun vum 16. Dezember 2014, mat deem ominösen Zousaz deemools „moment qui sera jugé le plus opportun".

Eppes kann ee jiddefalls – an do schwätzen ech och fir déi viregt Regierung – Lëtzebuerg net virwerfen: datt Lëtzebuerg net ëmmer versicht hätt, maximal d'Cause vu Palästina, vun de Palästinenser ze vertrieden. Ech erënneren zum Beispill drun, datt mir d'accord waren, datt Palästina als 195. Member vun der UNESCO den 31. Oktober 2011 opgeholl ginn ass, datt Palästina och de Statut als Membre observateur bei der UNO den 29. November 2012 kritt huet. An elo relativ kierzlech, de 17. September 2024, wou Israel opgefuerdert gouf, déi besate Gebidder opzeginn, hunn 124 Staaten derfir gestëmmt, dorënner och Lëtzebuerg. An, wat evident ass, mengen ech: Mir hunn eis ëmmer fir eng Zweestaateléisung agesat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zwëschent dem 17. an dem 20. Juni wäert natierlech och eng ganz wichteg Konferenz zu New York stattfannen, wou et virun allem ëm d'Zweestaateléisung geet. Et si wichteg Deeg fir d'Zukunft vun dem israeelesch-palästinensesche Konflikt.

Déi Konferenz gëtt jo virun allem op Initiativ vum Här Macron a vu Saudi-Arabie geleet. Datt d'Europäesch Unioun elo net déi féierend Roll spillt, ass vläicht ze bedaueren, iwwerhaapt an deem ganzen Dossier, mee zumindest muss een awer soen, datt mam Här Macron hei awer e féierende Politiker aus der Europäescher Unioun do derbäi ass. Eist Land ass och direkt mat 14 Länner involvéiert. A souvill ech weess geet jo zumindest de Vizepremier, an och gegeebenefalls de Premier, op d'Konferenz, wat jo och e wichtegt Signal dofir ass, wéi mer zu där ganzer Problematik stinn.

D'Unerkennung vu Palästina muss een allerdéngs vun enger Rei vu Konditiounen ofhängeg maachen. Dat heescht, mir stinn op alle Fall als Demokratesch Partei nach wie vor dofir, datt jiddwereen an dësem Konflikt seng Verantwortung muss iwwerhuelen. Dat gëllt souwuel fir d'Palästinenser wéi och fir d'Israeelien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP ass eng ganz sportlech Partei, Här Cruchten, mee se ass awer net esou sportlech, wéi Dir se duerstellt, datt si géing andauernd Pirouetten dréien. Dat kann ech op alle Fall hei ganz kloer ënnersträichen. An ech fannen et awer gewot aus dem Mond vun engem Vertrieder vun enger Partei, déi 19 Joer den Ausseminister hat. Klammer zou. Méi wëll ech dat elo net hei kommentéieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | An deem Package, ëm deen et jo elo hei schlussendlech geet, do sinn natierlech eng ganz Rei Konditiounen dran, déi fir eis jiddefalls mussen och erfëllt ginn. Sécher wäerten eng Rei Konditiounen do schwéier ze erfëlle sinn. Fir eis ass et elementar, datt d'Geisele mussen direkt fräikommen.

*(Interruption)*

Mir sinn och der Meenung, datt déi offiziell palästinensesch Autoritéit – Wien ass dat? Mussen net nach Walen ofgehale ginn? Zënter 2006 ware keng Walen – op alle Fall de Reformprozess muss ënnerstëtzen.

An da soen ech eppes och ganz kloer hei: De Succès vun där Konferenz däerf mat Sécherheet net tributaire vun der Haltung vun Israel sinn.

Natierlech gëtt et, wéi gesot, eng Rei Punkten, déi schwéier wäerten ëmzesetze sinn. Ech denke virun allem och un d'Fuerderung, datt d'Hamas muss an den Exil goen. D'Fro däerf erlaabt sinn: Wéi e Land hëlt se op?

Da menge mer awer och, datt déi arabesch muslimesch Länner awer och musse verstäerkt hir Verantwortung iwwerhuelen, a schlussendlech och, wann et ëm d'Rekonstruktioun vu Palästina geet. Positiv ass allerdéngs och hei, datt Saudi-Arabien elo och hei awer eng gewësse Roll spillt. Mir wësse jo, datt Saudi-Arabien awer éischter ëmmer en faveur vun Israel ass. Se kéinten also e gewëssenen Drock ausüben.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt ëmmer gesot, datt hei wier déi lescht Chance, fir datt durabele Fridde kéint do geschafe ginn. Ech gesinn dat awer e bësse méi nuancéiert. Natierlech ass dat hei eng immens Chance. Wa se net genotzt géif ginn, wier dat e schrecklechen Echec. An awer solle mer, falls et esou wäit sollt kommen, net mengen, datt dann all Hoffnung op en definitive Fridde fort wär.

Jiddefalls mir als Demokratesch Partei stinn hannert dësem Package. Mir hoffe just, datt dat net duerch d'Extremisten elo erëm ënnergruewe gëtt. Wann déi Konditiounen all erfëllt ginn, da wäerte mir als Demokratesch Partei eis selbstverständlech och esou positionéieren a mir wäerten dann och déi zousätzlech Konsequenzen huelen, déi an där Konferenz do zréckbehale ginn.

Ech wëll ofschléissend der LSAP trotzdeem Merci soen – et ass wichteg, datt mer ëmmer iwwert dee Punkt hei schwätzen – fir déi Demande hei. A wéi gesot, d'Demokratesch Partei huet net déi Pirouettë gedréit, wéi Dir et ëmmer duerstellt. Dat kënne mer net. Esou dichteg si mer net. Mir stinn zu eiser Positioun. Déi ass nach wie vor déi selwecht. A falls, wéi gesot, zu New York elo wäert dat Resultat erauskommen, wat mer eis alleguerten erhoffen, wäert d'Demokratesch Partei sech och ganz kloer hannendrustellen.

Här President, wann et mer erlaabt ass, hunn ech och nach eng Motioun. Däerf ech e Wuert just kuerz dozou soen? Oder ...?

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech hätt gradesou gär, Dir géingt dat zum Schluss nach eng Kéier maachen, wa mer bei de Motioune sinn.

An den Här Cruchten wollt Iech eng Fro stellen. Wann Der se akzeptéiert, da gi mer em d'Wuert. Wann net, net.

**M. Gusty Graas** (DP) | Selbstverständlech akzeptéieren ech eng Fro vum Här Cruchten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Och merci, Här Graas. Ech mengen, mir zwee schätzen a respektéieren eis genuch, fir dass mer eis een deem aneren och heiansdo kënnen eng Kéier eng Pick schécken.

Dir hutt virdru gesot, dat wär gewot vu mir, hei Kritick ze maachen, wa mir als Partei 19 Joer an der Regierung gewiescht wären an 19 Joer d'Aussepolitick matbestëmmt hätten. Ech wëll just drun erënneren, dass vun deenen 19 Joer och 10 Joer Äre Parteikolleeg, den Här Bettel, eise Premierminister war.

An da wëll ech him awer meng Fro stellen. Dat ass déi, ob en awer net op d'mannst ka mat mer d'accord sinn, ze behaapten, dass wärend deenen 19 Joer, wou den Här Asselborn hei Ausseminister war, hien alles gemaach huet, wat nëmmen a senge Méiglechkeete war, fir dem palästinensesche Vollek ze hëllefen, a géint de Misär an deem Land gekämpft huet. Sidd Der do mat mer averstanen?

**M. Gusty Graas** (DP) | Ech respektéieren den Asaz, deen den Här Asselborn an all deene Jore gewisen huet. Et war en oppent Geheimnis, datt den Här Asselborn schonn eng gewësse Sympathie fir eng Säit hat. Dat ass richteg. Mee wat zielt an der Politick? Dat sinn d'Resultater. An d'Resultat ass dat, datt mir et bis dato, och ënnert dem Här Asselborn, net fäerdegbruecht hunn als Lëtzebuerg, Palästina unzeerkennen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Graas, wëllt Der d'Motioun hei loossen? Da kënne mer se ausdeelen.

*(Hilarité)*

Dann huelt Der duerno Stellung, wann Der wëllt.

**M. Gusty Graas** (DP) | Ech wollt just nach vläicht soen: Se ass vun dräi Parteie bis elo ënnerschriwwe ginn, vun de Kolleege vun der CSV, vun der ADR a vun de Piraten, selbstverständlech och vun der DP. Falls nach sollt Interesse do sinn, wou mer natierlech frou driwwer wieren – Dir hutt se entre-temps och, wéi gesot, souguer digital geschéckt krut –, da wier ech frou, wann Der géingt déi Motioun hei ënnerstëtzen. Wannechgelift, Här President.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*– réitérant son appel à la libération des otages, à un cessez-le-feu immédiat ainsi qu'à la reprise complète des livraisons d'aide humanitaire et de besoins essentiels au profit de la population civile palestinienne ;*

*– considérant le droit inaliénable à l'autodétermination inscrit dans l'article 1er de la Charte des Nations Unies, dans le Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels et le Pacte international relatif aux droits civils et politiques ;*

*– considérant la résolution 181 de l'Assemblée générale des Nations Unies du 29 novembre 1947 qui adopte le plan de partage de la Palestine en deux États indépendants, la ville de Jérusalem étant placée sous administration des Nations Unies, et stipulant que « les États indépendants arabe et juif [...] commenceront d'exister [...] le 1er octobre 1948 au plus tard » ;*

*– considérant les résolutions pertinentes du Conseil de sécurité des Nations Unies, dont la résolution 242 du 22 novembre 1967 qui condamne l'« acquisition de territoires par la guerre », demande le « retrait des forces armées israéliennes des territoires occupés » et affirme « l'inviolabilité territoriale et l'indépendance politique de chaque État de la région et de son droit de vivre en paix à l'intérieur de frontières sûres et reconnues, à l'abri de menaces ou d'actes de violence », et la résolution 1515 du 19 novembre 2003 par laquelle le Conseil de sécurité se déclare « attaché à la vision d'une région dans laquelle deux États, Israël et la Palestine, vivent côte à côte, à l'intérieur de frontières sûres et reconnues » ;*

*– considérant les accords d'Oslo, du 13 septembre 1993, dans lesquels l'OLP, prédécesseur de l'Autorité palestinienne, avait reconnu l'existence de l'État d'Israël, et Israël avait reconnu l'OLP comme seul et unique représentant du peuple palestinien ;*

*– considérant la motion de la Chambre des Députés du 16 décembre 2014 invitant le Gouvernement à reconnaître formellement l'État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun ;*

*– considérant la motion de la Chambre des Députés du 16 janvier 2024 invitant le Gouvernement à maintenir son attachement à la solution des deux États comme le seul moyen de garantir une paix juste au Moyen-Orient en rendant justice aux aspirations légitimes de tous les peuples de la région ;*

*– considérant la motion de la Chambre des Députés du 14 novembre 2024 invitant le Gouvernement, de concert avec la Chambre des Députés, à poursuivre ses efforts en collaboration avec tous les acteurs afin de parvenir à une paix juste et durable au Moyen-Orient par le biais d'une solution à deux États, et à lancer les discussions avec d'autres pays en vue de la reconnaissance une fois qu'un cessez-le-feu sera établi, les otages du Hamas sont libérés et que des pourparlers pourront ainsi débuter pour une paix durable ;*

*– considérant les moyens et les méthodes employés par les Forces de défense israéliennes dans leurs opérations dans la bande de Gaza et la Cisjordanie, provoquant des pertes humaines massives et des souffrances considérables au sein de la population civile palestinienne, qui constituent, selon les Nations Unies, des violations du droit international ;*

*– considérant les limitations massives imposées par l'Israël sur l'acheminement d'aide humanitaire et de besoins essentiels dans la bande de Gaza, aggravant une situation dramatique pour la population civile et constituant une instrumentalisation et politisation de l'aide humanitaire en non-conformité avec le droit international humanitaire ;*

*– considérant la politique de colonisation de plus en plus rapide de l'Israël en Cisjordanie et à Jérusalem-Est ;*

*– considérant les affirmations inadmissibles de membres du gouvernement israélien et du Premier ministre Netanyahou, rejetant toute possibilité d'un État palestinien ;*

*– considérant les mandats d'arrêt émis à l'encontre du Premier ministre Netanyahu et de l'ancien Ministre de la Défense Gallant par la Cour pénale internationale ;*

*– considérant que la Conférence internationale de haut niveau pour le règlement pacifique de la question de Palestine et la mise en œuvre de la solution des deux États qui se tiendra à New York le 18 juin pourrait constituer la dernière possibilité pour la communauté internationale de sauvegarder le principe et la viabilité de la solution des deux États ;*

*– considérant que le Luxembourg peut apporter des contributions au succès de cette Conférence en s'engageant notamment dans le domaine humanitaire, en augmentant encore ses contributions aux organisations qui viennent au secours au peuple palestinien, en particulier à l'UNRWA, et en indiquant sa volonté de contribuer, le moment venu, à la reconstruction de Gaza, par exemple à travers des contributions au déminage ;*

*– considérant que les pays arabes doivent assumer davantage leur responsabilité essentielle dans la recherche d'une solution durable à ce conflit prolongé, notamment en soutenant activement sa résolution, la reconstruction de la bande de Gaza, et la mise en œuvre de la solution à deux États, seule voie susceptible d'apporter une paix et une sécurité durables pour l'Israël et la Palestine,*

*invite le Gouvernement à*

*– prendre toutes les dispositions requises pour contribuer de manière active et substantielle à l'élaboration du document final et pour participer de manière engagée à la Conférence elle-même, à travers l'annonce de contributions concrètes du Luxembourg, en vue de faire progresser la paix et la sécurité en Israël et en Palestine ;*

*– à évaluer le paquet de mesures qui sera préparé pour adoption comme document final par la Conférence et à se joindre, si ce paquet est jugé équilibré, à un groupe d'États, comprenant la France, qui choisiront le moment de la Conférence de haut niveau pour annoncer collectivement leur reconnaissance de l'État de Palestine.*

*(s.) Gusty Graas, Sven Clement, Fred Keup, Laurent Mosar.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Graas. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass elo den honorabelen Här Fred Keup. An, Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen hei fir d'widderhuelte Kéier iwwert den Noostkonflikt. A mir wäerten dat warscheinlech och an den nächste Joerzéngten nach maachen.

De 7. Oktober war bis dato ee vun de schlëmmsten Deeg, déi dohanne stattfonnt hunn, mat der Attack, wou Geisele geholl gi sinn an iwwer 1.200 Leit aus Israel massakréiert gi sinn. Et war dat den trauregen Héichpunkt vu joerzéngtelaange Konflikter a Kricher, ëmmer erëm Kricher, all zéng Joer reegelméisseg verschidde Kricher, Biergerkricher, Kricher géint déi arabesch Noperen.

Awer och do hält et net op, well et ass eng Regioun, wou ee ka soen, dass se säit 2.000 Joer oder méi souguer am Fokus steet vun der Mënschheet an ëmmer erëm den Zentrum ass vun den Interesse vu verschiddene Gruppe vu Leit, vu verschiddene Vëlker, wou ëmmer erëm Krich stattfonnt huet. An d'jiddescht Vollek, wat jo och scho virun 2.000 Joer do verdriwwe ginn ass, kann natierlech besonnesch do e Lidd dervu sangen. En trauregt Lidd!

D'Reaktioun op dës Attack vum 7. Oktober vun der israeelescher Arméi war vläicht am Ufank ze verstoen, stellt sech awer haut ganz kloer als komplett iwwerdriwwen duer. An ech weess och, dass een näischt matenee soll vergläichen, och keng verschidde Konflikter oder Kricher. Mee wann ee bedenkt, dass eleng am Gaza, wat jo eng Fläch ass, déi vill méi kleng ass wéi Lëtzebuerg, vill méi zivill Doudeger ze bekloe si wéi beispillsweis am Ukrain-Krich, deen och méi laang dauert an op vill méi engem groussen Territoire ass, da weist dat, dass et do äusserst brutal zougeet. An dat kann hei am Fong, mengen ech, kee méi guttheeschen.

Hei heescht et op jidde Fall, un Israel ze appeléieren, domadder opzehalen an d'Zivillbevëlkerung am Gaza esou wäit wéi méiglech, an zwar anstänneg a seriö, ze verschounen.

Gläichzäiteg natierlech musse mer ëmmer drun denken, och ze soen – well ech mengen, dat ass den zentrale Punkt vun deem Ganzen –, dass d'Geiselen endlech musse fräigelooss ginn – et sinn der nach ëmmer iwwer 50 do – an dass natierlech och déi Terroristen op palästinensescher Säit musse gestoppt ginn, am beschte vun de Palästinenser selwer.

Mir sinn alleguerten heibanne fir eng Zweestaateléisung, wann ech dat gutt verstanen hunn. Leider Gottes ass dat, mengen ech, doënnen am sougenannten hellege Land net esou. Ech mengen, ganz vill Israeelie wëlle keng Zweestaateléisung a ganz vill Palästinenser wëllen och keng Zweestaateléisung. A wa si et net wëllen, da gëtt et natierlech schwéier fir eis, eis Wënsch an deem Sënn wouer ze maachen. D'Situatioun ass also ganz schwiereg.

Mir schwätzen elo hei doriwwer, Palästina unzeerkennen. Och dat ass eng Diskussioun, déi scho méi laang stattfënnt. An ech mengen, och do ass keen heibannen, deen dat absolutt net wëll. Et ass awer esou, dass e Staat natierlech gewësse Krittäre muss erfëllen, fir och e Staat ze sinn, en onofhängege Staat. Dozou gehéiert natierlech, eng Bevëlkerung ze hunn, en Territoire ze hunn, an Institutiounen ze hunn, déi dat alles och kontrolléieren.

Elo huet d'Regierung vir, mat anere Länner zesummen ze kucken, ob ee kann d'Unerkennung vu Palästina ugoen, gebonnen un e Package mat Konditiounen. Mir wëssen déi Konditiounen elo net alleguerten hei, mee déi, déi ech weess, fannen ech richteg. Ech fannen et absolutt gerecht, dass, wann een op där enger Säit seet, dass déi westlech Länner Palästina unerkenne mussen, och seet, dass déi arabesch Länner och Israel unerkenne mussen, beispillsweis – ech soen elo eent – Algerien. Och déi aner. Dat ass eng Fro vu Gerechtegkeet.

Ech fannen et och richteg, dass een erëm kuckt, fir Demokratie dohinner ze kréien. Ech weess och, dass dat net einfach ass. An ech weess och, dass vill Kräften an Israel sech dat natierlech net wënschen, dass do en Territoire ass, dee fonctionéiert, a Palästina. Mee et ass awer och dorobber, wou ee muss schaffen: dass si sech awer erëm och zu Wale bekennen an déi och ofhale wäerten.

Dat an aner Konditiounen, wann déi erfëllt sinn, da si mir natierlech mat déi Éischt hei – an ech mengen, mir alleguerten –, déi wäerte ganz gäre Palästina unerkennen an dem palästinensesche Vollek dat Land ginn, wat hinnen am Fong och zousteet, an dat och en vue vun enger Zweestaateléisung. Dat ass de Wonsch vu mir a vun der ADR.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Als nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Sam Tanson agedroen. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Merci, Här President. Merci och der LSAP, dass se déi Heure d'actualité ugefrot huet elo am Kader vun der Konferenz, déi an e puer Deeg wäert stattfannen, wou Dir, Här Premierminister, Lëtzebuerg zesumme mam Ausseminister wäert vertrieden. Ech sinn Iech och ganz dankbar, dass Der de Mëtten hei sidd, dass mer nach eng Kéier kënnen iwwert dee wichtege Sujet schwätzen.

Wann een e bëssen d'Evolutioun vum Historique vun där Konferenz kuckt, da kann een eigentlech net ganz optimistesch an déi Konferenz eragoen. Et ass och ugeklongen – an ech denken, dass och dowéinst direkt d'Kolleege vun der LSAP deemools déi Demande gemaach haten –, dass et wierklech géing drëms goen, dass elo Palästina sollt unerkannt ginn an d'Zweetstaateléisung. An de But vun där Konferenz sollt eng Unerkennung vu Palästina sinn.

Wann een awer elo déi international Press iwwert déi lescht Deeg liest an och d'Deklaratioune vum franséische President liest, dann héiert een eraus, dass mer guer net méi op deem dote Punkt sinn. Duerfir, Här Graas, wann Der sot, bei allem Respekt, et soll net tributaire si vun der israeelescher Regierung, wat elo hei geschitt: Et ass een elo schonn tributaire vun der israeelescher Regierung. Well déi Kehrtwende, déi iwwert déi lescht Deeg scho komm ass op deem doten Niveau, dat ass zum groussen Deel op Drock hi vun der israeelescher Regierung a vun der amerikanescher Regierung, wou elo net méi dovu geschwat gëtt, dass e Resultat hei soll kommen, mee dass déi Konferenz soll eng Etapp an deem ganze Prozess sinn. Dat heescht, d'Ambitioun heivunner ass immens erofgeschrauft ginn.

An dozou gehéieren och déi sëlleg Konditiounen, déi mer d'lescht Woch an der Kommissioun presentéiert kruten. Verschiddener maachen natierlech Sënn. Natierlech solle Walen organiséiert. Dat wier absolutt wichteg. Et däerf een awer net vergiessen, dass déi lescht Walen zum Deel duerch déi israeelesch Regierung empêchéiert goufen, ënner uerdentleche Konditiounen ofgehalen ze ginn.

Natierlech ass et gutt, wa keng Terroriste méi am Land sinn. Mee do hu mer d'Fro gestallt: Wat heescht dat dann, den Exil vum Hamas aus Palästina? Awéiwäit huet den Hamas sech elo kënnen och nach méi verbreeden iwwert déi lescht Méint mat all deenen dramatesche Saachen, déi geschitt sinn?

Dat ass jo eppes, wat eis alleguerten heibannen Angscht mécht: déi Radikaliséierung, déi stattfënnt duerch déi sëlleg Attacken, déi permanent an där Regioun do stattfannen, eng Deradikaliséierung vum Schoulprogramm oder vun de Schoulen – alles Saachen, wou et extreem schwéier ass, dat herno objektiv ze appreciéieren.

An da gëtt gesot: „Jo, an dann hätte mer gär, dass aner Länner och Israel unerkennen." Dat heescht, mir maachen et mol net nëmmen tributaire vun der Haltung vu Palästina, mee mir maachen et och nach tributaire vun der Haltung vun enger Rëtsch anere Länner an der Géigend, oder doriwwer eraus souguer, wou mer net wëssen, wéi déi dorobber reagéieren, déi och aner Konflikter mat Israel hunn.

Hei gëtt extreem vill matenee vermëscht. An et gesäit fir eis wierklech net dono aus, wéi wann déi Saach hei soll méi einfach gemaach ginn.

A wat mer bedaueren, op alle Fall an där Duerstellung, déi mer en Donneschde gemaach kruten, dat ass déi extreem eesäiteg Haltung, déi hei geholl gëtt. Et gi Konditiounen iwwer Konditiounen un déi palästinensesch Regioun gestallt. Mir hunn net ganz vill héiere vis-à-vis vun Israel.

Natierlech ass d'Unerkennung vum palästinensesche Staat just eppes ënner villen, mee et ass awer och e Signal! An et gëtt ëmmer dovu geschwat, dat wär just Symbolpolitick. De President Macron ass schonn zitéiert ginn. Hien huet dat selwer verworf, dass et just Symbolpolitick wär.

Mee et geet doriwwer eraus! Mir sinn der Meenung, et muss een och d'Handelsrelatioune mat Israel op Äis leeën. Et muss ee sech och aktiv derfir asetzen, dass keng Waffe méi aus dem europäesche Raum un d'israeelesch Regierung geliwwert ginn.

An da kommen ech op dat, wat am Fong ëmsou méi stéierend hei ass: Mir hunn am Moment am Ëmkrees vun 3.000 Kilomeeter zwee grouss Konflikter. An eis Haltung – net nëmmen déi vun der Lëtzebuerger Regierung, och déi vun Europa insgesamt – par rapport zu deenen zwee Konflikter ass grondleeënd ënnerschiddlech.

Natierlech gouf et terribel Attacken de 7. Oktober. Déi sinn ze condamnéieren. Déi bleiwen ze condamnéieren. Mee d'Äntwert vun Israel dorop, déi ass net verhältnisméisseg. An d'Äntwert vun der Europäescher Unioun a vun der Lëtzebuerger Regierung op dat, wat am Moment an der Gazasträif geschitt, déi ass net d'selwecht wéi déi par rapport zu Russland an deem, wat an der Ukrain geschitt.

Mir géingen nimools a Russland Waffe liwweren. Mir géingen eis dergéint wieren, Handelsaccorde mat Russland elo ze ënnerschreiwen, respektiv mir géingen eis och sécherlech derfir asetzen, wann dat net de Fall wär, dass d'Ukrain géing unerkannt ginn an där Situatioun, an där se haut ass.

An duerfir, Här Premierminister, an och au vu vun deene ville Prozeduren op juristeschem Niveau, déi awer eng relativ kloer Sprooch schwätzen ... Wou Der op där enger Säit de Mandat d'arrêt international géint den Här Netanjahu hutt. Wou Der op där anerer Säit den internationale Geriichtshaff hutt, dee ganz kloer seet, dass e Risk vu Genozid géing existéieren. Wou mer eng véiert Genfer Konventioun hunn, déi och ganz kloer reegelt, wat een an enger Situatioun wéi där heiter däerf a wat een net däerf, déi och d'Zivillpopulatioun schützt – eppes, wat den Ament absolutt net ginn ass. Déi palästinensesch Populatioun erhéngert. Si ass och a Gefor, wa se op Plaze geet, fir endlech eppes Klenges z'iessen ze kréien – wann dann heiansdo eng Liwwerung duerchgeet. Si muss flüchten. Si lieft ënner schreckleche Konditiounen. Hir Haiser sinn zerstéiert. Si hu keng Liewensgrondlag méi. An dat ass net eng Situatioun, wou ee ka soen: „Mir waarden of. Mir kucken, wat all déi aner maachen." Dat ass eng Situatioun, Här Premierminister, do muss een Haltung beweisen! Do muss ee fir déi Wäerter astoen, fir déi Der am Fong hei op internationalem Niveau ëmmer astitt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sti virun engem entscheedende Moment: D'UN-Konferenz ass virun der Dier. A mir hunn als Lëtzebuerg d'Méiglechkeet, de Wee zu enger palästinensescher Staatebildung matzeformen a gläichzäiteg d'Sécherheet vun Israel ze garantéieren – net als separat Ziler, mee als géigesäiteg onofhängeg Noutwendegkeeten!

Jo, d'Situatioun am Gaza ass dramatesch. Se ass schrecklech an et kann ee se net schéischwätzen. Wat do geschitt, ass eng humanitär Katastroph. An et si Krichsverbriechen, déi um Terrain geschéien. Dat muss een esou kënne soen, well et ass eeben och dat, wat um Terrain geschitt.

Mir maache jo och net d'Aen zou virun anere Konflikter. A wann an anere Konflikter Leit soen, datt dat net esou wär, da soe mer, datt dat falsch Propaganda ass. A genau dofir ass et esou wichteg, och hei, och mat engem Land, wou mer an der Vergaangenheet vill Partenariater haten, et kënne kritesch ze soen.

Lëtzebuerg huet d'Zweestaateléisung bis elo ëmmer ënnerstëtzt, mat all de Votten, mee se awer am Endresultat net ëmgesat. An dat ass, mengen ech, do, wou et dann awer couackt déi lescht Joerzéngten. An ech sot et heibanne schonn e puermol: Hätt een hei virum 7. Oktober 2023 Palästina unerkannt, da misste mer déi ganz Diskussioun ëm d'Unerkennung haut guer net méi féieren. Et ass awer elo esou, datt de 7. Oktober och net ze ignoréieren ass an datt deen nun emol stattfonnt huet an och deen ee vun deene schlëmmsten Deeg an der Geschicht vun Israel war.

Elo ass et esou, datt mer déi zwou Saachen net kënne matenee vergläichen. Mir kënne se net géinteneen opweien a mir kënne virun allem net soen: „Dat, wat hei geschitt ass de 7. Oktober, berechtegt Israel, Krichsverbriechen ze begoen." Wann een zu där Konklusioun géif kommen, huet een, mengen ech, och aus der Geschicht net vill geléiert. Oder et géif ee vläicht d'Bibel ze genau liesen a soen: „En A fir en An", a sou weider. Mee dat ass awer net, wéi internationaalt Recht hautdesdaags fonctionéiert, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Mir wëllen haut u sech eng diplomatesch Léisung fir d'Situatioun fannen.

An dozou gehéiert, sech mat e puer Realitéiten auserneenzesetzen. Ënner anerem eng dovunner, dat ass déi ominéis Fro vun deene Walen. A mir däerfen hei net tributaire gi vun Israel, déi ganz kloer gesot hunn, zumindest déi aktuell Regierung, datt si keng Zweestaateléisung wëllen! Se schwätze scho säit Joerzéngten dovunner, datt de Maximum, dee se géifen zouloossen, eng „Annerhallefstaateléisung" wär, also esou en Israel, wou Palästina eng deelautonom Republick wär. Also, wann ech dat héieren, dann denken ech ëmmer un esou aner deelautonom Republicken, déi meeschtens russesch Truppen op hirem Territoire stoen hunn. Dat ass dann och net wierklech eng Autonomie. Dat ass éischter eng Farce.

A firwat maache se dat? Ma well se haut nach ëmmer refuséieren, datt d'Palästinenser Walen an Ostjerusalem duerchféieren. Wa mir also haut géife soen, datt d'Bedingung, fir Palästina unzeerkennen, ass, datt demokratesch a fräi Walen duerchgefouert ginn, dann heescht dat, datt mir u sech soen: „Ma mir waarden, bis Israel bereet ass, eng Zweestaateléisung ze hunn." A mir wëssen, datt dat net geschéie wäert! An dofir musse mer ganz gutt oppassen, datt Saachen, déi gutt kléngen, och tatsächlech ëmsetzbar sinn, dont eeben d'Fro vun de Walen.

A well dat mat de Walen oft gesot gëtt, datt jo d'Leit am Gaza sech dat alles selwer gewielt hätten, wéi 2006 Wale waren, da wëll ech awer nach e klenge Faktencheck maachen an drun erënneren, datt 2006 genau 44 % fir d'Hamas gestëmmt hunn, datt awer haut iwwert d'Hallschent vun de Leit am Gaza manner wéi 18 Joer hunn. Dat heescht, datt déi virun 18 Joer oder mëttlerweil 19 Joer, wéi déi Wale waren, nach net emol op der Welt ware respektiv sécher net matwiele konnten. A wann ee rezent kuckt, dann hu ganzer 3 % vun de Citoyenen am Gaza sech tatsächlech fir d'Schafung vun engem islamesche Staat ausgeschwat – wat all déi Hypotheesen, datt dat jo alles gewollt wär an u sech hei d'Affer sollen zum Täter ëmgedicht ginn, futti mécht.

Wat kënne mer also dorauser léieren? Fir eis ass et ganz kloer: Mir sollten hei net Symbolpolitick maachen. Dat hu mer schonn e puermol gesot. A mir sollten dofir och am Kader vun engem Elargissement vun den Abraham-Accorde mat den arabesche Partner derfir suergen, datt mer eng dauerhaft Léisung fannen, kee Feegefeier, wou mer dann a fënnef, sechs, siwen, aacht, néng, zéng Joer erëm hei stinn.

Mir sollten eis dofir mat eisen europäesche Partner koordinéieren, fir sécherzestellen, datt d'Unerkennung e maximalen Impakt huet, anstatt unilateral virzegoen. Dëst bedeit, mat Frankräich zesummenzeschaffen. An d'Konferenz am Juni ass eng Chance fir matzehëllefen. Well d'Alternativ zu der Zweestaateléisung ass net de Status quo. Et ass en éiwege Konflikt. Mir sinn deenen zwee Vëlker an der Saach vum internationale Recht Besseres wéi dat schëlleg. An dofir sollte mer endlech zu enger Unerkennung vu Palästina kommen, awer net a blannen Aktionismus verfalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. An och merci dem Här Cruchten, datt en dës wichteg Heure d'actualité ugefrot huet. Ech mengen, ech brauch wuel heibanne kengem ze erzielen, datt déi Lénk sech scho ganz fréi a säit ganz ville Jore fir d'Unerkennung vu Palästina als Staat asetzen an datt mer dat och weiderhi wäerte vehement maachen.

Virun aacht Méint, de 14. November 2024, hate mer eng Heure d'actualité, déi mir als Lénk ugefrot haten. Den David Wagner hat eng Motioun ofginn, déi och d'Unerkennung gefrot huet. An en huet derbäi gesot: D'Urgence dovunner besteet ënner anerem doranner, datt mer dee Staat elo mussen unerkennen, soulaang et nach Palästinenser um palästinenseschen Territoire gëtt.

Haut, aacht Méint méi spéit, muss ech Iech éierlech soen, datt et am aktuelle Kontext immens schwéierfält, iwwert d'Fro vun der Unerkennung ze schwätzen. Mir sinn haut op engem Punkt ukomm, wou déi politesch Zukunft vum palästinensesche Vollek scho bal zweetrangeg ass, well mëttlerweil déi existenziell Zukunft, dat rengt physescht Iwwerliewe vum palästinensesche Vollek, a Fro gestallt ass.

Jo, et ass e Vëlkermord amgaangen, e Verbrieche géint d'Mënschheet. Säit Méint a Méint gëtt mat Fligerbommen, Artilleriegranaten, Panzergeschosser, Maschinnegewierer op eng Zivillbevëlkerung geschoss, mat mëttlerweil iwwer 55.000 Doudegen. A säit Méint a Méint gëtt eng Zivillpopulatioun bewosst ausgehéngert, gëtt déi medezinnesch Versuergung ënnerbonnen, d'Waasser- an d'Energieversuergung zerstéiert an d'Schoulen zerbommt. Wat do geschitt, dat ass Vëlkermord, well et geschitt mat Virsatz, mat Method a mat Uso!

D'Membere vun der rietsextreemer Regierung Netanjahu soen oppen, datt si de Gazasträife wëllen onbewunnbar maachen an op Dauer annektéieren, datt se deenen 2 Millioune Mënsche just nach de Choix loossen, deportéiert ze ginn oder zugronn ze goen – Ministeren an där Regierung, déi vu „mënschlechen Déiere" schwätzen an déi Fraen, Männer a Kanner d'Existenzrecht ofspriechen aleng op Basis vun hirer ethnescher Identitéit.

Et ass e Vëlkermord amgaangen an d'Welt kuckt no, sou wéi se 1994 am Ruanda nogekuckt huet an 1995 zu Srebrenica. An dës Kéier ka kee soen, en hätt et net gewosst!

Parallell dozou multiplizéiere sech och déi militäresch Ugrëff an Zerstéierungen am Westjordanland an déi illegal Koloniséierung gëtt beschleunegt. Déi israeelesch Regierung huet viru Kuerzem deklaréiert, 22 nei Siidlungen ze bauen an Deeler vum palästinensesche Gebitt de facto ze annektéieren. Säit Ufank vun dësem Joer goufe 15.000 nei Logementer geneemegt. Nei Maueren an nei Checkpointe gi gebaut, fir d'Beweegungsfräiheet vun de Palästinenser weider anzeschränken, fir eng territorial Kontinuitéit tëscht den illegale Siidlungen hierzestellen an den Territoire weider ze fragmentéieren.

Déi israeelesch Regierung verstoppt hir Absichten net. Se spillt mat oppene Kaarten. Se refuséiert an hiren offizielle Stellungname kategoresch eng Zweestaateléisung a wëll de Gazasträifen, d'Westjordanland an de Golan ënner israeelesch Souveränitéit bréngen. Dat ass offiziell Regierungspolitick. An et ka kee soen, en hätt et net gewosst!

An deem Kontext, deen ech elo grad beschriwwen hunn, sinn d'Positioune vum Lëtzebuerger Ausseminister komplett realitéitsfriem. Lëtzebuerg, sou huet den Här Bettel d'lescht Woch virun der Press annoncéiert, wëll elo eng ganz Rei Fuerderungen un d'Palästinenser stellen als Konditioun fir eng eventuell Unerkennung. An des Weideren ass Lëtzebuerg d'accord, datt d'EU am Kader vum Associatiounsofkommes iwwerpréift, ob Israel d'Mënscherechter anhält. That's it! Dat ass alles.

Ech muss soen, ech fannen et franchement insupportabel, wéi den Ausseminister hei stänneg ronderëmlavéiert a stänneg diplomatesch Aktivitéit virtäuscht, just fir Zäit ze gewannen – eng Jo-mee-vläicht-oder-awer-hm-awer-vläicht-dach-net-Politick, där hiren eenzegen Zweck ze si schéngt, Israel an den USA nëmmen net op d'Féiss ze tréppelen.

Här President, als Lénk fuerdere mir d'Regierung op, endlech eng kloer Positioun anzehuelen, déi sech um Vëlkerrecht an un den humanitäre Grondprinzippien orientéiert. Mir fuerderen eng direkt Unerkennung vu Palästina ouni Konditiounen. Mir fuerderen en direkte Waffestëllstand, e Stopp vu Waffeliwwerungen un Israel an d'Fräiloossung vun alle Geiselen a politesche Prisonéier. Mir fuerderen en direkten an onlimitéierten Accès fir humanitär Hëllef a Gaza. Mir fuerderen en direkte Stopp vun der illegaler Siidlungsaktivitéit a Friddensverhandlungen op Basis vun de Grenze vun 1967. A mir fuerderen ökonomesch Sanktioune géint Israel, bis datt déi israeelesch Regierung d'Vëlkerrecht respektéiert an un de Verhandlungsdësch zréckkënnt.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Premierminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Luc Frieden,** Premier ministre | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géing gären der sozialistescher Fraktioun Merci soe fir déi Heure d'actualité zu engem Theema, wat eis alleguerte beschäftegt, ob een an der Politick ass oder ob ee Bierger ass ausserhalb vum politesche Gescheeën. An ech géing och wëllen allen Deputéierte Merci soe fir hir nëtzlech Kontributiounen zu dësem Debat, dee keen einfachen ass an deen och vläicht duerfir erkläert, datt et eigentlech zënter Joerzéngten an där doter Fro ënnerschiddlech Haltunge gëtt an datt déi Kris, déi am Moment en humanitäert Drama ginn ass, bis haut leider net zu enger Léisung komm ass.

Et kann een net vergiessen, an dat ass hei och net gemaach ginn, wat de 7. Oktober 2023 geschitt ass: eng Attack vun engem terroristesche Grupp op normal Bierger, déi op engem Fest waren. Männer, Fraen,

Kanner, déi doutgemaach gi sinn. Vill Geiselen, déi geholl gi sinn. Dat ass inakzeptabel an dat bleift inakzeptabel! Dat ass jo och vu villen, wann net vun allen, de Mëtten hei gesot ginn.

Wat awer e Fait déclencheur war vun engem Drama, deen absolutt inakzeptabel ass an dee sech all Dag virun eisen Aen, ganz no bei Europa, well Israel/Gaza läit ganz wéineg ewech vun der Europäescher Unioun, ofspillt. D'Hamas huet net nëmmen Israeelien doutgemaach, mee huet akzeptéiert, andeem se dat gemaach huet, d'Liewe vu ville vun hire Landsleit op d'Spill ze setzen. Well datt eng Reaktioun géing kommen, konnte se opgrond vun all deem, wat se aus der Geschicht an der Reaktioun vun hirem Noper kannt hunn, anticipéieren. Dat kann an dierf een net vergiessen.

Dofir ass et och fir eis ganz kloer, fir d'Lëtzebuerger Regierung ass et ganz kloer, datt mir hei nach eng Kéier ganz ausdrécklech – an dat hu mer och op ville Plaze gemaach, souwuel den Ausseminister wéi ech selwer – fuerderen, datt direkt all d'Geisele fräikommen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Luc Frieden,** Premier ministre | Et ass inakzeptabel, datt déi Leit weider festgehale ginn!

Mir verlaange gradesou kloer, an och dat hu mer op e puer Plaze gesot, datt et eng séier, effikass an ongehënnert humanitär Hëllef gëtt fir all déi Leit, déi am Gaza wunnen, déi näischt z'iessen hunn an déi musse kämpfen, fir heiansdo eppes z'iessen ze kréien. Dat ass absolutt inakzeptabel a widdersprécht alle Reegele vum Recht, mee och vun der normaler Mënschlechkeet. Dat muss geschéien, onofhängeg vun all deem, wat an den nächsten Deeg geschitt. Mee et huet natierlech och e Lien domadder.

Dee Konflikt huet sécherlech net am Oktober 2023 ugefaangen. Et gëtt dee Konflikt zënter dem Enn vum 19. Joerhonnert am ottomanesche Palästina. Et gëtt dee Konflikt zënter der Société des Nations, wou och Verspriche gemaach gi sinn, och vun den Europäer, déi net agehale gi sinn. Et gëtt dee Konflikt zënter der Grënnung vum Staat Israel an deenen éischten UNO-Resolutiounen, déi och schonn deemools vun enger Zweestaateléisung, 1948 an duerno, geschwat hunn.

D'Fro, déi mer eis also elo musse stellen, all zesummen, ass, ob déi Konferenz zu New York an dëser dramatescher an inakzeptabeler humanitärer Situatioun, wéi mer se fir de Moment hunn, an enger Spiral vu Gewalt, kann de politesche Prozess, de Friddensprozess, d'Zweestaateléisung eng Etapp weiderbréngen, eng nei Chance ginn. Dat ass dat, wat d'Lëtzebuerger Regierung hofft. Eng Zweestaateléisung bleift fir d'Lëtzebuerger Regierung déi eenzeg realistesch an nohalteg Optioun, fir Fridden a Sécherheet an der Regioun ze erreechen.

Lëtzebuerg steet kloer hannert där Zweestaatereegelung, net nëmme rhetoresch, mee och duerch konkreet Bedeelegung. Natierlech muss et – an och dat hunn déi lescht Deeg Gespréicher, déi ech mat Leaderen aus der Regioun geféiert hunn, erginn – kloer sinn, datt et net nëmmen duergeet, datt een unerkennt, datt een eng Roadmap brauch, e Stufeplang brauch, fir zu där Zweestaateléisung ze kommen. Déi Konferenz heescht och duerfir ganz interessanterweis „High-Level Conference on the Implementation of the Two-State Solution", also vun der Ëmsetzung, um Wee dohinner, vun der Zweestaateléisung.

Unerkennung ass eng Saach, mee se léist fundamental de Problem net. An duerfir kann een elo laang doriwwer diskutéieren, wat déi Elementer sinn um Wee dohinner. Fir eis, fir d'Lëtzebuerger Regierung, ass et wichteg, datt een eng Evaluatioun mécht vun deenen Diskussiounen, déi dëser Deeg zu New York stattfannen, an dann d'nächst Woch, och opgrond vun deenen nëtzlechen Diskussiounen, déi heibanne stattfonnt hunn, eng Decisioun kann huelen.

An et wär natierlech ideal, wann et eng breet Ënnerstëtzung vun den Europäer géing ginn, fir dee Schrëtt a Richtung vu Palästina ze ënnerhuelen. A gradesou wär et nëtzlech, wann et e breeden Accord vun den arabeschen oder anere muslimesche Staaten en faveur vun där Zweestaateléisung an Israel géing ginn. Well nëmme mat internationale Partner kënne mer en dauerhaften a gerechte Fridden, och am Respekt vum internationale Recht an der Zweestaateléisung, huelen.

Jo, d'Israeelien hunn e Recht op e Liewen a Fridden a Sécherheet. An och d'Palästinenser hunn e Recht op e Liewen ouni Angscht, a Fridden a Sécherheet. An duerfir gehéiert natierlech deen Evaluatiounsprozess do mat an eisen Entscheedungsprozess. Wat geschitt mat Hamas? Wat ass d'Gouvernance vu Gaza no deem schreckleche Leed, wat déi Leit elo erfueren? Wat ass de Plang fir d'Rekonstruktioun vu Gaza? Well et muss een de Bierger, do wéi op anere Plazen, eng Hoffnung ginn, eng Zukunftsperspektiv ginn. An et ass un där Zukunftsperspektiv, wou d'Lëtzebuerger Regierung och mat konkreeter, och finanzieller Hëllef sech wëllt bedeelegen.

Jo, mir sti fir Wäerter an international Prinzippien. An ech si ganz d'accord mat deenen, déi och hei op der Tribün gesot hunn, datt een déi Prinzippien net anescht kann uwenden an der Ukrain – oder an engem anere Krich, déi alleguerte schrecklech sinn – an am Noen Osten. Mee zu deene Wäerter gehéiert och, datt een e Plang huet, deen déi Wäerter konkretiséiert. An duerfir, mengen ech, ass déi richteg Äntwert, datt Lëtzebuerg bereet ass fir d'Unerkennung vu Palästina am Kader vun engem dauerhafte Status vun den zwee Staaten. Wann deen net dauerhaft ass, dann ass et wéi e Waffestëllstand op anere Plazen, deen ëmmer erëm Konflikter no vir bréngt.

An duerfir ass et och noutwendeg, datt mer den Dialog mat deenen zwou Säite weider halen. Déi zwou Säiten, déi zwou Parteien, mussen och hiren Accord zu dësem Fridde ginn. Mir kënnen hëllefen, mir kënne wichteg hëllefen, mee mir kënnen net alles maachen.

An ech mengen och, datt eng eesäiteg a just national Léisung oder Attitüd zu dësem Konflikt eis net zu där konkreeter Zweestaateléisung hiféiert. Ech stelle fest, datt zu dësem Zäitpunkt – haut, op dësem Dag, wou mer hei an der Chamber driwwer schwätzen – 16 vu 27 EU-Staate Palästina net unerkannt hunn. 11 hunn der unerkannt. 16 hunn et net unerkannt. An ech mengen, et wär vill méi staark, wann eng ganz Rei vu Länner d'nächst Woch dee Schrëtt géinge goen, no engem Evaluatiounsprozess, dee mer gemeinsam maachen. Wann déi aner Länner dat net maachen, muss a wäert Lëtzebuerg seng Verantwortung, och à la lumière vun deenen Diskussioune vun haut, huelen, fir datt mer mëttelfristeg zu enger Zweestaateléisung kommen, déi dauerhaft ass, déi zu engem dauerhafte Fridde bäidréit.

De President Sadat, den ägyptesche President, huet an der Knesset 1977 eng historesch Ried gehalen, wou en als arabesche Staat a Richtung vun Israel gaangen ass, an huet duerfir, wéi mer wëssen, dee Courage mat sengem Liewe bezuelt. En huet gesot: „Peace is not a signature endorsing written lines. It is a new writing of history." A mir sollte probéieren, d'nächst Woch zu New York e Stéck vun där Geschicht matzeschreiwen, well mir hätte gären, datt israeelesch a palästinensesch Kanner, datt all d'Mënschen am Noen Osten a Fridden, Dignitéit a Fräiheet kënne liewen. An duerfir ginn ech d'nächst Woch mat op New York, fir zesumme mam Ausseminister zu engem hoffentlech neie Kapitel an där dramatescher Geschicht ze kommen.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Premierminister. Et sinn elo eng Rei Wuertmeldungen do. Ech wëll just soen, datt no enger Heure d'actualité, wat a sech keng Debatt ass, net Parole après ministre virgesinn ass. Par contre sidd Der selbstverständlech am Kader vun deenen Debatten, déi elo iwwert d'Motioune kommen, fräi, déi Zäit ze benotzen, fir Är Meenungen ze soen an all déi Kommentaren doriwwer ze ginn.

***Motions***

Dofir géing ech elo proposéieren, datt mer, vu datt d'Lëscht vun de Riedner ofgeschloss ass, elo zu dem Debat vun de Motioune kommen.

***Motion 1***

An ech fänken u mat der éischter Motioun. Dat ass d'Motioun, déi den Här Cruchten hei deposéiert huet. An den Här Cruchten wëll elo bestëmmt, vu datt e virdrun d'Hand ausgestreckt huet, dat kommentéieren. Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci. Ech mengen, zu der Motioun hunn ech eigentlech alles gesot. Ech hat just vergiess ze erwänen, dass ech se zesumme mat de Kolleege Sam Tanson a Marc Baum deposéiert hat. Dat wollt ech elo hei nohuelen.

Ech wollt dem Här Premierminister awer, wann ech elo d'Wuert hunn, nach eng Kéier Merci soen, dass e sech där Debatt hei gestallt huet. An ech wëll em och Merci soen, dass en zesumme mat sengem Ausseminister op New York geet an un där Konferenz do deelhëlt.

Ech war mer och bewosst, dass mer haut hei net géifen op e gemeinsamen Nenner kommen, wat d'Unerkennung vum Staat Palästina ugeet. Mee ech hat awer gehofft, Dir géift – an ech hat Iech en Appell gemaach a menger Interventioun – op d'mannst awer haut d'Geleeënheet notzen, fir eng kritesch Approche och par rapport zur israeelescher Regierung ze huelen, andeems mer d'Siidlungspolitick vun Israel kloer verurteelen. Dat huet mer an Ärer Interventioun gefeelt.

An ech hat Iech och eng Fro gestallt, nämlech: Wéi mécht d'Lëtzebuerger Regierung et, fir ze verhënneren, dass lëtzebuergesch Entreprisen implizéiert sinn am Procurement vu Waffe fir de Staat Israel? An do wär ech frou, nach dorobber herno vläicht bei Geleeënheet eng Äntwert ze kréien.

Fir de Rescht, mengen ech, ass eis Motioun relativ kloer. Se ass bekannt. An ech bieden ëm Är Zoustëmmung.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Cruchten. Heizou huet elo nach d'Madamm Tanson d'Wuert gefrot. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Merci och dem Premierminister fir seng Interventioun a seng kloer Wierder.

Ech hätt eng Fro gehat – ech weess elo net, ob ech se dann däerf am Kader vun der Motioun stellen –, well dat mer elo nach net ganz kloer ass, och nom Schluss vun Ärer Interventioun. Dat heescht, wéi wichteg ass et Lëtzebuerg, dass all déi Konditiounen erfëllt sinn an och dass alleguerten oder vill vun deenen

europäesche Länner, déi bis elo nach net d'Unerkennung vu Palästina gemaach hunn, se och maachen? Well elo zum Schluss hat ech do e bëssen d'Impressioun, do géingt Der eng Dier opmaachen, wéi wann Der do méi oppe wäert, wann dat elo net géing zu enger concluanter Solutioun kommen. Vläicht hunn ech do iwwerinterpretéiert.

An eeben och d'Fro, déi awer enk heimat verbonnen ass. Et geet ëm d'Waffeliwwerungen, et geet awer och ëm d'Handelsaccorden. A jo, elo kann een d'Positioun vertrieden, dass et vläicht net sënnvoll ass, als Lëtzebuerg dat eleng ze maachen, mee et kann een awer och sech op europäeschem Niveau staarkmaache géint Waffeliwwerungen an d'Regioun an och géint eng Verlängerung en l'état actuel vun deem bilateralen Accord. An do wier ech scho frou och iwwer eng kloer Positioun.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Hunn ech nach Wuertmeldungen zu dëser Motioun? Den Här Mosar, den Här Graas, den Här Keup. Da maache mer et an där Reiefolleg. Här Graas, fänkt Dir un, dann den Här Mosar an den Här Keup.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Ech soen de Kolleegen aus der Sozialistescher Aarbechterpartei och Merci fir déi Motioun.

Dir schreift hei: „reconnaître immédiatement". Deen Term „immédiatement", dee stéiert eis awer. „Immédiatement" heescht also op der Minutt elo déi Decisioun huelen. Mir mengen awer, datt dat elo keng gutt Decisioun wier. Mir sinn éischter der Meenung, an dowéinst ass deen Debat jo och haut organiséiert ginn, fir am Fong geholl elo mol déi wichteg Konferenz do ofzewaarden, fir ze kucken, wéi do d'Resultater sinn. An da solle mer eis Decisioun huelen. Duerfir si mer also der Meenung, datt dat zu dësem Zäitpunkt prematuréiert wier.

Da schreift Der nach: „œuvrer, avec ses partenaires européens, pour une réévaluation de l'accord d'association". Mee mir sinn do amgaangen! Ech mengen, grad Lëtzebuerg huet sech jo awer do och bereeterklärt mat enger Rei aneren europäesche Staaten, fir am Fong geholl grad deen Artikel 2 vun deem Associatiounsaccord do méi genee ze ënnersichen a fir ze kucken, ob een net gegeebenefalls do genuch Ursaach huet, fir deen Accord zumindest emol zu dësem Zäitpunkt ze suspendéieren.

Soudatt, huelt mer dat net ze vill iwwel, ech gebrauchen elo net den Term „superfetatoire", mee ech gebrauchen dann einfach den Term, datt se zu dësem Zäitpunkt net opportun ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Guy Arendt** (DP) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas. Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech a groussen Zich mengem exzellente Virriedner uschléissen, datt mir och der Meenung sinn, datt een elo keng Motioun hei soll stëmmen, déi haut ouni weider Konditiounen a ganz eleng eng Unerkennung vu Palästina géif decidéieren.

Mir hu virdrun den Här Premier héieren. Dat géif eiser Meenung no wierklech kee Sënn maachen an et géif och näischt Positives an deem Konflikt bewierken, wa mir elo ganz eleng hei als Lëtzebuerger Land géifen haut decidéieren, esou eng Unerkennung ze maachen. Au contraire wär dat fir eis éischter kontraproduktiv.

Soudatt mir och der Meenung sinn, et soll een elo mol op New York goen, kucken, wéi déi Diskussiounen do lafen, an och wierklech probéieren, Léisungen ze fannen, déi zu engem direkte Waffestëllstand féieren, och zu där Zweestaateléisung an engem dauerhafte Fridde féieren. A wann dat am Verbond mat anere Länner méiglech ass, solle mir natierlech déi Unerkennung vu Palästina virhuelen. Mee op jidde Fall net haut an net esou.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Mosar. Här Keup an duerno den Här Baum. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo, ech mengen, dat Allerwichtegst fir d'Palästinenser am Gaza an iwwerhaapt och fir eis, dat ass, dass d'Geisele fräigelooss ginn an dass e Waffestëllstand kënnt, wou déi Bombardementer am Gaza ophéieren. Dat ass am Fong dat, wou et elo drëm geet. An an deem Kontext fannen ech et och elo e bëssen iwwerdriwwen, fir hei ze soen, elo „immédiatement" a „formellement" de Staat Palästina unzeerkennen.

Grad elo, mengen ech, géif et jo och näischt un där Situatioun léisen. An dofir fannen ech et elo gutt, dass mer higinn ... Et ass jo elo eng Ëffnung do. Ech mengen, mir waren elo vläicht laang net esou no un enger Unerkennung vu Palästina. An ech géif soen, mir waarden elo of, wat zu New York geschitt. An eventuell kritt ee jo do d'Méiglechkeet, dass mer zesumme mat enger Partie anere Länner ënner gewëssene Konditiounen, wann déi erfëllt sinn, da Palästina unerkennen. Ech géif also an déi Richtung goen an elo net an déi heiten, fir dat direkt ze maachen, well dat am Endeffekt de Leit och dohannen net direkt hëlleft.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Här Baum an dann den Här Clement.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Dat, wat de Leit dohannen definitiv net hëlleft, dat ass deen éiwegen Attentismus, dee mer hei an deene leschten Zäite gesinn hunn. Well et freet ee sech wierklech, op wat een nach waarde soll. Ech hu virdrun de Kolleeg David Wagner zitéiert. Wat am Ament a Palästina geschitt, dat ass vun enger Gravitéit, déi immens grouss ass.

An ech mengen, natierlech wäert eng Unerkennung vu Lëtzebuerg vum Staat Palästina net dozou féieren, datt d'Gazasträif net méi weider bombardéiert gëtt. Mee ech mengen, et ass éischter eng Fro vun Haltung. Wann ee gesäit, datt esou eppes an der Welt geschitt, dann ass et d'Obligatioun vun eis alleguerten als Demokraten, fir sech dogéint ze wieren, fir sech dogéint auszeschwätzen. An een Ausdrock, een, nieft ganz villen, ass déi längst iwwerfälleg Unerkennung vu Palästina als Staat, sou wéi dat och aner europäesch Länner virun eis scho gemaach hunn an och scho weidergedriwwen hunn.

An dat bedeit natierlech och op der anerer Säit och diplomateschen Drock, well dat ass deen eenzegen, sou kleng wéi mer och sinn, dee mer ausübe kënnen op de Staat Israel, fir mat deene Praktiken do opzehalen.

Duerfir, mir hunn déi heite Motioun mat ënnerschriwwen. Mir wäerte se evidenterweis mat ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech sot et virdru schonn: Ech mengen, datt een net muss an Aktivismus verfalen, virun allem net wat d'Unerkennung ugeet. Dat hätt ee virun 20 Joer solle maachen. Et hätt een et virun 20 Joer misse maachen. Et hätt een et viru 15 Joer kënne maachen. Et hätt een et virun 10 Joer kënne maachen. Et hätt een et viru 5 Joer kënne maachen.

An elo sollte mer et benotzen als och e gewëssent Verhandlungsmëttel, fir eebe genau dat ze erreechen, wat alles richteg an de Consideranten, an de Condamnatiounen, an de Rappellen, déi an där Motioun stinn, steet. Dat ass alles wichteg. Wann ech u sech déi Motioun liesen, vum „rappelant" iwwert de „condamnant" iwwert de „considérant", kann ech dat mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

An da komme mer bei den Invite, elo ouni Delai Palästina unzeerkennen, ouni eeben dat och nach eng Kéier ze notzen als Verhandlungsinstrument, wat een eebe bei der UN-Konferenz ka maachen. An dat ass da genau de Contraire vun deem, wat ech virdrun an der Ried gesot hunn. An dofir wäert Dir Iech net wonneren, datt mer eis bei där heite Motioun wäerten enthalen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Ech gesinn, datt elo weider keng Wuertmeldung méi am Sall ass.

An da géing ech d'Motioun Nummer 1 vum Här Cruchten zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An ech schléissen de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 18, Nee: 40, Abstentioun: 2. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 18 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par Mme Taina Bofferding), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Françoise Kemp), Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par M. Maurice Bauer), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par Mme Corinne Cahen), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Guy Arendt), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Mme Alexandra Schoos).*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

***Motion 2***

An da komme mer zur Diskussioun vun der zweeter Motioun, déi den Här Graas deposéiert huet. Här Graas, wëllt Dir d'Wuert direkt huelen? Dann hutt Der et elo.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, merci, Här President. Ech wollt se nach eng Kéier kuerz presentéieren. Wann een d'Consideranten hëlt, ass dat am Fong eng Opläschtung vun all deene wichtegsten historesche Momenter aus deene leschte 15, 20 Joer. Iwwregens

deckt dat sech zu engem gudden Deel mat der Motioun vun der LSAP. Duerfir ginn ech elo net méi am Detail drop an.

Bon, mee wat awer elo eisen Invite ubelaangt, deen ass natierlech méi prezis. Dee geet och an eng aner Richtung. Ech mengen, dee resüméiert am Fong geholl déi Positiounen, déi hei jo vun enger Rei Leit vertruede gi sinn.

Wéi gesot, déi Motioun hei ass am Numm vun der Majoritéit deposéiert ginn. Se ass de Moment och nach ënnerstëtzt vun de Kolleege vun de Piraten a vun der ADR. Se ass selbstverständlech nach op fir eng Signature.

Mee de Kärmessage vun dëser Motioun ass am Fong geholl deen, datt mer éischtens d'Regierung opfuerderen, aktiv un där Konferenz zu New York deelzehuelen, wat se jo schonn am Virfeld och zu engem gudden Deel gemaach huet, an natierlech eng objektiv Evaluatioun vun deem Paquet ze maachen. An doropshin, wa sech sollt erausstellen, datt deen equilibréiert ass, datt en an deem Sënn och kann arrêtéiert ginn, datt mer dee Moment géingen eis derfir ausschwätzen, datt de Staat Palästina och kéint unerkannt ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier, ech wëll dat elo wierklech betounen: Mir sinn hei awer wierklech an engem kruziale Moment ukomm. Net datt dat spéider eng Kéier vläicht falsch interpretéiert gëtt: Dee Paquet u sech muss a senger Globalitéit esou kënnen arrêtéiert ginn. Eréischt da kéint een als Lëtzebuerger Regierung respektiv Chamber respektiv Land d'accord sinn, enger Reconnaissance vu Palästina zouzestëmmen.

Ech soen Iech Merci. An ech wier frou, wéi gesot, wann och d'Kolleege vun der Oppositioun déi Motioun hei awer nach géinge mat ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas. Ech hunn zwou Wuertmeldungen. Den Här Cruchten, duerno d'Madamm Tanson. Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Och merci fir déi Motioun hei, déi elo näischt Schlëmmes an deem Sënn beinhaltet. Allerdéngs ass déi Kritick, déi jo virdrun eigentlech sech duerch déi ganz Interventioun gezunn huet, jo déi, dass mer hei e méi kloert Zeechen a Richtung vun der Unerkennung vun engem palästinensesche Staat verlaangen. Déi feelt hei natierlech komplett.

An dofir kënne mer se net matdroen. An ech wäert menge Kolleegen aus der Fraktioun proposéieren, dass mer eis bei dëser Motioun enthalen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Cruchten. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech wäert an déi selwecht Richtung argumentéieren. Bei de Considéranten ass näischt, wat eis stéiert. Mee bei den Invitte geet et eis definitiv net wäit genuch.

An da kënnt nach derbäi, deen zweeten Invite, do sot Der: „à évaluer le paquet de mesures qui sera préparé pour adoption comme document final par la Conférence et à se joindre, si ce paquet est jugé équilibré, à un groupe d'États, comprenant la France, qui choisiront le moment de la Conférence de haut niveau pour annoncer collectivement leur reconnaissance".

An dat ass e bëssen déi Suerg, déi mer hunn. Dat ass, dass mer ze vill just no deem kucken, wat aner Länner maachen. Hei gëtt och erëm Frankräich ernimmt. Dat heescht, wa Frankräich virugeet, da gi mer mat virun. Wa Frankräich zréckgeet, gi mer mat zréck. A mir denken, dass dat net dat richtegt Signal ass.

A mir wären immens frou ... Natierlech ass et gutt, wa vill Länner dat zesumme maachen. Mee wann elo net all déi Länner op deen dote Wee ginn, a vu déi Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, vu awer och dat, wat een an der Press mëttlerweil liest vu verschiddene vun deene Länner, deene grouss Länner, da gesäit et net esou aus, wéi wann elo do ganz vill Länner géinge mat op dee Wee goen. Soudass dat heite fir eis éischter erëm no bremse kléngt, wéi derno, wierklech wëllen zu enger Unerkennung vu Palästina ze kommen.

Duerfir wäerte mir eis elo hei enthalen. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Dann hunn ech den Här Baum an duerno den Här Mosar. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, och mir kënnen dës Motioun net matstëmmen. Wann den Här Graas virdru gesot huet, datt se prezis ass – oder méi prezis wier wéi déi éischt –, da muss ech awer soen: Entschëllegt, déi éischt, do stoung prezis dran, wat mer gär hätten, nämlech déi direkt Unerkennung vum Staat Palästina!

Hei steet iergendeppes dran, datt mer sollen „de manière active" a „substantielle" un der Ausaarbechtung vun engem finalen Dokument matschaffen an datt Lëtzebuerg konkreet – wéi eng gëtt awer net genannt – Contributioune soll maachen an datt dat dann, wann do zum Schluss iergendee Paquet sollt erauskommen, dee „jugé équilibré" ass – wat ass „jugé équilibré"? –, engem Grupp vu Staaten, wourënner Frankräich onbedéngt misst mat derbäi sinn, sollt virgeleucht ginn. Do soen ech: Mee dat ass de Contraire vu prezis! Also zumindest dat, mengen ech, misst Der eis agestoen.

An ech hu wierklech Problemer mat deem Text, well e gëtt der Regierung eigentlech d'Méiglechkeet, nach eng Kéier, fir näischt ze maachen! An ech hunn d'Gefill, wat mer méi hei iwwert den Israel-Palästina-Konflikt schwätzen an iwwert d'Unerkennung vu Palästina oder vun der Zweestaateléisung, wat mer vu Motioun zu Motioun ëmmer méi wäit ewechkomme vun deem, wat d'Chamber 2014 schonn eng Kéier votéiert hat. Soudatt ech souguer d'Tendenz hätt, déi heite Motioun carrement net ze stëmmen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci. Mir hunn déi Motioun mat ënnerschriwwen. Mir droe se also bien entendu mat. Ech mengen, wat hei ganz kloer ass: Mir sinn eis eigentlech an deem Haus alleguer eens iwwert d'Zil. D'Zil ass eng Unerkennung vu Palästina. Just, hei sinn eigentlech zwee Weeër, déi proposéiert ginn. Deen ee Wee vun de Kolleege vun der Oppositioun, dat ass direkt haut eleng eng Unerkennung ouni aner Länner. An dat anert ass dee Wee, dee vun der Majoritéit, vun der Regierung proposéiert gëtt: elo mol op New York ze goen, do ze kucken, wat fir eng Léisunge sech do opmaachen, an dann zesumme mat anere Länner zu enger Unerkennung ze kommen.

A mir hunn eng ganz kloer Preferenz fir deen zweete Wee, an dofir wäerte mer dës Motioun matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Mosar. Ech gesinn elo keng weider Wuertmeldung.

Da géing ech och dës zweet Motioun, déi vum Här Graas deposéiert ginn ass, zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 2***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 42 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 16 Abstentiounen. Dës Motioun ass also mat 42 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmme bei 16 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mmes Octavie Modert (par Mme Françoise Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par M. Maurice Bauer), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Fernand Etgen), Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Ben Polidori), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.*

An domat ass dëse Punkt vum Ordre du jour dann ofgeschloss.

## 5. Dépôt d'une motion par Mme Taina Bofferding

An ech hunn eng Wuertmeldung vun der Madamm Taina Bofferding fir den Depot vun enger Motioun, wann ech dat richteg verstanen hunn. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Taina Bofferding** (LSAP), auteure | Absolutt richteg, Här President. Wie gemengt huet, d'Parlament géif haut bei der normaler Dagesuerdnung bleiwen a mir géifen eis net mat den Diskussioune ronderëm d'Fussballswelt beschäftegen, ben, ech mengen, deen huet awer d'Ausmooss vum Skandal oder vun de Skandaler nach net verstanen, déi d'FLF sech säit méi wéi zwou Woche leescht. Well vun alle méiglechen Handlungsoptioune wiele si ëmmer déi schlechtsten aus.

Jo, en Nationalspiller ass wéinst häuslecher Gewalt verurteelt ginn, wann och op Sursis. D'Geriichter hunn hei geschwat. Bis haut huet de Concernéierte sech awer net wierklech ëffentlech entschëllegt oder ugedeit, dass en dat an iergendenger Form géif bereien. Säin éischte Statement war: „Only God can judge me." A ganz rezent huet en dann elo gepost, dass hie sech awer och als eng Aart Affer gesäit, a gëtt eigentlech indirekt senger Expartnerin d'Schold un där Gewalt, déi hien hir ugedoen huet.

Bon, wat mécht dann d'FLF? Fir hire Verwaltungsrot an hiren Nationaltrainer ass et dann déi normaalste Saach vun der Welt, wa Männer, déi Frae schloen, weider als Idol fir jonk Fussballspillerinnen

a Fussballspiller an d'Nationalekipp geruff ginn. Si trennen hei ganz bewosst de Profisportler vun der Privatpersoun a si banaliséieren domadder eebe Gewalt, d'Gewalt géint Fraen.

Ech wëll nach eng Kéier an enger ganzer Däitlechkeet soen: Häuslech Gewalt ass e gesamtgesellschaftleche Problem! Dat ass net e Problem, dee just d'Koppel betrëfft, eng Privatsaach, mee et betrëfft eis alleguerten a mir duerfen do d'Aen net zoumaachen!

Dann ass dat Theema an der Press, gëtt och vu Journaliste kritiséiert. Wat mécht d'FLF? Si wielt erëm déi schlechtste vun alle méiglechen Optiounen a luet dann de Journalist vun deem Point-presse aus. Och hei attackéiere se ganz bewosst d'Pressefräiheet.

D'Theema gëtt och vun der Politick opgegraff. E puer Politikerinne loosse sech net de Mond verbidden, soe ganz kloer, wat se dozou denken. Wat mécht d'FLF? Ben, si stellt eis blouss. Mir als gewielte Volleksvertriederinne ginn dann als „Pseudopolitikerinnen" duergestallt. Ben, il faut le faire! Ech mengen, dat ass u Frechheet an un Dreistegkeet wuel kaum ze iwwerbidden!

Virun zwee Deeg koum dann e Communiqué, ben, haaptsächlech wéinst dem Virfall mat deene Banneren. Dat weist awer ganz kloer, dass d'FLF-Leit eigentlech d'Saach nach guer net verstanen hunn an dass se an hirer eegener Welt liewen, wa si schreiwen, et hätt een déi Nominatioun jo gemaach no guddem Gewëssen, am Respekt vun dem legalen a sportleche Kader hätt een déi Decisioun geholl.

Nun, Dir Häre vun der FLF, hei geet et ëm Eethik, hei geet et ëm Réckgrat, a virun allem geet et drëms, déi Wäerter, déi eis alleguerten als Gesellschaft wichteg sinn, och um Spillfeld ze verteidegen.

Leschten November hat ech och schonn d'Theema an enger Question élargie opgeworf, wou de Sportsminister mer geäntwert huet, dass d'Verteidegung vun de Wäerter am Sport en Theema ass, wat him och ganz no läit, an en huet och confirméiert, dass d'Reform vun der ALAD mat zousätzleche Missiounen, wéi et jo schonn an der viregter Regierung ugestouss gouf, soll weidergefouert ginn, d'national Strategie zum Safeguarding soll ausgeschafft ginn, wéi och e Code de bonne conduite.

Elo an der Mëttesstonn koum dann e Communiqué vun der FLF. Nodeem scho ganz vill Porzeläi gebrach gouf, schénge se dann elo d'Flucht no vir ze huelen a wëllen dann eng eegen Eethikskommissioun opsetzen. Bon, le mal est fait, an ech mengen, si weise grad, dass et eeben net soll an déi Richtung goen, dass jidderee seng eegen Zopp kacht a jiddereen elo eng eegen Eethikskommissioun oder en eegene Code de conduite soll opstellen. Et ass wichteg, dass mer alleguerten hei zesummen en Zeeche setzen, dass mer alleguerten hei zesummen un engem Strang zéien.

An dofir eeben dës Motioun, déi ech am Numm vun der CSV, der DP, der LSAP, de Gréngen, deene Lénken an de Piraten deposéieren, wou mer hei d'Regierung wëlle weider doranner ënnerstëtzen, eeben déi national Strategie zum Safeguarding ze finaliséieren, derfir ze suergen, dass déi Charte des valeurs soll ëmgesat ginn, eeben, wéi ech gesot hunn, net jidderee soll seng eegen Zopp kachen, mee hei sollen universal Reegele gëllen. Zesumme mat de Federatiounen, mat de Sportveräiner an de Clibb soll dëst ausgeschafft ginn. Genausou wéi de Code de bonne conduite eebe Wäerter, eethesch Reegelen, virschreiwe soll, déi et dann och gëllt ze applizéieren. Da wëlle mer och, dass d'Aiden an déi staatlech Subventiounen un d'Federatiounen an d'Veräiner och un dës Charte musse gekoppelt ginn, well soss, mengen ech, ass de Pabeier näischt wäert, wa keng Konsequenze kommen. An dofir, wa festgestallt gëtt, dass déi Charte feelt respektiv net applizéiert gëtt, da sollen och Sanctioune virgesi sinn.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, am Sport zielt et net nëmmen, kierperlech Leeschtungen ze bréngen, Efforten ze maachen, mee et ass och wichteg, dass mer déi Wäerter, déi eis als Gesellschaft zesummenhalen, héichhalen an dass mer och derfir suergen, dass se eeben um Spillfeld ëmgesat ginn, dass se verteidegt ginn.

An dofir e grousse Merci fir dëse Support. An ech fannen et e ganz staarkt Zeechen, dass d'Parlament hei zesummen en Zeeche setzt. Merci.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant la décision de la Fédération luxembourgeoise de Football (FLF) de sélectionner, pour l'équipe nationale de football dans le cadre d'un match d'amitié, un joueur condamné en instance d'appel à une peine de 18 mois d'emprisonnement assortie d'un sursis probatoire, reconnu coupable, entre autres, de faits de violences volontaires sur son ex-compagne ;*

*– considérant que cette décision a suscité une large indignation dans la société luxembourgeoise, dans les médias et par la classe politique nationale, en raison de la portée symbolique de cette sélection en raison notamment du non-respect flagrant envers les victimes ;*

*– considérant que le fait de représenter son pays au plus haut niveau implique une conduite exemplaire et confère une responsabilité particulière en tant que modèle pour la jeunesse et pour l'ensemble de la société ;*

*– constatant non seulement l'absence d'excuses de la part du joueur concerné, tant envers la victime que publiquement, mais également les réactions inappropriées de la FLF face aux critiques émanant de la presse, la politique et la société civile ;*

*– rappelant le principe fondamental de la liberté de la presse ;*

*– considérant que la FLF a manqué à la mission sociale et éthique qui incombe à toute fédération sportive dans une société démocratique, et que de tels comportements et manquements sont incompatibles avec les valeurs fondamentales que le sport est censé incarner et promouvoir ;*

*– considérant que le Gouvernement soutient financièrement les fédérations et les clubs sportifs, et qu'il lui incombe de veiller à leur exemplarité et à leur intégrité ;*

*– rappelant que l'accord de coalition prévoit que « pour garantir l'intégrité dans le sport, le Gouvernement s'engage à réformer l'Agence luxembourgeoise antidopage (ALAD) et à élaborer une stratégie nationale de safeguarding dans le sport »,*

*invite le Gouvernement*

*– à finaliser l'élaboration de la stratégie nationale de safeguarding dans le sport, telle que prévue dans l'accord de coalition 2023-2028 ;*

*– à établir, en collaboration avec les et à destination des fédérations, clubs et autres structures sportives, une Charte des valeurs et un Code de bonne conduite comprenant des règles d'éthique, telles que le respect des droits fondamentaux comme la dignité humaine, l'égalité des genres et la liberté de la presse, auxquels l'adhésion sera obligatoire, afin de garantir des comportements irréprochables tant de la part des sportifs que des instances dirigeantes ;*

*– à conditionner toute aide ou subvention publique versée à des fédérations, clubs ou autres structures sportives au respect effectif de cette charte ;*

*– à prévoir, en cas de manquement, des sanctions à l'encontre des fédérations, clubs ou autres structures sportives qui ne prendraient pas les mesures appropriées.*

*(s.) Taina Bofferding, Marc Baum, Marc Goergen, Mandy Minella, Nathalie Morgenthaler, Joëlle Welfring.*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bofferding.

## 6. Ordre du jour (suite)

Ech ginn dervunner aus, datt jiddwereen déi Motioun kennt a gelies huet.

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

Wann dat net de Fall ass, da maache mer et esou, datt mer elo d'Heure d'actualité huelen, da ka jiddweree Connaissance dovunner huelen, an datt mer se duerno direkt diskutéieren an ofstëmmen. An da komme mer zum nächsten ... Wann Der domat d'accord sidd, Madamm Bofferding, datt mer dat esou maachen.

*(Assentiment)*

Da maache mer dat esou.

## 7. Heure de questions au Gouvernement

An da géinge mer zu dem nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, an zwar der Heure de questions au Gouvernement. Ech wëll just soen, datt mer déi klassesch Uerdnung, déi mer hunn an der Heure de questions, d'Reiefolleg vun deenen eenzelne Froen, dës Kéier net agehalen hunn, dat och mam Accord vun der Conférence des Présidents, well d'Regierungsmemberen am Fong initialement sech Zäit reservéiert haten an eiser normaler Stonn, wou mer vu 14.00 bis 15.00 d'Heure de questions hunn, an do aner Obligatiounen haten, soudatt mer déi Uerdnung e wéineg anescht gemaach hunn, fir all d'Froen dropzekréien.

Dat just zur Rektifikatioun, firwat mer haut dann och mat der Fro Nummer 240 vum Här Marc Baum vun deene Lénken un den Här Sportsminister ufänken, déi a sech iwwert d'Virfäll geet, déi e Freiden, de 6. Juni 2025 am Stade de Luxembourg stattfonnt hunn. Dat passt jo och an de Suivi vun deem, wat virdru gesot ginn ass. Dofir huet den Här Baum fir déi Fro dann elo direkt d'Wuert. Här Baum.

**– Question n° 240 du 10 juin 2025 de M. Marc Baum relative aux événements survenus au Stade de Luxembourg le vendredi 6 juin 2025, adressée à M. le Ministre des Sports**

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech war net drop gefaasst, datt ech esou séier géif drukommen. Ech soen awer Merci, datt dann och e „Pseudopolitiker", nieft esou villen aneren heibannen, awer d'Wuert däerf ergräifen. Also dat, wat – an d'Madamm Bofferding huet dat virdru scho gesot – d'FLF sech an deene leschten zwou Woche geleescht huet, ass méi wéi fragwürdeg.

Engersäits natierlech à la base dovunner, datt en Urteel wéinst häuslecher Gewalt op eemol als Privatsaach klenggeschwat gëtt. Duerno sinn d'Presse- an d'Meenungsfräiheet a Fro gestallt ginn. Duerno ass et zu Beleidegunge komm géint virun allem Politikerinnen, nämlech Fraen, déi sech manifestéiert hunn. An dann den trauregen Héichpunkt war virun e puer Deeg dee Virfall am Stadion, wouriwwer ech den Här Minister wollt froen.

Et ass nämlech esou gewiescht, datt do Banderollen opgehaange goufen. Déi Banderolle goufe gewaltsam erofgerappt, wat och zu Verletzunge gefouert huet. Eng eeler Damm huet e Fanger gebrach kritt.

An ech hu mer dunn natierlech d'Fro vun der Responsabilitéit gestallt an ech hu mer och de Règlement interne vum Stade de Luxembourg ugekuckt, wou drasteet, datt den Organisateur – an deem Fall ass dat jo dann d'FLF – komplett fir d'Sécherheet vun allen zoustänneg ass wärend de Matcher an dass en all Reglementer a Gesetzer, déi am Land gëllen, muss respektéieren, awer och international Recommandatiounen, déi fir esou sportlech Evenementer uwendbar sinn.

Op deene Banderollen, ëm déi et gaangen ass, ass et net ëm en Opruff zur Diskriminatioun vu bestëmmte Persounegruppe gaangen a se haten och kee politeschen oder reliéise Charakter, wat et hätt kënne rechtfertegen.

Duerfir meng Fro un de Sportsminister: Kënnt Dir aktuell evaluéieren, ob d'FLF, iwwer hir Sécherheetsdéngschter, e Freide geltend Sécherheetsnormen an eisem Land respektéiert huet? A wann net, wat wiere Mesüren, déi Dir wéilt huelen?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Dann huet den Här Sportsminister d'Wuert. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Mischo,** Ministre des Sports | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, den Här Baum an ech sinn net dacks enger Meenung, awer dës Kéier si mer 100 % enger Meenung, an ech géif souguer soen, ech géif e Schrëtt méi wäit goen. Dir hutt vu „fragwürdegen" Evenementer geschwat. Ech géif dervu schwätzen, dass dat inakzeptabel Evenementer waren.

Ech ginn nach eng Kéier e bëssen d'Chronologie duerch. Den Här Rodrigues ass nominéiert gi vum Nationaltrainer, nodeem en de 25. Mäerz fir d'lescht fir d'Nationalekipp gespillt huet. An ech mengen, et wier kengem en Zack aus der Kroun gefall, wann en dës zwee Lännermatcher, wat Fréndschaftsmatcher sinn, net gespillt hätt. An dat wier e klengt Zeeche gewiescht. Et hätt een och vill méi e grousst Zeeche setzen an e mol sechs Méint net spillen loossen oder guer net méi spillen loosse kënnen. Dat ass déi éischt Episod gewiescht.

Déi zweet Episod war, dass e Journalist vun enger Dageszeitung vun enger Pressekonferenz, oder engem Point-presse, ewechgedréckt ginn ass a gesot ginn ass, e wier net méi do erwënscht. Komplett inakzeptabel! D'Pressefräiheet ass zu Lëtzebuerg ee Pilier vun der Demokratie, an dee muss bestoe bleiwen. Egal ob ee kritesch Froe gestallt kritt oder Froe gestallt kritt, déi engem net esou passen, ass et einfach inakzeptabel, dass do e Journalist dann net däerf deelhuelen!

Dann, drëtt Episod: Kolleeginnen a Kolleegen heibannen als „Pseudopolitiker" ze bezeechnen, war e fermen Ausrutscher, deen ech och mam President vun der FLF nach diskutéiert hunn.

An dann, Cerise sur le gâteau, wéi een esou schéi seet: en Evenement am Stadion, wou ech och present war. Ech war de Match kucken. Firwat war ech e kucken? Fir nach eng Kéier an d'Gespréich mam FLF-President ze kommen. An ech hat dann, entre guillemets, „d'Chance", deen Evenement do matzekréien, dass Banderollen do ewechgerappt gi sinn.

Et ass esou, dass déi Leit, déi do protestéiert hunn, op der Géigentribün waren, sech bemierkbar gemaach hu mat hire Banderollen, och mat gréissere roude Kaarten, wat awer guer net zu Tumulter gefouert huet an och keng Aggressioun war, a leider, leider do d'Decisioun geholl ginn ass, d'Sécherheetsfirma anzeschalten, fir déi Banderollen ewechzekréien an déi Leit dann och vum Terrain ewechzekréien. Wat natierlech geschitt ass, ass, dass eng Madamm de Fanger gebrach huet. Anscheinend huet eng aner Madamm och nach d'Hand verstaucht oder e Fanger verstaucht, ech weess et net. Och dat ass komplett inakzeptabel!

D'Meenungsfräiheet ... An ech hat et schonn eng Kéier elo am Radio gesot: Wa mer am Internationalen ufänken, iwwerall Banderollen ewechzehuelen, wann iergendee seng Meenung ausdréckt, da gi verschidde Matcher guer net méi gespillt. Ech erënneren drun, dass souguer an der Bundesliga bei grousse Veräiner hir eege Leit mat Banderollen, jo, a Fro gestallt ginn, attackéiert ginn, an déi ginn dann net gewalttäteg do ewechgeholl.

Dat war am Fong geholl dunn, jo, d'Kiischt um Kuch. Ech hunn och gefuerdert, dass do Entschëllegunge géife kommen. Déi zu deem Virfall vum Stadion vum 6. Juni ass elo och komm. Et gëtt och elo eng Eethikkommissioun an d'Liewe geruff vun der FLF. An do hoffen ech awer ganz staark, dass an där Eethikkommissioun och Frae mat derbäi sinn.

*(Interruptions)*

Dass minimum d'Hallschent vun deene Leit, déi do an där Eethikkommissioun sinn, Frae sinn. Well net nëmmen d'Eethikkommissioun, mee och eis Fussballnationalekipp vun den Dammen, an dat hunn ech och gesot, ass leider ze kuerz komm duerch déi véier Evenementer do, déi permanent an der Press waren. An de grousse Succès vun eisen Dammen, dass déi sech fir d'B-Grupp vun der Nations League qualifizéiert hunn, ass komplett ënnergaangen. Och hefteg ze bedaueren!

An da wëll ech awer och nach eng Kéier op déi verschidden Entschëllegungen zréckkommen. Ech hunn et och schonn um Radio eng Kéier gesot gehat: Wann ee gären eng zweet Chance hätt, da muss ee sech menger Meenung no emol fir d'éischt eng Kéier entschëllegen. An da kann ee mol eventuell iwwer eng zweet Chance schwätzen.

Dat ass hei och net geschitt. A wéi gesot, déi dote Virfäll, déi Episoden, sinn einfach e kommunikatiounstechnescht Desaster. An ech mengen, do muss d'FLF wierklech elo selwer mat sech an d'Gebiet goen, fir dat dote mol riichtzebéien.

Ech hunn och de Moien als Sportminister decidéiert, de Subsid „Nation Branding" vun der FLF dëst Joer net ze accordéieren, well dat ass jo d'Erscheinungsbild vun enger Nationalekipp no baussen, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och am Ausland. Mir haten nämlech de Pleséier, wann ech dat esou däerf soen, op sportschau.de an och beim Kicker Artikelen ze kréien. Dat heescht, déi dote Virfäll sinn am Ausland och enregistréiert ginn. Ech weess elo net, wéi et mat deem Virfall elo e Freiden um Match war, ob deen dann och elo nach eng Kéier thematiséiert gëtt. Dofir ass dat Erscheinungsbild, wat mer hei als Natioun oder als Nationalekipp ofginn hunn, einfach desastréis. An dofir ass dee Subsid dëst Joer fort.

Ech soen elo net, dass e fir éiweg fort ass. Ech mengen, da soll een do awer dann der FLF eng zweet Chance ginn. Si hu jo elo mol de Schrëtt gemaach, fir eng Eethikkommissioun anzeberuffen, mee mir wäerten awer komplett d'nächst Joer dat doten op de Leescht huelen, fir ze kucken, ob se da fir 2026 a Fro kommen, fir dee Subsid do ze kréien. Mee de Subsid fir 2025 ass domadder fort.

An ech hoffen natierlech ganz, ganz staark, dass et elo endlech fäerdeg ass, dass eis Nationalekipp hir Matcher kann normal spillen, dass keng Episod méi derbäikënnt.

An da fir op Är Fro ze äntweren, Här Baum: Jo, also d'FLF ass natierlech als Organisateur vun de Lännermatcher responsabel. An ech muss soen, dass den Dispositif, deen do opgefuer gëtt vu Sécherheetspersonal an och Police, awer den UEFA-Reegelen entsprécht. Dat heescht, d'UEFA gëtt eng gewëssen Zuel vu Sécherheetsleit an och Police vir. An do huet d'FLF awer elo kee Feeler gemaach. Dat ass schonn ëmmer selon les règles de l'art. Do kann een hinnen elo kee Virworf maachen.

Bei deenen anere véier, ech mengen, do hu mer elo en long et en large driwwer geschwat. An ech hoffen natierlech am Sënn vum Sport an natierlech och am Sënn vum Fussball, an et si ganz, ganz vill Kanner a Jugendlecher, déi eis Nationalspiller als Virbild hunn, och eis Nationalspillerinnen als Virbild hunn, dass et elo méi roueg ronderëm d'FLF gëtt an dass déi sech och kritesch hannerfroen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Sportsminister Merci.

An déi nächst Fro, d'Fro Nummer 231, ass vun der Madamm Françoise Kemp un d'Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul iwwert d'CDI-Poste fir Chercheure vun der Uni Lëtzebuerg am aktuelle geopolitesche Kontext. Madamm Kemp, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 231 du 10 juin 2025 de Mme Françoise Kemp relative aux postes de CDI pour chercheurs auprès de l'Université du Luxembourg dans le contexte de la situation géopolitique actuelle, adressée à Mme la Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur**

**Mme Françoise Kemp** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun de rezente Verwerfungen tëschent den Elitteunien an den USA an der Trump-Regierung stelle sech eng Rei Froe fir d'Lëtzebuerger Studenten, déi an d'USA wëlle studéiere goen, souwéi fir d'Fuerscher vun den amerikaneschen Unien a Fuerschungszentren.

Erfueren US-Wëssenschaftler warnen, datt Fuerscher méiglecherweis d'USA verloossen, fir am Ausland méi stabill Karriärsméiglechkeeten a besser Aarbechtsbedingungen ze fannen. Dorauser ergi sech Opportunitéiten, fir Talenter aus den USA op Lëtzebuerg ze kréien.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

Zu de Studenten: Gesitt Dir Risike fir d'Participatioun vu Lëtzebuerger Studenteprogrammer mat amerikaneschen Universitéiten a Partnerinstitutiounen? Gëtt et vum Ministère oder vun den zoustännege Strukturen e Monitoring-Dialog mat den amerikaneschen Autoritéiten oder EU-Partner, fir déi Situatioun ze begleeden an eventuell Alternativen ze erschaffen?

Zu de Fuerscher: Huet d'Regierung eng Strategie, fir de Fuerscher méi stabill Aarbechtsbedingungen ze bidden, zum Beispill CDIen, an domat d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze promouvéieren? Hält d'Regierung un der Praxis fest, no maximal 60 Méint CDD eng obligatoresch Karenzzäit vun 18 Méint ze verlaangen, ier en neie CDD ka geschloss ginn, oder ginn Alternativen zu dëser Praxis iwwerluecht?

Merci fir Är Äntwerten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Kemp. An dann huet d'Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul d'Wuert. Madamm Ministesch.

**Mme Stéphanie Obertin,** Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur | Merci, Här President. Merci, Madamm Kemp, fir dës Fro. Als Éischt wéilt ech op d'Zuelen agoen, wivill CDDen a CDIen et bei der Universitéit Lëtzebuerg Enn 2024 gouf. Insgesamt hat d'Universitéit eng ronn 2.500 Équivalents temps plein, also ETPen, wouvun der ronn 1.120 e CDI haten an 1.380 e CDD, also e Ratio vu 45 % CDI a 55 % CDD, deen och an deene leschten dräi Joer net geännert huet.

Dat schéngt am éischten Abléck, wéi wann d'Universitéit proportionell gesi vill CDDen hätt, mee dat kann een domat erklären, dass vun deenen 1.380 ETPen, déi e CDD hunn, eng 680 Doktoranden a 450 Postdoktorande sinn, also insgesamt 1.130 jonk Fuerscher. Déi jonk Fuerscher maachen entweeder nach eng Formation de troisième cycle, wat zu engem Diplôme de doctorat féiert, oder kommen oft nom Doktorat vun enger auslännescher Universitéit, fir op der Universitéit Lëtzebuerg un engem Fuerschungsprojet matzeschaffen.

CDIe gëtt et virun allem bei den Universitéitsproffen, wat bei der Universitéit eng ronn 300 ausmécht, mee och bei enger Rei vu Maîtres-assistants, déi schonns eng gutt Erfarung an der Fuerschung an an der Léier hunn. De Rescht vun de CDIe fënnt ee beim administrativen an technesche Personal.

D'Universitéit Lëtzebuerg ass eng international ausgeriicht a rekrutéiert och international. Am Sënn vun der Talentattraction sinn natierlech Fuerscher aus der ganzer Welt wëllkomm a sinn eng Beräicherung fir d'Universitéit Lëtzebuerg.

Net méi spéit wéi leschte Freiden huet de Conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg Gréng Luucht gi fir néng nei CDI-Professerposten, wou d'Rekrutement an den nächste Woche wäert ulafen.

Ofschléissend kann ee soen, dass d'Universitéit Lëtzebuerg lues a wuessenden Interêt vu Fuerscher an den USA gesäit, fir hir Kandidatur bei der Universitéit Lëtzebuerg ze stellen. A mir wäerten dës Evolutioun natierlech an den nächste Méint a Jore verfollegen.

Wat d'Lëtzebuerger Studenten op den amerikaneschen Unien ugeet, studéiere laut Statistike vun den Aides financières 175 Studenten, déi zu Lëtzebuerg wunnen an eng Studiebäihëllef vum Staat kréien, an den USA. Bezüglech der Decisioun vun der USA-Regierung, fir keng nei Visa-Interviewen ze programméieren, kënne mir zu dësem Zäitpunkt net vill soen, well onkloer ass, wéi laang dës Paus soll sinn a wéi dat sech op d'Admissioun vun internationale Studente fir dat nächst akademescht Joer soll auswierken.

Deene Studenten, déi fir dat nächst Joer an den USA wëlle studéieren, rode mir, sech bei der amerikanescher Ambassade ze renseignéieren iwwert déi méiglech Auswierkungen op hire Prozess, fir de Visum unzefroen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch.

Déi nächst Fro, dat ass d'Fro Nummer 232 vum Här Dan Biancalana un d'Madamm Justizministesch iwwert d'Analys- an d'Evaluatiounsinstrumenter, déi vum SCAS am Kader vu senge geriichtleche Missioune benotzt ginn. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 232 du 10 juin 2025 de M. Dan Biancalana relative aux outils d'analyse et d'évaluation utilisés par le SCAS dans le cadre de ses missions judiciaires, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Mee dëst Joer huet en Artikel an der Press fir vill Oprou gesuergt. Eng Persoun, déi notamment wéinst pedophillem Verhalen ugeklot ginn ass, huet eng Bün kritt, fir hir Vue als Täter kënnen duerzestellen, wat och fir immens vill Kriticke gesuergt huet.

Et ass e Fall, dee vill Froen opwerft, virun allem wat de Jugendschutz ugeet. An ouni ze vill op de Fall anzegoen, wollte mer hei als LSAP op den Aspekt vun der Appreciatioun ronderëm d'Risikoaschätzung agoen.

Haut war och op RTL en Artikel, wou den OKaJu d'Methoden an d'Virgeeëensweis vum SCAS bei der Evaluatioun vun Dossieren, déi de Parquet dem SCAS am Kader vun enger Enquête weidergëtt, kritiséiert. A virun allem stéisst den OKaJu sech hei um Verständnis vum Kindeswohlergehen.

Beim OKaJu priméiert virun allem de Principe de précaution an der Virsiicht par rapport zum Kannerschutz, an de SCAS, natierlech laut dem Artikel vum RTL, baséiert sech do op eng aner Approche. An an dësem Fall war jo och de SCAS zu der Konklusioun komm, dass keng akut Gefor géif bestoen.

De SCAS ass als Service vum Parquet général e Service, deen eng Expertis huet an oft mat schwieregen a komplexe Situatioune befaasst gëtt, also och muss kënnen aschätzen, fir duerno och e professionellen an eclairéierten Avis un d'Justizautoritéite kënne weiderzeginn, déi dann natierlech och unhand vun nach weideren Elementer an Informatiounen eng Decisioun huele mussen, punkto Jugendschutz an awer och Täterbetreiung.

An dofir wéilt ech e puer generell Froen hei un d'Justizministesch stellen: Wat kritt de SCAS am Virfeld vu sengen Interventioune vun Informatioune vun de Justizautoritéiten? Wat genee sinn d'Outils d'analyse et d'évaluation, déi de SCAS huet, respektiv wéi eng Methode stinn him zur Verfügung a went en deementspriechend un? Wat sinn och d'Krittären, op déi de SCAS sech baséiert, fir Situatiounen ze beurteelen, ob e Kand a Gefor ass oder net respektiv d'Risikoaschätzung par rapport zu engem Täter? A wéi ass et, mengen ech, och e bësse méiglech, doriwwer eraus eng méi koordinéiert a concertéiert Jugendschutzpolitick ze maachen? A virun allem och: Wéi eng Strofverfollgungspolitick soll géigeniwwer Sexualstroftäter gemaach ginn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Biancalana. Dann huet d'Madamm Justizministesch d'Wuert. Madamm Minister.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci, Här President. An och merci fir d'Fro. Bon, als Éischt géif ech awer och ganz gär ënnersträichen, datt de Schutz vun de Kanner an och de Kampf géint d'Pedokriminalitéit dëser Regierung ganz wichteg ass an et mer och wichteg ass, datt d'Justizautoritéiten an och d'Policeautoritéiten déi néideg technesch, legal an och human Moyenen hunn, fir dës Zort vu Kriminalitéit kënnen ze bekämpfen.

An an deem Sënn hu mer jo schonn eng Rei Mesüren och zesumme mat Iech geholl, fir souwuel der Police wéi och der Justiz méi Moyenen ze ginn. A mir schaffen, wéi gesot, och nach weiderhin un Adaptatioune vum Code de procédure pénale, fir datt och d'Prozeduren esou effikass wéi méiglech sinn.

Bon, Dir hutt effektiv elo déi Fro opgeworf vun engem ganz konkreete Fall, deen an der Lescht fir vill Onverständnis an Diskussioune gesuergt huet. Bon, Dir wësst, datt opgrond vun der Gewaltentrennung de Justizministère keng Informatiounen iwwert dës konkreet Affär huet. An et ass souwisou och eng Affär, déi nach net ofgeschloss ass vun der Justiz. Et ass och esou, datt am Beräich vum Jugendschutz – an ech mengen, dat ass och wichteg – eng ganz Rei Informatiounen net kënnen ëffentlech gemaach ginn, notamment och den Inhalt vun enger Enquête sociale, well d'Jugendschutzgesetz dat verbitt, fir eeben och de concernéierte Mineur ze schützen.

Ech denken awer, datt et ganz wichteg ass, datt mer d'nächst Woch déi Entrevue och hunn am Kader vun der Justizkommissioun, wou d'Vertrieder vum Parquet och wäerte kommen – dat ass op Demande vun der Madamm Tanson –, wou mer eis och genau kënne mat deenen dote Froe beschäftegen, déi Dir haut opgeworf hutt.

Ech géif mer vläicht erlaben, bis dohinner e puer konkreet Informatiounen ze ginn, wéi de SCAS fonctionéiert. De SCAS ass, wéi gesot, e Service vum Parquet général, deen nëmmen op Demande vun de Justizautoritéite schafft. An da mécht en eeben déi sougenannten Enquête sociale. D'Iddi ass déi, datt en e kompletten Iwwerbléck kritt iwwert d'Situatioun vum Mineur, fir eebe grad kënne seng Sécherheet a säi Wuelbefannen ze assuréieren.

An deem Sënn geet den Agent vum SCAS dann och bei d'Famill heem. Hie schwätzt an éischter Linn mam Kand selwer, mee awer och mat de Membere vun der Famill, fir d'Familljendynamik ze verstoen a fir och ze kucken, wat d'Risikoe sinn, deenen de Mineur kéint ausgesat ginn. Doriwwer eraus schwätzt en awer och nach mat enger ganzer Rei Professionellen aus dem sozioedukative Secteur, wéi zum Beispill Enseignanten, Educateuren, mee awer och dem Office social, dem SePAS oder anere Servicer. An duerno stellt e säi Rapport op, deen en dann un d'Justiz weidergëtt. Fir d'Justizautoritéiten ass dat en zentraalt Element, opgrond vun deem se kënne Schutzmesüren decidéieren, fir genau der spezifescher Situatioun an de Besoine vum Mineur Rechnung ze droen.

Et ass wichteg ze betounen, datt déi Agenten, déi dës Aarbecht maachen, natierlech speziell forméiert a spezialiséiert sinn, soudatt dat schonn experimentéiert Leit sinn. Wann Der kuckt: Beim SCAS schaffen 146 Leit, wouvun der eleng 54 am Service vun den Enquête-socialle schaffen. Dat sinn 49 Assistant-sociallen, 3 Psychologen an 2 Kriminologen. Si schaffen, wéi gesot, exklusiv just op den Enquête-sociallen an hunn an deem Sënn och eng Erfarung an dësem Domän a kënnen oft mat der néideger Sensibilitéit déi komplex Situatiounen erkennen an och dann déi néideg Elementer an hire Rapport iwwerhuelen. An opgrond vun dësem Rapport ginn dann d'Decisioune geholl.

Et ass mer, wéi gesot, wichteg, datt mer kënnen an der Chamberskommissioun de manière générale zesummen doriwwer schwätzen, wéi an dësem Fall virgaange ginn ass an och an anere Fäll a wéi de SCAS schafft. An da musse mer all gemeinsam déi néideg Konklusiounen aus deenen Aussoen zéien, déi mer dann dee Moment wäerte kréien.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 233 vun der Madamm Mandy Minella un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet iwwert d'homologéiert Aide-soignanten, déi am Fleege- a Betreiungssecteur schaffen. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 233 du 10 juin 2025 de Mme Mandy Minella relative aux aides-soignants en homologation travaillant dans le secteur d'aide et de soins, adressée à Mme la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**Mme Mandy Minella** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, baséierend op Zuele vun 2023 schaffen an eisem Land 4.344 Aide-soignanten. Si leeschten an eisem Gesondheets- a Fleegesecteur eng wäertvoll Aarbecht a verbrénge mat déi meeschten Zäit mam Patient.

Rezent gouf mir elo zougedroen, dass sech verschidde Prestatairen am Fleegesecteur mat engem eeschte Problem konfrontéiert gesinn. Well et bei den Aide-soignanten zanter Joren um néidege Personal feelt, ginn oft och Aide-soignants en formation an Aide-soignants en homologation agestallt.

Nach bis d'lescht Joer bestoung de Problem, dass d'Prestatairen am Fleegesecteur de Remboursement vun der CNS fir en Aide-soignant en formation an en Aide-soignant en homologation verléiere kéinten, dëst, well dës béid Bezeechnungen net am dofir noutwennege Règlement grand-ducal opgelëscht waren.

Am Mäerz dëst Joer goufen dunn d'Aide-soignants en formation an dëse Règlement grand-ducal derbäigesat, wat hire Remboursement weider garantéiert. D'Aide-soignants en homologation, déi iwwer e fäerdegen Diplom verfügen, goufe leider net bäigefüügt.

Dat kéint zur Konsequenz hunn, datt d'Prestatairë fäerdeg ausgebilt Leit entloosse mussen, trotz akuter Penurie, an eventuell am Virfeld accordéiert Remboursementer vun der CNS zeréckbezuele mussen, wat mat schwéiere finanziellen Abousse verbonne wier.

Dowéinst wollt ech der Madamm Minister fir Sozialversécherung follgend Froe stellen: Ass gewosst, wéi vill Aide-soignants en homologation aktuell am Fleegesecteur schaffen? An ass d'Madamm Minister gewëllt, d'Aide-soignants en homologation och an den uewe genannte Règlement grand-ducal opzehuelen, sou wéi dat och fir d'Aide-soignants en formation geschitt ass? A falls net, aus wéi enge Grënn?

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Dann huet d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a fir sozial Sécherheet d'Wuert. Madamm Ministesch.

**Mme Martine Deprez,** Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Merci, Här President. A merci och der Madamm Deputéiert fir dës Fro. Jo, eist Fleegepersonal ass wichteg. Mir brauchen d'Fleegepersonal. Mir brauche jiddwereen, deen um Terrain schafft. An neen, et ass net richteg, datt do wäerte Leit entlooss ginn. Mir brauchen déi alleguerten.

An deem Sënn wëll ech berouegen: Jo, dat d'Reglement, wat ugeschwat ginn ass, ass à jour gesat ginn de 25. Mäerz, ass och schonn à jour gesat ginn den 18. September 2018 an ass och schonn à jour gesat ginn de 27. August 2024. Well reegelméisseg mécht d'CNS Plausibilitéitskontrollen an da mussen d'Prestatairë weisen, wat d'Qualifikatioun ass vun deene Leit, déi do schaffen. A wann d'CNS der Meenung ass, datt déi net ënnert d'Reglement falen, da musse Remboursementer gemaach ginn.

Do war dann un eis erugedroe ginn, relativ séier wéi ech am Amt war, datt do den Aide-soignant en formation elo misst bäigesat ginn. Deen hu mer dunn direkt bäigesat. Dat huet awer e bësse gedauert, well de Staatsrot Bedenken hat an esou weider an esou fort. Do hu mer e bësse mussen diskutéieren.

Elo kierzlech ass dunn nach eng Kéier Bescheed gesot ginn, datt nach eng Formatioun feelt. An dat ass eeben déi, déi Der ugeschwat hutt, den Aide-soignant en voie d'homologation.

Wat heescht dat? Ech weess net, ob jiddwereen hei am Haus weess, wéi eng Leit do betraff sinn. Dat si Leit, déi en Diplom am Ausland gemaach hunn. En Aide-soignant kritt keng Reconnaissance automatique. Dat heescht, da musse mir zesummen an enger Kommissioun mam Schoulministère kucken, ob dat eiser Formatioun hei am Land entsprécht. Wann dat net de Fall ass, da mussen déi Leit zousätzlech Formatiounen, zousätzlech Stagë maachen. An dat ka bis zu engem Joer, annerhallwem Joer daueren. An déi schaffen dann awer um Terrain, kënnen Actes essentiels de la vie maachen, kënnen déi Akte maachen, fir déi se ausgebilt sinn, mee kënnen d'Akten net alleguerte maachen. A jo, mir wäerten esou séier wéi méiglech déi bäisetzen.

Merci fir d'Fro.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister.

Da komme mer zur nächster Fro, der Fro Nummer 234 vum Här Fred Keup un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Vitesslimitatiounen op den Autobunnen. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 234 du 10 juin 2025 de M. Fred Keup relative à la limitation de la vitesse sur les autoroutes, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Viru laange Joren ass decidéiert ginn, d'Diddelenger Autobunn auszebaue vun zwou Spueren op dräi Spueren op all Säit. Dat dauert schrecklech laang. Elo hu mer dräi an en hallwe Kilomeeter vun am Ganzen zwielef Kilomeeter, déi fäerdeg sinn. An dat Ganzt soll, wann ech mech net ieren, eréischt am Joer 2030 fäerdeg sinn.

D'Leit hunn do vill Hoffnungen dru geknäppt, dass de Verkéier da géif besser lafen, well een eng Spuer méi huet, och fir den Transitverkéier esou zum Beispill besser ze ëmgoen. Mee esou ass et awer net komm.

Wie geduecht hat, dass et elo besser wier, méi einfach wier, vun A op B ze kommen, wéi dat am Fong geduecht ass bei enger Autobunn, deen huet sech geiert. Et geet am Fong hei drëms, dass op där drëtter Spuer d'Reservatioun ass fir Bussen a fir Fahrgemeinschaften, mam Resultat, dass déi drëtt Spuer, déi fir déi virgesinn ass, eigentlech gréisstendeels eidel ass an de Stau doduerch net besser gëtt an, well ëmmer méi Autoen do sinn, natierlech ëmmer méi schlëmm gëtt.

Et gëtt een d'Impressioun net lass, dass et am Fong hei haaptsächlech drëms geet, den Auto zréckzedrängen. Ech mengen, wou soll een ee fannen, dee mat engem fiert, wann een eebe kee bei sech wunnen huet a wann ee keen huet, deen op déi selwecht Plaz fiert, wou ee wëll fueren? An deem Sënn kann ee sech d'Fro stellen, ob dat wierklech sënnvoll ass, déi drëtt Spuer do ze reservéiere fir Bussen a Fahrgemeinschaften.

Déi aner Fro, déi sech stellt, déi ass awer nach méi wichteg am Fong elo fir eis, an dat ass déi vun der Vitesslimitatioun. Mir hunn a Lëtzebuerg eng typesch Vitesslimitatioun op den Autobunne vun 130 Kilomeeter an der Stonn. Elo ass et hei op der Diddelenger Autobunn esou, dass se zu Spëtzenzäiten op 70 Kilomeeter an der Stonn reduzéiert ass an de Rescht vum Dag 24 Stonnen dann op 90 Kilomeeter an der Stonn reduzéiert ass. An do kann ee sech awer d'Fro stellen, ob dat och Sënn mécht zum Beispill an der Nuecht, wann awer definitiv praktesch kee Verkéier ass. Da muss ech also trotzdeem do mat 90 Kilomeeter an der Stonn fueren. D'selwecht eventuell d'Feierdeeg oder sonndes, wa manner Verkéier ass, sinn ech awer gezwongen, dann nëmme mat 90 ze fueren.

An do froe mer eis, a mir froen Iech, Madamm Ministesch, wat genee de Sënn do derhannert ass an ob Der net gewëllt sidd, dat eng Kéier ze erhéijen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. An d'Wuert huet elo d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten. Madamm Ministesch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, honorabel Deputéiert, merci fir dës Fro. Hei geet et ëm eng nei Infrastruktur zu Lëtzebuerg, de Covoiturage. Ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach. An et ass och richteg gesot ginn: Dat ass jo zréckzeféieren op eng Motioun, déi 2017 unanime gestëmmt ginn ass. Also mir kréien op alle Fall e ganz positive Feedback och hei. Mir hunn eis och Zäit geholl fir ze sensibiliséieren. Mir hunn eng Sensibilisatiounscampagne gestart, fir dass d'Leit sech eeben och op déi nei Situatioun kënnen astellen. Zum Gléck waren och keng gréisser Accidenter, soudass dat alles zimmlech reibungslos iwwert d'Bün gaangen ass.

Fait ass, dass sech e Sécherheetsproblem respektiv e Sécherheetsrisiko presentéiert, wann een eng ze vill grouss Vitessdifferenz zwëschent Fuerspueren huet, déi eebe widderteneen, niewentenee sinn. An deem hu mir natierlech och misse Rechnung droen.

Mir sinn elo an enger Pilotphas. Dat heescht, mir sammelen elo d'Donnéeën, déi eis dann och erméiglechen, ze ajustéieren, d'Saachen och unzepassen. Dat war vun Ufank un och esou virgesinn. Kucke mer emol, wéi dat geet, eng Entrée en matière, vu dass et awer eng nei Infrastruktur ass.

Virum Summer, sou war dat vun Ufank un och virgesinn, wäert ech de Bilan maache mat menge Servicer. An ech mengen, et ass och wichteg, de Bilan ze maachen. D'Längt vun der Zäit zum Beispill, wou ee mat maximum 70 Kilomeeter an deene Spëtzestonnen däerf respektiv muss fueren, zwëschent 6.00 an 11.00 Auer a vu 15.00 bis 20.00 Auer, schéngt mir och e bësse laang. Bon, dat war deemools net aus der Loft gegraff. Dat war effektiv och op Basis vun Informatiounen, déi Ponts et chaussées hat, wéi d'Vitess wierklech ass. Mee ech mengen, dat ass eppes, wat ech wäert wëllen upassen.

An da kréie mer am Laf vum nächste Joer och digital Pannoen. Dat wäert dann iwwert de CITA lafen. An dee Moment kann een dann och méi eng dynamesch Beschëlderung maachen. D'Vitess kann also un d'Situatioun vum Moment, eventuell nuets respektiv wa keen Trafick ass, dann ugepasst ginn. An ech mengen, dorops wäerte mer dann och hischaffen. Wéi gesot, dat war vun Ufank un och esou virgesinn, dass, wa mer dann déi dynamesch Beschëlderung kënne maachen, d'Vitess dee Moment dann och ugepasst gëtt – spéitstens dann. Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Pardon, ech hat nach eng Saach vergiess ze soen, well Dir hutt gesot, Dir mengt, dass den Auto hei soll zréckgedrängt ginn. Also dat gesinn ech elo net esou. Ech setze mech derfir an, dass d'Biergerinnen an d'Bierger respektiv déi, déi hei schaffe kommen all Dag, esou vill Choix hu wéi méiglech. An ech mengen, déi Investissementer, déi

mer maachen, och an den ëffentlechen Transport, ech mengen, déi schwätzen dofir. An dofir wäert ech mech och weider derfir asetzen, dass d'Leit de Choix hunn.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister.

Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 235 vun der Madamm Diane Adehm un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert de maximale Beitrag vum Staat pro Kand, dat eng Bildungs- a Betreiungsstruktur besicht. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 235 du 10 juin 2025 de Mme Diane Adehm relative à la participation maximale de l'État par enfant qui fréquente une structure d'éducation et d'accueil, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Merci, Här President. Aktuell ass et esou, dass sechs Euro pro Stonn pro Kand vum Staat bezuelt ginn un d'Prestatairë vun der nonformaler Bildung. Dës sechs Euro pro Stonn, déi solle Follgendes couvréieren: Si sollen engersäits d'Iesse couvréieren, wat d'Kanner kréien. Si sollen déi administrativ Käschte couvréieren. Si sollen d'Fonctionnementskäschte couvréieren. Also, fir et einfach ze soen: Si sollen alles couvréieren ausser d'Käschte vum edukative Personal wärend deene Stonnen, wou d'Kanner do sinn. An et ass och esou, dass déi sechs Euro pro Stonn just un de Prestataire bezuelt ginn, wann d'Kand effektiv an der Opfangstruktur ass an net wann d'Kand net do ass.

Vun de Fraisen, déi ufalen, gi 75 % vum Staat gedroen a 25 % vun de Gemengen. Dëse Betrag vun deene sechs Euro, dee besteet zënter 2009. Wann een awer weess, dass zënter 2009 14 Indextranchen erfall sinn, dass d'Ufuerderungen un déi verschidde Prestatairë geklomm sinn – ech denken do zum Beispill just un d'Iessen, wou mer hautdesdaags vu Fairtrade schwätzen, mir schwätze vu Bio, mir schwätze vu Lokal, mir schwätzen neierdéngs och vu PAN-Bio 2025 an nach ganz villen aneren Ufuerderungen –, ech denken, do läit et op der Hand, dass et laang net méi duergeet mat deene sechs Euro, déi de Moment ausbezuelt ginn.

*(Interruption)*

An duerfir meng Fro un de Minister, ob dru geduecht gëtt, déi sechs Euro iergendwann an nächster Zukunft eropzesetzen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Adehm. An d'Wuert huet elo den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend. Här Minister.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat doten ass eng Fro, déi net nei ass. Dat doten ass eng Fro, op där mer och schaffen. De Syvicol huet mat eis doriwwer geschwat. Déi privat Prestatairen am Beräich vun den SEAen hu mat eis doriwwer geschwat. An Dir wësst, datt et awer och un der Zäit ass – Dir hutt gesot, 2009 ass deen Tariff do agefouert ginn; 2009 ass och dee ganze System vum Chèque-service agefouert ginn –, dee System eng Kéier ze iwwerdenken an ze kucken, en un déi haiteg Gegeebenheeten unzepassen.

An dozou gehéiert awer net nëmmen den Tariff. Jo, ech denken, dee muss eng Kéier gekuckt ginn a muss eng Kéier un d'Entwécklung vun de Liewenshaltungskäschten ugepasst ginn. Mee dozou gehéieren awer och eng Rei vun anere Prinzippien, wéi mer ofrechnen.

Nu gesi mer awer och haut, datt keen, soe mer mol, existenzielle Problem besteet, well op där enger Säit, wann dat eng konventionéiert Crèche ass oder eng konventionéiert Maison relais, also e Service d'éducation et d'accueil, da kann een, sollt een Defizit maachen an där Struktur, och nach ëmmer e Surplus froen, fir deen auszegläichen. Dat kann ee maachen. Dat maachen der net vill, well se keen Defizit maachen och an där Struktur.

A mir mierken awer och op där anerer Säit, datt d'Zuele vun de Plazen och am Privatsecteur nach ëmmer eropginn, soudatt mer dervunner ausginn, datt et jo op d'mannst käschtendeckend misst sinn, och mat deene sechs Euro kënnen ze fonctionéieren, respektiv op där anerer Säit et awer esou ass, datt déi Entreprisen – well dat sinn Entreprisen – jo och nach e Benefiss domadder maachen.

Jo, mee mer denken, datt mer deen dote System eng Kéier sollten upassen, andeems mer e virun allem net einfach upassen, andeems mer elo déi sechs Euro huelen an esou vill Indextranchen do applizéieren, mee andeems mer nach eng Kéier kucken, wat eigentlech déi reell Käschte vun enger Bildungs- a Betreiungsstruktur haut sinn, an doropshin eigentlech eng Grille definéieren an awer och gläichzäiteg, virun allem fir de Privatsecteur, och kucken, wat e Bénéfice raisonnable ass, deen dee ka maachen, fir datt mer net an eng Situatioun geroden – oder ech kéint och soen: nees erëm eng Kéier geroden –, wou och Benefisser gemaach ginn, déi ee vläicht net méi als räsonabel kéint betruechten.

An duerfir ass dat doten déi Stoussrichtung, an déi mer momentan diskutéieren, zesumme mam Syvicol, zesummen och mat der FELSEA als Interessevertrieder vun deene private Crèchen. A wa mer do eng Kéier derduerch sinn, an ech hoffen, datt dat fir d'Joer 2026 de Fall wäert sinn, da wäert ech ganz gären hei der Chamber och dat virstelle kommen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 236 vum Här Meris Sehovic an zur Fro Nummer 237 vum Här Marc Goergen, béid iwwert d'Revisioun vun de Reglementer iwwert d'Rechter vun de Fluchpassagéier a béid un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte gericht. Fir d'éischt den Här Sehovic. Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 236 du 10 juin 2025 de M. Meris Sehovic relative à la révision des règlements relatifs aux droits des passagers aériens, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**– Question n° 237 du 10 juin 2025 de M. Marc Goergen relative à la révision des règlements relatifs aux droits des passagers aériens, adressée à Mme la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Madamm Ministesch, d'Approche générale vun de Memberstaate par rapport zur Reform vum europäesche Reglement iwwert d'Rechter vun de Fluchpassagéier gouf d'lescht Woch am Europäesche Conseil oder villméi am Conseil vun den Transportministeren ugeholl – mat der Stëmm vu Lëtzebuerg.

D'Kommissioun hat zwar als Zil annoncéiert, d'Rechter vun de Passagéier méi kloer ze gestalten, mee den Text, deen elo um Dësch läit, ass aus eiser Siicht e grousse Réckschrëtt fir d'Rechter vun den europäesche Fluchpassagéier.

D'Verspéidungsgrenze fir eng finanziell Kompensatioun gi weesentlech erhéicht. Bei Kuerz- a Mëttelstreckeflich muss ee 4 Stonne waarden amplaz 3 a bei Laangstreckeflich souguer 6 Stonnen amplaz vu 4.

Derbäi kënnt, dass d'finanziell Kompensatioun bei Laangstreckeflich erofgesat gëtt, an dat an engem Kontext, wou d'Passagéier haut scho vill ze oft à la merci si vun de Fluchgesellschaften.

An da stellt sech d'Fro: Fir wie maache mer déi dote Reform? Fir d'Passagéier, déi elo manner Rechter solle kréie wéi virdrun? Oder fir d'Airlines, déi manner oft a manner musse bezuelen?

An an deem Kontext géif ech dofir Iech, Madamm Mobilitéitsministesch, gäre follgend Froe stellen:

Firwat huet Lëtzebuerg dës Approche générale am Conseil matgedroen, obwuel se d'Rechter vun de Fluchgäscht a ville Punkten a Fro stellt an d'Kritick vu Konsumenteschutzorganisatiounen iwwerall an Europa däitlech war?

Firwat huet Lëtzebuerg sech net Länner wéi Däitschland oder Spuenien ugeschloss, déi wéinst der Verwässerung vum Konsumenteschutz géint den Text gestëmmt hunn?

A finalement: Engagéiert sech d'Regierung, sech an den Trilogverhandlungen derfir anzesetzen, dass d'Reform net zu engem Ofbau vun de Rechter féiert, mee dass déi ursprénglech Ambitioun tatsächlech ëmgesat gëtt, an zwar net op d'Käschte vun de Konsumenten?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwert.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Här Goergen, et ass elo un Iech.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech war e bëssen iwwerrascht, wéi ech dat d'lescht Woch an de Meedie matkritt hunn, dass Lëtzebuerg do eng Positioun geholl huet, déi de Verbraucher net wäert stäerken, mee éischter wäert schwächen an déi eigentlech d'Leit, déi eng Fluchverspéidung herno hunn, wou se net schold dru sinn a wou se op hir Vakanz gespuert hunn, herno wäert am Ree stoe loossen.

Well et ass jo och den däitsche Minister, deen net dermat averstane war. An déi däitsch Regierung huet jo och eng Rechnung opgestallt, dass ongeféier 60 % vun den Entschiedegunge fir Flich herno wäerten ewechfalen. Dat heescht, dat, wat hei geholl ginn ass, ass eigentlech eppes géint de Client, mee éischter fir d'Fluchgesellschaften.

An dofir wollt ech haut emol mat heihinner bréngen, wat d'Iwwerleeung vun der Lëtzebuerger Regierung ass, fir hei de Konsument am Ree stoen ze loossen a fir d'Fluchgesellschaften ze stäerken.

Well wann een deenen hir Bilane kuckt, geet et hinnen esou gutt, mee mir sollten awer déi Leit, déi fir hir Vakanz gespuert hunn, net am Ree stoe loossen a se entschiedegen. Well et ass net hire Feeler, wann hir Vakanz méi spéit ufänkt oder se méi spéit heemkommen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. D'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet d'Wuert. Madamm Ministesch.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci fir Är Froen zu dësem ganz wichtegen Dossier. Nee, dem Konsument seng Rechter respektiv de Konsument ginn hei net am Ree stoe gelooss. Ech mengen, et muss een dat Ganzt gesinn. Hei gëtt ee Punkt erausgeholl, mee hei geet et trotzdeem ëm eppes Ganzes.

A loosst mech probéieren, dat ze erklären, well hei gëtt et säit 2013 lafend Negociatiounen. Dat heescht, dat sinn elo schonn zwielef Joer. Dat weist, wéi komplex et ass. Hei geet et ëm eng Proposition de révision. Wéi gesot, säit zwielef Joer si mer hei amgaangen. Ech mengen, et ass effektiv kee ganz einfachen Dossier an et ass hei net schwaarzwäiss, géint oder fir de Konsument.

Den Accord um Niveau vum Conseil bedeit awer eng Verbesserung, a wierklech eng weesentlech Verbesserung, fir d'Consommatricen a fir d'Consommateuren op enger ganzer Rei vu Punkten. Hei geet et ëm 30 Rechter, déi agefouert respektiv verbessert ginn. An dat ass am Interessi vun de Passagéierinnen a vun de Passagéier. Dat ass eng ganz grouss Pallett vu Rechter.

Hei si mer elo an engem Processus législatif. Hei muss en Accord mam Europaparlament fonnt ginn, well mer hei an der Kodecisioun sinn. Mee deen Accord politique, dat ass e Kompromëss, e Kompromëss iwwer eppes Ganzes.

Jo, Lëtzebuerg huet dat ënnerstëtzt, well mer eeben hei gesinn, dass eng ganz Rei vu Rechter fir d'Passagéier awer verbessert ginn. Haut kommen d'Passagéierinnen a Passagéier net ëmmer zu hirem Recht, well a verschiddene Memberstaaten d'Jurisprudenz, wéi se haut ass, net ëmgesat gëtt. Zu Lëtzebuerg fonctionéiert dat awer zimmlech gutt, well mer och d'Direktioun vum Konsumenteschutz hunn, déi do de Suivi mécht.

Mee mat dësem Reglement kréien eeben e ganze Koup vu Rechter eng legal Basis, wat se haut net hunn. Dat heescht, haut ass et op Basis vu Jurisprudenz, mee et ass a kengem rechtlechen Text. Dat heescht, dat aleng schonn ass eng positiv Saach.

Ech ginn Iech just e puer Beispiller. Ech ginn elo net a sämtlech Detailer, mee e puer Beispiller.

D'Obligatioun vu Fluchgesellschaften, fir ze informéieren a fir ze assistéieren, gëtt verbessert. Dat ass eng positiv Saach.

D'No-Show-Reegelung soll verbuede ginn. Dat heescht, Dir kaaft en Aller-retour, Dir kënnt net um Aller sinn, da gëtt Äre Retour annuléiert. Also, ech hunn dat och ni wierklech verstanen. Ech fannen dat och net richteg, wann ee fir en Aller … Bon, et kann een, jo … Ech fannen et awer trotzdeem och net ganz richteg. Dat heescht, dat soll mat dësem Reglement awer elo verbuede ginn. Dofir fannen ech dat och eng ganz gutt Saach.

D'Situatioun vun de Persoune mat Beschränkunge respektiv Handicap oder mat spezielle Besoine gëtt och verbessert.

Sou, an dann ass effektiv e Punkt d'Indemnisatioun fir d'Retarden. Nach eng Kéier: Do gouf et bis haut keng legal Basis, just Jurisprudenz. De Kompromiss, deen hei fonnt ginn ass, ass éischtens emol: Jo, elo hu mer – oder hätte mer, wa mer dann en Accord fanne mam Europaparlament – en Acte législatif. Dat heescht, dat gëtt de Konsumentinnen a Konsumenten eng Sécurité juridique, ass also eng gutt Saach.

Et ginn effektiv elo …, oder et sollen elo zwee Seuilen agefouert ginn, wann d'Europaparlament dat dann och esou gesäit. Mee do si mer nach net. Dir hutt et mentionéiert. Et gëtt och gewëssen Indemnisatiounen, déi automatesch un d'Konsumentinnen an d'Konsumenten ausbezuelt solle ginn. Och dat, wann dat esou zréckbehale gëtt, ass e grousse Fortschrëtt. De Risiko vu méi niddrege Seuilen ass, dass et eventuell kann zu enger Verschlechterung vun de Frequenze féiere respektiv vun der Konnektivitéit. An ech mengen, dat ass och net am Interessi vun de Passagéierinnen a Passagéier.

Lëtzebuerg huet de politeschen Accord ënnerstëtzt, well et eppes Ganzes ass, net just dee Punkt, dee wichteg ass. Och deen ass wichteg. Mee et ass e räsonabelen Equiliber, deen, wéi mir et gesinn, awer am Ganzen am Interessi vun de Leit ass. Dat ze blockéieren oder mat dergéint ze stëmmen, hätte mir elo net gutt fonnt, well dat hätt geheescht, dass mer mer beim Status quo bliwwe wären. An dat Ganzt ass awer eng Verbesserung.

Ech mengen, d'Leit wëlle sécher a séier matzäit op hir Destinatioun kommen. Dat ass dat Wichtegst. D'Interessie vun den Airlines a vun de Consommateure sinn net onbedéngt antagonistesch. D'Konnektivitéit ass, mengen ech, awer ee Facteur, dee mer hei musse matconsideréieren. Et geet hei elo net reng ëm eng Diskussioun iwwer Seuilen.

Ech mengen, mir wëllen, dass mer hei an Europa e Progrès maachen, a fannen, dass dësen Accord am Ganzen awer dozou bäidréit. Mee wéi gesot, elo fänke mol d'Diskussiounen am Trilog mam Europaparlament un. An do gëtt et hoffentlech nach d'Méiglechkeet, och dat Resultat do nach ze verbesseren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch.

Mir kommen zur Fro Nummer 238 vum Här Guy Arendt un d'Madamm Justizministesch iwwert de Suivi vun der Konventioun vum Europarot fir de Schutz vum Affekoteberuff an hiren Impakt op den Affekoteberuff zu Lëtzebuerg. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 238 du 10 juin 2025 de M. Guy Arendt relative au suivi de la Convention du Conseil de l'Europe pour la protection de la profession d'avocat et ses répercussions sur la profession au Grand-Duché, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 13. Mee gouf d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert de Schutz vum Affekoteberuff, genannt „Convention pour la protection de la profession d'avocat", zur Ënnerzeechnung opgemaach. Deen Text war fir Lëtzebuerg eng Prioritéit a kréint esou och den Ofschloss vun der Lëtzebuerger Presidence vun dem Comité des ministres.

Affekote sinn haut a ville Staaten nach Affer vun Drock, Belästegung, Gewalt. Jo, a munche Länner, an do muss een net wäit iwwert d'Grenz goen, goung et scho bis hin zu Mord. Dat ass dach awer eng batter Realitéit vun dësem Beruff. An amplaz manner gëtt et där Fäll a verschiddene Länner deels ëmmer méi.

Wa mir de Rechtsstaat wëlle stäerken, da musse mir och all déi Leit schützen, déi sech fir de Rechtsstaat asetzen an engagéieren, fir dass si och weider hirem Beruff kënnen nogoen, onofhängeg vu Beaflossung, fräi vun Drock a geschützt viru jeeglecher Gefor a Gewalt.

All déi Aspekter vum Beruffsstand, déi solle geschützt ginn, sinn an der Konventioun definéiert, esou zum Beispill den Accès zu Informatiounen oder och d'Beruffsgeheimnis, fir nëmmen zwee vun deene wichtegsten ze nennen.

Mir wëssen awer och, an dat ass leider och munchmol zu Lëtzebuerg de Fall, dass et absënns an Affaires pénales kann derzou kommen, dass versicht gëtt, iwwer Ëmweeër bei Affekoten Dokumenter ze saiséieren an esou un Informatiounen iwwer eng Affär ze kommen. Dëst steet da leider dem Beruffsgeheimnis diametral entgéint.

Laut engem Artikel aus der Press vum Abrëll vun dësem Joer hätt d'Madamm Justizministesch gesot, dass ee sech als Signataire vun der Konventioun géif fir d'Verdeedegung vum Beruff vum Affekot asetzen. Dofir hätt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch:

Fir dass d'Konventioun no dräi Méint kann offiziell a Kraaft trieden, musse mindestens néng Staaten ënnerschreiwen. Ass dee Quorum elo schonn erreecht? A wéivill Länner hu bis ewell ënnerschriwwen?

Wéi soll zu Lëtzebuerg an Zukunft de Schutz vum Secret professionnel fir d'Affekote gestäerkt ginn?

An drëttens, mat dëser Konventioun am Hannergrond: Wéi wäerten d'Meenungsfräiheet vum Affekot am Ausübe vu sengem Beruff an d'Deontologie an Zukunft zesummewierken?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Arendt. An d'Wuert huet elo d'Madamm Justizministesch.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci, Här President. An och merci dem Här Arendt fir dës Fro. Wéi Der richteg gesot hutt, ass dat do e wichtege Schrëtt fir d'Professioun vun den Affekoten, datt mer elo eng international Konventioun hunn, déi souwuel d'Rechter wéi och d'Flichte vun den Affekoten zréckbehält.

A mir sinn natierlech och besonnesch stolz, datt d'Aarbechte ganz gutt weiderkomm sinn ënnert der Lëtzebuerger Presidence vum Conseil de l'Europe, soudatt den Text konnt finaliséiert ginn an och schonn ënnerschriwwe ginn am Mee vun dësem Joer, soudatt mer eng Convention de Luxembourg hunn.

Fir d'Akraafttriede vun dëser Konventioun ass et effektiv elo esou, datt eng ganz Rei Länner mussen ënnerschreiwen. Dat sinn der aacht. Mir sinn entretemps op 17, soudatt de Quorum erfëllt ass.

An der Konventioun stinn eng ganz Rei Rechter, natierlech och de Schutz vum Beruffsgeheimnis. Dir hutt speziell och dorobber opmierksam gemaach. An do ass et esou, datt mir och parallell am Moment en Aarbechtsgrupp en place gesat hunn, mat Vertrieder vun de Justizautoritéiten an och Vertrieder vum Barreau, fir besonnesch och d'Beruffsgeheimnis besser ze stäerken an ze encadréieren, och besonnesch am Kader vu Perquisitiounen. Ech mengen, Dir hat dat Beispill och ugeschwat.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

Et ass och esou, datt d'Konventioun och e speziellen Artikel beinhalt iwwert d'Meenungsfräiheet – dat ass den Artikel 7 –, soudatt och am Fall, wou do késint e Besoin sinn, dëse vun Affekote kann invoquéiert gi viru Geriicht.

De manière générale muss een awer soen, datt vill vun deene Rechter a Flichten, déi an der Konventioun stinn, och aktuell hei schonn zu Lëtzebuerg garantéiert sinn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci der Madamm Justizministesch.

Da kéime mer elo zur Fro Nummer 239 vum Här Sven Clement un d'Madamm Justizministesch iwwert déi zentral Roll vun de Friddensgeriichter bei zivillen a strofrechtleche Geriichtsaffären. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 239 du 10 juin 2025 de M. Sven Clement relative au rôle central des justices de paix dans le traitement des affaires civiles et pénales mineures, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass u sech eng

relativ einfach Fro, an awer verstoppt sech derhannert e bëssen eng Komplexitéit, déi engem net onbedéngt ëmmer bekannt ass.

D'Friddensgeriichter si fir kleng Litigë jo éischt Ulafstellen a sollen et de Biergerinnen a Bierger erlaben, och ouni sech vun engem Affekot vertrieden ze loossen, hiert Recht anzekloen, hir Interêten ze verteidegen.

Elo ass et awer esou, datt et dann och do eng ganz Rëtsch Prozedure gëtt, déi engersäits dokumentéiert sinn an anerersäits och net onbedéngt ëmmer dokumentéiert sinn, déi derzou féieren, datt Biergerinnen a Bierger vläicht awer net deen nämmlechten Zougang zu de Geriichtsbarkeeten hunn, wa se sech selwer do verteidegen oder vertrieden, wéi wa se dat duerch en Affekot maachen.

A grad well mer hei an enger Situatioun sinn, wou et awer ganz séier zum Beispill ëm Contestatioune geet, wann et ëm Rechnunge geet, wann et ëm Salairë geet, déi een net krut, schwätze mer jo hei wierklech vun Intérêt-vitalle vun de Biergerinnen a Bierger.

Et ass jo och esou, datt, wann een do net matzäiten agéiert, ee ganz séier och mol kann op ganz héije Käschte sëtze bleiwen. Ech mengen, mir hunn heibanne scho méi wéi eng Kéier erwäänt, wéi vill Huissieren zum Beispill aus klenge Montante ganz grouss Montante kënne maachen.

Elo ass et esou, datt et e ganz konkreet Beispill gëtt, wou et awer e Problem gëtt. An dat ass d'Convocatioun. Wann d'Friddensgeriichter convoquéieren, da kritt een déi, wéi all Convocatioun vun engem Geriicht, per Courrier zougestallt, mat Accusé de réception. Dat ass gutt.

Elo kënnt dann d'Phas 2: Eng vun deenen zwou Parteie ka fir deen Datum, wou dann déi Audienz ugesat ass, net do sinn a freet eng Refixatioun un. Dat geet beim Friddensgeriicht och nach ganz einfach. Et kann ee souguer eng E-Mail schécken. Also, do si se ganz digital a progressiv ënnerwee.

Mee déi Refixatioun, wann dann en neien Datum fixéiert gëtt, kréien d'Biergerinnen an d'Bierger net matgedeelt. D'Affekote par konter hunn en Accès op en digitale Kalenner, wou se d'Audienze gesinn, wou hir Affäre refixéiert sinn.

An d'Bierger? Jo, déi mussen um Greffe uruffen, hoffen, datt een den Telefon ophieft an hinne seet, wéini dann hir Affär plädéiert soll ginn, soudatt et ganz vill Urteeler gëtt, wou drasteet: „Eng Partei ass net komm a se huet sécherlech op hir Interête verzicht." Esou Jugements par défaut sollt et dann u sech hei awer net ginn.

Dofir: Wéi eng Pläng gëtt et, fir datt all Acteur virum Friddensgeriicht déi selwecht Informatiounen zu all Zäitpunkt vun der Prozedur huet? Vläicht en Dossier électronique? Oder wéi gesäit d'Madamm Ministesch an deem Kontext d'Méiglechkeet vun de Biergerinnen a Bierger an de Betriber, fir hir Interêten an esou enger Situatioun nach effektiv kënnen ze verteidegen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Clement. D'Madamm Justizministesch Elisabeth Margue huet d'Wuert.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci villmools fir d'Wuert, an och merci dem Här Clement fir dës Fro. Bon, et ass jo esou, datt um Friddensgeriicht de Riichter effektiv och dem Justiciabel eng ganz Rei Erklärunge gëtt an och ganz anescht a sech och vill méi Zäit hëlt wéi fir d'Affekoten, fir ze erklären, wéi d'Prozedur ass, wéi een d'Pièce muss weiderginn.

Ech sinn elo net au courant vun enger Problematik, datt d'Persounen net méi géingen au courant gehale ginn, wann d'Affär refixéiert gëtt. Normalerweis gëtt ëmmer all Diligenz gemaach, fir och ze kucken, ob all d'Parteien informéiert sinn. Ech kann dat awer ganz gären nofroen.

De manière générale wëll ech awer och nach soen, datt mer eis esou vill wéi méiglech Méi ginn, fir datt d'Informatiounen iwwert d'Prozeduren disponibel sinn, sief et op justice.lu oder op MyGuichet. Et gëtt de Service d'accueil et d'information juridique. Dat heescht, mir probéiere schonn, de Leit eng ganz Rei Informatiounen zur Verfügung ze stellen.

Et ass och esou, datt den Affekot – an dat wéilt ech awer och kuerz nach ënnersträichen – jo net obligatoresch ass. Et ass awer méiglech, trotz allem en Affekot ze huelen, wann ee virum Friddensgeriicht eng Affär huet, wann ee sech net wuel spiert, dat aleng ze maachen. An d'Assistance judiciaire couvréiert dës Fraisen och.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Margue.

Da kéime mer elo zur Fro Nummer 241 vun der Madamm Taina Bofferding un den Här Inneminister iwwer jonk Leit, déi op Pedophillejuegd ginn. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 241 du 10 juin 2025 de Mme Taina Bofferding relative à l'enquête sur des jeunes dans le cadre d'une affaire liée à des activités de « chasse aux pédophiles », adressée à M. le Ministre des Affaires intérieures**

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Virun zwou Woche gouf iwwer e Fall aus Mamer bericht, wou eng Grupp vu vermummte jonke Männer en 19-Järegen iwwerfall a mësshandelt huet. A laut Recherche vun engem „Wort"-Journalist ermëttelt hei d'Antiterrorunitéit wéinst Verdacht op e rietsextreem organiséierte Milieu, e sougenanntent „Pedohunter"-Netzwierk.

Zur Prezisioun: Pedohunting schéngt eng nei Strategie vun de Rietsextreemen ze sinn. D'Bundesamt für Verfassungsschutz gesäit hei eng ganz nei Tendenz an dësem Milieu. Bei der Tätergrupp handelt et sech meeschtens eeben ëm jonk Männer, déi via Social Media da Kontakt zu Persounen ophuelen, wou si mengen, dass se pedophill Neigungen hätten, fir dann herno Gewalt un dëse kënnen auszeüben.

Pedophilie a Pedokriminalitéit ware jo schonn haut de Mëtten Theemen. Do gesäit een, dass déi extreem emotional an och politesch opgeluede sinn, wat normal ass. Ech mengen, ëmmerhi geet et hei ëm de Schutz vun eise Kanner. Allerdéngs, hei beim Pedohunting handelt et sech ëm Selbstjustiz. Si handelen ausserhalb vum rechtsstaatleche Kader. Dat muss een eng Kéier ganz kloer soen. Bon, dat ass deen ee Punkt.

Deen anere Punkt ass: Laut den Erfarungsberichter, de Razzien, déi och elo ganz rezent an Däitschland an an Éisträich duerchgefouert goufen, huet d'Police herno festgestallt, dass et ni mat pedophillen Neigunge bei den Affer ze dinn hat, mee dass et reng ëm d'Loscht um Gewaltausübe bei den Täter gaangen ass.

Dofir meng Fro. U sech hat ech geduecht, de Policeminister ... Elo ass och d'Justizministesch do, gutt. Op alle Fall gutt, dass der nach allen zwee do sidd. Meng Fro ass: Inwiefern sinn där Fäll hei am Land och bekannt?

A virun allem, ech mengen, déi Fro, déi mer eis alleguerte stellen, ass: Wéi schlëmm ass déi Gefor, wann hei muss d'Antiterrorunitéit bei deene Jonken enquêtéieren?

Ass och eppes iwwert de Background vun deene Jonken hei bekannt? Elo wäert Der warscheinlech soen, dass do d'Enquête nach leeft, mee ech mengen, et ass awer wichteg, trotzdeem ze verstoen, vu wou déi Gewalt do hierkënnt, fir dee Phenomeen besser kënnen ze encadréieren, an eeben och wéi wäit en an eiser Gesellschaft hei am Land verbreet ass.

An da wollt ech och nach froen, well Dir jo ëmmer de Rapport vun de Statistike publizéiert vun der Kriminalitéit, inwiefern och dës, soe mer mol, e bësse méi nei Form doran opgefouert gëtt, respektiv ob Der vläicht och deem wëllt nach eng extra Opmierksamkeet ginn.

Da soen ech elo schonn dem Policeminister Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Bofferding. An da ginn ech d'Wuert un den Här Inneminister, den Här Léon Gloden.

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Merci der Madamm Bofferding fir dës wichteg Fro. Ech wéilt fir d'éischt zwee kloer Statemente ginn:

Éischtens: D'Pedophilie muss mat alle legale Mëttele bekämpft ginn – mat alle legale Mëttelen!

Zweete klore Message: Selbstjustiz ass an dësem Land inakzeptabel!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Mir liewen an engem Rechtsstaat. A wann eppes aus der Bunn leeft, wann Infraktioune commettéiert ginn, dann hu mer Institutiounen an Organer, déi dofir zoustänneg sinn.

De Phenomeen vum Pedohunting, am Franséische „chasse aux pédophiles", ass der Police bekannt. Zwee Faite sinn der Police bekannt bis elo: eng Affär vun 2024 – do ass d'Enquête en cours – an déi rezent Aggressioun duerch e Grupp vu Chasseurs de pédophiles zu Mamer, deen an der Press war. An och do ass d'Enquête en cours.

Dir verstitt, datt ech Iech zu der Enquête selwer keng Informatioune ka ginn. Ech verweisen awer och op eng Demande vun de gréng Kolleegen zu deem Sujet. Déi gëtt den 19. Juni mat de Representantë vum Parquet général a vum Parquet an der Justizkommissioun diskutéiert.

Ech kann Iech awer e puer Informatiounen iwwert de Phenomeen selwer ginn. Zum Ursprong vum Phenomeen: Bei de Chasseurs de pédophiles handelt et sech ëm en europäeschen an amerikanesche Phenomeen, dee säin Ursprong allerdéngs a Russland huet. 2011 huet e bekennende russeschen Neonazi, bekannt ënnert dem Numm „Tessak", eng Gruppéierung, „Occupy Pedophilia", gegrënnt, fir presuméiert Pedophillen iwwer falsch Konten an de soziale Meedien unzelackelen an ze strofen.

Zum Modus operandi: Änlech Aktioune sinn och hei a Lëtzebuerg beobacht ginn. D'Täter gi sech als mannerjäreg Meedercher aus a schreiwen erwuessen an eeler Männer un a lackele si op e Rendez-vous, andeem si potenziell sexuell Handlungen undeiten. Déi presuméiert pedophill Männer ginn da vu Gruppen, meeschtens vu jonke Männer, physesch aggresséiert an erniddregt. Oft ginn dës Iwwerfäll gefilmt an online gesat, fir engersäits déi Männer ze exposéieren an anerersäits fir den Neonazimouvement ze promouvéieren. Een Erkennungszeeche vun deem Mouvement ass eng geschlossen Hand mat engem no uewe gebéiten Daum.

Extremistesch Unhänger vun däser Ideologie gleewen net un de Rechtsstaat oder politesch Léisungen an notzen duerfir d'Mouvementer wéi de Pedohunting, fir hir Ideologie ze propagéieren a Selbstjustiz ze promouvéieren. Pedohuntergruppéierunge gëtt et bal an allen EU-Memberstaaten a se hu sech säit 2024 besonnesch schnell verbreet.

Duerfir maachen ech och kloer en Opruff: Wann ee Kenntnis vu Pedohuntingfäll huet, keng Selbstjustiz! Et muss bei der Police gemellt ginn. All kriminell Dot soll bei der Police gemellt ginn. D'Police ass do fir ze enquêtéieren, an d'Riichter an d'Geriichter sinn do, fir eng Decisioun ze huelen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Gloden. Domadder wiere mer um Enn vun der Froestonn ukomm.

## 8. Motion de Mme Taina Bofferding au sujet de l'élaboration de la stratégie nationale de « safeguarding » dans le sport, ainsi qu'une Charte des valeurs et un Code de bonne conduite

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 75 de ce compte rendu)*

Da kéime mer elo zur Motioun, déi virun der Froestonn vun der Madamm Bofferding deposéiert ginn ass. Madamm Bofferding, wëllt Dir nach Stellung huelen zur Motioun?

*(Négation)*

Nee. Wëllt een eppes zu däser Motioun soen? Den Här Keup.

***Discussion générale***

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Et ass heiansdo e bësse schwiereg, wann een „im Eifer des Gefechts", wéi an däser Situatioun elo, wou d'Emotiounen héichkachen – also et kann ee Verständnis derfir hunn –, direkt vill Saache fuerdert, wou een awer vläicht duerno e bëssen de Bou iwwerspaant.

Ech mengen, am Allgemenge muss een oppassen, dass d'Federatiounen, d'Veräiner, d'„structures sportives", wéi hei steet, sech natierlech un d'Gesetzer halen an natierlech och, soen ech elo, d'Droits fondamentaux vun de Mënsche respektéieren.

Et muss een awer oppassen, dass dat net ze wäit geet an dass de Staat sech net ze wäit amëscht an d'Organisatioun oder an d'Liewe vun de Federatiounen an de Veräiner.

An deem Sënn fannen ech dat positiv, wat d'FLF de Mëtteg kommunikéiert huet, dass se selwer och eng Eethikkommissioun oder en Eethikrot a Kraaft wëllt setzen, fir dann an Zukunft op esou Situatioune wéi déi hei aneschters ze reagéieren.

Esou Situatioune gëtt et warscheinlech, méi oder manner änlech, reegelméisseg, méi oder manner public, an alle Veräiner, Federatiounen, am Sport. Mee an der Kultur, an der Konscht hu mer dat warscheinlech och, an ech mengen, et muss een ëmmer oppassen, awéifern sech de Staat an esou Saachen amëscht.

An duerfir, quitte dass hei ganz vill Saache stinn, déi och richteg sinn, géife mir eis bei däser Motioun enthalen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Keup. Da geet d'Wuert un d'Madamm Joëlle Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Här President, bannent de leschten Deeg hu sech hei am Land d'Beispiller, wéi ee sech net am Sport – a scho guer net am Spëtzesport – soll behuelen, iwwerschloen, dat hu mer de Mëtteg schonn hei ugeschwat.

An dat quasi op allen Niveauen: D'Selektioun vun engem nach viru Kuerzem geriichtlech verurteelten Täter als Deel vun enger Nationalekipp. Den Ausschloss vun engem onbequeeme Journalist vun engem Point-presse, organiséiert vun der FLF. D'kierperlech Verletzung vun enger Fra duerch e Sécherheetsbeamte wärend engem friddleche Protest beim Frëndschaftsmatch de leschte Freideg. A fir d'éischt hallefhäerzeg Excusë vun enger FLF op dës Faiten hin. Dunn d'Verspriechen, eng eegen Eethikskommissioun an d'Liewen ze ruffen. An e Sportsminister, deen d'Verhale vun der FLF zwar als inakzeptabel aschätzt an eis och haut hei gesot huet, dass en den Nation-Branding-Subsid dëst Joer wëllt kierzen, wat mir begréissen, an deen awer de Mueren um Radio gesot huet, dass en un de Reegele fir d'Selektioun vun de Sportler näischt wéilt a kéint änneren an dass en och recommandéiert, dass d'FLF sech soll e Kommunikatiounsspezialist sichen.

*(Interruption)*

Et deet mer leed, mee an all dëse Virfäll geet d'Problematik vill méi wäit wéi d'Aart a Weis, mat där kommunizéiert gëtt oder och net. Et geet hei ëm eis fundamental gesellschaftlech Wäerter a wéi dës am Sport, a grad och am Spëtzesport, sollen a musse respektéiert ginn, an dat och net nëmmen am Fussball!

Deen dagdeeglechen Asaz vun Dausende vu Benevollen am Sport huet zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun a gehéiert zu de Stäerkte vun eis hei am Land. Aus Respekt virun all hinnen an och well de Ruff vum Sport a vun eisem Land um Spill stinn, schéngt et e strikte Minimum ze sinn, dass mer vun all Club an all Federatioun, an egal vu wéi enger Sportaart, a vun all Sportler/innen, déi vun ëffentleche Moyene profitéieren, musse kënne verlaangen, dass et Reegele gëtt, déi et gëllt anzehalen. Zu dëse gehéiere Fairness, de Respekt vun der Dignitéit vum Mënsch, vun der Gläichbehandlung – an hei begréissen ech d'Unerkennung vum Här Minister vun de Leeschtunge vum Fraefussball an hoffen, dass och d'FLF dat hei méi konsequent an Zukunft mécht –, vun der Meenungsfräiheet an och vun der Pressefräiheet.

Et gëtt och schonn eng ganz Rei vu gudde Beispiller am Ausland, awer och hei am Land, vu Federatiounen, déi dat heite ganz eeschthaft maachen. A mir sollen hei zu Lëtzebuerg op alle Fall dem organiséierte Sport eng eenheetlech Charta ginn an och e Verhalenskodex ginn. An hei gëllt et, och d'Regierung opzeruffen, dat heiten aktiv matzebewierken, well dat ass och hir Roll.

An aus dësem Grond ënnerstëtze mir dës Motioun. An ech denken, dass et ganz wichteg ass, dass mer als Chamber hei an der Saach geschlossen e ganz staarkt Signal ginn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Welfring. An ech ginn dann d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Mandy Minella.

**Mme Mandy Minella** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert déi lescht Deeg goufe vill Stëmmen haart, vill Meenunge goufe gedeelt, villes gouf zum Sujet FLF diskutéiert. Wichteg ass, dass mer elo net an eng onendlech Diskussioun verfalen, dass mer eis net am Krees dréien an déi selwecht Argumenter Dag fir Dag mat anere Wierder widderhuelen.

Wichteg ass, dass sech elo konkreet Gedanke gemaach gëtt, dass mer Lektiounen zéien aus deem, wat iwwert déi lescht Woche passéiert ass a wat geschwat gouf, an dass mir en Zeeche setze fir dat, wat mir eis fir d'Zukunft erwaarden, dëst mat vereenter Stëmm a mat konkreete Proposen, wéi een an Zukunft mat esou Sujeten ëmzegoen huet. Dofir war et och wichteg, dës Motioun zesummen hei an der Chamber ze presentéieren, fir esou de breede Konsens an däser Fro nach eemol ze ënnermaueren.

De Sport bréngt méi mat sech wéi just physesch Aktivitéit a Kompetitioun. E verbënnt Mënschen iwwer Kulturen an iwwer Sproochen eraus. E fërdert den Ekippegeescht, den Teamwork, e soll Respekt an Disziplinn vermëttelen, zwou wichteg Eegeschaften, déi engem net just um Terrain zeguttkommen, mee een och an der Welt an am Ëmgang mat de Matmënsche weiderbréngen.

A grad dofir erfëlle besonnesch déi Sportler, déi de Privileeg hunn, eist Land op héchstem Niveau net just ze vertrieden, mee ze representéieren, eng immens wichteg Virbildfunktioun, ganz besonnesch vis-à-vis vun deene Jonken. Als Idoler, op déi vill jonk Mënschen eropkucken, hu si eng Responsabilitéit, déi wäit iwwert d'Resultat vun engem Match erausgeet.

An dësem Kontext ass d'Nominatioun vun engem Sportler, deen notamment wéinst Gewalt am Stot verurteelt gouf, dach eng ganz kritesch Decisioun – kritesch, well heimat e Standard gesat gëtt, dee mir esou als Gesellschaft net kënnen an net dierfen akzeptéieren!

Mir geet et haut net drëm, nach eemol alles am Detail opzewullen. D'Faite si bekannt an d'Reprochen och. Dofir géif ech och hei net méi op de besote Spiller selwer agoen, mee ech géif mech dermat befaassen, wéi eng Sportsfederatioun – an dësem Fall d'FLF, mee dat kann egal wat fir eng Federatioun sinn – mat esou Fäll dann an Zukunft eebe soll ëmgoen.

An domat wëll ech och net gesot hunn, dass e Sportler ëmmer automatesch soll ausgeschloss ginn, wann hien oder hatt sech eppes zuschölde komme gelooss huet.

Wat dëse prezise Fall betrëfft, war an ass allerdéngs erschreckend, dass mir bis haut op eng Entschëllegung vun dësem Sportler musse waarden. Et gouf keng Entschëllegung vis-à-vis vum Affer, keng vis-à-vis vun der Federatioun, keng vis-à-vis vun de Coequipieren an, wéi et schéngt, dofir och keng Asiicht.

Wat iwwregbliwwen ass, war eng Federatioun, déi sech dem Sujet huet missen unhuelen an déi d'Situatioun huet musse geréieren. Leider ass och do net alles perfekt gelaf. Et gouf no Excusë gesicht, fir d'Decisioun, déi geholl gouf, ze justifiéieren. Mee dass een zu kengem Ament de Recul hat, fir ze reflektéieren, fir op d'mannst driwwer nozedenken, ob Sanktiounen ubruecht wieren, dass een domat hätt kënnen e kloert Zeeche setzen a weisen, dass d'Gewalt an eiser Gesellschaft an am Sport net toleréiert gëtt, dass een dee Wee net gaangen ass, dat kënne mir als Demokratesch Partei net novollzéien.

Keen ass fräi vu Feeler. A jo, jiddereen huet och eng zweet Chance verdéngt. Mee dozou gehéiert awer och d'Asiicht, sech seng eege Feeler bewosst ze maachen an dofir riichtzestoen. De Kader ass, Stand haut, wéi en ass, an et ass och nëmmen an dësem Kader, dass mir, soi-disant eng Federatioun, kënnen agéieren.

Dofir war et och d'Demokratesch Partei, déi direkt vun Ufank un eng Charte d'éthique gefuerdert huet, fir esou oder änlech Fäll an Zukunft ze reglementéieren, esou wéi dat haut och schonn am Ausland de Fall

ass. Dës Charte soll zesumme mat de Federatiounen, de Clibb an anere sportleche Strukturen, déi vum Ministère subventionéiert ginn, gedroe ginn a grondleeënd Wäerter wéi fundamental Rechter, d'Dignitéit vum Mënsch, d'Gläichberechtegung, mee awer och d'Pressefräiheet beinhalten.

D'DP hat an hirem Walprogramm gefuerdert – a mir si frou, dass dëse Punkt och am Koalitiounsaccord esou opgeholl gouf –, dass och de Safeguarding muss weider elaboréiert ginn, an et soll eng Ulafstell fir Affer vu verbaler, physescher, sexueller Gewalt am Sport, also eng Safeguardingcellule, ausgeschafft ginn.

D'Subventiounen, déi un eis Clibb erausginn, sollen och net just un d'Prestatioune vun eise Sportler gebonne sinn. Natierlech bréngt et de Clibb, ma och dem Land vill, wa si dobausse gutt Resultater afueren an d'Land esou uechtert d'Meedien als Vainqueur op de Podest stellen. Mee si erfëllen och ausserhalb vum Feld eng representativ Funktioun. Deemno kann aus engem positiven Titel och séier eng negativ Schlagzeil ginn.

Dowéinst – an domat géif ech och elo zum Schluss vu menger Ried kommen –, ass et wichteg, dass mir och dësen Deel vun hirem Rôle encadréieren an esou déi Reegelen a Konditioune schafen, dass souwuel si geschützt, mee awer och si an eist Land no bausse gutt representéiert sinn.

Merci fir d'Nolauschteren. An ech géif menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Minella. An da wier et um Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Fir d'éischt emol luewend Wierder un de Minister, dee virdrun eng kloer Positioun hei geholl huet, déi eis ganz gutt gefält. A wéi mer gëschter mat den eenzelne Riedner dës Motioun koordinéiert hunn, war nach net ofzegesinn, dass mer dëst géifen zesumme maachen, an duerfir ass et haut e ganz grousst Zeechen, dass mer en Accord fonnt hunn, dass déi seriö Parteien dës Motioun wäerten ënnerstëtzen.

Et geet hei ëm eng Nationalekipp a sécherlech hu sech vill Leit am Land an de leschten Deeg zu Recht driwwer opgereegt, well et d'Nationalekipp ass. D'Nationalekipp ass net iergendee Veräin. Et kann een net d'Excuse benotzen, dat géing een näischt un. Nee, eng Nationalekipp vertrëtt jiddereen hei am Land, och eis 60.

An dofir ass et och richteg, dass d'Politiker sech an de leschten Deeg zu Wuert gemellt hunn. An dat si keng „Pseudopolitiker", mee et ass hiert gutt Recht, hir Meenung ze soen an, virun allem, eng staark Meenung géint Gewalt géint Fraen ze vertrieden. Well dorëms geet et hei! Et geet net ëm eng Selektioun, baséiert op iergendwelche Krittären, wéi vill Goler ee geschoss huet oder ob dat elo e schéine Gol war oder net. Et geet drëm, dass hei Gewalt géint Frae war, wat d'Geriicht verurteelt huet, an een net agesinn huet, wat ee falsch gemaach huet, an duerno eng Verharmlosung komm ass vum Nationaltrainer a vum President vun der FLF. An dat huet och derzou geféiert, dass d'Politick sech agemëscht huet an dass mer haut mat dëser Motioun e ganz staarke Statement wäerte setzen, fir eis Fraen am Land ze schützen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Goergen. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler.

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV) | Här President, léif alleguer, Sport ass méi wéi nëmmen eng Kompetitioun. Wäerter, fir déi eis Gesellschaft steet, solle virgelieft ginn. Net nëmmen op, mee och nieft dem Terrain. An nach méi, wann ee säi Land an der Nationalekipp vertrëtt. Spillerinnen a Spiller an dëser Positioun hunn eng Virbildfunktioun: Kanner a Jonker, jo, vläicht souguer Erwuessener, kucken op si erop. Hiert Verhalen huet een Impakt, och ausserhalb vum Terrain.

An esou engem Kontext hätt d'FLF kloer a vun Ufank u misse Stellung bezéien, fir ze ënnerstraichen, dass eis Wäerter net nëmmen eidel Wierder sinn, mee Prinzippien, déi respektéiert musse ginn. Eng offiziell Reaktioun hätt gewisen: D'FLF erkennt d'Gravitéit un an hëlt Verantwortung. Eng kloer Asiicht an Entschëllegung vum Spiller selwer léisst och nach ëmmer op sech waarden.

Hei geet et ëm d'Vertraue vun de Supporterinnen a Supporter, vun der Gesellschaft a virun allem vun eiser jonker Generatioun. Dëst ass och de Grond, firwat d'CSV dës gemeinsam Motioun ënnerstëtzt. Et ass wichteg, eng Charte auszeschaffen, un déi sech d'Federatiounen an d'Veräiner mussen halen. Mat esou enger Charte gëtt et e kloert Signal, an déi soll esou Situatiounen an Zukunft vermeiden. Fir eis ass dat de richtege Schratt, fir de Sport, fir seng Wäerter a fir eis Gesellschaft.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Morgenthaler. Dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir hunn dësen Text och mat ënnerschriwwen, well mer en evidenterweis matdroen. A mir mussen e matdroen, well mer effektiv konfrontéiert waren oder si mat enger Situatioun, déi sech, mengen ech, kee vun eis heibanne gewënscht huet oder och net nëmmen hätt kënne virstellen.

Sport huet evidenterweis och eng Virbildfunktioun. An an enger Nationalekipp ze spillen, dat ass eppes aneres, wéi en einfachen Job ze maachen. Et ass eng Nominatioun. Et huet ee quasi e Mandat kritt, a mat deem Mandat representéiert een och d'Land, an domadder natierlech och, bis zu engem gewësse Grad natierlech, déi Valeuren, déi e Land, eis alleguerten, ausmaachen.

Duerfir, mengen ech, ass et absolutt richteg, datt mer op de Wee ginn, esou eng Charte des valeurs auszeschaffen, fir e Code de bonne conduite ze maachen, deen natierlech dann och eethesch Reegele beinhalt.

An ech mengen, dass eeben den Ënnerscheed tëschent engem private Verhalen an engem ëffentleche Verhalen a bestëmmte Situatiounen awer ausschlaggeebend ass. An an dësem Fall war dat esou. Duerfir bedauere mir och ganz staark d'Decisioun, déi d'FLF geholl huet.

Virdrun huet de Riedner vun der ADR gesot, jo, wann een domadder géif ufänken, da misst een dat jo och op aner Beräicher ausbauen, wéi zum Beispill op d'Kultur an op d'Konscht. An ech kann do just soen, datt et zumindest Usätz dovunner scho gëtt. Zënter dräi Joer hu mer an der Kultur e Code de déontologie, deen natierlech och op d'spezifesch Besoine vum Kultursecteur zougeschnidden ass, mee wou et och notamment eethesch Reegele gëtt. Esou Coden oder esou Charten, déi muss een natierlech reegelméisseg iwwerpréiwen, kucken, ob se nach ëmmer der Realitéit entspriechen. Datt mer dat hei am Sport maachen, an dat mat enger iwwerwältegender Majoritéit, ass e richtegt Zeechen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Baum. Da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert un den Auteur vun dëser Motioun, d'Madamm Taina Bofferding.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP), auteure | Merci, och allen, déi dëst ënnerstëtzen. Ech fannen et e ganz staarkt Zeechen, dass mer hei geschlossen zesummestinn, bis op hei mäi rietsen Eck. Trotzdeem weise mer hei der FLF haut d'Rout Kaart. A mir weisen och, wéi een an Zukunft mat esou Fall soll ëmgoen.

D'FLF selwer, mengen ech, huet e puer intern Chantieren, wat d'Eethik an och d'Wäertschätzung betrëfft. De Sportsminister huet virdrun nach vun der Dammennationalekipp geschwat. Ech wëll just soen, dass dat eng ganz jonk Ekipp ass, déi wierklech gutt ënnerwee ass, déi nach kee Match verluer huet, déi opgestigen ass. A menges Wëssens war elo no hirer 20 Stonne laanger Rees aus dem Kasachstan ganz genau kee vun der FLF um Findel, fir si ze empfänken. Si goufen och net elo zum Frëndschaftsmatch invitéiert – wou se da kuerz gratuléiert kritt hunn duerch de Sports-Haut-parleur. Mee trotzdeem, ech mengen, eng Wäertschätzung gesäit aneschters aus. Dofir ass déi heite Motioun ëmsou méi wichteg, vu dass mer hei alleguerten zesummestinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Madamm Bofferding.

Da ginn ech der Regierung d'Wuert. Den Här Sportsminister Georges Mischo.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Georges Mischo,** Ministre des Sports | Jo, merci, Här President. Ech wollt just d'Chamber awer och e bëssen iwwert den aktuelle Prozess vum Safeguarding informéieren. Genau wéi d'Madamm Minella dat virdrun ugeschwat huet, ass dat en Deel vum Koalitiounsaccord, deen och extreem wichteg ass. Dofir hunn ech en och deementspriechend als Minister, zanter ech Minister sinn, gepusht, och mat Ressourcen, souwuel Ressourcen, déi an d'Sue schloen, wéi och Leit, déi mer engagéiert hunn.

Den aktuellen Direkter vun der ALAD ass amgaangen, ganz fläisseg mam nei opgestalltenen CA um Safeguardingprogramm ze schaffen. Do muss een awer och wëssen, dass ee fir de Safeguarding och Formatioune brauch. Et sinn och Verschiddener, déi schonn de Safeguardingofficer gemaach hunn, ënner anerem eng Juristin vum COSL, déi de Safeguardingprozess elo ofgeschloss huet beim IOC zu Lausanne.

An déi Leit, déi mussen natierlech forméiert ginn, well mir däerfen net mengen, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng Insel wieren. Hei gëtt et souwuel moralesch wéi awer och physesch a sexuell Gewalt oder Harcèlement am Sport. Dofir ass de Safeguarding enorm wichteg! Et ass, mengen ech, elo un der Zäit, net nëmmen no deenen doten Evenementer, de Safeguarding sou séier wéi méiglech op d'Schinnen ze kréien. An dat wäert ech mat allem, wat ech hunn, an natierlech mat der Ënnerstëtzung vun der Chamber, och maachen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Mischo.

Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

***Vote sur la motion***

D'Ofstëmme fänkt un. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 55 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm bei 4 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 55 voix pour et 5 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par M. Maurice Bauer), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Françoise Kemp), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Corinne Cahen), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Ben Polidori), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos).*

## 9. Question élargie n° 40 de M. Dan Biancalana au sujet des armes et des munitions

Mir kommen dann elo zur erweiderter Fro Nummer 40 vum Här Dan Biancalana iwwer Waffen a Munitiounen. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn ...

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Entschëllegt, Här President. Ech mengen, Dir hutt meng Fro iwwersprongen. Kann dat sinn?

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | A, da musse mer kucken.

*(Hilarité et interruptions)*

Fir d'éischt gëtt dann déi erweidert ... Madamm Closener, Dir hutt vollkomme Recht!

## 10. Question élargie n° 41 de Mme Francine Closener au sujet de la mise en œuvre généralisée du projet « ALPHA – zesumme wuessen »

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 41 vun der Madamm Francine Closener iwwert d'Ëmsetzung vum Projet „ALPHA – zesumme wuessen". Den Auteur huet hei och 5 Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eng eventuell Zousazfro virzedroen. An der Regierung stinn 10 Minutten zou. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Villmools merci, Här President. De Projet ALPHA, d'Alphabetiséierung op Franséisch, ass eng geplangte Reform, déi souwuel d'Schoul an hir Acteure wéi och d'Gemenge viru grouss Erausfuerderunge stellt. Obwuel de Pilotprojet a véier Schoule jo nach voll amgaang ass an deemno och keng wëssenschaftlech Konklusioun gezu ka ginn, sollt dëse Projet vum Bildungsminister scho bei der Rentrée am September d'nächst Joer iwwerall generaliséiert ëmgesat ginn. Et deit awer alles drop hin, datt genee dat geschitt, vu September 2026 un am Cycle 1.2.

An deem Sënn hunn de Ministère, de SCRIPT, zesumme mam Syvicol, och déi lescht Zäit de Gemengen dëse Regierungsprojet an e puer Reuniounen uechtert d'Land presentéiert. Doranner gëtt duergestallt, wéi déi Generaliséierung fir d'Schoulorganisatioun ausgesäit, wat dat mat sech bréngt, notamment wat jo de Besoin un zousätzleche Klassesäll an och un zousätzlechem Personal an den nächste Joren ugeet. Dat hänkt jo bekanntlech dervun of, wéi vill Schülerinnen a Schüler sech jeeweils fir eng Alphabetiséierung op Däitsch respektiv op Franséisch entscheeden, a mat wéi enge Klasseneffektiver d'Schoule schaffe wëllen oder schaffe kënnen, wann d'Infrastrukture schonn un der Limitt sinn.

Déi ganz Organisatioun suergt natierlech fir ganz vill Kappzerbrieches bei de Gemengen, bei de Schoulresponsabelen. Wat eis awer elo carrement erféiert huet, ass de Fait, datt d'Schoulen an där Presentatioun kloer gesot kruten, datt si mussen de Choix maachen, ob a wéi se d'Klasse wëllen opdeele respektiv zesummeleeën, och wann dat op Käschte vun der Differenzéierung géif goen. An anere Wierder: De Projet ALPHA stellt den Appui a Fro!

Op där enger Säit gëtt e Projet agefouert, dee méi Chancëgerechtegkeet oder op d'mannst Chancëgläichheet soll bréngen – esou steet et jo kloer an den Objektiver vum Ministère, an duerfir huet meng Partei dëse Pilotprojet och matgedroen –, mee op där anerer Säit solle besteeënd Moossnamen, déi zu e wéineg méi Chancëgerechtegkeet gefouert hunn, ofgeschaaft ginn! Wann dat esou wier, Här Minister, dann ass dat fir déi betraffe Kanner nu wierklech kee Fortschrëtt, an d'LSAP wier domadder och net d'accord.

D'Alphabetiséierung op Franséisch dierf net op Käschte vun der Differenzéierung goen! De Projet ALPHA kann de Kanner nëmmen dann eppes bréngen, wann d'Schoule prett sinn, wann d'Personal prett a motivéiert ass a wann d'Ressourcen, déi fir de Projet gebraucht ginn, och do sinn an net op enger anerer Plaz dann ofgezu ginn!

De Bildungsbericht an den Observatoire hunn ëmmer nees drop higewisen, datt d'Ënnerscheeder um Niveau vum sozioekonomeschen Hannergrond determinant si fir d'Bildungsongerechtegkeeten hei am Land. An anere Wierder: Kanner aus méi aarme Familljen hunn et vill méi schwéier, d'Schoul ze packen. Eng spezifesch Férderung vun deene Kanner, eeben a Form vun zum Beispill Appui, ass duerfir extreem wichteg, an dat komplett onofhängeg vun der Alphabetiséierungssprooch. Den Appui geet awer net duer! Do si mer eis, mengen ech, eens. Mir sinn derfir, en ze verbesseren, en eventuell auszebauen. Mir sinn net derfir, en ofzeschafen.

Fir hei Kloerheet ze kréien, wéilt ech also dem Minister déi follgend konkreet Froe stellen:

Ënnerstëtzt de Minister dës Approche, datt de Projet ALPHA op Käschte vun der Differenzéierung, wéi dem Appui, ëmgesat gëtt, dass deen Appui also, deemno wéi, fale gelooss gëtt? Wa jo, wéi justifiéiert de Minister dat? Sollt de Projet ALPHA net eng zousätzlech Verbesserung fir benodeelegt Kanner duerstellen, amplaz dass elo eng bestoend Hëllef ofgebaut gëtt?

Geet de Minister dervun aus, datt eng Alphabetiséierung op Franséisch en Appui iwwerflësseg mécht, datt se also ouni Differenzéierung zu bessere Resultater wäert féieren? Wa jo, op wéi eng Etüde baséiert de Minister sech fir déi Meenung?

Gëtt et beim Pilotprojet Hiweiser, datt d'Alphabetiséierung op Franséisch d'Benodeelegung, déi eeben duerch den defavoriséierte Milieu entsteet, kompenséiert oder op d'mannst reduzéiert? Wa jo, wéi gesinn d'Zuelen aus de Pilotprojeten dann aus?

An huet de Minister wëlles, de Contingent ze erhéijen, sou wéi den Observatoire et recommandéiert an och d'Gewerkschaften et fuerderen?

Opgrond vu wéi enge Resultater aus de Pilotprojete gëtt d'Generaliséierung definitiv decidéiert? Oder ass et och denkbar, datt se op méi spéit verluecht gëtt oder just fakultativ agefouert gëtt an deene Gemengen, wou et e reelle Besoin gëtt an déi och prett sinn?

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Closener. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci och dem Francine Closener dofir, mer d'Geleeënheet ze ginn, déi Opreegung do direkt kënnen ofzeblosen, well villes vun deem, wat hei ëffentlech rapportéiert ginn ass oder verstane ginn ass, natierlech net esou ass. Mee loosst eis der Rei no fueren.

De Projet „ALPHA – zesumme wuessen", also d'Pilotform a véier Schoule, gouf bei der Rentrée 2022 lancéiert. An dat ass jo e Projet, deen eis – an Dir hutt et richteg gesot – wäert erausfuerderen, andeems mer allen Elteren d'Méiglechkeet ginn ze decidéieren, ob se weider wéi bis elo hir Kanner op Däitsch wëllen alphabetiséiere loossen oder eeben op Franséisch, mam Zil, eng Sprooch kënnen erauszewielen, déi der Familljesprooch, der Mammesprooch oder op d'mannst deene Sproochen, déi doheem geschwat ginn a present sinn, méi no kënnt.

Et ass awer gradesou e Projet, deen derzou soll féieren, datt mer weiderhin eng Generatioun zesummen opwuesse loossen, datt mer also net eng Segregatioun maachen tëscht deenen, déi op Franséisch, an deenen, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, an duerno och wäerten an alle Klassen an an alle Stonne beschoult ginn, nee, mee déi a ganz ville Momenter och wärend hirem Schoulparcours wäerten zesummefannen.

Déi Pilotprojeten hu mer gemaach zanter der Rentrée 2022, fir eeben e Realitéitscheck och kënnen ze maachen, fir ze kucken, ënner wat fir enge Bedingungen dat ambitiéist Konzept dann och do wierklech kann an der Realitéit ëmgesat ginn, a gegeebenefalls och dat Konzept ëmzeännere respektiv weiderzeentwéckelen.

An natierlech wäerte mer och kucken, awéiwäit dat de Kanner zeguttkënnt, awéiwäit si dovunner profitéieren, awéiwäit mer dann eng méi gerecht Schoul kënnen ubidden, andeems mer de Kanner do de Choix loossen, den Elteren de Choix loosse vun der Alphabetiséierungssprooch.

Jo, mir sinn op villen Niveaue momentan an der Preparatioun. A wann ech soe „mir", da sinn dat all déi concernéiert Acteuren. Dann ass dat de Ministère, da sinn dat d'Gemengen, da sinn et d'Schoulen, da sinn et d'Regionaldirektiounen, déi sech momentan och ganz vill Gedanken doriwwer maachen. Am Ministère

si mer amgaangen, en Avant-projet de loi ze finaliséieren, dee mer, am Fall, wou mer dann deen Timing do wéilte bäibehalen, deen hei genannt ginn ass – bei der Rentrée 2026 –, och an den nächste Wochen nach an dëst Haus géifen erabréngen.

Mir sinn amgaang, Formatiounen unzebidden, déi ganz gutt besicht ginn, wat och weist, datt eng Adhesioun do ass vun den Acteuren aus der Schoul, vun den Enseignanteën an den Enseignanten, fir sech op deen dote Paradigmewiessel ze preparéieren. Mir sinn amgaangen, Léiermaterialien deementspriechend och nei ze concipéieren, eebe souwuel mat neier Method wéi och mat neien Unterrechtsproochen, well virun allem an enger ganzer Rei vu Fächer wäerte mer dann zweesproochegt Léiermaterial an den Asaz kréien, fir dat gutt ze preparéieren.

Ech wëll nach eng Kéier soen: Bei der Rentrée 2026 starte mer mat engem Joergang, an dat ass deen, deen dann am Cycle 1.2 ass. An dat zitt sech da wärend sechs Joer erop bis an de Cycle 4.2, Joer fir Joer ëm ee Joergang méi wäit. Deementspriechend hu mer och nach Zäit, fir do Léiermaterialien a Personal ze preparéieren.

Jo, mir wäerten och eng Evaluatioun virleeën, gegeebenefalls an den nächste Wochen dann, déi ganz villschichteg ass a ganz ënnerschiddlech Approchë wäert hunn: eng Kéier d'Erfarung vun deenen, déi haut konkreet dra geschafft hunn; dann awer och dee Conseil scientifique, deen en place gesat ginn ass, deen de ganze Prozess matbegleet huet; dann awer och eis üblech Manéier, Schoulprojeten an iwwerhaapt dee ganze Schoulsystem ze evaluéieren, e ganze Monitoring vun der Uni.lu iwwert de Luxembourg Centre for Educational Testing, an esou weider.

Momentan si mer awer och an enkem Dialog mat de Gemengen. Duerfir hate mer am Kontext vun engem Echange, dee mer mam Kommitee vum Syvicol oder mam Bureau vum Syvicol haten, och festgehalen, datt mer regional Reunioune géife maachen, fir einfach e bessert Verständnis vun deem, wat do op d'Gemengenautoritéiten och soll duerkommen, ze hunn a fir dat ze promouvéieren.

Op dräi Plazen am Land, regional verdeelt, konnte mer och ganz ville Gemengevertrieder – Politiker op där enger Säit, Administrativer op där anerer Säit emol – eigentlech awer einfach inhaltlech nobréngen, wat de Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ da wierklech ass, awer och, wat et dann net soll sinn. An an deene Reunioune schéngt et dann effektiv zu enger Rei vu Mëssverständnisser komm ze sinn.

Ech hunn och dës an d'nächst Woch nach Reunioune mat de Gewerkschaften aus dem Enseignement fondamental, fir och do nach emol de Point ze maachen an och nozelauschteren, wat hirer Meenung no d'Suerge sinn. Ech war d'lescht Woch nach an enger Schoul an der Fiels, fir och do nach eng Kéier eranzehéieren, wat virun allem den Enseignanten, déi dee Projet elo zanter dräi Joer begleet hunn, hir Impressioun ass, a virun allem och nach eng Kéier d'Schüler kënnen ze gesinn, wéi si dorobber reagéieren.

Mir haten an der Chamberskommissioun jo och schonn d'Geleeënheet, eng Kéier zu Schëffleng, mengen ech, festzestellen – dat ass vläicht eng subjektiv Impressioun, déi ech hunn, mee ech denken, datt ech se dee Moment awer mat ganz villen anere Kolleegen hei aus dem Haus gedeelt hunn –, datt einfach déi Schülerinnen a Schüler, déi an hirer Sprooch oder an där Sprooch, déi hirer Sprooch méi no kënnt, kënnen alphabetiséiert ginn, kënne léieren, kënne liesen, schreiwen, rechne léieren, datt déi einfach vill méi participativ sinn, datt déi vill méi oppe sinn, fir matzemaachen, sech och vill méi exprimméieren, einfach vill méi matmaachen a matschwätzen, wéi een dat awer leider gewinnt ass an enger ganzer Rei vun anere Klassen.

Mir maachen dat doten alles, well mer fir d'Rentrée 2026 da wëlle prett si fir dach och dee Moment, wa mer dat esou zesummen hei wäerten decidéieren. A finalement wäert dat eng Decisioun sinn, déi iwwert dee Gesetzesprojet muss geholl ginn, dee mer gegeebenefalls hei an d'Haus erabréngen.

D'Fro stellt sech natierlech, Dir Dammen an Dir Hären, vun de Ressourcen. An dat hu mer ni verheemlecht, virun allem net am Generellen, och net wéi elo d'Verhältnis ass an enger Schoul, wéi vill Elteren dann éischter optéiere fir déi Alphabetiséierung op Franséisch oder op Däitsch, mee virun allem do, wou mer kleng Schoulen hunn, virun allem a Schoulen, wou mer just eng Klass pro Joergang hunn.

Well wa mer dann do de Grupp zu gewëssene Momenter doubléieren ... Zu gewëssene Momenter wäert en zesumme sinn, mee wann et ëm Sprooche léiere geet, ëm liesen a schreiwe léiere geet, ëm rechne léiere geet, da wäerte se och getrennt sinn an an där Sprooch ënnerriicht ginn, déi se da gewielt hunn. Da kënnt et eeben derzou, datt keng zweet Klass méi do ass, mat där een dee Grupp erëm kann zesummesetzen. An dat géif dann effektiv méi Raim an och méi Schoulpersonal bedeiten.

Wat d'Raim ubelaangt, hu mer geschat, datt dat eng 150 Säll fir d'ganzt Land wäre fir 100 Gemengen, fir iwwer 150 Schoulen; dat vum Cycle 1 bis de Cycle 4, wann de Projet ganz deployéiert ass. Also, denken ech, eppes, wat absolutt gerabel ass, virun allem wann ech kucken, wéi vill mer momentan musse stemmen, zesumme mat de Gemengen, wat d'Croissance démographique ubelaangt. An engem änleche Verhältnis gesi mer dann natierlech och de Besoin u Personal. Mee ganz fokusséiert eigentlech op kleng Schoulen.

An natierlech wäerte mer dat och geziilt a separat kompenséieren, sou wéi haut och schonn op Demande hi vu ganz vill Kolleege vun Iech hei – Buergermeeschterinnen a Buergermeeschteren –, déi mer all Joer e feine Bréif schreiwen a soen: „Mir hunn an där doter Klass an an där doter Schoul awer elo e Problem, well mer do nëmmen esou vill Schüler hunn an do esou vill Schüler“, an déi, och konform zu deem Règlement grand-ducal, deen dat dote reegelt, eng Demande kënne maachen. An da préiwe mer dat a mir froen och d'Direktioun, ob dat esou an der Rei ass, ob dat esou ass, an da gi mer och eng Kéier e Surplus u Contingent.

An dat ass net wéineg. Wann ech dat mol vergläiche mat virun zéng Joer: Am Schouljoer 2015-2016 waren dat 534 Leçonen; am lafende Schouljoer 2024-2025 sinn et 1.931 Leçonen, déi mer op Demande hin als Surplus ginn, fir eeben och Schoulorganisatiounen ofzerënnen. An deem selwechte Mooss wäerte mer dat natierlech och an Zukunft maachen, wann am Kontext vun der Ëmsetzung vum Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ eebe geziilt zousätzlecht Personal – an hei gesi mer virun allem kleng Schoulen am Fokus – dann noutwendeg sollt ginn.

Déi Fro, déi elo opkomm ass, ob do elo muss en Arbitrage gemaach ginn tëschent klenge Klassen op där enger Säit oder Differenzéierung op där anerer Säit: Ech wëll éischtens emol nach eng Kéier soen, datt deen net nei ass. Well mir hunn e Contigent, an dee gëllt pro Kand. Wéi deen opgedeelt gëtt, ob ech domadder elo Klasse mat engem Effectif vun 19 oder Klasse mat engem Effectif vun 12, 13 maachen, dat ass finalement eng Decisioun vun der Schoul, déi finalement och vun der Gemeng an der Schoulorganisatioun arrêtéiert gëtt.

Elo géif ech mer dacks wënschen, wann ech eenzel Schoulorganisatioune sou kucken, datt ee vläicht seet: „Mir kucken, vläicht de Grondeffectif vun der Klass an der Moyenne e Stéck wäit méi héich ze maachen, fir vläicht iwwert d'Woch och mol eng, zwou, dräi, véier, fënnef Leçonen en zweeten Intervenant kënnen an d'Klass kommen ze loossen.“ Dat géif sécherlech derzou bäidroen, datt ee méi kéint differenzéieren an och emol an engem klenge Grupp vu Schülerinnen a Schüler op hir spezifesch Problematik am Laf vun enger Stonn agoen, wéi dat de Fall ass, wann ech just dee Contingent, dee mer der Gemeng zur Verfügung stellen, verdeelen a probéieren, den Effectif ze reduzéieren.

Ech muss awer soen, datt déi Priedegt, déi ech elo zanter iwwer zéng Joer halen an deem dote Sënn, déi ech och scho virdrun als Buergermeeschter gehalen hunn an deem dote Sënn, net iwwerall op oppen Ouere stéisst.

Dee selwechte Prinzipp eigentlech gëllt natierlech elo gradesou, wa mer bei enger fixer Zuel vu Kanner a bei enger fixer Zuel vu Contingent mussen eng Decisioun huelen. Et kënnt elo vläicht nach eng Kéier eppes derbäi, well mer hei jo Kanner souwuel a Klassen andeele wéi awer duerno och nach eng Kéier a Gruppen, jee nodeem wéi vill Kanner déi franséisch a jee nodeem wéi vill Kanner déi däitsch Alphabetiséierung gewielt hunn, an dann och en fonction vun där Zuel allkéiers kucken: „Maache mer dann do elo een, zwee oder dräi Gruppen doraus pro Schoul?“ An do sinn da vläicht nach eng Kéier déi Arbitragen do ze maachen. Mee dat ass net nei an dat ass och eppes, wat et haut scho gëtt.

Et ass op kee Fall eis Intentioun, wéi dat iergendwou dann awer schéngt gebuer ze sinn, mee ech weess net wou, ze soen: „Mir mussen elo op den Appui verzichten oder op aner Moossname verzichten, fir dat dann an de Contingent kënnen eranzehuelen, fir datt de Projet ALPHA iwwerhaapt organisatoresch méiglech wär.“

Nee, fir datt de Projet ALPHA organisatoresch méiglech ass, och a virun allem an deene klenge Schoulen, wäert et e Surplus u Contingent ginn. Op Demande hin an op Dokumentatioun hi wäert dee vum Ministère zur Verfügung gestallt ginn an e muss net duerch aner Moossnamen, wéi Appui, vun der Schoul selwer opbruecht ginn.

D'Madamm Closener huet bestëmmt nach eng Fro, Här President.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Educatiounsminister. Dann huet d'Madamm Closener d'Wuert fir hir Zousazfro.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Villmools merci, Här President. A merci fir déi Explikatiounen. Ech kann Iech soen, wou et hierkënnt. Et ass nämlech an der Powerpoint selwer, wou ee Saz drasteet: Dee Choix, deen d'Communauté scolaire misst huelen, „recourt à un plus grand nombre de leçons pour les créations de groupe-classes au détriment des leçons actuellement consacrées à l'organisation de mesures de différenciation.“ An duerfir ass d'Meenung natierlech opkomm, dass dat am Fong ënnerstëtzt gëtt, dass den Appui eigentlech soll fale gelooss ginn, dass dat d'Meenung ass vum Ministère. Ech si ganz frou, wann Dir mer sot, dass dat net de Fall ass.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech mengen och net, datt dat gemengt war mat deem dote Saz. Well do war genau dat gemengt, wat ech elo grad erklärt hunn, datt een natierlech als Schoul an als Gemeng eng Decisioun kann huelen: Wat maachen ech mat deem Contingent? A kucken ech, datt ech de

Klasseneffectif méiglechst niddreg halen a méiglechst vill Klassen dann och schafen an domadder meng Enseignanten dann asetzen oder maachen ech de Klasseneffectif e Stéck wäit méi héich an hunn da vläicht emol phaseweis en zweeten Intervenant an der Klass? An dat erlaabt dann natierlech eng gewëssen intern Differenzéierung. An dat ass eppes, wat haut gëllt. An dee Prinzipp, dee Choix ze treffen, gëllt natierlech och duerno, nom Projet ALPHA.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Meisch.

## 11. Question élargie n° 40 de M. Dan Biancalana au sujet des armes et des munitions (suite)

Da komme mer elo awer zur erweiderter Fro Nummer 40 vum Här Dan Biancalana. De Riedner huet 5 Minutte Riedezäit an der Regierung stinn 10 Minutten zou. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Waffegesetz vum Joer 2022 ass e bësse méi wéi dräi Joer en vigueur an et ass un der Zäit, eng qualitativ Evaluatioun vun der Regierung respektiv vum Justizministère virgestallt ze kréien, sou wéi mer et hei an der Chamber an enger Motioun den 20. Januar 2022 mat enger ganz grousser Majoritéit festgehalen hunn.

D'Gesetz mat sengen neien Dispositioune par rapport zum Gesetzestext vun 1983 gëtt also säit dräi Joer ugewannt an et ass wichteg, och op d'Auswierkungen um Terrain kënnen anzegoen.

D'Gesetz, wéi et ursprénglech jo och deposéiert gouf, hat eng méi restriktiv Ausriichtung wéi dat Gesetz, dat haut en vigueur ass. An de Projet war deemools net mat ganz oppenen Äerm empfaange ginn, besonnesch bei der Jeeërfederatioun, och bei enger ganzer Rei, mengen ech, Associatiounen an effektiv och de Professionellen, déi am Waffeberäich au sens large hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Et konnt och no Diskussiounen op ville Punkten, bon, déi kritiséiert goufen, nogebessert ginn, wat jo och ganz positiv war. An et ass och wichteg ze ënnersträichen, datt dat aktuellt Gesetz jo och aus engem bestëmmte Besoin eraus, wéinst enger ganzer Rei dramateschen Eventer, entstanen ass, an zwar aus dem Besoin, datt d'europäesch Memberstaaten den Arsenal u Waffen an hirem Land iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv – et war d'Direktiv „Bataclan" – besser kënnen enregistréieren an och tracéieren, an dobäi gläichzäiteg och d'Identitéit vun de Waffebesëtzer besser kënnen enregistréieren.

Dat ass och an de Länner, mengen ech, ganz wichteg gewiescht, wéinst den trageschen Ereegnisser ronderëm d'Terroruschléi zu Paräis, déi natierlech d'ganz Welt erféiert hunn. A wéi gesot, dës Direktiv „Bataclan", déi ass jo och aus dem Kontext vun der Lutte géint den Terrorismus eraus geholl ginn, fir awer effektiv um nationale Plang d'Zuel vun de Waffe vun der Bevëlkerung engersäits ze reduzéieren an awer och deementspriechend besser ze kontrolléieren.

D'Direktiv an awer och d'Gesetz ginn deementspriechend natierlech der nationaler Police an de Memberstaaten och d'Méiglechkeet, grenziwwerschreidend Kooperatioun am Kampf géint den Terrorismus duerchzeféieren.

Bon, mir wëssen alleguerten heibannen: Waffen, déi faszinéieren. Waffen, déi gi gesammelt a kommen och zum reegelméissegen encadréierten Asaz. Se sinn awer och potenziell geféierlech. Mee mir wëssen awer och, wa Waffen a falsch Hänn geroden, da kënne se Mënscheliewe kaschten. Waffe si vun Natur aus geféierlech an den Ëmgang domat an enger Gesellschaft muss also kloer gereegelt ginn, well et gëllt hei och, d'Sécherheet ze gewäerleeschten an eiser Gesellschaft an och Gewalt ze ënnerbannen. Alles dat sinn, mengen ech, Elementer, déi an dësem aktuelle Gesetz stinn.

A wann een natierlech e Bléck op de legalen an och op den illegale Waffenhandel werft, wësse mer alleguerten heibannen, dass natierlech och Waffe produzéiert ginn, fir Kricher ze féieren, awer och fir Verbriechen ze begoen. Bon, als Gesetzgeeber, mengen ech, ass et eis natierlech och wichteg, op d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun eise Bierger hei am Land opzepassen.

Bon, ech hat virun net méi wéi engem Mount och nach eng Question parlementaire gestallt, fir méi quantitativ Donnéeën ze kréien, wat effektiv dëst Gesetz, dat neit Waffegesetz, ugeet, fir do eng Rei Donnéeën ze kréien. Ech sinn och an attente vun där Äntwert, wollt awer hei, wat déi qualitativ Evaluatioun ugeet, eng Rei Froe stellen, well och u mech erugedroe gouf, dass d'Federatioune bis elo nach net fir déi Evaluatiounsgespréicher sollicitéiert goufen.

Dofir, mengen ech, eng Rei Froen hei un d'Justizministesch:

Wou ass dës qualitativ Evaluatioun drun, déi mer hei an der Chamber an enger Motioun festgehalen hunn, a wéi gëtt se am Fong duerchgefouert? Ginn d'Federatiounen an d'Associatioune bei däser Evaluatioun mat agebonnen a wat sinn am Fong Erkenntnisser, déi aktuell effektiv schonn um Terrain gemaach goufe bei der Applikatioun vun dësem Gesetz? A muss d'Gesetz op verschiddene Punkten da vläicht och nogebessert gi respektiv effektiv modifiéiert ginn? Bréngt d'Gesetz generell fir d'Servicer vum Ministère e méi groussen Aarbechtsopwand, well, mengen ech, och eng Rei Elementer am Gesetz bäikomm si vu Verifikatioun an och vu Contrôle, vu Permis an och vun den Autorisatiounen?

Voilà. Ech mengen, dat sinn déi Froen, déi ech hei stelle wollt. A merci fir d'Äntwert.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Biancalana. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Elisabeth Margue.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci, Här President. An och merci fir dës Fro. Ech géing mer vläicht erlaben, effektiv mat e puer Zuelen unzefänken. Dann hutt Der déi schonn, well dat awer net oninteressant ass.

Also, Stand haut hu mer 98.022 Waffen, déi ugemellt sinn, an et sinn 18.514 Leit, déi de Waffeschäin hunn. Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 1. Mee 2022 sinn 1.202 verbuede Waffen aus dem Verkéier gezu ginn. 28 Waffeschäiner goufen agezunn an 20 provisoresch suspendéiert. Recoursen um Verwaltungsgeriicht gouf et der bis elo just 8. Dovun huet de Staat 1 Affär gewonnen, an 2 Affäre konnt eng Eenegung fonnt ginn a 5 Affäre sinn nach unhängeg.

Et ass effektiv esou, wéi Der virdrun och richteg erkläert hutt, datt d'Diskussiounen deemools laang a komplizéiert waren iwwert dat Gesetz, well natierlech och déi Virgängerregierung decidéiert huet, e bëssen iwwert d'Direktiv erauszegoen an dësem Gesetz, wat eebe mat als Konsequenz huet, datt mer eeben en e bësse méi strengt Waffegesetz hunn.

Ech mengen awer, datt déi Reform vun 2022 an deem Sënn wichteg war, fir de Kader vun 1983 awer op de Leescht ze huelen, a se eng ganz Rei Ännerunge mat sech bréngt. Fir der vläicht e puer ze nennen: eng nei Klassifikatioun vun de Waffen; dass e legale Kader geschaf gouf fir d'Neutralisatioun vu Schosswaffen; och dass een als Éischt, fir den éischte Waffeschäin ze kréie respektiv och eng Verlängerung, e medezineschen Attest brauch – ech mengen, och dat ass e wichtegt Element –; dass Mataarbechter vu Waffenhändler enger Aggregatioun duerch de Justizministère ënnerleien; an esou weider.

Et sinn eng ganz Rei ... Wéi gesot, et ass e relativ laangt Gesetz vu 67 Artikelen, soudatt effektiv, wéi Der richteg erkannt hutt, do och méi Aarbecht duerkomm ass op de Justizministère, bei deem och d'Personal opgestockt ginn ass, deen awer entre-temps bei der Ëmsetzung vum Gesetz och wierklech eng Routine konnt erreechen an esou u sech och gutt schafft.

Vläicht fir d'Erfarungswäerter, elo déi éischt, déi mer hunn, nodeems dat Gesetz da jo elo effektiv e bësse méi wéi dräi Joer en vigueur ass: Ech mengen, et ass positiv. Dat ass och esou e bëssen dee Retour, dee mer elo op eng informell Aart a Weis vun den Acteuren aus dem Secteur kréien.

Ech mengen, et war wichteg, datt d'Gesetz no 40 Joer un déi aktuell Besoinen an och d'Entwécklung vun der Zäit ugepasst ginn ass, och wann et natierlech eng Erausfuerderung war, et ëmzesetzen, well eng Rei nei Prozedure matkomm sinn an, wéi gesot, de Justizministère och méi Leit gebraucht huet.

Et ass och, wéi gesot, e fundamentaalt Instrument, fir den Zougang zu Schosswaffen ze reguléieren an och ze limitéieren.

Am Justizministère si mer natierlech am enke Kontakt mat deene Leit, mat den Acteure vum Terrain. Mir hunn och bis elo schonn eng ganz Rei Verbesserungsvirschléi erakritt respektiv mir sinn op kleng Lacunnen am Text opmierksam gemaach ginn iwwert déi dräi lescht Joer. Mir wäerten egal wéi an däser Legislatur och e Projet de loi op de Wee bréngen, fir déi ze behiewen.

Mir sammelen, wéi gesot, elo eng Rei Retouren. Mee natierlech kënne mer och nach Entrevuë mat Associatioune maachen, wann dat gewënscht ass, fir dat och nach eng Kéier an dësem Kader ze diskutéieren. Am Alldag schwätze mer mat enger ganzer Rei Representanten, mee mir wäerten dat dann och nach op offiziellem Wee am Hierscht kënne maachen. Dann hu mer op der enger Säit all d'Donnéeën aus der Praxis an dann och nach d'Positiounen an den Entrevuen, fir datt mer dann och, wéi gesot, an däser Legislaturperiod nach e Gesetzesprojet kënnen op de Wee bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci der Madamm Justizministesch. An den Här Biancalana huet awer nach eng Zousazfro.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Et ass éischter eng Prezisiounsfro. Villmools merci, mengen ech, fir déi doten Erklärungen an och Prezisiounen. Ech héieren eraus, dass Der effektiv an däser Legislaturperiod nach wëllt en neie Projet de loi an d'legislativ Prozedur schécken, mee ech mengen, dat setzt jo viraus, dass eng qualitativ Evaluatioun stattfënnt, woufir mer jo eng Motioun hei an der Chamber gestëmmt hunn. Wéini kritt dann d'Chamber déi och deementspriechend virgestallt? Ech mengen, dat war och eng Fro, déi ech hei gestallt hat. Merci.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Ech mengen, dat ass eng ganz praktesch Fro, déi Uwendung vun deem Gesetz. Dat heescht, ganz villes leeft

och am direkten Echange mat den Acteure vum Terrain, wat, wéi gesot, am Moment schonn am Alldag geschitt bei Problemer, déi sech an der Ëmsetzung stellen. Mir wäerten, wéi gesot, d'Associatioune wuel och nach eng Kéier invitéieren. Mee ech weess awer och net, wéi en Acteur, ausser d'Acteure vum Terrain, eis soss nach kéint hei eng Evaluatioun maachen, déi eis besser géif hëllefen, dëst Gesetz wierklech konkreet ze verbesseren.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci der Madamm Justizministesch Elisabeth Margue.

## 12. 8412 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8412 iwwert d'Upassung vun de Sich- a Rettungsmissiounen an d'Schafe vun engem zweeten Directeur-adjoint-Poste bei der ANA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Effektiv, hei geet et ëm d'Modifikatioun vum Gesetz vum 21. Dezember 2007 iwwert d'Administration de la navigation aérienne, also ofgekierzt ANA.

Vläicht fir d'éischt eng kuerz Erklärung: Wat ass d'ANA iwwerhaapt? Majo, déi liwwert zënter 2004 Prestatioune fir de Service de navigation um Fluchhafen, si beschäftegt ongeféier 200 Leit. Vereinfacht ausgedréckt: Si ass also responsabel fir d'Aktivitéiten um Fluchhafen, déi direkt och mam Fluchverkéier ze dinn hunn. Si bidde jo verschidde Servicer fir d'Usagere vun eisem Loftraum un.

Ech weisen awer an dësem Kontext och nach op en anere wichtege Punkt hin, dat ass dee vun der Meteo. Och duerfir si si zoustänneg. Besonnesch, mengen ech, an Zäiten, wou et oft Wiederturbulenze gëtt, ass et gutt, wa mer esou eng Administratioun hunn. An all déi Operatiounen, déi sinn natierlech och konform zum europäesche Reglement Nummer 549/2004.

Den 11. Juli 2018 hate mer schonn eng Kéier hei an der Chamber eng Modifikatioun vun dem Gesetz. Dat war deemools de Projet de loi 6895. De Projet de loi vun haut, wéi gesot, dee preziséiert d'Missioune vun der ANA, am Fall wou Problemer mat Fligere bestinn, esou wéi se dann awer och an der Konventioun vu Chicago vum 7. Dezember 1944 zréckbehale sinn. An op Basis vun där Konventioun gëtt och dësen Dispositif reegelméisseg vun der OACI, dat ass Organisation de l'aviation civile internationale, kontrolléiert.

Duerfir ginn och verschidde geografesch Zone festgehalen. Lëtzebuerg ass an der Informatiounszon Bréissel mat der Belsch, der sougenannter SRR, Search and Rescue Region, an all SRR huet hiren eegene Koordinatiounszentrum fir Sauvetage a secondaire Zentren, déi Rescue Sub-Center, RSC, genannt ginn.

De Moment ass Lëtzebuerg, wéi gesot, an engem Service d'alerte, dee bei der ANA ugeschloss ass.

Wärend der Sitzung vum 11. November 2022 hat de Conseil de Gouvernement deemools iwwert de Fonctionnement vun engem RSC ënnert der Féierung vum CGDIS geschwat an och guttgeheescht. An am PL 8315 – ech géing mengen, deen ass nach um Instanzewee –, gëtt dës nei Missioun an d'Kadergesetz vum CGDIS ageschriwwen. Et ass awer och hei selbstverständlech ze preziséieren, datt d'ANA sech och an Zukunft u Recherche a Sauvetage muss bedeelegen. D'ANA ass also elo net méi direkt en charge vun de Rettungsmissiounen.

Dann, wat den zweete Volet ubelaangt, do geet et ëm eng Ännerung, wat d'Direktioun ubelaangt. An zwar soll d'ANA en zweeten Directeur adjoint kréien. An dee soll da grouss technesch an operationell Kenntnisser hu vun der ziviller Aviatioun. Esou Poste gëtt et iwwregens och schonn, ënner anerem bei dem lux-Airport an och anere Fluchgesellschaften. Den neien Directeur adjoint soll d'Reglementer vun den Departementer an operationelle Servicer vun der ANA iwwerwaachen.

An da kommen ech och direkt zum Avis vum Conseil d'État vum 12. November 2024, well deen nämlech domadder e bësse Problemer hat. An dee weist am Fong geholl drop hin, datt deen Directeur adjoint keng spezifesch Qualifikatioun misst hunn, contrairement zum besteeënden Text. An de Conseil d'État freet dann och, firwat do keng Explikatioun derbäiläit. Bon, hie recommandéiert, datt am Fong geholl d'Qualifikatioune géingen harmoniséiert ginn, wéi gesot, zwëschent dem Directeur an dem Directeur adjoint. Déi missten u sech jo quasi déi selwecht Diplomer hunn, well eeben den Directeur adjoint en absence vum Directeur deen dann och géing ersetzen.

Ech kann awer do direkt eng gewëssen Erklärung ginn. An zwar ass ënner anerem och virgesinn, datt och vläicht emol eng Kéier e Fluglotse kéint dann de Poste vum Directeur adjoint iwwerhuelen. Déi si jo awer net onbedéngt an der Carrière supérieure. Mee da géing awer d'Méiglechkeet bestoen, datt se trotzdeem an d'Fonctioun vum Sous-Direkter kéinte genannt ginn.

Ech wëll iwwregens nach drop hiweisen, datt mir de Moment plus ou moins 100 Staatsverwaltungen hunn, an et gëtt souguer eenzel Verwaltungen, wou de Sous-Direkter net onbedéngt eng spezifesch Formatioun muss virweisen.

Dann ofschléissend nach kuerz d'Aarbecht an der Kommissioun: De Gesetzesprojet gouf de 16. Juli 2024 deposéiert. Den 13. Mäerz 2025 gouf de Rapporter genannt. Du gouf och unanime de Rapport ugeholl, an zwar de leschten 8. Mee.

Vill méi ass zu dësem Gesetzestext, deen awer trotzdeem net onwichteg ass, net ze soen. An ech géing Iech och duerfir bieden, deem Texter hei Är Zoustëmmung ze ginn. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Graas.

Als éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Emile Eicher** (CSV) | Merci, Här President. Ech géif dann dem Här Graas derfir felicitéieren, well en dee Projet do zimmlech am Detail virgestallt huet. Ech mengen, et ass nach vläicht an Erënnerung ze bréngen, datt mer am Kader vun der Reform vum CGDIS och virgesinn haten, datt um Findel eng nei Statioun sollt kommen. Déi ass den 20. September 2023 ageweit ginn an déi huet sech och bewäert. An et läit am Fong geholl op der Hand, datt d'Aarbechten, besonnesch déi vum Commandement a vun der Koordinatioun vun den Operatiounen, wann et dann zu gréisseren Accidenter kéim, och bei hinne géif leien, well si jo net nëmmen an der Stad zentréiert sinn, mee iwwert d'ganzt Land, an dofir och ganz aner Méiglechkeeten hunn, wéi dat d'ANA huet.

An et ass jo och esou, datt d'ANA trotzdeem de Service d'alerte nach muss garantéieren an och muss hëllefen, soudatt, mengen ech, dat hei eng gutt Léisung ass, an datt an deem Gesetz, dat dann elo nach soll kommen, deem Projet de loi, dann och kloergestallt gëtt, wat d'Kompetenze vum CGDIS do sinn.

Zur Direktioun an zu dem Adjoint vun der Direktioun, mengen ech, ass och alles gesot. D'Aarbechte vun der ANA hu sech eeben enorm entwéckelt an d'Exigencë sinn och gewuess, soudatt et op der Hand läit, datt een do och en zousätzleche Mann oder eng zousätzlech Fra brauch, fir do eng Hand mat unzepaken. An dofir soen ech Iech Merci a froen Iech och ëm d'Zoustëmmung a ginn domadder och d'Zoustëmmung vun der CSV.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Ech soen dem Här Eicher Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Zu deem Projet de loi ass alles gesot. An dofir ginn ech d'Zoustëmmung vun der LSAP.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools. Dann ass et um Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll dem Här Gusty Graas en häerzleche Merci soen. En huet am Fong zu dësem Projet alles gesot. Et ass wichteg, datt mer eis bei ville Gesetzer ëmmer der Zäit upassen. Ech mengen, der Entwécklung vun der Technik a vun der Gesellschaft musse mer Rechnung droen, an hei ass dat geschitt. An ech géif duerfir d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Projet bréngen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci, Här Engelen. Da wier et um Här Meris Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. D'Responsabilitéiten tëschent der ANA an der CGDIS gi gekläert. Eng Rei vu Praxissen, déi haut schonn Usus sinn, ginn am Gesetz verankert. Et ass alles gesot ginn. Et bleift mer eigentlech just, all deene Merci ze soen, mengen ech, déi um Terrain tatsächlech an der Liewensrettung sinn – well am Endeffekt hannendru geet et dorëms, deene Merci ze soen –, an och den Accord vun der grénger Partei ze signaliséieren. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Här Sehovic.

Da wier et elo un der Regierung. Madamm Mobilitéitsministesch Yuriko Backes.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech kann och dem Rapporteur Merci soen, deen dat duebelt Zil vun dësem Projet ganz gutt erkläert huet. A merci fir d'Ënnerstëtzung. Et kléngt vläicht e bëssen technesch, et ass awer fir d'Aarbechte vun der ANA extreem wichteg. Dofir merci.

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Merci villmools, Madamm Backes.

Da kënne mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8412 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8412[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8412 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un.

*(Interruptions diverses signalant un problème technique)*

Ech gesinn alles schwaarz.

*(Hilarité)*

D'Ofstëmme fänkt un.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Bei där Koalitioun verstinn ech dat!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Françoise Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par M. Maurice Bauer), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par M. Charles Weiler), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Corinne Cahen), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Taina Bofferding), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen,** Président de séance | Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 13. 8481 – Projet de loi modifiant :

### 1° la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;

### 2° la loi modifiée du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire

Mir kommen elo zum Projet de loi 8481, deen d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum soll systematesch fërderen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet 8481 reforméiere mir de bekannten Artikel 29bis vum geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 betreffend den Aménagement communal an den Développement urbain, mam Zil, méi Wunnraum an zäitgläich och méi bezuelbare Wunnraum an den neie Quartieren ze schafen.

D'Reform vum Artikel 29bis ass en Deel vum Mesürepak „Méi a méi séier bauen" mat Verwaltungsvereinfachungen an engem neien ëffentlech-private Partenariat fir méi abordabele Wunnraum, deen d'Ministere fir Ëmwelt, Logement an Affaires intérieures virun engem knappe Joer annoncéiert hunn. Den 10. Januar dëst Joer, also viru genee fënnef Méint, gouf de Mesürepak an der Chamber presentéiert an d'Gesetzesprojete virgeluecht. An haut stëmme mir dëse wichtege Baustee vum Mesürepak.

Den Artikel 29bis gesäit vir, dass an all PAP, deen erschloss gëtt, en Deel vun der Fläch fir abordabele Wunnraum virgesi gëtt. Dës Terraine kréien d'Gemengen, de Staat an d'ëffentlech Bauträger gratis zur Verfügung gestallt, en contrepartie vun enger Erhéijung vun 10 % vun der Baufläch, déi am PAG fir de betraffene PAP „nouveau quartier" reservéiert ass.

Déi grouss Linne vum Pacte Logement 2.0 bleiwe bestoen, awer den Artikel 29bis gëtt spezifesch geännert, fir datt méi bezuelbare Wunnraum op der selwechter Grondfläch an den neie Quartiere ka geschaf ginn.

Den aktuellen Artikel 29bis gesäit verschidde Seuile fir d'Schafe vun abordabelem Wunnraum vir, jee nodeems, wéi vill Wunnunitéiten an engem PAP „nouveau quartier" entstinn. Dës Seuile gi mat dësem Gesetzesprojet harmoniséiert, fir datt an all PAP mat méi wéi zéng Logementer e Prozentsaz u bezuelbarem Wunnraum muss entstoen. Dat heescht konkreet fir PAPe mat méi wéi zéng Wunnunitéiten, datt 15 % abordabele Wunnraum musse geschafe ginn a PAPen, déi aktuell schonn als Bauland klasséiert sinn; a 20 % bezuelbare Wunnraum musse geschafe ginn op Terrainen, déi nei als Bauland ëmklasséiert ginn.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

A bei prioritäre Wunngebidder laut sektoriellem Deelplang „Wunnen" sinn 30 % abordabele Wunnraum virzegesinn.

Des Weidere gesäit de Gesetzesprojet vir, d'Seuile vun der Bruttobaufläch vun de bezuelbare Wunnengen ze harmoniséieren. Dat kléngt ganz komplex an ass och ganz technesch. D'Zil ass et, bezuelbar Wunnenge mat enger duerchschnëttlecher Wunnfläch ze schafen, déi dem Besoin vum Wunnengsmaart entsprécht. Dofir wäert de bezuelbare Wunnraum net méi an der Densité de logement vum PAG agerechent ginn, sou wéi dat aktuell mam Artikel 29bis nach virgesinn ass.

Dës Reform wäert fir d'ganzt Land vill neie Wunnraum a virun allem bezuelbare Wunnraum generéieren: zousätzlech 9.300 Wunnengen an den neie Quartieren, dovunner 3.600 bezuelbar Wunnunitéiten, ouni dass een elo d'Zone d'aménagement différé mat erarechent, an zousätzlech 14.600 Wunnengen, dovunner 5.600 Logements abordables mat de Zones d'aménagement différé.

Dëse Gesetzesprojet schaaft awer och endlech eng Base légale, déi de Gemengen déi néideg Flexibilitéit gëtt, fir selwer kënne festzeleeën, wéi vill Parkplazen an engem PAP musse geschaf ginn. Hei kann ee soumat an engem PAP „nouveau quartier" eng Derogatioun zum PAG virgesi fir d'Unzuel vun de Parkplazen a sou zum Beispill och just nach eng Stellplaz pro Logement abordable virgesinn.

D'Entrée en vigueur vum Gesetz ass den 1. Januar 2026, dat heescht, fir all PAP „nouveau quartier", fir deen d'Prozedur ab dem 1. Januar 2026 ageleet gëtt, applizéiert sech dann den neien Text. A fir all déi aner PAP „nouveau quartier", wou d'Prozedur virdrun ageleet gouf, bleift den aktuellen Artikel 29bis applikabel.

Erlaabt mer, nach kuerz op d'Prozedur an déi verschidden Avisen, déi zu dësem Gesetzesprojet erakomm sinn, anzegoen. Den 10. Januar 2025 hunn d'Ministere fir Ëmwelt, Logement an Affaires intérieures hire Mesürepak an der Chamber presentéiert, den 21. Januar huet den Inneminister de Gesetzesprojet op den Instanzewee bruecht an de 6. Februar gouf en un d'Interieurskommissioun verwisen. Den 23. Abrëll sinn ech dunn als Rapportrice vun dësem Projet genannt ginn.

D'Avise vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Salariés waren am Allgemenge positiv. D'Chambre des Salariés ass an hirem Avis vum 4. Mäerz 2025 der Meenung, datt een nach hätt kënne méi ambitiéis sinn, fir datt d'Bruttobaufläch fir de bezuelbare Wunnraum nach méi grouss sollt sinn. Si sinn des Weideren der Meenung, datt den Ausschloss vun de Logements abordables an der Berechnung vun der Densité de logement virun allem en Avantage fir d'Immobiliepromoteure wier, déi esou d'Rentabilitéit vun hire Projete kéinten optimiséieren.

Si begréissen allerdéngs, datt bei der Harmoniséierung vun de Seuilen den héchsten Taux fir d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum bei der Bruttobaufläch fir de Logement abordable zréckbehale gouf. D'Chambre des Salariés mengt allerdéngs, datt a PAPen, déi nëmme fënnef bis néng Wunnunitéiten hunn, och Logements abordables obligatoresch misste sinn, wéi dat an der aktueller Versioun ass.

Qualitéit a genuch Wunnraum si wichteg, fir virun allem och méi grousse Familljesituatioune Rechnung ze droen. D'Reduktioun vun zwou Parkplazen op eng kann zur Stigmatisatioun féiere vun deene Familljen a Mënschen, déi a bezuelbare Wunnenge liewen, well een en Ënnerscheed tëscht de klasseschen an de bezuelbare Wunnengen op deem Punkt mécht. Dat bemängelt d'Chambre des Salariés.

D'Chambre de Commerce begréisst an hirem Avis vum 19. Mäerz 2025 déi vum Gesetzesprojet virgeschloe Mesüren, mee fäert, dass duerch d'Harmonisatioun vun de Seuilen déi méi kleng PAPe kéinte penaliséiert ginn. D'Handelskummer begréisst allerdéngs d'Intentioun vum Legislateur, den Degré d'utilisation du sol anzeschränke betreffend de Bau vun abordabelem Wunnraum, deen ze grouss schéngt a sou och net der Demande vum Marché gerecht gëtt.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis vum 25. Mäerz 2025 nieft e puer legisteschen Observatioune gefrot, d'Referenz am Artikel 4 vum Gesetzesprojet op d'Strukture fir den Drëtten Alter un d'Formulatioun aus dem Gesetz iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Persoune vun 2023 unzepassen. D'Interieurskommissioun huet de Remarke vum Staatsrot Rechnung gedro an den initiale Gesetzesprojet an hirer Sëtzung vum 24. Abrëll esou amendéiert. Der Kritick vum Staatsrot konnt soumat Rechnung gedroe ginn an de Staatsrot huet dat a sengem Avis complémentaire vum 13. Mee begréisst a confirméiert, dass de Projet esou kéint gestëmmt ginn.

Den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils huet eis de leschte Freiden nach säin Avis zum Gesetzesprojet zoukomme gelooss, soumat konnt ech deen och net méi a mengem schrëftleche Rapport vum 21. Mee ernimmen. Den OAI begréisst déi administrativ Vereinfachungen, d'Harmoniséierung vun de Seuilen an d'Méiglechkeet, d'Exigenzen a punkto Parkplazen unzepassen. Des Weidere gi se nach weider verschidde

Recommandatioune mat op de Wee, wéi ënner anerem generell d'Suppressioun vun der Densité de logement an eng progressiv Uwendung vun den neien Dispositiounen, fir e méi fléissenden a méi kontrolléierten Iwwergang ze garantéieren.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dann dinn ech elo nach meng Kap als Spriecherin vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet un.

***Discussion générale***

Dës Regierung huet sech eng kloer Richtung ginn: Méi a méi séier bauen a besonnesch och méi bezuelbare Wunnraum schafen. An dat setzt se konsequent ëm. An nëmme fënnef Méint zënter dem Depot vum Gesetzesprojet iwwer d'Simplifikatioun an d'Harmonisatioun vum Artikel 29bis si mir haut hei an der Plenière mat dësem Gesetzesprojet befaasst, fir Neel mat Käpp ze maachen. D'Regierung huet, sou wéi am Koalitiounsprogramm virgesinn, déi vum Pacte Logement 2.0 agefouerte Mesüre souwéi d'Effekter dovun op d'Schafe vun neie Logementer evaluéiert.

Beim Vott vum Pacte Logement 2.0 de 14. Juli 2021 huet d'CSV sengerzäit géint de Gesetzesprojet a soumat och géint d'Aféierung vum 29bis gestëmmt. Eise Spriecher, den honorabele Marc Lies, huet deemools a sengen Ausféierunge virun allem de Mangel un Ambitioun am Projet a ganz besonnesch den Artikel 29bis kritiséiert, wou komescherweis de Seuil fir den abordabele Wunnraum vum Depot vum Gesetzesprojet bis zum finale Vott aus onerklärleche Grënn ëmmer méi kleng ginn ass. Deemools hate mir och eng Rei Motiounen, déi awer alleguer mat de Stëmme vun der deemoleger Majoritéit ofgeleent gi sinn, deposéiert, ënner anerem och eng, fir e méi ambitiéisen Artikel 29bis anzeféieren.

Fir d'CSV ass de Pacte Logement 2.0 eng gutt Mesür gewiescht, déi allerdéngs hir Objektiver net wierklech konnt erreechen. Sou war se virun allem e Verhënnerungspak, bei deem de Staat net wierklech de Partner vun de Gemenge konnt si bei der Schafung vu bezuelbarem Wunnraum.

Dat soll sech mat dësem Projet änneren. Mir hunn an eisem Walprogramm annoncéiert, de Pacte Logement ze iwwerschaffen a virun allem ze vereinfachen. A mat dësem Gesetzesprojet setze mir dat Verspriechen ëm.

Wéi am Walprogramm presentéiert, erhéije mir de Minimum u bezuelbarem Wunnraum an neie PAPen. Ech sinn op d'Chiffere virdrun a mengem Rapport agaangen, dofir erspueren ech Iech dat elo nach eng Kéier. Mee vill méi nei abordabel Wunnunitéite sollen doraus entstoen.

Weiderhi gëtt och d'Flexibilitéit vun de Gemengen erhéicht, wat ech natierlech och begréissen.

Mir maachen dat haut wéi bei der Sprangpressessioun, wou mer ëmmer schéi weider no vir sprangen an net op der Plaz ronderëmtréppelen oder stoe bleiwen. Dës Majoritéit kuckt ambitiéis no vir an dreift d'Schafe vu Wunnraum a ganz besonnesch och vu bezuelbarem Wunnraum konsequent virun.

Am aktuelle Regimm gouf festgestallt, datt verschidde Bauhäre probéiert hunn, sech laanscht déi divers Seuile vu bezuelbarem Wunnraum vum Artikel 29bis ze schläichen, andeems se e PAP presentéiert hunn, dee manner Wunnunitéite virgesinn huet, fir nëmmen net mussen abordabele Wunnraum ze schafen, wat eigentlech, mengen ech, jidderengem zeguttkomm wier. Deem Phenomeen soll elo mat deenen neien harmoniséierte Seuilen entgéintgewierkt ginn an déi nei Mesüre gëllen, wéi gesot, fir all PAP „nouveau quartier" mat méi Wunnunitéiten.

Et ass e wichtege Projet a mir brauchen all Zort vu bezuelbarem Wunnraum, mat manner, awer och emol mat méi Wunnfläch, well net just Singles sinn op der Sich no bezuelbarem Wunnraum. Et gëtt och vill Famillje mat méi oder manner Kanner, déi am selwechte Fall sinn an op der Sich sinn no eppes, wat se bezuele kënnen. Mat den Ännerungen um Artikel 29bis schafe mer déi néideg Moyenen, fir dëse Besoine gerecht ze ginn. A mir begréissen dat.

An domat ginn ech hei den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Luc Emering. Här Emering, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Emering** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, de Logement a virun allem den Accès zu erschwénglechem Wunnraum bleift fir vill Leit ëmmer nach ganz schwiereg. Dowéinst si mir frou, datt elo mat der Reform vum Artikel 29bis d'Prozedure fir eng Rëtsch Acteure vereinfacht ginn. Leit, déi eng bezuelbar Wunneng sichen a brauchen, sollen dës ëmsou méi einfach an den neie Quartiere kënne fannen.

Ech erspuere mir elo déi genau Dispositiounen, op déi d'Madamm Rapportrice scho ganz gutt agaangen ass, woufir ech och op dëser Plaz nach eng Kéier wëll e grousse Merci soen.

Als DP si mir iwwerzeegt, datt dëse Projet mëttel- a laangfristeg fir Entlaaschtung bei der Sich no abordabelem Wunnraum suerge wäert. Och an dëser ugespaanter Situatioun, wéi se sech den Ament nach um Wunnengsmaart presentéiert, soll all Mënsch eng Chance hunn, fir sech a seng Famill e passend Doheem ze fannen.

Eng Ännerung, déi dëst erméiglecht a wéi et och elo scho virdru gesot ginn ass, ass ënner anerem, dass abordabel Wunnengen elo net méi an der Densité de logement an de PAGen, mee doriwwer eraus wäerte berechent ginn. Gläichzäiteg gëtt d'Gréisst vun de Logementer vun den abordabele Wunnengen de Besoine vun der Zäit ugepasst. Mat ville monoparentalle Leit, déi aleng wunnen, oder Koppelen ouni Kanner, ass et eis wichteg, datt d'Logementer convenabel sinn an awer och hiren Zweck erfëllen an adaptéiert sinn un dat Liewe vun där Persoun, déi do wunnt.

Et héiert een ëmmer erëm, datt verschidden abordabel Wunnengen net optimal kënne genotzt ginn, well se einfach ze grouss sinn an dowéinst fir déi meescht Leit net erschwénglech sinn. An esou Situatiounen ass domat also kengem gehollef. Dofir ass et sënnvoll, datt elo méi Wunnengen op de Marché solle kommen, déi besser un d'Situatioun vun deenen eenzelne Leit ugepasst sinn.

Här President, eng Ännerung, déi mir als DP begréissen, ass, dass duerch de Bau vu manner Parkplaze méi Begréngung an eis Quartiere wäert kommen. Bis elo goufen d'Parkplazen duerch de sougenannte „Parkraumschlëssel" vun deene jeeweilege Gemenge gereegelt. D'Ännerung, déi elo kënnt, erlaabt et de Gemengen elo, vun dëser Reegelung ofzewäichen, a suergt derfir, dass do, wou et Sënn ergëtt, just nach eng Parkplaz pro Logement virgesi gëtt.

Fir d'DP ass dëst eng Ännerung, déi op verschidden Eebene ganz sënnvoll ass. Leit, déi op erschwénglech Wunnraum ugewise sinn, hunn a verschiddene Fäll och keen Auto oder manner Autoen. Dowéinst mécht et och Sënn, datt net fir all Wunneng mussen zousätzlech Parkplaze geschaf ginn, wat de Bau extreem verdeiert.

Och fir ëffentlech a privat Acteure bedeiten dës Ännerunge Vereinfachungen a verschiddene Beräicher. Virun allem bei der Harmoniséierung vun der Gréisst vun de Projeten an den erfuerderte Quoten un abordabelem Wunnraum ginn elo kloer Norme geschaf.

Fir d'DP ass d'Iwwerschaffe vun dësem Artikel e wichtege Schratt. Mat der Adaptatioun vun der Gréisst vun de Logementer gi mir eis den noutwendege Kader, fir erschwénglech Wunnenge méi zäitgeméiss ze gestalten.

A schlussendlech suergen harmoniséiert Quote beim abordabele Wunnengsbau elo derfir, dass iwwerall déi selwecht Reegelen applizéiert musse ginn an dass onofhängeg vu privatem an ëffentlechem Secteur elo den dréngend gebrauchte Wunnengsraum och geschaaft gëtt, fir jidderengem eng Chance op säin eegent Doheem ze bidden.

Dëst gesot, kommen ech heimat zum Enn vu menger Ried. Als DP kënne mir dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. Dat géif ech dann heimat och maachen an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun fir dësen Text.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Emering. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Merci, Här President. Ech maachen dat vun hei aus. Ech wëll just e puer Prezisioune ginn. Mir stëmmen dat heiten, déi Modifikatiounen, mat. Ech mengen, all Gesetz, wat ee ka verbesseren, soll een ënnerstëtzen.

Ech wëll just op déi Aussoe reagéieren, dat heite wär e „Verhënnerungspak". Ech stelle fest, dass déi grouss Richtlinne vum Artikel 29bis awer bestoe bleiwen. An ech ka mech erënneren, wat ech mer deemools, wéi Dir an der Oppositioun waart, do villes hu missen unhéieren: Jo, déi gratis Cessioun, dass d'Gemengen Terraine gratis zur Verfügung gestallt kréien, dat wär net ëmsetzbar, d'Baudicht, déi domadder an d'Luucht geet, dozou krut ech Biller gewisen, dass et net méiglech wär, do nach e Stack dropzesetzen. Ech ka mech erënneren, dass alleguer d'Juriste mer gesot hunn, et wär net méiglech, d'Dispositioune vum PAP zum PAG ze derogéieren.

Bon, schlussendlech ass et awer gaangen, wéi mer feststellen. An ech sinn trotzdeem frou, dass Der d'Grondbasis vun deem Gesetz awer weiderféiert, dass dat net a Fro gestallt gëtt. An dofir kann een hei definitiv net vun engem „Verhënnerungspak" schwätzen.

Wat mer awer och deemools gesot hunn – an et ass och richteg, dass dat haut gemaach ginn ass –, ass, dass eebe gekuckt ginn ass, wéi eng Erfarungen d'Gemengen elo domadder gehat hunn. Effektiv, do stelle sech e puer Problemer, déi vläicht am Ufank net esou gewosst waren. An et ass wichteg, dass een evaluéiert, eng Bestandsopnam mécht an eebe kuckt, wéi ee kann nobesseren. Well ech mengen, do si mer eis eens, dass d'ëffentlech Hand – d'Gemengen an de Staat – hire Wunnpark nach muss vergréisseren. Dat heiten ass een Instrument. Et ass fir eis ganz kloer, dass dat heiten elo muss nogebessert ginn.

Mee ech soe ganz bewosst: een Instrument! Am Logement brauch et nach ganz vill aner contraignant Instrumenter. Kierzlech huet de Finanzminister, an dann och de Premier am État de la nation, gesot: „Et ass wichteg, dass de Marché sech elo erëm kann erhuelen a sech selwer reguléieren."

Nee, do si mir komplett anerer Meenung! Duerfir brauch et eebe genau Instrumenter wéi déi heiten, fir

dass eeben de Staat kann an de Marché agräifen. An ech hoffen, dass elo mat deene Modifikatiounen eebe virun allem och d'Gemengen hiren eegene Wunnpark nach weider wäerten ausbauen an och doduerch kënne garantéieren, dass méi Leit Accès zu bezuelbarem Wunnraum kréien.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bofferding. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dat och elo vun hei aus. Ech mengen, natierlech ass all Moossnam, déi drop aus ass, méi abordabele Wunnraum ze schafen, ze begréissen. An ech mengen, mir hunn hei am Land e ganz grousse Problem vu ville Leit, déi d'Land musse verloossen, déi iwwert d'Grenz musse wunne goen, well se hei keen abordabele Wunnraum fannen. Wa mer deenen heimadder d'Méiglechkeet ginn, hei am Land kënnen ze bleiwen, dann ass dat en absolutte Virdeel.

D'Fro ass ëmmer, wéi dat verdeelt gëtt. Dat gëtt elo hei net diskutéiert am Gesetz, mee dat ass awer eng Fro, déi sech stellt. A mir sinn ëmmer derfir, wann d'Gemengen et esou maachen, dass och déi Jonk, déi aus der Gemeng sinn, am beschte kënnen an der Gemeng wunne bleiwen, wat och eng Partie aner Virdeeler fir d'soziaalt Liewen an der Gemeng huet.

Et muss een awer och virsiichteg sinn, wann ee seet: „Ok, mir maache manner Parking." D'Leit hunn awer Autoen, brauchen Autoen. An och wat d'Baudicht ugeet, wëll ech awer kuerz soen, dass eng méi héich Baudicht ganz oft awer och op Käschte vun der Liewensqualitéit ka goen. An dat ass dann en Nodeel vun deem Ganzen.

Zum Schluss wëll ech awer och nach soen: Dir hutt geschwat vun 3.000 an nach eng Kéier 5.000 neie Wunnengen, déi abordabel sinn, déi wäerten op de Marché kommen. Bon, dat sinn esou Zuelen, déi mer awer elo e bësse grouss schéngen. Ech mengen, all Wunneng ass gutt, déi do ass, déi abordabel ka sinn. Mee ob déi doten Zuele stëmmen, dat woen ech awer elo hei ze bezweifelen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Elo kritt den Här Meris Sehovic d'Wuert. Här Sehovic, et ass un Iech.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi déi ursprénglech Fassung vum Artikel 29bis am Kader vum Pacte Logement 2.0 agefouert ginn ass, do war dat e Meilestee vun der Wunnengsbaupolitick hei zu Lëtzebuerg. Si huet fir d'éischte Kéier e kloren Automatismus geschaf. Iwwerall do, wou e PAP „nouveau quartier" entwéckelt gëtt, entsteet gläichzäiteg ëffentleche bezuelbare Wunnraum.

Dat war an dat bleift e staarkt Instrument fir den ëffentleche Wunnengsbau, systematesch, landeswäit a verbindlech. Déi Reform, déi elo virläit, baut dorop op. Mee se bleift leider hannert de Verspriechen zréck.

Am Kär enthält de Gesetzestext eng Rei technesch Preziséierungen, déi sécherlech sënnvoll sinn an déi mir och ënnerstëtze kënnen. Verschidden Definitioune gi geschäerft an och d'Rolle vun de Gemengen a vun den ëffentleche Promoteure gi preziséiert.

Mee mir sinn ëmmer nach an enger Wunnengskris. An déi huet sech, dat muss een och feststellen, zënterdeems déi nei Regierung um Rudder ass, och nach weider verschäerft. An obwuel mer technesch Nobesserunge begréissen, stelle mer fest: Et feelen der Reform déi néideg politesch Visiounen an och déi néideg Ambitioun!

Ee kloert Beispill ass d'Harmoniséierung vun den Tauxen, déi scho vill ugeschwat ginn ass. Eent vun den Ziler ass et, déi verschidde Mindestquote fir d'Schafe vun ëffentlechem Wunnraum ze harmoniséieren. An Zukunft sollen et dann d'office 15 % bei PAPe sinn, déi schonn a bebaubaren Zone leien. Bei deene PAPen, wou e Reklassement gemaach gëtt an den Terrain doduerch bebaubar gëtt, gëllen dann 20 %.

Dass d'Regierung hei déi jeeweileg méi héich Tauxen zréckbehalen huet, ass begréissenswäert. Mee d'Fro stellt sech, ob een net hätt misse méi wäit goen, grad well d'Kris sech zënter der ursprénglecher Fassung vum 29bis verschäerft huet, a grad och, an dorop kommen ech méi spéit nach eng Kéier zréck, well dëse Projet de loi nei Kaddoe fir Privatpromoteuren aféiert.

Do, wou am Plan sectoriel Logement prioritär Zone fir de Wunnengsbau definéiert goufen, do gëllen haut schonn 30 % abordabele Wunnraum. Firwat gouf dësen Taux net iwwerall iwwerholl? Firwat huet een hei net fir Kohärenz gesuergt?

D'Chambre des Salariés ass an hirem Avis ganz kloer dozou. D'Tauxen an dëser Reform sinn net ambitiéis genuch. D'Regierung hätt hei e staarkt Signal kënne setzen, huet dat awer nees verpasst.

Gläichzäiteg gëtt een zentraalt Verspriechen vun dëser Reform net agehalen, nämlech d'Schlupflächer zouzemaachen, déi am Artikel 29bis existéieren. Och an Zukunft bleift et méiglech, dass d'PAP „nouveau quartier" esou konzipéiert ginn, dass se manner wéi zéng Wunnengen hunn an domat aus der Verflichtung vum bezuelbare Wunnraum erauskommen. D'Reform sollt dëse Problem, laut Exposé des motifs, léisen. Mee an der konkreeter Ausféierung geschitt dat net.

Zum Parkraumschlëssel, deen hei fir den abordabele Wunnraum geännert gëtt oder punktuell och ka geännert ginn: Dat ass eng Entwécklung, déi mer natierlech begréissen. D'Fro drängt sech awer op, wisou mer dat just fir den abordabele Wunnraum maachen. Och hei hätt een eigentlech missen higoen an dat fir all Zort vu Logement maachen.

An natierlech – an dat ass am Endeffekt mäi gréisste Problem, an dat ass een awer vun dëser Regierung scho gewinnt – gëtt och hei erëm en decke Kaddo fir déi grouss privat Promoteure gemaach. Duerch d'Upassung vun de Parameeteren, zum Beispill bei der Densité de logement an aneren urbanistesche Krittären, ginn d'ëffentlech Wunnengen, déi gebaut ginn, net eragerechent. Dat bedeit effektiv, dass méi gebaut ka ginn, méi abordabele Wunnraum, kloer, awer och méi Wunnraum fir de private Marché ouni kloer sozial Géigeleeschtung. Domat ass et faktesch e weidere Kaddo u Privatpromoteuren. Am Numm vun der Simplification administrative ginn d'Privatpromoteuren hei erëm gestäerkt an net déi ëffentlech Steierung vum Wunnraum.

A schlussendlech – an dat ass, mengen ech, de sprangende Punkt – feelt eent: d'Mobiliséierung vu bebaubaren Terrainen! D'Regierung huet eis virgerechent, an déi Rechnung ass hei och nach eng Kéier ernimmt ginn, dass duerch déi virleiend Reform 9.300 zousätzlech Wunnengen, dovunner 3.600 ëffentlecher, entstoe géifen. Fir dës Zuelen ze erreechen – an dat muss ee kloer soen –, mussen awer all d'Terrainen, déi haut bebaubar sinn, och tatsächlech entwéckelt ginn.

Dass dat haut net de Fall ass, huet virun allem domat ze dinn, dass mam Bauland spekuléiert gëtt. Ouni eng aktiv Politick, fir ongenotzten Terrainen ze mobiliséieren, ginn déi errechent Wunnengen net gebaut. D'Regierung versprécht eis zënter zwee Joer elo eng Mobiliséierungssteier, mee ëmmer nach léisst eng konkreet Propos op sech waarden. An esou laang dat esou bleift, sinn déi Zuelen, déi presentéiert goufen, net vill méi wéi Schéirechnerei.

Jo, am Fazit, de Projet bréngt e puer technesch Fortschrëtter. Mee d'Regierung verpasst d'Occasioun hei erëm net, private Promoteuren e grousse Kaddo ze maachen an ambitiounsaarm vis-à-vis vun der Wunnengskris ze sinn. De Projet hëlt gutt Iddien op, mee schwächt hir Wierkung. E versprécht, Schlupflächer zouzemaachen, léisst se awer op. En harmoniséiert Quoten, mee net do, wou et néideg wier. A wann et ëm d'Steierung geet, gëtt erëm op privat Promoteure gesat an net op d'ëffentlech Hand.

Mir erwaarden eis méi fir d'Mënschen, déi haut keng bezuelbar Wunneng fannen. An dofir kënne mer de virleiende Projet net ënnerstëtzen. Mir wäerten eis enthalen. Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Här President, ech fueren dann do virun, wou den Här Sehovic opgehalen huet. Dës Regierung seet, se géif elo méi a méi séier bauen. Dass dat wierklech esou ass, dorunner zweifele mer, an dat aus zwee Grënn:

Éischtens well d'Regierung sech déi politesch Mëttel guer net wëll ginn, fir de Wunnengsbau ze beschleunegen. D'Kontroll doriwwer läit a ganz grousse Deeler bei de Promoteuren an de privaten Terrainsbesëtzer, déi iwwer 80 % vum Bauland an hirem Besëtz hunn an zimmlech ongehënnert entscheeden, wat se domadder maache wëllen.

An zweetens well d'Regierung bis ewell keng Anstalte gemaach huet, zumindest dat ze beschleunegen, wouriwwer se Kontroll huet, nämlech d'Beschafe vu méi Bauterrain fir ëffentlech Promoteuren an en Eropfuere vun der Bautätegkeet vun dësen Acteuren. An d'Finanzplanung fir déi kommend Jore léisst net drop schléissen, dass sech do eppes ännere wäert. An och den Opkaf vu Wunnengen an der VEFA schéngt gréisstendeels verdréchent ze sinn.

Well d'Regierung selwer net u staatlech Initiativ um Immobiliemarché gleeft an déi zréckdréine wëllt, versicht se et hei op klassesch neoliberal Aart a Weis mat e bëssen Dereglementéierung a Gefällegkeete fir dat privat Bauwiesen.

De Fokus läit bei dëser Regierung op manner Verwaltungsopwand, manner Naturschutz, méi séieren a klore Prozeduren. Jo, dat kléngt jo alles esou einfach. Mee dovunner profitéieren un alleréischter Stell an och am allerstäerksten déijéineg, déi vill Bauterrain hunn an domat elo méi séier méi Geld verdénge kënnen, an net onbedéngt well se méi a méi séier gënschtege Wunnraum bauen oder baue loossen.

Den Artikel 29bis am Gesetz, ëm deen et haut geet, huet de wichtegen a gudden Automatismus agefouert, dass Promoteure bei PAPen en Deel Wunnraum oder Terrain u Gemeng oder Staat oftriede mussen. Dat ass sécher e Fortschrëtt. Dorunner, dass de Promoteur oder de Grondbesëtzer entscheet, wéini e wat oder iwwerhaapt eppes baut, huet sech awer näischt geännert. Wann de Marché grad héich Margë versprécht, da gëtt eppes drop gebaut, wann net, da gëtt op besser Zäite gewaart. Eraus kënnt eng Situatioun, wou Terrainen zréckgehale ginn, wou spekuléiert gëtt, maximal Rentabilitéit erausgepresst gëtt an net genuch gënschteg Wunnengen op de Marché kommen.

Strukturell geet d'Regierung dës Problematik net un, mee se spillt mat der Densitéit an de Koeffiziente bei der Buedemnotzung am Kader vun de PAPen. No bausse gëtt vermëttelt, dass elo op eemol Dausenden – rieds geet vun, an d'Zuele si genannt ginn, 3.600 ëffentlechen, 9.300 insgesamt – abordabel Wunnenge méi kéinte gebaut gi mat dëser Reform. Mee do hannendru verstoppe sech awer an éischter Linn nach besser Margë fir d'Promoteuren.

D'Upassungen, déi elo hei virgeholl ginn, begrënnt d'Regierung mat den ze groussen abordabele Wunnengen, déi géife gebaut ginn an déi net de Besoine vun de potenzielle Locatairë vun dëse Wunnengen entsprieche géifen.

An de PAPen, déi an deene leschten dräi Joer op Basis vum neien Artikel 29bis geneemegt goufen, sinn an der Moyenne 133 m² Bruttokonstruktiounsfläch pro abordabel Wunneng virgesinn, also eppes iwwer 100 m² netto an der Moyenne. Et kënnt net seele vir, dass 200 bis 250 m² pro Wunneng gebaut ginn, also Nettowunnfläch vun 200 m².

Dem Cahier des charges vum Logementsministère no misste fir esou Wunnengsgréisste fënnef bis sechs Schlofkummere virgesi sinn. Do kéinten da grouss Famille mat véier oder fënnef Kanner logéiert ginn. Mee d'Realitéit ass natierlech eng aner. Et gëtt grouss gebaut, mee mat wéineg Zëmmeren, well Maueren an Diere Geld kaschten. An eraus komme Wunnengen, déi méiglechst bëlleg am Bau sinn, mat e puer grousse Raim, mee déi net dem Bedarf entspriechen. An hei läit den zentrale Problem.

Déi ze grouss abordabel Wunnenge sinn net op Formelen oder Regularien zréckzeféieren, mee op d'Profittoptiméierung vun de Promoteuren. Déi abordabel Wunnenge sollen esou mann wéi méiglech kaschten, duerfir gëtt e Minimum esou Wunnengen op der virgeschriwwener Surface gebaut.

Bei de Wunnengen um Privatmarché op där anerer Säit ass et ëmgedréint. Hei gi kleng Wunnenge gebaut, well déi méi rentabel si wéi grousser, ob am Verkaf oder an der Locatioun.

Mat den Upassungen, déi d'Regierung elo hei mécht, suergt se derfir, dass nach méi där deierer klenger Wunnenge kënne gebaut ginn, ouni dass séchergestallt gëtt, dass duerfir dann déi abordabel Wunnengen am Kader vun esou PAPen de Besoine besser Rechnung droen. Duerfir, menge mer, wäert dëst Gesetz och keen nennenswäerten Impakt hunn.

Dass d'Prozentsätz fir abordabel Wunnenge bei PAPen harmoniséiert an och liicht ugehuewe ginn, fanne mer richteg. Mir wieren awer och gäre méi wäit gaangen, op 30 %, well de Manktem un abordabele Wunnengen entre-temps net méi mat klenge Schrëtt ze kompenséieren ass. Et muss méi séier goen.

D'Decisioun, bei ganz klenge PAPe vu fënnef bis néng Wunnenge keen abordabele Wunnraum méi virzegesinn, wäert vläicht kee groussen Impakt hunn, well et där PAPen net ganz vill gëtt. Mee mer kënnen awer och just hoffen, datt dës Decisioun net dozou féiert, dass da méi PAPen zerstéckelt ginn, fir iwwert dee Wee laanscht de Wee vum Bau vun abordabele Wunnengen ze kommen.

Här President, ofschléissend: Dat heite Gesetz beinhalt fir eis keng effikass Léisung fir d'Wunnengsnout a riskéiert, éischter eng nei a weider Goldgrouf fir Promoteuren ze ginn. An duerfir stëmme mer dat och net mat. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner dann ofgeschloss.

Da géing ech der Regierung d'Wuert ginn. Här Inneminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Och merci der Rapportrice fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och merci hei der Chamber, datt dee Projet de loi dach awer an engem ganz räsonabelen Delai kann haut hei am Plenum gestëmmt ginn.

„Méi a méi séier bauen", dat ass souzesoen de roude Fuedem vun dem Logementsdësch gewiescht, vun deem Package vun de 40 Mesüren. An haut diskutéiere mer iwwer eng konkreet Mesür dovunner: den Artikel 29bis.

Den Artikel 29bis – et ass schonn hei bei de verschiddene Virriedner ugeklongen – ass deemools hei an der Chamber diskutéiert ginn an och gestëmmt ginn. An obwuel d'Iddi gutt geduecht war, huet sech erausgestallt, datt se am dagdeeglече Liewen – an dat hu mer och oft mam Syvicol diskutéiert – eeben net esou konnt ëmgesat ginn, wéi dat ugangs geduecht war.

Duerfir muss ech och éierlech soen, Här President, sinn ech dach awer e bëssen erstaunt iwwer d'Kritick hei vun de gréngе Kolleegen. Si ware selwer un der Ausschaffung vun dem Basisartikel 29bis bedeelegt an der viregter Regierung, an am Fong huet den Här Sehovic elo soss näischt aneres gesot, wéi datt d'Aarbecht vum Här Kox am Fong näischt gedaacht huet.

*(Interruption par M. Meris Sehovic)*

„Méi a méi séier bauen", fir méi Wunnengen a fir méi abordabele Wunnraum ze schafen – ech ginn elo net op all d'Detailer an, dat huet d'Rapportrice exzellent gemaach –, et sinn dräi Élément-cléen:

Éischtens datt mer harmoniséiert Seuilen hunn. Déi sinn hei schonn ugeschwat ginn. Et brauch ee manner Parkplazen ze bauen. An och do, déi Kritick ass net gerechtfertegt, déi Der gesot hutt, well et kann een och mam PAP haut fir normal Wunnengen zum Parkschlëssel derogéieren. Dat zielt also net nëmme fir abordabele Wunnraum.

Dann ass gesot ginn: „Wat ass d'sozial Géigeleeschtung?" Jo, ma d'sozial Géigeleeschtung ass eeben, datt generell méi Wunnenge kënne gebaut ginn a spezifesch méi abordabele Wunnraum.

An et ass eng Nouveautéit, déi hei vu kengem ugeschwat ginn ass an déi wierklech e grousse Fortschrëtt ass: datt eeben net nëmmen d'privat Promoteure kënnen dovunner profitéieren, mee och den ëffentleche Promoteur. Well e weideren Novum vun dëser Reform ass, datt eeben de Staat, d'Gemengen, d'Établissements publics, d'Promoteurs publics, d'Sociétés de développement à participation étatique ou communale och kënne vun dësem Artikel profitéieren. An dat ass ee vun deene ganz groussen Novumme fir mech.

An doduerch kënnen eeben an deene PAPen, déi haut schonn an de PAGen ausgewise ginn, iwwer 9.300 zousätzlech Wunnenge gebaut ginn, dovunner 3.600 abordabel Wunnengen. A wann een d'Reservzonen derbäirechent, da géif ee souguer op 14.600 zousätzlech Wunnenge kommen an dovunner 5.600 abordabel Wunnengen.

Et ass hei e puermol gesot ginn, deen Artikel 29bis géif elo net all d'Problemer léisen. Ech sinn domadder d'accord. E léist net all d'Problemer, mee e léist elo mol deen do Problem, dee kloer erauskomm ass opgrond vun dem besteeënden Artikel 29bis. An do waren d'Gemenge sech all eens, datt deen huet misse reforméiert ginn.

Ech wéilt et awer och nach kuerz zu deenen anere Mesüren eppes soen. Déi aner Mesüren, déi bei mir am Ministère ausgeschafft ginn, dat ass den uniforme Reglement, d'Bautereglement, dat sinn d'Bagatellgrenzen, wou mer de Projet deponéiert hunn, dat ass d'Simplification administrative mat der éischter Etapp vum „silence vaut accord", dat ass d'Iwwerschaffung vun de Prozedure PAP/PAG, dat ass och d'Iwwerschaffung vum besteeënde Projet de loi iwwert den Impôt foncier vun der Mobiliséierungssteier, hannert deem dës Regierung och steet. Mee och do sinn ech, wéi ech mer dat ugekuckt hunn, zur Schlussfolgerung komm, datt eng Rei Saachen net gutt duerchduecht sinn. An duerfir si mer och amgaangen, dat opgrond vum Avis vum Staatsrot ze iwwerschaffen, mat e puer neien Iddien dran. An ech sinn zouversiichtlech, datt mer déi zwee Projeten nach virun der grousser Vakanz, soss direkt no der Rentrée, kënnen deponéieren an der Chamber hei virstellen.

An der Logementskris musse mer alleguer zesummen alleguer Efforte maachen, fir de Leit dobaussen en Haus, en Daach iwwert dem Kapp kënnen ze ginn. Den Artikel 29bis ass den éischte Schrëtt dozou.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Den Här Sehovic huet nach d'Wuert gefrot, fir Iech eng Fro ze stellen, oder?

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Nee, Parole après ministre, Här President.

**M. Claude Wiseler,** Président | Parole après ministre. Dir kënnt do stoe bleiwen, Här Gloden. Dir kënnt och zréckgoen, dat ass, wéi Dir wëllt.

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Ech hunn de Knéi scho wéi, et kënnt net op e bëssen un.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Also, merci, Här President. Dat Éischt ass, Här Inneminister, ech mengen, dass Der mer net ganz gutt nogelauschtert hutt bei menger Ried, ...

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Dach!

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | ... well dann hätt Der nämlech awer matkritt, dass ech duerchaus zur Kenntnis geholl hunn, dass dëse Projet de loi eng Rei vun technesche Verbesserungen op de Wee bréngt, déi notamment och de Gemenge wäerten entgéintkommen.

Dann hutt Der mer nach net gutt nogelauschtert, well ech effektiv de Fait, dass duerch de Mechanismus, deen Der aféiert, méi abordabele Wunnraum géif entstoen, och tatsächlech erwäänt hunn a menger Ried.

Et bleift awer de Punkt, dass dat doten technesch Verbesserunge sinn, déi net der Urgenz vun der Kris gerecht ginn. Et bleift de Fait, dass Der virun allem private Promoteuren 10.000 nei Wunnenge schenkt, déi se kënne bauen ouni sozial Géigeleeschtung. An et bleift de Fait virun allem – dat ass eng gutt Nouvelle fir dëst Land – dass d'CSV hei eng fundamental Kehrtwende gemaach huet, well Dir hutt den Artikel 29bis, deen e wansinneg wichtegen Erfolleg war vun eiser Wunnengspolitick, net ënnerstëtzt. An déi gutt Nouvelle fir d'Land ass, dass Der en elo awer ënnerstëtzt a senger Grondform mat e puer Verbesserungen.

A fir de Rescht, mengen ech, gëtt et eng Rei vu Saachen: Dir hutt d'Mobiliséierungssteier nach eng Kéier ugeschwat, do géif ech dann awer gären d'Fro stellen, wéini mer dann do eppes kënne gesinn. Well Dir schwätzt ganz vill dovunner, mee Konkreetes hu

mer nach net vill gesinn, an dat muss sech séier änneren, soss erreecht Der déi Zuelen net, déi Der Iech selwer virgeholl hutt. An et wär wënschenswäert, dass mer se zesummen erreechen, well mir brauche se ganz dréngend.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Här Minister, fir op d'Fro ze äntwerten oder se ze kommentéieren.

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Also, Här Sehovic, kee Mënsch dobausse versteet, datt Der sot, et wiere Verbesserunge vun engem Artikel, deen Dir selwer mat ausgeschafft hutt, wéi Der an der Regierung waart, a wou Der de Basisartikel gutt fonnt hutt, an Der de verbesserten Artikel – an Dir sot selwer, datt e besser ginn ass – do net matstëmmt. Dat versteet kee Mënsch dobaussen! Mee dat mussen d'Leit och net. Dir musst domadder selwer eens ginn.

A wann Der mer gutt nogelauschtert hutt, hunn ech elo grad gesot: D'Mobiliséierungssteier an den Impôt foncier kommen héchstwarscheinlech virun der grousser Vakanz nach, soss spéitstens no der Rentrée. Ech hunn dat virdru gesot. Ech mengen, ech hunn hei eng Rei Zeien. D'Madamm Lenert wénkt Jo. Voilà.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Voilà. Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8481 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8481[8].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8481 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 54 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 54 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par Mme Françoise Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf (par Mme Nathalie Morgenthaler), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Fernand Etgen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Barbara Agostino), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Yves Cruchten), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Ben Polidori), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Se sont abstenus : Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 14. 8504 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Mongolie et les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas) concernant la réadmission des personnes en séjour irrégulier et de son Protocole d'application, faits à Bruxelles, le 9 janvier 2024

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8504 iwwert d'Ëmsetze vun engem Accord tëschent der Mongolei an de Benelux-Staaten iwwert d'Readmissioun vu Leit, déi keng Openthaltsgeneemegung hunn. Ech erënneren drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat" ass. Deemno huet d'Rapportrice 5 Minutten an d'Regierung, wa se wëllt, och 5 Minutten. An d'Rapportrice huet elo d'Wuert. Madamm Weydert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Mat dësem Gesetzesprojet approuvéiert d'Chamber en Accord de réadmission an en deementspriechende Protocole d'application, déi den 9. Januar 2024 zu Bréissel tëschent de Benelux-Staaten an der Mongolei ënnerschriwwe goufen. D'Zil vun dësem Accord ass et, d'Réckféierungen tëschent de Benelux-Länner an der Mongolei ze vereinfachen an och tëschent Lëtzebuerg, der Belsch an Holland weider ze harmoniséieren.

Haaptpunkt vum Accord ass déi sougenannten „obligation de réadmission", déi am Artikel 2 vum Accord festgehalen ass. Mam Akraafttriede vun dësem Accord wäerten d'Länner an Zukunft derzou verflicht sinn, hir Staatsbierger zréckzehuelen, wann déi sech irregulär um Territoire vun engem vun deenen anere Staate befannen.

Des Weidere leet den Accord d'Prozedur fest, wéi esou eng Decisioun geholl ka ginn an och wéi de Retour vun der concernéierter Persoun a säi Land gereegelt soll ginn.

Weider méi praktesch Detailer ginn am Protocole d'application festgehalen, wéi zum Beispill wien déi zoustänneg Autoritéite sinn, d'Modalitéite vun der Demande oder d'Réckféierung vun de concernéierte Persounen an hiert Land.

Et ass net deen eenzegen Accord de réadmission, dee mer bis elo als Benelux-Länner zesumme mat anere Länner ofgeschloss hunn an haut gëtt et schonn eng ganz Rei esou Accorde mat Drëttlänner, wéi zum Beispill mam Kasachstan, mam Kosovo oder mam Surinam.

De Gesetzesprojet gouf den 28. Februar dëst Joer an der Chamber vum Ausseminister deposéiert. Den 13. Mäerz gouf en dunn an d'Interieurskommissioun verwisen, wou en eis an enger Réunion jointe mat der aussepolitescher Kommissioun de 5. Mee presentéiert gouf.

Den 11. Mäerz huet de Staatsrot säin Avis zum Projet ginn an déi héich Kierperschaft huet de Fong vum Projet net a Fro gestallt, mee en hat eng legistesch Observatioun zum eenzegen Artikel vum Projet. An dee Wording hu mer eent zu eent iwwerholl, soudass mer do konnten direkt weiderfueren, ouni nach eng Navette an de Staatsrot ze maachen.

Fir de Protocole d'application matzeapprouvéieren, huet de Staatsrot dunn eng Reformulatioun vun dem Artikel gefrot, deen de 5. Mee dann och direkt an där Réunioun jointe vun de Kommissiounen ugeholl gouf. An där Sëtzung gouf ech als Rapportrice designéiert. An de 4. Juni dëst Joer huet d'Interieurskommissioun da mäi schrëftleche Rapport mat enger Enthalung ugeholl.

Fir de Rescht verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Weydert Merci fir Äre schrëftlechen an Äre mëndleche Rapport a géif dann d'Regierung froen, ob se nach wéilt eppes dozou soen.

*(Négation)*

Dat schéngt visiblement net de Fall ze sinn. Da géinge mer zum ...

*(Interruption par M. Léon Gloden)*

Et ass ouni Debat, Här Gloden, dat ass richteg.

Da gi mer elo dovunner aus, datt mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8504 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8504[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8504 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort bei de Procuratiounen. Nach e ganz klengen Effort. Gutt, da schléissen ech de Vott esou of, wéi en elo ass.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 59, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Françoise Kemp), Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf (par Mme Nathalie Morgenthaler), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Barbara Agostino), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Fernand Etgen), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Ben Polidori), Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass och dat esou decidéiert.

## 15. 8416 – Projet de loi portant approbation de l'Accord se rapportant à la Convention des Nations Unies sur le droit de la mer et portant sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique marine des zones ne relevant pas de la juridiction nationale, fait à New York, le 19 juin 2023

Da komme mer als nächste Punkt zum Projet de loi 8416 iwwert d'Ëmsetze vum BBNJ-Accord, deen en internationale Kader fir de Schutz vun der marinner Biodiversitéit um oppene Mier schaaft. Hei ass dee selwechte Modell wéi virdrun, also „avec rapport et sans débat". De Rapporteur huet 5 Minutten an d'Regierung, wa se da wëllt, och 5 Minutten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région***

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Ech mengen, datt den Zoustand vun eise Mierer net grad gutt ass, dat ass en oppent Geheimnis. Dat wësse mer alleguer. Spéitstens och nom Klimawiessel ass d'Aartevillfalt nach vill méi zréckgaang. Et däerf een awer net vergiessen, datt 70 % vun eiser Welt mat Miereswaasser bedeckt sinn.

Dëse Projet de loi, dat ass am Fong d'Approbatioun vun engem Accord iwwert d'Konventioun vun de Vereenten Natiounen iwwert d'Mieresrecht, wat déi biologesch Diversitéit ubelaangt, allerdéngs an deenen Zonen, déi net ënnert déi national Gesetzgeebung falen.

D'Base juridique vun dësem Accord läit am Accord vu Kunming-Montreal iwwert d'Biodiversitéit vum Dezember 2022. Et sollen also mindestens 30 % vun den Zonen op héijem Mier – also nach eng Kéier, wéi gesot, ausserhalb de souveränen Territoirë vun de Staate – geschützt ginn.

Firwat den Numm „Kunming-Montreal"? Mee aus engem ganz einfache Grond: Normalerweis hätt d'COP15 iwwert d'Biodiversitéit missen zu Kunming a China stattfannen. Dat konnt allerdéngs deemools net gemaach ginn, an dowéinst ass se op Montreal verluecht ginn. Mee den Numm vu Kunming ass awer bäibehale ginn.

Den Accord dréit sech haaptsächlech ëm véier zentral Punkten: éischtens d'Ressources génétiques, zweetens d'Méiglechkeet, Schutzzonen um oppene Mier ze schafen, drëttens obligatoresch Impaktstudien iwwer all méiglech Aktivitéiten ze maachen, déi dem Mieresmilieu schuede kéinten, an da véiertens Ënnerstëtzung fir d'Entwécklungslänner, fir datt déi och un der Exploitatioun vun deenen Zone kënnen deelhuelen.

Den Accord gesäit 76 Artikele fir, déi ech natierlech net wäert elo alleguer aus Zäitgrënn hei opléschten. Ech kann dat awer maachen, mee ech fäerten da geet d'Schell ganz séier, zu Recht.

**M. Claude Wiseler,** Président | Jo.

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Ech wëll awer trotzdeem Eenzeler hei ervirhiewen. Zum Beispill den Artikel 13, do geet et ëm d'Kenntnisser vun den autochthone Vëlker, déi sollen och respektéiert ginn. Den Artikel 15 gesäit d'Schafe vun engem spezielle Kommitee fir d'Gestioun vum Accord vir. Den Artikel 46, dee gesäit dann nach e weidere Kommitee vir, wat d'Transferte vun der Mierestechnologie ugeet. Bei dem 49, do geet et ëm e wëssenschaftlecht an technescht Organ, dat u sech deene Parteie soll dann Avise ginn.

A ganz wichteg sinn dann natierlech d'Artikele 14 an 52, do geet et ëm de Finanzement. An zwar gëtt dee vun de Parteie garantéiert, déi den Accord matdroen, engersäits duerch fräiwëlleg Kontributiounen, anerersäits awer och duerch e Spezialfong, dee vun ëffentlechen Entitéiten a vun den annuelle Bäiträg vun de Parteien alimentéiert gëtt. Da soll awer och nach d'Keess vum internationalen Ëmweltfong benotzt ginn.

D'Artikele 56 bis 61, déi befaasse sech da mat den Differenzen, déi kënnen entstoen tëschent de Parteien. Den Artikel 68, dee seet, datt den Accord 120 Deeg, nodeems mindestens 60 Staaten e ratifizéiert, approuvéiert oder hir Adhesioun ginn hunn, kann a Kraaft trieden.

Ech wëll awer och nach hei ënnersträichen, datt Krichsschëffer a Schëffer, déi ënnerzeechnende Staate gehéieren an net fir kommerziell Zwecker benotzt ginn, net ënnert deen Accord hei falen.

Elo kann een natierlech d'Fro stellen: Wat huet Lëtzebuerg mat deem Ganzen ze dinn? Mir si awer dach relativ wäit vun där nächster Mieresküst ewech. Mee trotzdeem ass et awer wichteg, datt mer deen Accord hei guttheeschen. Vill aner europäesch Staaten, déi an der selwechter Situatioun sinn, hunn dat och scho gemaach. En erlaabt och engersäits, Lëtzebuerger Entreprisë souguer gewëss zousätzlech potenziell Méiglechkeeten ze ginn. Op där anerer Säit ënnersträiche mer awer och de Wëlle vum Multilateralismus an dann awer och vun der Nohaltegkeet an dem internationale Recht.

Wat elo déi finanziell Bedeelegung ubelaangt, dat ass e bësse speziell. Déi kann zu dësem Zäitpunkt net festgesat ginn. Dat ass den Artikel 52. Op dee ginn ech elo net am Detail an – dat ass e bësse méi komplizéiert –, deen definéiert dat awer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet gouf den 18. Juli 2024 deposéiert. De 24. Mäerz 2025 ass e presentéiert ginn an och de Rapporter ass du festgehale ginn.

Dann hate mer den Avis vum Conseil d'État, deen ass vum 10. Dezember 2024. Deen hat u sech keng Remark direkt, wat de Fong vum Projet de loi ubelaangt, mee awer wat den Artikel 69 ubelaangt, do ass et nämlech méiglech, datt den Accord ka provisoresch appliz éiert ginn. An do huet de Conseil d'État awer drop higewisen, datt dat awer nëmme ka geschéien duerch e Gesetz. Dat selwecht gëllt och fir den Artikel 62.

Den Avis vun der Chambre de Commerce ass vum 11. September 2024. Déi waren d'accord mat dem Projet, mee bedaueren awer, datt keng Fiche d'impact do läit, wat de Budget ubelaangt an och keng finanziell Bedeelegung vu Lëtzebuerg dodra festgehale ginn ass.

Vläicht nach zum Schluss dann awer eng Remark, well dee Projet hei kritt awer elo eng ganz grouss Bedeitung wéinst der Aktualitéit. An zwar ass de Moment eng ganz wichteg Konferenz zu Nice, déi ass elo den 9. Juni schonn ugaangen. Déi dauert bis den 13. Juni. Et ass eng UNO-Konferenz. Do geet et ëm d'Ozeanen. An da wëll ech och nach bemierken, datt d'Europäesch Kommissioun elo e Pakt fir ons Ozeane virgestallt huet an datt se och wëlles huet, eng Droneflott opzestellen, fir déi Zonen dann am Fong nach besser kënnen ze iwwerwaachen.

Voilà. Ech géif natierlech ofschléissend dann och den Accord vun der DP ginn an da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Graas Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport.

Ech ginn dovunner aus, datt d'Regierung näischt wëllt do bäifügen.

*(Négation)*

Da kéime mir zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8416. Den Text steet am Document parlementaire 8416[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8416 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Checkt nach eng Kéier, ob jiddweree gestëmmt huet an ob Der all d'Procuratioune matgeholl hutt, déi Der mathuele kënnt. Ok. Da schléissen ech de Vott och esou of.

D'Resultat vum Vott ass: 59 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par M. Charles Weiler), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf (par Mme Nathalie Morgenthaler), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mmes Simone Beissel (par Mme Corinne Cahen), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Barbara Agostino), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Georges Engel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Ben Polidori), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 16. 8531 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts

Da komme mer zu deenen zwee leschte Punkte vun eisem Ordre du jour, wat Reglementsmodifikatioune sinn, also Modifikatioune vum Reglement vun der Chamber. An deen éischte Projet ass den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8531, eng Ofännerung vum Artikel 178bis iwwert de Registre de transparence a vum Artikel 5 vum Code de conduite vun den Deputéierten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Rapportrice huet 10 Minutten, jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit 5. An et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här André Bauler, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Alexandra Schoos an den Här Sven Clement. An elo huet déi honorabel Madamm Sam Tanson als Rapportrice vum Ännerungsvirschlag d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**Mme Sam Tanson** (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President. Ech wäert, mengen ech, net op déi zéng Minutte mussen zréckgräifen. Mir haten hei ganz gutt Diskussioune matenee iwwert dee Regëster, deen ënnert der leschter Legislaturperiod agefouert gouf, deen elo e bësse benotzt ginn ass vu jiddwerengem, wou mer gesinn hunn, wat d'Schwächten an d'Stäerkten dovunner sinn. Deen hu mer elo adaptéiert. An ech si ganz frou doriwwer, dass mer dat an enger konstruktiver Aart a Weis, fir d'éischt an der Conférence des Présidents an och um Niveau vun der Règlementskommissioun konnte maachen.

Wat war eigentlech den Ursprong? Bon, Dir wësst dat besser wéi ech, Dir waart dobäi, wéi deen éischte Regëster en place gesat ginn ass. Do war sech deemools op e Kompromëss gëeenegt ginn, dass sech am Fong virun allem déi Associatiounen, déi Persoune missten androen, déi hei eng Influence op eis legislativ Aarbecht wéilten huelen. An et ass bis elo net e Regëster gewiescht, deen eebe gewisen huet, wie mat wiem zu wéi engem Moment eng Entrevue hat, fir wéi e Gesetzestext ze influéieren.

Well ech a menger Qualitéit als Ex-Regierungsmember gesinn hunn, wéi mer dat um Regierungsniveau implementéiert hunn, déi Fuerderung, déi et jo oft gëtt bei den Evaluatiounen zum État de droit, wou e richtege Regëster existéiert, wou een andréit, mat wéi enger Organisatioun, mat wéi enger Persoun ee sech getraff huet, déi en Afloss wollt huelen op d'legislativ Aarbecht, hat ech den 2. Mee d'lescht Joer hei eng Resolutioun deposéiert, wouran ech eebe gefrot hat, dass mer och hei sollten eist Reglement upassen. An de Sven Clement hat och schonn an der viregter Legislaturperiod eng änlech Motioun deposéiert.

Ech war ganz frou, dass déi hei ugeholl ginn ass. Do dobäi kënnt och nach, dass mer um Niveau vun der Evaluatioun am „Rapport sur l'État de droit" vun der Europäescher Unioun och Kriticke kruten – oder konstruktiv Remarken –, fir eise Regëster ze verbesseren. Andeems mer déi Ännerung elo hei unhuelen, wäerte mer all deene Kriticke kënne Rechnung droen.

Wourëms geet et? Et geet drëms, dass een als Aussesteeënde kann novollzéien, wann een eng Decisioun zum Beispill géing huelen, en Amendement hei ze deposéieren oder eng Proposition de loi, fir eebe vläicht engem Rechnung ze droen, mat deem een eng Entrevue hat, wann een hei en Afloss hëlt op de legislative Prozess, an dat kéim vun engem vu baussen, loosst eis soen engem Lobbyist, wéi een dat normalerweis nennt, dass dat vu baussen och ze retracéieren ass. Mir änneren dowéinst een Artikel an eisem Reglement, de President huet et gesot, den 178bis.

Dëst spillt fir organiséiert Entrevuen, déi entweeder physesch oder iwwer Visiokonferenz stattfonnt hunn. Et spillt net, dat ass eng Diskussioun, déi mer haten, wa mer an der Groussgaass zoufälleg engem iwwert de Wee lafen – also nëmme wann eppes wierklech organiséiert ass –, och net wann ee méi generell eng Diskussioun mat engem huet, déi net iwwer e spezifeschen Text geet. Et spillt och net fir intern Parteireuniounen, well soss géife mer net méi fäerdeg ginn, well do geet et jo konstant ëm de legislative Prozess. Dat ass eng vun de pertinente Remarken, déi nach am Kader vum Reglement an der Reglementskommissioun erakoumen, soudass et natierlech och net spillt – dat ass d'selwecht um Niveau vun der Regierung – fir administrativ individuell Decisiounen.

Voilà. Fir de Rescht géing ech op de schrëftleche Rapport verweisen. An ech soen Iech Merci fir Är gutt Zesummenaarbecht. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Tanson Merci fir hire Rapport, dee schrëftlechen an dee mëndlechen.

An ech ginn dann der Madamm Stéphanie Weydert als éischt Riednerin d'Wuert. Madamm Weydert.

***Discussion générale***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Allereischt wëll ech am Numm vun der CSV-Fraktioun der Madamm Sam Tanson e ganz grousse Merci soen. Merci fir déi gréndlech Aarbecht an déi kloer Zesummestellung vum Rapport an natierlech och fir den Engagement fir méi Transparenz an eiser parlamentarescher Aarbecht.

D'CSV huet sech ëmmer fir eng Politick agesat, déi fir d'Vertrauen an d'Institutioune suergt. An dësem Sënn begréisse mir d'Propositioun vun der Modifikatioun vum Artikel 178bis vum Chambersreglement an hunn déi och vun Ufank u matgedroen. Et ass wichteg, dass mer eis Instrumenter konstant iwwerpréiwen an dann upassen, wann d'Praxis weist, datt et nach Verbesserungspotenzial gëtt.

Den Transparenzregëster, wéi en 2021 agefouert gouf, war e wichtege Schrëtt no vir. De fréieren Deputéierten an haitegen Inneminister, Léon Gloden, hatt deemools och schonn eng Resolutioun deposéiert, fir no engem Joer eng Evaluatioun vum Regëster ze maachen.

2024 hu mer dunn déi Evaluatioun gemaach op Grondlag vun der neier Resolutioun vun der Madamm Tanson. Dës Evaluatioun huet gewisen, datt den Transparenzregëster a senger aktueller Form e puer Schwächten huet: onvollstänneg Informatiounen, onkloer Prozeduren an och heiansdo e Manktem u Relevanz bei der praktescher Notzung.

D'Europäesch Kommissioun mécht zënter 2020 all Joer e Bericht iwwert d'Rechtsstaatlechkeet an allen EU-Memberlänner, an deem se d'Bedrounge fir d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet an Europa ënnerstraicht.

Déi wichtegst Erkenntnisser weisen drop hin, datt och haut nach Problemer mat der Onofhängegkeet vun der Justiz an net zefriddestellend funktionéierende Justizminister a verschiddene Länner bestoe bleiwen. Ech kann Iech berouegen: Lëtzebuerg ass net ënnert deene Länner, déi déi vir genannt grondleeënd Problemer vun der Rechtsstaatlechkeet hunn.

D'Europäesch Kommissioun bereet de Bericht vir, andeems si Informatioune vun nationale Verwaltungen a verschiddene Partner zesummeféiert an dobäi d'Wichtegkeet vun diverse Quelle fir eng ëmfaassend Siicht betount.

Rezent Beobachtunge weisen eng Verschlechterung vun der Rechtsstaatlechkeet innerhalb vun der Europäescher Unioun, déi Auswierkungen op Demokratieindicateure betreffend d'Justiz, d'Bekämpfung vu Korruptioun an d'Meediefräiheet huet. D'Europäesch Kommissioun gëtt dann de Länner Recommandatioune mat op de Wee, fir eeben déi verschidde Rule of Law ze verbesseren.

Am Rapport vun 2024 fir Lëtzebuerg huet d'Europäesch Kommissioun am Kader vun der Bekämpfung vu Korruptioun festgestallt, datt Lëtzebuerg wuel e signifikative Progrès gemaach huet duerch d'Aféierung vum Transparenzregëster an der Chamber a sengem Funktionement, mee dass dëse Regëster nach verschidde wichteg Informatiounen net ofdeckt, wéi zum Beispill déi Politicken a Gesetzestexter, op déi d'Lobbyaarbecht ofziilt. An et gëtt och keng Iwwerwaachungsfunktioun op nationalem Niveau, déi d'Transparenz vun de Lobbyaktivitéite kontrolléiert. Deem gouf dofir an deem neie Reegelwierk, dat mer haut wäerte stëmmen, Rechnung gedroen.

Déi nei Reegelen, déi sech un de Prinzippie vum Entrevuesregister vun der Regierung orientéieren, stellen dohier e weesentleche Fortschrëtt duer. Déi konkreet Informatiounen zum Datum, zu dem Sujet vun der Entrevue an de Participantë vun den Entrevuen erhéijen de Wäert vun dësem Regëster an och d'Méiglechkeet fir d'Bierger, sech eng realistesch Iddi vun de Kontakter ze maachen, déi versichen, Afloss op d'Gesetzgeebung an/oder d'Politick ze huelen. Och d'Stäerkung vum Code de conduite an d'Kloerstellung vun Ausname si wichteg Elementer, déi mir als CSV-Fraktioun ënnerstëtzen.

D'CSV begréisst besonnesch, datt och Dateschutz- a legal Bedenken aus der Vergaangenheet an dësem neie Modell berücksichtegt goufen. D'Erfarung huet gewisen, datt eng Balance néideg ass tëscht Transparenz an och dem Respekt vum Mandat an der fräier Ausübung vum Deputéierten. A mir sinn der Meenung, dass dësen Text deem Rechnung dréit.

Här President, Transparenz ass kee Selbstzweck, mee et ass e Mëttel, fir méi Vertrauen ze schafen. Heimat ginn ech dofir den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dëser Modifikatioun. Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Jo, merci, Här President. Nodeems d'Madamm Tanson eis op eng ganz verständlech a pedagogesch Manéier den Text hei presentéiert huet an d'Madamm Stéphanie Weydert eis dat Ganzt nach a säi chronologesche Kader gesat huet, bleift mir nëmmen nach just iwwreg ze soen, datt et eis als Demokratesch Partei wichteg ass, datt mer hei déi néideg Prezisioune kruten am Text, datt net nëmmen do, wéi initialement formuléiert, „entrevue" stoung, mee datt elo do steet: „eng Entrevue, déi organiséiert ass bezéiungsweis sollicitéiert ass". Et geet also net ëm de spontane Kontakt an der Groussgaass oder op enger anerer Plaz. Et geet also ëm e gefrote Meeting mam konkreeten Zil, déi legislativ Aarbecht ze beaflossen.

Mir läit nach perséinlech um Häerz, dass dat, wat fir d'Regierung an och fir d'Chamber gëllt – quitte datt et do Similitudë gëtt, Parallellen; et sinn net identesch Texter –, an Zukunft och fir de kommunale Secteur gëllt. An ech hunn och héieren, datt eisen Inneminister och un deem Text weiderschafft.

Dat gesot, merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Claude Wiseler,** Président | Jo, merci, Här Bauler. An da kritt den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Direkt virop: D'LSAP wäert déi Ännerung vum Reglement matdroen an ech wëll der Rapportrice a Presidentin, gradewéi de Kolleegen aus der Kommissioun, fir hir konstruktiv Aarbecht Merci soen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat verbessert Instrument och fir eis als Deputéierten net onwichteg ass, well et eis erlaabt, éischtens duerch d'Lëscht vun den agedroene Lobbyen, zweetens duerch d'Lëscht vun den Entrevuen, festzestellen, wéi Lobbye kéinten, an hypotheetesche Fäll, op d'Haltung vu Vertrieder an der Chamber agewierkt hunn, zum Beispill bei engem Gesetz, wou Regierungsmemberen an och Majoritéitsmembere sech eeneg waren – ech ginn dat nëmmen als Beispill –, wou se dann, no Entrevuë mat enger Lobby, mat un der Spëtzt eventuell Direkteren, déi direkt betraff waren, Nuancen an hir Haltung kéinten erabruecht hunn a se op eemol net méi esou zefridde wäre mat deem Gesetz, wou se awer am Viraus absolutt dermat d'accord waren.

Also e wichtegt Instrument fir eis an, mengen ech, och eng Opfuerderung u jiddwereen, deen de Lobbyen ze vill intensiv nolauschtert, amplaz eventuell de Regierungsmemberen oder de Majoritéitsvertrieder selwer, sech net do op dënnt Äis ze beginn an, wann et noutwendeg ass, och Lobbye kënnen Nee ze soen, ganz besonnesch dann, wa se an déi eegen Täsch argumentéieren.

Dat gesot, fannen ech, dass dat hei eng ganz pragmatesch Approche ass, wou mer och an der Kommissioun pragmatesch Weeër gewielt hunn, wou mer dat Richtegt, awer net méi, gemaach hunn. An dofir Merci un all d'Kolleege fir déi konstruktiv Attitüd. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Madamm Alexandra Schoos, et ass un Iech.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Villmools merci, Här President. Och mir begréissen déi Upassungen. Mir fëllen och schonn dat aktuellt Instrument, dat en place ass, ëmmer erëm aus. Et ass ganz wichteg, dass mer hei Transparenz weisen. Ech mengen, et ass ganz wichteg, dass mer Echangen hu mat dobaussen, ob mer se Lobbyisten nennen oder anescht. Wat am Wichtegsten ass, ass, dass mer herno mat eisem gesonde Mënscheverstand selwer nodenken an eis selwer eis Meenung bilden an deem ganze Kader. Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e bëssen en Theema, wat ëmmer erëm heibannen opkënnt, den Transparenzregëster oder, wéi e fréier mol genannt gouf, de Lobbyregëster. Well ech erënnere mech nach ganz gutt, wéi ech den 20. November 2019 déi éischt Propos heibannen abruecht hunn, fir en Transparenzregëster anzeféieren, do war dat net op grouss Géigeléift gestouss. An et huet e bëssen Drock vu bausse gebraucht, notamment eebe vun der Europäescher Kommissioun, fir der Chamber awer nach eng Kéier an d'Stammbuch ze schreiwen, datt mer esou e Lobbyregëster bräichten.

Et huet dofir dann och zwee Joer gedauert bei der éischter Versioun, fir iwwerhaapt zu engem Text ze kommen, deen een, wa mer éierlech solle sinn, als absolutte Minimalkompromëss muss bezeechnen, deen esou wäit entkäert gouf, datt schlussendlech net emol den Auteur selwer méi de Rapporter vum Text war, mee de President vun der Kommissioun sech huet missen dofir hierginn, fir deen Text ze presentéieren. Dat war den 9. Dezember 2021, dat heescht, et ass elo schonn nees dräi an en halleft Joer hier, datt mer dee Minimaltext hunn.

Zwëschenzäitlech ware mer scho vun der Regierung iwwerholl ginn, well d'Regierung war, wärend d'Chamber hei nach iwwer e Minimalkompromëss diskutéiert an ëm all Komma gefeilscht huet, vill méi wäit gaangen an hat en Text fir sech selwer geholl, wou se vill méi wäit gaangen ass a vill méi presentéiert huet.

Eng ganz Rëtsch Sensibilitéiten a Fraktiounen heibannen hunn dann dat nämmlecht gemaach an och méi publizéiert, esou datt et u sech just eng Fro vun der Zäit war, bis mer dann endlech haut bei deem heiten Text konnten ukommen, deen een dann och mat Freed ka stëmmen. Et hätt awer kënne vill méi séier goen. Mir hätten dat nämmlecht och scho viru véier Joer oder viru véier an engem hallwe Joer kënnen hunn. A virun allem kann ech nëmmen all deene felicitéieren, déi dat déi lescht Jore scho gemaach hunn an déi déi Saache publizéiert hunn. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, wéi gemengt ass a wien déi lescht Jore virun allem refuséiert huet, méi wäit ze goen, a firwat mer hei ganz laang op der Brems stoungen. Et hätt, wéi gesot, méi séier kënne goen. Dofir: besser spéit wéi ni.

An d'Piraten ginn och den Accord fir dëse Projet. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Clement. Domat wär dann d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Mir géingen zum Vott vum Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8531 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8531[1].

***Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 8531 du Règlement de la Chambre des Députés***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, infolgedesse keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Charles Weiler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Alex Donnersbach), Jean-Paul Schaaf (par Mme Nathalie Morgenthaler), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel (par M. Gérard Schockmel), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Barbara Agostino), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen (par Mme Francine Closener), Mme Paulette Lenert (par M. Ben Polidori) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Ech maache just d'Chamber drop opmierksam, datt dës Ofännerung vum Chambersreglement bei der nächster Plenarsëtzung wäert a Kraaft trieden, well Dir alleguer an der Praxis vun Ärem dagdeegleche Liewen do concernéiert sidd. Déi nächst Plenarsëtzung wäert de 17. Juni sinn, dat heescht, et ass also applikabel à partir vum nächsten Dënschden. Just fir datt jiddweree sech bewosst ass, wat elo geschitt. (Ndlr: M. le Président rectifiera ultérieurement cette déclaration.)

## 17. 8545 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés, de ses Annexes et des Règlements du Bureau pris dans le cadre du statut des fonctionnaires de la Chambre des Députés

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8545, enger Rei Ofännerunge vum Chambersreglement souwéi vu sengen Annexen a vun de Reglementer vum Bureau, déi am Kader vum Statut vun de Chambersfonctionnairë geholl gi sinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéiten hu 5 Minutten an d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Maurice Bauer, den Här André Bauler, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Alexandra Schoos an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement, déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**Mme Sam Tanson** (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President. Mir schaffe jo am Moment un enger méi genereller Adaptatioun vum Reglement. Dat hei ass am Fong och e bëssen en Omnibustext, deen awer elo net ganz wäit geet, mee dee sech virun allem ëm d'Mataarbechter hei aus der Chamber dréit.

Et sinn am Ganze sechs Punkten, déi traitéiert ginn:

Dat Éischt ass, dass eng Uniformisatioun vun der Appellatioun vun de Fonctionnairen aus der Chamber geméiss dem Artikel 68 vun der Verfassung hei geschitt.

Dat Zweet ass, dass eng Direktiv transposéiert gëtt, 2019/1158, an där et drëms geet, den Equiliber tëschent Vie professionnelle a Vie privée vun den Elteren an den Aidanten ëmzesetzen, an do geet et ëm eng besser Conciliatioun vum Familljeliewen, mat Congé de paternité, Congé parental a Congé d'aidant. Nach vläicht als Bemierkung: Dat ass schonn an e Gesetz transposéiert vum 15. August 2023.

Da geet et ëm den Droit à l'information iwwer „certaines conditions de travail essentielles", och

nach ëmmer vum Fonctionnaire. Och hei ass eng Direktiv am Spill: 2019/1152.

Dann, de véierte Punkt – an dat ass am Fong den haarde Kär vun dësem Text –, dat ass, dass den Accord salarial vum 9. Dezember 2022 hei mat dëser Modifikatioun vum Reglement ëmgesat gëtt. Do sinn eng ganz Rëtsch Punkte vun deem Accord salarial betraff: d'Punkten 3, 4, 5, 10 an 11.

Dat Éischt ass d'Augmentatioun ëm fënnef „points indiciaires des majorations d'échelon pour postes à responsabilités particulières". Dat ass de Punkt 3.

De Punkt 4 ass dann d'„augmentation de 15 pour cent à 30 pour cent du pourcentage limite de majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières".

De Punkt 5 vum Accord salarial ass d'Prolongatioun ëm fënnef Joer vun der Durée vum temporäre Mechanismus vum „changement de groupe de traitement ou d'indemnité".

De Punkt 10 vum Accord salarial ass d'Abolitioun vum „système d'appréciation des performances professionnelles".

An de Punkt 11 ass d'Introduktioun am Groupe de traitement B1 vun enger Primm fir de Brevet de maîtrise an enger Prime de brevet vum Technicien supérieur.

D'Punkten 3, 4, 5 an 11, déi gi mat Effet rétroactif op den 1. Juli 2023 ëmgesat. De Punkt 10, deen huet seng Entrée en vigueur conformément zum Artikel 206 vum Reglement.

Da geet et och nach drëm, de Punkt 2 vun deem Accord salarial vum 29. Januar 2025 ëmzesetzen, deen eng Augmentatioun ëm siwe „points indiciaires des majorations d'échelon pour postes à responsabilités particulières et des majorations d'échelon pour fonctions dirigeantes avec effet rétroactif" op den 1. Januar vun dësem Joer virgesäit.

Déi zwee aner Punkten:

Dat Éischt ass e Redressement vu verschiddenen Erreurs de renvoi, déi am Artikel 165bis Paragraf 3 am Reglement iwwert d'Pétitions ordinaires virgesi sinn.

An dat Zweet ass, dass am Artikel 25 vum Reglement, dat ass dann de sechsten a leschte Punkt, verschidden Exceptioune par rapport zu der Publicitéit vun de PVe vun de Kommissioune preziséiert ginn.

Déi ganz Propositioun gouf den 21. Mee vum Här President deposéiert. Mir haten an der Conference den 22. Mee doriwwer rieds. A mir hunn de 4. Juni 2025 an der Kommissioun heiriwwer befonnt. An duerfir konnt ech Iech elo haut de Rapport maachen.

Merci och hei fir déi gutt Zesummenaarbecht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Da géing ech dem éischten ageschriwwene Riedner, dat ass den Här Maurice Bauer, d'Wuert ginn. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Maurice Bauer** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréischt wëll ech der Rapportrice, der Madamm Tanson, am Numm vun der CSV-Fraktioun e grousse Merci soe fir hire klore Rapport, dee wichteg ass, mengen ech, fir d'Rechtssécherheet an d'Gläichstellung vun de Fonctionnairen aus eiser eegener Chamber mat deenen aus der ganzer Fonction publique.

D'Propositioun, déi mer haut hei behandelen, huet als Haaptzil – an d'Rapportrice huet et scho gesot – d'Ëmsetze vun zwee Accord-salariallen, déi mat der CGFP ofgeschloss goufen, aus dem Dezember 2022 an dem Januar dëst Joer. An et ass nëmme logesch a gerecht, dass dës Verbesserungen, déi déi ganz Fonction publique virgesinn, och fir d'Mataarbechter vun der Chamber gëllen.

D'CSV steet dofir ganz däitlech hannert dëser Reform. A mat dësem Text ginn och verschidde Bestëmmungen iwwerholl, déi d'Direktiven 2019/1152 an 2019/1158 ëmsetzen. Dës Richtlinne betreffen d'Aarbechtskonditiounen, d'Gerechtegkeet an d'Congésreegelungen, awer och d'Gläichstellung vun Elteren a Betreiungspersounen um Aarbechtsmarché.

D'CSV begréisst ausdrécklech, dass dës europäesch Standarde konsequent op déi national Realitéit an och op d'Reglement vun der Chamber adaptéiert goufen. Dat stäerkt d'Rechtskloerheet an de Schutz vun de Mataarbechter. Et ass dofir fir d'CSV wichteg, dass d'Fonctionnairë vun der Chamber net als Spezialregimm behandelt ginn, mee als Deel vun der Fonction publique, déi déi selwecht Chancen an déi selwecht Rechter hunn. D'Moderniséierung vun den Artikelen am Reglement mécht déi néideg Upassungen, an dat mat retroaktiver Wierkung, wat d'Gläichbehandlung garantéiert.

Ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun, fir dëser Modifikatioun zouzestëmmen, a soen ofschléissend, dass et fir eng Chamber wichteg ass, dass net nëmmen debattéiert gëtt, mee dass se och als Employeur soll virbildlech sinn. Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauer. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler.

**M. Guy Arendt** (DP) | Ech sinn zwar net den Här Bauler, mee ech ersetzen hien.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Da maacht Dir dat, Här Arendt. Dir hutt d'Wuert.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, hei ass alles gesot ginn. All déi Punkten, déi hei betraff sinn, sinn am Interêt vun eiser Verwaltung. An an deem Sënn, mengen ech, kënne mir dat nëmme begréissen. An ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Arendt. Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. An engem Saz, esou wéi Der dat vu mir gewinnt sidd: …

*(Hilarité)*

… D'LSAP dréit déi Reglementsännerung selbstverständlech mat, esou wéi dat sech vis-à-vis vun engem gudde Mataarbechterstaf gehéiert. Merci, Här President. A merci fir Är laang Opmierksamkeet.

*(Hilarité)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Madamm Schoos.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Och ech dierf den Accord gi fir d'ADR-Fraktioun. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Deem ass näischt bäizefügen. Och mir ginn eisen Accord.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Domat wäre mer dann um Enn vun den ageschriwwene Riedner ukomm.

Mir géingen zum Vott vun dësem Projet de modification vum Chambersreglement kommen, de 8545. Den Text steet am Document parlementaire 8545[1].

***Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 8545 du Règlement de la Chambre des Députés***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet ass domat mat 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl. Dofir soen ech Iech villmools Merci.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp (par M. Alex Donnersbach), MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf (par Mme Nathalie Morgenthaler), Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen (par M. Fernand Etgen), MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Gérard Schockmel), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Yves Cruchten), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Dan Biancalana), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

## 18. 8531 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts (suite)

Ech muss nach eng Rektifikatioun maache vun eppes, wat ech virdru gesot hunn. An zwar ass et bei där Reglementsmodifikatioun vun deem Projet virdrun esou, datt se eréischt de 15. September 2025, op speziell Spezifikatioun vun deem, wat am Text steet, a Kraaft trëtt, soudatt jiddwereen Zäit huet, fir dat anescht virzebereeden. Et deet mer leed fir déi falsch Informatioun vu virdrun. Mee elo hutt Der déi richteg. Voilà! Villmools merci.

Domat wär dann d'Sëtzung vun haut ofgeschloss. Déi nächst Sëtzunge si fir de 17. Juni an duerno de 24., 25. a 26. Juni virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 18.38 heures.)*

**Intervention devant la Chambre des Députés de M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada d'Ukraine**

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 97
   M. Claude Wiseler, Président
2. **Discours de M. le Président** p. 97
   M. Claude Wiseler, Président
3. **Déclaration de M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada** p. 98
   M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada


Présidence : M. Claude Wiseler, Président

M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada, prend place à la droite du Président de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Vice-Premier ministre ; M. Gilles Roth, M. Eric Thill, Ministres

*(La séance publique est ouverte à 14.59 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. Discours de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, et ass mir eng grouss Éier, haut de Ruslan Stefantschuk, de President vun der ukrainescher Werchowna Rada, an der Chamber begréissen ze dierfen.

Här President, léiwe Ruslan, Är Presenz an eiser Plenière ass en aussergewéinlecht Evenement mat enger grousser Bedeitung fir eis. Mir hunn heibannen am Laf vun de Jore wuel Presidente vun auslännesche Parlamenter do uewen op der Tribün empfaangen, mee et ass déi éischte Kéier, dass d'Chamber speziell fir en nationale Parlamentspresident, e Parlamentspresident, deem säi Land am Krich ass, eng Plenarsëtzung aberuff huet.

Mat der Seance vun haut de Mëtteg setzt d'Chamber e kloert Zeechen – en Zeeche vu Solidaritéit, vun Zesummenhalt a vu Resilienz.

Wann ech Iech, Här President, gläich d'Riednerpult iwwerloossen, fir datt Dir Iech un d'Lëtzebuerger Parlament an och un eis Bierger dobausse kënnt adresséieren, dann ass dat, well d'Zukunft vun der Ukrain och en Deel d'Zukunft vu Lëtzebuerg ass. Den Ugrëff op d'Ukrain ass en Ugrëff op eis all, eis gemeinsam Wäerter, eis Fräiheeten an eis Grondrechter.

Eis Länner deelen déi selwecht Usiichten, sti fir déi selwecht Fräiheeten an a liewen déi selwecht Iwwerzeegungen. Et ass elo dräi Joer hier, dass Russland Äert Land ongerechtfertegt ugegraff huet, dräi Joer, zanter dass d'Ukrainer eis all Dag op en Neits hire Courage, hir Kraaft an hir Ausdauer beweisen, net just fir hiert Land, mee fir eis alleguer.

All puer Woche sidd Dir an engem internationale Kontext ze gesinn, wou mer eis och ëmmer erëm begéinen, en Asaz, dee mir an der Chamber besonnesch wäertschätzen. D'Videokonferenz, déi mir an der Plenière heibannen hate mam President Selenskyj, mee och den Echange mam Premierminister Schmyhal a méi klengem Format ware fir eis wichteg Etappen an der parlamentarescher Zesummenaarbecht tëschent eise Länner.

An ech muss zouginn: Et ass immens bewonnernswäert, dass e Parlament wéi Äert, tëschent Explosiounen, permanenten Ugréffer an alldeeglechе Verloschter, weiderhin och ka fonctionéieren.

An engem Zäitalter, an deem d'Demokratie ëmmer méi hannerfrot a vulnerabel gëtt, schenkt d'Werchowna Rada eis Hoffnung. An Zäite vu groussem Leed a Misär hutt Dir, Här President, an Är Aarbechtskolleegen et fäerdegbruecht, aus Ärem nationale Parlament e Symbol vun Hoffnung, Resilienz a Liewenswëllen ze maachen.

An dofir wëll ech Iech vu ganzem Häerze Merci soen an Iech och felicitéieren. Dat verdéngt déiwe Respekt.

Ech hat virgesinn, an dësem Moment Applaus ze froe fir de President, mee de President Stefantschuk huet mech gefrot, amplaz eng Gedenkminutt ze maachen, eng Gedenkminutt fir all déi Opfer, an haaptsächlech fir déi vun der Attack vun dëser Nuecht – alt erëm 14 Doudeger an iwwer 100 Blesséierter. An dofir géif ech Iech alleguer bieden, opzestoen an eng Minutt Rou ze hunn.

*(Respect d'une minute de silence)*

Ech soen Iech Merci.

Et ass, Här President, och gréisstendeels Äre Verdéngscht, dass mir als Chamber ëmmer zäitno déi neist Entwécklunge vum Krich matkréien. Dëst huet eis ënner anerem erlaabt, insgesamt siwe Motiounen a Resolutiounen unzehuelen, déi eestëmmeg oder vun enger ganz breeder Majoritéit gedroe goufen a ganz kloer eis absolutt Ënnerstëtzung vun der Ukrain däitlech gemaach hunn.

Et ass fir eis ausserdeem als Land eng Prioritéit, eisem Engagement nozekommen, déi militäresch, humanitär a finanziell Hëllef fir d'Ukrain weiderzeféieren an d'Opnam vun ukrainesche Flüchtlingen ze vereinfachen. Eis Chamber ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Regierung an dësem Kontext ganz kloer.

Erlaabt mer, op dësem Punkt och ervirzehiewen, datt de Budget fir d'direkt militäresch Hëllef fir d'Ukrain dëst Joer initial e Betrag vun 80 Milliounen Euro hat, mee op 120 Millioune gehéicht ginn ass. Et handelt sech ëm dee wichtegste lëtzebuergesche Beitrag zanter der Invasioun vu Russland an d'Ukrain.

Et ass awer och eis Flicht, Iech um internationalen Niveau weiderhin ze ënnerstëtzen. Mir plädéiere mat Nodrock fir d'Aféierung vun engem Spezialtribunal, fir datt déi Responsabel vun dëse Krichsverbrieche fir hir Akten zur Rechenschaft gezu ginn. Mir wäerten eis Enn dëser Woch um parlamentareschen NATO-Sommet zu Bréissel op en Neits staark fir d'Ukrain asetzen.

Als Grënnungsstaat vun der Europäescher Unioun ka Lëtzebuerg och do ganz kloer eng wichteg Ënnerstëtzung fir d'Ukrain leeschten. Als Chamber sti mir Iech op jidde Fall zur Säit, fir Iech beschtméiglech op Äre Bäitrëtt an d'EU virzebereeden.

Den Ugrëff vu Russland op d'Ukrain vum 24. Februar 2022 huet eng nei Ära agelaut. D'Weltuerdnung, wéi mer se kannt hunn, gëtt et net méi. Et ass dowéinst ëmsou méi wichteg, dass mer eisen internationalen Obligatiounen nokommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn hei éfters, wéi vill Kolleegen heibannen, mat ukrainesche Flüchtlingen, déi elo zu Lëtzebuerg liewen, geschwat. Ech hat och d'Geleeënheet, esou wéi aner fënnef Kolleegen aus dem Parlament, d'Ukrain op Är Invitatioun hin ze besichen, fir ze gesinn, ze spieren, wat d'Ukrainer säit Joren aushale mussen. Fir iwwert déi Biller vum Krich eraus, déi mer iwwert d'Meedie gesinn, och ze héieren, wéi d'Zivillbevëlkerung, wéi Leit, Mammen, Pappen, Kanner, an de Sog vun der Brutalitéit, vun der Onmënschlechkeet, vun Trauer eragezu ginn.

Dir hat mech op Butscha invitéiert fir den drëtte Gedenkdag vun dem Massaker vu Butscha. Ech hat d'Geleeënheet, Iwwerliewenden nozelauschteren a mat hinnen ze schwätzen. Dat, wat si mer gezielt hunn, Här President, dat vergiessen ech a mengem ganze Liewen net.

An ech soen Iech, ech wëll et och net vergiessen! Well et mer méi wéi alles gewisen huet, datt de Kampf fir d'Fräiheet, de Kampf fir d'Rechtsstaatlechkeet, fir d'Demokratie, jo, einfach, ech géif soen, de Kampf fir d'Mënschlechkeet am Fong de fundamentale Sënn ass, firwat mer alleguer heibanne Politick maachen.

An all deenen dramatesche Geschichten, déi mer erzielt kruten, war d'Konklusioun ëmmer déi selwecht, d'Leit, déi engem gesot hunn – an ech zitéieren –: „Wannechgelift, hëlleft eis, datt dat, wat eis geschitt ass, ganz einfach net vergiess gëtt. Datt ausserhalb vun der Ukrain d'Leit wëssen, wat eis passéiert ass. Datt déi, déi massakréiert an ermort gi sinn, net vergiess ginn."

Dëse Wonsch war dat, muss ech soen, wat hinnen iwwerhaapt Courage gemaach huet, fir weiderzeliewen a fir eis hir Geschichten ze erzielen.

Mee bei all deene Begéinunge mat Ukrainer konnt ech och ëmmer feststellen, datt hire Liewensmutt sech net verännert huet. Bei all deene Rencontrë war och heiansdo Humor an haaptsächlech och ëmmer vill Hoffnung present.

Et ass d'Responsabilitéit vun eis alleguer, esou wéi mer heibanne sëtzen, Iech dobäi ze hëllefen, dës net ze verléieren.

Dir hutt eis ganz Ënnerstëtzung, eist Matgefill an eis Solidaritéit. Dëse Krich kascht all Dag Liewen, zerstéiert ëmmer méi e Land a seng Populatioun, déi gären hir Fräiheet zréck hätt, eng Fräiheet no hire Virstellungen.

Mir wëllen e gerechte Fridden an der Ukrain. An deen ass nëmmen hierzestellen, wann d'Ukrain eng aktiv Roll a Stëmm um Wee dohinner kritt.

Här President, ech wëll domadder ophalen: Dir hutt mir – an anere Parlamentspresidenten –, wéi ech am Februar zu Kiew war, en Tricot vun Dynamo Kiew geschenkt, mat allen Ënnerschrëfte vun de Spiller drop. An ech si ganz dankbar dofir. An Dir hutt dobäi gesot, datt, wann de Fridden erëm zréck an der Ukrain wier, mir deen éischte Match vun Dynamo zesummen zu Kiew géife kucke goen.

Ech hu Jo gesot. An ech soen Iech, datt meng gréisste Hoffnung déi ass, datt ech dat Engagement och esou schnell wéi méiglech – esou schnell wéi méiglech! – kann anhalen. An enger fräier an an enger friddlecher Ukrain.

Merci, datt Dir haut hei sidd, an Dir hutt d'Wuert.

*(Applaudissements)*

## 3. Déclaration de M. Ruslan Stefanchuk, Président de la Verkhovna Rada

*(Transcription de la traduction simultanée orale en luxembourgeois du discours prononcé en ukrainien. Seule la version originale prononcée fait foi.)*

**M. Ruslan Stefanchuk,** Président de la Verkhovna Rada | Léiwe Chamberspresident, léiwe Claude, léif Membere vum Parlament, Membere vun der Regierung, léif Frënn, ech si frou, haut ënnert Iech ze sinn.

*(Applaudissements)*

Léif Frënn, ech benotzen déi Geleeënheet haut, fir vun där respektabeler Tribün hei ze schwätzen a fir mam ganze Lëtzebuerger Vollek ze schwätzen, e Vollek, dat seng Fräiheet gär huet, e Vollek, dat Courage huet, e Vollek, dat Dignitéit huet. An ech wëll meng Ried ufänke mat engem ganz grousse, grousse Merci un Iech alleguer, un all eenzelnen Awunner vun Ärem wonnerbare Land, un all Vertrieder vun Ärer groussaarteger Natioun. Merci fir all déi Hëllef an Ënnerstëtzung, déi Dir scho méi wéi dräi an en halleft Joer laang Dag fir Dag der Ukrain an hirem Kampf fir Fräiheet an Onofhängegkeet gitt. Ech si ganz touchéiert, wann ech hei an engem Sall sinn, wou schonn esou wichteg Decisioune fir d'Ukrain a fir d'Ukrainer geholl gi sinn.

Et war hei, an zwar de 24. Februar 2022, den éischten Dag vun der massiver Invasioun duerch Russland, wou Dir déi Resolutioun ugeholl hutt, an där d'Aggressioun géint d'Ukrain verurteelt ginn ass.

Et war hei, wou eng Resolutioun gestëmmt gouf, datt Lëtzebuerg seng international Obligatiounen hisiichtlech dem Schutz vun de Mënscherechter géif anhalen.

Hei gouf d'Resolutioun gestëmmt, déi den Holodomor vun 1932/1933 als Genozid um ukrainesche Vollek unerkannt huet.

Et war hei, wou eng Resolutioun gestëmmt gouf iwwert d'Mënscherechtsverletzunge géintiwwer de Krim-Tataren duerch Russland.

Hei goufen Decisioune getraff, fir eis Waffen ze liwweren! Hei goufen Entscheedunge geholl, fir den Aggresseur, fir den Ugräifer zréckzehalen! An hei spiert een de Geescht vun der europäescher Solidaritéit a Gerechtegkeet!

Erlaabt mer, Iech mat engem Applaus ze éieren, als Zeeche vu mengem Merci a vum Merci vum ganzen ukrainesche Vollek. Villmools merci!

*(Applaudissement de M. Ruslan Stefanchuk)*

Léif Frënn, dee Merci, dee gëllt dem ganze Vollek vu Lëtzebuerg – der groussherzoglecher Famill, der Chamber an der Regierung – fir Är Empathie, fir Är wäertvoll militäresch, finanziell an humanitär Hëllef, fir Är staark Ënnerstëtzung och um internationale Plang. An ech wëll besonnesch drop agoen, wéi wichteg d'Stabilitéit an d'Kontinuitéit vun der lëtzebuergescher Politick ass. Och wann Dir politesch Ënnerscheeder hutt, sidd Dir vereent, wann et ëm d'Ukrain geet, an Dir weist ganz kloer, dass d'Prinzippie vun der Gerechtegkeet, vun der Verantwortung a vun der Solidaritéit onantastbar sinn tëschent eis.

Et gëtt vill Saachen, déi eis verbannen. Sou wéi mir, wësst och Dir, wat Krich a Besatzung bedeiten. Sou wéi mir, hutt och Dir vill Tragödien a Leed erlieft. An dat gréisste Leed dorënner war d'Ardennenoffensiv Enn 1944. Wéi ee scho geduecht hat, de Krich wier eriwwer, koum de Krich onerwaart erëm zréck an Är Haiser an huet Doud an Zerstéierung mat sech bruecht.

Dir gouft deemools getraff, wéi mir haut getraff ginn, an zwar aus engem ganz einfache Grond: Mir wëlle bleiwen, wie mir sinn. An dat ass jo och dee lëtzebuergesche Slogan: „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn." Den Här President Selenskyj huet dat virun dräi Joer an dësem Haus e puermol gesot. An dee Sproch, dat ass och eise Sproch, well, wéi Dir, schätze mir dat Wäertvollst, wat e Vollek huet: seng Identitéit, seng Dignitéit a seng Fräiheet.

Léiwe Claude, ech wäert däin nodenkleche Bléck an der roueger Trauer vu Butscha ni vergiessen.

Ech vergiessen och net, léiwe Fernand, deng batter Tréinen, deng empathesch Tréinen zu Prag, wou et eis mol net méi méiglech war ze schwätzen, well Wierder iwwerflësseg waren.

Ech wëll, dass Dir eppes wësst: D'Ukrain wäert ni opginn! Si wäert ëmmer weider kämpfen, fir weider ze bestoen.

*(Applaudissements)*

Mir kämpfe fir eis Existenz, fir d'Recht op Eegestännegkeet a fir d'Zukunft vun eise Kanner.

*(Applaudissements)*

Well wa mir domat géifen ophalen, wa mir kee Widderstand méi géife leeschten, da géif et och keng Ukrain méi ginn! Mee wann de Putin a seng Arméi gestoppt ginn, dann hält de Krich op an et fënnt een e Wee fir Fridden. Dës Formel, déi sech einfach unhéiert, mécht de Wee fräi fir e gerechten a bestännege Fridden. Jo, gerecht a bestänneg! Well Fridden ëm all Präis bedeit d'Kapitulatioun vun der Ukrain. A wann Europa d'Ukrain géif am Stach loossen, da wär dat eng Kapitulatioun vun Europa.

D'Ukrain wäert ni kapituléieren. An ech gleewen och, dass Europa an déi ganz ziviliséiert Welt och ni eng Kapitulatioun zouloosse wäert. Jo, d'Ukrain wëll Fridden, trotz där massiver a brutaler Aggressioun vum Géigner, trotz deene ville Loftugrëff op eis friddlech Stied an Dierfer.

Jidderee vun eise Bierger, all Famill wëllt Fridden. Déi ukrainesch Regierung wëllt Fridden. De President Wolodymyr Selenskyj wëllt Fridden. En huet nach eng Kéier gesot, dass hie bereet ass fir e bedingungslose Waffestëllstand. Mee Russland beweist de Géigendeel: D'Aggressioun gëtt verstäerkt. Eréischt gëschter Owend goufen zu Kiew 14 Zivilisten ëmbruecht a 60 verwonnt. An dat sinn déi Zuelen, déi mer elo hunn; mir wëssen net, wat nach kënnt.

A vill léif Frënn, ech si frou a geéiert, dass Dir den Affer an der Ukrain Äre Respekt gezollt hutt. Russland féiert seng Verbrieche fort, d'Rhetorik huet sech net geännert, d'Verhandlunge ginn an d'Längt gezunn. An et wëllt ëmmer nëmme probéieren, nei Territoiren ze erueweren, seng Arméi nei opzestellen a Sanktiounen ze vermeiden.

Russland muss gestoppt ginn a muss gezwonge ginn, Fridden ze maachen. An do gëtt et nëmmen dräi Méiglechkeeten, dräi Weeër: europäesch an euroatlantesch Eenheet, ganz konkreet Sanktioune géint den Aggresseur an Ënnerstëtzung fir d'Ukrain mat moderner a leeschtungsfäeger Waffentechnologie.

Mat dësen dräi Punkte sinn ech haut bei Iech komm. An haut an dësem Sall, wou historesch Decisioune getraff goufen, froen ech Iech: Behaalt Är Eenheet, erhéicht den Drock op den Aggresseur, verstäerkt Är Hëllef fir d'Ukrain!

Et gëtt keen Zweifel drun: Russland muss d'Verantwortung fir seng Verbriechen iwwerhuelen! Dofir muss e Spezialtribunal geschaaft ginn. Déi agefruere Verméigen aus Russland mussen als eng gerecht Kompensatioun dénge fir all déi Verloschter a fir dat mënschlecht Leed, wat d'Ukrain erlidden huet a weiderhin erleit.

Léiwe Claude, gëschter hues Du mir déi wonnerschéi Vue vun Ärem Land gewisen, ënner anerem och d'Gebaier vum Europäesche Geriichtshaff. Mir si frou, mir si wierklech frou, dass dëst Geriicht ëmmer fir Recht a Gerechtegkeet steet an déi zur Verantwortung zitt, déi de Krich géint mäi Land finanzéieren.

Ech hunn awer och nach eng aner Demande: Hëlleft eis weiderhin, dass mir eis gekidnappt ukrainesch Kanner zréckkréien, déi vu Russland entfouert gi sinn. Et kléngt jo verréckt: Russland huet eis ugebueden, ukrainesch Kanner géint russesch Krichsgefaangener auszetauschen!

Léif Frënn, Kanner dierfen net géint Krichsgefaangener ausgetosch ginn! Kanner si keng Krichsgefaangener! Kanner si keng Verhandlungsmass! Si mussen ouni Konditioun esou séier wéi méiglech heemkommen.

*(Applaudissements)*

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, also ech wëll net nëmme Merci soen, ech wëll Iech och bieden, d'Ukrain weiderhin ze ënnerstëtzen, an zwar op hirem Wee, Member vun der EU ze ginn, an op hirem Wee, Member vun der NATO ze ginn.

Haut wëll ech eng symboleschen Tatsaach ënnerstraichen, nämlech: D'Bäitrëttsverhandlunge vun der Ukrain mat der EU hu viru genau engem Joer hei zu Lëtzebuerg ugefaange bei der Regierungskonferenz. A Member ze gi bei der NATO ass fir eis déi bescht Garantie fir eis eege Sécherheet. Dofir schwätzen ech Iech un als héchst Vertrieder vun Ärem Land, dat un der Grënnung vun der EU matgewierkt huet. E Land, dat eis de grousse Joseph Bech ginn huet, ee vun de Grënnungspappe vun Europa, nieft villen anere wéi dem Konrad Adenauer, dem Jean Monnet, dem Alcide de Gasperi, dem Paul-Henri Spaak an aneren.

Léif Frënn, ech ech riichte mech un Iech als d'Vertrieder vun engem Land, dat zu den zwielef Grënnungsmembere vun der NATO gehéiert, ee vun de Signatairë vum Washingtoner Vertrag. Ech schwätzen zu Iech als héchst Vertrieder vun engem Land, mat deem d'Ukrain zesummen am Oktober 1945, op deem selwechten Dag, d'UNO gegrënnt huet.

Ech versécheren Iech eppes: De President, d'Parlament an d'Regierung vun der Ukrain bleiwe fest engagéiert fir eng europäesch an euroatlantesch Integratioun an, fir all d'Standarden, déi noutwendeg sinn, fir dee Bäitrëtt ze maachen, ze erfëllen.

Léif Frënn, et war keen Zoufall, datt ech Äert Vollek an Äert Land am Ufank vu menger Ried als groussaarteg bezeechent hunn! Wann een e Land huet wéi Russland mat engem risegen Territoire a villen Awunner, wat awer gläichzäiteg op eng erniddregend a kleng Aart a Weis handelt … An Dir sidd e Land: Dir sidd grouss an deem, wat Der maacht – grouss an Ärem Geescht, grouss an de Wäerter, déi Der vertriet! Dir sidd kee klengt Land. Dir sidd e grousst Land, bewunnt vu Mënsche mat groussen a gudden Häerzer. An den Numm vun dësem Land – Lëtzebuerg – wäert an der Ukrain vun elo un a fir ëmmer net mat „kleng",

PRIORITAIRE
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256

No stamp required
Ne pas affranchir

RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
ENVOI-RÉPONSE 1001256
L - 3208 BETTEMBOURG

mee mat „grouss Festung" iwwersat ginn – an zwar eng Festung fir Gerechtegkeet, Verantwortung a Solidaritéit!

Villmools merci fir Är Opmierksamkeet.

Vive d'Ukrain!

*(Applaudissements)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Här President, léiwe Ruslan, Dir hutt eis Devise zitéiert elo just: „Mir wëlle bleiwen, wat mer sinn." Ech mengen, datt alleguer déi Leit, déi heibanne sinn, och Iech wëllen hëllefen an deenen nächste Wochen, Méint a Joren, déi kommen, datt Dir kënnt bleiwen, wat Dir sidd. Merci, datt Der hei waart.

**M. Ruslan Stefanchuk,** Président de la Verkhovna Rada | Merci.

*(Applaudissements)*

**M. Claude Wiseler,** Président | An domat si mer schonn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Ech soen Iech och Merci, datt Der hei waart.

**M. Ruslan Stefanchuk,** Président de la Verkhovna Rada | Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | An d'Sëtzung ass eriwwer.

*(La séance publique est levée à 15.26 heures.)*

# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

**Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis**

– per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt
– iwwert eisen Internetsite www.chd.lu
– iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

**Ech abonéiere mech:**

◯ fir déi gedréckte Versioun*  ◯ fir déi elektronesch Versioun op follgend E-Mails-Adress: ____________

**Ech desabonéiere mech:**

◯ vun der gedréckter Versioun*  ◯ vun der elektronescher Versioun op follgend E-Mails-Adress: ____________

*Déi follgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: ____________ Virnumm: ____________

Societéit/Administratioun: ____________

Adress: ____________ Boîte postale: ____________

Code postal: ____________ Uertschaft: ____________ Land: ____________

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donneeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert. Fir méi Informatioune kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu |

PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/799